CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen


**Actualité parlementaire** p. 03-06

**Nouvelles lois** p. 07-09

**Séances publiques nos 5 à 8** p. 10-94

**Questions au Gouvernement** p. 95-99







## Sommaire

Actualité parlementaire .................. p. 03-06

Nouvelles lois ................................ p. 07-09

Séances ........................................ p. 10-94

5e séance du mardi 18 octobre 2022 p. 10-35

6e séance du mercredi 19 octobre 2022 p. 35-50

7e séance du jeudi 20 octobre 2022 p. 50-71

8e séance du mardi 25 octobre 2022 p. 71-94

Questions au Gouvernement .......... p. 95-99

# Chambre des Députés

## Compte rendu officiel

**Contenu rédactionnel :**
Chambre des Députés
23, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél. 466 966-1

**Concept et layout :**
brain&more
agence en communication,
Luxembourg

**Impression :**
Imprimerie Heintz
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

**Date d'impression :**
11/04/2023

PRINTED IN LUXEMBOURG

EU Ecolabel
www.ecolabel.eu

FSC
www.fsc.org

Visite d'une délégation du Parlement polonais

# La Pologne et le Luxembourg : deux économies en transition confrontées à des défis différents



*Les députés des Commissions des Finances et du Budget et du Contrôle de l'exécution budgétaire se sont entretenus avec leurs homologues polonais.*

Les défis liés à l'inflation, à la guerre en Ukraine et à la transition énergétique ont figuré parmi les sujets abordés le 22 mars 2023 lors d'une entrevue des députés des Commissions des Finances et du Budget et du Contrôle de l'exécution budgétaire avec une délégation du Parlement polonais.

Tant la Pologne que le Luxembourg se trouveraient dans une phase de transition en ce qui concerne la lutte contre l'inflation ainsi que le développement des énergies renouvelables, même si les deux pays feraient face à des défis différents. C'était un des constats lors de l'échange entre les députés luxembourgeois et la « double » délégation polonaise, composée de membres de la Commission des Comptes publics du Sejm polonais (Chambre basse) ainsi que de membres de la Commission du Budget et des Comptes publics du Sénat polonais (Chambre haute).

Les parlementaires ont discuté des mesures prises par leurs gouvernements respectifs afin d'atténuer les pressions liées à l'inflation. Suite à des investissements conséquents, un ralentissement de l'inflation a pu être constaté en Pologne, a affirmé le Président de la Commission des Comptes publics de la Diète de Pologne.

## Un « mix énergétique » et un rapport à la défense très différents

Les stratégies pour l'approvisionnement en énergie et de la gestion énergétique ont été abordées lors de l'échange. Une députée polonaise s'est notamment intéressée aux gels des prix de l'énergie au Luxembourg et a voulu savoir quels en ont été les effets sur les habitants. Les similarités et les différences dans le « mix énergétique » des deux pays ont également été abordées. Selon les explications des parlementaires polonais, l'arrêt de l'exploitation minière serait un des grands objectifs qui s'inscrivent dans un programme de développement durable de la Pologne.

La transition énergétique serait ainsi « inévitable ». La Pologne aurait cependant un rapport à l'énergie nucléaire très différent de celui du Luxembourg : elle continuerait ainsi à investir dans l'énergie nucléaire afin d'assurer sa sécurité énergétique.

La guerre en Ukraine a également été un des sujets abordés par les parlementaires des deux délégations. Les députés luxembourgeois ont salué les efforts de solidarité de la Pologne qui a accueilli plusieurs millions de réfugiés ukrainiens. Du point de vue polonais, l'augmentation du budget de la défense depuis le début de la guerre de la Russie contre l'Ukraine impacte fortement les finances du pays : le budget de la défense s'élèverait désormais à plus de 4 % du PIB, a expliqué le Président de la Commission des Comptes publics.

Un député luxembourgeois a attiré l'attention sur le réarmement rapide de la Pologne et sur le fait que les investissements du pays en matière de défense dépassent de loin ceux du Luxembourg, qui vise désormais à investir jusqu'à 1 % de son PIB à l'horizon 2028. L'envergure des investissements consacrés à la défense, acclamés de façon « pratiquement unanime » par le monde politique, s'expliquerait par les expériences historiques largement négatives de la Pologne en ce qui concerne la Russie, a souligné le Président de la Commission des Comptes publics de la Diète de Pologne.

# L'Administration parlementaire recrute :

**• un responsable en sécurité (m/f/d) pour les besoins du service achats, gestion des biens et bâtiments et sécurité dans le groupe de traitement A1, A2 ou B1 poste à pourvoir soit par un changement d'administration soit par le recrutement d'un fonctionnaire stagiaire**

**• un électricien (m/f/d) pour les besoins du service achats, gestion des biens et bâtiments et sécurité sous le régime du salarié de droit privé**

**En cas d'intérêt, veuillez vous référer au lien suivant :**
**https://www.chd.lu/fr/offres_emploi**

Échange de vues avec la Coordinatrice européenne de la lutte contre la traite des êtres humains

# Le combat contre la traite des êtres humains continue



*La Coordinatrice européenne de la lutte contre la traite des êtres humains, Mme Diane Schmitt (6e à droite), a fait le point sur la situation du Luxembourg en matière de traite des êtres humains.*

Un peu plus de la moitié des victimes de la traite des êtres humains au Luxembourg proviennent de pays tiers. La plupart de ces victimes sont des hommes exploités professionnellement. La Coordinatrice européenne de la lutte contre la traite des êtres humains, Mme Diane Schmitt, était en visite à la Chambre des Députés le 24 mars 2023 pour partager ses observations concernant la lutte contre la traite des êtres humains aux niveaux national, européen et international avec les députés membres du Bureau et des Commissions de la Justice et des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile ainsi qu'avec des représentants de la Commission consultative des droits de l'homme.

Au Luxembourg, le nombre des victimes de l'exploitation par le travail dépasse celui des victimes de l'exploitation sexuelle. Le Grand-Duché se distingue à cet égard de la majorité des autres États membres de l'Union européenne (UE) où l'exploitation sexuelle est prédominante et où la plupart des victimes sont des femmes et des filles. Au niveau de l'UE, on peut certes constater que les chiffres de l'exploitation par le travail augmentent par rapport à ceux de l'exploitation sexuelle, mais selon la Coordinatrice européenne de la lutte contre la traite des êtres humains, ceci peut être expliqué par le fait qu'il est devenu plus difficile de détecter l'exploitation sexuelle qui, depuis la pandémie de Covid-19, se déroule davantage dans des espaces privatifs. La criminalité et la mendicité forcées sont quant à elles en augmentation, a précisé Mme Schmitt.

Elle a par ailleurs souligné que la traite humaine consiste en un acte intentionnel – recrutement, transport, hébergement ou autre – commis par le recours à la menace, à la force ou à une autre forme de contrainte afin d'exploiter une personne. « Le travail illégal ne s'apparente donc pas nécessairement à la traite des êtres humains », a-t-elle signalé suite à la question d'une députée. Les priorités dans la lutte contre la traite des êtres humains seraient entre autres la prévention qui inclut la sensibilisation, la coopération policière et judiciaire, la protection des victimes et la coopération internationale avec les pays tiers.

### Mise à jour de la directive européenne contre la traite

La Coordinatrice européenne a également abordé les travaux actuellement en cours pour peaufiner la directive européenne concernant la prévention de la traite des êtres humains et la lutte contre ce phénomène ainsi que la protection des victimes (2011/36/EU). La Commission européenne a notamment proposé d'y inclure :

– le mariage forcé,

– les infractions de traite des êtres humains commises en ligne ou facilitées par des moyens en ligne,

– des sanctions obligatoires à l'encontre des entreprises responsables d'infractions dans le domaine de la traite des êtres humains,

– des sanctions obligatoires à l'encontre des personnes ayant utilisé des services des victimes en toute connaissance de cause.

Lors de l'échange de vues, les députés se sont notamment intéressés aux mesures qui pourraient être prises afin d'améliorer les procédures de lutte contre la traite des êtres humains au Luxembourg et en Europe. D'après la Coordinatrice européenne, les professionnels du domaine judiciaire, entre autres, devraient davantage suivre des formations concernant le travail avec les victimes. Ces dernières seraient souvent traumatisées et réticentes à se prononcer contre l'auteur des infractions, a-t-elle souligné, tout en saluant les efforts entrepris ces dernières années par l'Inspection du travail et des mines (ITM) qui s'investit désormais davantage dans la lutte contre l'exploitation par le travail. Une députée a encore voulu savoir si une politique de régularisation des étrangers en situation irrégulière serait de nature à endiguer le phénomène de la traite. Selon Mme Schmitt, il est difficile de se prononcer à ce sujet, tout en précisant que beaucoup de victimes sont des ressortissants de l'UE ou des ressortissants de pays tiers en situation régulière.

En 2021, quatre personnes ont été poursuivies au Luxembourg dans des affaires de traite des êtres humains, a encore précisé la Coordinatrice européenne.




# Sous-commission des droits de l'homme de l'APCE

À l'occasion de la réunion de la Commission des questions juridiques et des droits de l'homme de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe (APCE), qui s'est tenue le 22 mars 2023 à Paris, Mme Octavie Modert a été élue Vice-Présidente de la Sous-commission des droits de l'homme.

Visite de la fondatrice et directrice exécutive de l'ONG « Campaign For Uyghurs »

# « La protection des droits humains est une priorité pour le Luxembourg »



*Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a accueilli Mme Rushan Abbas, fondatrice et directrice exécutive de l'ONG « Campaign For Uyghurs », et son époux, M. Abdulhakim Idris.*

« Au niveau bilatéral ou multilatéral, le Grand-Duché saisit chaque occasion pour aborder la situation des Ouïghours et continuera à le faire », a déclaré le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, face à la fondatrice et directrice exécutive de l'ONG « Campaign For Uyghurs ». Mme Rushan Abbas a été accueillie le 28 mars 2023 à la Chambre des Députés pour un échange bilatéral.

La politique chinoise envers les Ouïghours serait une politique d'éradication et de répression, selon Mme Rushan Abbas, qui qualifie les actions entreprises contre son peuple de « génocide ». Elle a notamment expliqué que les Ouïghours sont emprisonnés dans des camps de travail forcé, illustrant leur situation par son expérience personnelle. Depuis 2018, la sœur de Mme Abbas, le Dr Gulshan Abbas, est emprisonnée par les autorités chinoises qui l'accusent d'actes terroristes. L'époux de Mme Abbas, M. Abdulhakim Idris, également présent lors de cet échange, a quant à lui témoigné de la disparition de ses parents et de plusieurs membres de sa famille en avril 2017.

« Les Ouïghours ont besoin d'aide », a rappelé Mme Abbas, tout en mettant en évidence la nécessité de sensibiliser les citoyens quant au fait que certains produits sont issus du travail forcé des Ouïghours, notamment ceux en provenance de la province chinoise de Xinjiang. En évitant la confrontation avec la Chine, chacun se rendrait complice du mal que subit le peuple des Ouïghours, a-t-elle souligné. La situation des femmes ouïghoures a également été abordée qui, selon Mme Abbas, seraient victimes de mariages forcés avec des Chinois ainsi que d'avortements et de stérilisations forcées.

La fondatrice et directrice exécutive de l'ONG « Campaign For Uyghurs » a formulé plusieurs revendications, parmi lesquelles des sanctions plus sévères envers les entreprises employant des travailleurs forcés ou encore une interdiction d'importation au niveau européen, voire international, des produits issus du travail forcé des Ouïghours. Elle a salué l'initiative de la Commission européenne qui a proposé un règlement interdisant les produits issus du travail forcé en septembre 2022. « La protection des droits humains et le combat contre le travail forcé sont une priorité du Luxembourg et de l'Union européenne », a rassuré le Président de la Chambre, tout en rappelant que le Luxembourg est membre du Conseil des droits de l'homme des Nations Unies.

# Visitt vum Gebai „T" um Kierchbierg



D'Membere vun der aussepolitescher Kommissioun an den Ausseminister, den Här Jean Asselborn, ware sech d'Gebai „T" um Kierchbierg ukucken. An dëser Infrastruktur fir Flüchtlinge sinn Demandeurs a Bénéficiaires de protection internationale ënnerbruecht. Am Ganze stinn 1.167 Better zur Verfügung, dovunner sinn zwee Drëttel vun ukrainesche Flüchtlinge beluecht. D'Deputéiert hunn sech wärend der Visitt iwwer d'Zesummenaarbecht tëscht der Caritas, der Croix-Rouge luxembourgeoise an dem Office national de l'accueil (ONA) informéiert. Donieft gouf iwwer déi alldeeglech Defie geschwat.

# Conférence « Le gouvernement des juges existe-t-il ? Points de vue luxembourgeois »



*La conférence publique a été organisée par l'Amicale des anciens résidents luxembourgeois de la Fondation Biermans-Lapôtre avec le support de la Chambre des Députés.*

Juristes, chercheurs, acteurs de la fonction publique et membres de la Chambre des Députés se sont réunis le 27 mars 2023 dans la salle plénière de la Chambre pour échanger leurs points de vue sur une question qui touche à la balance des pouvoirs au sein de l'État : « Le gouvernement des juges existe-t-il ? »

Cette conférence publique a été organisée sur initiative de l'Amicale des anciens résidents luxembourgeois de la Fondation Biermans-Lapôtre à Paris avec le support de la Chambre des Députés. Le président de l'amicale et juge auprès la Cour de justice de l'Union européenne, M. François Biltgen, s'est posé les questions suivantes : quel rôle incombe aux différents pouvoirs ? Y a-t-il un déplacement des décisions politiques vers la justice ? Quid de l'indépendance de la justice ? Quelles sont les avancées de la Constitution révisée qui entrera en vigueur le 1er juillet 2023 ? Qui distribue les cartes du jeu politique ?

La conférence a permis à des orateurs de différents horizons de partager leurs expériences et analyses, notamment :

– M. Norbert Campagna, professeur-associé de philosophie du droit, de l'histoire de la philosophie et d'éthique appliquée à l'Université du Luxembourg ;


– M. Jean-Claude Wiwinius, Président honoraire de la Cour supérieure de justice et de la Cour constitutionnelle ;

– ainsi que M. Laurent Scheeck, Secrétaire général de la Chambre des Députés.

La Fondation Biermans-Lapôtre est la résidence des étudiants belges et luxembourgeois au sein de la Cité internationale universitaire de Paris (CIUP).

## Le Président de la Chambre des Députés a reçu...

***... S. E. M. Engin Yürür, Ambassadeur de la République de Turquie***



## Procédure de dissolution administrative sans liquidation

**6539B – Projet de loi portant création de la procédure de dissolution administrative sans liquidation et modifiant : 1° le Code de commerce ; 2° le Nouveau Code de procédure civile ; 3° la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ; 4° la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de**
**– la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;**
**– la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;**
**– la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;**
**– la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;**
**– la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale ;**
**5° la loi modifiée du 25 mars 2020 instituant un système électronique central de recherche de données concernant des comptes de paiement et des comptes bancaires identifiés par un numéro IBAN et des coffres-forts**

Le présent projet trouve son origine dans la décision de la Commission de la Justice de scinder le projet de loi n° 6539 en deux textes distincts, à savoir le présent texte traitant de la procédure de dissolution administrative sans liquidation et le projet de loi n° 6539A regroupant la réforme des procédures d'insolvabilité.

L'instauration de la procédure de dissolution administrative sans liquidation donne suite à plusieurs constatations faites lors de nombreuses procédures de liquidation judiciaire.

D'une part, un nombre conséquent des procédures de liquidation judiciaire concernent des sociétés qui ont commis de manière répétée des manquements au droit des sociétés (absence de siège social, démission de tout le conseil d'administration sans qu'il ne soit remplacé, défaut de dépôt des comptes annuels au RCS, etc.). D'autre part, beaucoup de sociétés faisant l'objet d'une liquidation judiciaire sont complètement dépourvues d'actif, voire ont même cessé leur activité depuis un certain moment. Les clôtures de procédures de liquidation pour absence d'actifs ne cessent de croître et engendrent une charge administrative conséquente pour les tribunaux et des coûts importants pour l'État.

Partant, l'introduction d'un mécanisme dans la législation nationale permettant d'évacuer, sous certaines conditions, ces « coquilles vides » dans un court laps de temps et avec des coûts réduits pour l'État est devenue impérativement nécessaire.

L'objectif de la procédure de dissolution administrative sans liquidation est de permettre de procéder à une dissolution administrative d'une société sans devoir passer par une procédure formelle de liquidation judiciaire complète telle que prévue à l'article 1200-1 de la loi modifiée du 10 août 1915.

Les sociétés tombant dans le champ d'application de la procédure introduite par le présent projet de loi doivent répondre à trois conditions cumulatives :

1) Les sociétés visées sont celles sans actifs.

2) L'absence de salariés est obligatoire. En effet, en présence de salariés, la procédure de liquidation judiciaire devient nettement plus complexe (obligation de vérifier les déclarations de créance et risque de contestation).

3) Les sociétés visées sont celles qui tombent sous le champ d'application de l'article 1200-1, paragraphe 1er, de la loi modifiée du 10 août 1915, c'est-à-dire les sociétés qui poursuivent des activités contraires à la loi pénale ou qui contreviennent gravement aux dispositions du Code de commerce ou des lois régissant les sociétés commerciales, y compris en matière de droit d'établissement.

La procédure de dissolution administrative sans liquidation est principalement de nature administrative. En effet, la décision d'ouverture de la procédure n'est pas prise par un tribunal mais par le procureur d'État, qui requiert le gestionnaire du Registre de commerce et des sociétés d'ouvrir une telle procédure, ce dernier étant chargé de la recherche d'actifs ou plutôt de la vérification de l'absence de salariés et d'actifs.

Dépôt du projet de loi 6539 par M. François Biltgen, Ministre de la Justice, le 01/02/2013

Rapporteur : M. Guy Arendt

---

Travaux de la Commission de la Justice
(Président : M. Charles Margue) :

| | |
|---|---|
| 22/07/2021 | Scission du projet de loi 6539 en deux projets de loi distincts : 6539A et 6539B<br>Désignation d'un rapporteur<br>Adoption d'une série d'amendements<br>Attribution de l'instruction parlementaire à la Sous-commission « Préservation des entreprises et Modernisation du droit de la faillite » |
| 23/12/2021 | Adoption d'une deuxième série d'amendements |
| 09/02/2022 | Adoption d'une troisième série d'amendements |
| 19/05/2022 | Adoption d'une quatrième série d'amendements |
| 28/09/2022 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

---

Travaux de la Sous-commission « Préservation des entreprises et Modernisation du droit de la faillite »
(Président : M. Guy Arendt) :

| | |
|---|---|
| 04/10/2021 | Continuation des travaux |
| 13/12/2021 | Examen de l'avis du Conseil d'État |
| 20/12/2021 | Suite de l'examen de l'avis du Conseil d'État<br>Continuation de l'instruction parlementaire du projet de loi |
| 26/01/2022 | Échange de vues avec les membres du Conseil d'État |
| 07/02/2022 | Continuation des travaux |
| 25/04/2022 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| 04/05/2022 | Échange de vues avec des représentants de l'Ordre des avocats du Barreau de Luxembourg |
| 12/05/2022 | Continuation des travaux |
| 21/07/2022 | Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État<br>Examen de l'avis consultatif de l'Ordre des avocats du Barreau de Luxembourg |

---

Vote en séance publique : 18/10/2022
Loi du 28 octobre 2022
Mémorial A : 2022, n° 541, page 1

## Qualifications professionnelles dans la navigation intérieure

**7817 – Projet de loi relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles dans le domaine de la navigation intérieure et portant modification de la loi modifiée du 28 juillet 1973 portant création d'un service de la navigation**

Le projet de loi n° 7817 a pour objet de transposer dans la législation nationale la directive (UE) 2017/2397 du Parlement européen et du Conseil du 12 décembre 2017 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles dans le domaine de la navigation intérieure – ci-après « la Directive 2017/2397 » – telle que modifiée, après le dépôt du présent projet de loi, par la directive (UE) 2021/1233 du Parlement européen et du Conseil du 14 juillet 2021 en ce qui concerne les mesures transitoires pour la reconnaissance des certificats de pays tiers.

La Directive 2017/2397 – dont le délai de transposition était le 17 janvier 2022 – abroge les directives du Conseil 91/672/CEE et 96/50/CE qui constituaient les premières étapes communautaires de l'harmonisation et de la reconnaissance des qualifications professionnelles pour les membres d'équipage dans le domaine de la navigation intérieure. Elle poursuit la politique communautaire de suppression des obstacles à la mobilité de la main-d'œuvre et de simplification des cadres juridiques régissant les qualifications professionnelles au sein de l'Union européenne afin de renforcer le marché intérieur du travail dans le secteur de la navigation intérieure.

La Directive 2017/2397 entend faciliter la mobilité de la main-d'œuvre à travers la délivrance d'un certificat de qualification de l'Union européenne. Elle prévoit que les États membres ne devraient délivrer de certificats de qualification qu'aux personnes possédant les niveaux minimaux requis en matière de compétence, d'âge, d'aptitude médicale et de temps de navigation pour l'obtention d'une qualification spécifique. À cet égard, elle fixe des conditions matérielles et organisationnelles harmonisées pour la délivrance de certificats de qualification professionnelle dans le domaine de la navigation intérieure.

En conséquence, le présent projet de loi prévoit donc à la fois la possibilité pour le ministre ayant les transports dans ses attributions de délivrer, de renouveler et de retirer de tels certificats, et l'obligation d'être muni d'un tel certificat de qualification de l'Union délivré par un des États membres pour pouvoir naviguer sur la Moselle et la partie navigable de la Sûre. Enfin, le projet de loi définit également les exigences en matière de contrôle du temps de navigation et de l'aptitude médicale des membres d'équipage de pont, ainsi que la procédure d'évaluation des compétences dans le cadre de la délivrance des certificats de qualification susmentionnés.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 29/04/2021
Rapportrice : Mme Jessie Thill

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics
(Présidente : Mme Chantal Gary) :
10/03/2022 Désignation d'un rapporteur
Examen du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État
07/07/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
06/10/2022 Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État
14/10/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 18/10/2022
Loi du 7 décembre 2022
Mémorial A : 2022, n° 607, page 1

## Navigation aérienne

**7900 – Projet de loi portant modification de : 1° la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne ; 2° de la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ; 3° de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l'Administration de la navigation aérienne**

Le projet de loi n° 7900 poursuit quatre objectifs :

1) Il vise tout d'abord à modifier et à compléter la loi modifiée du 31 janvier 1948 pour la rendre conforme aux exigences découlant de plusieurs traités internationaux issus des travaux de l'Organisation de l'aviation civile internationale (ci-après « OACI ») visant à renforcer le cadre juridique international relatif à la sûreté de l'aviation civile et récemment ratifiés par le Luxembourg. Il s'agit d'introduire les infractions ou parties des obligations issues de trois traités non encore couvertes par le droit pénal commun ou d'autres textes européens ou nationaux en matière de sûreté de l'aviation civile.

2) Ensuite, il entend moderniser et adapter les dispositions pénales prévues par le cadre légal national de l'aviation civile aux évolutions du droit pénal général. Ces adaptations au niveau de la qualification des infractions et du montant des seuils des peines pénales aux dispositions actuelles du code pénal s'avèrent nécessaires du fait que les dispositions existantes n'ont pas été modifiées depuis le texte d'origine et ne sont donc plus d'actualité. Par ailleurs, il est procédé à l'introduction d'une nouvelle infraction concernant le bagage abandonné, qui constitue de plus en plus un problème au niveau de la sécurité de l'Aéroport de Luxembourg.

3) En troisième lieu, il étend le champ d'application de certaines dispositions de la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne à la zone délimitée de l'aéroport, garantissant ainsi un meilleur niveau de sûreté et de sécurité de l'Aéroport de Luxembourg.

4) Enfin, en quatrième lieu, il entend clarifier certains aspects de la coopération entre l'aéroport, respectivement l'exploitant de l'aéroport, et le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (« CGDIS »).

Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 18/10/2021
Rapportrice : Mme Chantal Gary

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics
(Présidente : Mme Chantal Gary) :
07/07/2022 Désignation d'un rapporteur
Examen du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État
29/09/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 18/10/2022
Loi du 21 novembre 2022
Mémorial A : 2022, n° 682, page 1

## Infrastructure ferroviaire et régulation du marché ferroviaire

**8027 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire**

Le présent projet de loi a pour objet
– de compléter la loi modifiée du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire par l'adaptation :

1) de la liste des projets d'infrastructure ferroviaire à charge du Fonds du rail sous l'annexe 1. Il s'agit concrètement de l'adaptation de deux projets en cours de réalisation et de l'insertion d'un nouveau projet à la liste reprenant les projets de grande envergure ;

2) des articles 72 et 73 afin d'assurer la compatibilité avec le règlement (UE) 1301/2014 de la Commission du 18 novembre 2014 concernant les spécifications techniques d'interopérabilité relatives au sous-système « énergie » du système ferroviaire de l'UE ;

– et de rendre conformes les mesures nationales de transposition par rapport aux procédures d'infractions n° 2020/2303 et n° 2020/2311 concernant la directive 2012/34/UE du Parlement européen et du Conseil du 21 novembre 2012 établissant un espace ferroviaire unique européen ou la non-conformité du droit national au droit européen.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 09/06/2022
Rapportrice : Mme Chantal Gary

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics
(Présidente : Mme Chantal Gary) :
29/09/2022 Désignation d'un rapporteur
Examen du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État
14/10/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 18/10/2022
Loi du 12 novembre 2022
Mémorial A : 2022, n° 564, page 1

## Prise en charge médicale de réfugiés ukrainiens

**8035 – Projet de loi relative au recrutement des professionnels de la santé pour la prise en charge médicale des personnes bénéficiaires de la protection temporaire dans le contexte du conflit entre la Russie et l'Ukraine**

Le conflit armé entre l'Ukraine et la Russie a entraîné la fuite de nombreuses personnes hors de l'Ukraine. Au Luxembourg, entre mars et août 2022, 4.755 demandes d'obtention d'une protection temporaire ont ainsi été introduites. Afin d'organiser l'accueil de ces réfugiés, diverses structures d'hébergement d'urgence ont été ouvertes. De même, des services médicaux spécifiques, permettant un accès aux soins de première nécessité, ont été mis en place. Pour garantir une prise en charge médicale efficace dans ces endroits, il s'avère nécessaire de recourir à du personnel médical supplémentaire. Afin de pouvoir recruter du personnel de santé de manière rapide, le présent projet de loi propose de recourir aux professionnels de la santé de la réserve sanitaire introduite dans le contexte de la gestion de la crise liée à la pandémie Covid-19. Toutefois, ce dispositif ne peut pas être repris tel quel, étant donné qu'il a été introduit dans le cadre de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19, dite « loi Covid », et qu'il y est limité à la lutte contre la pandémie.

C'est pourquoi le présent projet de loi propose de déroger à la loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État, afin que les personnes exerçant soit une profession médicale, soit une profession de soins, puissent accéder à un emploi en qualité d'employé de l'État pendant une période à durée déterminée. La seule condition qui sera exigée est que les personnes concernées disposent du droit d'exercer leur profession de santé. Cette disposition est largement inspirée de l'article 6 de la loi Covid.

Il est prévu de déployer ces personnes auprès de centres de primo-accueil, de maisons médicales, de la Ligue luxembourgeoise de prévention et d'action médico-sociales ou d'autres lieux où des soins de première ligne sont prodigués. Elles seront soumises aux règles d'organisation internes qui y sont applicables.

L'entrée en vigueur de la loi future est prévue le jour de sa publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.

Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 29/06/2022
Rapportrice: Mme Francine Closener

---

Travaux de la Commission de la Santé et des Sports
(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :
11/10/2022 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État
18/10/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

---

Vote en séance publique : 20/10/2022
Loi du 26 octobre 2022
Mémorial A : 2022, n° 538, page 1

## Loi Covid-19 : nouvelles mesures

**8077 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19**

Le présent projet de loi se propose d'apporter des adaptations à la version actuelle de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19. Il ne prévoit pas de nouvelles restrictions, mais il maintient le cadre légal mis en place dans la lutte contre la pandémie de sorte à pouvoir ajuster les mesures en cas de besoin.

Les modifications proposées par le projet de loi :

1) La durée d'isolement sera réduite de sept à quatre jours. L'émission d'une ordonnance d'isolement, ayant valeur d'arrêt de travail, sera toujours émise, de sorte à ne pas surcharger le système de soins primaires en cas de forte hausse du nombre d'infections. Si les symptômes persistent après le quatrième jour, le patient devra s'adresser à son médecin traitant. La disposition permettant de terminer l'isolement dès que deux tests antigéniques rapides Sars-CoV-2 (autotests) réalisés à 24 heures d'intervalle sont négatifs est maintenue.

2) La mesure relative au confinement forcé est supprimée. Celle-ci ne remplit plus les critères de proportionnalité. À noter qu'elle n'a jamais été appliquée depuis le début de la crise sanitaire.

3) Certaines dispositions relatives au régime CovidCheck sont supprimées. À noter toutefois que la définition du régime CovidCheck est maintenue dans la loi, même s'il n'est pas d'application actuellement.

4) L'obligation de port du masque dans les structures pour personnes âgées et dans les établissements hospitaliers est maintenue afin d'assurer la protection des personnes vulnérables dont font partie les personnes âgées de 60 ans et plus.

Il est proposé que ces dispositions restent en vigueur jusqu'au 31 mars 2023, tout en maintenant la possibilité de modifier la loi rapidement si un nouveau variant plus pathogène devait émerger.

L'entrée en vigueur du texte de loi est prévue le lendemain de sa publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.

Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 06/10/2022
Rapporteur : M. Mars Di Bartolomeo

---

Travaux de la Commission de la Santé et des Sports
(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :
11/10/2022 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
18/10/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État
Présentation et adoption d'un projet de rapport

---

Vote en séance publique : 20/10/2022
Loi du 26 octobre 2022
Mémorial A : 2022, n° 536, page 1

## Baisse temporaire de la TVA et du prix de produits pétroliers

**8083 – Projet de loi portant mise en œuvre de la baisse temporaire du taux de TVA et modifiant la loi du 12 mai 2022 instaurant une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers**

Le projet de loi met en œuvre trois mesures retenues dans l'accord signé le 28 septembre 2022 à l'issue des réunions du Comité de coordination tripartite.

La première mesure vise la baisse des taux normal, intermédiaire et réduit d'un point de pour cent pour l'année 2023. Ainsi, le taux normal sera fixé à 16 %, le taux intermédiaire à 13 % et le taux réduit à 7 %.

La deuxième mesure concerne l'augmentation de la compensation financière de 0,075 euro à 0,15 euro par litre sur le gasoil utilisé comme combustible. À cette fin, le projet de loi modifie la loi du 12 mai 2022 instaurant une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers. De plus, cette compensation financière, initialement prévue jusqu'au 31 décembre 2022, est prolongée jusqu'au 31 décembre 2023.

La troisième mesure vise l'introduction d'une compensation financière sur le gaz de pétrole liquéfié utilisé comme combustible à hauteur de 0,20 euro par kilogramme pour la période allant du 31 octobre 2022 au 31 décembre 2023. Une disposition correspondante est insérée dans la loi précitée du 12 mai 2022.

En outre, il est profité des modifications de la loi précitée du 12 mai 2022 pour prolonger la compensation financière du gasoil utilisé dans l'industrie, le commerce, l'agriculture, l'horticulture, la sylviculture et la pisciculture rétroactivement jusqu'à la fin du mois d'août 2022. Ladite compensation financière avait initialement été décidée jusqu'au 31 juillet 2022. Cette modification vise à aligner la compensation financière à la période pendant laquelle une réduction similaire du prix similaire était applicable pour les carburants.

Dépôt par Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 12/10/2022
Rapporteur : M. Gilles Baum

---

Travaux de la Commission spéciale « Tripartite »
(Président : M. Gilles Baum) :
14/10/2022 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
18/10/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État
Présentation et adoption d'un projet de rapport

---

Vote en séance publique : 20/10/2022
Loi du 26 octobre 2022
Mémorial A : 2022, n° 534, page 1

## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** p. 11
M. Fernand Etgen, Président

2. **Communications** p. 11
M. Fernand Etgen, Président

3. **Ordre du jour** p. 12
M. Fernand Etgen, Président

4. **Heure de questions au Gouvernement** p. 12

**Question n° 344 du 18 octobre 2022 de M. Aly Kaes relative à l'éboulement de roche au sein du tunnel Schieburg entre Kautenbach et Wilwerwiltz, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**Question n° 345 du 18 octobre 2022 de M. Carlo Weber relative aux travaux du tunnel « Schieburg » et des délais quant à sa réouverture, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** p. 12

M. Aly Kaes | M. Carlo Weber | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 346 du 18 octobre 2022 de M. André Bauler relative à la limitation projetée des commissions des agences immobilières, adressée à M. le Ministre de l'Économie** p. 13

M. André Bauler | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

**Question n° 347 du 17 octobre 2022 de M. Jeff Engelen relative au cannabis médical, adressée à Mme la Ministre de la Santé** p. 13

M. Jeff Engelen | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

**Question n° 348 du 17 octobre 2022 de Mme Simone Asselborn-Bintz relative à l'évolution des travaux législatifs concernant la révision de la loi d'intégration adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration** p. 14

Mme Simone Asselborn-Bintz | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

**Question n° 349 du 18 octobre 2022 de Mme Myriam Cecchetti et Mme Nathalie Oberweis relative à la reconnaissance juridique et politique du crime de féminicide, adressée à Mme la Ministre de la Justice et à Mme la Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes** p. 14

Mme Nathalie Oberweis | Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes (intervention de Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice) | Mme la Ministre Sam Tanson

**Question n° 350 du 18 octobre 2022 de Mme Djuna Bernard relative au traitement, par les offices sociaux, des notifications envoyées par les fournisseurs d'énergie concernant les clients résidentiels en défaillance de paiement, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration** p. 15

Mme Djuna Bernard | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

**Question n° 351 du 18 octobre 2022 de M. Jean-Paul Schaaf relative au Conseil en énergie, adressée à M. le Ministre de l'Énergie** p. 16

M. Jean-Paul Schaaf | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

**Question n° 352 du 18 octobre 2022 de Mme Carole Hartmann relative à l'ouverture d'un centre de naissance à Bertrange, adressée à Mme la Ministre de la Santé** p. 17

Mme Carole Hartmann | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

**Question n° 353 du 18 octobre 2022 de M. Fred Keup relative au nouvel organigramme de la Police grand-ducale, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure** p. 18

M. Fred Keup | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure

**Question n° 354 du 18 octobre 2022 de M. Dan Biancalana relative au renforcement du personnel des offices sociaux, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration** p. 18

M. Dan Biancalana | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

**Question n° 355 du 18 octobre 2022 de M. Léon Gloden relative à la montée de la criminalité au Luxembourg, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure** p. 19

M. Léon Gloden | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | M. Gilles Roth (parole pour fait personnel) (interventions de M. le Ministre Henri Kox et Mme Martine Hansen) | M. le Ministre Henri Kox | M. Gilles Roth

5. **Question élargie n° 160 de M. André Bauler au sujet des zones d'activités économiques** p. 19
M. André Bauler | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

6. **Question élargie n° 161 de M. André Bauler au sujet des problèmes en rapport avec les transports en commun** p. 21
M. André Bauler | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics (interventions de M. Mars Di Bartolomeo)

7. **7900 – Projet de loi portant modification de :**
**1° la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne ;**
**2° de la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ;**
**3° de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l'Administration de la navigation aérienne** p. 22
Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Chantal Gary
Discussion générale : M. Serge Wilmes | M. Max Hahn | M. Carlo Weber | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen
Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7900 et dispense du second vote constitutionnel

8. **7817 – Projet de loi relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles dans le domaine de la navigation intérieure et portant modification de la loi modifiée du 28 juillet 1973 portant création d'un service de la navigation** p. 23
Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Jessie Thill
Discussion générale : M. Serge Wilmes | M. Max Hahn | M. Carlo Weber | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen
Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7817 et dispense du second vote constitutionnel

9. **8027 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire** p. 24
Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Chantal Gary
Discussion générale : M. Serge Wilmes | M. Max Hahn | M. Carlo Weber | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen
Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8027

10. **6539B – Projet de loi portant création de la procédure de dissolution administrative sans liquidation et modifiant :**
**1° le Code de commerce ;**
**2° le Nouveau Code de procédure civile ;**
**3° la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;**
**4° la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Admnistration des douanes et accises et portant modification de**
**– la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;**

– la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;
– la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;
– la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;
– la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale ;
5° la loi modifiée du 25 mars 2020 instituant un système électronique central de recherche de données concernant des comptes de paiement et des comptes bancaires identifiés par un numéro IBAN et des coffres-forts p. 26

Rapport de la Commission de la Justice : M. Guy Arendt

Discussion générale : M. Léon Gloden (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | Mme Cécile Hemmen | M. Charles Margue | M. Roy Reding | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

11. 8027 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire (suite) p. 29

Dispense du second vote constitutionnel

12. 6539B – Projet de loi portant création de la procédure de dissolution administrative sans liquidation et modifiant :
1° le Code de commerce ;
2° le Nouveau Code de procédure civile ;
3° la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;
4° la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de
– la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;
– la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;
– la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;
– la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;
– la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale ;
5° la loi modifiée du 25 mars 2020 instituant un système électronique central de recherche de données concernant des comptes de paiement et des comptes bancaires identifiés par un numéro IBAN et des coffres-forts (suite) p. 29

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6539B et dispense du second vote constitutionnel

13. Heure d'actualité de la sensibilité politique ADR au sujet de la charte de déontologie pour les structures culturelle p. 29

Exposé : M. Fernand Kartheiser

14. Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser p. 30

M. Fernand Kartheiser

15. Heure d'actualité de la sensibilité politique ADR au sujet de la charte de déontologie pour les structures culturelles (suite) p. 31

Débat : Mme Octavie Modert | M. André Bauler | Mme Simone Asselborn-Bintz | Mme Djuna Bernard (intervention de M. Fred Keup) | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture (intervention de M. Fernand Kartheiser)

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert et M. François Bausch, Vice-Premier Ministres ; Mme Corinne Cahen, M. Claude Turmes, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferding, M. Henri Kox et M. Franz Fayot, Ministres.

*(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. François Bausch,** Vice-Premier Ministre | Nee, Här President.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen,** Président | D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert**.**

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

***Communications du Président – séance publique du 18 octobre 2022***

*1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.*

*Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.*

*2) Les projets de loi suivants ont été déposés auprès de l'Administration parlementaire :*

*8080 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2023 et modifiant :*
*1° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;*
*2° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;*
*3° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;*
*4° la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999 ;*
*5° la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière ;*
*6° la loi modifiée du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale ;*
*7° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;*
*8° la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;*
*9° la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ;*
*10° la loi modifiée du 25 mars 2020 portant création du Fonds spécial de soutien au développement du logement ;*
*11° la loi du 30 juillet 2021 relative au Pacte Logement 2.0*

*Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 12/10/2022*

*8081 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2022-2026*

*Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 12/10/2022*

*8083 – Projet de loi portant mise en œuvre de la baisse temporaire du taux de TVA et modifiant la loi du 12 mai 2022 instaurant une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers*

*Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 12/10/2022*

*8084 – Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2021*

*Dépôt : Commission des Comptes, le 12/10/2022*

*3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :*

*2486 – Demande de pétition ordinaire : Priorité pour les personnes à mobilité réduite*

*Dépôt : Mme Kimberley Duarte, le 10/10/2022*

*2487 – Demande de pétition publique : Le droit d'établissement / En tant que citoyen luxembourgeois de nationalité belge, je fais cette pétition en mon nom et au nom de tous les citoyens qui ont subi le même sort que moi / Où vous en êtes avec le projet de loi pour la réforme du droit d'établissement? Dossier parlementaire : 7989 / Les PME attendent que ce projet sera plaidé et voté pour approbation*

*Dépôt : M. Fadhel Akremi, le 11/10/2022*

*2488 – Demande de pétition publique : Éliminer les avances énergétiques (gaz, électricité et eau) par des factures mensuelles de consommation réelle*

*Dépôt : M. Jonathan Verpillot, le 12/10/2022*

*2489 – Demande de pétition publique : Mise en place d'une commission d'enquête pluridisciplinaire indépendante censée conclure sur la réalité sanitaire, statistique, scientifique et politique pour la période Covid-19 au Luxembourg*

*Dépôt : M. Amar Goudjil, le 12/10/2022*

*2490 – Demande de pétition ordinaire : Late Night Bus*

*Dépôt : M. Fabio Da Silva Manaia, le 10/10/2022*

*2491 – Demande de pétition publique : Schwammen no 7e ofschafen*

*Dépôt : Mme Luna Cabral Costa, le 12/10/2022*

*2492 – Demande de pétition publique : L'administration luxembourgeoise a un système de communication très lourd en papier*

*Dépôt : M. Mustafa Zohair, le 12/10/2022*

*2493 – Demande de pétition publique : Interdiction du mariage blanc au Luxembourg*

*Dépôt : M. Jacques Parasch, le 13/10/2022*

*2494 – Demande de pétition publique : Keng weider Tramslinn duerch d'Stad*

*Dépôt : M. Roger Jean Paul Braun, le 14/10/2022*

*2495 – Demande de pétition publique : Selwecht Classe d'impôt fir Familljen, déi eng Garde alternée hunn*

*Dépôt : M. Daniel Boujong, le 14/10/2022*

*2496 – Demande de pétition publique : Index soll un de Salaire gekoppelt ginn*

*Dépôt : M. Joé Schmit, le 15/10/2022*

*2497 – Demande de pétition publique : Pour l'amélioration du service vel'OH! à Luxembourg / l'annulation du contrat avec le groupe industriel JCDecaux*

*Dépôt : M. Raphaël Thomas, le 16/10/2022*

*2498 – Demande de pétition ordinaire : Réajustement du barème d'impôt à l'inflation*

*Dépôt : M. Armand Bandiera, le 16/10/2022*

*2499 – Demande de pétition ordinaire : Lancer un débat pour améliorer et garantir l'accès utile, rapide et équitable aux moyens de diagnostique d'imageries médicales comme la mammographie, la coloscopie, l'IRM, la densitométrie, le scanner etc.*

*Dépôt : Mme Isabelle Faber, le 17/10/2022*

*N.B. Les intitulés des pétitions sont susceptibles d'être modifiés tant que la Conférence des Présidents n'a pas statué sur leur recevabilité.*

*(Tous les documents peuvent être consultés auprès de l'Administration parlementaire.)*

## 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

*(Assentiment)*

Dann ass et esou decidéiert.

## 4. Heure de questions au Gouvernement

Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. Am Ganzen hu mer 13 Froen erakritt. A wann no der Fro 11 méi wéi eng Stonn depasséiert ass, musse mer déi zwou lescht Froe faleloossen. An duerfir fänke mer direkt un, da komme mer vläicht duerch se alleguer.

Als éischt Fro hu mer d'Fro Nummer 344 vum Här Aly Kaes an d'Fro Nummer 345 vum Här Carlo Weber un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten iwwert den Tunnel Schieburg. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

### – Question n° 344 du 18 octobre 2022 de M. Aly Kaes relative à l'éboulement de roche au sein du tunnel Schieburg entre Kautenbach et Wilwerwiltz, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

### – Question n° 345 du 18 octobre 2022 de M. Carlo Weber relative aux travaux du tunnel « Schieburg » et des délais quant à sa réouverture, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**M. Aly Kaes** (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, Här Minister, Madamm, de 27. August 2022 ass bei Aarbechten de Plaffong vum Eisebunnstunnel Schieburg – dat ass, fir déi, déi dat net esou richteg kennen, beim Schibbreger Schlass tëscht Kautebaach a Wolz (veuillez lire: Wëlwerwolz) – erofgefall.

Doropshin hunn d'CFL déifgräifend Analysen an Optrag gi fir erauszefannen, firwat dësen Incident konnt passéieren. Och wann d'CFL séier reagéiert huet – dat muss ee ganz kloer soen –, mat Ersatzbusser engersäits, mee awer och anerersäits mat Zich op den nach operationelle Linnen a mam Amenagement vu Park&Ridë laanscht d'N7, esou ass et dach esou, datt d'Leit aus dem Norden an och d'Schüler ganz vill Problemer hunn, fir kënnen, jo, eenegermoossen zur Zäit a Richtung Stad ze kommen.

Ech krut grad gesot, se bräichten tëschent enger an annerhallwer Stonn, fir déi Streck zréckzeleeën. Ech brauch schonn net ze soen, datt domadder zu Spëtzenzäiten d'N7 nach méi belaascht ass, wéi se scho belaascht war.

Laut Communiqué vum 9. September geet a sech déi integral Nordstreck eréischt fréistens den 11. Dezember 2022 op. An deem Kontext wollt ech dann dräi – oder véier – Froe stellen:

Si schonn éischt Resultater do, firwat dee Plaffong erofgefall ass? Wat fir eng Moyene ginn opbruecht, fir d'Securisatioun vun dem Tunnel ze assuréieren, soudatt duerno de Persounentraffic erëm normal derduerch zirkuléiere kann?

Wéi gesäit et an deenen aneren Tunnellen aus? Ass do eppes Änleches méiglech?

A schlussendlech déi lescht Fro: Ass den 11. Dezember déi Streck erëm definitiv op?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Kaes. Den Här Carlo Weber huet d'Wuert.

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Merci, Här President. De 27. August koum et op der Zuchlinn 10 tëscht Wëlwerwolz a Kautebaach am Tunnel Schieburg zu engem Äerdrutsch. D'Nordstreck Kautebaach ab Ëlwen erop bleift bis Mëtt Dezember zou.

Den Zuch, dee soss Kautebaach–Ëlwe gefuer ass, ass dunn duerch Busser ersat ginn. Mee dat huet d'Liewe vu vill Passagéier, déi am Süden oder am Zentrum schaffen, a speziell vun de Schüler méi schwéier gemaach. D'Eltere sinn oft an enger Ongewëssheet: Wou si meng Kanner grad drun? Op wat fir engem Quai sti se ze waarden?

D'Leit mussen zu Ettelbréck ëmklammen a wéinst dem ville Verkéier, wéi elo grad ugeschwat gouf, an elo nach verstäerkt duerch dës Situatioun kommen d'Busser ze spéit op der Gare un an den Zuch fir op déi Destinatioun ass ewell fort oder mir gesinn en nach just fortfueren. Deemno kommen d'Schüler och net zur Zäit an de Lycéeën un.

E weidere Problem: Mir sti kuerz virum Wanter. Bei glate Stroossen, speziell am Éislek, ass et sécher net méiglech, déi genau Farpläng anzehalen, an dës Situatioun wäert sech leider doduerch verschäerfen.

Et muss een och ervirhiewen, datt den Tunnel sech an enger Natura-2000-Zon befënnt, wat bedeit, datt all Aarbechte méi strenge Krittäre betreffend den Agréff an d'Natur ënnerleien.

Als Norddeputéierten ass et mer wichteg, datt mer an deem Dossier respektiv Chantier schnellstméiglech virukommen, an ech hoffen, datt mer hei duerch d'Ëmweltkrittären net nach zousätzlech wäertvoll Zäit verléieren.

An deem Zesummenhang wëll ech dem Här Transportminister follgend Froe stellen:

Ass den Här Minister der Meenung, datt den Delai vun Dezember kann agehale ginn?

A wou si mer dru mat de Preparatioune vum Chantier? Ass bis elo eng Demande betreffend d'Reparaturaarbechte beim Ëmweltministère eragereecht ginn? Am Prinzipp kann d'Äntwert op esou eng Demande op d'mannst dräi Méint op sech waarde loossen. Riskéiert dat och hei, de Fall ze sinn? Wäerten eis Aarbechten enger Évaluation d'incidences ënnerleien? Dat géif bedeiten, datt d'Aarbechten nach méi laang géifen daueren.

Gi sech Gedanke gemaach, fir de Passagéier e bessere Service wéi deen, deen am Moment do ass, unzebidden?

Villmools merci fir eng Äntwert a villmools merci fir déi Leit, déi sech an iergendenger Form dofir asetzen, datt dës wichteg Linn am Norden erëm normal ka fonctionnéieren. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Weber. Den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech mengen, dat Pult hei ass awer méi kleng ewéi ech.

*(M. François Bausch règle la hauteur du pupitre.)*

*(Hilarité)*

Voilà. Här President, ech soen deenen zwee Deputéierte Merci fir hir Froen. An ech kann dem Här Weber och versécheren: Net nëmmen d'Norddeputéierte maache sech Suergen a si frou, wann déi Linn erëm fonctionéiert, mee och de Rescht vum Land a virun allem de Minister. An et muss ee soen, hei hat d'CFL natierlech extreeme Pech, well déi Aarbechten, déi an deem Tunnel do gemaach gi sinn, gi gemaach am Kader vun der Renovatioun vun all den Tunnellen, déi mer am Reseau maachen, virun allem am Norden.

An deem Tunnel ass geschafft ginn. D'Streck war jo gespaart, et war am Summer. A wéi d'Streck du gespaart war an dru geschafft ginn ass an de Plaffong opgemaach ginn ass, huet et ab engem gewëssene Moment op eemol ugefaangen, Stëbs ze riselen, an do ass ëmmer méi Stëbs komm an ëmmer méi Sand komm. An do ass festgestallt ginn, datt den Hang selwer, deen Hiwwel selwer, vu bannen a kengem gudden Zoustand ass.

Mee dat hat awer mam Tunnel direkt näischt ze dinn. An ech wëll och soen: Et ass net esou, datt, wann do net dru geschafft gi wier, deen Tunnel dann hätt

kënnen zesummebriechen. Esou war et net. Dat konnt nëmme passéieren, well en opgemaach ginn ass bannen a well dru geschafft ginn ass.

Bon, glécklecherweis hunn d'Leit um Chantier ganz gutt reagéiert. Si hunn direkt d'Aarbechter erausgeholl aus dem Tunnel, soudatt och kengem eppes geschitt ass.

An et ass och esou, datt entre-temps Foragë gemaach gi sinn. An och fir déi Foragen hu missen extra Autorisatioune gefrot ginn. An enger urgenter Situatioun gëtt et do och urgent Prozeduren. Hei gëtt et eng exzellent Zesummenaarbecht tëschent der Natur- a Forstverwaltung, de Ponts et chaussées an der CFL-Verwaltung, also den CFL, dem Betrib CFL, fir dee ganze Chantier an déi Aarbechten ze koordinéieren, soudatt déi Foragë ganz, ganz rapid autoriséiert gi sinn. Déi sinn entre-temps och ofgeschloss. Mir waarden op d'Resultater.

An d'nächst Woch ginn déi eigentlech Aarbechte vum Tunnel awer och schonn erëm un. Dat heescht, do gëtt fir d'éischt en Accès gemaach zum Tunnel. Dee geet natierlech och duerch deen Natura 2000, mee mir hunn awer do a ganz enker Ofsprooch mam Environnement och scho kloer gesot kritt, datt mer dat alles zügeg kréien, déi Autorisatiounen. Mir si jo hei an enger Urgencesituatioun.

An niewebäi bemierkt, dat gëtt ëmmer nach falsch verstanen, an enger Natura 2000, déi ass zwar extra protegéiert, mee et ass net, datt een an enger Natura 2000 näischt dierf maachen. Esou ass dat jo net. Do gëtt et scho gewësse Grënn, déi ee kann ..., wann déi invoquéiert ginn, da kann een do eppes maachen.

Am Moment besteet op alle Fall keen ee Grond, fir dorun ze zweifelen, datt den 11. Dezember – mengen ech, ass et, also de Farplanwiessel – dann d'Streck erëm kéint opgoen.

Bon, elo musse mer kucken, d'nächst Woch wäert sech erausstellen, wat genau, wivill deen Tunnel muss vu banne stabiliséiert ginn. Dat ass nach e bëssen eng Inconnue. Ech maache mer méi Suergen ëm déi wéi de Fait, datt et an der Natura 2000 läit, soen ech Iech éierlech, well wann d'Foragen elo géifen erginn, datt deen Hiwwel do insgesamt an der Stabilitéit e Problem hätt a vill méi wäitgeeënd Mesurë misste getraff ginn, zum Beispill Ofdroen an esou weider, dat wär wierklech net gutt, well da géife mer natierlech Zäit verléieren. Also et ass net d'Natura 2000, déi eis hei Suerge mécht, mee wierklech: Wéi ass deen Hiwwel banne konzipéiert a wéi konnt dat geschéien?

Jo, wësst Der, den Ënnergrond, deen Der hutt, de part et d'autre, dat ass ëmmer ... do wësst Der ni honnertprozenteg, wat dran ass. Souguer wann Der Buerunge maacht, kritt Der oft nach Iwwerraschungen. An hei, dat war einfach Pech. Ech mengen, de Gros vun de Chantiere vun der CFL leeft de Moment éischter wierklech richteg gutt. An hei ass een, wou mer Pech haten, an dat deet mer natierlech och schrecklech leed fir déi Leit, déi betraff sinn.

Mir maachen eist Bescht, fir deenen ze hëllefen, mat Bussen, mat soss Ersatzméiglechkeeten, a mir setzen alles drun, fir dee Chantier esou séier wéi méiglech op en Enn ze kréien, fir datt d'Leit erëm en normalen Zuch kënnen huelen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Bausch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 346 vum Här André Bauler un den Här Wirtschaftsminister iwwer eng geplangte Limitatioun vun den Immobiliekommissiounen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

## – Question n° 346 du 18 octobre 2022 de M. André Bauler relative à la limitation projetée des commissions des agences immobilières, adressée à M. le Ministre de l'Économie

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Ech wollt den Här Wirtschaftsminister froen, wou hien de Moment mat sengem Projet drun ass, fir d'Kommissioune vun den Immobilienagencen ze begrenzen.

Avertéiert Kritiker behaapte jo, datt am Fall, wou d'Offer séier inelastesch ass, ënnert dem Stréch net de Keefer, mee de Verkeefer vun esou enger Moossnam profitéiere géif. D'Agence verléiert an de Vendeur profitéiert. Dat ass eng banal ekonomesch Feststellung.

An deem Kontext wollt ech Iech, Här Wirtschaftsminister, froen, ob Der schonn en Avant-projet fir eng legal Basis an dësem Zesummenhang ausgeschafft hutt. Hat Dir, Här Minister, Echangë mat der Chambre immobilière, fir hiren Avis an dëser Matière anzehuelen, virun allem wat d'Wierksamkeet vun dëser eventueller Moossnam ubelaangt? A sidd Der wierklech nach ëmmer der Iwwerzeegung, datt dës Begrenzung vun de Kommissioune vun den Immobilienagencen zu enger Baisse bei den Immobiliepräisser féiere géif?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Bauler. Den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot huet d'Wuert.

**M. Franz Fayot,** Ministre de l'Économie | Här President, fir d'éischt géif ech dem Här Bauler gär Merci soe fir seng Fro. Bon, mir wëssen alleguer – an dat ass den Dauerbrenner och hei am Parlament –, dass d'Hausse vun den Immobiliepräisser natierlech säit Joren ee vun deene grousse Sujeten hei am Land ass. Et ass e strukturelle Problem, dee mer onbedéngt mussen an de Grëff kréien, am Sënn vun de Leit alleguerten, awer och haaptsächlech vun deene jonke Generatiounen, déi einfach keng Wunnenge méi fannen, och vu Leit mat méi klenge Revenuen.

Mir sinn amgaangen, dat weider ze analyséieren. Meng Leit am Ministère sinn amgaangen, dat och ze kucken ënnert dem Bléckpunkt vun der Konkurrenzpolitik. A mir hunn do eng Rei Indicë fonnt, déi awer weisen, dass et do duerchaus Liene gëtt zwëschent där Situatioun op dem Marché vun den Immobilienagencen an der Hausse vun de Präisser. Ech wëll domadder net soen, dass dat den eenzege Facteur ass, deen natierlech hei zu Land zur Präisdeierecht am Logement bäidréit, mee et ass awer sécher een, dee matspillt.

Mir gesinn zum Beispill, dass Lëtzebuerg dat éischt Land an Europa ass, wat de Ratio zwëschent der Zuel vun den Agencen an den Awunner ugeet. Wann een elo kuckt, wéi vill Agencen et op 1.000 Awunner gëtt, gëtt et bei eis bei Wäitem am meeschten Agencen.

Dat bréngt natierlech och mat sech, dass déi Situatioun vun der Konkurrenz zwëschent den Agencen och derzou féiert, dass déi Agencen, déi engem Verkeefer den héchste Präis offréieren oder an Aussiicht stellen, natierlech déi sinn, déi och als Éischten d'Mandat kréien, fir de Bien en vente ze setzen. Dat heescht, dat ass e Phenomeen vu Surestimatioun, dee ganz kloer do ass.

Mir constatéieren och, dass den Taux vun der Kommissioun effektiv meeschtens bei 3 % läit, obwuel natierlech den Taux erofgeet, wat de Bien méi deier ass oder wat de Bien ... oft wann de Bien an der Stad Lëtzebuerg ass, wou natierlech déi héchste Präisser sinn, ass och do den Taux liicht méi niddreg.

Iwwer ee Joer gesi gesäit een 2020/2021 an der Stad Lëtzebuerg bei Wäitem déi meeschten Immobilientransaktiounen, wat vläicht och net verwonnerlech ass. Allerdéngs ass et och esou, dass déi Situatioun, déi ganz konkurrenziell Situatioun op deem Marché, kombinéiert mat deene wéinegen Objeten, déi et en fin de compte gëtt, mat sech bréngt, dass d'Vendeuren och gutt positionéiert sinn, fir hir Konditiounen ze negociéieren. Dat heescht, et geet éischter an déi aner Richtung. Do ass och schonn effektiv e Pouvoir bei de Vendeuren, fir dat ze verhandelen.

An absolutter Valeur gesi mer awer och, dass de Montant vun enger moyenner Kommissioun, déi zu Lëtzebuerg bezuelt gëtt, ëmmer nach bei Wäitem déi héchsten ass an Europa. Dat heescht, et ass schonn e lukrative Marché, wat dann natierlech och explizéiert, firwat et esou vill där Agencen do gëtt.

Eppes aneres, wat mer gesinn, dat ass, dass d'Consommateuren oft net gutt gesinn, wat elo de Coût réel vun enger Kommissioun ass. Dat heescht, et ass e Problem vun der Transparenz.

Bon, mir hunn, fir méi e komplett Bild ze kréien, elo eis national Konkurrenzautoritéit, déi och elo deemnächst en Établissement public gëtt. De Conseil de la concurrence ass elo amgaangen, déi Situatioun vum Immobiliemarché au sens large ze kucken.

Dat ass och eng Demande vun der Chambre immobilière. Ech hat do eng Entrevue mat hinnen am Fréijoer dëst Joer, wou mer e gudden Echange haten a wou si och begréisst hunn, dass mer eng Kéier dee ganze Marché do kucken, dat heescht, net just d'Immobilienagenten, mee awer och déi ganz Chaîne de valeur, dat heescht d'Offer vun Terraine bis zu der Gestioun vun de Koproprietéiten, fir ze kucken, wéi dat op de Präis vun den Immobilien awierkt.

A wa mer dee Constat an déi Analys bis hunn – dat wäert am Fréijoer d'nächst Joer virleien –, da musse mer kucken, ob mer eventuell Mesuren huelen oder vläicht legislativ agräifen, fir eppes um Niveau vun de Kommissiounen ze maachen. Do wäert och sécher nach eng Kéier en Echange komme mat der Chambre immobilière.

D'Zil muss natierlech weiderhi sinn, eng méi grouss Offer ze kréien. Dat ass dat iwwergeuerdent Zil. Mee iwwerall, mengen ech, wou mer op d'Präisser awierken an d'Präisser erofdreiwe kënnen, och iwwert d'Kommissiounen, wann dat dann effektiv de Fall ass, mengen ech, solle mer dat maachen.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

Mir kommen elo bei d'Fro Nummer 347 vum Här Jeff Engelen un d'Madamm Gesondheetsministesch iwwert de medezinnesche Cannabis. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

## – Question n° 347 du 17 octobre 2022 de M. Jeff Engelen relative au cannabis médical, adressée à Mme la Ministre de la Santé

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als ADR si mer der Meenung, datt een a Saache medezinnesche Cannabis den Déngscht um Bierger verbessere soll an datt een dëse mat enger Ordonnance och an all Apdikt soll ze kafe

kréien, eeben net just an deene puer Spidolsapdikten am Land.

Mir froen dat, well déi Leit, déi de medezinnesche Cannabis vun hirem Dokter verschriwwe kréien, dacks ganz vill Péng oder schwéier Krankheeten hunn. Dat heescht, mam abléckleche System musse si zum Beispill aus ländleche Regiounen an d'Spidolsapdikt fueren, wou se och nach mussen dacks laang waarden, an et ass awer u sech e wichtegt Medikament fir déi Leit.

Mir froen, ob et méiglech wier, dat ze änneren an datt een de betraffene Cannabis, dee verschriwwe gëtt, och a senger Apdikt, lokal gesinn, ze kafe soll kréien.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Engelen. D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Merci, Här President. An och merci fir dës Fro. Fir eng Kéier op de Pilotprojet vum medezinnesche Cannabis anzegoen: Wou sti mer do? Dir wësst, dass Lëtzebuerg e ganz ambitiéise Pilotprojet huet, och eenzegaarteg an Europa an deem Sënn, dass dat integral bezuelt gëtt fir déi Leit, deenen et zeguttkënnt.

Do hu mer eng éischt Pilotphas elo ofgeschloss, wou mer justement den Echange mat deene Partner sichen, déi hei implizéiert sinn. De Krees vun de Spidolsapdikten ass e relativ klenge Krees, wou mer éischt Erkenntnisser dorauser zéien. Ech wëll net virgräifen. D'Evaluatioun leeft nach. Mir sinn do ënner anerem och am Austausch mat eisen däitschen Noperen, déi och e Pilotprojet Cannabis médecinal lafen hunn.

Ech kann awer esou vill virgräifen, dass am Moment nach net wierklech eng Demande do ass, dat méi opzemaachen. Et ass mat ganz grousse Sécherheetsvirkéierunge verbonnen, déi kënne garantéiert sinn am Spidol. Wann een dat à grande échelle mécht an den normalen Apdikten, ass dat ganz vill Opwand. An och d'Berodung, déi ugebuede gëtt, ass, wéi et schéngt, nach ganz extensiv, wéi déi Virbereedung muss sinn, fir dee Cannabis médicinal ze benotzen.

Et ass awer eng Pist. Ech hunn dat och ugeschwat a menger Entrevue, déi ech elo rezent hat mat de Spidolsapdikter. Wéi gesot, dat do war elo e bëssen esou en direct, wat de Feedback dozou war. Mir hunn eis lescht Konklusiounen nach net, mee am Moment deit sech un, dass mer effektiv an eng zweet Pilotphas géife goen, wou awer méi de Fokus ass op deene Konditiounen, ënner wéi enge Bedingungen, fir wéi eng Indicatiounen een de Cannabis ka kréien, dass mer dorobber nach eng Kéier schaffen, dat verfeineren, mat am Moment effektiv enger Tendenz, fir dat op alle Fall nach an där Pilotphas an de Spidolsapdikten ze halen, fir och eng gewëssen Emprise ze hunn an och esou Feedback ze kréien iwwert d'Schwieregkeeten, déi zum Deel mat der Clientèle sinn.

Ech verstoppen net, dass där och signaléiert gi sinn. An dat stelle mer eis am Moment ... oder op alle Fall si stelle sech dat am Moment och nach schwiereg vir, dat wierklech auszebreeden op déi normal Apdikten. Dat wäert sécherlech an enger Phas duerno d'Normalitéit ginn. Dat ass emol esou, wéi ech mer et virstellen. Mee am Moment si mer op der Pist, nach a Pilotprojete ze bleiwen, mat engem e bësselche méi securiséierte Kader. Voilà.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 348 vun der Madamm Simone Asselborn-Bintz un d'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun iwwert d'Revisioun vum Integratiounsgesetz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

### – Question n° 348 du 17 octobre 2022 de Mme Simone Asselborn-Bintz relative à l'évolution des travaux législatifs concernant la révision de la loi d'intégration adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Merci, Här President. Madamm Ministesch, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Lëtzebuerg ass en Awanderungsland. Mir hunn eng ganz laang Geschicht vu Migratioun an och Integratioun, an d'Diversitéit ass eng vun de grousse Stäerkte vun eisem Land. Dofir brauche mer och e gesetzleche Kader, deen d'Wëllkommenskultur an d'Integratioun fërdert.

Ganz an deem Sënn gesäit jo och de Regierungsprogramm eng Revisioun vum Gesetz vun 2008 vir. An an der Legislatioun musse jo do d'Missioune vun eisen Administratiounen un déi aktuell Situatioun ugepasst ginn. D'Chamber huet 2019 och eng Motioun gestëmmt, déi d'Regierung derzou oprifft, eng Revisioun vun dësem gesetzleche Kader ze maachen.

An dës Richtung ass jo och scho munches geschitt. 2020 huet de Familljen- an Integratiounsministère eng ganz Rei Consultatiounen organiséiert an Avise vu relevanten Associatioune gefrot. Och d'Chamber huet d'Madamm Ministesch am Januar d'lescht Joer zu der Ausleeung vum „vivre ensemble" vun haut a vu muer consultéiert. Den Ament ass och eng weider Motioun fir d'Elaboratioun vun engem Projet de réforme gestëmmt ginn. An am November 2021 huet d'Madamm Cahen och eng OECD-Etüd iwwert d'Integratioun zu Lëtzebuerg presentéiert. Voilà.

Da kéim ech op meng kuerz a kloer Fro. Ech wéilt einfach gäre froen: Wou ass déi aktuell Revisioun vun dem Integratiounsgesetz drun? Wéini kënne mer dann eventuell mat engem Depot vun dësem Gesetz rechnen? Voilà.

Ech soen Iech elo scho Merci fir d'Äntwert, an Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. D'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun, d'Madamm Corinne Cahen, huet d'Wuert.

**Mme Corinne Cahen,** Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo, villmools merci, Här President. Dir Hären an Dammen Deputéierten, villmools merci der Madamm Asselborn-Bintz fir déi Fro, well mir schaffen do wierklech all Dag drun. Mir schaffen am Moment awer nach mat deem ale Gesetz, mat deem alen Integratiounsgesetz, an do geschitt net näischt.

Dir wësst selwer, a ganz vill Leit heibannen, dass mer am Moment mat ganz ville Gemengen de „Pakt vum Zesummeliewen" ënnerschreiwen. A wann ech soen, „de Pakt vum Zesummeliewen", dann ass dat och dee Wee – an dat hat ech jo scho gesot –, op dee mer wëlle goen a wou mer amgaange sinn, drun ze schaffen.

Dir hutt et grad gesot, mir hu ganz, ganz breet consultéiert. Mir probéieren awer och schonn elo, mam ale Gesetz, wéi gesot, ze schaffen. Mir hunn zum Beispill elo vill méi Signatairen, wat de CAI, de Contrat d'accueil et d'intégration, ugeet.

Mee firwat wëlle mer iwwerhaapt dat Gesetz nei schreiwen? Et ass virun allem, well mer fannen, dass mer mussen d'Zesummeliewen hei am Land esou organiséieren, dass jiddweree sech dran erëmfënnt, dass net op där enger Säit Auslänner sinn an op där anerer Säit Leit, déi schonn hei sinn. Mee mir sollte kucken, d'Zukunft vun dësem Land zesummen ze plangen, zesummen an d'Zukunft ze kucken.

Mir hu scho kleng Instrumenter. Wéi gesot, de „Pakt vum Zesummeliewen" ass e gréisstert. Mir hunn awer och ... ech invitéieren Iech alleguerten, de Site kucken ze goe vun infolux.lu, well et drëms geet, dass mer net Informatioune publizéieren, déi just fir eng Kategorie vu Leit sinn. Mee op infolux.lu kënnen och ganz sécherlech Leit mat der Lëtzebuerger Nationalitéit Informatioune fannen, déi se net hunn, déi se nach net hate bis elo.

An dofir wëlle mer an Zukunft och méi op de Wee goe vu Modüllen, dass een einfach ka Modülle wielen, an net soen: „Majo, wann een Auslänner ass, da muss en automatesch a verschidde Coursë goen oder, zum Beispill, wann ee Flüchtling ass, muss en a verschidde Coursë goen." Well ech muss soen, wat mer do vun Erfarunge gemaach hunn, ass, dass déi eng natierlech ukomme mat engem zolitte Bagage aus der Schoul vu bei sech an anerer komme vläicht un a se kënne weeder liesen nach schreiwen.

Fir déi dann zesummen a Coursen ze schécken, dat mécht am Fong geholl kee Sënn, weeder fir déi eng nach fir déi aner. Also musse mer mat engem modulairë System fueren, wou jiddwereen an déi Modülle ka goen, déi e brauch, sief et fir vläicht liesen a schreiwen ze léieren, fir eng Sprooch ze léieren, sief et awer och fir vläicht méi iwwer Lëtzebuerg ze léieren, nach méi déifgräifend eppes iwwer eis Kultur gewuer ze ginn. An dat wäerte mer mat verschiddene Modülle maachen.

Elo sinn ech ganz frou, dass Der d'Fro gestallt hutt, well effektiv hätt ech scho laang wëllen d'Gesetz deposéieren. Mir hu ganz breet consultéiert, wéi gesot. Mir sinn och elo an de leschten Zich. Ech wëll Iech natierlech hei och e Gesetz deposéieren, wat flott a gutt geschriwwen ass. An dofir erlaabt mer, nach eng Kéier zwou, dräi Wochen drun ze schaffen, an da wäert dat awer nach virun Enn vun dësem Joer hoffentlech kënnen deposéiert ginn. An da freeën ech mech elo schonn, fir an der Chamberskommissioun mat Iech zesumme kënnen doriwwer ze schwätzen a vläicht nach deen een oder anere Feinschliff ze maachen, éier d'Gesetz da ka votéiert ginn.

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Ministesch Corinne Cahen.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 349 vun der Madamm Myriam Cecchetti an der Madamm Nathalie Oberweis un d'Madamm Justizministesch an d'Madamm Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer iwwert déi juristesch a politesch Unerkennung vum Feminizid. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

### – Question n° 349 du 18 octobre 2022 de Mme Myriam Cecchetti et Mme Nathalie Oberweis relative à la reconnaissance juridique et politique du crime de féminicide, adressée à Mme la Ministre de la Justice et à Mme la Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, d'Gewaltdote géint Fraen a Meedercher sinn immens verbreet Verbriechen. Ëmmer erëm héiert een dovunner, meeschtens aus dem Ausland, mee och Lëtzebuerg war rezent méi dovunner betraff.

Innerhalb vun dräi Woche sinn zwou Fraen, déi zu Lëtzebuerg Residentë waren, brutal ermort ginn. Mir alleguerten hunn dovunner an der Press héieren oder gelies. Déi meescht denken dobäi spontan un e Familljendrama. Da geet dacks rieds iwwert d'Famill, iwwert d'Geschichte vum Affer oder vum Täter. Kuerz: De Mord gëtt individualiséiert.

Et sinn awer eiser Meenung no keng Eenzelfäll, well sexistesch Gewalt fält net vum Himmel, mee schreift sech an e patriarchale System an, dee bis haut weiderlieft, e System, dee virun allem sougenannt männlech Wäerter representéiert, eng politesch-ekonomesch Uerdnung, déi historesch vu Männer erbaut gouf an och weidergefouert gëtt.

Ee Beispill dovunner ass, dass zum Beispill Fraen nach vill méi oft d'Care-Aarbecht maachen, also déi onbezuelt Care-Aarbecht, an dass dovunner natierlech vill méi Frae betraff sinn. An dat weist, awéiwäit d'Fraen trotzdeem ëmmer nach als mannerwäerteg ugesi sinn.

E klengen Ëmwee bei d'Patriarchat, fir d'Wichtegkeet vun dëser Notioun ze ënnersträichen, déi eis strukturell Ongläichheeten tëscht Mann a Fra verdäitlecht.

De Mord un enger Fra schreift sech deemno an e spezifesche Kontext an, an zwar dee vun engem strukturellen Ongläichgewiicht. Et ass eis deemno wichteg, dës Form vu Gewalt als spezifesch Gewalt unzeerkennen, fir dass dës Gewalt besser erkannt gëtt an och fréi erkannt gëtt a wouergeholl ka ginn.

Also mam Feminicide gëtt et en Term fir dës spezifesch Gewalt. Am Ausland gëtt deen Term och scho vill méi benotzt, mee och zu Lëtzebuerg gëtt et Acteuren aus der Zivillgesellschaft, déi deen Term scho méi benotzen an eeben och déi brutal Gewalt do denoncéieren.

Dofir meng Froen un d'Regierung, a spezifesch un d'Ministesch vun der Égalité entre femmes et hommes, an duerno och un d'Madamm Justizministesch. Fir d'éischt un d'Madamm Taina Bofferding: Wäert Dir an Zukunft op de Wee goen, den Term „Feminicide" ze benotzen? Erkennt Dir d'Wichtegkeet vun där Terminologie un, fir dëser spezifesche Gewaltform Ausdrock ze ginn a se och ze denoncéieren? Wäert Dir och an Ärem Rapport op violence.lu eng eege Kategorie „Feminicide" schafen? A gesitt Der vir, Moossnamen ze ergräifen, fir iwwert de Feminicide ze informéieren an ze sensibiliséieren?

An dann un d'Madamm Justizministesch: Sidd Der der Meenung, dass de Rechtssystem, dee mer am Moment hunn, an ënner anerem de Code pénal duergeet, fir dës Form vu Gewalt ze erkennen an ze prevenéieren an och ze bestrofen? Wann net, gesitt Der vir, de Feminicide an de Code pénal mat eranzehuelen? A wann net, wat kënnt Der eis zu den Erfarungsberichter aus dem Ausland, notamment an Italien, soen, wou de Feminicide jo an d'Rechtsbicher erageholl gouf?

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Oberweis. D'Madamm Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer, d'Madamm Taina Bofferding, huet d'Wuert. Oder fir d'éischt d'Madamm Justizministesch. Et ass genau esou, wéi Dir et wëllt. Madamm Bofferding, wannechgelift.

*(Hilarité)*

Nee, et ass am Duett.

**Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | Här President, well mer véier Minutten ze deelen hunn, maache mer dat och elo hei ganz knapps. A wann ech iwwer meng Riedezäit eraus sinn, da wäert d'Justizministesch mech kuerz eng Kéier pëtzen. Gutt.

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | Nee, well da si mer an enger Circonstance aggravante, deemno wéi, wou ech dann herno drop zréckkommen.

**Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | Här President, d'Deputéiert ginn hei op rezent, aktuell Faiten, déi eis, mengen ech, alleguerten net kalloossen, ganz am Géigendeel. Ech mengen, et bestierzt eis ëmmer erëm, wa mer vun esou gravéierende Fäll héieren, wou esou eng fuerchtbar Gewalt vis-à-vis vu Fraen ausgeüübt gëtt, déi dann och nach déidlech Suitten huet.

Dir stellt eis elo hei d'Fro, wéi mer mam Term vum „Feminicide" ëmgi respektiv wéi mer e jo och wëllen an eiser Aarbecht integréieren. Ben, dat hänkt jo virun allem dovunner of, wéi mer och elo juristesch mat deem Term ëmginn. Ben, do wäert elo virun allem d'Justizministesch drop äntweren.

Dir hutt den Observatoire ugeschwat an och de Rapport. Effektiv, am Observatoire de l'égalité ass elo keng eenzel Statistik an deem Sënn opgelëscht, well eeben och keng Strof am Code pénal hei virgesinn ass. Ech wëll awer soen, dass et wichteg ass, dass mer alleguerten déi Statistiken, déi mer kréien, schonn nom Sex ventiléieren. An am Rapport ass effektiv kee Fall an deem Sënn opgezeechent, well d'lescht Joer de Parquet och keen Homicide am Kader vun häuslecher Gewalt enregistréiert huet.

Mir hunn awer am Rapport, wann een ënne kucke geet, och nach e Verweis gemaach op déi Aarbecht, déi vum EIGE (ndlr: European Institute for Gender Equality), vum europäeschen Institut, gemaach gëtt, déi och do wierklech ganz vill Aarbecht leeschten, och Opklärungsaarbecht, well mer wëssen, dass och ëmmer méi Leit sech dofir interesséieren.

Ech wëll awer och soen, dass elo hei an där Froestonn e bësse kuerz Zäit ass, fir doriwwer ze diskutéieren. Dofir fanne mir, dass de Problem vill ze vill schwéierfälleg ass an dass ee sech do scho misst méi Zäit huelen, fir driwwer ze diskutéieren. An ech mengen, mir zwee stinn och do zur Verfügung, wann d'Chamber nach eng Kéier wéilt do méi an den Detail eragoen. Well do ass ganz vill Aarbecht, déi awer och geleescht gëtt um Terrain vun eise Servicer.

Ech wëll just nëmme soen, de Budget vum MEGA: 85 % vun eisem Budget fléisse reng an d'sozial Servicer. Do gëtt wierklech ganz vill Aarbecht geleescht. Mir hunn déi Hotline, déi mer opgestallt hunn, alles, wat mer am Kader vun der Pandemie geleescht hunn. Also, do gëtt ganz vill Aarbecht gemaach. An et wär scho gutt, wann een do méi Zäit hätt, fir dat dee Moment kënnen am Detail ze diskutéieren. Do sti mer Iech och zur Verfügung.

Voilà, nach dee juristesche Volet an den nächsten zwou Minutten.

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | Et si keng zwou Minutte méi, Madamm Bofferding.

*(Hilarité)*

Nee. Ma merci fir d'Fro. Si ass effektiv extreem wichteg. D'Fro ass natierlech: Wat wëlle mer erreechen? Mir wëllen natierlech erreechen, dass keng Feminiciden zu Lëtzebuerg stattfannen. Dat heescht: Alles maachen, fir dass d'Zesummeliewen tëschent zwee Partner – well et ass jo oft dat, wat à la base vum Feminicide ass – net derzou féiert, dass deen een deen aneren ëmbréngt.

Do hu mer schonn e ganze Kader en place. Mir hunn d'Convention vun Istanbul gestëmmt an och ëmgesat zu Lëtzebuerg. Et gëtt extreem vill Preventiounsaarbecht gemaach. An och um strofrechtlechen Niveau sinn all d'Strofen en place, déi kënnen en place sinn. Wann een zu Lëtzebuerg een ëmbréngt, kritt een eng maximal Strof. Dat ass dat, wat eise Code pénal virgesäit.

Elo ass et awer esou, dass et natierlech wichteg ass, och verschidde Saachen an de Virdergrond ze stellen an eeben drop opmierksam ze maachen, dass dat e ganz grave gesellschaftleche Problem ass. Dofir ass am Gesetzesprojet 8032 eng Circonstance aggravante généralisée proposéiert fir eng ganz Rei vu spezifeschen Diskriminatiounsmotiver, sief et en fonction vum Sex, vun der Rass, vun dem Glawen. Wann dat den Hannergrond ass, datt een eng Strofdot begeet, da gëtt d'Strof verduebelt.

A fir dat awer och eng Kéier richtegzestellen: A ganz Europa gëtt et kee Feminicide an de Strofbicher. D'Italieener hunn eigentlech en änleche System wéi deen, deen ech och elo wëll aféieren. Dat heescht, si hunn och eng Circonstance aggravante, wann een an där doter Situatioun ass.

Mee ech si ganz bei menger Kolleegin, dass et extreem wichteg ass, e wichtege Sujet ass, dee mer jo och gären ëmmer erëm am Kader vun der Chamber mat Iech diskutéieren, a wou vläicht zwou Minutten op de Kapp net duerginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools der Madamm Bofferding. Merci villmools der Madamm Sam Tanson.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 350 vun der Madamm Djuna Bernard un d'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun iwwert d'Veraarbechtung duerch d'Offices sociaux vun de Matdeelungen iwwer onbezuelten Energierechnunge vun hire Residenten. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

## – Question n° 350 du 18 octobre 2022 de Mme Djuna Bernard relative au traitement, par les offices sociaux, des notifications envoyées par les fournisseurs d'énergie concernant les clients résidentiels en défaillance de paiement, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Madamm Ministesch, gëschter war den internationalen Dag vun der Eliminatioun vun der Aarmut. E politescht Zil, wat mer eis alleguerten – hoffentlech – ganz uewen op eisen Ordre du jour an eis politesch Agenda gesat hunn.

Eng zentral Plaz an eisem soziale System sinn eis Office-sociallen. An déi 30 Office-sociallen an eisem Land sinn Ulafplaze fir Biergerinnen a Bierger – déi, déi finanziell Suergen hunn, déi, déi Hëllef brauchen, déi, déi och heiansdo emol net méi wëssen, wou ee wéi eng Demande zu wéi engen Aidë fënnt a wéi se auszefëlle sinn.

An dëse Wochen a Méint réckelt d'Theema vun der Energieaarmut ëmmer méi an de Mëttelpunkt. Energieaarmut heescht notamment, datt ee sech d'Heizkäschten oder d'Elektreschkäschten net méi leeschte kann. Fir dëst ze vermeiden, huet de Legislateur – also mir hei an der Chamber – gesetzlech verankert, dass d'Office-socialle sollen asprangen, wann et zu esou Urgencefäll kënnt, fir eebe grad ze vermeiden, dass eng Famill kee Stroum oder keng Heizung méi huet.

Stéit, déi Rappelle vum Fournisseur kréien, kënnen a solle sech deemno un hiren Office social wennen, fir finanziell Ënnerstëtzung an dëser prekärer Situatioun ze kréien. Nieft dëser konkreeter finanzieller Ënnerstëtzung sinn d'Office-sociallen natierlech och do, fir

de komplette Suivi social vun dëse Mënschen ze maachen, fir kënnen doriwwer eraus bei aneren Demarchen, wéi beispillsweis bei der Ufro vun Aiden, ze hëllefen.

An der leschter Woch konnt een allerdéngs an den Noriichte liesen, dass eng Partei sech domadder profiléiert huet, d'Energiekäschte vun eenzelne Stéit selwer ze bezuelen, amplaz si un déi vum Legislateur festgeluechten Instanz ze guidéieren, amplaz se dohinner ze guidéieren, wou se strukturell Hëllef kréien a Begleedung bei den noutwendegen Demarchen duerch professionell Acteuren. Domat gouf de Sozialsystem an eisem Land menger Meenung no iwwergaangen a vill Mënsche si verونséchert, wou se elo wéi eng Hëllefen a wéi engen Noutsituatioune kënne kréien.

Dat ass bedauerlech an et hëlleft de Suerge vun de Leit virun allem immens wéineg. An ech géif gären der Familljeministesch dowéinster follgend Froe stellen: Wat mussen déi concernéiert Stéit genee maachen, wa se am Fall vun hirer Energierechnung, déi se net méi kënne bezuelen, Hëllef brauchen? Wéi e Suivi social kréien déi concernéiert Stéit vun den Office-sociallen an dëser Situatioun? A wéi eng Aidë kënne si geziilt kréien?

Madamm Ministesch, merci fir Är Äntwerten, déi de Leit dobaussen hëllefe wäerten, op der richteger Plaz déi richteg Hëllef ze kréien.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Bernard. D'Madamm Ministesch fir Integratioun a Famill, d'Madamm Corinne Cahen, huet d'Wuert.

**Mme Corinne Cahen,** Ministre de la Famille et de l'Intégration | Villmools merci, Här President. Merci och der Madamm Djuna Bernard fir déi Fro.

Et ass effektiv esou, dass jiddereen, dee mierkt, dass e Schwieregkeeten huet, d'Rechnung ze bezuelen um Enn vum Mount, ka bei säin Office social goen, an da kritt en do gehollef.

Mer hunn nach eng zweet Fro iwwert d'Office-sociallen. Ech behale mer dann de Rescht vun der Äntwert fir herno.

Mee et ass esou, dass wann een dann effektiv bei säin Office social geet, da gesäit een do en Assistant social oder eng Assistante sociale. An da gëtt au cas par cas natierlech gekuckt, wéi een de Leit dee Moment kann hëllefen.

D'Zil ass et natierlech, de Leit nohalteg ze hëllefe fir ze kucken, dass se vläicht net nach eng Kéier an esou eng Situatioun kommen. Do gëtt natierlech dann déi ganz Situatioun gekuckt. Do gëtt gekuckt, ob d'Aiden, déi virgesi sinn, ugefrot goufen. A wann net, wéi een de Leit dann hëllefe kann oder hinnen dann effektiv och hëlleft, fir déi Aiden alleguer unzefroen, op déi se Usproch hunn. Well heiansdo wësse se net, op wat se alles Usproch hunn.

Da geet et natierlech och drëms, d'Rechnunge kënnen ze bezuelen. An do gëtt et zwou Zorte vu Secoursen.

Also et gëtt d'Avancen: Dat heescht, wann en Assistant social decidéiert, dass d'Famill Avancë virgestreckt kritt, da muss een déi och zréckbezuelen. Dat heescht, do gëtt dann e Plang gemaach iwwer e puer Méint, wéi een déi Zomm nees kann zréckbezuelen.

Et gëtt awer och de sougenannte „Secours", wou een dann d'Suen net méi brauch zréckzebezuelen.

Dat gëtt, wéi gesot, au cas par cas da vum Assistant social gekuckt. Well dacks ass dat jo och e ganzen Dossier. Do geet et net nëmmen ëm eng Rechnung, mee et gëtt eeben och gekuckt, wéi d'Leit kënnen Hëllefe kréien, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, a wéi se och kënnen déi Méint, déi dann duerno kommen, autonom liewen an och responsabel liewen. Ech mengen, dorëms geet et ganz, ganz vill.

Ech hunn awer profitéiert vun Ärer Fro, Madamm Bernard, fir och eng Kéier ze kucke mam SIGI, wivill Demandë bis elo schonn dëst Joer gestallt gi sinn. Effektiv sinn der elo op den Dag vun haut scho méi gestallt ginn, fir d'Energiekäschten ze couvréieren, wéi d'lescht ganzt Joer. Mir si jo elo ongeféier Mëtt Oktober.

D'lescht Joer waren am ganze Joer, vu Januar bis Dezember 2021, 828 Dossieren traitéiert ginn, wat d'Energiekäschten ubelaangt, an den 30 Office-sociallen. Dëst Joer si scho bis elo 896 Dossieren traitéiert ginn. Dir gesitt also: Virun allem elo am Mount Oktober gesi mer, dass d'Demanden eropginn, dass méi Leit an d'Office-socialle kommen.

Ech géif nach vläicht e lescht Wuert wëlle soen: An enger Urgencësituatioun, wou dann d'Leit kommen, wann d'Assistante sociale bei der Anamnees zum Beispill feststellt, dass eng Drénglechkeet virläit, wann zum Beispill de Fournisseur géif soen: „Mir schneiden elo d'Elektrescht iwwermuer of, wann d'Rechnung net bezuelt ass", da kann de President vum Conseil oder säin Delegué direkt och eng Decisioun huelen. An déi Decisioun muss da vum President an der nächster Sëtzung vum Conseil d'administration och eeben notifiéiert ginn.

Dat heescht, et kann een och ganz séier hëllefen. Et muss een net ëmmer waarden, bis déi nächst Reunioun vum Conseil d'administration ass. Wa séier Hëllef gebraucht gëtt, dann hunn d'Office-sociallen d'Méiglechkeet, ganz, ganz séier kënnen ze hëllefen, fir dass d'Leit eeben d'Elektresch net ofgeschnidde kréien.

An, ech mengen, dat ass jo am Sënn vun deem, wat mer alleguerte wëllen: De Leit hëllefen, den Office-sociallen – do kommen ech herno nach eng Kéier drop zréck – d'Moyene ginn, fir de Leit och kënnen adequat ze hëllefen, a virun allem, hinnen esou ze hëllefen, dass se net eng eemoleg Hëllef kréien, mee dass se och en Accompagnement kënne kréie fir ze kucken, wéi se besser kënne mat deem wirtschaften, wat se hunn, respektiv och dat nach kënne kréien, wat se zegutt hunn, a vläicht nach net wousst en, dass se et zegutt hätten.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

Mir kommen elo un d'Fro Nummer 351 vum Här Jean-Paul Schaaf un den Här Energieminister iwwert d'Energieberodung. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

## – Question n° 351 du 18 octobre 2022 de M. Jean-Paul Schaaf relative au Conseil en énergie, adressée à M. le Ministre de l'Énergie

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Jo, merci. Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt eng einfach Fro un den Energieminister stellen.

An d'Geschicht derhannert ass eeben einfach déi, dass ech feststellen, dass ganz vill Leit bei sech selwer och wëllen e Beitrag leeschten zur Klimaneutralitéit am Land a sech bei sech selwer an hirer Wunneng eigentlech d'Fro stellen: „Wat kann ech bei mir nach optimiséieren, wat kann ech maachen, fir eigentlech e Stéck vun der Léisung ze sinn?", wéi et dacks genannt gëtt.

An dobäi kënnt nach eng zweet Motivatioun, dat ass déi vun den Energiepräisser an enger Energiekris, an där mer dra sinn a wou och elo just an der Fro virdrun och dovunner scho rieds gaangen ass.

Elo ass et esou, datt ee fir eng Rei vun Aiden eeben op en agrementéierte Klimaberoder zréckgräife muss. A mir gëtt gesot, och vu Bauteservicer, dass se soen: „Mee mir erliewen eng Rei Leit, déi zécken einfach, fir iwwerhaapt eng Demande ze stellen, well se bal dovunner ausginn, dass do alles iwwerlaascht ass, dass dat éiweg dauert an dass een do keng Äntwert kritt an dass een do riskéiert, dann einfach an enger Waardeschläif ze hänken." An déi dann éischter soen: „Majo bon, ech waarden emol nach an ech kucken, mat mengem Dossier iergendwann eng Kéier drunzekommen. Mee ech maache mer zwar Suergen a stelle mer Froen, mee ech ginn awer elo net aktiv zu dësem Moment."

Duerfir meng Froen, dat ass also den Hannergrond dovunner, an dat sinn e bësselchen déi:

Wou si mer dru mat der Zuel vun de Beroder am Land, déi mer hunn? Um Internetsite vun der Klima-Agence kann ee liesen, dass mer de Moment 64 Beroder hunn, déi agrementéiert si vun der Klima-Agence an déi a 47 verschiddene Betriber d'Land ofzedecken hunn op deem dote Beräich. Geet dat duer? Geet dat net duer? Dat ass jo e bëssen d'Fro. Respektiv sinn der derbäikomm? Oder kommen der do nach bäi? Wéi gesäit dat doten aus?

Zweet Fro ass vläicht déi: Wéi gesäit et mat der Demande aus? Mat engem Delai? Wann ech elo do uruffe fir ze soen: „Hei, ech hätt gären eng Berodung bei mir doheem op der Plaz", mat wat muss ech do rechnen? Wéi séier kann ech an de Genoss dovunner kommen? A wann Der d'Zuel hutt, da wier ech frou och ze wëssen, wéi laang et dauert, bis d'Ausbezuele vun de Primme ka realiséiert ginn, wou mer do ongeféier dru sinn.

Ech denken, de Sënn an Zweck ass hei net, ze maachen, datt de Minister schlecht drun ass. Sënn an Zweck ass et, fir einfach Confiance an de System ze schafen. Duerfir wollt ech déi Fro hei stellen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Schaaf. Den Här Energieminister Claude Turmes huet d'Wuert.

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Här President, léif Deputéierten, villmools merci, Här Schaaf, fir déi Fro, well et grad an dësen Zäite vun der Energiekris, mengen ech, wichteg ass, dass mer um Dill sinn an dass mer och kloer Messagen hunn, wéi mer de Leit hëllefen.

Ech mengen, wat wichteg ze verstoen ass: Mir hunn eigentlech dräi Niveaue vu Berodung. Dat Éischt ass d'Klima-Agence, dat Zweet sinn déi zertifizéiert Energieberoder an dat Drëtt sinn déi zertifizéiert Handwierker. An ech probéieren, elo e bëssen duerzeleeën, wat eise System ass, fir dass en esou effizient wéi méiglech ass.

D'Klima-Agence ass eigentlech déi éischt Ulafstell. Mir hunn duerfir d'Homepage vun der Klima-Agence komplett iwwerschafft. An op där Homepage huet een elo eigentlech zwou Saachen. Dat Éischt ass, et huet een all déi Techniken an all déi Informatiounen: Wéi ersetzen ech meng Gasheizung duerch eng Wärmepompel? Wéi isoléieren ech eng ..., also wéi

kann ech bei der Fënster manner Energie verbrauchen? An esou weider an esou weider. Dat ass alles op där Homepage gutt erkläert.

An dat Zweet, wat mer gemaach hu virum Summer, ass: Mir hunn och e Simulator bei der Klima-Agence maache gelooss. An dee Simulator, dee simuléiert d'Aiden, d'Héicht vun den Aiden, déi s de kriss. An dat sinn net nëmmen d'Aiden, déi de Staat gëtt, mee et sinn och d'Aiden, déi d'Gemenge ginn, well d'Gemenge sech jo och oft unhänken. An dat Drëtt sinn awer och nach Aidë vun den Energieversuerger.

An dee Simulator ass wierklech super flott gemaach. Also fir déi, déi selwer net eng Kéier kucke waren, et ass e bëssen esou, wéi wann ee Shopping mécht bei iergendengem vun deenen, déi mat „A" uginn a mat „on" ophalen. Dat heescht, dass Der da wierklech op eng flott Aart a Weis gesitt: Wann ech meng Gasheizung ersetzen duerch eng Wärmepompel – wéi vill Suen hunn ech zegutt, an net nëmme vum Staat, mee och vun de Gemengen?

An dat Drëtt ass: Op der Homepage vun der Klima-Agence gëtt et och eng Hotline, an déi Hotline, déi kann ech uruffe fir zwou Saachen.

Dat Eent ass, ech ka se uruffen, einfach fir eng éischt Berodung ze kréien iwwert Telefon. An dat gëtt eigentlech systematesch gemaach fir alles, wat relativ einfach ass. A relativ einfach ass, datt ee seet: „Ok, ech hunn einfach Verglasung, wann ech elo ..., wat kann ech do maachen? Oder ech hunn eng Gasheizung, wéi kann ech déi duerch eng Wärmepompel ersetzen?" An dat gëtt quasi alles iwwert Telefon gemaach.

An dann déi méi komplex Projeten: Dat ass oft, wann ee wëll renovéieren, da gëtt e Rendez-vous geholl an da gëtt och dee Rendez-vous op der Plaz selwer gemaach. Awer d'Klima-Agence mécht de Gros vun hire Berodunge mëttlerweil iwwert Telefon, well dat och zäitspuerend ass, well een dann och méi Berodunge ka maachen.

An dat gesäit een och un de Chifferen: Vum Januar bis elo am September si bal 9.000 Berodungskontakter gewiescht an et sinn 2.380 Rendez-vousen doheem gewiescht. Dat heescht, déi méi komplex Renovatiounsberodungen doheem, dat sinn der bal, kann ee soen, Richtung 3.000, an et sinn awer och 9.000 konkreet Berodunge op deene méi einfache Projeten.

An dat gëtt geleescht vun am Moment 6 Beroder, mee am Dezember wäerte mer op 9 sinn an nach 3 externer. Dat heescht, et sinn eigentlech 12 Leit bei der Klima-Agence, déi déi Hotline maachen an awer och dann déi eenzel Berodung, wou se heemginn, fir eng éischt Berodung ze maache bei engem komplexe Projet wéi enger Renovatioun.

Déi Moyenneszäit, fir e Rendez-vous ze kréie fir doheem, ass sechs Wochen. An d'Toptheemen am Moment si wierklech Gas a Masutt, eraus aus de fossillen Energien eriwwer op erneierbarer, Photovoltaik. Déi zwee si 34 %, 33 % an d'Renovatioun ass bei 20 %.

An dann, dat ass wierklech, dat ass eigentlech just nëmmen den Entrygate, dat ass den Ufank vun der Berodung. An dann do hannendru si 70 mëttlerweil zertifizéiert Energieberoder. Déi ginn an der Reegel op den Terrain an déi beroden d'Leit virun allem bei de Renovatiounen.

An dann – an dat ass en Novum –: Mir hu mëttlerweil och eng Formatioun ugefaange vun zertifizéierten Handwierker. Déi gi weidergebilt op déi ganz Klimabonusaiden. An et ass mëttlerweil esou, wann ech en einfache Projet hunn, wéi eng Fënster ersetzen, eng Gasheizung ersetzen, eng Masuttheizung ersetzen, dat kann den Handwierker aleng maachen an du brauchs eigentlech keen Energieberoder.

A mir hu jo Honnerte vun Handwierker. Dat heescht, d'Klima-Agence als Entrée, wou den éischte Kontakt gemaach gëtt, déi éischt Informatiounen, 70 spezialiséiert Leit, déi mussen eng Prüfung maachen an noweisen, datt se e gewëssenen Niveau vun Knowhow hunn, Energieberoder.

*(Interruption par la présidence)*

An da si mer elo amgaang, déi Handwierker ze zertifizéieren, fir dass de bürokrateschen Opwand hannendru vum Ausfëlle vun de Formulairë fir d'Demanden, dass deen nach vu méi Leit ka gemaach ginn, ...

*(Interruption par la présidence)*

... wéi just vun deene 70 Energieberoder. Vun dohier ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Turmes, Dir musst zum Schluss kommen!

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Ech war och esou wäit um Schluss.

*(Hilarité)*

A vun dohier hu mer e gudde System, a Merci nach eng Kéier fir d'Nofro.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Energieminister Claude Turmes.

Da komme mer elo un d'Fro Nummer 352 vun der Madamm Carole Hartmann un d'Madamm Gesondheetsministesch iwwert d'Opmaache vun engem Gebuertszenter zu Bartreng. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

## – Question n° 352 du 18 octobre 2022 de Mme Carole Hartmann relative à l'ouverture d'un centre de naissance à Bertrange, adressée à Mme la Ministre de la Santé

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. Madamm Minister, an deene leschte Méint ass d'Iddi vun engem Gebuertshaus hei zu Lëtzebuerg verstäerkt an de Fokus geréckelt.

Am Kader vun enger Question élargie, déi ech Iech de 26. Abrëll gestallt hat, waart Dir nach éischter zréckhalend, wat d'Installatioun vun engem Gebuertshaus zu Lëtzebuerg ugeet, notamment mam Argument, dass d'Sécherheet vun de Fraen zu all Moment misst kënne garantéiert ginn. A spéideren Interventiounen huet dat sech awer scho méi positiv unhéieren.

Elo ass mir zu Ouere komm, datt zu Bartreng eng Gebuertspraxis opgaangen ass, déi vun e puer Hiewane geleet gëtt an nom Prinzipp vun engem Gebuertshaus fonctionéiert. Well dat elo en neie Moment ass, deen de Fraen eng weider Optioun gëtt, wou si wëllen a kënnen accouchéieren, wollt ech der Madamm Minister follgend Froe stellen.

Als Éischt: Wat ass Är Positioun zur Initiativ vun dësen Hiewanen? Zanter dem 1. Februar 2022 ginn d'Hausgebuerten hei am Land jo rembourséiert an d'Hiewane kënne reng theoreetesch och an hirer eegener Praxis eng Gebuert suivéieren. Falen dann d'Gebuerten an der neier Gebuertspraxis ënnert déi nei Nomenclature a kréien déi concernéiert Fraen d'Fraise vun der Gebuert an der Gebuertspraxis rembourséiert? Wat beinhalt dëse Remboursement?

An de Maternitéë ginn d'Gebuerte mindestens vun engem Gynekolog an enger Hiewan encadréiert. Bei Gebuerten doheem oder an enger Hiewanspraxis gëtt a priori just den Asaz vun enger Hiewan vun der CNS rembourséiert. Kënnt Dir bestätegen, dass eng zweet Hiewan aus eegener Täsch bezuelt muss ginn? A gëtt et Iwwerleeungen, dass bei extrahospitalièrë Gebuerten och eng zweet Hiewan vun der CNS rembourséiert gëtt?

A wéi stitt Dir, Madamm Minister, zu der Fuerderung vu weideren Tariffer, déi och en Deel Betribskäschte géife couvréiere respektiv Astreinten, déi Hiewane maachen?

Ech soen Iech Merci fir d'Äntwerten.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Hartmann. D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Merci fir dës Fro. Dat ass en Theema, dat effektiv staark am Fokus steet iwwert déi lescht sechs Méint. Ech géif och gären direkt op eng ganz interessant Question parlementaire vun der Madamm Adehm verweisen, déi iwwert de Summer komm war, wou justement och dee leschten Aspekt vun Ärer Fro beliicht gi war vun eiser Säit. Do kann een dat gutt noliesen.

Virop Är Fro: Mir hu keng Kenntnis vun deem Gebuertshaus, dat Der uschwätzt. Ech hunn dat an där kuerzer Zäit, déi ech hat, säit déi Fro de spéide Moien erakomm ass bis elo, iwwer Telefon verifiéiere gelooss. Also, weeder d'Societéit vun de Gynekologen nach d'Societéit vun den Hiewammen huet Kenntnis vun dësem Haus. Mir wäerten där Saach awer nogoen.

Ech géif gären drun erënneren, wéi dat och schonn oft preziséiert ginn ass, dass et de Wonsch vun dësem Haus war, 2018 am Gesetz iwwert d'Spideeler, d'Obstetrique de Spideeler virzebehalen. Et ass och an den Attributioune vun den Hiewamme just eng Gebuert bei der Persoun, déi accouchéiert, doheem virgesinn. Mee de Service vun engem Gebuertshaus huet nach kee Cadre légal. Dat ass d'ailleurs och déi Vue, déi d'Societéit vun den Hiewammen, déi mer just kuerz telefonesch elo konnten iwwert d'Mëttegstonn erreechen, vertrëtt.

Et brauch also do natierlech eng Reform vum Cadre légal, op där mer schaffen. Ech géif och gäre preziséieren, dass meng Suerg fir d'Fra an hir Sécherheet absolutt net ofgeholl huet. Dat ass dat, wat mech dreift. Dat ass och dat, wat déi eenzel Echangen, déi ech an der Lescht eeben hunn, mat Persounen, déi d'Intentioun hunn, e Gebuertshaus jo ze maachen ... Do hate mer schonn éischt Echangen. Och deenen ass d'Sécherheet extreem wichteg an och d'Zesummenaarbecht mat de Spideeler.

Et muss een ëmmer wëssen, dass an engem Noutfall, dee kee sech wënscht, mee deen et awer nun eeben emol statistesch gëtt, e ganz enkt Zesummespill muss sinn tëschent dem Transport an d'Spidol, der Interventioun vum Gynekolog, dem Anästhesist sur place an anere Corps-de-métieren, wou dat dann eng ganz Chaîne de prise en charge gëtt, soudass mer zu dësem Zäitpunkt och e breede Konsens hunn, dass dat nëmme kann an engem harmoneschen Zesummespill tëschent allen Acteure stattfannen, wou een och muss déi néideg Qualitéitsgarantien hunn.

Eng Fra, déi zu Lëtzebuerg accouchéiert, soll u sech rassuréiert sinn, dass se gutt opgeholl ass, dass alles en place ass, fir hir Sécherheet ze assuréieren.

Wéi gesot, mir hu vun deem dote Gebuertshaus keng Kenntnis. Wann dat sollt fonctionéieren, entsprécht et net deem, wat d'Gesetzer zu dësem Zäitpunkt virgesinn, engersäits d'Spidolsgesetz vun 2018, wou d'Obstetrique eeben, also e Service vun der Obstetrique, vum Gebären, de Spideeler virbehalen ass, an anerersäits déi aktuell Attributioune vun der Hiewamm, wou et just eng Gebuert doheem gëtt.

An der Nomenclature ass dat méi breet gefaasst, mee d'Nomenclature setzt awer net d'Attributiounen ausser Kraaft, déi jo och reegelméisseg iwwerschafft ginn.

Wann do eppes leeft, wat net gesetzeskonform ass, da musse mer alleguerten, Dir esou gutt wéi mir och, natierlech intervenéieren. Mir wäerte weider duerfir suergen ..., wann Dir eng Adress hutt, ech mengen, dann ass et och Är Flicht dat weiderzeginn un déi néideg Instanzen, fir dass mer dat kënne kontrolléieren.

Mir gi reegelméisseg ... net reegelméisseg, et ass awer scho virkomm, dass mer op esou Saachen opmierksam gemaach gi sinn. Deem gi mer natierlech no mat eisen Officiers de police judiciaire fir festzestellen, falls eppes gesetzeswiddreg wär, wat am Moment um Terrain leeft.

Voilà. Fir de Rescht lafen eis Gespréicher. Ech hat schonn e puermol elo d'Geleeënheet, hei iwwert d'Aktualitéit opzeklären. Mir hu Gespréicher engersäits natierlech mat enger ASBL Gebuertshaus, déi dat hei zu Lëtzebuerg envisagéiert. Doropshin hu mer Gespréicher enclenchéiert mat der Societéit vun de Gynekologen an och mat der Societéit vun den Hiewammen. Dat huet missen ausgesat ginn, well en aussergewéinleche Regierungsrot dertëschent komm war. Mee dat steet un op menger Agenda, déi Aarbechte lafen.

Ech kann nëmme betounen, dass jiddwereen d'Suerg huet – also op alle Fall vun allem, wat ech bis elo héieren hunn, ass jiddwereen drëms besuergt –, dass hei déi néideg Qualitéitskrittäre sollen en place gesat ginn an dass, wann een dat dote mécht, een e Kader dofir brauch, deen iwwert d'Gesetz soll geschafe ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

Mir kommen elo un d'Fro Nummer 353 vum Här Fred Keup un de Minister fir bannenzeg Sécherheet iwwert den neien Organigramm vun der Police. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

## – Question n° 353 du 18 octobre 2022 de M. Fred Keup relative au nouvel organigramme de la Police grand-ducale, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, et geet ëm den Organigramm bei der Police an déi sougenannte PARPen (ndlr: Postes à responsabilités particulières).

Schonn 2018 hat den deemolege Minister Étienne Schneider en Organigramm an och d'Lëscht vun de PARP-Posten an der Police per Arrêté ministériel approuvéiert. Elo kierzlech hutt Dir, Här Minister, en neien Organigramm arrêtéiert, allerdéngs ouni den Ausgang vum Litige, deen amgaangen ass, ofzewaarden.

Duerfir meng Froen: Aus wéi enge Grënn huet den Här Minister net gewaart, bis de Litige ofgeschloss ass? An déi zweet Fro: Huet den Här Minister awer wëlles, d'Resultater vun der Mediatioun, déi dann elo ugeet, déi amgaangen ass, ze berécksiichtegen, fir eventuell en neien Organigramm ze arrêtéiere respektiv dann d'Resultater vun der Mediatioun an den Organigramm afléissen ze loossen?

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Keup. Den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, den Här Henri Kox, huet d'Wuert.

**M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure | Här President, merci fir déi Fro. Den Organigramm vun der Police vum 24. August 2018 huet déi aktuell Opstellung vun der Police net méi reflektéiert an den Traitement vun der B1 och net berücksichtegt. Dofir hunn ech den 23. September en neien Organigramm ënnerschriwwen.

Just als Erënnerung: 2018 gouf et nach kee Beamten am Grad B1. Haut hu mer dogéint 1.221 Polizistinnen a Polizisten am Grad B1. Duerch den neien Organigramm kommen 185 Polizisten, déi am B1 sinn, zu enger Majoration d'échelon, wat ech dann och domadder gemaach hunn.

D'Approbatioun vum Organigramm ass an der Police positiv opgeholl gi bis elo. An ech mengen, dat war och de leschte Stand, et hu 15 Persounen nogefrot an nach zousätzlech Informatiounen dozou gefrot.

Dee Litige tëschent der SNPGL an der Regierung ass den 23. November 2021 an eng Conciliatioun gaang. Am Ganze gouf et fënnef Reuniounen an de 5. Oktober, nodeems déi Conciliatioun gescheitert ass, huet den SNPGL nach eng Kéier eng Mediatioun gefrot.

Et sief awer bemierkt – an dofir hunn ech d'Decisioun geholl –, dass weeder d'Conciliatiounsprozedur nach d'Mediatioun en Effet suspensif hunn op d'Decisioun vum Minister. An de Minister huet eebe grad ofgewaart, ob net awer nach eng Solutioun sollt fonnt ginn. Dofir hunn ech den 23. September 2022 d'Decisioun geholl, fir deenen 100, mëttlerweil 185, Polizisten, déi scho laang op hir Majoratioun gewaart hunn, Satisfaktioun ze ginn.

Déi éischt Reunioun vun der Mediatioun ass de 27. Oktober, dat heescht, nächsten Donneschden. Also leeft d'Prozedur an enger normaler Diskussioun weider a mir waarden op dat Resultat.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Här Henri Kox.

Mir kommen elo un d'Fro Nummer 354 vum Här Dan Biancalana un d'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun iwwert d'Verstäerkung u Personal an den Offices sociaux. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

## – Question n° 354 du 18 octobre 2022 de M. Dan Biancalana relative au renforcement du personnel des offices sociaux, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. D'Covidkris, d'Energiekris, d'Inflatioun an déi héich Wunnengspräisser maachen, dass ëmmer méi Leit Schwieregkeeten hunn, d'Enner beieneenzekréien.

Well d'Offices sociaux an deem Kontext ëmmer méi gefuerdert sinn a riskéieren, iwwerlaf ze ginn, huet d'Regierung virun enger Woch ugekënnegt, dass de Personalschlëssel vun den Offices sociaux géif ëm 50 % eropgesat ginn. Dës Nouvellë goufe generell begréisst an et ass wichteg a richteg, dass déi sozial Hëllef grad am aktuelle Kontext gestäerkt gëtt, fir de Leit esou gutt wéi méiglech kënnen och ze hëllefen.

Dobäi gëtt et allerdéngs e klenge Bemoll, dee rezent an der Press vun de Professionellen aus dem Secteur beschriwwe gouf, nämlech, dass et, esou wéi et ausgesäit, schwéier wäert ginn, dat Personal ze rekrutéieren.

Als Gréisstenuerdnung: Aktuell schaffen, an et gouf virdru scho gesot, eisen Informatiounen no 150 Leit an den 30 Offices sociaux uechtert d'Land. Schonn am Moment ass et anscheinend net ëmmer einfach, Personal ze fannen a mir schwätzen elo vun enger ronn 75 zousätzleche Sozialaarbechter, déi missten an nächster Zäit rekrutéiert ginn.

An deem Kontext wollt ech d'Madamm Ministesch froen, ob si au courant ass iwwert d'Schwieregkeete vun den Offices sociaux, fir Sozialaarbechterinnen a Sozialaarbechter ze rekrutéieren. Wéi wéilt si virgoen, fir dëst Personal anzestellen? Respektiv wéi eng Moyene wëllt se un den Dag leeën, fir deem Problem entgéintzewierken? A wat sinn och vläicht d'Grënn vun dëse Rekrutementsproblemer?

Huet dëse Problem vläicht och mat der Belaaschtung ze dinn, déi d'Aarbecht an deem Beräich effektiv mat sech bréngt?

An zu gudder Lescht wollt ech wëssen, ob si och vläicht Réckmeldungen huet vun hiren Homologinnen an Homologen aus dem Ausland, vläicht aus Däitschland, Frankräich oder der Belsch, ob si änlech Schwieregkeeten hunn am Rekrutement vu Personal am Beräich vun der Sozialhëllef.

Ech soen Iech Merci fir d'Äntwerten.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Biancalana. D'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun, d'Madamm Corinne Cahen, huet d'Wuert.

**Mme Corinne Cahen,** Ministre de la Famille et de l'Intégration | Villmools merci dem Här Biancalana fir déi Fro. Ech knäppen dann do un, wou ech elo d'éinescht opgehalen hunn, wou ech der honorabeler Deputéierter Djuna Bernard geäntwert hunn. Et ass esou, dass d'Dossieren effektiv ëmmer méi komplex ginn, och an den Office-sociallen, well d'Leit mat multipele Problemer kommen an net nëmme mat engem, an dofir brauchen déi Sozialaarbechter Zäit, fir sech ëm se ze këmmeren. An ech mengen, mir wëssen alleguerten: Een, deen op eng Schoul geet, fir Assistant social ze ginn, dee wëllt de Leit och hëllefen, dee wëllt sech kënnen déi néideg Zäit huelen, fir de Leit ze hëllefen, dee wëllt kënnen en Accompagnement maachen, deen deem Numm och wierklech gerecht gëtt.

A mir hunn am Fong vum Terrain ëmmer méi d'Réckmeldung kritt vu verschiddenen Office-sociallen – ech wëll dat direkt preziséieren, net vun allen Office-sociallen, mee vu verschiddenen –, dass de Personalschlëssel, wéi en am Gesetz vum 18. Dezember 2009 virgesinn ass iwwert d'Aide sociale, eeben net duergeet.

An dofir sinn ech immens frou, dass mer konnten dee Personalschlëssel ëm bis zu 50 % erhéijen. Bis zu 50 %, soen ech och ganz kloer, well dat ass jo keng Mussesaach! Dat ass de Maximum, deen am Gesetz virgesinn ass. 50 % gi souwisou vum Staat gedroen an déi aner 50 % vun de Gemengen. Dat heescht, si leeën och nach eng Kéier 50 % bäi.

An dofir wësse mer och ganz kloer all zesummen, dass do just wäerten déi Leit rekrutéiert ginn, déi gebraucht ginn. Dat heescht, déi Maximalzuel, déi Dir genannt hutt, ech hunn hei d'Maximalzuel fir de sozialen Encadrement: Wa wierklech alles géif ausgereizt ginn, da wären dat 53,78 ETPe méi, wat d'Sozialaarbecht ugeet, a 26,89, wat dat administratiivt Personal ugeet.

Et sinn awer allerdéngs éischtens emol Gemengen, déi dat net brauchen, oder Office-sociallen, déi net méi Personal brauchen. Anerer brauche méi Personal. Et gëtt och Leit, déi zum Beispill an engem CDD schaffen an engem Office social, et kéint jo emol sinn, dass déi dann e CDI kréien. An da muss ee jo soen: Mir hunn dat elo an de Projet de budget geschriwwen. Dir musst fir d'éischt dee Budget emol stëmmen. A wann deen da gestëmmt ass, da wäerte jo do net op den 1. Januar esou vill Leit engagéiert ginn!

Mee dat wäert iwwer Méint, voire iwwer Joren natierlech e Prozess sinn, wou mir einfach wëllen den Office-sociallen dee Sputt ginn, dee si brauchen, fir kënnen dat néidegt Personal ze rekrutéieren, fir kënne mat de Leit ze schaffen, fir sech kënnen Zäit ze huele fir d'Leit, fir och d'Dossieren anstänneg kënnen ze traitéieren, well eeben, wéi ech am Ufank gesot hunn, d'Aarbecht och ëmmer méi komplex gëtt. Et gëtt vill Hëllefen, wéi ech elo d'éinescht gesot hunn, mee et gëtt awer och ëmmer méi komplex Situatiounen, wat d'Leit ubelaangt. An do mussen déi einfach kënnen Zäit hunn. A fir kënnen Zäit ze hunn a fir d'Leit alleguer kënnen anstänneg ze zerwéieren, brauch een dann einfach méi Personal.

Wat elo d'Personal ugeet, hunn ech elo näischt aus dem Ausland direkt héieren, wat d'Sozialaarbechter ugeet. Allerdéngs hu mer nach gëschter Moien an der Familljekommissioun an der Chamber doriwwer geschwat, dass elo an all Secteur, oder a ganz ville Secteuren, ganz vill Schwieregkeete sinn, fir Leit ze rekrutéieren. Dat ass net nëmmen an den Office-sociallen esou.

Ech hu bis elo an den Office-sociallen och nach keng esou Réckmeldunge kritt, well finalement, wann een Assistant social ass, dann ass dat warscheinlech déi Plaz, wou een och wierklech wëllt schaffen. Dat ass genau déi Aarbecht, déi ee wëllt maachen. Mee ech mengen, dass am Allgemenge Plazen hei zu Lëtzebuerg fräi sinn a ville Beräicher, och vun Assistant-sociallen, där iwwerall gesicht ginn, net nëmmen an den Office-sociallen, mee och op ganz anere Plazen.

An do, mengen ech, ass et ëmmer en Appell un déi Jonk: Wa se dat wëlle maachen, solle mer se wierklech ënnerstëtzen, fir an d'Sozialaarbecht ze goen. Dat ass eng ganz flott Aufgab. Dat ass ganz divers. Et langweilt ee sech ni. Et ass all Dag aneschters an ech mengen, dass dat wierklech e ganz, ganz schéine Beruff ass.

An ech maache mer elo net ze vill Gedanken oder Suergen, dass do d'Personal net géif fonnt ginn. Well, wéi gesot, op den 1. Januar gëtt jo do net ganz vill agestallt. Mee eeben, wéi gesot, au fur et à mesure, wéi d'Leit gebraucht ginn, ginn déi Posten dann dee Moment ausgeschriwwen. An, wéi gesot, et sinn der och doruechter a CDDen, soudass awer hoffentlech nach e bësselche Sputt do ass.

Voilà. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

Mir kommen dann elo un d'Fro Nummer 355 vum Här Léon Gloden un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet iwwert d'Hausse vun der Kriminalitéit. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

### – Question n° 355 du 18 octobre 2022 de M. Léon Gloden relative à la montée de la criminalité au Luxembourg, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. De 17. dëses Mounts véier Meldungen op RTL: „Zwou Persounen zu Nidderkuer erschoss – Presuméierten Täter festgehollt", „Sträit op der Aire de Berchem – Schosswaff am Auto fonnt", „D'Police sicht Zeien no Messerugrëff zu Bierchem", „Persoun mat Messer an d'Bee gepickt". Op RTL konnt ee liesen: „Poliziste si komplett um Enn – Sécherheet vun de Bierger steet um Spill."

Op der AG gëschter vun dem SNPGL ass gesot ginn, datt d'Police vun der Politik am Stach gelooss gëtt. Ech kann elo net op all d'eenzel Punkten hei an der Froestonn agoen, mee Fakt ass, datt d'Kriminalitéit zouhëlt, kloer ass, datt de Platzverweis, esou wéi d'Regierung en hei stëmme gelooss huet, keng Léisung ass ...

*(Interruption par M. François Benoy)*

... – dat huet eppes domadder ze dinn, Här Benoy – an datt d'Police muss Moyene kréien.

D'Policebeamte mussen Iwwerstonnen drummen, fir datt se iwwerhaapt deels der Aarbecht nokommen. Den Här Benoy schéngt hei ganz onroueg ze si fir d'Stad Lëtzebuerg.

*(Brouhaha)*

Duerfir ... Dobäi kënnt nach, datt rezent eng Rei Urteeler d'Policebeamten an hirer Aarbecht veronsécheren. Duerfir meng konkreet Froen, Här Minister:

Wéi gesitt Dir dës Entwécklung? Wéi gesitt Dir an Zukunft d'Responsabilitéit vun de Policebeamten am Kader vun hiren Aktiounen am Beruff? A sidd Der gewëllt, do Ännerunge virzehuelen?

Merci fir d'Äntwert.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Gloden. Den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, den Här Henri Kox, huet d'Wuert.

**M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure | Här President, Här Gloden, merci fir d'Fro. Dat gëtt mer e bëssen d'Geleeënheet, iwwert d'Struktur vun der Police ze schwätzen an d'Ënnerstëtzung, déi dës Regierung der Police zur Verfügung gestallt huet wéi nach ni gesinn.

Fir d'éischt wëll ech soen, dass mer keen Amalgamm däerfe maache vu verschiddene Faiten, déi dobausse sinn. Dee Schosswiessel gëschter – oder dee Schoss gëschter –, ass deplorabel an all Doudegen, deen duerch e Gewaltakt entsteet, ass een ze vill. An dofir gëtt d'Police mat deenen néidege Moyenen ausgestatt, Moyenen, déi scho laang hätte misse bei der Police ukomm sinn. An ech kucken net op eng Säit an ech ziele just, wat dës Regierung gemaach huet.

Dës Regierung huet nach ni esou e Rekrutement gemaach, wéi et de Moment amgaangen ass. Haut de Moie war eng Pressekonferenz, wou eng drëtt Rekrutementswell gestart ginn ass, nämlech vu 600 Effektiver netto, Polizisten, déi mer scho laang gebraucht hätten, fir dobaussen ze sinn.

Mir reforméieren, mir investéieren a moderniséieren, mir reforméieren eng ganz Rei vu Gesetzer. Jo, den Equiliber tëschent deem enge senge Fräiheeten an deem anere senge Beweegungsfräiheeten ass e ganz wichtege Krittär an eisem Rechtsstaat, an ech sinn derfir, dass dat och esou bleift.

D'Police ass net do, fir d'Aarmut ze bekämpfen. D'Police ass och net do, fir Leit anzespären, déi Sansabrie sinn. D'Police ass do, fir Recht an Uerdnung an dem ëffentleche Raum ze garantéieren, an dat maache se mat där néideger Ënnerstëtzung, déi mir hinnen zur Verfügung stellen.

Ee vun de Krittären, dee ganz wichteg ass, dat ass dee vun der Responsabilité partagée. D'Police ass net do, fir all Misär an eiser Gesellschaft kënnen ze léise mat just Repressioun.

An hirem Gesetz, dem Artikel 2 vum Policegesetz 2018, steet ganz kloer: „proaktiv an och preventiv schaffen". An déi Preventioun kann nëmmen zesummegoe mat de Gemengen. An dofir, eng ganz Rei vu Gemengen hu sech deem ugeschloss, fir de Plan local de sécurité kënnen ze maachen. Just zesumme kënne mer dat Vertraue vis-à-vis vun der Bevëlkerung erreechen. An et ass net, dass mer hei en Amalgamm vu verschiddene Faiten dobausse maachen, wou dat geet.

Ech weess net, wou déi Berodung fir Är Informatioun hei oder all d'Informatiounen hirkoum, mir kënnt zu Oueren, dass vläicht en Engagement an enger Partei bevirsteet. Dat wär jiddefalls eppes, wat ech géif deploréieren.

*(Interruption)*

Jiddefalls, d'Police ass nach ni vun enger Regierung esou ënnerstëtzt gi wéi dës Kéier an dëser Koalitioun, souwuel wat d'Personal ugeet, souwuel wat d'Moderniséierung ugeet wéi och d'Infraktiounen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President, ech wéilt vum Här Minister ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Parole après-ministre gëtt et net hei.

*(Brouhaha)*

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, da soen ech, ech wéilt vun dem Policeminister wëssen, wéinst Fait personnel ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Den Här Roth huet d'Wuert, kuerz.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo. Den Här Minister huet hei eng Allusioun gemaach vun Engagementer an enger Partei. Ech hätt gären, dass e „Ross und Reiter" nennt.

*(Brouhaha)*

**Une voix** | Wat huet dat mat där Fro hei ze dinn?

*(Brouhaha)*

**Une autre voix** | Dat do geet net!

**M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure | Wéi eng Fro hutt Dir dann? Ganz kloer, ech ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ben, ech hunn déi Fro: Dir hutt hei gesot, „en Engagement an enger Partei", an Dir kuckt op dës Säit. An da stellen ech Iech d'Fro: „Man nenne Ross und Reiter!"

**Mme Martine Hansen** (CSV) | An dat als Äntwert op eng konkreet Fro, déi mer haten!

*(Interruption)*

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, Dir sollt Iech ëm d'Kriminalitéit bekëmmeren hei am Land.

**M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure | Dat maachen ech mat voller Energie. An d'Police ass nach ni esou ënnerstëtzt gi wéi de Moment, ...

*(Brouhaha)*

... souwuel wat d'Personal ubelaangt wéi wat hir Moderniséierung ubelaangt a wat d'Infraktiounen ubelaangt.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Also, Här President, ech stelle fest, dass et eng Insinuatioun ass an dass den Här Polizeiminister hei net „Ross und Reiter" kann nennen!

**Une voix** | Wou ass hei de Fait personnel?

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci. D'Chamber hëlt Akt dovunner.

*(Brouhaha)*

Domadder si mer um Enn vun der Froestonn ukomm.

## 5. Question élargie n° 160 de M. André Bauler au sujet des zones d'activités économiques

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 160 vum Här André Bauler iwwert d'Aktivitéitszonen. Den Auteur huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro ze stellen an no der Äntwert vun dem Här Minister eventuell eng Zousazfro. Der Regierung stinn zéng Minutten zou.

*(Brouhaha)*

**Une voix** | Dat do hate mer nach net!

**M. Fernand Etgen,** Président | Mir haten dat dote scho ganz dacks. U sech si mer um Schluss vun enger Trame, Här Benoy, an eng Stonn ass eng Stonn, a mir hunn elo eng Stonn an aacht Minutte Froestonn gehat, fir eebe genau dat ze respektéieren, wat mer am Ufank vun dëser Sessioun an der Conférence des Présidents eestëmmeg festgehalen haten. An domadder huet elo den Här Bauler d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. An der Covid-19-Kris ass et méi wéi eemol gesot ginn: Mir mussen eis Industrie weider diversifizéieren a strateegesch wichteg Aktivitéiten, déi viru Joren ausgelagert goufen, wéinstens zu engem Deel nees an Europa zréckhuelen. Denke mer zum Beispill un d'Produktioun vu Medikamenter.

D'Lëtzebuerger Industrie ass vun der Erschléissung vun nationalen a regionale wirtschaftlechen Aktivitéitszonen ofhängeg. Méi a méi Firmen hunn et awer schwéier, fir entspriechend Terrainen ze fannen, ze kréien, fir nei Aktivitéitszonen bezéiungsweis nei Produktiounsaktivitéiten ze installéieren an déi bestoend ze erweideren. Dobäi brauchen d'Betriber an d'Leit, déi an hinne schaffen, Planungssécherheet. Si brauche Perspektiven.

An dofir wollt ech follgend Froen a menger erweiderter Fro un den Här Wirtschaftsminister stellen:

Wat ass am Moment d'Capacité d'accueil, vläicht an Hektar ausgedréckt, an de verschiddenen Aktivitéitszonen, déi am Land verfügbar sinn?

Wéi vill där Zone si momentan nach an der Planung, sollen ausgebaut oder moderniséiert ginn?

Wéi vill Aarbechtsplaze gëtt et am Abléck an deene verschiddenen Zonen? A wéi vill kéinten Der nach derbäikommen, wann eebe kann ausgebaut ginn?

Wat sinn dann och déi courant Grënn, déi erklären, firwat et zu Retarden an der Realisatioun vun esou Aktivitéitszonen oder Firmegebaier an Aktivitéitszone kënnt?

An zu gudder Lescht wollt ech froen: Wat sinn d'Strategien, déi Äre Ministère aktuell an zukünfteg an der nationaler Industriepolitik verfollegt, dat fir déi energeetesch, déi ekologesch an och déi digital, déi numeresch Transitioun ze vollzéien? Wat hunn also do déi rezent Prospektiounsreesen an d'Ausland konkreet bruecht?

Dat gefrot an dat gesot, soen ech Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Bauler. Den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot huet d'Wuert.

**M. Franz Fayot,** Ministre de l'Économie | Här President, léif Deputéiert, och nach merci dem André Bauler fir dës Question élargie. Et ass eng Fro, déi ganz gutt an d'Aktualitéit vun dëser Woch passt, well mer dëse Freiden zesummen d'Erweiderung vun der regionaler Zon zu Ëlwe wäerte maachen. An do ass et an deem Kontext natierlech esou, dass déi national a regional Aktivitéitszonen evidemment, an Dir hutt dat gesot, Här Bauler, weiderhin eng ganz wichteg Roll spillen an der nationaler Entwécklung an och an der Diversifikatiounspolitik vun eiser Wirtschaft, primairement fir industriell a fir handwierklech Aktivitéiten, dat doduerch bedéngt, datt déi Aktivitéite ganz spezifesch Besoinen hunn, wat d'Infrastrukturen ugeet an och, wat d'Gréisst vun den Terrainen ugeet.

De Plan sectoriel „zones d'activités économiques" gesäit eng Surface vun am Ganze 420 Hektar vir. Dat ass eng Surface, déi reservéiert ass fir zousätzlech national a regional Zonen, entweeder fir nei Zonen ze entwéckelen oder fir bestoend Zonen ze erweideren.

Dat sinn awer, wéi gesot, just reservéiert Terrainen, ausgewisen Terrainen. Deemno mussen d'Gemengen och nach gewëllt sinn, déi Flächen an hire PAG ze iwwerhuelen. An do si mer dann natierlech tributär als Wirtschaftsministère, dass d'Gemengen dat och maachen. Mir sinn do a ganz enkem Kontakt mat de betraffene Gemengen, awer och mat de Syndikater, déi responsabel si fir d'Ëmsetzung vu regionalen Zonen. Dat sinn ëmmer konstruktiv Diskussiounen. Mee dat ass um Terrain net ëmmer einfach, well engersäits déi Terrainen net ëmmer disponibel sinn, well et och Terraine sinn, wou de Proprietär net ëmmer wëllt verkafen. D'Gemenge sinn a munche Fäll scho Proprietär vun enger ganzer Rei vun deenen Terrainen, an anere Fäll awer net. Dat heescht, dat si ganz divers Situatiounen, déi mer do virfannen. Mee, wéi gesot, de Wëllen ass awer ganz kloer, fir dee PSZAE esou wäit wéi méiglech auszeschëpfen an och weiderhin nei Aktivitéitszonen do ze erschléissen.

Dann déi éischt Fro, déi Der stellt, dat ass: Wat ass elo d'Capacité d'accueil an Hektaren, déi elo nach disponibel sinn an deene verschiddenen Zone-d'activitéen am Land? Mir kucken do, wat déi Capacitéiten ugeet, souwuel déi Flächen, déi mer selwer nach disponibel hunn an den nationalen Zonen, an anerersäits awer och op d'Donnéeën, déi d'Syndikater eis matdeelen.

Déi rezentst Bestandsopnam, déi gemaach ginn ass fir déi national Zonen, ass vum Mäerz 2022, an do gesi mer, dass mer nach ronn 60 Hektar disponibel hunn. Dat ass e Chiffer, dee sech awer ka ganz schnell änneren, well mer a Kontakt sinn, konstant a Kontakt sinn, oder an Diskussiounen, mat interesséierten Investisseuren. A wann dann den Droit de superficie bis definitiv zougesprach ass, eréischt da gëllt den Terrain an där Zon als besat. Mee vun deene 60 Hektar sinn der elo awer eng ganz Rei och an der Diskussioun, wou mer relativ fortgeschratt si mat verschiddene Projeten. Bei verschiddenen ass dat méi wäit avancéiert, bei anere läit dat zum Deel op Äis wéinst verschiddene Facteuren. Dat huet natierlech och ëmmer mat deene Prozeduren ze dinn, déi do lafen, fir esou Projeten ze realiséieren.

Da sinn och nach zum Deel Prozeduren amgaangen, fir dass wierklech och op deenen Terraine ka gebaut ginn, wéi zum Beispill e Plan d'aménagement particulier, PAP, Kompenséierungsmesuren, déi ze maache sinn, Baachen, déi mussen ëmgeluecht ginn, Terrainen, déi mussen echangéiert ginn an esou weider. Dir kennt dat alles. Dat ass net ëmmer einfach an dat geet och net ëmmer esou schnell, wéi een dat gären hätt.

Wat déi regional Zonen ugeet, ass de Constat u sech genee dee selwechten, an d'Evolutioun par rapport zu der Disponibilitéit u Fläche variéiert hei och quasi permanent.

Laut dem Inventaire, dee mer mat de Syndikater am Januar dëst Joer gemaach hunn, si mer do bei ronn 27 Hektar un disponibele Flächen. Domadder kéime mer an den nationalen an de regionalen Zone cumuléiert op en Total vu ronn 90 Hektar, déi nach disponibel wieren, fir emol nei Betriber oder schonn anerwäerts bestoend Aktivitéiten opzehuelen.

Dann ass d'Fro, déi Der gestallt hutt, wivill där Zonen aktuell an der Prozedur sinn, fir nach nei geschaaft ze ginn oder fir vergréissert ze ginn oder reamenagéiert ze ginn. Do ass et esou, dass ee fir déi national a regional Zonen, déi aktuell an der Prozedur sinn, fir geschaaft, vergréissert oder reamenagéiert ze ginn, ka follgende Bilan maachen:

Bei deenen nationalen Aktivitéitszonen, déi ënnert dem Lead vum Wirtschaftsministère stinn, do sinn aktuell zwou Extensiounen an der Planung, wou d'Aarbechten awer nach net ugefaangen hunn. D'Prozedure sinn awer do allerdéngs zimmlech wäit avancéiert, soudass u sech viraussiichtlech d'nächst Joer Vergréisserunge kënne gemaach ginn. Dës Extensioune maachen insgesamt ronn 27 Hektar brutto aus an entspriechen de Flächen, wéi se och am PSZAE ausgewise sinn. Dat ass méi prezis eng Kéier d'Extensioun vun der Zone Wolser zu Beetebuerg an eng Kéier d'Extensioun vun der Zone Gadderscheier um Territoire vun der Gemeng Suessem. Dës zwou Extensioune viséieren allkéiers den Ausbau vun Aktivitéite vu Betriber, déi schonn an dësen Zone sinn.

Dann huet och d'Planung ugefaang vun engem neie Parc technologique an der nërdlecher Entrée vun Diddeleng mam Site Koibeschtrachen. Dat sinn 9,8 Hektar, déi och am PSZAE ausgewise sinn, an do wäert d'Erschléissung vun där Zon viraussiichtlech 2026 ufänken.

Wat déi regional Zonen ugeet, esou sinn aktuell fënnef Zonen an der Planung an engem ënnerschiddlech avancéierte Stadium. Insgesamt representéieren dës fënnef Zone ronn 63 Hektar u Bruttosurface, déi kënnen erschloss ginn. Dës fënnef Zone wäerte viraussiichtlech, wann all d'Terraine kënne kaaft ginn an d'Prozedure ganz ofgeschloss sinn, virun 2030 erschloss ginn.

E geneeën Echeancier ass hei allerdéngs schwéier méiglech, well, wéi gesot, ganz vill Contrainten an Inconnuë sinn um Niveau vum Kaf vun deenen Terrainen an de Prozeduren, déi nach do drunhänken.

Da wollt Der och wëssen, wéi vill Aarbechtsplazen duerch d'Erweiderung vu bestoenden oder duerch d'Schafe vun neien Zonen entstinn. Et ass ganz schwéier, ganz schwéier bis onméiglech, dat ze chifféieren. Dat hänkt vun enger ganzer Rei Facteuren of, éischtens vum Typ vun der Aktivitéitszon, an da vun der Zort vun den Aktivitéiten an den Entreprisen, déi sech do reell och néierloossen.

Klassescherweis hu mer et an de regionalen Zone mat enger méi héijer Dicht un Aarbechtsplazen ze di wéi an nationalen Zonen. Et hänkt och dervunner of, ob e Betrib zum Beispill säi Siège an där Zon huet oder eng ganz Rei vun aneren administrativen Aktivitéiten.

Wann an enger nationaler Zon e grousse Grupp zum Beispill och seng Quartiers généraux mat an d'Zon transferéiert, dann hu mer natierlech eng ganz aner Dicht vun Aarbechtsplazen, wéi wann do reng eng héich automatiséiert industriell Produktioun entsteet.

Dacks transferéieren och bestoend Betriber hir Aktivitéiten an Zonen, fir sech weider kënnen ze entwéckelen, well se aktuell op Plaze sinn, wou se net méi genuch Raimlechkeeten hunn oder well se einfach ze kleng sinn. Dann entstinn och do manner Aarbechtsplazen, wéi wann et da ganz nei Betriber sinn.

Eng Relokalisatioun bréngt effektiv och ëmmer kuerz-, mëttel- a laangfristeg nei Aarbechtsplaze mat sech, mee déi Entwécklung hänkt vu ville Facteuren of, déi och net ëmmer an der Hand vun de Betriber leien.

Voilà. Ech mengen, dat sinn ...

*(Interruption)*

Bon, Dir wollt och nach wëssen, wat déi verschidden Ursaache sinn, déi derzou féieren, dass d'Delaien, fir nei Zonen ze plangen an ze erschléissen, munchmol laangwiereg sinn, deelweis och, fir nei Produktiounslinnen ze

bauen. Ech mengen, grosso modo, wat mer gesinn, dat ass, dass an alle Gemengen, och an all deene regionalen Zonen an de Syndikater, iwwerall ganz vill Demandë sinn. Dat, mengen ech, kann ee queesch duerch d'Land esou resüméieren. Mee, wéi gesot, ganz oft hänkt et konkreet un der Acquisitioun vun deenen Terrainen. Sinn déi disponibel? Oft gesi mer, haaptsächlech am ländleche Raum, dass dat oft Terraine sinn, wou nach Bauere sinn, déi dann net wëlle verkafen, wat natierlech och ganz justifiéiert ass, an dass et en fait eng Diskrepanz gëtt engersäits zwëschent de Besoinen an anerersäits der Rapiditéit vun de Prozeduren. Dat huet och mat eise Prozeduren ze dinn, Ëmweltprozeduren, déi heiansdo laang daueren, mee huet awer och aner Grënn, voilà, déi jiddwereen novollzéie kann, mee déi einfach mat sech bréngen, datt dat alles laang dauert.

Op alle Fall kënnt der sécher sinn, dass de Wirtschaftsministère dat weiderféiert. Mir hunn och nach nei Infrastrukturen, déi mer elo entwéckelen, de Space Campus, wéi gesot, de Parc technologique an eng Rei aner Projeten, de Campus HE:AL, de Santéscampus, dee mer maachen. Alles dat si Projeten, wou och nei Betriber kommen. Mee donieft schaffe mer, wéi gesot, mat ganz vill Determinatioun drun, déi Zonen do ze erschléissen.

Eng lescht Saach, wat Der gefrot hutt: Wat ass do nei an deenen Zonen? Majo, wat nei ass, an dat ass eppes, wat mer zesumme mam Aménagement du territoire maachen, dat ass, dass déi nei Aktivitéitszone vill méi circulaire ginn, dass vill méi zesummegeluecht gëtt um Niveau vun de Parkingen, um Niveau vun den Decheten, eng ganz Rei Fonctioune ginn zesummegeluecht, fir dass och méi Espace do ass fir d'Entreprisen an dass déi Saachen, déi kënne mutualiséiert ginn, dann och mutualiséiert ginn. Dat ass e Leitfaden, deen och deemnächst wäert presentéiert ginn a wou mer, wéi gesot, am Endeffekt méi Plaz wëlle schafe fir d'Entreprisen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

## 6. Question élargie n° 161 de M. André Bauler au sujet des problèmes en rapport avec les transports en commun

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 161 vum Här André Bauler iwwert d'Problemer am ëffentlechen Transport. An och hei sinn d'Spillreegelen déi selwecht, den Auteur huet fënnef Minutten an d'Regierung zéng Minutten. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Merci nach eemol, Här President. An deene leschte Wochen ass et zu séllege Korrespondenzproblemer am ëffentlechen Transport am Land komm, speziell eeben am Norden. Besonnesch de Schülertransport war betraff. Et ass natierlech dann net erstaunlech, datt dat fir vill Nervositéit bei Elteren a Schüler gesuergt huet a suergt, grad ewéi generell bei Leit, déi op den ëffentlechen Transport ugewise sinn, fir op d'Aarbecht oder an d'Schoul ze fueren.

Et wier also net vu Muttwëll, sech eng Method ze ginn, déi fir méi Stabilitéit, Kontinuitéit an, wann néideg, Flexibilitéit suergt. Besonnesch d'Awunner aus de Kantone Clierf a Wolz si betraff, zemol an der aktueller Situatioun, wou en Deel vun der Linn 10, notamment den Tunnel zu Kautebaach, dat wësst Der, gespaart ass an doduerch méi Zäit beim Deplacement gebraucht gëtt. Mee dat ass awer net déi eenzeg Ursaach, dat wëll ech och hei soen.

Ech krut sëllege Bréiwer aus dem Éislek, déi virun allem eeben op déi Korrespondenzproblemer hiweisen.

En Usager schreift mer, Zitat: „Zanter dem 12. September sinn Ersatzbusser tëscht Cliärref an Ettelbréck ënnerwee. Zu Ettelbréck soll een dann d'Méiglechkeet hunn, fir op den Zuch, dee vu Kautebaach erofkënnt, ëmzeklammen. De Moien awer ass eise Bus mat e puer Minutte Verspéidung komm. Do denkt ee sech jo, den Zuch géif op de Bus waarden, op d'mannst e puer Minutten. Mee nee, d'Leit aus deenen zwee Busser vu Cliärref konnten dem Zuch um Quai nowénken, well deen ass gefuer, wéi d'Leit op de Quai koumen." Zitatenn.

An en aneren Usager schreift, ech zitéieren: „De Ministère huet Reklamm gemaach, den RGTR-Reseau esou ugepasst ze hunn, datt een déi Linne benotze kann, fir an der bekannter Situatioun an d'Stad ze kommen. Esou ass d'Linn 140 ëmgeännert ginn, datt se elo d'Gare vu Wolz ufiert. Alles schéin a gutt. Een Dag hat den Zuch Kautebaach–Wolz zum Beispill e puer Minutte Verspéidung. Zu Wolz war de Bus Linn 140 awer fort gewiescht an huet net op d'Passagéier vun deem Zuch gewaart. Also stoung ech um 17.50 Auer eng Stonn do op den nächste Bus ze waarden." Zitatenn.

E Schüler vu Bënzelt brauch iwwer dräi Stonnen, fir an de Lycée op Dummeldeng ze kommen, aller-retour sinn dat bal sechs Stonnen den Dag.

Well all déi RGTR-Korrespondenzproblemer de Leit vill Suerge maachen, wollt ech dem Här Emile, dem Här Minister, pardon, net dem Här Emile Eicher, mee dem Här Minister follgend Froe stellen.

*(Brouhaha et hilarité)*

Ech mengen, do ass de Subconscient mat engem duerchgaang.

Firwat ass et an der Lescht ëmmer erëm zu spierbare Verspéidungen oder Ausfäll op der Eisebunnslinn 10 komm, besonnesch tëscht Ettelbréck a Lëtzebuerg?

Wéi vill Fäll sinn dem Här Minister bekannt, wou et de Moment nach Korrespondenzproblemer am Bustransport a bei de Verbindungen tëschent Bus an Zuch gëtt, besonnesch eeben am Schülertransport?

Wéi soll an Zukunft kënnen evitéiert ginn, datt et zu dëse Korrespondenzproblemer kënnt, besonnesch, wann eeben den Zuch- a Busplang geännert gëtt? Dat war jo elo erëm an der Lescht de Fall.

Wéi wëllt den Här Minister, zesumme mat den zouständege Verantwortlechen, an Zukunft generell d'Situatioun vun der Mobilitéit am Norden a speziell d'Repercussioune vun Ännerunge vum Bus- an Zuchhoraire op d'Mobilitéit besser am Bléck behalen? Wéi wëllt den Här Minister also derfir suergen, datt méi séier op eventuell Komplikatioune ka reagéiert ginn?

A wéi wëllt hien, zesumme mat den zouständege Verantwortlechen, den Dialog mat de Bierger an och besonnesch hei mat de Lycéeë verbesseren, fir de Schülertransport de spezifesche Bedürfnisser vun deene jonken Usageren unzepassen?

An zum Schluss wollt ech nach drunhänken: Ass virgesinn, fir de Bustransport am Norden nach eemol vläicht ganz op de Leescht ze huelen, fir datt en esou wierksam agesat gëtt, datt en effektiv de reelle Bedierfnesser vun de Leit aus der Regioun, besonnesch aus dem Éislek, entsprécht?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Bauler. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier a Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den Här François Bausch.

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. An och merci dem Här Bauler fir seng Froen.

Den ëffentlechen Transport zu Lëtzebuerg ass zënter enger Rei Joren an enger enormer Ëmbrochphas an d'ganzt Land ass am Fong e Chantier. An dat gëllt virun allem fir den Zuchreseau. Mir sinn amgaangen – ech wëll emol eng Kéier déi Zuelen och rappeléieren, fir dass ee sech dat virun Ae ka féieren –, 25 Garen am Land ëmzebauen an ze moderniséieren, 25 grouss Garen. A wann ech soen „ëmbauen a moderniséieren", dann heescht dat net nëmmen, d'Fassad frësch ze maachen a bannendran unzesträichen, mee dat heescht, och de Gleisbau ze veränneren, d'Gleiser ze vergréisseren.

Eleng d'Gare Lëtzebuerg ... wann et fäerdeg ass – elo Enn d'nächst Joer ass dee Chantier komplett fäerdeg –, dann huet d'Stad Lëtzebuerg eng Capacitéitssteigerung vu 35 % an der Gare, geschafft ënner lafendem Betrib, um Häerz vum Reseau vun der CFL, extreem komplizéiert.

Parallell dozou hu mer nach misse Bręcken a Stroossen nei maachen, wéi de Pont Büchler, well den Tram jo och nach gebaut ginn ass Richtung Houwald. Also e gigantesche Chantier aleng an der Gare Lëtzebuerg, deen natierlech och en Impakt huet op de ganzen Zuchreseau, well all d'Zich natierlech do iergendwou ukommen.

Dat nämmlecht geschitt op bal alle Strecken. Dir hutt op der Nordstreck nach ëmmer ganz vill Moderniséierungsaarbechten, déi am Lafe sinn. D'Gare Ettelbréck ass e Risechantier, bal 200 Milliounen Euro, dee voll am Lafen ass.

Dir hutt natierlech och a Richtung Süden e ganze Koup Chantieren. D'Gare Rodange, de Park & Ride, deen d'nächst Joer opgeet, bal 2.000 Plazen, wou an der Gare ëmgebaut gëtt.

Mir investéieren tëschent 500 a 600 Euro pro Awunner pro Kapp pro Joer de Moment an d'Moderniséierung, den Ausbau an an d'Qualitéit eleng vun dem CFL-Schinnereseau. Dat ass de loin Rekord an Europa. Bis elo war d'Schwäiz ëmmer Spëtzereider mat eppes ëm déi 400 Milliounen. Mir hunn d'Schwäiz schonn zënter e puer Joer iwwertraff. Mir sinn iwwerhaapt weltwäit Rekordhalter an dem Ausbau vun dem klassesche Schinnereseau.

Natierlech, wann een dat alles investéiert a baut, dann ass dat net déi flottsten Zäit. An dann, egal wéi gutt ee sech ustrengt, egal wéi ee probéiert, datt et gutt geet, e Chantier ass ëmmer eng Nuisance an ass net déi optimal Situatioun.

An eleng deen Accident, also deen Tunnelsproblem, dee mer elo hunn am Norden, deen eis natierlech vill Misär mécht, dee beleet dat, wéi séier iergendeppes ka passéiere wärend dem Chantier, wat een natierlech éischtens zréckgeheit, mee zweetens virun allem och fir zousätzlech Nuisancë suergt um Reseau. Well wann de Chantier fonctionéiert, also souguer wann de Chantier gutt leeft, bedeit dat awer, datt natierlech d'Capacitéit net déi ass, wéi wann de Chantier net do wier, an en huet eng Inzidenz op de ganzen Zuchreseau.

De Busreseau – d'Chamber huet dat Gesetz jo gestëmmt, et ass nach net esou laang hier, dat ass och e ganz deiert Gesetz gewiescht –, do hu mer d'Capacitéit vum Bus ëm iwwer 30 % gesteigert par rapport zu virdrun. Virdrun ass samschdes a sonndes a ville Regiounen am Land quasiment kee Bus gefuer, vun nuets net ze schwätzen, a virun allem net a ländleche Regiounen. Elo hu mer mol en normalen Takt duerch d'ganzt Land. Mir hunn dat gemaach an engem ganz

participative Prozess: Mat Biergerversammlungen, ier mer de Reseau ausgeschafft hunn, nom Reseau huet en Aarbechtsgrupp vu Bierger dra matgeschafft, a mat iwwer 100 Avise vun de Gemengen, wou e ganz, ganz grousse Deel vun den Doleancë mat berücksichtegt ginn ass. A mir hunn elo en neie Reseau, dee steet. En ass fäerdeg vum September un, do ass déi lescht Phas gemaach ginn.

Natierlech kommen ëmmer nach Ajustementer do derbäi, mee och deen do Reseau, dee muss een herno zesumme gesi mam Zuch, mat deene Pôle-d'échangen, déi solle fonctionéieren. An dat ass alles natierlech nach net fäerdeg an dofir kann dat nach net optimal fonctionéieren. E richteg gutt Bild, wat dat bedeit fir déi nei Qualitéit, kritt een eréischt,wann alles bis fäerdeg ass.

Mee vu Joer zu Joer wäert et besser goen, ganz sécher. Wat mer méi Projete fäerdeg hunn, méi Chantiere kënnen ofraumen an den Zuch gesteigert fuere loossen, wat d'Situatioun besser gëtt. Dat wäert Der gesinn, wann d'Beetebuerger Streck bis fäerdeg ass. Dir hutt op der Beetebuerger Streck, also vu Frankräich erof op Lëtzebuerg, an de Spëtzestonnen aacht Zich d'Stonn. Gitt mer emol am Ausland eng Plaz sichen, wou Der op esou engem Tronçon aacht Zich d'Stonn hutt! Dat ass quasi e Metrosystem vu Frankräich op Lëtzebuerg.

Wa mer mat deem Ausbau bis fäerdeg sinn, och nach mat der Streck mat Dikrech a mat deenen neie Garen, déi solle gebaut ginn, mat deem neie Pôle d'échange zu Ierpeldeng, wann dat alles bis fäerdeg ass, dann hutt Der och op der Ettelbrécker Streck, also op der Nordstreck, haaptsächlech vun Ettelbréck erof – vun Ëlwen e bësse manner, mee awer och nach e ganz gudden Takt –, en extreem héijen Takt.

Mee, wéi gesot, mir mussen dat alles bauen, an dat Ganzt, och deen neie Busreseau, kann eréischt optimal fonctionéieren, wann all déi Chantieren eriwwer sinn, och bei de Korrespondenzen. Mir hu jo och immens vill investéiert an den digitale System, deen eise ganze Reseau Zuch, Bus an alles steiert a wou och d'Verbindungen an d'Korrespondenzen ëmmer besser kënnen openeen ofgestëmmt ginn. Dat fonctionéiert natierlech nëmme richteg gutt, wann d'Chantieren eng Kéier fäerdeg sinn, well Dir kritt natierlech, esou laang wéi Der d'Chantieren hutt, net all déi Verspéidungen esou an de Grëff, datt Der dat kënnt perfekt openeen ofstëmmen. Do hutt Der ganz sécher ëmmer nach Schwieregkeeten.

Ech kann Iech awer soen: Den RGTR-Reseau, deen neie Reseau, wou jo ëmmer gemengt ginn ass, d'Leit wären alleguer onzefridden an de Reseau géif net gutt fonctionéieren, déi lescht Zuelen – well mir hu jo am RGTR an de Bussen och elo Zäleren agebaut wéi beim Tram, dat heescht, mir hunn do genau Zuelen, wivill Leit op den Arrêten eran- an erausklammen –, do si mer mat den Zuele vun der Notzung vum RGTR elo schonn op dem Niveau vu viru Covid. A bei enger ganzer Rei Linnen hu mer schonn 10 %, 15 % Steigerungsrate par rapport zu viru Covid, a virun allem déi nei Expressbuslinnen, déi mer agefouert hunn, déi richteg gutt fonctionéieren.

Wann ech dat soen, da wëll ech awer net domadder behaapten, datt den RGTR-Reseau elo perfekt wär a wierklech scho genau sou géif fonctionéieren, wéi ech mer dat virstellen. Mee do gëtt dru geschafft an, wéi gesot, do komme ganz sécher ëmmer nach Ajustementer.

Den Tramsreseau, ech mengen, dee leeft och op Volltouren. Elo nach déi lescht Deeg sinn déi éischt Schinne geluecht ginn op der Cloche d'Or. Ech si gudder Déng, datt mer ouni Schwieregkeeten a mam Accord vun alle Proprietären op deem Stéck do deen Tram wäerte bauen, wéi et virgesinn ass, bis Enn 2024. Dann hu mer 16,4 Kilometer fäerdeg, déi éischt Linn mat néng Pôle-d'échangen, déi och erëm wichteg sinn am Zesummespill mam Zuch a mam Bus. A mir hunn dat hikritt op engem ganz komplizéierten Tronçon, ouni datt mer hu missen, wann et da fäerdeg ass, eng Enteegnung maachen, an trotz Covid an trotz Schwieregkeeten hu mer den Timing grosso modo respektéiert, wéi mer eis et virgestallt hunn.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Da verweist op den Zesummenhang.

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Gelift?

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Da verweist op den Zesummenhang!

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, selbstverständlech. Selbstverständlech, gären.

An da kënnt d'Gesetz zum Schülertransport, do kënnt jo nach e separat Gesetz, e Finanzéierungsgesetz, an d'Chamber, well mir hu jo beim Busreseau den RGTR-Reseau ganz getrennt vum Schülertransport, well dat d'Situatioun herno verbessert. Dat gëtt eis beim RGTR an och beim Schülertransport, separat gesinn, méi Flexibilitéit. Dat Gesetz ass souwäit fäerdeg a wäert dann elo och eng Kéier der Chamber virgeleuecht ginn.

Da kënnt nach eng Kéier e Gesetz no zu dem CFL-Bustransport. Dat ass och an der Ausaarbechtung. De Gesetzesprojet fir e Contrat de service public mat der CFL fir déi nächst 15 Joer, deen hutt Der schonn an der Chamber leien. Dat ass dat deierst Gesetz, wat bis elo an der Chamber deposéiert ginn ass. Dat ass iwwer 7 Milliarden Euro fir 15 Joer. Do si Steigerungsrate vu der Capacitéit vu 5 % pro Joer mat agerechent. Dat heescht, et ass net nëmmen einfach 15 Joer Status quo iwwerluecht, mee och zum Beispill de Fait, datt fir 400 Milliounen neit Zuchmaterial bestallt ginn ass, wou déi éischt elo d'nächst Joer wäerte geliwwert ginn.

An zu Ärer Freed, Här Bauler: Déi éischt, déi wäerten ersat ginn, sinn déi Z2. Dat heescht, fir d'Leit vun Dikrech gëtt dat eng grouss Erliichterung, ...

**Une voix** | A!

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | ... wa se endlech dann neit Material kréien. Dat heescht, déi éischt, déi mer geliwwert kréien am Laf vum nächste Joer, wäerten natierlech och geduecht sinn, fir op der Nordstreck agesat ze ginn.

*(Interruption)*

Mee, wéi gesot, och dat ass eng ganz gutt Saach.

Mee wat wëll ech domadder soen? Ech wëll domadder soen: Mir sinn an engem Risenëmbroch an deem ganzen ëffentlechen Transport. Mir investéiere Rekordzuelen, Rekordfinanzmëttele mobiliséiere mer hei, fir datt mer dat hikréien. Mir hu bis elo op deene Chantiere gutt geschafft, trotz alle Krisen a Schwieregkeeten, déi mer haten. Mir hunn e bësse Pech gehat bei eenzelne Chantieren an ech soen de Leit Merci fir déi Gedold, déi se natierlech wärend der Chantierszäit mussen hunn, well d'Chantierszäit ass net flott. Dat weess ech och. An da gëtt et oft Situatiounen, wou et net esou ass, wéi et soll sinn.

Mee ech sinn iwwerzeegt, wa mer dat esou weidermaachen an och alles, déi Projeten, déi am Plan national de mobilité 2035 virgesi sinn, esou ëmsetze bis 2035 ... Wat sportlech ass, dat muss ee bedenken. Dat ass en Zäitraum vun 13 Joer. A kuckt Iech emol all déi Projeten un, déi doranner beschriwwe sinn. Mee wa mer dat fäerdegbréngen – an dat musse mer fäerdegbréngen –, da sinn ech och iwwerzeegt, datt mer zu Lëtzebuerg mat dee beschten ëffentlechen Transport an Europa wäerten hunn.

A bis dohinner maache mer eist Bescht, fir de Leit entgéintzekommen, fir do ze hëllefen, wou et net gutt rëtscht an net gutt fiert. Mee, wéi gesot, ech soen haut scho Merci fir d'Gedold fir déi nächst Joren. Mee mir schaffen drun, datt et vill besser geet.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch.

## 7. 7900 – Projet de loi portant modification de :

### 1° de la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne ;

### 2° de la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ;

### 3° de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l'Administration de la navigation aérienne

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 7900, eng Upassung vum Aviatiounsgesetz. D'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics***

**Mme Chantal Gary** (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, beim Projet de loi 7900 geet et ëm d'Reglementatioun vun der Navigation aérienne an eng ganz Rëtsch vun noutwendegen Upassunge vum Loftfaartgesetz vun 1948. Dëse Projet de loi poursuivéiert véiert Objektiver:

Éischtens, de Projet de loi viséiert d'Modifikatioun an d'Ergänze vum modifiéierte Gesetz vum 31. Januar 1948 iwwert d'Navigation aérienne, fir den Ufuerderunge vu verschiddenen internationalen Traitéë konform ze ginn, déi mer rezent ratifizéiert hunn.

Heibäi handelt et sech engersäits ëm d'Konventioun vu Beijing iwwert d'Repressioun vun illegalen Handlunge géint d'zivill Loftfaart, anerersäits ëm de Protokoll vu Montréal, deen d'Konventioun vun Tokio vun 1963 iwwer Infraktiounen u Bord vu Fligeren ofännert, a schlussendlech ëm den Zousazprotokoll vu Beijing, deen d'Den Haager Konventioun vun 1970 iwwert d'Repressioun vu Fligerentféierungen ofännert.

Dës dräi international Traitéen hate mir zu Lëtzebuerg schonns den 31. Mee 2021 per Gesetz ratifizéiert. Mam Projet vun haut brénge mer elo eis national Legislatioun an Aklang mat dësen Texter, andeems mer eng Rëtsch Obligatiounen, déi aus der Ratifikatioun vun dësen Traitéë fir all Memberstaat entstinn an déi mer zu Lëtzebuerg esou nach net an eiser Legislatioun virgesinn hunn, an eis national Gesetzgeebung iwwerhuelen.

Zweetens sollen d'penal Dispositiounen, déi am nationale legale Kader fir d'Aviation civile virgesi sinn, moderniséiert an adaptéiert ginn an un d'Entwécklunge vum allgemenge Strofrecht ugepasst ginn.

An dësem Kontext kënnt dann zum Beispill och eng nei Infraktioun fir e Fall derbäi, deen ëmmer méi e Problem um Niveau vun der Sécherheet um Lëtzebuerger Flughafen, a sécherlech och op de meeschten anere Flughäfen, gëtt, nämlech de Fall vum „bagage abandonné", also vu Gepäck, dat einfach stoegelooss gëtt an da jee no Ëmstänn e gréissere Sécherheetsdispositif ausléist.

Virun allem awer – an dat ass warscheinlech kaum engem opgefall – ginn hei zwee ganz al respektiv net méi aktuell Relikter aus dem 1948er-Fligereigesetz geholl, nämlech d'Strofméiglechkeete vun der Zwangsaarbecht an esouguer vun der Doudesstrof. D'Doudesstrof ass zwar 1979 vun der blo-rouder Regierung per Gesetz ofgeschaaft ginn an zanter 1999 och laut Verfassung verbueden. An deem Sënn handelt et sech heibäi just ëm d'Botze vun Oublien ouni praktesch Konsequenzen.

An da kommen ech zum drëtten Objectif vum Projet de loi: Mat dësem Projet gëtt och de Champ d'application vu verschiddene Sécherheetsdispositioune vum Loftfaartgesetz vum 31. Januar 1948 vun dem ofgegrenzte Beräich vum Flughafen ausgeweit, wouduerch e méi héije Sécherheetsniveau garantéiert gëtt.

An als véierten a leschte Punkt gesäit dëse Projet de loi vir, d'Zesummenaarbecht tëscht dem Flughafe respektiv dem Exploitant vum Flughafen an dem CGDIS ze klarifiéieren. Laut den aktuelle Loftfaart- respektiv Flughafereegele fält de Brand- a Rettungsdéngscht mëttlerweil an den Zoustännegkeetsberäich vum Exploitant vum Aerodrom, soudatt dëst och am Lëtzebuerger Gesetz muss formaliséiert ginn. Mat den haitege Modifikatioune gëtt deemno preziséiert, datt de CGDIS, de Service d'incendie et de sauvetage, um Flughafe formal net méi fir d'Administratioun, also d'ANA, iwwerhëlt, mee fir den Exploitant vum Flughafen, also lux-Airport.

Här President, dëse Rapport ass den 29. September eestëmmeg an der Mobilitéits- an ëffentlech Bautekommissioun ugeholl ginn, a fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn och heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Rapportrice Chantal Gary.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Wilmes.

***Discussion générale***

**M. Serge Wilmes** (CSV) | Jo, villmools merci. Ech soen der Madamm Gary Merci fir hire Rapport an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Wilmes. An dann ass et um honorabelen Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Jo, ech schléisse mech deem Merci un an ech géif den Accord vun der Fraktioun …

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | … vun der Demokratescher Partei ginn. Merci, Här President.

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Hahn. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Carlo Weber.

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Villmools merci der Rapportrice fir de schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech ech schléisse mech deene Mercien natierlech un a ginn den Accord vun der LSAP.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Weber. An dann ass et um Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Mir soen der Madamm Chantal Gary en häerzleche Merci fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass alles gesot, wat ze soen ass zu deem Rapport. Et ass eng Verbesserung vun ale Gesetzer. An deem Sënn gi mer den Accord vun der ADR. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Engelen. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech schléisse mech ganz einfach menge Virriedner un, a mir ginn den Accord vun déi Lénk.

**M. Fernand Etgen,** Président | Den Här Marc Goergen als leschten ageschriwwene Riedner.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Genau dat selwecht. Merci dem Chantal Gary, an ech ginn och den Accord.

**M. Fernand Etgen,** Président | D'Regierung huet d'Wuert, den Här Mobilitéitsminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci der Madamm Gary, an ech sinn och averstanen, Här President.

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Très bien. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7900. Den Text steet am Document parlementaire 7900[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7900 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 8. 7817 – Projet de loi relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles dans le domaine de la navigation intérieure et portant modification de la loi modifiée du 28 juillet 1973 portant création d'un service de la navigation

Mir kommen elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour, de Projet de loi 7817 iwwert d'Unerkennung vun de Qualifikatiounen am Beräich vun der Navigatioun. An d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi ass déi honorabel Madamm Jessie Thill. Madamm Thill, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics***

**Mme Jessie Thill** (déi gréng), rapportrice | Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zil vum Projet de loi 7817 ass d'Ëmsetzung an nationaalt Recht vun der EU-Direktiv 2017/2397 iwwert d'Unerkennung vun de Beruffsqualifikatiounen an der Banneschëfffaart, ewéi och a Bezuch op d'Iwwergangsmoossname fir d'Unerkennung vun Certificaten aus Drëttstaaten.

D'EU-Kommissioun wollt mat hirem Virschlag fir dës Direktiv souwuel d'Mobilitéit an d'Sécherheet vum Schëffsverkéier am Generellen, wéi och den Ëmweltschutz, de Gesondheetsschutz an d'Sécurité au travail am Banneschëfffaartssecteur verbesseren. An deem Sënn enthält d'Direktiv eng ganz Rëtsch Harmoniséierungsvirschrëfte fir d'Certificatioun vun de Beruffsqualifikatiounen, fir d'Gestioun dovunner a fir déi géigesäiteg Unerkennung vun den entspriechende CertifiCaten am Beräich vun der grenziwwerschreidender Banneschëfffaart.

D'Direktiv 2017/2397, där hir Ëmsetzungsfrist de 17. Januar 2022 war, erliichtert d'Mobilitéit vun den Aarbechtskräften un éischter Stell duerch d'Aféierung vun engem EU-Qualifikatiounscertificat.

Si gesäit och vir, datt d'Memberstaaten dës harmoniséiert Qualifikatiounscertificate just u Persounen ausstellen, déi iwwert d'Mindestufuerderungen a Bezuch op Kompetenz, Alter, Aptitude médicale a Séifuerzäit verfügen.

An dësem Zesummenhang harmoniséiert si materiell an organisatoresch Bedéngunge fir d'Ausstellung vu Beruffsqualifikatiounscertificate fir d'Banneschëfffaart. Follglech gesäit dëse Projet de loi esouwuel d'Méiglechkeet fir den Transportminister vir, esou Certificaten auszestellen, se ze erneieren, se zréckzezéien, wéi och d'Verflichtung, datt all betraffe Persoun, déi op der Musel oder um befuerbaren Deel vun der Sauer navigéiert, esou en Certificat bei sech huet.

Och gesäit de Projet de loi vir, datt Kontrolle gemaach ginn zu der Navigatiounszäit an der medezinnescher Aptitüd vun de Membere vun der Deckbesatzung ewéi och eng Prozedur zur Evaluatioun vun de Kompetenzen am Kader vun der Ausstellung vun dëse Qualifikatiounscertificaten.

D'Sports- a Fräizäitschëfffaart, de Betrib vu Fären, déi sech net selbstänneg fortbeweegen, ewéi och d'Schëfffaart vu Sträitkräften an Noutdéngschter sinn Tätegkeeten, fir déi keng änlech Beruffsqualifikatiounen erfuerderlech si wéi fir d'Fërderung vu Gidder a Persounen. Duerfir fale Persounen, déi esou Tätegkeeten ausüben, net ënnert dës Direktiv.

Wichteg ass hei awer ze erwänen, datt duerno, onofhängeg vun der Direktiv, duerch dëse Projet de loi – genee wéi et an eisen Nopeschlänner schonn de Fall ass – e „Behördenpatent" fir staatlech Aktivitéiten agefouert gëtt. De Projet viséiert hei méi prezis d'Schëfffaartsaktivitéite vun der Arméi, der Police, dem CGDIS an dem staatleche Service de la navigation.

Zousätzlech zur genannter EU-Direktiv vun 2017 huet d'EU-Kommissioun awer och eng ganz Rëtsch sougenannt „delegéiert Rechtsakte" geholl, déi majoritär d'Form vun EU-Reglementer hunn an deemno direkt an de Memberstaate gülteg sinn. Detailer dozou fannt Der a mengem schrëftleche Rapport.

Well d'Schëffer, déi bei eis verkéieren, ganz dacks och um Rhäin verkéieren an d'Häfen am Nordatlantik ufueren, sinn dës Schëffer aktuell scho verflicht, Rhäinschëffspatenter ze hunn, wou d'Bestëmmungen

op 1868 zréckginn. Duerfir gouf d'Iddi fir e rengt Muselpatent verworf an déi Lëtzebuerger Autoritéiten hu bis elo kee spezifeschen nationale Certificat ausgestallt fir d'Conduite vu Banneschëffer.

Dat ännert awer elo mat dëser Direktivëmsetzung. Hei gëtt elo mat der EU-Harmoniséierung d'Recht agefouert, fir och zu Lëtzebuerg d'EU-Qualifikatiounscertificaten unzefroen. An de Staat muss sech deemno d'Moyenen an d'Prozedure ginn, fir mat zukünftegen Demanden an all deene Missiounen am Kader vun dëser EU-Gesetzgeebung kënnen ëmzegoen. Dozou gehéiert ënner anerem d'Schafe vun engem zousätzleche Posten.

Déi finanziell Auswierkunge vun dësem Projet de loi bleiwe laut Ministère éischter limitéiert a ginn zu engem gudden Deel duerch d'Aféierung vun enger „taxe d'instruction" kompenséiert.

Ofschléissend wëll ech nach kuerz erwänen, datt mer dank der Remark vum Staatsrot mat dësem Projet net nëmmen déi erwäänt Direktiv vun 2017 an hirer ursprünglecher Versioun ëmsetzen, mee direkt esou, wéi se d'lescht Joer – nom Depot vum Projet de loi an der Chamber – vun der Direktiv 2021/1233 ofgeännert gouf.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun bleift ze soen, datt de Projet de 27. Abrëll 2021 (veuillez lire: den 29. Abrëll 2021) vum Minister François Bausch deponéiert gouf an nieft dem Staatsrot just nach vun der Chambre de Commerce aviséiert gouf.

Vum Staatsrot gouf de Projet de 17. Dezember 2021 fir d'éischte Kéier an no de jeeweilege Serië vu parlamentareschen Amendementen de 14. Juni fir d'zweete Kéier an de 27. September fir d'drëtte Kéier aviséiert.

De schrëftleche Rapport konnt dunn an der Sëtzung vum 14. Oktober gepréift an approuvéiert ginn. Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport, an et bleift mer just nach ze soen: E Merci u jiddereen, dee matgeschafft huet un dësem Projet. An domat ginn ech och den Accord fir déi gréng Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | An ech soen der Madamm Rapportrice Jessie Thill villmools Merci a ginn d'Wuert un den honorabelen Här Serge Wilmes.

***Discussion générale***

**M. Serge Wilmes** (CSV) | Villmools merci, Här President. Ech soen och der Madamm Thill Merci fir hire Rapport an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Wilmes. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Ech géif mech dann nach eng Kéier de Wierder vum Serge Wilmes uschléissen an der Madamm Jessie Thill Merci soe fir hir zwee Rapporten. An ech géif den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Hahn. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Carlo Weber.

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Jo, villmools merci der Madamm Jessie Thill fir dee schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech ginn heimat och den Accord vun der LSAP. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Weber. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Ech géif der Madamm Jessie Thill en häerzleche Merci soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass alles gesot. Et ass deem näischt méi bäizefügen. An ech ginn den Accord vun der ADR zu dësem Gesetz. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Engelen. An dann ass et un där honorabeler Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, och dës Kéier: Ech schléisse mech ganz einfach menge Virriedner un an ech ginn den Accord vun déi Lénk.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. An dee leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci dem Jessie Thill, an och mir ginn eisen Accord.

**M. Fernand Etgen,** Président | An d'Regierung kritt och d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. Merci der Madamm Thill an och der Chamber fir d'Zoustëmmung.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Minister François Bausch.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7817. Den Text steet am Document parlementaire 7817[7].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7817 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 9. 8027 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 8027 iwwert d'Eisebunnsinfrastruktur an d'Regulatioun vun deem Marché. An d'Rapportrice vun dësem Projet de loi ass déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics***

**Mme Chantal Gary** (déi gréng), rapportrice | Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, fir eist lëtzebuergescht Schinnennetz ze verbesseren an un déi zukünfteg Besoinen unzepassen, sinn eng Rei Investitiounsprojeten en cours respektiv an der Planungsphas.

Bei zwee esou Infrastrukturprojeten à charge vum Fonds du rail aktualiséiere mer mat dësem Gesetzesprojet hir finanziell Rumm an ee weideren Infrastrukturprojet setze mer op dës Lëscht bäi. Dës Lëscht hänkt als Annex 1 um Gesetz vum 6. Juni 2019 iwwert d'Gestioun, den Accès an d'Benotzung vun der Zuchinfrastruktur esouwéi iwwert d'Regulatioun vum Marché ferroviaire.

Dëse Projet de loi besteet insgesamt aus dräi Deeler:

Den éischten Deel betrëfft, wéi gesot, dräi Projets d'investissement à charge vum Fonds du rail. Déi zwee besteeënd Projete fannt Dir op der erwäänter Lëscht als Nummer 7 „Création d'un faisceau de remisage pour le matériel roulant en Gare de Luxembourg" an als Nummer 25 „Gare périphérique de Howald. Aménagement de la phase 1". An den neie Projet, deen derbäikënnt, kritt d'Nummer 40 a betrëfft och d'„Gare périphérique de Howald", mee dës Kéier ass et den „Aménagement de la phase 2".

Den zweeten Deel vum Projet de loi 8027 betrëfft net méi d'Annex 1, mee d'Artikelen 72 an 73 vum Gesetz. De Projet de loi adaptéiert dës zwee Artikelen, fir se an Aklang ze brénge mat den Dispositioune vum EU-Reglement 1301/2014 iwwert technesch Interoperabilitéitsspezifikatiounen am Beräich „Energie" vum europäesche Marché ferroviaire. Méi konkreet geet et bei den Ännerungen ëm harmoniséiert Prozedure fir eng méi prezis Facturatioun vun de Stroumkäschte vun all Zuch.

A beim drëtten Deel vum Projet de loi 8027, deen a priori dréngendsten Deel, geet et ëm noutwendeg Upassungen, fir eis national Legislatioun konform ze maache mat zwou Infraktiounsprozeduren, déi d'EU-Kommissioun géint Lëtzebuerg engagéiert huet.

Méi konkreet geet et ëm d'korrekt Ëmsetzung vun der Direktiv 2012/34 vum europäesche Parlament souwéi vum Conseil vum 21. November 2012 zur Schafung vun engem eenheetlechen europäeschen Espace ferroviaire. Hei geet et haaptsächlech drëms, eenzel Dispositiounen explizitt an d'Gesetz opzehuelen, déi momentan just iwwert d'Document de référence du réseau gereegelt sinn.

Fir nach eng Kéier op déi éischt dräi Deeler anzegoen, dat sinn:

De Projet Nummer 7 huet als Zil, d'Aktivitéite vum CFL-Depot an den CFL-Atelieren op engem Standuert ze regruppéieren, an zwar op der Houwalder Gare. No der aktuellster Reevaluatioun vun de Käschte schwätze mer hei vun engem Budget vun 164.007.000 Euro.

De Projet Nummer 25, den Amenagement vun der Phas 1 vun der Gare périphérique Houwald, huet dora bestan, e Quai fir d'Voyageuren ze realiséieren, mat allen domat verbonnenen Infrastrukturmoossname fir de Schinneverkéier. D'Accessibilitéit un de Quai sollt iwwer eng provisoresch Foussgängerbréck assuréiert ginn. An de Budget vum initiale Projet huet sech op 42.878.500 Euro beschränkt. Fir dëse Projet schlussendlech ze realiséieren, hunn allerdéngs nach weider Elementer misse realiséiert ginn, soudatt den neie Projet sech op 66.250.000 Euro chiffréiert.

Beim Projet Nummer 40 geet et, wéi elo grad erwäänt, ëm d'Phas 2 vum Amenagement vun der Gare périphérique Houwald. Hei soll en zweete Quai amenagéiert ginn, souwéi de proppere Raccordement vun der neier Zuchlinn tëscht Lëtzebuerg a Beetebuerg. Hei schwätze mer vu Gesamtkäschte vu 95.300.000 Euro.

Fir all weider Detailer zu den dräi Deeler vun dësem Gesetzesprojet verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport, deen de 14. Oktober eestëmmeg an der Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten ugeholl ginn ass.

Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, ech soen heimat Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech soen der Madamm Rapportrice Chantal Gary villmools Merci a ginn d'Wuert un den Här Serge Wilmes.

***Discussion générale***

**M. Serge Wilmes** (CSV) | Jo, villmools merci. Ech soen nach eng Kéier merci der Madamm Gary fir hire Rapport a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Wilmes. An dann ass et um Här Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Och ech soen der Madamm Gary nach eng Kéier villmools Merci fir hir zwee Rapporten a ginn den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

**M. Fernand Etgen,** Président | An d'Wuert geet weider un den Här Carlo Weber.

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Ech soen der Madamm Chantal Gary villmools Merci fir de schrëftlechen an de mëndleche Rapport a ginn den Accord vun der LSAP. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Weber. An elo ass de Mikro fräi fir den Här Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Ech soen der Madamm Chantal Gary en häerzleche Merci fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech ginn den Accord vun der ADR zu dësem Gesetz. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Engelen. An dann ass et un der Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, als Allereéischt emol e grousse Merci. Mir begréissen ausdrécklech dës nei Investissementer an eisen Zuchreseau, souwuel wat de Projet op der Stater Gare betrëfft, wéi och den Ausbau vun der Hollerecher Gare (veuillez lire: Houwalder Gare). Déi zousätzlech Investitioune si gutt argumentéiert a schéngen eis och wierklech justifizéiert ze sinn.

Allerdéngs enthält dëse Projet de loi fir eis awer och verschidde problematesch Dispositiounen, déi mat der Liberaliséierung vum europäesche Schinnennetz zesummenhänken. déi Lénk huet sech ëmmer, vun Ufank un, do dogéint gewiert, géint dës Liberaliséierung. A wéi och am Avis vun der CSL ze liesen ass, bréngt dat manner Qualitéit a manner Sécherheet, dofir awer Sozialdumping a méi héich Präisser. D'Liberaliséierung huet eigentlech net zu enger Renaissance vum Zuch bäigedroen, si steet hir carrement am Wee.

Netdestotrotz stëmme mir awer dësem Projet zou, well déi Investitioune fir eis immens wichteg sinn, fir datt mer weiderkommen an eisem Zuchreseau.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. An dann ass et um Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Och merci dem Chantal Gary. A sécherlech hätt ech och mäi Bauch wéi bei dësem Gesetz, wann déi Liberalisatioun esou géif drastoen, wéi dat elo gesot ginn ass.

Et ass awer esou, dass mer zu Lëtzebuerg en anere Modell gewielt hunn, an zwar dass d'CFL eng gewësse Sécherheet kruten, dass se eeben dierfe weiderhin eisen Zuchreseau huelen. Well ech mengen, heibanne géif jo och keen zoustëmmen, wa muer iergenden anere wéi CFL géif eis Zich operéieren oder fueren. Deementspriechend sinn déi Dispositiounen zum Schutz vun eisen nationalen CFL, déi elo dra sinn an déi och den Zouschlag kruten an dat och iwwert déi nächst zéng oder zwanzeg Joer wäerte maachen.

Deementspriechend kann een haut berouegt zoustëmmen. Anescht hätt ech natierlech haut och Nee gesot, mee esou stëmmen ech och zou. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Mobilitéitsminister François Bausch.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. A merci der Madamm Gary an allen Deputéierte fir hir Beiträg an och d'Bereetschaft zu der Zoustëmmung zu deem Gesetz hei.

Hei ass erëm dat Beispill, wat am Fong gutt an dat erapasst, wat ech virdrun dem Här Bauler och geäntwert hu vun deem, wat mer alles investéieren. Dat hei sinn natierlech erëm eng Kéier Riseprojeten, mee mir si frou a mir wëlle se alleguerte maachen. Mee ech mengen, wann Dir kuckt, wou se stattfannen, da wësst Der, datt dat natierlech erëm eng Kéier mat Chantiere verbonnen ass. Mee, wéi gesot, dat sinn awer och Chantieren, déi an där Zäitrumm virgesi sinn, wou ech se virdru beschriwwen hunn, esou bis 2028/2030.

A wann dat alles fäerdeg ass, féiert dat natierlech derzou, datt d'Gare Lëtzebuerg net méi déi eenzeg grouss Gare ass niewent der Gare Pafendall, déi mer jo och gebaut hunn, mee datt mer hei eng drëtt Gare an der Stad Lëtzebuerg hunn, um Rand vun der Stad Lëtzebuerg, wou ee kann ëmsteigen, wou den Tram jo och herno ukënnt, wou eng Busgare niewendru gebaut gëtt, also e risege Pôle d'échange. An dat ass natierlech eng formidabel Saach an dat féiert derzou, datt d'Qualitéit vum ëffentlechen Transport ganz kloer besser gëtt.

Da wollt ech awer och nach ee Wuert soen, Här President, zu deem, wat d'Madamm Cecchetti gesot huet zu der Liberaliséierung. Et ass, wéi den Här Goergen dat richteg ënnerstrach huet: Mir hunn duerch de Fait, datt mer am Kader vun der Lëtzebuerger Presidence dee Paquet ferroviaire esou ëmgeännert kritt hunn, datt fir Reseaue wéi Lëtzebuerg eng Direktvergab ka gemaach ginn, eis erausgeholl aus där Liberaliséierung, déi elo – zu Recht, fannen ech – kritiséiert gëtt.

An duerfir hunn ech jo dat Gesetz deposéiert. Dat ass den neie Contrat de service public. D'Chamber huet deen entre-temps. A wa 60 Deputéierten, hoffentlech, dee wäerte stëmmen an deenen nächste Wochen – den Avis vum Staatsrot feelt eis nach –, dann ass fir de Lëtzebuerger Zuchreseau op alle Fall fir déi Joren, 15 Joer vun 2025 u gerechent, d'Situatioun ofgeséchert. Dat heescht, dann hu mir vum Staat aus garantéiert e Service public am Schinneverkéier, dee sech weise léisst. An duerfir spillt dat fir eis sécher net.

Et kënnt nach derbäi, datt déi Ännerungen, déi elo hei dra sinn, wat de Paquet ferroviaire ubelaangt, Madamm Cecchetti, net deen do Deel betreffen. Déi betreffen deen éischte Pilier dovunner. Et ware jo e puer Pilieren. An dat hei ass awer dee Pilier, muss ech Iech awer soen, dee mat der Liberaliséierung an deem Sënn näischt ze dinn huet, datt dat dee positiven Deel dovunner ass. Well do geet et precisement drëms, datt d'Standarden an Europa solle méi vereenheetlecht ginn, Sécherheetsstandarden an esou weider. An dat ass egal wéi eng gutt Saach. Also d'Liberaliséierung kann och gutt Saachen hunn.

An deem Fall huet se eppes Guddes, bréngt se eis eppes Guddes, well dat och bedeit, datt mer zum Beispill entre-temps eng europäesch Agentur hunn, déi ëmmer méi ze soe kritt, wéi déi Sécherheetsstandarden openee sollen ofgestëmmt ginn. Den europäesche Sécherheetssystem, den ECTS, dee mir zu Lëtzebuerg scho komplett ëmgesat hunn, dat ass och en Deel vun deem Ganzen. Dat heescht, wou mer et wierklech fäerdegbréngen, datt herno am europäeschen Zuchreseau d'Zich vill besser kënne mateneen organiséiert ginn. Well mat deene ville Standarden, déi mer haut hunn, dat mécht et fir de Client sécherlech net méi interessant an och fir d'Operateuren net ëmmer einfach, fir dat alles openeen ofzestëmmen.

Duerfir, deen „technesche" Pilier, wéi ech en ëmmer genannt hunn, vum Paquet, dat war eng gutt Saach. Fir de Rescht huet d'Kommissioun fir meng Begrëffer keng esou gutt Aarbecht gemaach.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8027. Den Text steet am Document parlementaire 8027[3].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8027***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## 10. 6539B – Projet de loi portant création de la procédure de dissolution administrative sans liquidation et modifiant :

**1° le Code de commerce ;**

**2° le Nouveau Code de procédure civile ;**

**3° la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;**

**4° la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de**

**– la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;**

**– la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;**

**– la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;**

**– la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;**

**– la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale ;**

**5° la loi modifiée du 25 mars 2020 instituant un système électronique central de recherche de données concernant des comptes de paiement et des comptes bancaires identifiés par un numéro IBAN et des coffres-forts**

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 6539B iwwert d'Aféiere vun enger administrativer Opléisungsprozedur ouni Liquidatioun. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporter vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Justice***

**M. Guy Arendt** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wäert Iech haut eng e bësse méi technesch Matière virstellen. Bei dësem Projet de loi handelt et sech nämlech ëm e Gesetzesprojet am Kader vun de Faillitte vu Gesellschaften, vun Handelsgesellschaften.

Mir schaffe scho ganz laang un enger Moderniséierung vun eisem Faillittegesetz. An ech ka mech erënneren, 1980 am Kader vun enger Konferenz, déi vun engem Affekot gehale ginn ass iwwert d'Faillite, do huet dee scho gesot: „Dat Gesetz muss onbedéngt reforméiert ginn." 1980! Den heite Projet, deen ass den 1. Februar 2013 vum deemolegen CSV-Justizminister François Biltgen deposéiert ginn, an Dir gesitt, dat si schonn zéng Joer hier.

Ech erspueren Iech elo de ganzen Detail iwwert de Werdegang vun dësem Gesetzesprojet iwwer all déi Joren. D'Detailer kënnt Der ënnert de Rôlenummere 6539, 6539A a 6539B erëmfannen.

D'lescht Joer huet d'Justizkommissioun sech entscheet, de Projet de loi 6539 – dat heescht, den originalen, originäre Projet mam Titel „Préservation des entreprises et portant modernisation du droit de la faillite" – an zwee opzesplécken, an zwar den aktuellen Text 6539B, dee sech mat der Prozedur fir administrativ Opléisungen ouni Liquidatioun befaasst, an de Gesetzesprojet 6539A, deen d'Reform vun de Faillitte per se traitéiert. An do komme mer an enger spéiderer Sitzung eng Kéier drop zréck.

D'Fro, déi sech stellt, ass, firwat proposéiert gëtt, déi sougenannt „procédure de dissolution administrative sans liquidation" anzeféieren.

Engersäits bezitt sech eng bedeitend Unzuel vun de Liquidatiounsprozeduren iwwer e Geriichtsurteel op Firmen, déi ëmmer erëm géint d'Gesellschaftsrecht verstouss hunn: e Feele vun engem Siège social, d'Demissioun vum ganze Verwaltungsrot, ouni dass dësen ersat goufen, Joresberichter, déi net beim Handelsregëster eragereecht gi sinn, fir nëmmen dës Verstéiss ervirzesträichen.

Op där anerer Säit hu vill Entreprisen, déi Objet vun enger judiciairer Liquidatioun sinn, och keng Active méi oder hunn hir Aktivitéit souguer scho säit enger gewëssener Zäit agestallt.

Virun allem d'Liquidatiounsprozedure wéinst feelenden Aktivaen huelen ëmmer méi zou. Mir nennen dat am Beruff „d'Dier fir op- an zouzemaachen". Dat bréngt eng enorm administrativ Charge fir eis Geriichter mat sech a kascht de Staat relativ vill Suen.

Fir dat an Zukunft méiglechst erofzeschrauwen, gesäit dëse Gesetzesprojet vir, d'Procédure de dissolution administrative sans liquidation anzeféieren. Heimat soll, wéi den Numm et seet, eng Gesellschaft opgeléist kënne ginn, ouni dass eng formell Prozedur vun der Liquidatioun muss gemaach ginn, wéi se u sech am Artikel 1200-1 am modifizéierte Gesetz vum 10. August 1915 iwwert d'Handelsgesellschafte virgesinn ass.

Fir allerdéngs ënnert déi Procedure, déi hei virgesinn ass, ze falen, mussen dräi Konditiounen erfëllt ginn: Éischtens, d'Gesellschaft dierf keng Aktivaen hunn. Zweetens, si dierf och keng Salariéen hunn, well wa Salariéen am Spill sinn, ass d'Liquidatioun vill méi komplex. Drëttens, déi vum Gesetzesprojet viséiert Gesellschafte sinn déi, déi ënnert d'Applikatioun vum Artikel 1200-1 Paragraf 1 vum modifizéierte Gesetz vun 1915 falen, dat heescht, d'Gesellschaften, déi géint d'Strofrecht verstoussen oder déi substanziell net konform zum Handelsrecht si respektiv géint d'Gesetzer verstoussen, déi sech op kommerziell Gesellschaften uwennen. Dozou gehéiert notamment den Droit d'établissement.

Wéi soll dann elo dës Procedure an der Praxis oflafen? D'Procedure vun dëser Dissolutioun ass am Fong vun administrativer Natur. Et ass awer esou, dass de Parquet, de Staatsanwalt, d'Decisioun hëlt, fir esou eng Procedure anzeleeden. De Gestionnaire vum Handelsregëster gëtt vum Procureur opgefuerdert, eng Prozedur opzemaachen. An anere Wierder, de Gestionnaire vum Handelsregëster ass den Exécutant vun enger Decisioun, déi d'Staatsanwaltschaft geholl huet. Dat ass wichteg ervirzehiewen.

De Gestionnaire vum Handelsregëster gëtt also opgefuerdert, no Salariéë vun der Gesellschaft ze sichen an no Aktiven, oder besser gesot, d'Absence vun Aktiven ze kontrolléieren.

No der Kontroll an der Feststellung, dass d'Gesellschaft weeder Aktiven nach Salariéen huet, muss de Gestionnaire de Procureur doriwwer informéieren. Doropshin gëtt eng Décision de clôture publizéiert an d'Radiatioun vun der Gesellschaft aus dem Registre de commerce ënnerholl.

Och wann et sech ëm eng administrativ Prozedur handelt, kritt dës Procedure e judiciairë Charakter, wann e Recours geholl gëtt.

Hei bleift unzemierken, dass d'Voies de recours vun dësem Gesetzesprojet no engem änleche Mechanismus funktionéiere wéi et am modifizéierte Gesetz vum 19. Dezember 2002 iwwert de Registre de commerce et des sociétés souwéi d'Kontabilitéit an d'Comptes annuels vun den Entreprisë virgesinn ass.

De Projet de loi gesäit och vir, datt de Recours net virum Verwaltungsgeriicht, mee dem Tribunal d'arrondissement verhandelt gëtt.

Fir all weider Detailer verweisen ech op de Commentaire des articles an awer och op d'Travaux parlementaires zu de Projeten, déi ech virdrun opgezielt hunn.

Zu den Avisen. De Staatsrot huet de 16. November 2021 säin éischten Avis zum Projet de loi 6539B eragereecht. Nieft enger Rëtsch vun anere Remarken, huet déi Héich Kierperschaft d'Scissioun vum Projet op Anhieb guttgeheescht. An dat well d'Dispositioune vum Projet de loi ouni Impakt op déi rechtlech Dispositioune vum initiale Projet kënne getrennt ginn.

Am Artikel 6 huet de Staatsrot eng Opposition formelle ausgeschwat bei de Punkten 1 an 2 vum zweete Paragraf, well e sech freet, wat ënnert den Termen, ech zitéieren, „principales banques de guichet" an „principaux assureurs non-vie" ze verstoen ass.

De Staatsrot gëtt och un, dass ee sollt d'Wierder „acteurs" an „agents, professionnels, dirigeants et salariés" duerch „les personnes suivantes" ersetzen, oder awer duerch „les personnes visées à l'alinéa 2".

De Staatsrot huet sech och beim zweeten Alinea vum Artikel 10 opposéiert, well d'Geriicht vum Procureur d'État an net vum Magistrat, deen d'Bezierksgeriicht an den Handelsaffären als Juge du fond presidéiert, saiséiert gëtt.

Des Weidere goufe beim Artikel 18 e puer Ongereimtheeten opgeworf.

A sengem Avis complémentaire vum 1. Abrëll 2022 seet de Staatsrot sech en gros mat den Amendementer, déi mir proposéierten haten, d'accord. De Staatsrot huet nach e puer Ajustementer proposéiert an eng Textpropos fir den Amendement 18 ënnerbreet. Just beim Amendement 19 zum Artikel 18 vum Projet de loi huet de Staatsrot sech weider opposéiert. Dat huet sech awer duerch eng weider Navette am zweeten Avis complémentaire vum 22. Juni (veuillez lire: vum 28. Juni) vun dësem Joer mat der Héijer Kierperschaft erleedegt.

De Conseil de l'ordre vun den Affekoten huet säin Avis den 29. Juni 2022 ofginn. Hirem Avis no stousse sech eenzel Demarchen, déi mam Projet proposéiert ginn, u fundamentale rechtlechen Iwwerleeungen, notamment well an hiren Aen dës Procedure fir onéierlech Zwecker kéint benotzt gi respektiv well en d'Rechter an d'Interête vun de Partie-prenantë beschneide kéint.

Fir weider Detailer an zu den Avise verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Gesetzesprojet ass e klengen awer wichtege Schrëtt a Richtung vun der Moderniséierung vun eisem

Faillittegesetz. Déi méi grouss Changementer, hunn ech schonn ugekënnegt, wäerten awer nach mam 6539A nokommen.

An awer ass d'Procédure de dissolution administrative sans liquidation e wichtegen Outil, fir vill sougenannte „Coquilles vides" aus dem Verkéier ze zéien, déi keng Utilitéit méi hunn an dohischlofen.

Dat wäerte mer an Zukunft méi einfach kënne maachen. An engems wäert Zäit gewonne ginn an de Staat wäert bei der Prozedur Suen aspueren.

Ech soen Iech, ech soen all deenen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn, haaptsächlech de Beamte vum Justizministère, mee och de Mataarbechter a Kolleegen a Kolleeginnen e grousse Merci, an Iech fir d'Nolauschteren. An ech ginn och heimadder den Accord vun der Demokratescher Partei.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | An ech soen dem Här Rapporter Guy Arendt villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner.

An dat ass den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. Direkt e grousse Merci dem Rapporter fir säin exzellente schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

Wéi gesot ass dat hei e Projet, dee mer musse virzéien, well am Fong dëst Kapitel am generelle Projet de loi virgesi war iwwert d'Reform vun de Faillitten. An de Rapporter huet et gesot, mir schaffe scho ganz laang un deem Projet de loi a probéieren och ëmmer, dann déi neisten europäesch Reglementatioun mat anzefügen.

Ech erënneren drun, datt dat neit Faillittegesetz, dat mer dann eng Kéier hei an dësem Plenum wäerte stëmmen, dozou soll féieren, datt een eng zweet Chance soll kréien, wann ee sech traut, e Geschäft opzemaachen.

Well mer awer musse mat dësem Projet de loi virukommen, och en vue vum Contrôle vum GAFI hei zu Lëtzebuerg, hu mer decidéiert, dës Partie iwwert d'Dissolution sans liquidation virzezéien, an duerfir haut hei de Vott iwwert dëse Projet.

Dëse Projet gesäit am Fong, wann een dat wëll vereinfacht soen, eng ofgekierzte Prozedur vun enger laanger Faillitteprozedur vir.

Ech wéilt awer och ganz kloer hei soen, datt Lëtzebuerg kee Bréifkëschteland ass. Den Ausseminister, den Här Asselborn, hat eng Kéier um däitsche Fernsee gesot, hei géifen esou vill Bréifkëschten un de Fassaden hänken, well mer eeben esou e klengt Land wieren an et wier soss keng Plaz do, fir Bréifkëschten opzehänken.

Dat ass ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Mee fir dran ze wunnen!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Dat ass net méi de Fall. An ech wëll och soen – an ech hunn et eng Kéier gesot –: An der Groussregioun, besonnesch am däitsche Grenzraum, hänke méi Bréifkëschte wéi zu Lëtzebuerg, well déi meescht Lëtzebuerger sech hire Colis dann dohinner liwwere loossen, fir Porto ze spueren.

*(Brouhaha)*

Et ass e Gesetz, wat ganz streng Konditioune virgesäit, well et eeben eng vereinfacht Procedure ass. Dat heescht, et betrëfft Gesellschaften, déi éischtens keen Aktiva hunn an zweetens keng Salariéen. Dat ass ganz wichteg, well soubal een Aktiva huet oder Salariéen huet, fält een net méi hei an dat neit Gesetz an da wier een am Kader vun der normaler Faillitteprozedur. De Rapporter ass och dorobber agaang. Eng drëtt Konditioun ass: Et muss eng Violatioun vun den Obligatioune virleien aus dem Gesellschaftsrecht oder aus dem Gesetz iwwert de Registre de commerce.

Ech wëll elo net méi am Detail op d'Prozedur agoen. De Rapporter ass dorobber agaang. Vläicht nach eng Kéier ze ënnersträichen, datt d'Initiativ beim Procureur d'État läit an duerno gëtt et eng administrativ Prozedur.

Wichteg awer ass och, an do kënne mir esou gutt an esou prezis en Text hei ausfeilschen, d'Zesummespill vun deene verschiddene Verwaltungen. Dat muss klappen, fir datt dëst Gesetz kann effektiv ëmgesat ginn.

Ech wëll och betounen, datt eng Rei Gesellschafte guer net an de Champs d'application vun dësem Gesetz falen, wéi zum Beispill d'Banken oder d'Assurancen. Also keng Panik: D'Banken an d'Assurancë kënnen net iwwer eng vereinfacht Prozedur en liquidation gesat ginn. Et wier och e bësse komesch, wa bei enger Assurance a bei enger Bank keng Aktiva an och kee Personal wieren.

Dann e Punkt, wou ech nach kuerz wéilt drop agoen, ass d'Recoursméiglechkeet. Éischtens kann ee géint d'Decisioun e Recours maachen, wann decidéiert gëtt, datt d'Gesellschaft eeben opgeléist gëtt oder wa gesot gëtt, d'Prozedur gëtt arrêtéiert an déi Gesellschaft däerf viruliewen.

Mir haten och do en Avis vum Conseil de l'ordre kritt, well eeben e Fall unhänglech ass, wou im Nachhinein festgestallt ginn ass, datt Aktiva notamment am Ausland fonnt gi sinn. An do huet sech d'Fro gestallt, ob een déi Problematik hei an d'Gesetz kéint mat abannen. Dat ass natierlech eng berechtegt Fro. Mee esou e Constat kann no sechs, siwen, aacht, néng Joer op eemol optauchen a mir sinn zur Konklusioun komm, datt een dat net bräicht mat anzebannen, well eeben och den Artikel 13 souwisou eng Reouverture vun der Prozedur virgesäit. An da fält een an déi normal Prozedur vun der Faillite.

Ech wëll ofschléisse mat dem Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Gloden. An da wier et un der honorabeler Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Merci den Hären Arendt a Gloden fir d'Explikatiounen, virun allem dem Här Arendt fir den exzellente Rapport mat all den Detailer. Deem ass natierlech näischt méi bäizefügen, wat elo d'Verständnis vun dësem Gesetzesprojet ugeet.

Ech wollt vläicht just nach drun erënneren, dass de Bierger jo vun de Geriichter dat fundamentaalt Recht vum Accès zur Justice muss garantéiert kréien, wat iwwregens och an der europäescher Mënscherechtscharta festgehalen ass. A fir dës Garantie net ze gefäerden, musse mer ganz einfach de grousse Problem vun där sougenannter Lenteur vum Justizapparat och an de Grëff kréien a Léisungen um Terrain ëmsetzen.

Ech gesinn dëse Projet de loi als en Deel vun esou enger Léisung an dofir kann ech getrouscht am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Hemmen. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapporter Guy Arendt huet eis erkläert, ëm wat et an dësem Projet geet. De Léon Gloden huet weider Explikatiounen dozou ginn.

Mir wëssen och elo, firwat mer d'Reform vum Faillittegesetz schlussendlech an zwee gespléckt hunn an eis elo eebe beschränken op dës Prozedur, fir Betriber, besser gesot Net-méi-Betriber oder Ex-Betriber, kënnen opzeléisen an iergendwéi – och e wéineg méi salopp ausgedréckt – Karteiläichen aus dem Handelsregëster ze sträichen.

Voilà, merci och un de Rapporter fir säi Bericht a virun allem, fir d'Presidence vun der Sous-commission „Faillite" iwwerholl ze hunn an an der Justizkommissioun, nodeem de Franz Fayot an d'Regierung gewiesselt ass.

An deem Zesummenhang ass et mer och nach wichteg ze soen, dass mer an dëser Souskommissioun all zesummen un engem Strang gezunn hunn a virun allem hunn d'Juriste vum Terrain hir Erfarung mat erabruecht, fir esou mat de Professionelle vun der Ekonomie, vum Barreau a vun de Geriichter en zefriddestellend Gesetz zustanenzebréngen, mat deem klenge Bemoll, deen de Léon Gloden opgeworf huet, wou net jiddweree komplett domat d'accord war. Awer och e spezielle Merci un d'Madamm Millim an den Här Ruppert aus dem Justizministère, déi sech an dëser Matière beschtens auskennen an och an den internationale Verhandlungen zu Bréissel munnech Blutt geschweesst hunn, mengen ech.

Mir sinn hei, wéi de Rapporter et gesot huet, an engem Deel vun dem Projet iwwert d'Faillittegesetz. E puer Wuert zur allgemenger Problematik vun de Faillitten: Eng dynamesch Ekonomie brauch och eng modern Faillittegesetzgeebung. Faillite maachen, faillite goen ass entgéint deem, wéi et leider oft gesi gëtt, keng Fatalitéit. Natierlech ass et am Eenzelfall näischt Schéines an et wënscht een et kengem, ausser vläicht eng Partie Leit hirer Konkurrenz, wann ee selwer eng Entreprise huet, well et jo nieft deem finanzielle Schued och oft mat Aarbechtsplazverloschter an domadder och perséinleche Schicksaler zesummenhänkt. Mee Faillitte gehéieren an enger dynamescher Ekonomie derzou an an engem kompetitive Marché kann net all Geschäftsiddi zum Erfolleg féieren.

An eebe grad dowéinst muss d'Gesetzgeebung esou opgestallt ginn, dass dës inevitabel Faillitten och esou séier an esou effikass wéi méiglech kënnen ofgewéckelt ginn, wéi d'Cécile Hemmen et och elo ugedeit huet.

Eng modern Faillittegesetzgeebung ass och noutwendeg fir e gudden Entrepreneursgeescht an eisem Land. Wa mer wëllen, dass Entrepreneuren, Jonker a manner jonk Mënsche sech mat innovativen Iddie lancéieren, fir eis Ekonomie méi klimafrëndlech, méi digital a méi ressourcëschounend opzestellen, da musse mer hinnen och d'Sécherheet ginn, dass am Fall, wou et net klappt, keng éiweg a schwéierfälleg Prozeduren op si waarden, fir d'Situatioun vun enger Faillite ze iwwerwannen an hiren Entrepreneursgeescht kënne weider geltend ze maachen an deem Land.

Ech mengen, mir sinn eis all eens, déi aktuell Gesetzgeebung erfëllt dës Krittären net. Wa bei eis zum

Beispill am Moment Geriichter quasi an all Etapp vun der Liquidatioun involvéiert sinn, mussen d'Geriichter an anere Länner net permanent intervenéieren, wouduerch d'Prozedur däitlech manner opwenneg ass.

Zënter Jore weisen och international Gremie wéi d'OCDE drop hin, dass eis Faillittegesetzgeebung iwwerschafft muss ginn. Dass dës Erkenntnis heibannen an och bei der Exekutiv scho méi laang besteet, weist sech jo doduerch, dass den initiale Projet, op deen dëse Projet de loi zréckgeet, schonns, wéi de Rapporter et sot, Ufank 2013 vun der CSV/LSAP-Regierung deposéiert gouf. A virdru gouf et schonn 2003 de Luc Frieden, deen en éischte Gesetzesprojet deposéiert hat, aus deem awer ni eppes ginn ass.

Mir begréissen et dofir als Gréng, dass mer haut endlech en éischte Schrëtt ginn a Richtung vun enger moderner Faillittegesetzgeebung mat der Aféierung vun der vereinfachter administrativer Prozedur, fir sougenannte „Coquilles vides", also Entreprisen, déi eigentlech just nach um Pabeier existéieren, kënnen opzeléisen.

Andeems dës Entreprisen an Zukunft mat enger einfacher Prozedur kënnen zougemaach ginn, ginn och d'Käschte fir de Justizapparat an domat fir eis alleguerten als Steierzueler reduzéiert an d'Justiz huet méi Zäit, sech ëm méi wichteg Saachen ze këmmeren.

Am Numm vun der gréngen Fraktioun ginn ech natierlech den Accord fir dëse Gesetzesprojet. Erlaabt mer awer nach ze soen: Mir mussen och elo beim zweete Volet, dem Gesetzesprojet 6539A, séier viru-kommen, fir eebe grad dee moderne gesetzleche Kader, dee mir fir dës dynamesch Ekonomie brauchen, esou séier wéi méiglech an d'Realitéit ëmzesetzen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Margue. An da wier et um honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo, merci, Här President. Dee Speed-off hei mécht Sënn, besonnesch well mer hei eebe just net vu Faillittegesellschafte schwätzen, mee vu „Coquilles vides", Gesellschaften, déi nach am Regëster – ech soen einfach elo mol ganz salopp – erëmtrëllen, keng Aktiva hunn, keng Salariéë méi hunn an déi bis elo duerch relativ laangwiereg an deier Prozeduren hu misse liquidéiert ginn.

Genau dat spuere mer elo. De Steierbierger spuert hei eng Hellewull Geld. Mir brauchen engem Liquidateur keen Honoraire ze bezuelen, fir eng „Coquille vide" ze liquidéieren. Mir brauche keng Annoncë méi an den Zeitungen ze maachen. Mir brauchen net d'Geriichter ze belaaschte mat onsënnege Requête-en-clôturë vu Liquidatiounen, wou näischt dran ass. Et ass also eng wonnerbar Saach.

Merci nach un de Rapporter Guy Arendt, deen eis dat dote wonnerbar erkläert huet a mat där Prezisioun, déi ech elo ginn hunn, ginn ech selbstverständlech den Accord vun der ADR.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Reding. An ech ginn d'Wuert un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, dem Rapporter och nach e grousse Merci, natierlech, fir dëse Rapport.

Jo, dëse Projet huet als Objektiv, eng Procédure de dissolution administrative sans liquidation anzeféieren, déi et erméigleche soll, Gesellschaften, déi dräi kumulativ Krittären erfëllen, séier a käschtegënschteg administrativ opzeléisen.

D'Erfarunge vun der Liquidation judiciaire weise momentan effektiv op, dass besonnesch sougenannte „Coquille-viden", also zum Beispill Gesellschaften ouni en Actif an ouni e Salarié eng grouss administrativ Charge fir déi zoustänneg Juridictiounen a Käschte fir de Staat duerstellen, Suen, déi op anerer Plaz sécherlech besser investéiert wieren.

Klammert een d'juristesch Froen a Bedenken aus dem Avis vum Conseil de l'ordre aus, deen ech wierklech och elo net ka beurteelen, da schéngt de Projet op den éischte Bléck begréissenswäert: Den RCS gëtt gebotzt an de Staat spuert Suen. Net schlecht!

Här President, mir hunn awer déi eng oder aner Fro: Firwat hu mir iwwerhaapt esou vill „Coquille-viden" am RCS stoen? Firwat hu mir esou vill där Strukturen, dass mir dowéinster en eegent Gesetz musse stëmmen?

Bon, mäin Zil ass et elo net, iwwert d'Legitimitéit oder iwwert d'Konsequenze vun gewëssen Aktivitéiten hei ze debattéieren. Mee et geet mer an éischter Linn drëms, wéi mer weiderfueren, wa mir den RCS dann emol ganz grëndlech gebotzt hunn.

Ännere mir verschidde Saachen a probéieren, an Zukunft konsequent ze vermeiden, dass esou „Coquille-viden" entstinn? An deem Fall kann een de Projet éischter begréissen. Botze mir allerdéngs nëmmen den RCS a maachen duerno weider wéi bis elo, an deem Fall kann ee skeptesch sinn.

D'Procédure de dissolution administrative sans liquidation gëtt zwar als méi käschtegënschteg wéi d'Liquidation judiciaire beschriwwen, mee finalement ass se och net gratis. Wa mir also nëmmen den RCS botzen, ouni datt mir gläichzäiteg Mesuren huelen, déi ënnerstëtzen, dass Gesellschaften net einfach als „Coquilles vides" ronderëmgeeschtere gelooss ginn, soubal hiren eigentlechen Zweck eriwwer ass, da bleiwe mir an enger Situatioun, wou, vereinfacht gesot, d'Allgemengheet hannert dem perséinlechen Interessi vun e puer opraume muss. Kuerz, mir botzen en RCS, fir Plaz ze maache fir nei ..., fir déi nächst, u sech.

Här President, an deem Kontext stellt sech d'Fro, ob et net interessant wier, an d'Richtung ze goen, datt all Gesellschaft, déi gegrënnt gëtt, en Deel vum Kapital fir hir eege Liquidatioun aplange muss. Dëse Betrag wier natierlech ugepasst un d'Envergure an d'Objektiv vun der Gesellschaft.

Geeschtert eng Gesellschaft, déi reng fir een Zweck gegrënnt gouf, iergendwann eng Kéier, aus wat fir enger Ursaach och ëmmer, einfach ronderëm a verstéisst géint déi bestoend Krittären, wat dann zu enger ordonnéierter Liquidatioun féiere kann, da kéint dëse Betrag fir déi noutwendeg Liquidatioun benotzt ginn. D'Iddi ass do, fir d'Gesellschaft vun Ufank u mat an d'Verantwortung ze huelen. Et ass e klengen Ustouss u sech, just e Gedankespill, fir datt d'Allgemengheet net d'Käschte muss droen.

Well mir awer op eiser Skepsis sëtze bleiwen an déi Froe fir eis am Raum stoe bleiwen, wat elo d'Weiderféiere vun där Praxis vun de „Coquille-viden" ugeet, si mir éischter skeptesch géintiwwer dësem Gesetz a stëmmen et net mat.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Awer och merci dem Guy Arendt fir dee gudde Rapport a virun allem fir déi gutt Leedung vun der Kommissioun an der Souskommissioun, wou virun allem vill Experten zu Wuert komm sinn. Et ass keen einfachen Dossier, an dee groussen Dossier wäert jo eréischt an e puer Méint hei an d'Plenière kommen. Mir wäerten och eis Zoustëmmung haut ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | Jo, merci, Här President. An éier ech nach e bësse méi op de Fong aginn, fir dass ech et net vergiessen: e ganz, ganz grousse Merci un d'Souskommissioun „Faillite" mat hirem President a Rapporter, dem Guy Arendt, an natierlech och de Matarbechterinnen a Mataarbechter aus dem Justizministère, déi déi Knachenaarbecht un deem Projet de loi à la base, dem Faillitteprojet, vun deem deen heite jo ofgetrennt ginn ass, an deem heite Projet iwwert déi lescht Jore geleescht hunn. Et ass wierklech eng ganz, ganz knëffleg Detailaarbecht. Et kënnt nach déi europäesch Direktiv mat dobäi, déi mer elo mat verschafft hunn am Faillittentext. An ech weess wierklech Är wäertvoll Zäit ze schätzen, déi Der Woch fir Woch opbruecht hutt, fir hei zesummen ..., déi all matgeschafft hunn. Och dem Léon Gloden, dem Charles Margue, dem Cécile Hemmen, dem Marc Goergen wierklech merci fir ... Wien hunn ech vergiess?

**M. Fernand Etgen,** Président | De Roy.

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice | Den Här Reding. Ech weess net, ob deen och esou oft dobäi war, mee jo, och dem Här Reding da merci fir déi Zesummenaarbecht.

Zum Fong. Ech muss soen, déi lescht Interventioun huet mech elo e bëssen interpelléiert, well u sech ass dat heiten en Text, deen extreem wichteg ass bei der Bekämpfung vun der Geldwäscherei.

A wann ee gär hätt, dass mer alles maachen, fir dass déi Entitéiten, déi zu Lëtzebuerg existéieren, hei agedroe sinn an eisem offizielle Firmeregëster, datt déi esou propper wéi nëmme méiglech sinn, da musse mer och alles maachen, fir keng eidel Entitéiten hei ze hunn, well nämlech och gewosst ass, dass déi kënnen – net mussen, mee kënnen – riskéieren, méi wéi anerer, mëssbraucht ze ginn, eebe grad zu kriminellen Zwecker.

Natierlech kann een elo driwwer philosophéieren, wisou mer iwwerhaapt déi Situatioun hunn. Do gëtt et vill Erklärungen. Ech mengen, do hätte mer ganz gutt kënnen am Kader vun der Kommissioun laang driwwer diskutéieren an och Erklärungen dozou ginn. Dat sprengt elo hei meng Riednerzäit. Mee et ass net, well e Constat do ass, dee regrettabel ass, dass een näischt soll géint dee Constat maachen, wann ee weess, datt dat heiten en extreem wichtegen Outil ass.

Mir hunn am Moment eng schwéierfälleg Liquidatiounsprozedur, verschiddener vun de Virriedner hunn dorobber higewisen. Déi kann a verschiddene Situatioune wäertvoll an effikass sinn. Mee fir déi heiten, wou keng Konten deposéiert sinn, wou keng Salariéë sinn, wou manifestement keng Aktivitéit ass, ass dee Käschtepunkt, dee geschat gëtt op ëm déi 2.500 Euro pro Liquidatioun, fir just eng Gesellschaft aus der administrativer Welt ze schafen, déi souwisou a priori keng Aktivitéit huet, en extreem, extreem wichtegen Outil, deen eis wäert hëllefen an der Bekämpfung vun der Geldwäscherei an och an eisem

Nationbranding, wann ech et esou ka soen, fir eis als responsabel Finanzplaz ze positionéieren.

An et schreift sech och an … Et ass jo net just deen heiten Text. Wann Der Iech e bësse mat deene Froen ausernanersetzt, da wësst Der, dass et och en aneren, e Projet de loi, gëtt, deen um Instanzewee ass, wou ech och frou sinn, wa mer den Avis vum Staatsrot dozou kréien, deen eng ganz Sanktiounsprozedur virgesäit fir ze evitéieren, dass mer iwwerhaapt an déi heite Situatioun kommen. Dat heescht, dass Avertissemente geschwat ginn, wann d'Konten net deposéiert ginn, dass Vermierker gemaach ginn, wann d'Depoten net alleguerten esou gemaach gi sinn, wéi se hätte solle gemaach ginn, dass dann och Strofe gesprach ginn, wann dat net gemaach gëtt. An um Enn vun der Chaîne steet dann deen heite Projet, deen eeben déi Dissolution administrative virgesäit, dat alles am Sënn vun enger propperer, responsabeler Finanzplaz Lëtzebuerg, esou wéi mer se gären hätten.

Fir de Rescht, mengen ech, hunn all déi honorabel Deputéiert … ganz am Detail si se agaangen op déi verschidden Dispositiounen. An ech soen Iech Merci fir, éischtens, d'Zesummenaarbecht an dann och, fir déi, déi se ginn, d'Zoustëmmung.

A just vläicht nach eppes, wat mer awer och um Häerz läit, well dat och elo … – ech hat dat och schonn d'lescht Woch hei héieren –, zu der sougenannter „Lenteur" vun eise Geriichter: Mir hu keng allgemeng „Lenteur" vun eise Geriichter, dofir brauch ee just déi international Rapporten ze liesen. Déi gëtt et zu Lëtzebuerg net. Mir hunn extreem vill Aarbecht op de Geriichter.

Mir hu verschidde Geriichter, wou mer vläicht e bëssen ënnert der Moyenne leien. Dat ass virun allem um Verwaltungsgeriicht. Dat kënnt awer duerch déi ganz vill Kompetenzen, déi se hei an deenen ënnerschiddleche Gesetzer ëmmer erëm bäikréien. Mee am europäeschen Duerchschnëtt kann een eis keng „Lenteur" noweisen. Natierlech musse mer alles maachen, fir datt se hir Aarbecht kënnen esou gutt wéi méiglech an ënnert deene beschte Konditioune maachen. Dat hu mer iwwert déi lescht Jore scho gemaach. Et sinn hei och nach eng Rëtsch Gesetzesprojeten um Instanzewee, fir dat nach besser ze maachen. Ech denken notamment un de Referendairestext oder un aner prozedural Amelioratiounen, déi mer gemaach hunn. Mee ech wëll net eise Geriichter eng generaliséiert „Lenteur" hei ënnerstallt kréien, well ech mengen, dass dat net justifizéiert ass.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Justizministesch Sam Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

## 11. 8027 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire (suite)

***Dispense du second vote constitutionnel***

Beim Vott vun deem Projet virdrun, dem Projet de loi 8027, hat ech vergiess, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze froen.

**Une voix** | Eieiei!

**M. Fernand Etgen,** Président | Duerfir froen ech d'Chamber: Freet d'Chamber hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 12. 6539B – Projet de loi portant création de la procédure de dissolution administrative sans liquidation et modifiant :

**1° le Code de commerce ;**

**2° le Nouveau Code de procédure civile ;**

**3° la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;**

**4° la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de**

**– la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;**

**– la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;**

**– la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;**

**– la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;**

**– la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale ;**

**5° la loi modifiée du 25 mars 2020 instituant un système électronique central de recherche de données concernant des comptes de paiement et des comptes bancaires identifiés par un numéro IBAN et des coffres-forts (suite)**

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6539B. Den Text steet am Document parlementaire 6539B[9].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 6539B et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

Da géif ech d'Wuert ginn un den honorabelen Här Fernand Kartheiser fir den Depot vun enger Proposition de loi.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech géif dat an der …

**M. Fernand Etgen,** Président | Duerno dann.

## 13. Heure d'actualité de la sensibilité politique ADR au sujet de la charte de déontologie pour les structures culturelles

Ma da komme mer fir d'éischt bei de leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut: Dat ass déi Aktualitéitsstonn iwwert déi nei Charte de déontologie pour les structures culturelles, déi d'politesch Sensibilitéit ADR ugefrot huet. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser.

***Exposé***

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi aktuell Verfassung, déi schreift am Artikel 24 e ganz wichtegt Recht vir: „la liberté de manifester ses opinions" (veuillez lire: „la liberté de manifester ses convictions"), d'Fräiheet vun der Ried, an domat och d'Fräiheet vun der Kultur, well Konscht a Kultur woren ëmmer wichteg Vecteure vun der Meenungsfräiheet, egal wéi si sech ausgedréckt huet, iwwer Literatur, Theater, Molerei, Film, wéi och ëmmer.

An déi Fräiheet gëllt et och ze erhalen! An deem Klima, an deem mir haut dacks liewen, ass dat awer alles anescht ewéi einfach.

Radikal Beweegunge verlaangen och hei am Land, datt Monumenter ofgerappt ginn, d'Stroossen aner Nimm solle kréien, an op verschiddene Plaze gëtt esou Drock och leider noginn. Esou einfach Erfolleger stäerken natierlech nach esou eng Zeen, déi sech mat liichte Succèsen an hirer Methodik bestätegt fillt.

Dëse Summer hate mir an Däitschland Debatten iwwer e Schlager „Layla" an iwwer „Winnetou"-Bicher, déi de Ravensburger Verlag zréckgezunn huet, béides ënnert dem Zeeche vun enger sougenannter Cancel Culture, enger Culture de l'effacement, wou Saachen da sollen aus dem ëffentleche Raum verdrängt ginn, déi Verschiddener aus ideologesche Grënn net wëllen do gesinn.

Vill Leit wëssen, datt Zensur ënner ville Formen optriede kann. D'Ëmschreiwe vu Bicher gehéiert dozou bis hin zu engem Verbuet oder souguer hirer materieller Zerstéierung, wéi dat nach viru Kuerzem a Kanada geschitt war.

Besonnesch kriddeleg gëtt et, wa Konscht a Kultur vum Staat finanziell ënnerstëtzt ginn, wat jo u sech eng ganz gutt Saach ass, mee doduerch entsteet natierlech och eng Ofhängegkeet vun der Konschtzeen vum Staat.

Iwwert déi Ofhängegkeet kënne Verschiddener probéieren, Drock op déi kulturell Kreatioun auszeüben. Sou ass et der Krimi-Serie „Capitani" gaangen. E

sougenannte Kënschtlerkollektiv wor ideologesch mam Contenu net zefridden an huet seng Attitüd, bal seng Intoleranz, géif ech soen, op dës Manéier artikuléiert: „Capitani ass als staatlech finanzéiert kulturell Kontributioun mat wäiter Distributioun e richtege Problem, mat deem sech auserneegesat gi muss." De Message ass kloer: Iwwert d'Sue vum Staat soll hei zensuréiert an ëmgeschriwwe ginn.

Och d'Fräiheet vun der Wëssenschaft ass a Gefor! An deem Beräich gouf et och eng grouss a gëtt et nach ëmmer eng grouss Tentation totalitaire géint Wëssenschaftler, déi net déi politesch gewënschten Theorien ënnerstëtzen. Am Kader vun der Klimadiskussioun hate mir och esou eng Diskussioun hei zu Lëtzebuerg.

An engem klenge Land wéi eisem kënnt der staatlecher Ënnerstëtzung vun der Kultur eng besonnesch Wichtegkeet zou. Déi kleng Publikumszuelen an deen allgemeng limitéierte Marché fir national Produktioune maache si néideg.

De Kulturministère an de Filmfong spillen hei zentral Rollen. Dat gëtt hinnen allerdéngs och eng besonnesch Verantwortung, fir deen Afloss net ze mëssbrauchen.

D'Analys vun der Praxis stellt awer Froen, a besonnesch déi, ob et hei am Land iwwerhaapt méiglech wär, e Film ze dréien oder en Theaterstéck nach op d'Bün ze bréngen, déi der Ideologie vun der Regierung géifen oppe widderspriechen.

Dowéinst ass et eng ganz wichteg Fro, deen neie Code de déontologie fir d'Kulturstrukturen ze hannerfroen, deen d'Madamm Minister Tanson dëst Joer am Juni agefouert huet. Ass een nach fräi, eppes anescht ze soe wéi d'Regierung? Oder ass een nëmmen nach fräi, dat ze soen, wat d'Regierung wëllt héieren?

*(Brouhaha)*

Esou Behuelcoden ...

**Une voix** | Très bien!

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Esou Behuelcodë kënnen d'Kulturzeen ganz liicht a ganz séier an e „vorauseilende Gehorsam", wéi déi Däitsch soen, drécken.

*(Interruption)*

Wat d'Politik net wëllt, produzéiert ee besser net. Schliisslech geet et net nëmmen ëm déi gutt Relatioune mat den Autoritéiten, mee och ëm de Su an ëm Aarbechtsplazen.

*(Interruption)*

Den Artist mécht eng Autozensur. En zensuréiert sech selwer am Viraus, fir méigleche Problemer aus dem Wee ze goen.

Ech wollt just soen, Här President, ech mengen, ech hunn zéng Minutten. Hei geet et op fënnef Minutten.

**M. Fernand Etgen,** Président | Dir hutt zéng Minutten, Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Merci.

Eng weider Schwieregkeet ass déi, datt déi postuléiert Wäerter am Deontologiekodex, déi et ze respektéiere gëllt, an engem héich ideologiséierten Ëmfeld ganz séier kënnen evoluéieren. Wat haut nach politesch korrekt ass, ka muer schonn net méi radikal oder „progressiv" genuch sinn.

Den Artist riskéiert och ëmmer méi, mat sengem Wierk identifizéiert ze ginn. Net méi d'Konschtwierk ass Objekt vun der Diskussioun, mee virun allem déi politesch Conformitéit vum Artist oder aner Krittären, seng Nationalitéit oder aneres.

De perséinleche Risiko vum kulturell Aktive wiisst also. Iwwerhëlt hien e staatlechen Narrativ, kann him net vill geschéien. Wielt hien awer d'Dignitéit vun deem, wat e Václav Havel als „Liewen an der Wourecht" bezeechent huet, riskéiert en heiansdo och seng berufflech Existenz.

Fir elo hei d'Geforen ze weisen, wëlle mir emol Passagen aus deem Communiqué vum Kulturministère vum 14. Juni zitéieren. Dee berüümte lëtzebuergesche Kulturentwécklungsplang hat d'Richtung virginn, Zitat: „Instaurer un nouveau mode de gouvernance des institutions culturelles sous tutelle du Ministère de la Culture". Also d'Kulturinstitutioune „sous tutelle du Ministère de la Culture" – dat ass eng interessant Formuléierung!

An där Charta – dem Deontologiekodex –, Artikel 4, gëtt déi artistesch a kulturell Onofhängegkeet vun de kulturelle Strukturen extra haart, besonnesch feierlech an explizitt visuell betount. Dat ass awer alles anescht wéi glafwierdeg! Mir sinn e bëssen a „Feigenblatt"-Formuléierungen hei, fir eng aner Realitéit ze verstoppen.

Aacht sougenannt „Wäerter" muss all Struktur respektéieren, woubäi et ënnert deene keng Hierarchie gëtt. Dobäi sinn: „l'égalité des chances et des genres", eng Referenz op d'Gendertheorie, „la diversité culturelle", woubäi keng Referenz op eng spezifesch lëtzebuergesch Kulturproduktioun gemaach gëtt, an d'„écoresponsabilité" mat der Opfuerderung an deem Kontext, de Lignes directrices vum Klima- an Ëmweltministère nozekommen.

Déi Charta gëllt zu all Abléck fir all Struktur, déi Sue vum Staat kritt, an applizéiert sech och op Leit, déi hierarchesch net vun där Struktur ofhängeg sinn, wéi zum Beispill d'Fournisseuren oder d'Prestataires de service. Och si kënnen also indirekt ënner Drock gesat ginn.

De Kulturministère mécht en direkte Link tëschent Suen a Charta „Le Ministère de la Culture a mis en place une politique de financement public qu'il souhaite accompagner dorénavant par la publication de la présente charte de déontologie." Dobäi geet et och ëm „cohésion sociale" an ëm d'„démocratisation culturelle", ouni déi Begrëffer awer méi no ze erklären oder ze definéieren.

All Struktur muss awer en, Zitat, „comportement exemplaire" weisen. An all Struktur muss eng Persoun fir d'Anhale vun deenen neie Reegelen zoustänneg sinn. An d'Struktur muss sech och nach eegen an zousätzlech Reegele ginn.

Wie sech an enger Kulturstruktur net un d'Reegelen hält, fält ënner eng „procédure de signalement interne". Mir sinn also och hei an engem System vun Delatioun an Denonciatioun, esou wéi mer et aus anere Regimmer kennen!

Wann eng Struktur d'Reegelen net respektéiert, zum Beispill ee vun deenen aacht Wäerter net, wéi et heescht, „vehiculéiert", kann hire Finanzement gestrach ginn.

Selbstverständlech muss et bei deene Gréngen och Quote ginn, souwuel an den Organes de prise de décision wéi och um Niveau vun der Programmatioun. An der Praxis däerft dat e bësse schwiereg sinn ...

An da gëtt nach geschwat vun „différents genres", woubäi kee Mënsch weess, wéi vill dat der da sinn. An et däerf keng, Zitat, „catégorisation abusive" – dat weess een och net genau, wat dat soll heeschen – „en lien avec le genre ou l'orientation sexuelle" ginn. Dat ass Interpretatiounssaach, elo e bësse och schwéier, dat ze verstoen.

Déi Lëtzebuerger Kulturinstitutioune solle sech bei Gambia och net speziell fir déi Lëtzebuerger Kultur interesséieren, mee, Zitat, d'„multiplicité des formes par lesquelles les cultures des groupes et des sociétés trouvent leur expression" unerkennen. Si sollen d'Inklusioun an d'Participatioun vun alle Kulturen an den interkulturellen Dialog fleegen. Wéi gesot, vu Lëtzebuerger Kultur geet do guer net rieds. An da muss d'Kulturinstitutioun selbstverständlech och nach géint de Klimawandel kämpfen!

Här President, mir mengen, d'Froe leien op der Hand. Esou e Code de déontologie brauch kee Mënsch, deen un d'Fräiheet vun der Kultur gleeft an déi wëllt verdeedegen! Mir wëllen, datt esou vill wéi méiglech an esou variéiert wéi méiglech Kultur ka gewisen, gelieft, gelies ginn, och, fir datt eis jonk Leit eng breet Palette vu Meenungen, Iddien, Nuancë kenneléieren, léieren, an net nëmmen deen Eenheetsbräi vun enger bestëmmter Ideologie.

Eng Kulturstruktur, déi Sue vum Staat kritt, soll selbstverständlech dorophi kontrolléiert ginn, ob déi Sue korrekt geréiert ginn. Awer déi Gefor vu permanenten Agrëffer an déi kulturell an artistesch Fräiheet, déi dëse Code duerstellt, ass inakzeptabel!

Mir als ADR vertriede jiddefalls d'Iddi vun der Fräiheet vun der Kultur. Mir wäre frou, wann déi Kulturinstituter hei am Land och eiser eegener Lëtzebuerger Kultur vill Plaz géife ginn, ier si sech a Richtung interkulturellen Dialog beweegen, well fir den Dialog gehéiert eist Eegent jo och mat derbäi.

Mir als ADR wëllen de Kulturinstituter hei am Land hir Fräiheet erhale respektiv zréckginn an domat déi Wäerter konkreet liewen, déi eis westlech Zivilisatioun ausmaachen.

Här President, an där neier Verfassung ass d'Fräiheet vun der Kultur leider net explizitt virgesinn. Deen zukünftegen Artikel 44 (veuillez lire: Artikel 42) seet just, datt den „accès" zu der Kultur soll garantéiert ginn, mee de Begrëff vun der „liberté de la culture" fënnt een do net. Dat ass schued!

## 14. Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser

Mir op jidde Fall als ADR wäerten eis weider fir d'Fräiheet vun der Kultur asetzen. An deem Sënn, Här President, wollte mer och haut eng Proposition de loi hei deponéieren, wou mer weisen, wéi ee ka géint déi Culture de l'effacement, déi Cancel Culture konkreet Schrëtt setzen.

Déi Proposition de loi, déi ech d'Éier hunn, Iech elo ze iwwerreechen, ass eng Iddi an déi Richtung, well mir hu gesot, ech hat dat och virdrun ernimmt, datt d'Ëmschreiwe vu Bicher ee Wee ass, fir Zensur ze maachen. An dat Ëmschreiwe vu Bicher gesi mer ëmmer erëm! Mir gesinn et ganz heefeg bei Kannerbicher, bei Auteuren, an dat geschitt och dacks natierlech ouni d'Awëllegung vun den Auteuren oder wéi et och ëmmer ass.

Mir hunn dofir eng Iddi, déi mer wëlle proposéieren, dat ass, datt bei Bicher, déi ëmgeschriwwe sinn, d'Leit sollen dorobber opmierksam gemaach ginn, datt et net deen originalen Text ass, dee se kréien, net d'Intention première vum Auteur, och bei Literaturwierker, mee datt et eeben en ëmgeschriwwenen Text ass. An dofir kéint een déi Bicher markéiere mat engem Warndräieck um Titel, zum Beispill, wou ee seet: „Hei, dat doten ass dat an dat Buch vun deem an deem Auteur, mee passt op, et ass ëmgeschriwwen, et ass net déi original Versioun!"

Ech mengen, datt d'Leit e Recht drop hunn ze wëssen, wa se e Buch kafen, ob dat d'Original vum Auteur ass oder ob dat eng, aus politesche Grënn, modifizéiert Versioun dovunner ass.

An deem Sënn, Här President, wéilt ech Iech déi Proposition de loi iwwerreechen.

*8085 – Proposition de loi du jj/mm/aaaa luttant contre les pratiques appelées « culture de l'effacement » ou « culture de l'annulation » dans le domaine de la littérature*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), auteur | An ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools.

## 15. Heure d'actualité de la sensibilité politique ADR au sujet de la charte de déontologie pour les structures culturelles (suite)

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Octavie Modert ageschriwwen. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Merci, Här President. Iwwert déi Charta hei war schonn eng Kéier an der Kulturkommissioun rieds gaangen. Do hate mer alleguerte Froe gestallt a Bemierkunge gemaach.

Ech wëll hei kuerz nach op e puer Punkten agoen. Ech géif eigentlech gär ronderëmmer dräi grouss Begréffer d'Saach elo opbauen. Dat eent ass sécher d'Professionaliséierung, dat anert ass ganz sécher d'Onofhängegkeet an d'Fräiheet vum kulturelle Schafen an och nach d'Proportionalitéit.

Ech mengen, wat sécher an evident ass, dat ass, datt d'Onofhängegkeet vun der Kultur, d'Fräiheet vum kulturelle Schafe keen Agréff vun uewen däerf kréien an hunn. Ech mengen, dat ass evident, dat ass ganz kloer, do brauche mer net weider nach eppes driwwer ze soen, well wa mer eppes méi missten driwwer soen, wär dat net gutt.

Mir haten an der Kommissioun och doriwwer rieds. Ech hat gemengt, d'Madamm Minister och ze verstoen, datt dat och net esou geduecht wär. Well wann et esou geduecht wär, mengen ech, wäre mer eens, datt dat net géif kënne sinn. Dat ass ganz kloer.

D'Professionaliséierung, déi geduecht war, fir mat dëser Charta ënnerstëtzt ze ginn, ass sécherlech e gudden Usaz. Allerdéngs muss een hei soen, datt d'Charta éischter méi d'Relatioune vun enger kultureller Struktur zum Ministère schéngt ze regéiere wéi déi vun de Strukturen zum Beispill vis-à-vis vun den Artisten.

D'Pofessionaliséierung ass selbstverständlech e ganz wichtege Punkt. An do sinn och eenzel Usätz dran, déi si ganz, ganz an der Rei. Dat hätt een och vläicht einfach an eng Konventioun kënne schreiwen.

Ech mengen, datt een d'Prinzippien ënnerstëtze kann. Vill dovunner si souwisou eigentlech selbstverständlech. Natierlech kann een och Froe stellen: Wat bedeite se? – ech wäert se elo net alleguerten hei ofliesen, déi Wäerter, déi genannt ginn an drastinn –, mee awer och nëmmen ënnert der Konditioun, datt d'Onofhängegkeet garantéiert bleift.

Wien, natierlech, garantéiert déi Onofhängegkeet? A wie garantéiert a wie kontrolléiert dat? Ass et e Contrôleur contrôlé herno? Mir sinn also, mengen ech, d'accord a mussen d'accord sinn, datt déi Prinzippien do cum grano salis ugewannt musse ginn. Et däerf keen Diktat sinn. Dat ass ganz kloer.

Ech mengen och, datt der Proportionalitéit muss Rechnung gedroe ginn. Et däerf keng Usine à gaz sinn. Et muss een och der Gréisst vun de Vereenegungen, vun de Verbänn, vun de klenge Strukture Rechnung droen. Et kann ee sech, mengen ech, souguer d'Fro stellen, ob een net sollt eng Exemptioun maache fir kleng, ganz kleng Strukturen an ASBLen oder och nach jee nodeem, wéi ee Betrag se vun Ënnerstëtzung kréien. Dat, mengen ech, wär och eppes, wat ee sech sollt iwwerleeën.

En Deel Froe stelle sech natierlech, well ech mengen ...

Just, fir dat nach virdru virzemaachen: Dat soll och scho proportionell si jee no Struktur, an dat soll och net ze vill Pabeierkrom herno mat sech brénge fir ze beweisen, ob een eppes gemaach huet oder net. Ech mengen nach eng Kéier, datt dat dofir, och vis-à-vis vun der Onofhängegkeet, awer och vun der Zweckbindung, muss ganz, ganz sécher gekuckt ginn, datt do keen ënner Tutelle gestallt gëtt. Dat, mengen ech, muss evident sinn.

Et bleiwen en Deel Froen, déi ech einfach wollt stellen. Zum Beispill: Wéi participativ war tatsächlech de Prozess vun der Ausschaffung vun där Charta? Ech weess, datt e Webinar gemaach ginn ass, ech weess, datt och verschidde Strukturen et geschéckt kritt haten. Hu se all Äntwerte kritt? Oder ass herno déi definitiv Versioun dann eng Kéier opgetaucht an dat war et? Ech mengen, do ass sécherlech och e Punkt, datt de participative Charakter hei e ganz wichtege Prozess wär.

Ee vun de ganz, ganz wichtege Prinzippien, déi dann drastinn, ass eng fair a gerecht Bezuelung. Ech mengen, do brauche mer guer näischt dovunner ze soen. Dat ass scho richteg. Wéi een dat formuléiert an enger Charta oder wou, dat ass eng aner Fro.

Et stellt sech dann awer d'Fro: Wéi eng Mëttele gëtt et fir d'Ëmsetzung do dovunner? Respektéieren och d'Konventiounen dat dee Moment? Gëtt et indexéiert? Zielt dat och fir d'Personal? Wou reie sech d'Gemengen an an dëser Charta, déi jo ganz dacks awer och grousse Geldgeeber vu verschiddene Strukture sinn? Dat si sécher Froen, déi och mussen adresséiert ginn.

Den Delai fir ze ënnerschreiwen ass virun zwee oder dräi Deeg ofgelaf. Madamm Minister, et ass wuel publizéiert, wéi vill der ënnerschriwwen hunn. Sinn der och vill, déi net ënnerschriwwen hunn an där Charta hei? An hu si Ursaache genannt do derfir? An nach eng Kéier: Ech mengen, datt dat awer net däerf sanktionéiert ginn! Dir hat eis gesot, dat wär net den Zweck vun der Saach. Da ginn ech och do dovunner aus, datt dat esou soll sinn.

Och, wa mer bei der Proportionalitéit sinn, nach e Wuert, datt de Benevolat wichteg bleift, an do musse mer och drop oppassen.

Elo kéint ee sech natierlech d'Fro stellen: War d'Dokument wierklech néideg? Konnt een déi Prinzippien op eng aner Fassong bannen, déi, déi gutt a wichteg sinn? Ech mengen, de Fazit hei soll sinn: Et däerf keng Zweckbindung sinn, mee et ka gutt a richteg Praxissen ënnerstëtzen, Reflexiounen ustoussen. An dat ass natierlech e gudden Aspekt do dovunner.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Modert. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Här President, léif alleguer ...

Hei ass et rout! Elo geet et, elo héieren ech mech, jo.

Här President, léif alleguer, d'Charte de déontologie, déi de Ministère eis schonn am Juni ënnerbreet hat an der zouständeger Kommissioun, déi mer och eng Kéier duerchgeschwat hunn, déi mer analyséiert hunn, schéngt a priori e gutt Dokument ze sinn. Andeems se d'Dokument ënnerschreift, engagéiert sech déi kulturell Struktur, verschidde Prinzippien a Reegelen ze applizéieren.

Et geet drëm, am Ganzen aacht Wäerter, déi als fundamental jugéiert ginn op deontologeschem Plang, ze respektéieren. Et wieren dat zum Beispill, et ass schonn d'éinescht ugeklongen, eng gerecht Bezuelung vun de Kënschtler, déi kulturell Diversitéit an de géigesäitege Respekt am Ëmgang mateneen; eigentlech, fir un d'Octavie Modert unzeknëppen, selbstverständlech Saachen.

Dir hutt eis op meng Nofro hin, Madamm Minister, preziséiert, datt et déi Strukture sinn, déi vum Ministère eng budgetär Dotatioun kréien oder déi eng Konventioun mam Ministère ënnerzeechent hunn, datt et déi sinn, déi ënnert dës Charte falen. Déi, déi just e Subsid kréien, déi wieren oder sinn ausgeholl.

Et ass mer och gesot ginn, datt de Ministère eng järlech Evaluatioun vun de konventionéierte Strukturen duerchféiert, a wann da Problemer detektéiert géife ginn, datt dat da kéint diskutéiert ginn.

De Ministère, also den Executif, huet de Pouvoir, fir de Budget ze kierzen oder d'Konventioun opzeléisen, wa sech net un d'Charte gehale gëtt.

Ech hunn am Juni an der Kommissioun gefrot, ob de Staat sech net esou iwwer eng Aart Hannerdier kéint an déi artistesch Programmatioun vun den Haiser direkt oder indirekt amëschen, och mam Risiko, datt et, gewollt oder ongewollt, zu enger staatlech determinéierter Kultur kéim. Dat wier awer net méiglech, gouf mer gesot, well den Artikel 04.04 stipuléiert, datt de Staat d'Onofhängegkeet vun de Kënschtler an de kulturellen Haiser net dierft a Fro stellen.

Wann et ëm d'Bewäertung geet a wann et heescht ze iwwerpréiwen, ob d'Wäerter, déi an der Konventioun opgeléscht ginn, och respektéiert ginn, da stellt sech awer déi méi wéi berechtegt Fro, wien dat mécht! Et ka jo awer net sinn, datt am kënschtleresche Beräich de Staat, also e Ministère, bewäerte géif, wat gutt a wat schlecht ass! E géif riskéieren, denken ech, sech domadder op en zimmlech delikaten Terrain ze beweegen.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | D'Fro drängt sech op, ob et net méi wéi berechtegt wier, eng neutral Instanz jugéieren an iwwerpréiwen ze loossen, wou e kulturellt Haus oder eng kulturell Organisatioun dann d'Charte net respektéiert sollt hunn. Änlech wéi op anere Plazen, wou mer jo eng Agence de qualité hunn, déi dann och Appreciatiounen duerchféiert fir erauszefannen, wou et zu qualitative Verbesserunge misst kommen.

Eng aner Saach, déi mech interpelléiert, dat ass d'Bezuelung vu sougenannten „droits de monstration" – ech hunn do en neit Wuert bäigeléiert – un d'Kënschtler oder eventuell un hir Nokommen, déi elo am Gespréich eeben ass, déi Bezuelung.

Net, datt ech dergéint wier, d'Kënschtler anstänneg ze bezuelen. Ganz am Géigendeel, dat steet hei

iwwerhaapt net zur Diskussioun. Mee et muss een awer bedenken, datt, wa privat Acteure wéi ASBLen, déi fir Kënschtler eng Plattform bidden a wou haaptsächlech benevoll geschafft gëtt, och nach Droits de monstration misste bezuelen, da kréichen der vill dat net méi gestemmt. An da wäerten och ettlech Gemenge Raute wénken a sech gutt iwwerleeën, ob se nach Expoen organiséieren.

Bei enger Expo, fir nëmmen e Beispill ze nennen, vun – disons – 20 Kënschtler an der Galerie „A Spiren" zu Stroosse misst d'Gemeng dann eventuell e puer dausend Euro eleng u Monstratiounsrechter bezuelen. Ech froe mech och, Madamm Minister, wéi héich dann d'Käschte fir den Nationalmusée wieren, wa bei der aktueller Retrospektiv vum Gast Michels oder bei där vum Robert Brandy esou Tariffer misste bezuelt ginn. A wéi sollen ASBLe wéi den ARC, den LAC, de CAL, ViArt an anerer, déi jo eigentlech Vereenegunge vun Artiste sinn, dëst bezuelen?

Der langen Rede kurzer Sinn: Jo zum Respekt vu Prinzippien a Wäerter, déi jiddereen am kulturelle Beräich akzeptéiere kann, ech denken, mir alleguer heibannen. Nee awer zu enger qualitativer Bewäertung vun den Haiser an Institutiounen duerch de Staat selwer. Jo zu engem onofhängege Gremium, dat dës Bewäertung mécht. Nee zu enger Méibelaaschtung vun de privaten Acteuren, déi mat enke Budgete schaffe mussen an net déi personell Ressourcen hunn, iwwert déi ëffentlech subsidéiert Haiser oder Institutioune verfügen.

Et muss also Exceptioune fir d'ASBLen, fir d'Veräiner ginn an d'Evaluatioun muss vun enger neutraler Instanz virgeholl ginn.

Mir behalen eis allzäit e kritesche Bléck an dësem Kontext a mir froen eis, ob all Haus, dat dës Charte ënnerzeechent huet, dat mat gréisstem Äifer a Begeeschterung soll gemaach hunn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Bauler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat hirer Aarbecht, hire Projeten an hire Programmatioune leeschten déi divers kulturell Strukturen hei zu Lëtzebuerg e wäertvolle Bäitrag zu eiser Kulturlandschaft. Si erhalen eise kulturelle Räichtum net nëmmen, mee si schafen och mat artistesche Kreatioune permanent Neies an entwéckelen esou eise kollektive Patrimoine weider.

D'Charte de déontologie, déi de 14. Juni dëst Joer virgestallt ginn ass, reit sech an de Kontext vun der Recommandatioun Nummer 13 vum Kulturentwécklungsplang, KEP, an, déi eng nei Form vun der Gouvernance als Zil huet. Déi kulturell Strukturen, vun deenen haut hei rieds geet, kënne kulturell Institutiounen am klassesche Sënn sinn, wéi zum Beispill e Musée, mee awer och Organisatiounen an Associatiounen, déi kulturell Aktivitéiten tätegen.

Här President, Kultur dréit weesentlech zum Meenungsaustausch an enger demokratescher Gesellschaft bäi. Kultur ka politesch Messagen zum Ausdrock bréngen an d'gesellschaftlech Aktualitéit opschaffen. Mee si ass gradesou fräi, dëst net ze maachen. Fir dëse Meenungsaustausch ze erméiglechen, brauch ee Konschtfräiheet, an un dëser Konschtfräiheet gëtt et fir d'LSAP näischt ze réckelen.

Mir hunn als LSAP an eiser Geschicht d'Konschtfräiheet ëmmer héichgehalen a mir wäerten dëst och mat Iwwerzeegung an Determinatioun weider maachen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Mir gesinn an der Charte de déontologie allerdéngs och kee Grond, d'Konschtfräiheet an iergendenger Form attackéiert ze gesinn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Mir kënnen eis au contraire mat de Wäerter, déi an der Charte de déontologie festgehale sinn, identifizéieren. D'Charte preziséiert nach eng Kéier, dass den Accès zur Konscht e Mënscherecht ass. An dat gesi mir grad esou. Si reaffirméiert d'Roll vun der Konscht fir d'sozial Kohäsioun. Och dat kënne mir ënnerschreiwen.

De Respekt vis-à-vis vun deenen aneren, d'Confidentialitéit vu privaten Donnéeën, eng gerecht Entlounung vun den Agenten a Kënschtler, d'Integritéit vun de Membere vun der jeeweileger Struktur an d'Preventioun vu méiglechen Interessekonflikter, d'kulturell Onofhängegkeet vis-à-vis vu Mecènen, d'Chancëgläichheet an d'Gläichheet vun de Genrë gradesou wéi déi kulturell Diversitéit an d'Transparenz si wichteg Wäerter, déi och d'LSAP deelt.

Dës Wäerter si keng Meenung vun Eenzelnen. Dës Wäerter si Grondprinzippien, déi eng demokratesch a solidaresch Gesellschaft auszeechnen. De Kultursecteur huet sech d'ailleurs iwwerall op der Welt, do wou e fräi schaffe kann an däerf, nach ëmmer staarkgemaach fir eng tolerant a solidaresch Gesellschaft. De Kultursecteur huet nach ëmmer Positioun ergraff en faveur vun deene Schwächsten an en faveur vu Minoritéiten. De Kultursecteur huet de Wee fräi gemaach fir esou munch gesellschaftleche Fortschrëtt.

Dofir mengen ech, dass an eis kulturelle Strukturen am Land wuel nach ni eng Programmatioun entstanen ass géint iergendeen, mee ëmmer nëmme fir een oder fir eppes.

D'Charte seet notamment och Follgendes, an ech zitéieren: „La structure culturelle agit en toute indépendance artistique et intellectuelle dans le cadre de ses activités et n'accepte aucune intervention sur ses choix artistiques ou le contenu artistique de ses projets, ni de la part de l'État, ni d'aucune autre instance [...]." A weider: „Aucun soutien financier du ministère de la Culture ne saurait porter atteinte à sa liberté d'expression artistique."

Ech denken, dass mat dëse Passagen, déi esou an der Charte schwaarz op wäiss festgehale sinn, d'Intentioun vum Ministère kloer ass, fir d'Konschtfräiheet ze respektéieren.

Och ass et esou, dass de Kultursecteur Sécherheete brauch fir seng zukünfteg Entwécklung. Wéi an all Charte oder an anere Texter kann een iwwer Detailer diskutéieren, an dat a gudder oder och a manner gudder Absicht, wéi mer dat jo och hei elo schonns de Mётteg héieren hunn.

Fir eis als LSAP ass et awer ganz kloer, dass mir dës Charte, esou wéi se ausgeluecht ass, matdroen, an dat aus all de Grënn, déi ech och virdru schonns ernimmt hunn. An ech hoffen, dass all eis kulturell Institutiounen nach vill Projeten entwéckelen, déi zu eisem kollektive Patrimoine bäidroe wäerten.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Asselborn-Bintz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Här President, 2015 koum aus de Reie vun der Alternativer Demokratescher Reformpartei eng Question parlementaire, an där si sech iwwer eng kënschtleresch Initiativ vum Studentekollektiv „Richtung22" opgereegt hunn, dat Lëtzebuerg gesellschaftskritesch hannerfrot huet an dobäi drastesch Wierder benotzt huet. Deemools war et de Kulturministère, dee sech huet missen éierlech fir d'Konschtfräiheet staarkmaachen an d'Ënnerstëtzung fir déi Konschtschafend verteidegen.

2018 dunn eng weider QP un de Claude Meisch, ob Kanner am Cycle 4.2 kéinte gezwonge ginn, mat der Schoul en Theaterstéck kucken ze goen, an deem Homosexualitéit thematiséiert gëtt.

2019 huet e jonke Museker e Lidd iwwer eist Land opgeholl, deem säin Titel ee kann „FCK LXB" ofkierzen – mee et muss een et awer och net. Och deemools hu sech Sympathisante vun der ADR op d'Féiss getréppelt gefillt an hu geklot. An och deemools hate si domadder keen Erfolleg. Déi Kéier war et de Pouvoir judiciaire, deen hinnen d'Konschtfräiheet huet missen erklären.

An haut, léif Kolleeginnen a Kolleegen, féiere mer eng Diskussioun an der Chamber, well déi selwecht ADR mengt, de Kulturministère géif d'Konschtfräiheet net respektéieren. Majo dann!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | An dozou kann ech just soen: Merci fir dës Heure d'actualité, déi mer d'Geleeënheet gëtt ze weisen, wéi sech de Kulturministère fir de Schutz vun de Rechter vun der Kulturzeen asetzt, wéi d'Aarbechtskonditioune vun de Kënschtlerinnen a Kënschtler geschützt an héichgehale sollen a musse ginn a wéi de Kultursecteur d'Theema Nohaltegkeet fir sech kann definéieren a säi Bäitrag ka leeschten.

Här President, Kulturinstitutioune gi staatlech geférdert, well si eng Mission d'intérêt général erfëllen. Si kréien ëffentlech Gelder ënner anerem dofir, dass si hir Programmer kënschtleresch fräi gestalte kënnen. Den Deontologieskodex verschrëftlecht just eng Basis un evidente Verflichtungen, déi mat dem Vertrauensvirschoss Hand an Hand ginn.

An der Charte ass dat esou ausgedréckt: „défendre les valeurs d'éthique et de professionnalisme qui sous-tendent la relation de confiance entre les structures culturelles, les artistes et les citoyen/nes."

D'Charte adresséiert sech u Strukturen an net un eenzel Kënschtler/innen. D'Zil ass grad, déi Konschtschafend ze schützen an hir Rechter ze garantéieren. Et ass dobäi intellektuell onéierlech, hei alles ze vermëschen an an Zweifel ze zéien.

D'Fuerderung no enger Deontologiescharte koum aus dem Kultursecteur selwer. Ech verweisen, gradesou wéi verschidde vu menge Virriedner, op d'Recommandatioun 14 am Kulturentwécklungsplang, „Redéfinir la politique de conventionnement pluriannuel", wou eng Mesure ass: „Mise en place d'une charte de déontologie, charte de conduite ou code d'éthique".

Sou, a wat steet dann elo eigentlech an där Charte dran? Ma si baséiert op aacht Valeuren a se goufen deelweis schonn erwäänt. Ech wëll se awer nach eng Kéier widderhuelen, well et ass mer wichteg, datt mer heibäi iwwer Fakten an iwwer Inhalter schwätzen. Et geet ëm Kompetenz, Respekt, fair Bezuelung, Integritéit, Chancen- a Geschlechtergerechtegkeet, Diversitéit, Transparenz an Ekoresponsabilitéit.

Dass dës Punkten der ADR sauer opstoussen, dat seet méi aus driwwer, wéi réckwäertsgewant a

klengkaréiert d'Haltung vun der ADR ass, wéi iwwert den Inhalt vun dëser Charte.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | A wann dem Demandeur vun dëser Heure d'actualité déi kënschtleresch Independance esou wichteg ass, ma sou verweisen ech genausou wéi meng Virriednerin dorobber, dass d'Dokument selwer d'Konschtfräiheet ausdrécklech garantéiert. An ech soen der Madamm Asselborn-Bintz Merci, dass se et och nach eng Kéier zitéiert huet. Dat erlaabt mir, et net nach eng Kéier mussen ze maachen. Mee ech mengen, et ass ganz, ganz däitlech an deem Dokument ausgedréckt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Sou. Wat de Virworf vun engem Agréff an d'Konschtfräiheet ugeet, gëtt et also hei op dëser Plaz just en Non-lieu ze constatéieren. Fir de Rescht ass dës Charte e Progrès, eng Äntwert op eng Demande, eng Guidance an eng Ureegung zur Reflexioun vun all Kulturhaus. Et ass en Dokument, wat de Kultursecteur responsabiliséiert. Schéin, dass mer haut heiriwwer geschwat hunn, a vive eis progressiv, responsabel a villfälteg Kulturzeen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Wéi naiv!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Bernard. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, änlech wéi d'Madamm Djuna Bernard war beim Liese vun der Motivatioun vun dëser Heure d'actualité main éischte Gedanken: Hu mir soss keng aner Problemer, wéi iwwert dës Charte ze schwätzen? Hu mir soss keng aner Problemer, wéi iwwer eng Charte ze schwätzen, déi eigentlech gutt ass?

Ech hu se zweemol gelies op der Sich no iergendengem Problem, iergendeppes, wat et ze bemängele gëtt, an ech muss soen, ech hunn näischt direkt fonnt. Eis geet se éischter net wäit genuch. Et ass eigentlech eng Wëllenserklärung a fir eis ass dat éischter eng Evidenz, wéi dat och schonn hei gesot gouf.

Si ass jo net obligatoresch, woubäi mer awer eng gewëssen Ambiguitéit feststelle beim Punkt „Non-respect des règles déontologiques". Do steet jo: „Le non-respect des présentes règles peut conduire à une diminution voire un arrêt du financement public du ministère de la Culture."

An do wär ech frou ... an dat wär meng eenzeg Fro un d'Madamm Ministesch, eng Kéier dorops anzegoen, wat dat genee bedeit, just als Kloerstellung och vläicht un déi jeeweileg Acteuren, wat dann eebe geschitt mat dem ëffentleche Finanzement a wéini dat entscheet gëtt, also wat do d'Krittäre sinn, fir dass dat vläicht e bësselche méi kloer ass.

Dat ass e bëssen déi eenzeg Ambiguitéit, déi ech awer erausgelies hunn, och well ech effektiv vun engem Acteur aus der Kulturzeen drop ugeschwat gouf. Eiser Meenung no misst een dat kloerstellen, fir dass eeben och déi jeeweileg Acteuren do rassuréiert sinn.

Allgemeng awer begréisse mer d'Charte, wéi ech scho sot, a mir sinn deenen dankbar, déi se ausgeschafft hunn. Well wat mécht dës Charte? Si gesäit elementar Reegele vir, un déi d'Acteuren aus der Zeen sech sollen halen. Déi Reegele liese sech fir eis wéi allgemeng akzeptéiert gesellschaftlech Wäerter. Dass d'ADR sech dorunner stéisst, seet méi iwwer si aus wéi iwwert d'Charte.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Fir déi, déi et net wëssen – an ech mengen, d'Madamm Bernard huet et scho gesot –: Et gëtt aacht Wäerter. Ech ziele se nach eng Kéier op: Dat sinn d'Kompetenz, de Respekt, Rémunération juste et équitable, Integritéit, Égalité des chances et des genres, kulturell Diversitéit, Transparenz an Ekoresponsabilitéit, mat jeeweilegen Ënnerkapitelen.

Ech wëll just ënnersträichen, wéi wichteg et ass, notamment fir déi kleng a jonk Kënschtler an Intermittents du spectacle, dass si sech op dës Charte kënne beruffen, fir eng korrekt a fair Remuneratioun verhandelen ze kënnen, wat wierklech keng Evidenz ass. A virun allem no deenen zwee Joer Covidpandemie, mengen ech, ass dat fir si immens wichteg an definitiv e Fortschrëtt.

Och de Volet Transparenz wëll ech ervirhiewen, well an engem Rechtsstaat, un deem mir jo wëlle festhalen, hält een op Transparenz. An heimat verflichte sech d'Acteuren, sech u gewësse Mindestnormen ze halen. D'Allgemengheet huet doduerch och Accès zu dësen Informatiounen. Och dat ass net ëmmer eng Evidenz an anere Secteuren. Dofir ass dat definitiv och hei e Fortschrëtt.

Ech zitéiere gären eemol verschiddener vun dëse Reegelen. Ënner „Diversité culturelle" steet dann zum Beispill: „[La structure culturelle] favorise l'inclusion et la participation de toutes les cultures dans sa programmation et encourage le dialogue interculturel propice à l'épanouissement des capacités créatrices."

Ech zitéieren dat, well ech der Meenung sinn, dass dës Diversitéit extreem wichteg ass an eiser Gesellschaft. An ech mengen, mir si stolz op déi Diversitéit an eisem Land an iwwerhaapt an eiser Géigend. A gottseidank si mer net alleguerten d'selwecht. An där Diversitéit muss een natierlech och um kulturelle Plang Rechnung droen a se net niéieren.

Wat och besonnesch wichteg ass an eiser Zäit, ass d'Égalité des chances et des genres. An do steet ënner anerem: „La structure culturelle s'efforce à ce que la représentation des hommes et des femmes soit équilibrée au sein des organes de prise de décisions et au niveau de la programmation. Au-delà de ce principe, la structure culturelle veille à avoir une attitude respectueuse envers les différents genres et à s'opposer à toute forme de discrimination ou de catégorisation abusive en lien avec le genre ou l'orientation sexuelle."

Wéi gesot, dës Debatt schéngt eis zimmlech iwwerflësseg, well alles, wat do steet, ass fir eis absolutt net problematesch. Eigentlech misste mer eis all eens sinn iwwer gewësse Mindestwäerter am Joer 2022. Ënner Diversitéit fale jo eigentlech alleguerten d'Meenungen, soulaang dës Meenungen net an d'Kategorie vun Diskriminatioun oder Rassismus falen.

Ech fannen et dann ëmmer erëm witzeg an interessant, wéi mam Term „Ideologie" hei ronderëmgeheit gëtt. Dat, mat deem een net averstanen ass, gëtt dann als Ideologie bezeechent. Realitéiten, an deene mer liewen, net unzeerkennen oder net wouerzehuelen, wéi zum Beispill „différents genres" oder „diversité culturelle", ass Ausdrock vun enger verstengerter Ideologie.

Wat maache mer mat där Realitéit, an där mer liewen? Wat maache mer mat Kanner a Jugendlechen, déi sech net wuel spieren an hirem Kierper an déi eventuell deem anere Sex wëllen zougehéieren? Solle mer se ignoréieren? Solle mer se niéieren? Solle mer se ewechzauberen? Si gehéieren zur Gesellschaft a si musse gehéiert ginn, a si mussen och um kulturelle Plang gehéiert ginn.

An och déi Diversité culturelle, déi anscheinend esou problematesch ass, ass eng Realitéit, an där mer liewen. A mir sollen, wéi ech scho gesot hunn, stolz drop sinn a se och representéieren. Fir eis ass dat eng absolutt Evidenz, mee anscheinend ass dat net fir jiddwereen esou a mir fannen dat schued. Mee mir stinn definitiv zu dëser Charte, a merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Här President, d'Chamber diskutéiert haut, wat déi deontologesch Charta fir d'Kultur ugeet. 69 Organisatiounen (veuillez lire: 88 Organisatiounen) hunn d'Charta schonn ënnerschriwwen an hale sech un dës Reegelen. Et kann ee matmaachen, ob een elo Hëllef vum Staat kritt oder net. Fir déi Hëllef ze kréien, ass dës Charta obligatoresch.

Mir Piraten sti fir déi absolutt Konschtfräiheet. Mir wëlle keng Qualitéitskriterien, déi enger Kulturorganisatioun géife virschreiwen, wat se dierfe maachen oder wat net. An dëser Charte ass dat och net de Fall.

Mir Piraten freeën eis virun allem, wa Jonker d'Konscht fir sech entdecken a probéieren, sech esou auszedrécken an eppes ze bewierken.

Mir Piraten sinn dofir och fir e Grondakommes, wat grad och Kënschtler a Kënschtlerinne géif ofsécheren, esou dass si net nëmmen dat musse produzéieren, wat sech verkeeft, mee dat, wat hinne wierklech Spaass mécht. Duerch e Grondakommes kéint een d'Leit an der Zeen schützen an d'Konscht an d'Kultur hei am Land weiderbréngen.

Mir Piraten sinn also fir d'Kultur a géint Qualitéitskriterien, an dat bréngt dës Charta. Hei gëtt et keng Qualitéitskriterien. Hei gi Kriterie wéi Transparenz, Dateschutz, Ëmweltschutz a Gläichberechtegung gefërdert, wat mir Piraten ganz kloer ënnerstëtzen. Dat hei sinn alles Kriterien, déi d'Konschtfräiheet an eisen Aen net aschränken. Et si Kriterien, déi derfir suergen, dass alles ronderëm d'Kultur stëmmt.

D'Artisten an d'Artistinne sollen heimat besser virun onfaire Bezuelungen an, jo, och sexuellen Iwwergréffer geschützt ginn. Et soll keen Ënnerscheed an der Bezuelung oder an den Jobchancë ginn tëscht den eenzelne Geschlechter. Dat gëllt fir all Aspekt am Beruffsliewen an doriwwer eraus.

Och dass et Standarde gëtt, wat den Dateschutz vun den Employéën ugeet, ass an eisen Ae ganz gutt. Wat fir d'Patrone Standard ass, soll och fir d'Konscht gëllen. Dat alles kënne mir nëmme begréissen an dëser Charta.

Mir Piraten froen eis also, firwat d'ADR dës Aktualitéitsstonn iwwerhaapt ugefrot huet. Grad déi Partei, déi d'Konscht an d'Meenungsfräiheet eeben net respektéiert. Als Partei, aus där Deputéiert jonk Lëtzebuerger Kënschtler bei der Police usiche ginn. Als Partei, déi Journalisten usiche geet.

Dass grad d'ADR sech hei wëll als Partei vun der Meenungsfräiheet profiléieren, ass scho bal eng Comedie. Et ass en eenzege grousse Widdersproch.

*(Interruption)*

Här President, mir Piraten ënnerstëtzen dës Charta, well se d'Leit sozial ofséchert, déi am Milieu schaffen.

Well se e séchere Kader schaaft, an deem d'Leit kënne fräi schaffen. Mir gesi keng Problemer doranner, déi Organisatiounen, déi vum Staat ënnerstëtzt ginn, ze obligéieren, den RGPD ze respektéieren a méi ëmweltfréndlech ze handelen. Esoulaang keng Qualitéitskriterie matspillen, wäerte mir Piraten esou Initiativen ënnerstëtzen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Culture | Merci, Här President. Eigentlech sinn ech jo ëmmer frou, wann d'Kultur e Sujet hei an deem héijen Haus ass, wat se net oft genuch ass.

Et ass scho vill gesot ginn iwwert de Contenu vun där Charte. Ech erkläre vläicht eng Kéier de Werdegang dovunner aus menger Perspektiv an aus där vum Kulturministère insgesamt.

Dir wësst, dass e Kulturentwécklungsplang ausgeschafft ginn ass, dee mam Secteur zesummen d'Recommandatiounen aus dem Secteur opgeholl huet an déi eeben an déi 60 Recommandatiounen ageschafft huet. An eng dovunner, dat ass d'Recommandatioun Nummer 13, an et ass och dorauser, mengen ech, wou den Här Kartheiser virdrun zitéiert huet, an net aus engem Pressecommuniqué.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et stoung awer och an Ärem Pressecommuniqué.

**Mme Sam Tanson,** Ministre de la Culture | Jo dat war en Zitat. Ech sinn immens ... ech leeën en immense Wäert op Fakten. Ech weess, dass dat net jiddwerengem säi Fall ass. Mee d'Zitat vun deem Communiqué verweist op de Kulturentwécklungsplang, e participatiivt Dokument. An déi Recommandatioun Nummer 13 seet: „Instaurer un nouveau mode de gouvernance des institutions culturelles sous tutelle du ministère de la Culture (instituts culturels de l'État, établissements publics, fondations, associations para-administratives)". Wann ech nach Zäit hunn, erklären ech Iech nach eng Kéier de Begrëff vun der Tutelle, quitte dass ech mengen, dass Der e kennt.

Dat heescht, dat war eng Recommandatioun aus dem Kulturentwécklungsplang, dem Kulturentwécklungsplang, deen en Deel vum Regierungsaccord ass, deen also déi Revendicatiounen do iwwerholl huet.

Dunn hate mer eng Pandemie, un déi Der Iech, ech mengen, och nach all kënnt erënneren, déi gewisen huet, wéi fragill dee Secteur ass, wéi exposéiert d'Artiste sinn, déi ouni Kontrakter schaffen, déi vun haut op muer keng Aarbecht méi haten, keng Remuneratioun méi haten a wou sech eeben zum Beispill erausgestallt huet, dass oft emol keen Écrit virläit.

Dat heescht, dass eng Institutioun, eng Associatioun eng Commande gëtt fir eppes an dat mëndlech ofgemaach gëtt a wann herno verschidde Konditiounen net erfëllt sinn, déi Produktioun einfach net stattfënnt, mat dem Resultat, dass de concernéierten Artist net dofir bezuelt gëtt. Or, den Artist ass e Professionelle wéi Dir an ech a vill aner Leit och, deen e Recht drop huet, eng Pai, eng Remuneratioun ze kréien a vu senger Konscht ze liewen.

An dat war u sech e bëssen d'dreiwend Kraaft vun deem Pabeier, ëm deen et haut geet, dass mer responsabiliséieren, dass mer drop opmierksam maachen, dass eng Pai, mat där ee ka liewen, fir e Kënschtler genausou wichteg ass wéi fir all anere Bierger, deen enger Aarbecht nogeet, och.

Parallell dozou huet eng Rëtsch vun de Federatiounen am kulturelle Beräich Diskussioune lancéiert iwwer „Wat ass eng gerecht Remuneratioun?" Et ass och e puermol elo haut dovunner geschwat ginn. D'ASPRO huet do notamment wierklech eng Viraarbecht geleescht. Mir hunn um Niveau vum Ministère – mir nennen dat e „Working Title" – Tripartitten, wou mer déi ënnerschiddlech Institutiounen, Federatiounen zesummebréngen, fir doriwwer ze diskutéieren: Wat ass eng Aarbecht wäert? Wat ass en Tariff, dee soll bezuelt ginn? Dass et, wéi bei anere Beruffer och, ech denken zum Beispill un d'Architekten, Grille-tarifairë gëtt, un deenen ee sech kann orientéieren a wou ee weess, wat herno soll bezuelt ginn.

Déi selwecht Diskussioun hu mer mat der AAPL, den Artistes plasticiens. Erlaabt mer just vläicht nach eng kleng Klamer. Et ass natierlech en Ënnerscheed, ob Der enzwousch ausstellt, wou Der herno Är Wierker kënnt verkafen oder ob just enzwousch ausgestallt gëtt, wou herno keng Remuneratioun fir den Artist erausspréngt a wou also net kloer ass, ob en déi Aarbecht, déi en do gemaach huet, professioneller Natur, iergendwéi remuneréiert kritt.

D'Fro ass gestallt ginn: Wat war de Werdegang heivunner? Mir hunn en Appell un de ganze Secteur gemaach, wou mer e Webinaire organiséiert hunn de 15. Juni, fir en éischten Draft vun dëser Charte virzestellen. Dat war en Aarbechtsdokument. Déi éischt Mouture hat deemools fir extreem vill Diskussiounsstoff gesuergt, haaptsächlech bei verschiddene konventionéierte Kulturhaiser. An do hate mer e laangen Delai ginn, bis Mëtt Oktober 2021, fir schrëftlech Stellung ze huelen. Do krute mer 18 Retouren eran. An op Basis vun deene Retouren hu mer du weidergeschafft an déi sinn all berécksichtegt ginn.

Ech hat eng lescht Reunioun mat all deene Leit am Ministère, wou ech dunn dräimol gefrot hunn: „Ass elo nach een, deen eppes dozou ze soen huet?" D'Äntwert war: „Nee." Mir waren eis eens um Contenu. Dat war de 26. Abrëll 2022. Dat ware wuelverstanen déi Leit, déi wollte matschaffen.

Dunn hu mer et virgestallt. Ech hunn et an der Chamberskommissioun virgestallt. Mir haten en Delai gesat fir ze ënnerschreiwen. An et si Stand elo 90 Strukturen der Charte bäigetrueden. Et sinn der awer nach ënnerwee. Verschidde Gemengen a Verwaltungsréit kommen nach an deenen nächsten Deeg zesummen.

Niewent menger Haaptsuerg an där heiter Logik – déi, dass muss e Kontrakt existéieren, e Schreiwes, wou ee weess: Wat sinn d'Konditiounen, dass eng Remunération juste soll ausbezuelt ginn? – ass awer eppes, an duerfir ass et mer och wichteg, dat nach eng Kéier ze betounen, wat mir als Kulturministesch an als politesche Responsabel extreem wichteg ass a wou ech och iwwerzeegt sinn, dass dat net jiddwerengem heibanne gläich wichteg ass: Dat ass d'Onofhängegkeet vum Kultursecteur a senger Expression culturelle.

Dat heescht net, dass ee sech net muss u Reegelen halen. Dir hutt e Code de déontologie, d'Regierung huet e Code de déontologie, dat ass eppes, wat ëmmer méi gängeg ass, dass ee sech Reegele gëtt, no wéi enge Mechanismen ee ka fonctionéieren, no wéi enge Mechanismen een zum Beispill an engem Jury matmécht, wou dann een erausgesicht gëtt, sou wéi eise Kultursecteur jo vill fonctionéiert.

Mee wat ech wierklech wëll garantéieren, an dofir steet dat net nëmmen an de Konventioune vum Kulturministère, den Artikel 3, „Liberté d'expression artistique et d'association", mee och an der Charte, den Artikel 4, d'„Indépendance artistique et culturelle": „La structure culturelle agit en toute indépendance artistique et intellectuelle dans le cadre de ses activités et n'accepte aucune intervention sur ses choix artistiques ou le contenu artistique de ses projets, ni de la part de l'État, ni d'aucune autre instance."

Firwat ass dat wichteg? Ech denken net drun, engem virzeschreiwen, wéi e seng Programmatioun ze gestalten huet. Mee wann ech mer verschidde Question-parlementairen – an d'Djuna Bernard huet se virdrun zitéiert – an Erënnerung ruffen, da weess ech awer och, dass dat net all Politiker seng Meenung hei am Land ass, an dat mécht mer extreem Suergen.

An esou en Artikel wéi dat doten ass wichteg, dass ee kann Theaterstécker opféieren, wou et ëm Homosexualitéit geet, dass Leit aus engem Musée kënne Bréiwer schreiwen, wou et zum Beispill ëm Impfgéigner geet, dass awer och kann den Avortement thematiséiert ginn op enger Bün am Theater. Just fir dräi Beispiller aus Question-parlementairen ze nennen, déi ech an deene leschte Wochen, Méint a Jore gestallt krut. An et gëtt der nach.

Dann zu e puer vun de Froen. Dat, wat jo vill diskutéiert gëtt, ass d'Fro vum Budget. Kréie se d'Sue gekierzt? Dat hei ass u sech eppes, wou een emol e bëssen eng Richtlinn huet, wat et heescht, eng Konventioun ze kënnegen, an a wéi enge Konditiounen iwwerhaapt emol kéint esou eppes an d'Diskussioun kommen.

Ech erënneren drun, dass 2015 vun den deemools 71 Konventiounen, déi de Kulturministère hat, der 11 gekënnegt goufen, ouni dass sech op iergendwellech valabel Krittäre baséiert ginn ass. Déi sinn einfach gekënnegt ginn. Haut hu mer duebel esou vill Konventiounen. A wa mer bei de Sue bleiwen, wat jo natierlech eng Suerg ass, wann ee vun ... Dat heescht, mir hunn haut 120 Konventiounen am Kulturministère.

Natierlech, wann een dovunner schwätzt, dass all déi Institutioune mussen och uerdentlech bezuelen, da mussen déi och vun eis ëmsou méi finanziell ënnerstëtzt ginn. Mir wäerten de Budget nach virstellen an der Kommissioun, mee de Konventiounsposte geet fir d'nächst Joer ëm 18 % an d'Luucht. Dat ass net just dat hei, dat sinn och nach e puer aner Saachen, déi mer Iech wäerten erklären. Mee et ass och dat hei, wat mer do natierlech mat en compte huelen.

Dann ass d'Fro komm vum Grondakommes, Här Goergen. Et gëtt ee Secteur, do hu mer e Grondakommes: Dat ass de Kultursecteur. Mir hunn d'Chance, dass de Statut vum Intermittent agefouert gouf scho virun enger ganzer Rei Joren. Mir wäerten en elo nach verbesseren. De Gesetzesprojet ass op där leschter Ligne droite. E Kënschtler huet e Recht op e Grondakommes hei am Land, an ech sinn houfreg drop, dass mer dat hunn an dass mer et nach wäerte verbesseren.

Da vläicht nach eppes Leschtes zu dem „sous tutelle", quitte dass ech mengen, et ass e bëssen iwwerflësseg. Mir schwätzen hei vun der Tutelle administrative. All Ministère huet verschidde Verwaltungen, Établissements publics ënnert senger Tutelle. Bei mir sinn dat dann natierlech och e lauter. Dat heescht net, dass ech der Meenung sinn, dass ech se „ënnert Tutelle" stellen, mee datt se ënnert der Tutelle vum Kulturministère fonctionéieren, esou wéi dat, mengen ech, bei ganz villen aneren och de Fall ass.

Vläicht nach e Punkt zu de klengen ASBLen, wou sech Suerge gemaach gëtt. Och do kann ech Iech garantéieren, datt dat u sech déi Éischt waren, déi mat

ënnerschriwwen hunn. An dass déi Froen do alleguerte ganz aktuell an akut sinn, notamment d'Madamm Oberweis huet et gesot, déi vu sexuellen Iwwergréffer, déi kënne kommen. Ech hat nach dës Woch eng Reunioun mat verschiddene Vertrieder aus dem Kultursecteur, déi sech extreem mat deem Sujet ausenanersetzen, déi och elo do wëllen – an d'Madamm Arendt wäert sech dofir och interesséieren – eng Initiativ lancéieren, fir eeben och op deem Sujet ze sensibiliséieren.

Dat heescht, och dat ass natierlech e Sujet an der Kultur. Och dat ass eppes, wou mer mussen drop opmierksam maachen. An hei, déi Charte, déi näischt aneres mécht, wéi Valeuren an e Kader ze setzen, déi mer bal all heibannen deelen, dass mer responsabiliséieren, dass mer dovunner schwätzen an dass et och wichteg ass, dass een, dee concernéiert ass, deen an enger Situatioun ass, wou en d'Impressioun huet, e wär net uerdentlech behandelt ginn, ka soen: „Hei lauschtert emol, hei gëtt et jo awer deen Écrit. Kënne mer vläicht doriwwer schwätzen?" Duerfir och déi Strukturen „in house", well et eebe grad net ëm eng extern Delatioun geet, mee fir emol ze kucken, e Problem am Haus ze klären.

A mir am Ministère selwer hunn och nach e Point d'attache, un deen ee sech kann da wennen, wann e Problem ass. A mir probéieren, wéi dat och schonn haut ass, déi Problemer am Dialog ze léisen an net ze waarden, dass déi Saachen explodéieren oder zu Problemer ginn.

Merci fir Är Attentioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Kulturministesch Sam Tanson. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

Domat si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 18.04 heures.)*

# 6e séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président

## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** p. 35
   M. Fernand Etgen, Président
2. **Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen** p. 35
   Exposé : Mme Martine Hansen
3. **Question élargie n° 155 de M. Marc Hansen au sujet du développement stratégique de l'Université du Luxembourg** p. 36
   M. Marc Hansen | M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche
4. **Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de l'éducation aux médias** p. 37
   Exposé : Mme Francine Closener (dépôt de la motion 1) (intervention de Mme Josée Lorsché)
   Débat : Mme Diane Adehm | M. Claude Lamberty | Mme Djuna Bernard | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen (interventions de Mme Stéphanie Empain et Mme Francine Closener)
   Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
   Vote sur la motion 1 (adoptée)
5. **Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de la pollution lumineuse** p. 44
   Exposé : Mme Cécile Hemmen
   Débat : M. Paul Galles | M. Max Hahn | M. François Benoy | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Paul Galles) | Mme Myriam Cecchetti (intervention de M. Charles Margue) (dépôt de la motion 1) | M. Marc Goergen
   Prise de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie
   Motion 1 : M. Marc Goergen | M. Paul Galles | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie
   Vote sur la motion 1 (rejetée)


Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Claude Meisch et M. Claude Turmes, Ministres.

*(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Claude Meisch,** Ministre | Nee, Här President.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci.

## 2. Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen

Ech géif dann d'Wuert un d'Madamm Martine Hansen gi fir den Depot vun enger Motioun.

***Exposé***

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Merci, Här President. An der Tripartite ass festgehale ginn, datt d'Ursaache vun der Inflatioun solle bekämpft ginn, ënner anerem doduerch, datt jo och gekuckt gëtt, fir d'Präisser ze bremse bei der Energie. Au contraire awer vun deene leschte Moossnamen, déi geholl gi sinn, ass dës Kéier näischt virgeschloe ginn, fir de landwirtschaftlechen Diesel ze subventionéieren, ausser eeben am Projet de loi 8083, wou réckwierkend, well d'Verlängerung verpasst gi war ze maachen, dat heescht réckwierkend déi Bäihëllef vu 7,5 Centime de Liter elo nach eng Kéier verlängert gëtt bis den August.

Nom August hu mer awer hei keng Bäihëllefen. Mir wëssen awer, datt d'Landwirtschaft, fir déi néideg Kulturen ze planzen, Buedembeaarbechtung muss maachen. Déi Buedembeaarbechtungsmaschinne gi mam Trakter gezunn an den Trakter, dee brauch Masutt.

A fir eeben ze verhënneren, datt d'Produktiounskäschten hei och nach eng Kéier extreem an d'Luucht ginn, an domadder am Endeffekt och d'Liewensmëttelpräisser, fir eeben och d'Landwirtschaft an däser Kris ze ënnerstëtzen, fuerdere mer d'Regierung op, fir erëm eng Kéier eng Kompensatioun vun der Präishausse vum landwirtschaftlechen Diesel virzegesinn, a wéi engem Gesetz och ëmmer.

Wéi gesot, mir hunn et e puermol an der Kommissioun gefrot gehat. Et huet kee Minister et direkt um Radar gehat. Den Här Turmes wousst et och net direkt. Mir haten den Här Fayot an den Här Delles gefrot. Si hu gesot, si géifen et mat an de Regierungsrot huelen. Den Här Baum huet och gesot, hie géif et am Préconseil vum Regierungsrot ëmmer erëm mathuelen. Mee Fakt ass, et ass awer nach keng Propos do. A Fakt ass, d'Bauere brauchen hei Hëllef. An dofir deposéieren ech hei am Numm vun der CSV dës Motioun.

Ech soen Iech Merci.

***Motion***

*La Chambre des Députés,*

*– saluant l'accord entre le Gouvernement et l'Union des entreprises luxembourgeoises et les organisations syndicales LCGB, CGFP et OGBL à l'issue des réunions du Comité de coordination tripartite des 18, 19 et 20 septembre 2022 ;*

*– rappellant la loi du 12 mai 2022 instaurant une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers ;*

*– rappelant qu'en vertu de cette loi, les prix de vente de certains produits pétroliers mis à la consommation au Luxembourg se trouvaient réduits obligatoirement d'un montant toutes taxes comprises de 7,5 centimes d'euro par litre et ce jusqu'au 31 juillet 2022 ;*

*– constatant que les compensations pour le gasoil utilisé comme combustible (« Mazout ») et le gasoil utilisé comme carburant pour des utilisations industrielles et commerciales ont été prolongées jusque fin août 2022 ;*

*– constatant que la compensation s'appliquait seulement jusqu'au 31 juillet 2022 au gasoil utilisé exclusivement*

*pour des travaux agricoles et horticoles, dans la pisciculture et la sylviculture ;*

*– saluant que le projet de loi 8083 prévoit de mettre en place un système de remboursement pour des livraisons de gasoil utilisé pour des travaux agricoles et horticoles, dans la pisciculture et la sylviculture et de gasoil utilisé comme carburant pour des utilisations industrielles et commerciales qui ont eu lieu pendant la période allant du 1er août 2022 au 15 août 2022 ;*

*– déplorant qu'aucune nouvelle compensation pour le gasoil utilisé exclusivement pour des travaux agricoles et horticoles, dans la pisciculture et la sylviculture n'est prévue par le Gouvernement ;*

*– considérant que la hausse des prix de l'énergie risque d'engendrer une hausse des prix des produits agricoles et alimentaires,*

*invite le Gouvernement*

*– à prévoir une nouvelle compensation pour le gasoil utilisé exclusivement pour des travaux agricoles et horticoles, dans la pisciculture et la sylviculture.*

*(s.) Martine Hansen, Emile Eicher, Félix Eischen, Aly Kaes, Octavie Modert.*

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Hansen.

## 3. Question élargie n° 155 de M. Marc Hansen au sujet du développement stratégique de l'Université du Luxembourg

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 155 vum Här Marc Hansen iwwert déi strateegesch Entwécklung vun der Uni Lëtzebuerg. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten, fir seng Fro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Merci, Här President. 2023 kritt d'Uni Lëtzebuerg net nëmmen 20 Joer, mee am Januar kritt se och en neien Direkter an am November en neie Conseil de gouvernance. E wichtegt Joer deemno fir hir strateegesch Ausriichtung.

Och wann d'Uni e puer schwiereg Momenter ze geréieren hat, wéi d'Plënneren op de Belval oder 2017 eng budgetär Kris, ass si, op Dauer gekuckt, eng Successstory. Si konnt sech souwuel an der internationaler Fuerschungslandschaft wéi och als gesellschaftlechen Acteur hei am Land etabléieren. Dëst spigelt sech och am World University Ranking vun 2023 erëm, wou d'Uni Lëtzebuerg weider Plaze geklommen ass a sech elo ënnert den 250 beschten Héichschoule befënnt.

D'Uni Lëtzebuerg muss verschiddenen Ustréch gerecht ginn, nämlech enger internationaler Fuerschungswelt, engem Ausbildungs- a Léieroptrag an och enger Verflichtung vis-à-vis vum Land. Grad wéi eis Gesellschaft entwéckelt sech d'Uni permanent weider. Wichteg ass, datt se dat engersäits am Kader vun hirer Autonomie selwer ka gestalten an anerersäits och an d'Héichschoulpolitik an an eis Gesellschaft agebett bleift. Dofir och haut meng Froen un den Héichschoulminister.

Eng éischt Serie betrëfft déi strateegesch Ausriichtung vun der Uni Lëtzebuerg an do virun allem d'Balance tëschent Fuerschung a Léier. Als kleng a jonk Uni ass de Fokus logescherweis vun Ufank u staark op Fuerschung an Exzellenz gesat ginn. No engem gemëschte Bilan zur Léier virun e puer Joer hat d'Uni hei Efforten ënnerholl. Kann een do eng positiv Entwécklung feststellen? Wéi wäert an Zukunft d'Balance tëschent Fuerschung a Léier op der Uni ausgesinn? Aktuell ass et jo esou, datt d'Léier am Véierjoresplang net zu den Indicateurs de performance fir d'Evaluatioun gehéiert. Gesäit de Minister vir, dat eventuell ze änneren?

Eng aner Fro, déi sech bei der Ausriichtung och stellt: Gëtt et nieft der Educatioun an der Santé nach aner Beräicher, an deenen d'Uni verstäerkt e Bäitrag zu eiser Wirtschaft a Gesellschaft soll leeschten? Gëtt et do scho konkreet Pisten?

Meng zweet Rei vu Froe betrëfft d'Gouvernancestruktur vun der Uni.

Den 1. Januar 2023 gëtt de Jens Kreisel neien Direkter vun der Uni, en uni-interne Kandidat, deen de Betrib scho kennt. Gouf et scho Gespréicher tëscht dem Minister an him, wat seng Prioritéite fir déi nächst fënnef Joer ugeet? Den aktuelle Véierjoresplang gesäit d'Méiglechkeet vun enger Revisioun op den 31. Dezember 2023 vir. Wäert de Minister mat Bléck heirop mam neien Direkter kucken, wou deen d'Akzenter setze wëllt, oder ass de Conseil de gouvernance hei den Haaptuspriechpartner?

Wichteg wär och ze wëssen, wéi eng Influenz den neien Direkter op de Laangzäitplang huet, deen 2021 ugeholl ginn ass an dee bis 2039 soll gëllen. Dat ass eng laang Zäit! Sinn do reegelméisseg Upassungen ugeduecht respektiv ass dëse Plang bannend fir all déi nächst Véierjorespläng bis 2039?

Vum Direkter dann eriwwer zum Conseil de gouvernance. D'Mandat vun den aktuelle Membere geet am November 2023 op en Enn, also ee Mount no de Chamberwalen. D'Uni brauch awer Planungssécherheet. Well déi vun der Regierung op Propos vum Héichschoulminister genannt Membere majoritär am Conseil de gouvernance sinn, wollt ech de Minister froen, ob hie gedenkt, fir 2023 erëm d'Nominatioun e puer Méint am Viraus ze annoncéieren, wéi dat och 2018 geschitt ass. Wa jo, kann hien eis scho soen, ob hien hei éischter op eng Kontinuitéit wëll setzen oder ob am Géigendeel Changementer sech undeiten?

Eng lescht Serie vu Froe betrëfft dann de gesetzleche Kader vun der Uni. 2023 wäert d'Unisgesetz och fënnef Joer kréien. Plangt de Minister, fir am kommende Joer e Bilan dozou ze maachen an de Fonctionnement vun der Uni ënnert dem neie Kader ze evaluéieren? Gëtt et eventuell scho Pisten, wou Verbesserunge méiglech wären? Wéinst der Mandatsdauer vu fënnef Joer ass et zum Beispill gutt méiglech, datt och iwwert déi nächst Joren den Untrëtt vum neie Conseil de gouvernance ëmmer wäert an den „Interregnum" tëschent zwou Regierunge falen. Wär en Decalage par rapport zum politesche Kalenner net eng Pist?

Eng weider Pist wär, ob d'Entwécklung an d'Autonomie vun der Uni net duerch eng Opwäertung vum Conseil universitaire kéint geférdert ginn, dee jo d'Uniscommunautéit representéiert.

Dat waren elo vill Froen. Mee mat Bléck op de Kalenner war et mer wichteg, d'Uni an hir Entwécklung ze thematiséieren. Ech soe Merci fir d'Opmierksamkeet a si gespaant op dem Minister seng Äntwerten. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Hansen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Héichschoulminister Claude Meisch.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e grousse Merci och un den Deputéierte Marc Hansen fir seng Froen hei ronderëm d'Uni, wat eis, wann och nëmme fir eng Véirelstonn, d'Geleeënheet gëtt, eis kuerz auszetauschen iwwert d'Entwécklung vu gläich bal zwanzeg Joer. An de Marc Hansen huet et ugedeit: eng Entwécklung, déi duerchaus, an dat gëtt net nëmme vu bannen, mee och vu baussen esou gesinn, och international esou gesinn, déi duerchaus positiv war. A wann et virun 2003 nach déi eng oder déi aner kritesch Stëmm par rapport zur Schafung iwwerhaapt vun enger Universitéit ginn ass hei zu Lëtzebuerg, denken ech, sinn déi verstommt.

Dat virun allem – an dat gesinn ech d'selwecht wéi de wäerten Deputéierten –, well mer et fäerdegbruecht hunn, datt mer op där enger Säit international Exzellenz, notamment an der Fuerschung, erreecht hunn an dat ganz kloer als Ambitioun och ëmmer virun eis gehalen hunn. An op där anerer Säit awer och, vläicht e Stéckwäit méi nach an der Léier wéi an der Fuerschung, awer Service um Land muss déngen (veuillez lire: awer och, well d'Uni, vläicht e Stéckwäit méi nach an der Léier wéi an der Fuerschung, als Service um Land muss déngen).

An et ass och dat, wat ech an deenen Echangen, déi ech hunn … Dir hutt gefrot, ob ech mat deem engen oder aneren, och mam zukünftege Recteur scho mech echangéiert hätt. Jo, dat hunn ech och an der Vergaangenheet, well et jo e Member vum Ekosystem hei vun der Fuerschung a vun der Héichschoul hei zu Lëtzebuerg ass a mer jidderengem ëmmer nees rappeléieren, datt eigentlech all déi ëffentlech Fuerschungs- an Héichschoulinstituter, dont d'Uni.lu wéi awer och d'Centre-de-recherche-publicken, eng Haaptmissioun hunn: Dat ass, Exzellenz um internationalen Niveau ze erreechen, wierklech Lëtzebuerg op d'Landkaart ze setzen, an op där anerer Säit, dem Land ze déngen.

A bei der Uni, dat heescht, beim Enseignement, ass et wierklech nach esou, datt dat eisen eenzegen Institut ass hei zu Lëtzebuerg, eisen eenzegen ëffentlechen Institut hei zu Lëtzebuerg, soudatt et do keng Fro ass, ob d'Uni.lu dat mécht, wat mer brauchen, mee si muss et ganz einfach maachen. An ech denken, datt dee Message verstane ginn ass an deene leschte Joren.

Ech si kee Frënd vun deenen, déi permanent elo kucken: Leet d'Uni elo vläicht eng Grëtz ze vill Wäert op d'Recherche par rapport zum Enseignement oder ëmgedréit? Et gëtt der ëmmer nees, déi probéieren, do déi Balance genau ze moossen. Ech denken éischter, datt dat eent dat aner bedéngt. Eng gutt Qualitéit an der Recherche heescht och, datt ganz villes kann do positiv bewierkt gi fir den Enseignement. A mir wëssen awer och, datt et ouni gudden Enseignement schwiereg ass, den Nowuess herno an der Recherche ze assuréieren. Et brauch een also do e Ganzt.

An dat huet sech och iwwert déi lescht Joren entwéckelt. Dir hutt selwer zwee Beräicher ugeschniddd en, déi fir d'Land essentiel sinn: de Gesondheetsberäich mat der Medezinnerausbildung, wou d'Uni jo scho munneches elo geleescht huet, awer nach villes virhuet iwwert déi nächst Joren, an de Beräich vum Enseignement, well mer och keen aneren Institut zu Lëtzebuerg hunn, wou mer eis eegen Enseignantë kënnen ausbilden. A mir wëssen – a mir schwätzen dacks hei doriwwer –, datt d'Erausfuerderungen an eise Schoulen nach eng Kéier eppes aneschters sinn, anerer sinn ewéi op villen anere Plazen. Duerfir musse mir och selwer als Land en Effort maachen, fir ons Enseignanten auszebilden.

Mee et beschränkt sech sécherlech net op deen doten Niveau. D'Uni.lu huet eng Rei vu strateegeschen Decisiounen a Projete vun der Regierung ënnerstëtzt déi lescht Joren. Ech denken un den interdisziplinäre Space-Master zum Beispill, wou d'Regierung gesot huet: „Mir hunn eis an der wirtschaftlecher

Entwécklung vum Land eng Strategie ginn." An d'Uni huet gesot: „Jo, da maache mir do mat a mir kucken, datt mer deementspriechend och Studiegäng ubidden, fir datt mer déi héich qualifizéiert Agenten duerno erauskréien, déi déi Prozesser och kënnen do um Terrain mat ëmsetzen."

Wann ech awer och kucken, wat d'Uni.lu déi lescht Jore geleescht huet an enger Rei vu Studiegäng, déi et wuel scho gouf, am Domän vun de Finanzen, am Domän vun der Ingenierie, am Domän vun der Informatik, fir déi awer méi breet opzestellen an och nach eng Kéier vill méi Studentinnen a Studente kënnen opzehuelen, dann ass dat eng duerchaus positiv Entwécklung.

Sécherlech geet dat net duer. An dat wësse mer. Sécherlech ass et nach ëmmer wichteg, datt mer och eng Héichschoulpolitik maachen, déi de jonke Lëtzebuerger Resident-Student hei zu Lëtzebuerg encourageiert, och an aner Länner op d'mannst en Deel vu sengem Studium maachen ze goen an dann zréckzekomme mat deenen Erfarungen a mat sengen Diplomer. Mee d'Uni.lu huet déi Messagen do verstanen an huet sech an deene leschte Joren an déi dote Richtung entwéckelt.

D'Fro zum neie Recteur, do denken ech, datt et net fundamental eppes wäert änneren, well de jëtzege Recteur war Vice-recteur bis elo, zouständeg wuel fir Recherche, a kritt elo méi eng iwwergeuerdent Aufgab. En huet sécherlech net nëmmen, wat déi alldeeglech Aarbecht vun der Universitéit a vum Rektorat ubelaangt, vill méi eng breet Responsabilitéit, mee e muss sécherlech och – an dat ass d'Aufgab vun all Recteur vun all Universitéit, wéi et bei all Direkter vun enger anerer Entreprise oder enger Verwaltung ass – strateegesch méi wäit kucken a kucken, op wat fir eng Entwécklung ee soll reagéieren.

Jo, mir hunn eng Rei vu Guidelinë virginn. D'Uni huet sech selwer eng Entwécklungsstrategie bis 2039 ginn, wat awer eng grouss Guideline ass, déi net eent zu eent tel quel muss ëmgesat ginn, mee wou ee sech ëmmer nees soll drun orientéieren. An ech denken, wann een esou wäit no vir kuckt, dach awer bal 20 Joer no vir kuckt, da muss een op där anerer Säit sécherlech och heiansdo dertëschent nach eng Kéier kucken, ob net awer déi strateegesch Ausriichtung nach punktuell emol muss ugepasst ginn, well kee kann d'Zukunft ëmmer komplett virausgesinn. Och déi bescht Universitéit vun der Welt net! An do muss sécherlech nach ëmmer nogebessert ginn.

E Recteur ass awer sécherlech net aleng a senger Fonctioun. En huet e Rektorat. E gëtt natierlech och zum Deel kontrolléiert a guidéiert vun engem Conseil de gouvernance, dee jo och fir eng ganz Rei vun Decisiounen, déi de Rektorat proposéiert, mat zouständeg ass a sécherlech awer och ëmmer nees, wat eng streetegesch Ausriichtung ubelaangt, ëm Avis gefrot gëtt a virun allem muss soen, ob een an eng gewësse Richtung geet oder net.

Et gëtt jo och nach aner Instrumenter eigentlech, déi, mengen ech, mir als Politik eis ginn, fir d'Entwécklung vun der Uni.lu, awer och vun den aneren ëffentleche Fuerschungsinstituter matzeënnerstëtzen an awer och a gewësse Richtungen ze lenken. Dat sinn déi Véierjorespläng, wou mer Kontrakter maachen, wou mer kloer Ziler och definéieren, wou mer op där enger Säit d'Moyene festschreiwen, déi déi Instituter – hei d'Uni.lu – fir déi nächst véier Joer kréien, an awer och dat, wat mer eigentlech gären un Entwécklungsschrëtt an u Leeschtungen zréckhätten. An dat ass eppes, wat mir wichteg ass, datt mer och gewësse Punkten ëmmer nees doranner festhalen.

Grad well et déi eenzeg Universitéit ass zu Lëtzebuerg, mengen ech, solle mer déi Méiglechkeet do notzen, fir der Uni eng Rei vu Messagë mat op de Wee ze ginn, wat sécherlech net empietéiert op hir Autonomie an op d'Autonomie vun dem eenzelne Fuerscher. Mee wat awer kloer ass: datt mer als deen, dee substanziell Montanten zur Verfügung gestallt huet an iwwert déi lescht Joren déi Montanten ëmmer erëm eropgesat huet, a wou jo och fir déi nächst Joren nach eng Kéier eng däitlech Croissance virgesinn ass vun deene Montanten, déi de Staat an d'Uni. lu investéiert, op där anerer Säit awer och eng Entwécklung kënne verlaangen, déi dem Land déngt.

Ech selwer, wéi ech virun néng Joer déi Responsabilitéit iwwerholl hunn, hunn decidéiert gehat, datt mer net nëmmen dee Kontrakt op véier Joer maachen, mee ëmmer eng Midtermreview op zwee Joer och dertëschent kënne maachen, well och do erëm eng Kéier nei Momenter kënne komm sinn. An dat huet d'Universitéit eigentlech arrangéiert an et huet awer och d'Politik arrangéiert, well een dann awer nach méi flexibel ass, fir vläicht op Neierunge kënnen ze reagéieren. An ech géif dat och fir d'Zukunft recommandéieren.

Wat de Rôle an och d'Nominatioun vum Conseil de gouvernance ubelaangt, do hutt Dir selwer gesot, datt viru fënnef Joer – oder elo véier Joer – et esou war, datt nach vun der austriedender Regierung matzäiten déi Nominatioune virgeholl goufen. Ech sinn emol dovunner ausgaangen, datt mer dat och dës Kéier esou géife maachen, well et wichteg ass, datt et en handlungsfäege Conseil gëtt. Well d'Mandater lafen effektiv de leschten November aus a mir wëssen net, wéini datt mer eng nei Regierung hunn.

Aus der Erfarung eraus – an ech hunn dat do jo schonn eng Zäitche suivéiert – ass et och esou, datt ee Membere vum Conseil de gouvernance net aus dem Aarm rëselt. Virun allem, well ee jo hei net politesch Nominatioune wëll virhuelen, mee well et hei ëm Kompetenz geet, ëm Sachverstand geet. Mir kucken, datt mer souwuel de Fuerschungsberäich ofgedeckt hunn an deem Conseil wéi awer och de Beräich vun der akadeemescher Léier. Mir kucken, datt mer national Acteuren hunn, mir kucken awer och, datt mer international Acteuren hunn. Mir kucken, datt mer Acteuren hunn, déi éischter vläicht emol fir den Domän vun der Ekonomie an der ekonomescher Entwécklung kënne schwätzen, datt awer gläichzäiteg och gesellschaftlech Acteuren aus der Société civile matintegréiert sinn an deem Conseil.

Eigentlech probéiere mer doduerjer, e gesonden Equiliber, e gesellschaftlechen Equiliber an den Diskussiounen an deem Conseil ze kréien. An et ass eigentlech näischt, wat elo direkt vun enger Regierung géif ofhänken. Duerfir gesinn ech do net onbedéngt eng Schwieregkeet, wa mer dat, sou wéi d'Gesetz et virschreift, matzäiten elo géife maachen.

Ech wëll awer och virun allem soen, datt et do eng Kontinuitéit wäert ginn, wann ech et nach sollt proposéieren. Well et gëtt eng ganz Rei vu Memberen, deenen hiert Mandat nach net op Echeance komm ass, wou dat nach kann eng Kéier renouveléiert ginn. An ech denken, datt do jiddereen et meritéiert huet, seng Mandater kënne fäerdeg ze maachen, souwäit et geet.

Vläicht nach ganz kuerz, Här President, e Wuert zu den Experienze mat dem leschten Héichschoulgesetz, oder mat dem leschte Gesetz vun der Uni.lu, déi duerchaus positiv sinn, well mer eng ganz Rei vu Froe vun der Gouvernance doranner ugaange sinn, d'Matbestëmmung méi breet gemaach hunn, och am Conseil de gouvernance, an och de Conseil universitaire dee Moment scho gestäerkt gouf, och mat enger Presenz am Conseil de gouvernance. An dat huet a mengen Aen dozou gefouert, datt gewëssen Diskussiounen éischter intern am Conseil de gouvernance konnten op eng ganz sachlech Manéier gefouert ginn an net herno ronderëm d'Uni oder wierklech carrement op der Place publique hu misse gefouert ginn. An dat hunn ech als e grousse Fortschrëtt empfonnt.

Ech denken, datt nieft deem, wat mer deemnächst an der Chamber eng Kéier kënnen diskutéieren, nämlech déi komplett Revisioun vum Héichschoulgesetz, wou mer eng Rei vun Avancéeë maachen, wat d'Akkreditatioun generell ubelaangt, mer och mussen an Zukunft eng Kéier driwwer nodenken, ob net déi Léierprogrammer, déi d'Uni.lu ubitt, missten akkreditéiert ginn no deene selwechte Konditiounen, wéi och aner Programmer vun zum Beispill privaten Instituter mussen accreditéiert ginn. Einfach fir do nach eng Kéier ze soen: Mir wëlle Qualitéit. A mir wëllen déi iwwerall. A mir wëlle se eigentlech och no deene selwechte Krittären.

Sécherlech mussen eng Rei vun Iwwerleeunge gefouert ginn, wat déi universitär Weiderbildung ubelaangt. Do ass en éischte Schratt gemaach ginn am leschten Universitéitsgesetz mam University of Luxembourg Competence Centre. Dee soll een eng Kéier evaluéieren an ech denken, datt do nach méi Dynamik noutwendeg ass fir déi nächst Joren. Sécherlech sollt een och nach eng Kéier kucken, ob net eenzel Formation-continuë kënne certifiéiert ginn herno, datt een och do Certificate kritt, déi ee kéint cumuléieren iwwer eng ganz Beruffskarriär a wou ee vläicht och herno kéint en Diplom draus maachen. Dat sinn Iwwerleeungen, déi och an anere Länner gefouert ginn, an déi sollte mer och hei fir d'Uni.lu féieren.

Ech denken awer nach eng Kéier, datt et haaptsächlech awer an der Kontinuitéit sollt weidergoen, well, wéi Dir selwer gesot hutt, d'Uni.lu ass eng Successstory. Si huet et fäerdegbruecht, eis als Fuerschungs- an Héichschoulstanduert wierklech op eng international, weltwäit Landkaart ze setzen, wou mer iwwerall respektéiert gi fir dat, wat mer maachen. A mir wëssen, datt, wa mer eis eppes virhuelen an deem Domän, datt mer et och kënnen erreechen an och wäerten erreechen. An op där anerer Säit huet se awer och dem Land bis elo grouss Déngschter geleescht, och wann et do ëmmer nees Korrektioune muss ginn, well den Usproch vum Land, deen ännert jo, d'Gesellschaft ännert jo, d'Societéit ännert. An duerfir muss déi Äntwert, déi d'Uni.lu dorobber gëtt an hire Leeschtungen, déi se bitt, sief et Fuerschung oder Léier, sech ëmmer nees upassen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Héichschoulminister Claude Meisch.

## 4. Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de l'éducation aux médias

D'Chamber féiert de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Medieneducatioun, déi d'LSAP-Fraktioun ugefrot huet. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här Claude Lamberty, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Fred Keup an d'Madamm Myriam Cecchetti. An d'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Francine Closener als Vertriederin vun der LSAP-Fraktioun.

***Exposé***

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, liesen, schreiwen, léieren, schaffen, schwätzen, spillen, shoppen, Sport maachen, Filmer kucken, Musek lauschteren –

et gëtt net méi vill, wat mer net an der digitaler Welt maachen. An ob mir heibannen, gréisstendeels Boomer, dat wëllen oder net: Déi Entwécklung huet déi reell Welt, déi analog Welt fundamental verännert. D'Kanner a Jugendlech vun haut, déi sougenannt Generatiounen Z an Alpha, si mam Internet opgewuess, mat allem, wat dat u Vir- an Nodeeler bréngt. An et gëtt vill Vir- an et gëtt vill Nodeeler!

Der LSAP geet et drëm, datt déi Jonk vun haut selbstbestëmmt Constructeure vun där digitaler Welt ginn, datt se déi Welt verstinn, kritesch gesinn a se esou matbestëmmen an opbauen. Mir wëllen net, datt se manipuléiert an ofhängeg Konsumente vun de soziale Medie ginn. Mir wëllen net, datt se e Spillball vun den Algorithme ginn, Affer vun Desinformatioun, Ligen a Propaganda.

Mediekompetenz ze hunn ass bäi Wäitem net nëmmen am individuellen Interessi vun all Kand, et ass am direkten Interessi vun eiser ganzer Gesellschaft, well d'Gefor fir eist Zesummeliewen, fir eis Demokratie duerch d'sozial Medien ass evident a wiisst eigentlech vun Dag zu Dag.

Ech erënneren nëmmen un de Skandal vu Cambridge Analytica, dem Gamechanger fir dem Donald Trump säi Walkampf. Anert Beispill: Vill Leit waren a si vläicht nach ëmmer bis haut dovunner iwwerzeegt, datt dat Entwiermungsmëttel fir Päerd si, also d'Mënschen, géint Corona géif schützen. An dann hunn ech nach guer net vum Noriichtekrich geschwat, dee sech grad am Zesummenhang mam Krich an der Ukrain ofspillt. D'Wourecht war dat éischt Affer vun deem Krich.

Dat si just e puer Beispiller. D'Manipulatioun schéngt grenzelos méiglech ze sinn, wann een net amstand ass, den Tri ze maachen tëscht dem Fake an dem Fakt. Et ass also kruzial fir eis all, datt eis Kanner a Jugendlech digital Mediekompetenzen hunn. Dat muss eng vun den Haaptaufgabe gi vun hirer Bildung an hirer Ausbildung!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Duerfir begréisse mir als LSAP et och ausdrécklech, datt et do Fortschrëtter gëtt. Et gëtt ee Codingcours am Fondamental. Et gëtt dee sougenannte „Medienkompass", dee fächeriwwergräifend kann ugewannt ginn. An enger ganzer Rei Lycéeë gëtt et den Digipass, en Outil, deen d'Jugendparlament begréisst huet, iwwerall wollt hunn. An da gëtt et virun allem de Cours „Digital Sciences", deen d'lescht Joer an enger Pilotphas an 18 Lycéeën op der Septième agefouert gouf. Et war batter néideg, datt esou ee Cours an d'Schoul komm ass! Zanter der Rentrée elo virun engem Mount gëtt dee Cours flächendeckend an alle Lycéeën op Septième ugebueden an an de Pilotlycéeën och op Sixième.

Dës verschidden Instrumenter a Coursë si vun engagéiertem Personal ausgeschafft ginn an duerfir hinne vun dëser Plaz e ganz grousse Merci!

An eisen Ae stelle sech an deem Zesummenhang awer och eng Rei vu Froen. De Cours „Digital Sciences" orientéiert sech ronderëm sechs grouss Thematiken, déi alleguerten derwäert sinn, datt ee se an der Schoul behandelt. Dorunner besteet keen Zweifel. Awer et bestinn Zweifel um Terrain an de Schoulen um roude Fuedem an deem Ganzen.

D'Theeme vum Cours si follgend, ech ziele se kuerz op: éischtens: „Mon monde digital et moi !", wou de Fokus op der Kommunikatioun läit; zweetens: „Le World wide web, sa toile et moi !", hei geet et ëm kritescht Denken. Dat drëtt Theema ass Big Data, dann, véiert Achs, de Volet Programmatioun. Ee weidert Theema ass Robotik. An dann an där leschter Achs geet et ëm artificiell Intelligenz.

Eleng duerch d'Opziele vun deenen Thematiken héiert ee jo, wéi vast dee ganzen Domän ass an datt et och queesch duerch de Gaart geet. Et muss ee sech d'Fro stellen, ob an dësem Fall vläicht e wéineg manner net méi wier. Follgend Kriticke si mir an deem Zesummenhang aus Lycéeën zougedroe ginn:

Wann een all eenzel vun deene sechs Achsen am Detail wëllt duerchgoen, da gëtt ee mam Programm, deen eng Stonn pro Woch géif virgesinn, net fäerdeg. Ëmgedréit, wann een awer alles wëllt duerchkréien, da muss ee Verschiddenes ganz séier gesinn an et kann een net an d'Déift goen.

Eng weider Kritik, déi ech och héieren hunn, ass, datt ze mann Exercicer an deene verschiddene Matièrë virgesi wieren. Ze mann, fir datt d'Schüler och wierklech verstinn, wéi et dann eigentlech geet. An dat ass jo awer wuel de Sënn an Zweck vun deem Ganzen!

D'Enseignantë mussen deemno decidéieren, wéi een Deel se sollen op der Säit loossen, well se net d'Zäit kréien, fir alles ze maachen. Dat ass natierlech net glécklech. En plus riskéiere mer, datt déi eng Schüler dat eent gesinn, déi aner dat anert, an datt et op Sixième, op Cinquième grouss Diskrepanze gëtt, un deene weeder Schüler nach Enseignantë schold sinn.

Deementspriechend wichteg wier et, eng seriö Evaluatioun vun deem Cours ze maachen. An eis géif et natierlech hei an der Chamber och interesséieren ze wëssen, wéi déi Evaluatioun dann ausgefall ass. Wat soll bäibehale ginn? Wat soll verbessert ginn?

An deem Sënn deposéieren ech och eng Motioun am Numm vun de Majoritéitsparteien, an där mir d'Regierung invitéieren, esou eng Evaluatioun ze maachen, an zwar um Enn vum Cycel.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*– considérant que le cours « Digital Sciences » a été généralisé dans les lycées lors de la rentrée scolaire 2022-2023 ;*

*– considérant que le cours s'étend sur un cycle de trois années (septième, sixième et cinquième) ;*

*– considérant l'importance croissante que prennent les nouvelles technologies dans la vie des élèves et des enseignants ;*

*– considérant la résolution du Parlement des jeunes sur la modernisation de la vie scolaire du 4 juin 2022,*

*invite le Gouvernement*

*– à procéder à une évaluation du cours « Digital Sciences » au bout de trois ans, soit à l'issue d'un cycle complet, et à en présenter les conclusions à la Chambre des Députés.*

*(s.) Francine Closener, Djuna Bernard, Claude Lamberty.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Eng aner Fro, Här President, déi sech stellt: Sinn eis Enseignanten, déi d'Fach „Digital Sciences" halen, selwer eigentlech genuch Expert an all deenen Thematike vun deene sechs Achsen? Am Ufank huet et geheescht, datt all Enseignant, oder quasi all Enseignant, deen neie Cours kéint halen. Dat schéngt awer net onbedéngt de Fall ze sinn, eeben aus deem einfache Grond, datt vill Professeren dat Basiswëssen, wat se brauchen, fir dee Cours och gutt kënnen ze halen, net hunn. Mee si brauche jo awer natierlech richteg seriö Expertis a virun allem och eng Avance am Kënnen an am Wëssen op de Schüler.

D'Entwécklung vun der digitaler Welt ass jo rasant. Deementspriechend spillt d'Formation continue grad an dësem Beräich eng immens wichteg Roll. A misst net och am Stage vun deenen neien, vun den zukünftege Proffe vill méi Wäert dorobber geluecht ginn?

Här President, de Cours heescht, wéi gesot, „Digital Sciences". Fir eis als LSAP ass den Ëmgang mat de Medien, d'Medienerzéiung awer net just ee vu sechs Punkten, deen esou e Cours misst uschneiden, fir eis ass dat den zentrale Punkt. Mir wësse jo awer, datt déi Jonk hir Informatioune quasi integral an exklusiv aus dem Netz huelen. Dat ass jo d'office net schlecht, mee natierlech besteet d'Gefor, datt se nëmmen Informatiounen aus hirer Bulle kréie respektiv carrement op bewosst gestreet Fakenews erafalen.

Duerfir ass eis och de Kontakt an d'Vernetzung an d'Bildung mam Zentrum fir politesch Bildung ganz wichteg. Duerfir d'Fro: Wéi enk ass déi Vernetzung? Ass séchergestallt, datt all Schüler mam Zentrum fir politesch Bildung a Verbindung kënnt?

An där selwechter Logik begréisse mer och, datt et scho laang eng Zesummenaarbecht mat den Ekippe vu BEE SECURE gëtt. Woubäi ee sech och hei d'Fro ka stellen, ob déi net nach méi intensiv soll a muss a kéint ginn. Well wann déi nei Medie vill Chancë bréngen, da lauere jo awer och Geforen, deene sech d'Elteren dacks net esou vill bewosst sinn. Ech erënneren un dee grujelege Video, dee viru Kuerzem op de Reseauen zirkuléiert ass, wou Jonker gefilmt hunn, wéi e Jong geschloen a gedeemütegt ginn ass. Mir hunn hei haut de Moien nach an enger gréisserer Reunioun mat dräi Regierungsmemberen doriwwer geschwat.

An d'Aktualitéit weist eis leider, datt et keen Eenzelfall ass. Duerfir wëll ech vun dëser Plaz och déi Efforte luewen, déi vu BEE SECURE a Saache Preventioun géint Cybermobbing gemaach ginn. Wichteg ass, datt all Schüler a Beréierung kënnt mat där Opklärung, datt do kee Jonken duerch de Raster fält. Well Cybermobbing ass leider wierklech kee Randphenomeen méi. Enger Etüd no, déi d'lescht Woch publizéiert ginn ass, war an Däitschland ee vu sechs Schüler schonn eng Kéier Affer vu Cybermobbing. Ee vu sechs!

Natierlech gouf et och scho Mobbing virum Internet an der Schoul oder am Schoulhaff, mee mam Smartphone an der Täsch kann dat ganz aner Proportioune kréien. Dat betraffent Kand huet de Mobbing souzesoen ëmmer bei sech, bis doheem a sengem Zëmmer.

Dës Etüd, déi vum „Bündnis gegen Cybermobbing" gemaach gouf, weist och, datt de Phenomeen vum Cybermobbing duerch d'Pandemie verstäerkt gouf, vu datt d'Kanner wéinst Confinement an Homeschooling vill méi online waren.

Jiddefalls, wa mir soen, datt eis déi mental Gesondheet vun de Jonke wichteg ass, da musse mer Cybermobbing nach vill méi eescht huelen, well mer jo wëssen, datt et zu Suchtverhalen, Depressiounen a Suicide ka féieren.

Duerfir stellt sech och d'Fro: Wéi solle mer mat engem akute Fall ëmgoen? Sollen d'Elteren d'Direktioun vun engem Lycée informéieren? Solle se sech un de CePAS wenden? Un den Child Protection Officer? Am Zweifelsfall direkt vläicht un de Parquet, wann et e schlëmme Fall ass? Do brauch ee kloer Richtlinne fir Schüler, Elteren, fir Proffen an Direktiounen.

Selbstverständlech ass d'Preventioun dat bescht Mëttel, fir géint Cybermobbing virzegoen; Stéchwuert Medienerzéiung. Mee mir mussen eis keng Illusioune maachen: Och dee beschte Cours ass keen Allheelmëttel. Duerfir wollt ech och follgend Iwwerleeung mat op de Wee ginn:

Sollt een net, wéi a Frankräich, op de Wee goen, fir Cybermobbing carrement als en Delikt an de Code

pénal anzesetzen? Net nëmmen, fir kënne repressiv dergéint virzegoen, mee virun allem, fir de Victimme kloer ze vermëttelen, datt se eescht geholl ginn, fir hinnen ze weisen, datt, wann ee si filmt, wa se geschloe ginn, an et an d'Netz gesat gëtt, d'Justiz dann op hirer Säit ass an datt dat net nëmmen e banale Sträit tëscht Kanner ass. Ech denken, dat wier eng Iwwerleeung wäert, och a grad fir de symbolesche Charakter vun esou engem Akt.

Zum Schluss wollt ech nach eng Kéier ganz kuerz op d'Resolutioun agoe vum Jugendparlament am Juni 2022. D'Jugendparlament hat gefuerdert, datt den Informatikcours op Septième a Sixième géif bäibehale ginn, well och wann Digital Natives e Schlagwuert ass, esou ass net all Schüler am Lycée scho mat Basisoutile wéi Word oder Excel bewandert. Dat soll een och net aus den Ae verléieren.

Si fuerderen och, datt den Digipass soll an all Schoul ugebuede ginn. Ass dat eng Optioun oder ass dat eigentlech hifälleg ginn duerch d'Generaliséierung vum „Digital Sciences"-Cours?

Här President, fir d'Digital Natives ass eng Welt ouni Smartphone an Internet net virstellbar. Se surfen, chatten, spille mat grousser Selbstverständlechkeet, mee e User ass net d'office digital kompetent. An dat ass awer sonner Zweifel eng Kärkompetenz, déi d'Schoul vun haut ze vermëttelen huet. Dat kënne mer net dem Zoufall iwwerloossen, dem Choix vun engem Enseignant, dee sech domadder auskennt, de Schoulen, déi dat erkannt hunn. Dat do ass en Theema, deen all Schüler an all Schoul betrëfft, ouni Ausnam!

Ënnerschiddlech Schoulen, jo, mee dës Matière, besonnesch de Volet vun der Mediekompetenz, muss iwwerall enseignéiert ginn a virun allem permanent adaptéiert ginn. Zesumme mat den Experte vu baussen, mat den Enseignanten, fir déi deen Theema an der Grondausbildung an an der Weiderbildung eng fest a kloer definéiert Roll muss spillen, an zesumme mat den Elteren, déi sech och hirer Verantwortung bewosst solle sinn.

D'Zil muss et sinn, datt all Kand, all Jugendlechen ekipéiert ass, fir mat Medien am Allgemengen a mat Phenomeener wéi Cybermobbing eens ze ginn, fir datt se muer selbstbewosst Bierger ginn, déi net op Leit erafalen, déi Fake als Fakte verkafen an allze dacks eis Demokratie just wëlle futti maachen.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Très bien!

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Dat dierfe mer net zouloossen. Dorunner musse mer weider schaffen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Closener.

An éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop wéilt ech soen, dass mir et als CSV begréissen, dass endlech an de Schoulen „Digital Sciences" agefouert ginn ass. Et ass e Beräich, vun deem scho ganz laang hei an der Chamber geschwat gëtt, an et ass och eppes, wat scho vu ganz villen Deputéierten an hiren Interventiounen heibannen an der Chamber gefrot ginn ass.

Fakt ass, dass eis Kanner a Jugendlech mat den digitale Medien opwuessen a vill ze oft souzesoe „learning by doing" an dësem Beräich maachen. D'Pandemie huet den Homeschooling mat sech bruecht, an dëst war fir vill Jonker gläichzäiteg eng Beräicherung, awer och eng Gefor. Si si praktesch iwwer Nuecht an d'Onlinewelt katapultéiert ginn an hate ganz oft net déi néideg Viraussetzungen dofir.

Si hu misse léieren, eens ze gi mat Teams, mat OneNote an esou weider. D'Hausaufgabe sinn entweeder direkt am Office gemaach ginn oder si goufen, haaptsächlech bei deene méi Klengen, nach um Pabeier gemaach, da goufe se gescannt an dem Enseignant gemailt. De Cours, dee gouf vum Enseignant digital virun enger Kamera ofgehalen oder den Enseignant huet d'Kanner a klenge Gruppe stonneweis ënnerriicht. Fir vill Enseignanten, awer och fir Eltere war dëst eng nei a grouss Erausfuerderung.

Mee déi Jonk hunn an dëser Zäit net nëmmen digital geléiert, och hiert Sozialliewen huet sech gréisstendeels digital ofgespillt. Et gouf kee Sportstraining, keng Musekschoul, kee Rendez-vous mat Frënn dobaussen. Duerfir awer vill Snapchat, TikTok, Fortnite, Formel 1 online, Minecraft, Brawl Stars a wéi se alleguerten heeschen.

Gläichzäiteg sinn awer och Begréffer wéi Cybermobbing, Dateschutz am Internet, Schutz vun der Privatsphär, sougenannt Freemium-Spiller ëmmer méi bekannt ginn. An dertëschent sëtzen déi Jonk a mussen dat alles geréieren, ouni awer onbedéngt dat néidegt Basiswëssen ze hunn. Si kennen net ëmmer d'Gefore vun de soziale Reseauen. Si wëssen net all, dass si mat hire Liken a verschiddenen Appen hëllefen, Algorithmen ze programméieren, an dowéinst dann ëmmer méi Inhalter ugewise kréien, déi an d'Richtung vun de Likë ginn, mat deene si Saachen ugeklickt hunn. Och e Selfie ass séier eropgelueden a kann awer heiansdo ongewinnt Konsequenzen hunn.

Aus all dëse Grënn ass et batter néideg, dass eis Jonk sech esou séier wéi méiglech mam Internet vertraut maachen, dass si léieren, wéi e funktionéiert, wéi d'sozial Reseaue fonctionéieren a wat d'Konsequenze kënne si vu verschiddenen Akten.

Aus all dëse Grënn begréisse mir als CSV, dass sech an der Schoul mat der Digital Science befaasst gëtt. Mee mir stellen eis awer och Froen iwwert d'Form vum Cours an iwwert den Inhalt.

Mir verstinn, dass et d'Fortsetzung vum Codingcours aus dem Fondamental ass. Mir verstinn och, dass et d'lescht Joer e Pilotprojet op der Septième war an dëst Joer e Pilotprojet op Sixième an d'nächst Joer op Cinquième wäert ginn.

Mir stellen eis d'Fro, ob eng Evaluatioun iwwert de Summer gemaach ginn ass vum Cours op der Septième, ier de Cours dësen Hierscht op de Septièmme verallgemengert gouf. Wa jo, wat gouf evaluéiert? A wat war d'Resultat? A wéi eng Konsequenze goufen doraus gezunn?

„Digital Sciences" krut keng eege Schoulstonn, mee et gouf de verschiddene Lycéeën d'Méiglechkeet gelooss, dëst Fach an déi verschidde Fächer ze integréieren, wéi zum Beispill d'Sproochen, d'Sciencen. Wéi huet dat praktesch funktionéiert an de Schoulen? A wéi enge Fächer gouf et agebaut?

D'Madamm Closener huet gesot, wéi de Cours opgebaut ass. Do stellt sech d'Fro, ob den Inhalt net vill ze vill voluminéis ass fir eng Stonn an der Woch. A wat eis och vun Enseignantë gesot gouf, dat ass, dass bis elo ee Cours ass am Secondaire, esouwuel fir de Classique, General a Modulaire. A si froen, ob et do net méiglech wier ze differenzéieren, well laut den Enseignantë wieren d'Niveauen awer zimmlech ënnerschiddlech.

An: Wéi goufen d'Enseignantë virbereet? Si hunn zwar Formatioune kritt, mee sinn déi Formatiounen duergaangen?

Eis als CSV ass et wichteg, dass déi Jonk vun haut optimal op eng digital Welt virbereet sinn an dobäi och op d'Geforen hi sensibiliséiert ginn. Dës Welt ass eng aner wéi déi, an där mir opgewuess sinn. Villes ass duerch d'Digitaliséierung méi einfach ginn, mee et sinn och vill nei Problemer zesumme mat der Digitaliséierung oder grad duerch d'Digitaliséierung komm.

Ofschléissend soen ech der Madamm Closener Merci fir d'Ufro vun dëser Aktualitéitsstonn an Iech soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | An ech soen der Madamm Diane Adehm Merci a ginn d'Wuert weider un deen nächsten ageschriwwene Riedner. An dat ass den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Villmools merci, Här President. Éischtens, et ass emol eng aner Introduktioun: Ech fannen et nämlech ganz flott, dass mer iwwer e Sujet, deen haaptsächlech Kanner a Jonker wäert interesséieren, schwätzen. An da begréisse mer do uewen eng Schoulklass. Ech weess elo net, vu wou, mee dir schéngt mer nach relativ jonk ze sinn. Duerfir ass dat ganz flott, ...

*(Interruptions)*

... dass dat dote ganz ...

*(Interruption par Mme Diane Adehm)*

Ass eppes net gutt?

*(Interruption)*

Ech gesi schonn, op der rietser Säit si se souguer bei esou Sujete schonn nervös. Dat ass natierlech ganz schued, well et war wierklech eng ganz positiv gemengt Remark. Et ass awer guer net schlëmm, Här President, ech wende mech trotzdeem un d'ganz Chamber; och u meng riets Säit.

D'Mediekompetenz: Ech mengen, dass et e richtegen an och e wichtegen Zäitpunkt ass, fir iwwer Mediekompetenz ze schwätzen. Dofir merci dem Francine Closener fir déi Heure d'actualité, déi ugefrot ginn ass, well ech menge wierklech, dass et ganz wichteg ass, an dësen Zäiten iwwert d'Kompetenz an de Medien a vun de Medien, awer och den Ëmgang dermat ze schwätzen. Merci awer och dem Minister Claude Meisch fir déi vill an déi sëlleg Saachen, Projeten, Aktiounen, déi an de leschte Jore gelaf sinn.

Dir kennt, souwuel op menger lénker wéi bestëmmt och op menger rietser Säit, an Ärem Ëmfeld Situatiounen, wou Der bestëmmt schonn emol gestaunt hutt, wann Der klenge Kanner nogekuckt hutt, wéi se eigentlech ouni grouss oder gréisser Problemer hirer Mamm, hirem Papp hire Smartphone geholl hunn an dann do ganz zilsécher, mat engem oder zwee klenge Fanger, op Fotoe geklickt hunn, Spill-Appen opgedréckt hunn oder einfach emol eng Foto gemaach hunn.

Vill Kanner léieren duerch eng gewësse Selbstverständlechkeet, mat Medien ëmzegoen, se ze benotzen. Firwat? Ma einfach, well d'Kanner scho ganz fréi mat Medie konfrontéiert sinn. Am Alldag vun de Kanner, am Familljekrees a mat hire Frënn, do si se einfach present.

Derbäi kënnt den natierleche Virwëlz vun de Kanner, dass Kanner aus engem Spill vum Knäppercherdrécken, also aus engem einfachen Ausprobéieren, ëmmer Neies derbäiléieren, wéi zum Beispill eng Fernbedienung ze benotzen, eng Computermaus ze

benotzen oder och einfach um iPad d'App vun der Sendung mat der Maus opzedrécken.

D'Mediekompetenz u sech ass natierlech vill méi, wéi just ze wëssen, wéi een e Knäppchen dréckt. E sënnvollen Ëmgang mat Medien ze hunn, ass u sech, an einfache Wierder ausgedréckt, wat et heescht, Mediekompetenz ze hunn. An ech soen et ganz kloer: D'Kanner sollen, jo, dierfen d'Medien entdecken a solle gesinn, wéi villsäiteg d'Medie kënne benotzt ginn. Dat geet wäit doriwwer eraus, wat et heescht, just Medien ze consomméieren. Anstatt also wallos ze consomméieren, sollen d'Kanner geziilt a bewosst Sënnvolles uklicke léieren. Si sollen dat, wat se am Internet oder soss begéinen, kritesch beurteele kënnen. Si sollen Inhalter an Informatiounen anuerdne kënnen a si sollen awer och d'Medie benotze kënnen, fir selwer kreativ ze ginn.

Mediekompetenz kréien d'Kanner natierlech mol als Alleréischt an hirem familiären Ëmfeld mat op de Wee. Dat heescht: Déi éischt, kommt, mer nennen et emol „Virbiller" am Mediekonsum, dat sinn d'Elteren, dat sinn d'Geschwëster, dat ass d'Famill. De primären Zougang zur Medienerzéiung geschitt also an der Famill. Do musse sech d'Elteren dann och hirer Verantwortung bewosst sinn.

Wann d'Kanner dann de Wee bis an de schoulesche Kader fannen, geet et drëm, e mediekompetent Kand aus dem Kand ze maache mat de Moyenen, déi d'Schoul kann ubidden.

E wichtege Constat: Medienerzéiung muss pedagogesch ganzheetlech gesi ginn. Et ass net esou, dass just eng isoléiert Aktioun derzou féiert, dass e Mënsch Mediekompetenz kritt. Et ass e Ganzt. An et muss och genau esou gesi ginn.

Wat bedeit dat? Majo Jonker, där klenger an och manner klenger, ginn op ganz ënnerschiddlechen a besonnesch och ville Plazen zu all Auerzäit am Dag mat der Digitaliséierung konfrontéiert. Dofir muss een et och kollektiv kucken, déi formal an och déi nonformal Bildung, ëmmer zesumme mam familiären Ëmfeld, fir dass eis Kanner eng digital Identitéit entwéckelen, déi hinnen et erlaabt, duerch hir Entwécklung zu engem Acteur an der digitaler Welt ze ginn, dee responsabel handele kann.

Et kéint een de Sujet elo op ganz ënnerschiddlech Aart a Weise beliichten, analyséieren an och kommentéieren. Onméiglech a fënnef Minutten. Dofir konzentréieren ech mech op e puer weider wichteg Messagen, déi besonnesch dat schoulescht Ëmfeld a seng Partner betreffen.

Säit 2018 schafft den Educatiounsministère un enger ëmfaassender Strategie, fir d'Vermëttlung vun den digitale Kompetenze virunzedreiwen, fir dass déi Jonk sech sécher an der digitaler Welt kënne beweegen. Dozou gehéiert, dass d'Kand déi technologesch Zesummenhäng op engem gewëssenen Niveau och beherrscht a versteet.

De Coding ass ugeschwat ginn am Fondamental, an dee leet e wichtege Grondsteen, dass d'Kanner an hirem Alter eigentlech spilleresch léieren, wéi Computeren iwwerhaapt fonctionéieren. Dat Wësse gëtt da spéiderhin am Lycée verdéift mat „Digital Sciences", an et ass scho virdru gesot ginn: wat weider an den nächste Jore wäert ausgebaut ginn, mam Zil, dass déi Jonk op d'Realitéit vun der digitaler Welt virbereet kënne ginn.

Nieft dem Wëssen iwwert d'Technologië selwer ass et awer och wichteg, dass mir de Jonken e responsabelen Ëmgang mam Internet a besonnesch mat de soziale Medie vermëttelen. Hei kann een och de „Medienkompass" ervirsträichen, deen 2020 de Referenzkader fir d'Schoulprogrammer agefouert huet.

Wärend der Coronakris, an och elo am Kader vum Krich an der Ukrain – et ass och schonn ugeschwat ginn – si ganz vill Falschinformatiounen am Netz. Et geet also och drëm, dass Hannergrondwëssen, dass Aussoen op Echtheet kënnen iwwerpréift ginn. Mee dat ass eppes, wat iwwert d'Zäit muss kënnen opgebaut ginn.

Den Zentrum fir politesch Bildung, ech erwänen en nach eng Kéier, a BEE SECURE, déi hunn hei e ganz wichtege Lead. 2019 gouf d'Campagne #checkyourfacts lancéiert, wou et drëm geet, de Grand public iwwert d'Mechanisme vun der Desinformatioun opzeklären. Ech kéint och nach iwwer VieSo schwätzen, iwwert de CePAS, de Kanner-Jugendtelefon, d'Helpline vu BEE SECURE. Dir gesitt, onméiglech a fënnef Minutten déi vill, vill, vill Aktivitéiten an deem dote Beräich opzezielen!

Mir geet et haut drëm, d'Wichtegkeet einfach nach eng Kéier ervirzesträichen, déi d'Mediekompetenz huet an eiser Zäit. An ech hoffen, dass och déi riets Säit, besonnesch e puer ganz riets hei, extreem gutt nogelauschtert hunn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Lamberty. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

*(Interruptions)*

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech fänken da mol un.

*(Interruption)*

Virewech e grousse Merci un d'Madamm Closener, dass si dëse Sujet op den Ordre du jour gesat huet.

Am Mäerz 2021 hat ech d'Geleeënheet, am Kader vun enger Question élargie dem Här Minister eng Rei Froen iwwert déi neisten Initiative ronderëm dëst Theema ze stellen. Am Theema Medienerzéiung, a ganz besonnesch am Beräich vun den digitale Medien, deet sech enorm vill a sëlleg nei Trends, nei Reglementer an nei Entwécklunge bréngе mat sech, dass sech eise Schoulsystem muss deene rezenten Upassungen ëmmer erëm och selwer upassen an immens reaktiv muss sinn. An deem Sënn kann een net genuch iwwert dëst wichtegt Theema schwätzen.

Um europäeschen Niveau gouf entre-temps den Digital Markets Act de 4. Oktober ugeholl an e verbitt den „targeted advertising" bei Kanner. Dat begréisse mir ausdrécklech. A mir setzen eis och weider derfir an, dass mer op EU-Niveau, mee awer och op nationalem Niveau anstänneg Reegele fir den digitale Raum brauchen. Dëst schaaft nämlech Transparenz a Sécherheet fir jiddereen.

A fir op der Madamm Closener hir Fro no enger Introduktioun vum Cyberharcèlement am Code pénal ze äntweren, sou krut ech d'Informatioun, dass dëst am Code pénal am Artikel 442-2 schonn drasteet an dass dat scho couvréiert wier.

D'EU-Kommissioun huet virun e puer Deeg Guidelines zur Digital Literacy erausginn, déi sech ganz besonnesch un d'Léierpersonal riichten. Do ass zum Beispill och e Kapitel iwwert d'Bewäertung vun de Kompetenzen am Beräich Digital Literacy dran. An ech stelle mer hei d'Fro, wéi mer dat zu Lëtzebuerg applizéieren. An ech wollt do de Minister froen, wéi d'Benoutung an deem Beräich zu Lëtzebuerg organiséiert ass.

Communitymedien a Schülermedie si wichteg fir Jonker, fir selwer Kompetenzen an der Medieproduktioun opzebauen a selwer zu engem Sujet ze recherchéieren. Dass d'Welt net ëmmer schwaarzwäiss ass, dass d'Problemer villschichteg sinn, dass ënnerschiddlech Quelle gehéiert an hannerfrot musse ginn, sinn enorm wichteg Kompetenzen, déi een als jonke Mënsch muss kënnen a verinnerlechen. Esou Projeten, ob an der nonformaler Bildung, am Parascolaire oder am Kader vu fächeriwwergräifenden Initiativen, si wichteg, fir sech an der Déift mat Sujeten, déi de Jonken um Häerz leien, auserneenzesetzen, Schreif-, Lies- an digital Kompetenzen opzebauen a kritescht Denken unzereegen. Si mussen dowéinst ëmmer weider ënnerstëtzt ginn.

Et gouf vill gutt Initiativen an deene leschte Joren. Et goufen der och scho vill genannt. Ech denken u BEE SECURE, de „Medienkompass", de Mediepass am Fondamental an d'Fach „Digital Sciences", dat jo scho vu menge Virriedner/innen ugeschwat gouf. Säit der Pandemie huet d'Theema nach eng Kéier weider u Profill gewonnen. An ech mengen, dass besonnesch am Fondamental den Ëmgang mat de soziale Medien, d'kritescht Hannerfroe vun Algorithmen, Trends, Schlagzeilen an d'Erkenne vun eventuelle Falschnoriichte scho muss fréi an op eng spilleresch Aart a Weis thematiséiert ginn.

Här President, soulaang d'Medienerzéiung substanziell op déi fräiwëlleg Initiativ vum Léierpersonal setzt, wäerten d'Schüler/inne ganz verschidden domat konfrontéiert ginn, souwuel a Quantitéit wéi Qualitéit. Dofir ass et gutt, wann d'Mediekompetenze wierklech iwwert de reguläre Programm konsequent geférdert ginn an natierlech och hire feste Bestanddeel an der Enseignantsausbildung an hirer Weiderbildung hunn.

Bei der Mediekompetenz an -notzung ass d'Approche iwwert d'Familljen och wichteg, well d'Notzungsgewunnechten, déi gesäit ee virun allem als Kand schonn doheem. Dofir mussen och d'Elteren hei ugeschwat ginn. An an dësem Beräich kënne vläicht déi zukünfteg Eltereforen, déi jo dann deemnächst operativ sinn, och eng Ulafstell fir d'Eltere sinn.

Ofschléissend wëll ech awer op dëser Plaz ënnersträichen, dass d'Mediebildung zwar enorm wichteg bei de Kanner a Jonken ass a ganz sécher eng wichteg Plaz an der Bildungs- a Betreiungswelt muss hunn, mee och am Lifelong Learning an an der Erwuessenebildung hir Wichtegkeet huet. Besonnesch am Erwuessenebeträich feelt et menges Wëssens och eklatant u Statistiken an Analysen iwwert d'Mediekompetenze vun eise Residenten. Fir d'Politik wier dat awer ganz sécher eng grouss Plus-value. An dofir hoffe mer, dass sech hei och an Zukunft nach eppes wäert doen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e grousse Merci och un d'Madamm Closener, déi dës Aktualitéitsstonn ugefrot huet, fir iwwert dat wichtegt Theema ze schwätzen. E Medienunterrecht, dat neit Fach, wat elo op Septième ass, am Fong ass et ganz villëmfassend, wourëms et hei geet. A fir dat an e puer Minutten do alles eriwwerzebréngen, ass schwiereg. Ech probéiere mech emol op deem Exercice hei.

Dat Éischt, wat mer ugeschwat hunn, dat sinn d'sozial Medien. Dat sinn d'Smartphonen, déi et säit elo awer schonn enger ganzer Rei Jore gëtt an déi ganz vill verännert hunn, eebe grad besonnesch bei Kanner a Jugendlechen.

E grousse Problem ass natierlech deen, dass d'Kanner oft, an dat ass schonn hei ugeklongen, dat besser

beherrsche wéi hir Eltere respektiv wéi aner Erwuessener a wéi d'Proffen an d'Schoulmeeschteren. An d'Kanner wëssen och ganz gutt, wéi se dat kënne benotzen, an och, wéi se et kënne benotzen, dass hir Eltere respektiv aner Erwuessener et net matkréien.

An dora besteet natierlech eng relativ grouss Gefor. An ech mengen, de Ministère huet jo och schonn esou Aktioune gemaach, wou et drëms geet, eebe grad drop opmierksam ze maachen, dass d'Kanner net sollen déi ganzen Zäit oder op jiddwer Fall vill Zäit mat hirem Handy eleng verbréngen. An ech si souguer der Meenung – a bei mir doheem ass dat esou –: Viru Septième gëtt et kee Smartphone fir d'Kanner.

Dann ass geschwat ginn hei vun engem anere Problem, dat ass de Cybermobbing. Dat ass effektiv sou, an ech schwätze jo aus Erfarung als Proff am Lycée, dass mer ganz oft domadder ze dinn haten, dass awer ganz oft de Problem ass, dass doriwwer net vill geschwat gëtt, well mir wësse jo och aus den Diskussiounen de Moien, wéi mer iwwert d'Gewalt bei de Jugendleche geschwat hunn, dass ganz oft déi Jugendlech sech net trauen, fir bei Erwuessener ze goen, ob dat elo an der Schoul ass oder bei soss Leit, fir hinnen ze hëllefe respektiv fir dann iwwer anerer ze berichten, deelweis och aus Angscht, déi se dann hu viru Revancheakten.

Allgemeng géif ech hei de Rot ginn un all Betraffen: Wa se wierklech Affer gi vu Cybermobbing, an ech mengen elo net eppes ganz, ganz Klenges, Banales, mee wann dat wierklech schonn eppes ass, wat méi oft virkënnt a wat och eng gewësse Schwell iwwerschreit, da solle se net nach laang am Lycée no Hëllef froen, mee da solle se direkt d'Police kontaktéieren. Dat ass mäi Rot, deen ech u si hunn. An ech mengen, dat ass och dat, wat de Moie bei der Kommissiounssëtzung hei erauskomm ass.

Da wëll ech en zweete Punkt uschwätzen, dat ass de Problem, wa mer nei Fächer aféieren, allgemeng an der Schoul. Ech ginn Iech Recht, dat hei ass wichteg, absolutt, ganz wichteg! Et stellt sech awer d'Fro, op wat fir engem Fach seng Käschten dat heite geet. Well wa mer en neit Fach aféieren, da musse mer en anert ewechhuelen.

A mir hunn oft hei Diskussiounen, dass mer mussen an der Schoul méi Sport maachen, dass mer musse méi Geschicht maachen, dass mer musse méi – ech weess net – Literatur maachen. An d'Fro stellt sech, et huet een ëmmer nëmmen 30 Stonnen oder esou zegutt: Wat léisst een ewech? An ech géif dofir och awer oppassen, an ech fannen et gutt, dass dat Fach do ass, mee dass mer déi aner Fächer – Liesen, Schreiwen, Rechnen, Geschicht, Geografie, Biologie an esou weider – net vergiessen. D'autant plus, dass jo och an deene Fächer, zemools elo Geschicht, Geografie an och an de Sproochefächer, ganz vill gemaach gëtt a puncto Medienunterrecht, elo net onbedéngt, wéi een e Smartphone benotzt, mee ganz vill iwwert déi aner Repercussiounen.

An da wiere mer beim nächste Punkt, dat ass dee vun der Desinformatioun. Et gëtt vill geschwat haut vun Desinformatioun an de soziale Medien. An dat ass och ganz berechtegt. Ech wëll Iech awer hei just eng Kéier drun erënneren, fir déi, déi schonn e bësse méi laang derbäi sinn, et ass emol e Lidd erauskomm, 1983, vum Reinhard May, dat huet geheescht: „Was in der Zeitung steht". An deem Lidd ass et iwwert de Ruffmord duerch gewësselos Journalisten an den Zeitunge gaangen. Bon, 1983 ass et nach keng sozial Medie ginn. A mir wëssen alleguerten: Desinformatioun gëtt et net eréischt säit de soziale Medien, net eréischt säit Smartphone, mee Desinformatioun gëtt et schonn éiweg. A ganz besonnesch emol iwwerhaapt, säit et Medien, Zeitunge gëtt, well d'Medien an d'Zeitunge sinn eebe subjektiv. A si probéieren eebe ganz oft, am Numm vun deem, dee se bezilt, oder vun deem, deen d'Agenda festleet, d'Leit och an eng Richtung ze beweege respektiv ze manipuléieren.

Ech ginn Iech e Beispill: Ech hat och Medienunterrecht. Do ass et net iwwer dat Digitaalt gaangen, mee iwwert déi normal Medien. An ech hat e Proff, dat war deemools eng Koryphäe, ech soe säin Numm net, mee deen ass ... Dat war op Septième, an deemools ass den „RTL Hei Elei" owes ugaangen, dat war ganz nei, an dann ass e moies an d'Klass komm an dann huet en eis ëmmer gesot, wat si alles op der Tëlee Falsches erzielt hunn an déi géifen dach déi ganzen Zäit Desinformatioun maachen.

Just fir Iech dat emol eng Kéier ze erklären, dass et dat och scho ginn ass, respektiv an der Perspektiv vun deem Proff. Duerno hate mer nach een, deen huet dat mat der gréisster Zeitung vum Land gemaach. Deen ass an eis Klass erakomm an huet am Geschichtsunterrecht gewisen, wat an der Zeitung da fir Dommheete géife stoen. Ob dat elo gestëmmt huet oder net ..., mee warscheinlech war jo awer iergendwéi e bëssen eppes drun.

Dat heescht, wat ech wëll soen, dat ass: Desinformatioun ass elo net nëmmen eppes, wat mer an de soziale Medien hunn, mee allgemeng och an den Zeitungen an och soss. Well ech mengen, wann ee lo Ligen erzielt kritt, Dommheeten erzielt kritt, ass et am Fong egal, wou et ass, et muss een einfach drop oppassen. Et muss ee kritesch duerch d'Welt goen. Ob Der elo an e Bistro gitt an do sëtzt een um Comptoir, deen Iech Geschichten erzielt, déi erfonnt sinn, déi egal wat sinn, ob Der et an den Zeitunge liest, ...

*(Interruptions)*

... ob Der et op Social Media liest, ob Der als Kand ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... an der Schoul, am Schoulhaff vun iergendengem eppes erzielt kritt, et geet eeben drëms, dass ee kritesch domadder ëmgeet. Well Dir kritt iwwerall Dommheeten erzielt. An d'Konscht ass eeben, dass mer eisen ...

*(Interruptions et coups de cloche de la présidence)*

D'Konscht ass eeben, dass mer eise Kanner bäibréngen, dass se kritesch mat allem, wat se héieren, mussen ëmgoen. A soubal een hinne seet: „Deen do, deen huet d'ganz Wourecht!", oder: „Do steet ëmmer dat Richtegt!", grad da muss een oppassen, well grad dann ass et ganz geféierlech. Da muss ee besonnesch kritesch sinn.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

*(Brouhaha général)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Voilà! Gutt. Voilà!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Déi lénks Säit ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech soen Iech villmools Merci. Reegt Iech nach weider op. Schéinen Dag nach.

*(Hilarité et interruptions)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Keup. A mir lauschteren elo nach fir d'éischt der Madamm Myriam Cecchetti no.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, d'lescht Joer am November war eng Debatt iwwer Hatespeech a Cybermobbing hei an der Chamber. De Sujet krut deemools eng gréisser Opmierksamkeet opgrond vu senger Mediatiséierung. An der Press gouf bericht vu besuergten Eltere vu Jugendlechen, deenen hiert Liewe gekippt ass, nodeems Videoe vun hinne mat problemateschem Contenu op de soziale Reseauen zirkuléiert sinn.

Besonnesch bekannt goufen an deem Kontext Fäll vu jonke Fraen tëschent 14 a 16 Joer, déi um Netz vu jonke Männer am selwechten Alter blousgestallt goufen an hirer Intimitéit an doropshi vu jidderengem mat virtuelle Steng beworf gi sinn. Dës Meedercher traue sech haut nach net virun d'Dier. Si sinn net just Affer vu Cybermobbing an Hatespeech, si si virun allem eng Zilscheif vu sexistescher Gewalt a groussem Ausmooss um Netz, mee och am reelle Liewen.

Zäitgläich gouf et Berichter vum OKaJu a rezent Donnéeën iwwert de mentale Gesondheetszoustand vu Kanner a Jugendlechen zu Lëtzebuerg, dee sech nom Confinement verschlechtert hätt.

Här President, deemools gouf vill geschwat an all d'Parteie ware sech eens: Mir musse preventiv géint d'Gewalt am Internet ugoen, sensibiliséieren, informéieren, pedagogesch Mëttel schafen, fir de gesonden Ëmgang mat de Medien, virun allem de sozialen an digitale Medien ze erméiglechen.

Ech schwätzen elo net méi vun deemools, ech hu mech just gefrot, wat elo den neien Ulass fir dës Aktualitéitsstonn ass. Gëtt et eng nei Informatioun iwwert d'Evolutioun vum Gesondheetszoustand vu Kanner a Jugendlechen a Bezuch zu de Geforen am Kader vum Notze vum Internet an de soziale Medien? Huet sech d'Situatioun vläicht verschlechtert? Verbréngen déi Jonk eventuell elo nach méi Zäit virum Ecran wéi fréier? Sinn déi addiktiv Tendenzen an d'Luucht gaangen? Gëtt et doriwwer Zuelen, Berichter, iwwerhaapt Etüden hei zu Lëtzebuerg? Oder schwätze mer hei einfach blann an de Raum?

Ech mengen d'Geforen, déi den Internet mat sech bruecht huet, si scho méi laang bekannt. An de leschte Jore weise sech d'Konsequenze vum massiven Datenechange souwuel op d'Privatsphär wéi op d'Staatssécherheet. Onverifizéiert Informatiounen, déi faméis Fakenews am Internet hu sech wärend der weltwäiter sanitärer Kris massiv verbreet.

Mëttlerweil steet fest: Facebook, Instagram a Co maache süchteg. Exzessiivt an onverstännegt Notze vu Social-Media-Applikatioune féiert zu Suchtverhalen, wéi d'„fear of missing out": all zwou Sekonne säin Handy kucken, ob eppes komm ass, e Like, e Message, endlos swipen, endlos scrollen. Och als Erwuessener tappe mir alt scho vill ze vill oft an dës Fal. An déi Fale goufe gutt a clever opgestallt vun de Leit aus dem Silicon Valley. All dës Applikatioune funktionéieren no engem onbestännege Belounungsprinzipp, dee süchteg mécht. Dat gëllt fir Tinder, Instagram a Facebook. D'Algorithmen halen eis bei der Staang. Heiansdo e klenge Like, heiansdo e Match, am Ufank mol méi, dann ëmmer manner. Dat ass wéi beim Candy-Crush-Spillen: Wann ee gewënnt, zack fléissen d'Gléckshormoner.

Här President, wann een dat weess, misst ee jo bal derfir plädéieren, datt déi Saache verbuede ginn a verschwannen. Mir konnte jo och virdrun ouni Facebook, Instagram an Datingapplikatioun liewen. Souguer och ouni Smartphone. Mir hu keen Internet an der Boxentäsch gebraucht. Mee bon, dat wier jo dann awer retrograd an entspréicht net onbedéngt engem liberale Fräiheetsgedanken. Mir si jo schliisslech hei net a China.

Da musse mer alt kucken, datt mer léieren, mat deenen digitale Medien ze liewen an ëmzegoen. Dat ass jo och d'Zil vum „Digital Sciences"-Cours, deen neierdéngs am Secondaire agefouert gouf. Mir kënnen dat alles nëmmen ënnerstëtzen. Et ass déck Zäit

ginn, datt mir eis déi digital Techniken appropriéieren. Am Moment schéngt et, wéi wa mer der digitaler Evolutioun dauernd géifen hannendrulafen. Dat gëllt virun allem fir déi eeler Generatioun, mee awer och fir déi Jonk.

Jo, och déi Jonk, well en Digital Native notzt zwar all Dag säi Smartphone, iPad, Computer an esou weider, e weess vläicht intuitiv domadder ëmzegoen, mee sou richteg informéiert iwwert déi technesch, informatesch oder sozial Hannergrënn ass en awer trotzdeem net. Wéi sinn déi Applikatiounen opgebaut? Wéi funktionéiert den Algorithmus? Wat geschitt mat deenen Donnéeën? Wou gi se gelagert? Wat ass déi materiell Säit vum Internet? Wat ass en Datenzenter? Ass dat iwwerhaapt alles ökologesch tragbar? Am Kader vum „Digital Sciences"-Cours missten an eisen Aen d'Schüler och iwwert d'Internetinfrastrukturen an d'Hannergrënn vun der Fabrikatioun vun digitale Supporte wéi dem Smartphone informéiert ginn. Et soll kengem virgegaukelt ginn, déi digital Zukunft wier eng propper oder eng nohalteg Zukunft.

E bewossten, intelligenten Ëmgang mat digitale Medie bedeit dann och, sech als Notzer/in ze emanzipéieren, andeems een dat theoreetescht a praktescht Wësse vermëttelt kritt, fir dann och selwer kënnen Applikatiounen ze schafen, Softwaren ze programméieren. Dat digitaalt Wësse muss onbedéngt demokratiséiert ginn, fir de Megaentreprisen aus Kalifornien de Wand aus de Seegelen ze huelen.

Dass dat iwwert den Enseignement leeft, ass e richtegen a wichtegen Usaz. Wéi wäit dofir Personal genuch do ass, ass eng aner Fro. An och wann eng Formatioun fir d'Enseignantë virgesinn ass, wat gutt ass, froe mir eis: Geet dat dann awer och duer? Sinn eis Enseignantë prett, fir dës Matière ze enseignéieren? A wat ass mat den Instituteurs/-trices spécialisé/e/s en compétences numériques? Kommen déi hei och zum Asaz?

Et wier schued, wann dës rezent Initiativ vum Educatiounsminister géif scheiteren, well se ze schlecht organiséiert ginn ass. Dofir fanne mir och ganz gutt, datt déi Evaluatioun soll stattfannen no dräi Joer. Dat ass, mengen ech, ganz wichteg fir erauszefannen, wat gutt gelaf ass a wat vläicht net esou gutt gelaf ass, a fir d'Schrauwen erëm da richteg ze stellen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Mir liewen an enger moderner Welt, wou d'Digitaliséierung eng ëmmer méi wichteg Roll spillt. Eis Jugend ass ëmmer méi digital ënnerwee, dëst besonnesch an de soziale Medien. Dat ka souwuel Fluch wéi awer och Seege sinn. An et dierf een den Internet net verdäiwelen. Ëmmerhin ass en déi gréisst Wëssensdatebank, déi mer hunn.

Mee grad fir Jugendlecher kann den Internet negativ Säiten hunn, grad wéi se et an de soziale Medie schonn erlieft hunn. Den 30. August konnt een op rtl.lu en Artikel iwwer eng Etüd vun der Universitéit Bielefeld zu Jugendlechen an de Medie liesen, wou d'Zuel erausstécht, dass et eeben eng reell Gefor ass.

Vill Jonker versuerge sech op de soziale Medie mat Informatiounen. Dëst gëtt besonnesch dann zu engem Problem, wann dës Informatiounen ongepréift vun de Jonken als wouer ugesi ginn. Ëmmer méi dacks ginn Hallefwourechte verbreet an dëst ass da fir eis Demokratie eng Gefor. An de soziale Medie gëtt et keng Algorithmen, déi Informatiounen op hir Korrektheet préiwen.

D'Coronapandemie ass e gutt Beispill dofir. Vill Falschinformatiounen a Verschwörungstheorië gi verbreet, an dat bis haut. Dat hu mir selwer nach e Méindeg hei an der Seance zu enger Petitioun erlieft.

Mir kënne Kanner a Jonker net einfach onvirbereet eleng am Internet loossen. Mir mussen hinne proaktiv weisen, wéi se mat Informatiounen ëmginn, wéi se Informatiounen op hire Wourechtsgehalt kënnen iwwerpréiwen a wéi se solle mat de soziale Medien ëmgoen.

Och de Cybermobbing spillt hei eng grouss Roll. Cybermobbing ass kee Kavaléiersdelikt, deen een op déi liicht Schëller dierf huelen. Nee, ganz am Contraire: Ganz dacks geet et hei ëm Strofdoten, déi juristesch Konsequenze missten hunn. Vill Betraffener wëssen awer net, wéi se sech wiere kënnen. Doweinst den Opruff un Elteren, deenen hiert Kand Affer vu Cybermobbing gëtt: Wennt Iech u BEE SECURE, d'Police oder den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher! Do kann Iech gehollef ginn a si weisen engem déi richteg Pisten op.

D'Piraten haten och scho virun e puer Méint eng Motioun eraginn, déi Mesurë géint d'Hierstellung vun „child sexual abuse material" virgesäit. Dës Motioun gouf och unanime ugeholl. Trotzdeem ass bis haut nach näischt ze héiere gewiescht, awéiwäit mer mat der Ëmsetzung ugefaangen hunn.

Mir fuerderen nach ëmmer, dass all d'Schüler aus dem Cycle 4.1 en Training mat BEE SECURE vu mindestens zwou Schoulstonne pro Schouljoer obligatoresch solle kréien an dass d'Unitéit vun der zoustänneger Police judiciaire personell opgestockt gëtt. Verbriechen am Internet mussen – an dorënner falen och Doten am Beräich Cybermobbing – vun der Justiz méi staark kënne verfollegt ginn.

An ech hu mech elo no der Reaktioun vun der Madamm Bernard nach eng Kéier schnell informéiert, och nach eng Kéier bei BEE SECURE gekuckt, déi selwer schreiwen, dass déi Gesetzer nach net esou do sinn. An domadder deelen ech d'Meenung vun der Madamm Closener, dass mer mussen am Code pénal en anere Wee goen, wéi dat am Moment de Fall ass.

*(Interruption)*

Jo, Dir kënnt jo behaapten, dass et couvréiert ass. Ech hu bei BEE SECURE gekuckt, et ass net couvréiert, an och Juriste soe mer, et ass net esou couvréiert, wéi Dir et hei behaapt. Et deet mer leed! De Cybermobbing ass am Code pénal net esou couvréiert, wéi Dir et wëllt hei behaapten.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | En ass couvréiert iwwert deen Artikel.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Nee! Dir gitt en an en aneren Artikel sichen, wou et dat vläicht kéint sinn. Mee Cybermobbing ass net explizitt an deem Code pénal. Dir kënnt dach elo als Gréng hei net maachen, wéi wann et esou wär! D'Madamm Closener huet et virdru gesot, ech hunn et elo nach eng Kéier gecheckt, eise Büro huet et nach eng Kéier nogekuckt, mir hu souguer e Jurist gefrot, deen huet gesot: „De Cybermobbing ass net an deem Code pénal", wéi Dir et behaapt hutt. An da kommt Der elo nach eng Kéier dermat! Ech hat et awer elo fein ausgedréckt.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Et geet jo net drëm, ob een et fein ausdréckt, et geet drëm, wat drasteet. En ass couvréiert! Et steet net „Cybermobbing" do, mee en ass iwwert den Artikel couvréiert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Nennt mir den Artikel!

**M. Fernand Etgen,** Président | D'Madamm Closener wëllt ...

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | 442.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Ech mengen, Här President, béid hunn hei Recht. Et gëtt effektiv deen Artikel, do geet et ëm den Harcèlement. An a Frankräich gëtt et eeben en extra Artikel, wou et just ëm de Cyberharcèlement geet. An dorëms ass et mir gaangen, fir eeben den Ënnerscheed ze maachen an eeben och nach eng Kéier den Affer vum Cybermobbing ze weisen, dass d'Justiz dat ganz seriö hëlt an eeben hinnen en extra Artikel dediéiert. Dat war d'Iddi. Natierlech ass dat awer schonn haut och couvréiert duerch deen doten Artikel.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Closener fir deem klenge Sträit en Enn ze setzen. An ech ginn d'Wuert zréck un den Här Goergen.

*(Interruption)*

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Mir hunn dach kee Sträit. Et ass kee Sträit. Ech hunn der Madamm Closener vun Ufank u Recht ginn, Här President. Also et war guer kee Sträit oder guer keng Diskussioun.

Et kann ee sech awer net drop verloossen, dass eleng d'Aarbecht vu BEE SECURE wäert duergoen. Si leeschten eng exzellent Aarbecht, dat ass sécher. Mee et muss een insgesamt vill méi an de Schoule virun de Gefore vum Internet warnen. Mir mussen de Kanner a Jugendlechen déi néideg Instrumenter an d'Hand ginn, fir dass si sech méi sécher am Internet beweege kënnen. An dat geet just, andeems hinne gewise gëtt, wéi een Informatioune kritesch préift, wéi ee richteg mat Falschinformatiounen ëmgeet a wéi ee richteg reagéiert, wann ee mat Leit ze dinn huet, déi op Falschinformatiounen eragefall sinn.

Ofschléissend dann nach e Merci un d'Madamm Closener an d'LSAP, fir dëst wichtegt Theema haut ugefrot ze hunn. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educatiounsminister Claude Meisch.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e grousse Merci un d'Deputéiert Francine Closener, datt mer haut nees erëm eng Kéier kënnen iwwer e ganz wichtege Sujet schwätzen, deen ni ausdiskutéiert ass, wou mer permanent natierlech och Neies entdecken, jo, well d'Gesellschaft sech geännert huet, eng aner Welt haut dosteet a well mer – an dat ass vun e puer Leit jo virdrun awer och ganz kloer hei artikuléiert ginn – an der Schoul ze laang stoe bliwwe sinn. An et hat een e bëssen d'Impressioun, virun e puer Joer nach, datt eis Schoulprogrammer zwar nach an der Welt vu virum Internet Bestand haten, mee awer eng Rei vu Revolutiounen, déi digital notamment, net matkritt hunn.

An dat hu mer awer opgeholl a mir hunn och elo net bis d'Joer 2022 gewaart, fir dat ze maachen. Ech erënnere mech un e breet ugeluechte Programm an der Legislaturperiod 2013–2018, Digital 4 Education hu mer dee genannt, wou mer op ganz villen Niveauen, am formalen, am nonformalen, gekuckt hunn, d'digital Kompetenze vun deene Jonken ze stäerken, deemools scho mam Zil, souwuel digital Outilen an der Schoul anzesetzen, fir besser ze léieren, mee awer och dat Digitaalt ze vermëttelen, fir duerno, sief et an der Beruffswelt, sief et awer och als Bierger an der digitaler Welt besser kënnen dozestoen.

Mir hunn eis an der lafender Legislaturperiod 2018–2023 dann awer och en op d'mannst esou ambitiéise Programm gi gehat, dee mer „einfach digital" genannt hunn. Fir och e bëssen d'Angscht do virdrun ze huelen, datt elo jiddereen misst programméiere léieren an dat eppes ganz Kompliziéiertes wär, hu mer e ganz bewosst „einfach digital" genannt. Mee en ass och do erëm eng Kéier ganz breet duerch sämtlech Bildungsinstitutioune gaangen an huet op ganz ënnerschiddlechen Niveauen ugesat.

An et ass haut hei jo schonn ugeschwat ginn, datt mer an der Grondschoul, an den éischte Jore schonn – natierlech altersgerecht, natierlech spilleresch – probéieren, d'Prinzippie vum Coding, vum „computational thinking", wat eigentlech d'Logik duerstellt vun Algorithmen, ze vermëttelen, déi haut scho bei deene ganz Klengen zum Alldag gehéieren, an datt dat dann eropwiisst, elo eeben dann och flächendeckend zanter der leschter Rentrée op der Septième mat engem neie Schoulfach „Digital Sciences" am Secondaire, wat sech dann iwwert déi dräi éischt Joer am Secondaire wäert erstrecken.

An ech wëll soen: Wann een esou e Paradigmewiessel virhëlt an der Educatioun – an dat kënnt jo net all Dag vir, et kënnt net all Dag vir, datt en neit Schoulfach agefouert gëtt, dat ass wierklech éischter d'Ausnam, datt dat geschitt, wéi datt dat d'Reegel ass –, dann ass et fir mech evident, datt mer do och reegelméisseg evaluéieren.

Mir ware jo och virsiichteg bei der Aféierung. Mir hunn eng Rei vu Pilotschoulen, wou der awer ganz vill Interessi hate schonn am éischte Joer, oder am leschte Schouljoer, déi u Bord waren. Dat hu mer och begleet iwwert dat ganzt Joer. Mir hu schonn elo bei der Generaliséierung op Septième eng Rei vun Adaptatioune gemaach a mir wäerten dat och lafend maachen.

Ech kann awer absolutt mat der Propos liewe fir ze soen: „Jo, no dräi Joer sollte mer eis dat doten nach eng Kéier méi genau ukucken", wéi mer eigentlech alles ëmmer nees nach eng Kéier sollten op de Leescht huele fir ze kucken: Wat wollte mer erreechen? Wat hu mer erreecht? Wou si mer vläicht souguer nach besser? Oder wou musse mer vläicht iwwer en anere Wee da kucken, datt mer nach eng Kéier nobesseren? Duerfir fannen ech dat eng ganz, ganz gutt Propos an ech géif der Chamber recommandéieren, och déi Motioun do ze stëmmen.

Dat virun allem, well mer hei net nëmmen en neit Schoulfach agefouert hunn, mee – et ass op eenzelne Plazen och ugedeit ginn – mir hunn och nei Léiermethoden agefouert. Et ass gefrot ginn: „Wéi evaluéiere mer dat?" Mir hunn e Badge-System, fir do ze evaluéieren, fir och ze weisen, datt et net ëmmer nëmme muss eng ganz klassesch Prüfung sinn, déi benout gëtt, mee datt et ... Grad well et hei esou villfälteg ass als Schoulfach an och wierklech transversal duerch sämtlech aner Schoulfächer reecht, fir do ze kucken, datt een herno och déi eenzel Aspekter ofgedeckt huet a wat een dann do gemaach huet.

Mir hunn effektiv e Programm definéiert, e Curriculum definéiert an och Materialien definéiert, déi iwwergräifend sinn, aus dem Enseignement secondaire général an de Classique. Et ass awer och duerfir esou, datt den Enseignant eng Flexibilitéit huet, fir sech emol dat eent, fir sech emol dat anert do erauszepicken an och op deem Niveau, mat deene Materialien dat esou ze maachen, wéi et eebe Sënn mécht a senger Klass. An dat kann, denken ech, den Enseignant am beschte beurteelen, dat muss een net alles vun uewen erof dès le départ festschreiwen.

Dir gesitt also, datt mer hei net nëmmen innovéiert hunn, fir en neit Schoulfach anzeféieren, mee och nach eng Kéier innovéiert hunn, souwuel wat d'Léiermaterialien ubelaangt, wéi wat d'Léiermethoden ubelaangt, wéi wat d'Evaluatioun ubelaangt. An dat soll dann och herno nach eemol gekuckt ginn.

Ech wëll awer och nach eng Kéier ënnersträichen – an eenzel Riedner hunn et gesot –, datt mer bei eisen Ambitiounen, fir Jonker prett ze maache fir déi digital Welt, wëllen, datt se herno souwuel déi Kompetenzen hunn, fir an d'Beruffsliewen eranzekommen, wéi awer och, datt se als Bierger an enger digitaler Gesellschaft kënnen existéieren an d'Chancen dovunner notzen, mee awer och d'Risike gesinn an déi sou gutt wéi méiglech kënne prevenéieren, datt sech eng digital Identitéit kann entwéckele bei engem jonke Mënsch, datt e kritikfäeg ass, datt en awer och oppen ass fir digital Neierungen, datt e kommunikatiounsfreedeg ass an awer eeben net direkt an déi sëllege Falen, déi an der digitaler Welt op de Jonke laueren an och op Erwuessener laueren, op jiddereen eigentlech laueren, erafält.

Mir wëllen, datt dee Jonken d'Mechanisme vun der Digitaliséierung versteet. Mir wëllen, datt e souwuel en Acteur ass an der digitaler Welt wéi awer och en Auteur ka sinn an der digitaler Welt. Dat sinn eis Zilsetzungen, déi mer och mat deenen neie Schoulfächer, souwuel dem Coding am Fondamental wéi mat „Digital Sciences" am Secondaire, wëllen erreechen.

Mee ech soen awer ganz kloer: Dat erreeche mer net nëmmen do. An duerfir setze mer weiderhin op eng ganz Rei vun aneren Initiativen. BEE SECURE ass haut de Mëtteg hei ugeschwat ginn, well et eigentlech déi éischt Initiativ war, déi geziilt bei Jonken – mee och net nëmme bei Jonken – present war, fir do digital Kompetenzen ze vermëttelen, awer och fir iwwert d'Risiken opzeklären an déi Jonk eigentlech staark ze maachen, fir datt se de Geforen an der digitaler Welt kënne standhalen.

An et passt eigentlech ganz, ganz gutt haut op dësen Dag – et war zwar wierklech Zoufall –, datt mer als Ministère haut eng nei Campagne, eng zousätzlech Campagne, lancéiert hunn. Ënnert dem Motto #NOHATEONLINE fënnt een och do nees eng Kéier eng ganz Rei vun Informatiounen, vun Opklärungen, fir eeben op d'Gefore vum Cybermobbing, vum Hatespeech online hinzeweisen an awer och ze soen, wat een dogéint ka maachen.

Well ech denken, jiddereen huet hei nach Opklärungsbedarf: sécherlech d'Enseignanten an der Schoul, dat ass e puermol hei gesot ginn, Educateuren an anere Bildungsstrukturen, awer och d'Elteren. Vill Eltere fille sech aleng gelooss doduerjer, well se jo keng Referenzen hunn, wat hir eegen Erzéiung ubelaangt, well se sech net kënnen d'Fro stellen: „Wéi hu meng Eltere mech deemools guidéiert, mir Grenze gesat an awer och Chancë gelooss?", well et einfach esou nei ass a mer eréischt zanter e puer Joer awer an där doter Welt si vun de soziale Medien, och vu soziale Medien, déi ganz geziilt concipéiert ginn, fir Jonker unzelackelen, jo, zum Deel, fir se ofhängeg ze maachen. Dat ass eng Realitéit an duerfir, mengen ech, musse mer och d'Eltere stäerken, fir deem kënnen entgéintzewierken.

Duerfir däerf d'Diskussioun sech och net dorobber limitéieren, datt mer elo eng Schoulstonn agefouert hunn an der Woch an domadder alles ofgedeckt wär. Duerfir brauche mer aner Initiativen. A mir mussen onbedéngt och d'Eltere doranner stäerken, fir hirer Verantwortung kënnen nozekommen, och doheem heiansdo Jo oder Nee kënnen ze soen, fir och doheem ze wëssen, wat nach gutt ass a wat net méi gutt ass.

An ech denken, datt fir e Kand an engem gewëssenen Alter TikTok net gutt ass! Dat muss een einfach esou kënne soen, well dat ass concipéiert ginn, fir Jonker ofhängeg ze maachen. Dat ass concipéiert ginn, fir permanent um Ecran ze sinn. Dat ass concipéiert ginn, fir och Contenuen ze vermëttelen, déi iergendwann eng Kéier net méi gutt sinn. An et kann haut net garantéiert ginn, datt do net allméiglech Erwuessener mat schlechte Gedanken ënnerwee sinn, fir u Kanner erunzekommen – fir et emol esou ze nennen. An duerfir, mengen ech, wär all Mamm an all Papp gutt beroden, fir extreem gutt opzepassen, wat d'Kanner dann an der digitaler Welt alles erliewen an erfueren a wou se ënnerwee sinn an och, mat wat fir engem Outil se ënnerwee sinn.

BEE SECURE erreecht haut mat deenen 12.000 Formatiounen, déi se ubidden, 25.000 Kanner a Jugendlecher an engem Joer. Dat ass e Véierel vun eiser Schoulpopulatioun, wëll ech awer emol eng Kéier soen, wat enorm ass! An ech denken, datt dat eng formidabel Entwécklung ass an datt mer jo net soen: „Mir hunn dat eent ‚oder' dat anert." Mir hunn elo net e Schoulfach gemaach, wou mer och op d'Risiken hiweisen, wou mer dat nach eng Kéier vill méi systematesch maachen – well déi dräi éischt Joer am Secondaire, dat sinn 108 Schoulstonnen, an do ass vill Plaz fir ganz vill och ze thematiséieren! –, mee mir hu gesot: „Dat maache mer zousätzlech", nieft den Initiative vu BEE SECURE an anere Campagnen, déi mer gemaach hunn, nieft deem, datt mer Trainingsmaterial fir Enseignanten hunn, dat mer op den Terrain ginn hunn, fir Educatricen an Educateuren an de Maison-relaisen, fir awer och an de Jugendhaiser kënne mat där doter Thematik ze schaffen, fir eeben de Cybermobbing kënnen ze thematiséieren, datt mer extra Broschüre lancéiert hunn, fir och do Unterrechtseenheete kënnen unzebidden.

Mir haten eng Campagne iwwer Bildschiermzäit, fir den Elteren nozeleeën, wat dann a wat fir engem Alter vun Zäit nach gutt ass, déi een op engem Ecran verbréngt iwwert den Dag, a wéini et awer exzessiv ka sinn an iergendwou aner Besoine vum Kand net méi kënne gedeckt ginn. Mir haten eng Campagne #checkyourfacts. Mir haten eng Campagne iwwer Cybermobbing. Mir hunn d'kritescht Denken ënnerstëtzt. Mir haten eng Campagne: „Wéi connected bass du?", fir sech eebe selwer bewosst ze ginn, wou een iwwerall ënnerwee ass an der digitaler Welt a sech deem och emol eng Kéier mat Distanz kënnen ze näheren.

A mir hunn do net nëmmen eng breet Kollaboratioun mat BEE SECURE, wat sécherlech de Referenzzentrum ass, fir dat doten an all eis Bildungsstrukturen eranzekréien, mir hu se och mam Zentrum fir politesch Bildung. A mir hu se awer och mam Zenter fir exzessiivt Verhalen a Verhalenssucht, dee mer zanter Kuerzem nach méi staark ënnerstëtzen a wou ech viru Kuerzem och bei der Inauguratioun vun den neie Raimlechkeete konnt derbäi sinn.

An ech soen Iech: Wat een do héiert, dat ass da wierklech net méi gutt! Wa Jonker net méi schlofen, fir just nach online ze sinn, wa Jonker net méi an d'Schoul ginn, fir just nach online ze sinn! Dat ass och eng Realitéit an ech denken, datt mer do net nëmmen herno kurativ mussen hannendrulafen, mee datt mer och wierklech preventiv matzäite mussen u sinn, fir deene Geforen do kënnen ze begéinen.

Eng aner Thematik ass de Mëtteg ugeschwat ginn, Här President, an ech wëll awer och soen, datt mer do kloer opgestallt sinn. Mir hunn eng ganz Rei vu Kontaktstellen, wou een Informatioune kritt, wann een zum Beispill Affer vu Cybermobbing ginn ass, awer och, wann een illegal Inhalter am Web fonnt huet, virun allem am Zesummenhang mat Kanner a Jugendlechen, wou dat jo elo wierklech näischt méi

ass, wou een däerf a soll ewechkucken. An duerfir gëtt et do eng ganz Rei vun Ulafstellen:

D'Helpline vu BEE SECURE kann eng Orientatioun ginn, de Kanner-Jugendtelefon sécherlech och fir Jonker selwer, wa se sech do mol vläicht net un hir Elteren oder net un Enseignanten oder Educateure wende wëllen, mee éischter vun engem Drëtten, Aussesteeënden, do e Rot wëlle kréien. De SePAS ass natierlech och do, fir an dëse Froen ze beroden, fir d'éischt nozelauschteren an dann och kënnen Tuyauen ze ginn, wéi ee sech an der digitaler Welt vläicht an Zukunft besser orientéiere kann a wat nach gutt ass a wat net méi gutt ass.

A mir hunn och eng Helpline, fir eeben illegal Inhalter anonym mellen ze kënnen. „Stopline" ass dat, wou erschreckend vill iwwer e Joer erakënnt an dat allerallermeescht un de Parquet muss weidergeleet ginn. Och dat ass eng Realitéit, déi mer kennen!

An och dat soll eis nach eng Kéier ofschléissend hei d'Bedeitung vun där ganzer Thematik kloermaachen: datt et richteg war, datt mer queesch duerch eise ganze Schoulsystem digital Contenuen agefouert hunn! Ganz kleng ugefaangen, spilleresch, kandgerecht, altersorientéiert, mat Aktivitéiten, datt mer Chancë probéieren ze notzen. Well mir brauchen och muer digital Experten. Mir däerfen dat net verdäiwelen! A mir verbauen deene Jonke Chancen an der digitaler Welt, wa mer se dovunner ewechhalen. Mee awer gläichzäiteg musse mer se stäerken, ëmmer nees stäerken, fir datt se de Gefore kënnen trotzen, an der Schoul, an der nonformaler Bildung, mee – an dat ass mäin Appell vun de Mëtteg – awer och doheem!

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Educatiounsminister Claude Meisch.

***Motion 1***

Éier mer dëse Punkt kënnen ofschléissen, musse mer nach iwwert d'Motioun befannen, déi d'Madamm Closener deposéiert hat. Wëllt nach een zu dëser Motioun Stellung huelen?

*(Négation)*

Da kënne mer iwwert dës Motioun ofstëmmen. Kënne mer iwwert dës Motioun à main levée ofstëmmen?

*(Assentiment)*

***Vote sur la motion 1***

Wien d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

## 5. Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de la pollution lumineuse

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Liichtverschmotzung, déi d'LSAP-Fraktioun ugefrot hat. Et hu sech hei schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Max Hahn, den Här François Benoy, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo d'Madamm Cécile Hemmen als Vertriederin vun der LSAP-Fraktioun. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

***Exposé***

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Dir Häre Ministeren, ganz vill Leit kucken de Moment gespaant, awer och ganz gestresst a Richtung Enn des Joers, da kënnt nämlech normalerweis den Dekont vu Gas- an Elektreschrechnungen. Bis haut weess een net genee, op wéi e Montant ee sech wéinst der Energiekris muss virbereeden. Mee et huet een awer eng Sécherheet, an zwar déi, dass d'Rechnung manner héich wäert ausfalen, wa gespuert gëtt!

Grad an Zäiten, wou et Energie net méi esou am Iwwerfloss gëtt, wou d'Energie knapp an deier gëtt, grad an Zäite vun der Kris kritt een en anere Bléck an et stellt ee villes a Fro, wat virdrun nach selbstverständlech war.

Jiddweree spuert a probéiert ze spueren, wou et nëmme geet. Also gëtt d'Heizung méi kal gestallt, d'Dusch leeft ënner Ëmstänn manner laang an d'Gewunnechte ginn am Allgemengen hannerfrot. Muss et an der Wunneng wierklech esou waarm sinn oder ginn een, zwee Zëmmeren duer? Wéi ass et mat der Luucht am Gank? Muss déi da wierklech u sinn oder och net?

A wann d'Luuchten doheem ausbleiwen, dann eréischt fält engem op, wéi vill Liicht vu baussen an d'Wunneng erakënnt. Och matzen an der Nuecht, wann et jo eigentlech ganz däischter soll sinn, ass d'Schlofkummer nach hell, well d'Luucht vun der Strooss aus eraliicht.

Déi selwecht Luucht straalt och erop an den Himmel, se straalt eriwwer op de Bam, a wie weess, vläicht och eriwwer an de Weier oder op eng Baach. Do, wou et eigentlech sollt däischter sinn, ass et awer ongewinnt hell. Et schwätzt een hei vu Liichtverschmotzung. An domat sinn ech dann och beim Theema vun dëser Stonn ukomm.

D'Liichtverschmotzung gëtt ëmmer nach net richteg wouergeholl an och d'Terminologie ass nach laang net am geleefege Sproochgebrauch. An duerfir ginn d'Geforen an d'Risike fir Mënsch an Ëmwelt eréischt lues a lues richteg erkannt. Deene meeschte fält d'Liichtverschmotzung eréischt op, wa se owes an der Stad sinn a se kucken eng Kéier erop a si gesi keng Stären. D'Konsequenze vun ze vill Luucht ginn allerdéngs nach wäit doriwwer eraus.

Grad ewéi bei der Loftverschmotzung vun Emissiounen a Smog geschwat gëtt, fënnt een déi Begrëffer och bei der Liichtverschmotzung erëm. Fir d'Geforen an d'Schied vun dëser Pollutioun ze weisen, kommen ech op d'Beispill vun der Luucht vun dobaussen zréck, also vun der Stroossebeliichtung, déi an d'Schlofkummer, op de Bam a bis erof an de Weier liicht. Iwwerall do, wou eigentlech kënschtlech Luucht hikënnt, gi Mënschen, Déieren a Planzen an hirem natierlechen Dag- an Nuetszyklus gestéiert.

Fir de Mënsch kann dat zum Beispill bedeiten, dass et zu Stéierungen um Niveau vun den Hormoner kënnt. D'Produktioun vu Melatonin gëtt ënnerdréckt, wat erëm zu Schlofstéierunge féiert. Virun allem déi blo Luucht ass problematesch. An aus deem Grond hunn nei Apparater, wéi d'Handyen, e Bloliichtfilter. Déi blo Luucht wierkt nämlech nach méi intensiv op Mënsch an Déier, ënner anerem, well se méi street. Dat ka beispillsweis am Verkéier och ganz geféierlech sinn. A modern Autoe si mat LEDen ekipéiert, déi vill blo Luucht ausstralen. Dat erëm bréngt mat sech, dass virun allem eeler Leit vill méi staark am Stroossekéier geblent sinn.

D'Liichtverschmotzung huet awer net nëmme gesondheetlech Niewewierkungen op de Mënsch. Grad well een am urbane Raum de Stärenhimmel ëmmer manner gesäit respektiv d'Mëllechstrooss guer net méi gesäit, warnen d'Wëssenschaftler souguer virdrun, dass en Deel vun dësem natierleche Patrimoine lues a lues verluer geet.

D'Liichtverschmotzung wierkt sech och negativ op d'Déierewelt aus. Esou kann d'Luucht am Waasser wéi eng Barriär fir Fësch wierken, déi grad op Läichwanderung sinn. An der Loft ginn d'Villercher, d'Fliedermais an d'Insekten an hirer Orientéierung gestéiert. Fir d'Insekten heescht dat zum Beispill, dass se vun de Stroosseluuchten ugezu ginn. An hei ginn d'Déiercher oft duerch Verbrennung oder ganz einfach Ermiddung futti. Doduerch feelen op där anerer Säit nees Insekten, déi fir d'Bestäubung vu bestëmmte Planzen néideg sinn.

All dës Beispiller weisen, dass d'Aart a Weis, wéi den ëffentleche Raum beliicht gëtt, a Fro gestallt muss ginn. An deem Sënn hu mir all Interêt, d'Liichtquantitéit an d'Verschmotzung esou vill wéi méiglech ze reduzéieren, ouni awer d'Sécherheet fir de Mënsch a Fro ze stellen. A grad a puncto Sécherheet ass et net onbedéngt déi permanent Beliichtung, déi Schutz a Sécherheet virausseetzt, mee gutt Beweegungsmelder sinn och ofschreckend an deemno ganz effikass.

Am Kader vun enger Pressekonferenz hat de Camille Gira zesumme mat engem Schwäizer Expert, dem Lukas Schuler, am Joer 2017 d'Resultater vun enger Etüd presentéiert iwwert d'Situatioun vun den deemolegen nach 105 Gemengen. Interessant war d'Feststellung, dass ronn 20 % vun de Gemengen d'Ëmwelt mat enger duerchschnëttlecher Liichtidicht vun zwee Vollmounden, oder souguer méi, belaaschten. Si sinn deemno permanent iwwert dem natierleche Liichtniveau.

Dës an aner Feststellungen hunn derzou gefouert, dass an deem Beräich grad an de leschte Jore vill geschitt ass. Ech denken do engersäits un de Guide vum Ministère „Gutes Licht' im Aussenraum" an anerersäits sinn och eng Partie Pilotprojete lancéiert gi mam Zil, fir d'Liichtverschmotzung ze reduzéieren. Hei ass souwuel déi beweegungsgesteiert Stroossebeliichtung am Naturpark Our ze ernimme wéi och den Asaz vu Luuchten, déi e manner héije Blo-Undeel hunn.

Mir hunn hautdesdaags vill Méiglechkeeten, fir d'Liichtverschmotzung op e Minimum ze reduzéieren. Esou kann een zum Beispill strateegesch kucken, wat an zu wéi engem Zäitpunkt eppes soll kënschtlech beliicht sinn. Esou misst analyséiert ginn, op wéi enge Plazen d'Beliichtung eigentlech Sënn mécht a wou net. An och d'Beliichtungszäite misste jee no Besoin vun de Leit intelligent ugepasst ginn. Vill Emissioune kënnen och ganz verhënnert ginn, andeems d'Luuchten zilgeriicht just déi wichteg Plaze fokusséieren an net, wéi bis elo, an all Richtung stralen. Deementspriechend soll bei enger Stroosseluucht just d'Strooss respektiv en Deel vum Trottoir beliicht ginn an net ganz einfach alles ronderëm.

Op där anerer Säit ass et awer och wichteg, op déi richteg Technik zréckzegräifen. Esou kënnen ëffentlech Gebaier méi effikass beliicht ginn. Nei LED-Luuchte sinn zwar méi deier am Akaf, se sinn awer weesentlech méi bëlleg am Betrib. Si loosse sech och méi effizient an och nom Besoin vun de Leit individuell astellen. Hei muss, wéi gesot, just op de Blo-Undeel vun de Luuchten opgepasst ginn.

Och wann et vill Méiglechkeete gëtt, fir d'Liichtemissiounen ze reduzéieren, esou tendéiere mer jo dach awer an den däischtere Wantermëint derzou, d'Luuchten nees éischter a vill méi unzemaachen. An an deem Sënn, Här Minister, wëllt ech Iech awer gären déi follgend Froe stellen:

Gëtt eigentlech aktuell versicht, fir d'Hotspots vun der Liichtverschmotzung systematesch ze detektéieren an ze markéieren?

Wéi eng Mesurë sinn eigentlech kuerz- an och laangfristeg geplangt, fir d'Liichtverschmotzung am Allgemengen ze reduzéieren?

Wéi ass et mam Retour vun deene Plazen, wou et scho Pilotprojete gëtt? Sou zum Beispill an der Gemeng Rammerech oder am Naturpark Our, vun deem ech geschwat hunn.

A well jo awer ni eppes esou schlecht ass, dass net awer eppes Guddes derbäi erauskënnt, stellen ech Iech d'Fro, ob net grad elo an der Energiekris déifgräifend Iwwerleeunge gemaach ginn, fir méi restriktiv Recommandatiounen erauszeginn a puncto Beliichtungsaspuerungen, an dat am Sënn vum Portmonni an natierlech och am Sënn vun der Liewensqualitéit vu Mënsch, Natur an Déier.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Hemmen.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Paul Galles. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**M. Paul Galles** (CSV) | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci der Madamm Cécile Hemmen fir d'Ufroe vun däser Aktualitéitsstonn. D'Fro iwwert d'Liichtverschmotzung ass eng Fro, déi tatsächlech, mengen ech, nach net oft genuch gestallt gëtt a wou ech ganz frou sinn, dass se haut gestallt gëtt, well et en Theema ass, wat eis méi a méi wäert beschäftegen, an zwar net nëmmen aus Grënn vum Energiespueren – natierlech e Grond, deem mer eis am Moment alleguerte stellen –, mee och aus anere Grënn.

Wa mer eis d'Fro vun der Liichtverschmotzung stellen, da stelle mer eigentlech déi Fro: Wou gëtt ze vill Liicht gebraucht oder ugemaach, wat eigentlech net gebraucht gëtt? A wou gëtt souguer d'Liicht geféierlech, do wou et net misst geféierlech ginn? D'Fro vun der Liichtverschmotzung: ze vill Liicht do, wou et net gebraucht gëtt.

A Frankräich soe se: „Illuminer ce qu'il faut quand il faut et comme il faut." A wann een dat ausenanerdividéiert a zum Beispill déi Fro stellt vu „comme il faut", da kann ee sech d'Froe stellen: Mat wat fir enge Luuchte gëtt dann do beliicht? A wat fir eng Luuchte ginn net gebraucht? Wat fir eng Luuchte si gesond? A wat fir eng Luuchte sinn net gesond? „Ce qu'il faut": Wat fir eng Infrastrukture musse beliicht ginn – d'Madamm Hemmen huet et schonn e bëssen ugeschwat – a wat fir eng Infrastrukture mussen net beliicht ginn?

An och déi Fro „quand il faut" ass eng Fro, déi sech stellt. Ech ginn dervun aus, dass nëmmen déi wéinegst tëschent 1.00 an 5.00 Auer an der Nuecht mam Mupp spadséiere ginn. Dann ass natierlech d'Fro, déi sech stellt, ganz anescht zu där Zäit wéi zu aneren Zäiten, am Ufank vum Owend oder zum Enn vun der Nuecht.

D'Fro vun der Liichtverschmotzung, dat ass e ganz breet Theema. Et geet méi wäit wéi just déi Fro: Gesinn ech elo d'Stären oder d'Mëllechstrooss? D'Madamm Hemmen huet dat och beschriwwen. Also ech hat d'Chance, an héchstwarscheinlech och eng ganz Rei vun Iech, fir d'Mëllechstrooss op anere Plazen, an den Alpen, an de Bierger oder an der Wüüst iergendwann eng Kéier ze gesinn, an den Ënnerscheed ass eklatant zu deem, wat ee gesäit, wann een iergendwou op enger Plaz ass, wou vill Liichtverschmotzung ass.

Mee d'Theema ass e gutt Stéck méi breet. Et geet vill méi wäit an et stellt sech déi Fro: Woufir ass et nach wichteg? Formal gesinn hu mer e puer Usätz schonn an eiser Lëtzebuerger Aart a Weis, fir matenaner ze liewen. Zum Beispill gëtt et de Guide vum Ministère, et gëtt eng Rei gutt Beispiller. An ech hat tatsächlech och e Gespréich mam Naturpark Our, wou se an deem Beräich vun der Liichtverschmotzung ganz staark Virreider sinn a sech och do ganz vill Gedanken driwwer maachen. Am Naturpakt ass et verankert. Am Klimapakt ass et verankert.

Awer och am Naturschutzgesetz gëtt et elo en Artikel, den Artikel 61, wou d'Liichtverschmotzung dra virkënnt, zwar nëmmen op Gréngzone bezunn. An do kann ee sech natierlech déi Fro stellen – an ech kann Iech déi direkt weiderginn, Här Minister –, ob et net sënnvoll wär, iergendwann eng Kéier ze legiferéieren, dat ass natierlech awer eng Fro un d'Chamber, mee ze legiferéieren iwwert d'Gréngzonen eraus, dat wat am Naturschutzgesetz am Moment jo da schonn ofgeséchert ass.

E Bléck iwwert d'Grenze weist, dass et gutt Beispiller gëtt. A Frankräich huet een Drëttel vun de Gemenge sech scho selwer e Reglement gi géint d'Liichtverschmotzung. An Däitschland ass et e Véierel vun de Gemengen. A si stellen iwwregens do fest, dass dat keng Inzidenz huet op d'Kriminalitéit. Dat ass interessant, an ech komme gläich nach op dee Punkt zréck.

Geféierlech ass et, an d'Madamm Hemmen huet et schonn am Detail beschriwwen, fir nuetsaktiv Déieren, grad och, wann et eeben d'Déieren aus engem Rhythmus bréngt. Et gouf rezenterweis e ganz gudden Artikel um 100,7 – dat däerf een eng Kéier nennen, well et ass wierklech belobegend ze nennen – iwwert déi Fro vun der Liichtverschmotzung, wou dat doten Theema am Detail ausenanergeholl gouf. D'Fro och vun de Beem, vun der Flora, Beem, déi, wann et beliicht ass, wat d'Sonneliicht imitéiert, natierlech denken – denken ..., oder den Instinkt hunn ze soen –: „Majo, et ass ëmmer nach Dag, dat heescht, ech behuele mech wéi am Dag", an dann doduerch vläicht d'Blieder méi spéit ofwerfen. An dann all déi Nuisancë fir d'Mënschen, mat eisem Liewensstil, déi d'Madamm Hemmen och schonn opgezielt huet.

D'Bottlenecktheema bei deem Ganzen ass natierlech d'Fro vun der Sécherheet. Kriminalitéit a Verkéierssécherheet, do gëtt et eng Etüd, oder et gëtt der eng ganz Rei, ech nennen elo mol eng, nämlech d'LANTERNS-Etüd aus England, an déi seet, dass eng Liichtreduzéierung keng Inzidenz huet op méi Kriminalitéit oder méi Verkéierssécherheet. Bezunn op d'Kriminalitéit see se ganz einfach: „Och e Kriminelle brauch Luucht, well soss fält e mat senger Täscheluucht ganz besonnesch gutt op." Dat heescht, do geet et ëm déi Fro, dass d'Kriminalitéit net an d'Luucht geet, wann d'Liicht erofgeet.

Mir haten, mengen ech, an der Stad hei och eng Kéier eng Diskussioun iwwert déi ganz Kriminalitéitsgeschichten. An do ware Proposen eropgeruff gi fir méi Liicht. An dat schéngt awer net de sprangende Punkt ze sinn, dass d'Liicht elo géif hëllefen, fir d'Kriminalitéit ze reduzéieren. Et geet do éischter ëm e Sécherheetsgefill, mee net ëm eng objektiv Sécherheet, déi duerch méi Liicht géif produzéiert ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Paul Galles** (CSV) | An dann d'Fro vun der Verkéierssécherheet: D'Autoe vun haut, déi sinn esou ausgerüst, dass se dat Liicht, wat mir produzéieren, wat ze vill ass, net brauchen. Si kënne selwer dat Liicht produzéieren, wat se brauchen, fir gutt kënnen ze verkéieren, souwuel an der Natur wéi och an den Uertschaften.

Wat ergëtt sech elo doraus? Sou vill Liicht wéi néideg a sou wéineg Liicht wéi méiglech – also eng Fro vum richtege Gläichgewiicht. Am Sënn vun der Energiekris, déi mer hunn, awer och vun der Klimakris an der Biodiversitéitskris, an all deene Beräicher ass déi Fro vun der Liichtverschmotzung wichteg.

An do hunn ech awer elo eng ganz interessant a wichteg Fro, déi d'Madamm Hemmen och schonn opgeworf huet, an ech wëll dem Här Minister se och stellen, nämlech: Gëtt et zu Lëtzebuerg e Plang, fir tatsächlech ze kucken, wou déi Hotspots sinn, wat muss ofgeschallt ginn? Wat sinn déi Punkten, déi am Moment einfach vill ze vill Liicht verstralen a wou mer eppes kënnen dergéint maachen?

An ech nenne just zwee Beispiller. Dat eent sinn zum Beispill d'Panneaux publicitaires, do gëtt et ganz, ganz vill Liichtverschmotzung, déi eigentlech onnéideg ass. An dann ass awer och nach e Beispill, dat ass mer elo opgefall, wéi ech hei d'Heure d'actualité virbereet hunn. Ech sinn aus dem Norden erofkomm iwwert d'Bréck zu Luerenzweiler, an déi Bréck vu Luerenzweiler, déi ass liichtintensiv. An do ass déi Fro, déi ech mer gestallt hunn, ob een do net eppes kéint maachen. Well et mengt ee bal, et wär een op enger Landepist fir Cargofligeren. An et ass eeben eng Fro, déi sech do ganz staark stellt. An et gëtt héchstwarscheinlech eng ganz Rei vun aneren Infrastrukturen, wou ee sech déi dote Fro och misst stellen.

Voilà, an deem Sënn ginn ech déi Fro weider, ob et do e Plang gëtt, fir eebe genau dat do ze bewierken.

Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Galles. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Jo, wa mer vu Verschmotzung schwätzen, ass dacks vu Loft- a Waasserqualitéit rieds oder vun Offall, Plastik an Zäregasen, mee et denkt een net onbedéngt direkt un d'Liichtverschmotzung. An awer dierfe mer net ënnerschätzen, wéi een Impakt d'Luucht op d'Gesondheet an d'Wuelbefannen huet.

Wa mer d'Satellittebiller vu Westeuropa kucken, da fält engem op, dass nëmme ganz wéineg Géigenden däischter sinn. Vill Géigende sinn hell beliicht. Dat kann een och selwer nuets feststellen, wann een zum Beispill dobaussen ënnerwee ass. Oder wie ka scho behaapten, dass en zum Beispill d'Mëllechstrooss bei sech am Gaart gesäit? Vill Leit si sech guer net bewosst, dass een normalerweis bei klorem Himmel d'Mëllechstrooss misst kënne gesinn. Sou gewinnt si mer un d'Liichtverschmotzung! Nëmme wann een a Géigenden ënnerwee ass, wou wäit a breet keng mënschlech Aktivitéit ass, gëtt engem bewosst, wat een alles um Himmel ka gesinn.

Dës Liichtverschmotzung belaascht d'Déiere grad ewéi d'Mënschen. Nuetsaktiv Déiere kommen an hirem natierleche Rhythmus komplett duerjerneen, sief et d'Fliedermais, d'Villercher oder d'Insekten, deenen hiert Juegd- a souguer Reproduktiounsverhalen negativ beaflosst gëtt. Bei Mënschen hu Studien nogewisen, dass d'Liichtverschmotzung zu Schlofstéierungen, zu kierperleche wéi och psychesche Krankheete ka féieren.

Liichtverschmotzung ass also e wichtege Sujet, deen awer leider net déi Opmierksamkeet kritt, déi néideg wier. Dofir sinn ech frou, dass d'Madamm Hemmen dës Aktualitéitsstonn ugefrot huet a mer haut d'Geleeënheet hunn, doriwwer ze debattéieren.

Tatsächlech ass grad elo e gudde Moment, fir och iwwert d'Liichtverschmotzung ze schwätzen, well et

ass zwar eng Fro vun der Gesondheet, mee net nëmmen. Et ass och eng Fro vun Energieeffizienz. An an dësen Zäiten ass dee Sujet bekanntlech méi aktuell wéi jee.

Wa mer also elo vill iwwer Stroumspuere schwätzen, wa mer als Gemengen higinn an op LED bei der Beliichtung ëmrëschten, dann ass dat tendenziell och e Schrëtt an déi richteg Richtung bei der Liichtverschmotzung.

Mir hunn zu Dippech scho viru Joren all eis klassesch Gemengestroosseluuchten duerch LED-Luuchten ersat. Dat kënnt eis natierlech grad an der aktueller Kris zegutt, well mer bis zu 90 % Energie spueren. Mee doduerch, dass d'LEDe sech och automatesch wärend der Nuecht erofdimme loossen, reduzéiere mer och den Impakt op Mënsch an Déier. Besonnesch op Weeër duerch d'Natur kann een d'LEDen och mat Beweegungsmeldere kombinéieren, soudass se nëmmen dann uginn a gegeebenefalls och méi hell kënne ginn, wann tatsächlech och eng Persoun ënnerwee ass.

Dat eleng geet awer net duer. Och mat LEDe kann ee Liichtverschmotzung schafen, wa se net optimal ausgeriicht sinn. Fir deem entgéintzewierken, brauch et e Gesamtkonzept, wéi d'Luuchten ausgeriicht sinn a wat iwwerhaapt beliicht gëtt. Muss een all ëffentlecht Gebai déi ganz Nuecht iwwerall hell beliichten? Ech mengen net.

Här President, de Ministère huet 2018 e Guide veréffentlecht, fir d'Gemengen ze beroden, wéi se Liichtverschmotzung evitéiere kënnen, an dëst mat flotte Best-Practice-Beispiller. Och am Kader vum Naturpakt ass d'Liichtverschmotzung eng vun de Mesuren, déi een ëmsetze kann, an eng vun den Aufgabe vum Naturpaktberoder ass jo och, d'Gemengen zu dësem Sujet ze beroden.

Den Här Minister kann eis do eventuell Informatioune ginn, wat de Feedback um Terrain ass, wéi vill Gemenge schonn Efforte gemaach hunn a wéi vill Subsiden de Ministère an deem Kader ausbezuelt huet iwwert déi lescht Joren.

Als DP si mer der Meenung, dass déi Problematik u sech bei all neiem Projet vun Ufank u matgeduecht sollt ginn. Et gëtt vill negativ Beispiller doruechter, wou d'Beliichtung net effizient agesat gëtt, dat heescht, dass méi beliicht gëtt, wéi et u sech néideg ass. Et ass evident, dass mer déi Feeler an Zukunft net dierfe widderhuelen, mee d'Beliichtung vill méi sënnvoll asetze musse fir eng besser Liewensqualitéit, fir e besseren Ëmweltschutz, mee och fir méi e gescheiten Ëmgang mat der Energie.

Anerersäits musse mer d'Beliichtung an eisen Dierfer a Stied, déi schonn do ass, iwwerdenken an nei ausriichten. Grad wann ee sech souwisou iwwerleet, fir Stroum ze spueren an op LEDen ëmzeklammen, geet dat jo an engems. Jiddereen ass hei gefrot, fir Efforten ze maachen. Och déi ëffentlech Hand huet natierlech hei eng Virbildfunktioun. De Staat soll bei senge Gebaier mam gudde Beispill virgoen a sech konsequent net just bei neie Konstruktiounen, mee allgemeng e Plang gi mat Ziler a konsequent neie Beliichtungskonzepter an déi dann ëmsetzen.

Et si scho verschidden Efforten an der Vergaangenheet gemaach ginn. An der Äntwert op eng Question parlementaire vum Gusty Graas a mir selwer huet déi deemoleg Ëmweltministesch vu Pilotprojeten an dësem Beräich geschwat. Dat ass luewenswäert, mee mir sinn der Meenung, dass et net bei deene Pilotprojeten dierf bleiwen. De Staat muss hei systematesch virgoen an iwwerall do, wou et sënnvoll ass, d'Beliichtung och adaptéieren.

Donieft gëllt et awer och, d'Bierger an d'Betriber mat op dee Wee ze huelen. Hei ass sécher nach Sensibiliséierungsaarbecht ze leeschten. Mee et kéint ee sech jo virstellen, dass dee Punkt am Kader vun der Energieberodung och automatesch thematiséiert gëtt.

Grad elo ass de Moment, wéi gesot, den Interessi ass do, fir Stroum ze spueren, ëmzeklammen op méi nohalteg Beliichtungen, al Bieren duerch LEDen ze ersetzen. Ma da kommt, mir profitéieren dovunner, fir gläichzäiteg och op dësem Sujet verstäerkt virzegoen. Et wieren déi spréchwiertlech zwou Mécke mat enger Klapp, déi een dann hei kéint erwëschen.

Dëst gesot, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren an och eng Kéier e grousse Merci un d'Madamm Hemmen, fir dës Aktualitéitsstonn ugefrot ze hunn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Hahn. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här President, Här Minister, Kaméidi, Zäregasemissiounen, d'Verschmotzung vun der Loft, dem Buedem an de Gewässer: D'Ëmweltverschmotzung huet vill Facetten, och wann déi eng vläicht an der Ëffentlechkeet méi bekannt sinn a méi unerkannt si wéi anerer. D'Liichtverschmotzung ass eng, déi manner am Mëttelpunkt steet wéi anerer an eventuell och ënnerschat gëtt. Et ass awer en immens wichtege Sujet an dofir soen ech dem Cécile Hemmen villmools Merci fir d'Ufroe vun däser Aktualitéitsstonn.

De Stärenhimmel ass eppes, wat ons Mënsche vun Ufank un op däser Äerd begleet huet. Queesch duerch d'Mënschheetsgeschicht huet en ons guidéiert an inspiréiert. Mat der Liichtverschmotzung wuessen awer haut ganz Generatioune vu Kanner op, déi ni d'Mëllechstrooss um Himmel gesinn hunn an ausser enger Handvoll ganz hell Stären och generell kee Stärenhimmel. Doduerch verléiere mer als Gesellschaft e wichtege kulturelle Patrimoine an och eist Bewosstsi fir d'Tatsaach, datt mer hei zesummen op engem Planéit sëtzen an Deel vun eppes onendlech Groussem sinn: dem Universum. An et ass eebe grad déi Erkenntnis, wéi mir mam Universum, der Natur an der Ëmwelt zesummenhänken, déi eis muss motivéieren, d'Natur mat Vehemenz ze schützen an ze stäerken.

Weltwäit hëlt d'Liichtverschmotzung alljoers ëm 2 % zou. An och zu Lëtzebuerg ass et kloer en Theema. Eng Etüd vun 2017 huet d'Luminositéit an der Nuecht gemooss an ass zur Konklusioun komm, dass an 20 % vun de Gemengen et all Nuecht esou hell ass, wéi wann ëmmer zwee ganz Vollmounden um Himmel géife stoen. Dat ass wäit iwwert dem natierlechen Niveau an huet negativ Impakter op Fauna a Flora. D'Déiere ginn duerch d'Luucht desorientéiert an Habitater gi weider fragmentéiert. D'Planze kënnen zum Deel d'Joreszäiten net méi richteg bestëmmen. Natierlech Zykle kënne verännert ginn an d'Fortplanzung vun den Déiere gëtt impaktéiert. An d'Déiere verléieren och carrement hire Liewensraum.

D'Liichtverschmotzung huet natierlech och e grousse Impakt op d'Gesondheet vun de Mënschen an op d'Energieverschwendung, wat grad dëst Theema am Moment an e ganz neit Liicht réckelt. An och wann d'Liichtverschmotzung nach wäit manner en Theema ass wéi aner Ëmweltverschmotzungen, esou huet d'Regierung an hunn och mir dat Theema net negligéiert: Ufanks des Joers hu mer am Naturschutzgesetz d'Pollution lumineuse an d'Gesetz integréiert als eng Quell vu Verschmotzung fir ons Ëmwelt. D'Gesetz gesäit elo vir, datt de Minister ka Prescriptioune ginn, wat d'Beliichtung vun enger Konstruktioun ugeet, eebe grad fir d'Verschmotzung duerch kënschtlech Luucht ze reduzéieren.

Mee dat ass jo just an der Zone verte an dofir sinn d'Gemengen och gefuerdert, hir Reglementer unzepassen. An dat kënne se och haut scho maachen. Mee och fir se dofir ze motivéieren, hu mer déi néideg Instrumenter en place gesat. Ech wëll do de Klima- an den Naturpakt nennen, déi mir jo och d'lescht Joer reforméiert hunn an déi eng ganz Partie Elementer virgesi fir d'Reduktioun vun der Liichtverschmotzung, fir eng Evaluatioun dervun ze maachen an ze kucken, wéi een d'Liichtverschmotzung ka reduzéieren. An dofir gëtt et da Punkten, also och Suen an also Motivatioun fir d'Gemengen, fir eppes ze maachen.

Mee et gëtt och schonn eng Partie aner Initiativen uechtert d'ganzt Land. E puer Elementer sinn haut scho genannt ginn, den Naturpark Our zum Beispill, deen zanter Längerem méi aktiv ass an dem Beräich vun der Liichtverschmotzung, fir dass déi reduzéiert gëtt, mat sengem regionalen Aktiounsplang „Éislek am neie Liicht". D'Gemeng Clierf – de Buergermeeschter sëtzt hei – huet mam Energieministère an dem Ministère fir ëffentlech Bauten och e Memorandum ënnerschriwwen, fir e Pilotprojet an der Gemeng ze maache fir d'Reduzéierung vun der Liichtverschmotzung a fir eng besser an eng méi effizient Beliichtung ze maachen.

Et gëtt eng ganz Partie Fascicullen, zum Beispill: „‚Gutes Licht' im Aussenraum" vun 2018 vum Nohaltegkeetsministère, mat Recommandatiounen, grad ewéi och eng Broschür vun der Natur- a Bëschverwaltung. Ganz wichteg sinn awer och d'Plans sectoriels „Paysages", déi d'Couloirs écologiques schützen a verbessere sollen. An do ass et natierlech och grad wichteg, dass och net duerch d'Liichtverschmotzung déi wichteg Couloire fir d'Aarte gebrach ginn.

Mir hunn also schonn eng Partie Instrumenter a mir wëssen eigentlech och, wat muss gemaach ginn. An do sinn elo alleguerten d'Acteure gefuerdert, d'Gemengen, de Staat, fir dass méi géint d'Liichtverschmotzung gemaach gëtt: op de Stroossen, bei de Gebaier, bei den Infrastrukturen an esou weider.

An elo ass et jo och vläicht grad e gudde Moment, am Kader vun der Spuercampagne, wou d'Bierger warscheinlech nach méi bereet sinn, mat op dee Wee ze goen – am Interessi vun der Gesondheet vun ons alleguerten a vun onser Fauna a Flora.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Benoy. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wa mer esou en technesche Sujet wéi deen heiten diskutéieren, da si mer eis jo u sech all eens, wat dat fir eng wonnerbar Saach ass. Et gëtt Nuancen tëschent deenen engen an deenen aneren, mee u sech, mengen ech, halen ech elo déi fënneft selwecht Ried. An da kënnt nach e Kolleeg, deen hält déi sechst selwecht Ried an da kënnt nach een, deen hält déi siwent selwecht Ried. An da si mer all d'accord.

Dat ass och gutt esou, dat ass och gutt esou! Mee ech mengen, loosse mer mol kucken: Wat ass elo Theorie? Déi hu mer jo all diskutéiert. A wou sinn déi praktesch Problemer? Wéi solle mer d'Saach upaken?

Ech mengen, et hat ee vun de Kolleegen elo gesot: „Wann een d'Welt aus dem Weltraum gesäit, dann ass et virun allem ganz hell." Ech huelen un, deen helle Punkt ass de Cargozenter zu Beetebuerg.

*(Interruption)*

Well do gëtt et elo och eng Biergerinitiativ, déi sech do forméiert huet. Mir sinn eis jo all eens, mee da kommt, mir kucke mol, well mir hu jo där Plazen am Land, wéi zum Beispill de Cargozenter Beetebuerg oder Parkplazen, déi dorëmmer nuets beliicht sinn, wat absolutt net néideg wär. An et ass eigentlech och do de Lackmustest. Do mussen d'Gemengen oder d'Operateure kucken, an och Privatfirme kucken: Ass dat wierklech néideg, wat do gemaach gëtt? Well mir hu jo alleguer thematiséiert, wou d'Problemer si fir d'Natur, och fir de Mënsch, fir d'Gesondheet. Ma da loosse mer elo einfach dat an d'Praxis ëmsetzen, wat mer awer alleguer heibannen denken! Ech mengen, dat ass eigentlech dee groussen Ënnerscheed.

Wou mer mussen oppassen, dat ass eigentlech, datt mer elo net ze wäit ginn oder aus politeschen Hannergedanken elo probéieren, Saache restriktiv duerchzesetzen. Mir mussen och d'Besoine vun de Mënschen ëmmer mat am A behalen. An de Besoin vun de Mënschen, dat ass einfach, och kënnen a Sécherheet ze liewen. Ech si mam Här Galles, deen ech ganz respektéieren, ... Ech mierken, datt hie sech och nuets méi sécher evaluéiert wéi den Duerchschnëtt vun de Mënschen. Mee: De Mënsch ass dagaktiv! En ënnerscheet sech doduerch zu engem groussen Deel vun dem Rescht vun der Fauna. Ech wëll natierlech, Här Galles, de Mënsch net op seng biologesch Dimensioun, ouni déi reliéis, philosophesch an anerer, reduzéieren, mee et ass einfach esou, datt de Mënsch am Vergläich zu anere Membere vun der Fauna op dëser Welt dagaktiv ass. An dat Gefill vu Sécherheet ass eebe verbonne mat Luucht. An da sollte mer och kucken op deene Plazen, wou de Mënsch ass, datt do och Luucht ass, fir seng Sécherheet ze garantéieren.

Mir brauchen och Luucht fir e puer aner Saachen ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Kartheiser, erlaabt Der, datt den Här Galles eng Fro stellt, oder ...?

*(Hilarité)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo? Sécher, jo sécher!

**M. Paul Galles** (CSV) | Et ass just fir ze ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech hat net geduecht, bei dësem Sujet ... Mee jo, gären.

**M. Paul Galles** (CSV) | Et ass just fir ze preziséieren: Ech hunn eng Ënnerscheedung gemaach – an déi ass mer wichteg – tëschent enger objektiver Sécherheet an engem Sécherheetsgefill. Den Här Kartheiser schwätzt vun engem Sécherheetsgefill. Ech kann deen Instinkt oder dee Reflex wierklech novollzéien, mee déi Etüde weisen, wéi et schéngt, no, dass déi verstäerkt Beliichtung net dozou féiert, dass manner Kriminalitéit stattfënnt oder ëmgekéiert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo.

**M. Paul Galles** (CSV) | Dat heescht, dat ass dat, wat ech wollt soen. An deen Ënnerscheed ass mer wichteg. Merci awer! Ech wollt, dass Der nach eng Kéier doriwwer nodenkt.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Merci, Här Galles. Ech hat dat matkritt, mee ech sinn do net ... Ech mengen éischter, et ass awer vläicht gutt, wa méi Luucht ass. Wann ee kriminell ass, mengen ech, brauch ee wuel Luucht. Mee wann et däischter ass, da muss ee se net hunn, mengen ech, ...

**Une voix** | Dat seet d'Police och!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... fir kriminell ze sinn. Also ech géif scho mengen, datt dat awer e Virdeel ass.

D'selwecht am Verkéier. Ech mengen, mir mussen einfach kucken, wa mer wëllen d'Liichtbelaaschtung reduzéieren, datt mer op deene Plazen, wou awer wierklech eng gefillten oder eng reell Plus-value ass, wéi zum Beispill bei der Sécherheet, wéi beim Verkéier, och bei anere Saachen, ... Den Tourismus ass och eng Consideratioun, eng Rei vun ekonomesche Considératiounen, mir mussen dorunner denken! An ech wëll och speziell soen – well mer jo hei wëssen, wie wéi denkt –, datt zum Beispill och d'Beliichtung vun engem Chrëschtmaart net dee Risenënnerscheed mécht am globale Gläichgewiicht oder am globalen Energiekonsum, soudatt, wannechgelift, kee mat där Iddi kënnt, datt mer de Chrëschtmaart elo sollen net méi beliichten, well mer domadder eppes géife maache géint d'Liichtverschmotzung!

Also do, mengen ech, sollte mer awer verschidde Saachen net elo duerch restriktiv Moossnamen aschränken. D'Gemenge mussen natierlech jiddereng fir sech kucken, wat un intelligente Systemer méiglech ass. An et gëtt ganz vill.

Ech wëll och soen, ech plädéiere ganz oppen hei fir de „Routliichtmilieu" bei den Insekten. Dir wäert Iech elo wonneren, ...

*(Brouhaha)*

... mee et ass eng wëssenschaftlech Tatsaach, sou schéngt et, datt orange a rout Luucht op d'Insekte manner Afloss hunn, datt se manner stéiere wéi wäiss Luucht oder anerer, déi op engem vill méi breede Frequenzband ausstralen an doduerch méi negativ Konsequenzen hunn op d'Natur. A mir musse wierklech dorobber oppassen. Mir hu Vullen, déi nuets sangen. Vill Déiere kënne sech net méi orientéieren, well se sech um Mound orientéieren an deen net méi kënnen erkennen, och net aner Stären. An dat huet natierlech och, dat hu schonn aner Kolleege gesot, Konsequenzen op d'Befruchtung vu Planzen, well d'Päiperleken droen nuets immens vill dozou bäi, net nëmmen d'Beien am Dag, mee eeben och eng ganz Rei vun Déieren, déi nuets aktiv sinn.

Natierlech ass et eppes, wat Energie ka spueren, och Kuelendioxidemissiounen. Wësst Der, Etüde gëtt et ganz vill! Et weess een ni, wat déi eng oder aner wäert ass, mee dat hei schéngt awer eng ze sinn, déi relativ wäit akzeptéiert gëtt. Et gëtt gesot, datt d'Liichtemissiounen an engem Joer ongeféier engem Kuelendioxidausstouss entspricht vun 20 Milliounen Autoen. Dat ass scho ganz considerabel, wann déi Etüden dann ... Wéi gesot, Etüde kritt Der der esou vill wéi Der der gären hätt, an alles, wat Der wëllt duerch eng Etüd beweisen, kritt Der och bewisen! Mee dat hei schéngt awer eng Gréisstenuerdnung ze sinn, där mer eis sollte bewosst sinn.

LED-Luuchten, jo, selbstverständlech, mee da muss ee se esou ausriichten, datt se no ënne stralen. Net op d'Säit, net no uewen, dat ass eppes ganz Wichteges! A virun allem, et gëtt intelligent Systemer, wou een och ka wéineg benotzt Weeër a Stroossen duerch Beweegungsmelder oder aner Saachen esou benotzen, datt d'Luucht nëmmen dann do ass, wa se wierklech gebraucht gëtt. Et gëtt och déi Méiglechkeet, nëmmen all zweet oder all drëtt Luucht unzemaachen. Mir musse just oppassen, ob dat net kann zu engem Stroboskopeffekt féieren. Dat misst dann op de Plaze gekuckt ginn.

Op jidde Fall freeë mir eis, datt mer gesinn, datt mer u sech hei wäitgeeënd enger Meenung sinn. Et kënnt just drop un, datt mer dat elo an d'Praxis ëmsetzen, wat mer alleguer mengen, datt richteg ass, datt gutt ass, an dat ass d'Reduzéierung vun der Liichtverschmotzung.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Net méi spéit wéi d'lescht Woch huet de Gemengerot vu Paräis e Verbuet vu beliichter Publicitéit tëschent Mëtternuecht a 6.00 Auer moies beschloss. Digital, elektronesch an och beliicht analog Reklammen am ëffentleche Raum mussen dann elo ausgemaach ginn. Geschäfter an änlech Lokaler mussen d'Beliichtung vun hire Vitrinnen ausmaachen, soubal si mat hirer Aktivitéit owes ophalen. Geschitt dat net, gëtt et Strofen.

Zu Paräis waren et d'Ekologisten, déi dat proposéiert hunn an dat mat lénke Parteien och duerchgesat hunn.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Zu Lëtzebuerg ass de gréinge Minister fir ëffentlech Bauten den Éischten, deen opsteet, fir Argumenter géint esou e Verbuet virzebréngen, sou wéi am Mäerz geschitt, wéi mir als déi Lénk genee dat doten, wat ech elo hei beschriwwen hunn, och fir Lëtzebuerg virgeschloen hunn.

Här President, ech brauch net méi am Detail op dat zréckzekommen, wat meng Virriedner/inne scho gesot hunn. Ze vill Luucht dann, wann et däischter soll sinn, ass eng zolidd Belaaschtung fir d'Aartevillfalt. Märelen, déi duerch d'Beliichtung déi ganz Nuecht hir Jonk fidderen an doduerjer vun Erschëpfung stierwen, Fluchinsekten, déi un de Stroosseluuchte verbrennen oder aknuppen a beliicht Glas- a Plastikflächen, dat si just e puer Beispiller. Et gëtt der Dausende méi.

Och fir de Mënsch ass d'Liichtverschmotzung an éischter Linn eng gesondheetlech Belaaschtung. Wann et ni richteg däischter gëtt, huet de Mënsch Schwieregkeeten, fir anzeschlofen an an den Déifschlof ze kommen, also dohinner ze kommen, wou e sech wierklech erhuele kann. Ouni den déiwe Schlof gëtt de Mënsch ufälleg, fir krank ze ginn oder fir verstäerkt ënner psychesche Belaaschtungen ze leiden. Besonnesch an de Stied, a méi dicht besidelte Géigenden, ass dat e Problem. Wann een an enger beliichter Strooss wunnt, kann ee matten an der Nuecht viru senger Dier ouni gréisser Ustrengung e Buch liesen, well d'Luuchten einfach esou hell sinn. Am urbane Raum hu vill jonk Leit hiert ganzt Liewen nach kee Stärenhimmel gesinn.

Et ass grondleeënd fir dëse System, an deem mer liewen, dass Saachen, déi schiedlech si fir de Mënsch an d'Natur, weidergefouert ginn, wa se bestëmmten Interessen déngen. Souguer wann dréngend Energie soll agespuert ginn, da gi se weidergefouert, well beliicht Reklammen ausmaache géif heeschen, d'Férderung vun der Iwwerproduktioun an dem Konsum zréckzestellen.

Här President, d'Regierung huet viru mëttlerweil sechs Joer eng Etüd iwwert d'Liichtverschmotzung zu Lëtzebuerg maache gelooss. Erauskomm ass e Bichelche mat Recommandatiounen ouni kloer Mesuren, ouni kloren Adressat, nom Motto: „Haaptsaach, mir hu mol eng Kéier doriwwer geschwat." Erstaunlecherweis gëtt do gesot, dass nëmmen dat soll beliicht ginn, wat néideg ass. Dat fanne mir och ganz richteg. A mir stellen awer elo déi pertinent Fro: Ass eng Aldi-Reklamm fir Crustacéen op engem Bushaischen eng

Necessitéit? Oder d'McDonald's-Reklamm um Quai vun den CFL, brauch een déi wierklech? Oder och, datt déi ganz Nuecht Immobilien a Luxusbutteker an der Uewerstad oder Grande-surfacen op den Dierfer beliicht musse sinn?

Objektiv gëtt et kee Grond, dat zouzeloossen. Besonnesch net haut, wou d'Energie riskéiert, knapp ze ginn. Den eenzege Grond, deen et heifir gëtt, ass den Interessi vun décke multinationalen Entreprisen, déi dës Reklamme wëlle maachen. Fir eis ass dat kee Grond. Dofir si mir der Meenung, datt all kommerziell Werbefläch, déi an iergendenger Weis Energie verbraucht respektiv Liicht verstraalt, ofgestallt misst ginn. An dofir iwwerreeche mir Iech hei eng Motioun, Här President.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*– vu les traités internationaux ratifiés par le Luxembourg, en particulier l'accord de Paris sur le climat ;*

*– vu le règlement (UE) 2018/842 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2018 relatif aux réductions annuelles contraignantes des émissions de gaz à effet de serre par les États membres de 2021 à 2030 contribuant à l'action pour le climat afin de respecter les engagements pris dans le cadre de l'accord de Paris ;*

*– vu le Plan national intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC) pour la période 2021 à 2030 dont l'économie d'énergie constitue une des pièces maîtresses ;*

*– considérant l'actuelle crise de l'approvisionnement énergétique ;*

*– considérant la campagne nationale de réduction de la demande d'énergie Zesumme spueren – Zesummenhalen ;*

*– considérant l'impact de la publicité sur l'incitation à la surconsommation, phénomène contradictoire avec l'urgence de préserver les ressources et de réduire les émissions de gaz à effet de serre ;*

*– considérant l'usage énergétique important et non-essentiel pour l'alimentation, l'éclairage et le fonctionnement de dispositifs publicitaires ;*

*– considérant la hausse des prix de l'énergie qui frappe en premier lieu les ménages à revenus faibles ou moyens dans la satisfaction de leurs besoins essentiels ;*

*– considérant les recommandations adressées aux communes par le biais de la circulaire n° 4182 concernant les enseignes et publicités lumineuses, éclairages de façades et de vitrines et intérieurs de locaux professionnels ou salles d'expositions ;*

*– considérant qu'une étude commanditée en 2016 par le Ministère du Développement durable et des Infrastructures a montré que la pollution lumineuse est en augmentation au Luxembourg ;*

*– considérant que la pollution lumineuse, bien qu'elle est également en augmentation dans les espaces naturels, concerne en premier lieu les zones urbaines ;*

*– considérant l'impact néfaste de la pollution lumineuse sur la santé humaine et l'environnement naturel,*

*invite le Gouvernement*

*– à interdire l'usage énergétique pour l'alimentation, l'éclairage et le fonctionnement de panneaux publicitaires numériques, rétro-éclairés et déroulants dans l'espace public ;*

*– à fournir aux communes des recommandations applicables visant l'extinction quotidienne des enseignes lumineuses et vitrines de locaux d'activités économiques ou d'activités associatives, dès lors que ces organisations cessent leur activité journalière et que ces locaux ne sont plus occupés.*

*(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | D'Energieaspuerungen domadder wieren och net just anekdotesch, well e klengen digitale Werbepanno am Joer duerchaus esou vill Stroum brauch wéi en duerchschnëttleche Stot. Bei deene méi grousse ass et e Villfacht méi. Donieft menge mir och, dass beliicht Vitrinnen an de Stied an an den Dierfer owes no der Fermeture musse ausgemaach ginn. Fir d'Fauna am urbane Raum a fir d'Bewunner wier dat sécherlech kee Verloscht. An d'Energieaspuerunge wieren och substanziell.

Des Weidere géife mir d'Stroossebeliichtung an den Dierfer an op den Autobunnen nuets eroffueren, voire eventuell ganz ausmaachen. Si soll am Beruffsverkéier aus Sécherheetsgrënn ubleiwen. Mee firwat musse um 3.00 Auer nuets d'Strooss beliicht si wéi d'Landebunn um Findel? Dat liicht wuel deene mannsten an. Wann et aus Sécherheetsgrënn ass, kéint ee jo och emol d'Vitess erofsetzen, eppes, wat och scho vun déi Lénk proposéiert ginn ass.

Här President, natierlech kënnen a sollen och Fortschrëtter mat technesche Mëttelen erreecht ginn, wéi manner helle Bieren, enger anerer Conceptioun vun der Beliichtung vu Stroossen a Weeër am ëffentleche Raum mat Beweegungsdetecteuren, esoudatt d'Luuchten net ëmmer musse brennen a just dann uginn, wann ee kënnt, oder mat der Aschränkung vun der Beliichtung an de Gréngzonen, sou wéi d'Regierung et jo och schonn agefouert huet.

Dat alles ass schéin a gutt, mee och dat kascht vill Geld an hëlt vill Zäit an Usproch, wärend dat, wat mir proposéieren, op ee Coup vill Energie géif aspueren an onnëtz Liichtquellen nuets géif ausmaachen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Ech hunn elo vill där Constaten, déi elo schonn erwäänt gi sinn – vun de Fliedermais, Insekten, Planzen – emol gestrach, well et wär eigentlech just eng Widderhuelung vun deene Constaten, déi ech vu quasi all Partei deelen, dass eeben e Problem do ass. An et ass elo zënter 150 Joer, dass de Mënsch kann entscheeden, wéini Liicht ass a wéini net, an der Zäit vun eisem Planéit ganz, ganz kuerz.

Mee wa mir Mënschen entscheeden, fir eis eng Luucht unzemaachen, huet dat natierlech och Nodeeler fir eis Natur. Dofir ass dat eng Ressource, mat där mer ganz schounend mussen ëmgoen. An et huet een heiansdo den Androck, wann een owes ënnerwee ass, dass dat net iwwerall d'selwecht gesi gëtt.

Heiansdo mengt een, wann een owes duerch gewëssen Tunnelle fiert, dass een op eemol misst de Sonnebrëll erëm erausshuelen, dass se esou beliicht sinn, dass ... D'Autobunn, déi ass nach, nenne mer et „ok", mee da kënnt een an den Tunnel, wou et iwwerbeliicht ass, guer net ze schwätzen – ech mengen, dat ass och schonn ugeklongen –, wann een eng Kéier op der Beetebuerger Autobunn do géif laanschtfueren, wou een net weess, wat bei den CFL do gemaach gëtt, mee et mengt een, déi hätte jo d'Energie do am Iwwerfloss. Et sinn eeben déi Klengegkeeten, déi och de Leit dobaussen eropstoussen, wa se gesinn, dass do eigentlech awer ganz vill Energie, nenne mer et emol „verhonzt" gëtt.

An do kann een als Regierung, als Gemeng, als Gesellschaft awer ganz kloer Moossnamen huelen. Hautzudaags erméiglecht eng modern Technik et, Luuchte ganz geziilt sief et an der Intensitéit, sief et an der Fuerf, sief et an der Zäit ze steieren. Jo, dat brauch en Invest, dat muss een eemoleg maachen, mee duerno huet een op där enger Säit de Bonus, dass d'Energiekäschten erofginn, op där anerer Säit huet een awer och eppes fir d'Gesondheet gemaach.

Et ass ganz kloer beluecht, dass an deene Stroossen, wou d'Stroossebeliichtung schlecht, al oder falsch ausgeriicht ass, et bei der Bevëlkerung zu vill méi Schlofstéierunge féiert, wat dann erëm zu Diabetes, Bluttheichdrock oder Iwwergewiicht féiere kann.

*(Brouhaha)*

Dat heescht, et ass och e Punkt, wou mer ganz kloer medezinnesch mussen drun denke fir ze kucken, dass eis Leit eeben nuets kënne roueg schlofen. Ech hunn eeben elo d'Chance, nach an engem Duerf ze wunnen, wou dat net de Fall ass, dass een iwwerbeliicht wär. Ech gesinn nuets och nach d'Stären. Ech hunn awer och d'Erfarunge gemaach an anere Stied ...

*(Hilarité et interruptions)*

Am Positiven, d'Stären, wann den Himmel fräi ass!

*(Hilarité et interruptions)*

Et ass awer leider net iwwerall am Land de Fall, soudass een eng Kéier misst ganz kloer iwwerdenken, wéi mer eis Luuchten opbauen, a virun allem an der Intensitéit. An do gesinn ech och de Syvicol als de richtege Partner, fir dat zesumme mat de Gemengen ze maachen.

Ech gesinn awer och do, dass d'Gemengen keen onendleche Budget hunn an dass, wa mer dat Theema mat de Luuchte wëllen esou intensiv ugoen, wéi d'Regierungsparteien dat haut gesot hunn, ee vläicht och misst doriwwer nodenken, bei der Inneministesch eng Kéier ze froen, ob d'Gemengen net méi Hëllef kréichen, fir déi Luuchten och esou opzeriichten. Well et si grouss Reseauen an ech hu mer och soe gelooss vu verschiddenen Nordpolitiker, déi immens vill Stroossen hunn, awer manner Awunner, dass dat e risege Käschtepunkt wäert sinn, wann déi elo musse muer op déi modern LEDen oder anerer ëmklammen. Wann déi Meenung jo awer elo esou grouss gedeelt ginn ass, dann hoffen ech jo awer, dass och d'Inneministesch de Gemenge wäert e bëssen zur Säit sprangen, well et sinn nun emol d'Gemengen, déi déi meescht Luuchten do deementspriechend ënnerhalen.

Et freet mech och wierklech, dass elo hei quasi unanime de Problem gedeelt gëtt. Ech fannen et e bësse spéit, no néng Joer Regierung, elo ee Joer virun de Walen. Et hätt ee kënne méi fréi ufänken. Ech weess, et ass elo eng Energiekris komm, déi dat Ganzt e bësse gedriwwen huet. Mee mir Piraten hätten eis awer gewënscht, dass ee scho virdrun iwwert d'Liichtverschmotzung nogeduecht hätt an deene leschten néng Joer, wou Der ugetruede sidd, fir der Ëmwelt awer do eng Hand unzepaken.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Energieminister Claude Turmes.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Här President, léif Deputéiert, villmools merci un d'Cécile Hemmen fir dës Ufro an dës Debatt. Et war effektiv esou, dass dem Camille Gira dat heiten Theema

perséinlech ganz wichteg war. An hien hat eigentlech de Meritt, dass mer hei zu Lëtzebuerg ugefaangen hunn, un deem Theema ze schaffen. An de Camille huet sengerzäit dunn och am Ëmweltministère derfir gesuergt, dass e Guide gemaach ginn ass mat deene beschten Experten, déi et an Europa gëtt. Dee Guide steet alle Gemengen zur Verfügung, awer och natierlech de staatlechen Instanzen. An dat ass eigentlech e bëssen dat, wourop mer opgebaut hunn déi lescht Joren.

Firwat d'Liichtverschmotzung bekämpfen? Ech mengen, et ass Naturschutz. An dat muss ee wierklech eescht huelen. Den Här Hahn huet gesot, dass mer hei zwou Mécke mat engem Schlag hunn. De Problem bei der Liichtverschmotzung ass: Do ginn Dausende Milliounen Insekten drop wéinst der Liichtverschmotzung! An dat ass e ganz, ganz eeschte Problem. Dat ass quasi den zweetgréisste Problem fir d'Insektewelt no de Pestiziden. Also et ass schonn eppes, wat ganz relevant ass.

A fir de Mënsch ass et ... Ech mengen, dat ass ugeklongen, dass ganz vill Schlofstéierunge doduerch kommen. Et ass natierlech och en onnëtzen Energieverbrauch. A perséinlech sinn ech och ganz frou, dass den Naturpark Our, an de President vum Naturpark, den Emile Eicher, ass hei, dass si déi lescht Jore wierklech och am Kader vun engem europäesche Projet net nëmmen un der Technik geschafft hunn, mee och dunn duerno – wann ech dann déi Beliichtung an de Gréff kréien, déi Liichtverschmotzung – de Mënschen dat och erliefbar gemaach hunn an eeben och zum Beispill am Summer dann Owenter organiséiert hunn, wou mer erëm de Stärenhimmel richteg konnte gesinn. Well ech mengen, dat ass wichteg, fir eeben och d'Konnexioun oder d'Verbindung zwëschent dem Mënsch an der Natur weiderhin ze halen.

Ech ginn elo net op all déi eenzel Saachen an, déi virun allem am Naturpark Our gemaach gi sinn. Wat, mengen ech, elo méi wichteg ass, dat ass: Mir hunn hei e ganz, ganz breede Konsens. A wéi kënne mer elo zesumme weiderfueren an den nächste Méint, fir dat Theema eigentlech nach méi massiv no vir ze dreiwen?

Dat Éischt ass, effektiv, mir hunn eenzel Plazen am Land – warscheinlech kéint do en UEFA-Match drop gespillt ginn –, déi si sou hell, datt se ... A si sinn deelweis och onnéideg hell. A mir sinn amgaangen, mat Experten eeben déi Hotspotten do ze identifizéieren an dann och drun ze schaffen.

Hei ass e Punkt ugeschwat ginn, dat ass zu Beetebuerg de Cargozenter. Mir hunn eng Zesummenaarbecht mat den CFL. An natierlech muss op esou enger Plaz, wou awer grouss Containeren ... Do si Kranen, do sinn awer och Mënschen, déi do zwëschent deene Containere sinn, déi schaffen, dat heescht, mir mussen do e Kompromëss fannen. A mir sinn amgaangen, mat den CFL dorunner ze schaffen.

Dat heescht, mir maachen déi Hotspotanalys. Mir hunn ee Punkt am Naturpark Our, dat war deen hellste Punkt, dat war d'SEO zu Veianen. An iwwert déi lescht zwee Joer ass mat der SEO zu Veiane geschafft ginn a mir bréngen et elo fäerdeg, hir Installatiounen ... Aus Sécherheetsgrënn waren hir Trafoe beliicht a mir hunn elo e System, wou dat schonn extreem gedimmt ass. A mir ginn och elo op de Wee, fir souguer deelweis op deenen Industriebeliichtunge vun der SEO nach just iwwer Beweegungsmelder ze schaffen. An dat, déi Erfarung, déi mer bei der SEO elo hunn, si mer och amgaangen, dann aneren Industriezonen, also Aktivitéitszonen, zur Verfügung ze stellen.

Wat mer och maachen, ass d'Formatioun vun de Gemengentechniker. Mir hunn d'Chance, dass mer am Naturpark Our wierklech en ultimativen Expert hu vun där ganzer Technik ronderëm d'LEDen, awer och déi verschidde Faarfspektrumen a wéi ech déi Luuchten dann ëmrëschten. A mir notzen den Daniel Gliedner, fir eeben elo iwwert den INAP Formatiounen ze maache vun de Gemengentechniker. Mir notzen hien och, fir Formatiounen ze maache vun den Techniker vu Bâtiments publics. An hie schafft och ganz intensiv mat den CFL zesummen.

Dann ass et awer och wichteg, dass mer deem Ganzen e politesche Kader ginn. An dee Kader, dee mer elo entwéckelt hunn, ass de Kader mat der Gemeng Clierf, well d'Gemeng Clierf eebe schonn e Liichtplang huet, well d'Gemeng Clierf och scho virbildlech eng ganz Rei vun hire Stroosse mat Ponts et chaussées, mat Bâtiments publics, mat den CFL, mat och der Kultur, also hir Schlässer an esou, ganz flott beliicht. An eigentlech wier et och gutt, Dir géift eng Kéier owes dem Emile seng Gemeng besiche goen, fir dass Der och den Ënnerscheed gesitt ...

*(Brouhaha général)*

... zwëschent esou enger Plaz, wou d'Beliichtung optiméiert ass, par rapport zu anere Plazen. A mir notzen elo ...

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

A mir hunn elo en Accord gemaach zwëschent mengem Ministère, dem Ministère vum François Bausch, also dann eeben de d'Ponts et chaussées, den CFL, Bâtiments publics, fir eeben de Gemengen eng Plattform unzebidden: Wann Dir als Gemeng op de Wee gitt, fir d'Liichtverschmotzung wierklech exemplaresch ze bekämpfen, dann engagéiere mir eis och vun der staatlecher Säit, dass déi staatlech Institutiounen, déi eebe Gebaier hu bei Iech oder eebe Luuchte bedreiwen, wéi d'Ponts et chaussées, dann och mat op dee Wee ginn.

Dat heescht, mir hunn e Memorandum of Understanding, deen elo gemaach ginn ass fir d'Gemeng Clierf, an dee kann och elo replizéiert ginn iwwerall soss am Land.

Dann ass d'Fro vun de Subsiden ugeschwat ginn. Dir musst wëssen, et gëtt haut schonn e Subsideprogramm, deen iwwert d'Ëmwelt leeft, vun 100 Euro Ëmrüstungskäschte pro Point lumineux. Dat heescht, wann Dir eng Luucht ëmrëscht vun enger traditioneller Bier op eng LED, da kritt Der 100 Euro. Dat heescht, dat ass e besteeënde Subsideprogramm, deen och ganz vill genotzt gëtt.

Dann hu mer dee Punkt, deen am schwieregsten ass, dat ass dee vun de Liichtreklammen. A bei de Liichtreklammen ass et esou, dass mer säit dem Omnibusgesetz, dat déi lescht Regierung gemaach huet, do net méi an enger nationaler Kompetenz sinn, mee an enger kommunaler Kompetenz. An et ass esou: Mir hunn eng Gemeng, déi e ganz virbildlecht kommunaalt Reglement dozou gemaach huet, dat ass d'Gemeng Parc Housen. A mir sinn amgaangen, dann och an Zesummenaarbecht mam Naturpark Our eeben och aner Gemengen ze forméieren an hinnen eeben dat exemplaresch gutt Reglement, fir d'Liichtreklammen an enger Gemeng an de Gréff ze kréien, elo iwwerall, also an de Gemengen, zur Verfügung ze stellen, fir dass aner Gemengen dat och adoptéieren.

Vläicht nach e Punkt, deen och wichteg ass: Mir hunn et och duerch déi ganz Expertis, déi mer hei opgebaut hunn, fäerdegbruecht, verschidde Projeten, déi a Gréngzone waren, wou den Environnement extreem skeptesch war, dann awer méiglech ze maachen. Ech ginn Iech e Beispill: Zu Luerenzweiler, do war, fir et eeben och aus deenen Dierfer do niewendrun ze erlaben, op d'Gare ze kommen, e beliichte Wee geplangt ginn. An dee Wee, dee war esou geplangt, dass do immens Liichtverschmotzung entstane wier. Dunn ass sech un den Dësch gesat ginn an et ass ... Haut gëtt et dee Wee an dee funktionéiert mat Beweegungsmelder, mee souguer méi, en huet och eng extra Beliichtung, déi net blo an net wäiss ass, soudatt souguer wann d'Luuchten nuets uginn, se an engem Spektrum sinn, deen den Déieren net schuet. Dat heescht, mir hunn do elo e Vademecum, wéi mer Projete kënne méiglech maachen, déi virdrun eventuell net méiglech waren.

All déi doten Aarbecht dréit och elo eng aner Fruucht, an zwar hu mer an der nationaler Spuercampagne „Zesumme spueren – Zesummenhalen" elo net manner wéi 23 Gemengen, déi sech bei eis gemellt hunn, bei Ponts et chaussées an och bei Bâtiments publics a mengem Ministère, déi bereet sinn, am Kader vun der Spuercampagne hir Beliichtung nuets vun 1.00 Auer bis moies 5.00 Auer ofzeschalten. An ech mengen, dat passt jo eigentlech dann och e bëssen an déi ganz Bekämpfung vun der Liichtverschmotzung.

Mir sinn elo zesumme mat Ponts et chaussées an och – also virun allem mat Ponts et chaussées – op der Schnëttstell mat der Creos an e puer Luuchtenelektriker amgaangen, fir deene Gemengen, déi dat elo decidéiert hunn ..., dass dat och elo no an no applizéiert gëtt.

An Dir musst wëssen, d'Beliichtung mécht am Gemengebudget oft 20 % vun der Energie aus, déi d'Gemeng verbraucht. A wann ech nëmme véier Stonnen nuets ofschalten, da kann ech en Drëttel vun där Beliichtung aspueren. Also et ass och finanziell, mengen ech, wierklech interessant, grad elo an dësen Zäiten.

Vläicht zum Schluss nach zu der Motioun, déi d'Madamm Cecchetti presentéiert huet: Also meng Analys ass, éischte Punkt, dass dat eng Gemengekompetenz ass. Dat heescht, et ass ... Mir kënnen net iwwer e Gesetz ..., well dat am Beräich vun der Liichtverschmotzung, also vun der Beliichtung vun de Reklammen an esou, dat ass hautdesdaags juristesch gesinn eng Gemengekompetenz.

An dat Zweet, wat Der fuerdert, dat maache mer schonn. Dat heescht: Mir hunn en nationale Guide, mir maache Formatioun fir all déi Gemengentechniker, soudass ech mengen, dass Är Motioun – wéi nennt Der dat scho méi ëmmer? – „superfétatoire" ass.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Energieminister.

*(Interruption par M. Paul Galles)*

Här Galles, u sech ass et esou, datt et bei enger Heure d'actualité Parole après ministre net gëtt, Artikel 40 (8).

*(Brouhaha général et interruption par M. Fernand Kartheiser)*

Ma nee, dat geet net. Ech ginn him et och net.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | A, ok.

**M. Fernand Etgen,** Président | Dat gëllt och fir den Här Galles. Dat, wat gëschter fir den Här Kartheiser wouer war, ass och haut fir den Här Galles wouer.

***Motion 1***

Mir kënnen dëse Punkt awer net ofschléissen, éier mer zum Vott iwwert d'Motioun komm sinn. Wëllt nach een zur Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Goergen, den Här Galles duerno.

*(Hilarité et brouhaha)*

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also déi Motioun ass gutt an och sympathesch. Ech gesinn och net do d'Excuse, dass een dat elo op d'Gemenge soll erofhuelen, well dat kléngt einfach ... Wa mer et da géifen national maachen als Virgab? Ech mengen, Dir maacht jo esou vill haut. An d'Gemengepolitiker si jo all hei, wéi vill hu se elo national gesot kritt, wat se an hire Gemenge solle maachen, Guiden a wat net nach alles! An hei sot Der bei de Pannoen dat als Excuse: „Dat geet elo net." Bon, et ass ok, et ass politesch Spillschoul!

Mee fir mech ass et souwisou ... Dee Problem mat deene Liichtpannoen ass do. An dat muss eeben eng Kéier national gereegelt ginn. Mir kënnen net waarden, bis déi 100 Gemengen dat an d'Hand huelen.

Et ass awer een interessante Fakt, dee mer elo grad nach agefall ass – a wéi ech gelies hunn. Mir hunn nämlech e Walkampfofkommes vun de Parteien alleguer, wou mer amgaange sinn ze verhandelen, wéi d'nächst Joer sollen déi Walen ausgesinn. An do war et nämlech déi gréng Partei, déi an deem Ofkommes d'Demande lancéiert huet, dass déi Pannoen erëm drakommen. Déi Pannoe waren nämlech an engem Walofkommes, also dass déi eraus waren: D'Parteien duerften do keng Reklamm maachen 2018, 2017. An an der leschter Versammlung war do d'Demande vun deene Gréngen, dass déi Pannoen erëm erakommen.

Dofir verstinn ech jo och elo, dass Der sot: „Déi Pannoe kënnen net reglementéiert ginn", wann Der als Partei wëllt do Publicitéit d'nächst Joer maachen.

*(Brouhaha)*

Ech hoffen, Dir wäert et net maachen! Mee wann dat soll gemaach ginn, bréngt et jo näischt, wann Der se elo reglementéiert.

Merci.

**Une voix** | Déi Pannoe sinn net ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen. An da kritt d'Wuert den Här Paul Galles.

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President.

*(Brouhaha et interruptions)*

Ech si frou, dass ech eppes kann ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Hei, wannechgelift!

**M. Paul Galles** (CSV) | Ech soen da kuerz eppes zur Motioun.

**M. Fernand Etgen,** Président | Wannechgelift!

*(Interruptions)*

Den Här Galles huet d'Wuert a soss keen! An hei sinn der awer immens vill, déi sech de Moment d'Wuert geholl hunn. An et huet awer nëmmen een et, an dat ass den Här Paul Galles!

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President. Ech wollt just kuerz eppes zu der Motioun soen. Also et ass esou, ech verstinn d'Beweeggrënn, fir dat heiten elo ze fuerderen. Ech mengen awer, wann ee se genau liest, déi zwee Punkten, wou Der Invitte maacht, dat si jo u sech zwou ënnerschiddlech pedagogesch Approchen: Beim éischte wëllt Der „interdire" a beim zweete wëllt Der Recommandatioune maachen.

Mir hätte proposéiert, einfach Recommandatiounen ze maachen, zumools wou den Här Minister, mengen ech, dat ganz richteg erkläert huet, dass et eng Kompetenz vun de Gemengen ass no dem Omnibus-Gesetz.

Mee et ass scho richteg esou, dass vill Gemengen och tatsächlech e Guide fir gutt Liicht hunn. Dat ass och schonn de Mëtten erwäänt ginn. An dee gëtt och op ville Plaze gelies an och applizéiert. Wat natierlech interessant wär, dat wär, dass d'Gemengen an hirem Règlement sur les bâtisses d'Liicht kéinte reegelen. Dat wär interessant. An da kéint ee jo sou wäit goen, dass do Liichtreegele sinn, zum Beispill och am Verhältnis mam Noper. Dat ka ganz wäit goen, wéi dat ...

Ech géif et wierklech net esou maachen, wéi Dir et hei elo maacht, dofir wëlle mir déi heite Motioun och net ënnerstëtzen. Mee ech verstinn awer déi Beweegung, déi Motivatioun, déi dohannert ass, déi Der do hutt. Mee mir wäerten déi hei elo net esou kënne matstëmmen, wéi Dir se elo hei presentéiert hutt.

*(Interruption)*

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Galles. An dann huet den Här Minister d'Wuert gefrot.

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Also ech hunn dem Här Goergen seng Interventioun net ganz verstanen, well bis elo hate mer jo awer keng beliicht Pannoen. An ech mengen, dat war och an der Hightech-Partei vun de Gréngen net d'Intentioun.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Turmes.

Wa weider keng Wuertmeldung méi do ass, da kënne mer zum Vott vun döser Motioun kommen.

***Vote sur la motion 1***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme mat 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

Domat si mer um Schluss vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 16.21 heures.)*

# 7e séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** p. 51
   M. Fernand Etgen, Président
2. **Motion de Mme Martine Hansen relative à une nouvelle compensation pour le gasoil utilisé exclusivement pour des travaux agricoles et horticoles, dans la pisciculture et la sylviculture** p. 51
   Exposé : Mme Martine Hansen
   Prise de position du Gouvernement : M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural
   Discussion générale : M. Jeff Engelen | M. Marc Goergen
   Vote sur la motion (rejetée)
3. **8077 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19** p. 52
   Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo
   Discussion générale : M. Max Hengel | M. Gilles Baum | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Jeff Engelen | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen
   Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) | Mme la Ministre Paulette Lenert (interventions de M. Fernand Kartheiser) | Mme Nathalie Oberweis (parole après ministre) | Mme la Ministre Paulette Lenert
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8077 et dispense du second vote constitutionnel
4. **8035 – Projet de loi relative au recrutement des professionnels de la santé pour la prise en charge médicale des personnes bénéficiaires de la protection temporaire dans le contexte du conflit entre la Russie et l'Ukraine** p. 57

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : Mme Francine Closener

Discussion générale : M. Jean-Marie Halsdorf | M. Gusty Graas | M. Marc Hansen | M. Jeff Engelen | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8035 et dispense du second vote constitutionnel

5. **Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de la canicule de l'été 2022** **p. 59**

Exposé : Mme Cécile Hemmen

Débat : M. Paul Galles (intervention de Mme Cécile Hemmen) | M. Max Hahn | Mme Jessie Thill | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen (dépôt des motions 1 et 2) (intervention de Mme Simone Beissel)

Prise de position du Gouvernement : Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Motion 1 : M. François Benoy | M. Paul Galles | M. Gilles Baum | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Motion 2 : M. Max Hahn | M. Paul Galles | M. Marc Goergen

Retrait de la motion 2

6. **8083 – Projet de loi portant mise en œuvre de la baisse temporaire du taux de TVA et modifiant la loi du 12 mai 2022 instaurant une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers** **p. 67**

Rapport de la Commission spéciale « Tripartite » : M. Gilles Baum

Discussion générale : M. Gilles Roth | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Yves Cruchten) | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8083 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre ; M. Claude Turmes, M. Claude Haagen, Mme Yuriko Backes et Mme Joëlle Welfring, Ministres.

*(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Claude Haagen,** Ministre | Nee, dat ass net de Fall, Här President.

## 2. Motion de Mme Martine Hansen relative à une nouvelle compensation pour le gasoil utilisé exclusivement pour des travaux agricoles et horticoles, dans la pisciculture et la sylviculture

*(Motion déposée en séance publique n° 6 du 19 octobre 2022 – à consulter en page 35 de ce compte rendu)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Als éischte Punkt um Ordre du jour hu mer de Mëtteg d'Motioun vun der Madamm Martine Hansen iwwer eng Kompensatioun fir den Diesel, deen exklusiv vum landwirtschaftleche Secteur genotzt gëtt. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert als Auteur vun der Motioun.

***Exposé***

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Merci, Här President. Ech hat se gëschter scho kuerz virgestallt an ech sinn och frou, datt de Mëtteg elo direkt kann doriwwer ofgestëmmt ginn.

Am Kader vun der Tripartite war festgehale ginn, fir géint d'Inflatioun virzegoen, andeems een d'Ursaache bekämpft. An eent vun deenen Instrumenter, déi geholl gi sinn, ass u sech, fir d'Präisser ze stabiliséiere bei der Energie respektiv se ze deckelen.

Et ass awer bei dësem Mesurëpak bis elo nach näischt fir de landwirtschaftlechen Diesel virgesinn, ausser datt bei engem Projet de loi déi Bäihëllef, déi virgesi war bis de Juli, elo verlängert gëtt bis den August. Mee nom August ass näischt virgesinn.

Fir eis ass et awer wichteg, datt och fir de landwirtschaftlechen Diesel soll eng Kompenséierung ausbezuelt gi fir ze verhënneren, datt d'Liewensmëttelpräisser nach eng Kéier an d'Luucht ginn doduerch, datt d'Produktiounskäschten an der Landwirtschaft an d'Luucht ginn. A wann d'Liewenskäschten an d'Luucht ginn, dann hu mer natierlech och en Afloss op d'Inflatioun.

Dofir wär ech frou, wann dës Motioun d'Ënnerstëtzung vun der Majoritéit kréich.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Hansen.

Wie wëllt d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Claude Haagen,** Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Jo, merci, Här President. Merci un d'Madamm Hansen fir dës Motioun.

Ech hu mer déi Motioun ugekuckt: Dir wësst, datt am Projet de loi 8083 virgesinn ass, fir d'Mesurë fir Menagen op der Pompel, also fir de Masutt, ze verlängeren an och vu 7,5 op 15 Cent ze goen. Dir wësst och, datt d'Mesure, wat den, ech nennen dat emol einfach „roude Masutt" oder „rouden Diesel", ubelaangt, den 31. August, Dir hutt et selwer gesot, opgehalen huet.

Dat betrëfft net nëmmen d'Landwirtschaft, dat huet och mam Génie civil ze dinn. Wat d'Konstruktioun ubelaangt, do gi se och net verlängert, well mer déi Méiglechkeet net méi hunn, well se net verlängert ginn ass. Dat ass och an der Tripartite esou ofgeschwat ginn.

Dir hutt d'Mesurë fir d'Landwirtschaft ugeschwat. Dir hutt och ugeschwat, datt eng Mesure géif verlängert gi bis den 31. Dezember, dat ass an deem ganze Pak vun de Mesuren, déi och iwwert d'Kommissioun proposéiert ginn. An ech hu jo och schonn e puermol hei am Plenum gesot, datt déi Mesure vum Solidaritéitspak, notamment déi 35.000 Euro, déi op d'Energie placéiert ass an och op d'Düngemittel an och op d'Engraisen, ganz einfach gekuckt gëtt ex post. Dat heescht, datt dann eng Analys gemaach gëtt par rapport zum Joer 2022, par rapport zu der Fluktuatioun vun den Energiepräisser.

Déi Mesure – an dat hunn ech e Méinden, nieft anere Länner, gesot um Agrarconseil hei zu Lëtzebuerg – wäert verlängert ginn. D'Kommissioun wäert och op dee Wee goen, fir déi Mesure ze verlängeren, an natierlech och, fir déi Montanten, déi do virgesi sinn – momentan sinn et 35.000 Euro –, eropzesetzen. Och dat spillt do mat, soudatt mer als Landwirtschaftsministère do eng Mesure hunn, déi mer geziilt kënnen a puncto Energie an och a puncto Düngemëttel asetzen.

Natierlech kann een dat eréischt ex post maachen, wann een d'Chifferen huet a wann een déi verschidden Dokumenter huet, wivill datt gebraucht ginn ass.

Dat, wat am Gesetz 8083 steet, an deem, wat de Mëtten och zur Diskussioun ass, ass eng Verlängerung, well dat vu 7,5 Cent ass gemaach gi bis den 31. Juli, dat ass verlängert gi bis den 31. August. An dat ass iwwer eng Procédure silencieuse gemaach ginn um Niveau vum Regierungsrot, vum 31. Juli bis den 31. August.

Dir gesitt, am Projet de loi missten Ënnerscheeder gemaach ginn tëschent dem 1. an dem 15. August an dem 15. an 31. August, wat de Remboursement ubelaangt. Dat eent, dat muss iwwer Dokumenter beluecht sinn, eebe well dunn d'Gesetz oder well d'Procédure silencieuse nach net a Betruecht gezu ginn ass, soudatt d'Konditiounen do fir jiddwereen d'selwecht waren. An do hu mir eis natierlech och als Landwirtschaftsministère derfir agesat, d'autant plus datt d'Ekonomie och betraff war.

Elo si mer an enger neier Situatioun, wat d'Hëllefen ubelaangt, an dofir gëtt dat iwwert dee Contrôle ex post gemaach. Dofir géif ech recommandéieren, fir déi Motioun hei net unzehuelen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen.

Dann huet den Här Jeff Engelen d'Wuert gefrot.

***Discussion générale***

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Mir kënnen déi Motioun vun der Madamm Hansen ënnerstëtzen. Domadder soen ech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Engelen. An da ginn ech d'Wuert weider un den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Och mir wäerten déi Motioun ënnerstëtzen. Et sinn ëmmer méi Baueren, déi ënnert de Käschtendrock geroden. An dat heite wär eeben eng direkt Mesure.

Fir den Tanktourismus hutt Der Är 7,5 Cent mat der Géisskan iwwert d'ganzt Land verdeelt. Hei gitt Der emol net hin an Dir hëlleft de Baueren direkt. Et sinn nämlech d'Baueren, déi herno d'Auswierkung op d'Liewensmëttelpräisser hunn, déi Liewensmëttel, déi d'Leit sech haut scho bal net méi kënne leeschten.

Kuckt eng Kéier iwwerall am Land, wéi vill Demanden den Office social ewell kritt. Et ass confirméiert gi vun der Ministesch: Et si vill méi Demandë wéi virdrun, wou d'Leit emol net méi kënnen an de Supermarché goen, wou do den Office social soll bäileeën.

Da kommt, mir maachen elo eppes fir d'Landwirtschaft! Et si si, déi eis Ernärung maachen. Et si si, déi eis Ernärung sécheren. Kommt, mir ginn hinnen direkt eppes an net esou technokratesch, wéi Dir et erklärt, iergend eng Kéier no Chrëschtdag vläicht oder d'nächst Joer oder wéini och ëmmer. Mir mussen de Baueren elo hëllefen!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen.

Da kënne mer elo zum Vott vun dëser Motioun kommen.

***Vote sur la motion***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 27 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Elisabeth Margue (par M. Paul Galles), M. Georges Mischo (par Mme Diane Adehm), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler (par M. Gilles Roth) et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par Mme Cécile Hemmen), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Als nächste Punkt vum Ordre du jour steet de Projet de loi 8035 iwwert d'Astellung vum Gesondheetspersonal am Kader vun der Betreiung ..., nee, pardon, dat ass schonn deen hannendrun.

*(Brouhaha)*

## 3. 8077 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Mir komme fir d'éischt bei de Projet de loi 8077, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Aféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An den Här Mars Di Bartolomeo ass scho prett fir de Rapport vun dësem Projet de loi. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Santé et des Sports***

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Kolleeginnen, Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, „une crise peut en cacher une autre". Dat gëllt haut och fir déi successiv Krisen, déi mir am Moment duerchliewen. Déi vum Covid-19-Virus provozéiert Gesondheetskris ass nach net iwwerstanen, mee duerch deen dramatesche Krich an d'Leed an der Ukrain a seng Konsequenze fir eis all manner am Fokus.

Mir dierfen awer net de Feeler maachen, de Virus ze vergiessen. Deen ass nach ëmmer do. E mécht nach ëmmer krank an et stierwe leider nach ëmmer Leit drun. Wuel ass déi sanitär Situatioun net méi mat där vun 2020 oder 2021 vergläichbar. Dank der Impfung vun engem groussen Deel vun der Populatioun an der Evolutioun vum Virus ass d'Lag haut manner bedrolech.

Déi nei Varianten hu fir vill Infektiounen an der éischter Joreshallschent vun 2022 gesuergt, mee wëll se e manner schlëmme Krankheetsverlaf hu wéi hire Virgänger, d'Delta-Variant, ass d'Situatioun an de Spideeler stabill bliwwen.

Wuel musse mir weider mam Virus liewen, mee duerch dee formidabelen Asaz vun eisem gesamte Gesondheetspersonal an dem Verantwortungsgefill vun deene meeschte Leit hu mir gutt resistéiert. An der Bewäertung vun eiser Krisegestioun kritt Lëtzebuerg dofir vun den Experte vun der OECD och eng duerchweegs gutt Nott.

Elo zu der Situatioun vun haut. Am Moment erliewe mer eng sougenannten „Hierschtwell". Laut dem leschte Wochebilan vun der Santé sinn d'Infektiounszuelen an der Woch vum 3. op den 9. Oktober op 3.004 geklommen. An der Woch virdru waren et der nach 2.324.

An de Spideeler ass d'Zuel vun de Covidpatienten an deem selwechten Zäitraum vu 14 op 26 geklommen. Op der Intensivstatioun war awer just ee Covidpatient. Dat huet sech och stabiliséiert. Dat weist, dass d'Situatioun ënner Kontroll ass, mee si muss am A behale ginn.

Déi meescht Virusinfektioune sinn nach ëmmer vum Typ Omikron BA.4 an Omikron BA.5. Dat wësse mir dank eisem Dispositif fir d'Supervisioun mat a sengem Zentrum dem Staatslabo LNS, deen och weiderhin en place bleift.

D'Populatioun huet allgemeng e gudden Impftaux, virun allem d'Leit, déi iwwer 60 Joer al sinn, déi jo als vulnerabel gëllen. Do si mer bei 90,4 %. E groussen Deel vun hinnen, 84,3 %, hunn och en éischte Booster kritt. Wou elo nach muss geschafft ginn, ass beim zweete Booster, well mer do eréischt bei 37,4 % an dëser Alterskategorie sinn.

D'Uni Lëtzebuerg gesäit an hire Prognose vir, datt am November d'Zuel vun den Infektioune kéint op 800 Infektiounen den Dag eropklammen, wat mat sech géif bréngen, datt in etwa 50 Persoune missten hospitaliséiert gi respektiv sinn. Op der Intensivstatioun gëtt an deem Zenario mat ongeféier 10 Patiente gerechent. Domat sinn eis Spideeler zwar betraff, awer net iwwerlaascht.

Dozou kënnt, datt vill Leit, wéi gesot, scho geimpft sinn an an der éischter Joreshallschent mat enger Omikron-Subvariant infizéiert gi sinn, wat hir Immunitéit fir dësen Hierscht nach eemol dierft stäerken.

Aus all dëse Grënn sinn elo, wou dat bestoend Gesetz Enn Oktober ausleeft, net nëmme keng weider Restriktioune mat deem Gesetz, dat ech haut presentéieren, virgesinn, mee am Contraire eng Rei weider Erliichterungen, dëst elo mol viraussiichtlech bis an d'Fréijoer a méi prezis den 31. Mäerz vum nächste Joer.

D'Situatioun erlaabt eis, de Bléck dës Kéier e bësse méi wäit no vir ze geheien, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war, wou mer quasi vu Woch zu Woch respektiv vu Mount zu Mount hu misse reagéieren oder agéieren.

De legale Kader, also d'Rumm vum Covidgesetz, gëtt awer bäibehalen. Dat erlaabt et, am Noutfall ganz séier nozebesseren, wann et dann néideg géif ginn.

Konkreet gesäit dës x-te Modifikatioun – ech hunn opgehal mat zielen – vum Covidgesetz virun allem dräi Ännerunge vir.

D'Isolementsdauer gëtt vu siwen op véier Deeg reduzéiert. Ass eng Persoun positiv – dat ka se an enger éischter Phas duerch e Selbsttest feststellen –, muss se sech weiderhin um Site vun der Santé mellen. Si kritt dann och nach ëmmer eng Ordonnance fir e PCR-Test, deen dann als Krankeschäin gëllt. Wärend véier Deeg muss se dann doheem bleiwen. Wa se zwee Autotester mat engem Intervall vu 24 Stonne mécht a wann déi allen zwee negativ sinn, ka se och éischter aus dem Isolement eraus. Dëse Mechanismus, dee jo mëttlerweil bekannt ass, bleift bestoen. Sollt de Contraire de Fall sinn an d'Persoun no véier Deeg nach ëmmer positiv sinn, da muss se sech un hiren Hausdokter wennen. Dofir och d'Wichtegkeet vum Hausdokter.

Déi zweet Mesure ass de sougenannte „confinement forcé", deen aus dem Gesetz erausgeholl gëtt. Dëst war en Dispositif, deen et erlaabt huet, Persounen, déi eng Infektioun haten an déi sech net isoléiere wollte loossen, ouni hiert Averständnis an e Spidol oder an eng aner Struktur ze placéieren. Deen Dispositif ass elo ugesiichts vun der Situatioun net méi justifizéiert an en ass och wärend der ganzer Lafzäit vun der Pandemie ni ugewannt ginn.

Déi drëtt Modifikatioun betrëfft verschidden Dispositiounen am Zesummenhang mam CovidCheck-Regimm, déi aus dem Gesetz geholl ginn. Esou gi verschidden Zorte vun Zertifikater net méi gebraucht, well de CovidCheck-Regimm jo net méi applizéiert gëtt. Dat gesot, bleift awer d'Definitioun vum CovidCheck-Regimm am Text drastoen.

Wichteg ass och ze betounen, wat sech bei dësem Gesetz net ännert. Dat ass virun allem d'Maskeflicht, déi an de Spideeler an an de Strukture fir eeler Persoune wéi Altersheimer bestoe bleift, dëst, fir déi vulnerabel Persoune weider ze schützen. Vulnerabel Persoune sinn net nëmmen eeler Persounen, mee och Leit, déi, och wa se méi jonk sinn, fragiliséiert sinn oder ënner chronesche Krankheete leiden an dofir och potenziell méi oft an d'Spideeler kommen.

Virgesinn ass, datt d'Gesetz dës Kéier bis den 31. Mäerz 2023 a Kraaft bleift, et sief dann, wat keen hofft, datt en neie Variant géif optauchen, deen d'Leit erëm géif méi krank maachen. Da misst natierlech schnell reagéiert ginn a mir hu jo an der Vergaangenheet gewisen, dass mer dat kënnen.

A Kraaft triede soll dësen Text den Dag, nodeems en am Journal officiel publizéiert ass, selbstverständlech nodeems de Conseil d'État d'Dispens vum zweete Vott ginn huet.

Zu den Aarbechten an der Santéskommissioun: Den Text ass den 11. Oktober an der Kommissioun presentéiert ginn. Eng Woch méi spéit, den 18. Oktober, ass den Avis vum Staatsrot, dee wéi gewinnt ganz schnell koum, gekuckt ginn. De Staatsrot huet keng Observatiounen zum Fong vum Text gemaach. An der selwechter Sëtzung ass och de Rapport unanime ugeholl ginn.

An dësem Rapport fannt Dir och e Resümmee vun deene verschiddenen Avisen. Favorabel Avise krut den Text vum Collège médical a vun der Chambre de Commerce. Si hunn allen zwee d'Reduktioun vun der Isolatiounsdauer guttgeheescht respektiv begréisst.

D'Dateschutzkommissioun huet sech hirersäits net geäussert, well keng nei Mesuren agefouert ginn, déi den Dateschutz betreffen. Déi consultativ Mënscherechtskommissioun huet sech hirersäits erfreet gewisen, datt den Dispositif vum Confinement forcé, deem se vun Ufank u kritesch géintiwwerstoung, aus dem Text erausgeholl ginn ass.

Méi rezent krute mer den Avis vun der Chambre des Salariés, deen et dofir leider net an de schrëftleche Rapport gepackt huet. Dofir wëll ech ganz kuerz op deen agoen. D'Salariatskummer freet an hirem Avis, firwat d'Zertifikater, déi am Kader vum CovidCheck-Regimm agefouert gi sinn, elo erëm aus dem Gesetz erausgeholl ginn, dorënner virun allem den Zertifikat fir Leit, déi sech aus gesondheetleche Grënn net kënnen impfe loossen, well et kéint sinn, datt esou en Zertifikat awer nach ëmmer an engem anere Land gefrot géif. Deemno plädéiert d'CNS – d'CSL, entschëllegt; d'CNS war an deene leschten Deeg vill am Gespréich –, d'CSL derfir, datt dësen Zertifikat bäibehale gëtt. Ech ginn déi Fro da gären un d'Madamm Minister weider respektiv un d'Santé.

Zum Schluss wëll ech drop opmierksam maachen, datt elo net just eng Covidinfektiounswell, mee och eng Grippewell kann op eis zoukommen. Dofir ass et wichteg, déi Reflexer, déi mer an der Covidkris geléiert hunn, net ze vergiessen. Si hunn och bei sonstege Krankheeten, infektiéise Krankheeten, hire volle Wäert. Also, a liichter Ofwandlung vun deem, wat mer soss ëmmer an d'Vitrinn gestallt hunn: Hänn wäschen an do, wou et e Sënn ergëtt, Distanz halen. A virun allem, sech weider impfe loossen an, bei deene fragille Leit, sech och géint d'Gripp impfe loossen. Besonnesch, wann ee méi vulnerabel ass, ass dat méi wichteg.

Mir wëssen, datt déi zwee Vaccine géint d'Gripp a géint de Covid net inkompatibel sinn a souguer gläichzäiteg kënne gesprëtzt ginn a virun allem, datt se effikass sinn a Liewe retten. An dat ass wichteg, well de Vaccin eise beschten Atout am Kampf géint dee Virus an anerer sengesgläichen ass. Ouni de Vaccin wiere mer elo net do, wou mer haut sinn, wat awer net heescht, datt elo alles erëm wéi fréier ass.

Wéi ech am Ufank gesot hunn: Mir däerfen net de Feeler maachen, déi sanitär Kris am Schiet vun der Ukrain-Kris an der Energiekris auszeblenden, mee mir mussen eis Efforte bis zum Schluss oprechterhalen. Mam Virus mussen ze liewen heescht net, ze en akzeptéieren, mee am Contraire alles ze maachen, datt mer en iwwer kuerz oder méi laang ganz Meeschter ginn.

Et bleift mer just, zum Schluss all deene Merci ze soen, déi un dësem Text matgeschafft hunn, an Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | An ech soen dem Här Rapporter Mars Di Bartolomeo villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den éischten ageschriwwene Riedner an dat ass den honorabelen Här Max Hengel.

***Discussion générale***

**M. Max Hengel** (CSV) | Merci, Här President. Merci och dem Rapporter fir säin x-te Rapport. Ech hoffe fir eis all, datt ech ni esou oft muss zum Covid schwätze wéi de Kolleeg Mars Di Bartolomeo.

Ech maachen et ganz kuerz, de Mars hat e bëssen iwwerzunn, en hat eng Punktlandung prophezeit, et war awer e bësse méi laang. D'Mesuren huet en awer am Detail virgestallt. Duerfir e grousse Merci, och fir d'Aarbechten an der Kommissioun. A mir si mat deenen Erliichterungen als CSV, déi zu dësem Moment richteg sinn a wou mer hoffen, datt mer net nach eng Kéier mussen drop zréckkommen, averstanen. Duerfir ginn ech dann den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Hengel. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, virop dem Rapporter e grousse Merci fir säi Rapport.

Am Summer huet d'Chamber déi meescht sanitär Mesuren am Kampf géint de Covid-19 opgehuewen. D'Droe vun enger Mask ass, ofgesi vun de Spideeler esouwéi den Alters- an de Fleegeheimer, net méi obligatoresch. Fir un Eventer deelzehuelen, brauch ee kee CovidCheck méi virzeweisen. An esou konnte mer alleguerten u grousse Manifestatiounen am Summer deelhuelen, notamment zum Beispill un der Schueberfouer.

Mir hunn de Virus als Deel vun enger neier Normalitéit akzeptéiert. Am Alldag kéint een heiansdo bal vergiessen, dass de Virus nach present ass, wären net déi klammend Infektiounszuelen, déi sech wärend de leschte Wochen awer nees bemierkbar gemaach hunn – de Moien hunn ech um Radio héieren, mir hätten 28 Leit am Spidol, 5 dorënner op Intensivstatioun.

Den neie Gesetzestext proposéiert zu dësem Zäitpunkt keng Verschäerfung vun de Mesuren. D'Isolatiounszäit, wann ee sech ugestach huet, gëtt weider bäibehalen. Meng Fraktioun begréisst awer, dass d'Durée vu siwen op véier Deeg erofgeet. Dat mécht et, mengen ech, ville Betriber och méi einfach mat den Disponibilitéite vun hirem Personal.

Mir däerfen net vergiessen, dass vill Secteuren awer gehemmt sinn, wa mer vill Leit an der Isolatioun hunn, an dass et Secteure gëtt, déi en akute Personalmangel hunn, virop d'Horeca, wou 1.500 Leit feelen. A genau dëse Secteure kënnt dës Reduktioun vun der Isolatiounszäit, mengen ech, entgéint.

Här President, ech mengen, et war eis alleguerte bewosst, dass am Hierscht d'Erkältungssaison nees géif lassgoen, an och, dass de Sars-CoV-2, de Coronavirus, sech erëm méi géif verbreeden. Domadder musse mer léieren ëmzegoen.

D'Maskeflicht gëtt an dësem Gesetz net erëm agefouert, mee et steet awer jiddwerengem fräi, an ech mengen, dass dat e Geste utile ass, d'Mask ze droen. Ech denken do haaptsächlech drun, wann ee mam Bus fiert respektiv an engem Zuch sëtzt, wou ganz, ganz vill Leit op enkem Raum beienee sinn. Dann ass dat mat Sécherheet net vu Muttwëll.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | An och d'heefegt Hännwäschen, mengen ech, hëlleft eis an dëser Situatioun weider. Dat Wichtegst ass a bleift awer, dass mer eis sollen impfe loossen.

Genau wéi bei der Gripp solle virop déi vulnerabel Leit op d'Impfung zréckgräifen an den zweete Rappel fir d'Leit ab 60 wäert dofir verstäerkt promouvéiert ginn.

Mir wëssen net, wéi eng weider Variant eis dëse Wanter erwaart. All weider Protektioun kann en ausschlaggeebenden Ënnerscheed maachen, wann nees eng méi ustiechend Variant ënnerwee ass. An zu Lëtzebuerg si mer an der glécklecher Situatioun, dass mer genuch Impfstoff disponibel hunn. Vun dëser Offer sollt dowéinst am eegenen Interêt an och am Interêt vun de Matmënsche profitéiert ginn.

Och dem Personal an eise Spideeler, Alters- a Fleegeheimer wier gehollef, wann eist Land bei de Rappeller en héijen Impftaux géif erreechen, well nëmmen esou stelle mer sécher, dass d'Hospitalisatioune weider niddreg bleiwen.

Heimadder ginn ech den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Gilles Baum. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée, nee, pardon, den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Virop: Ech gi selbstverständlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem neie Covidgesetz. An ech soen dann och dem Rapporter villmools Merci fir säi gudde Rapport an och seng Aarbecht als President vun der Santéskommissioun, fir dat alles gutt virbereet ze hunn.

Ech schléisse mech dem Rapporter och gären un, wann e seet, mir dierften de Covid elo net vergiessen. A bei all deem anere Misär, dee mer am Moment alleguerten hunn, deen an der Welt ass, däerfe mer deen dote Problem op alle Fall net vergiessen. Well wéi de Gilles Baum et richtegerweis gesot huet: Muer kéint eng nei Variant kommen, déi vläicht erëm e bësse méi krank mécht oder déi vläicht eisen Immunschutz e bësselche besser kann ëmgoen, an da si mer erëm forcéiert ze agéieren.

Dofir, och do ginn ech dem Gilles Recht, wann e seet: Mir hu keng Maskeflicht méi iwwerall, dat heescht awer net, dass et verbueden ass, dorëmmer eng Mask unzedinn, zemools do, wou et Sënn mécht. Wann een zu vill openeen ass, och nach bannenan, mécht dat absolutt Sënn.

Duerfir hoffe mer, dass mer an deenen nächste Méint gutt derduerchkommen, dass net ze vill Leit krank ginn an dass eis alleguerten déi Zenarie mat neie Varianten erspuert bleiwen. Op alle Fall gesi mer elo: Dat Gesetz hei ass déi richteg Äntwert zum richtegen Zäitpunkt op de Covid.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Yves Cruchten. An da ginn ech d'Wuert un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Natierlech fënnt dëse Projet de loi och d'Ënnerstëtzung vun der grénger Fraktioun, well en der aktueller Situatioun am Beräich vun den Infektiounen natierlech gerecht gëtt. D'Haaptännerung besteet jo doran, dass mer d'Quarantän vu siwen Deeg op véier reduzéieren an de Betraffenen dann och e gewëssene Choix loossen, wat d'Plaz vun der Quarantän ugeet.

Vu datt d'Infektiounen zurzäit zimmlech harmlos verlafen an de Moment keng akut Iwwerbelaaschtung

vun de Spideeler usteet oder ze fäerten ass, ass dat natierlech eng richteg Decisioun, déi eis Zoustëmmung fënnt.

Datt d'Maskeflicht an de Spideeler an an den Altersstrukturen oprechterhale bleift, ass allerdéngs sënnvoll op där anerer Säit, well déi méi vulnerabel Mënschen natierlech weiderhi geschützt musse ginn, ouni datt d'Recht op Besuch a Fro gestallt däerf ginn.

Wann ee sech dann awer déi steigend Infektiounszuele queesch duerch d'Gesellschaft ukuckt, da wier et effektiv net vu Muttwëll, en Appell ze lancéieren, fräiwëlleg op Masken zréckzegräifen iwwerall do, wou vill Mënschen zesummekommen. De Gilles Baum huet drop higewisen an och eise Fraktiounskolleeg, de Marc Hansen, hat dat Theema schonn an der Santéskommissioun opgeworf. An ech denken, och do besteet Konsens.

En anere Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, op deen ech haut awer méi an den Detail wëll agoen, betrëfft déi Dispositioun, déi beim Vott vum éischte Covidgesetz am Juni 2020 hefteg contestéiert gi war. Mat dësem Projet de loi gëtt dës Dispositioun erfreelecherweis aus dem Text gestrach. Dir wësst, wat ech mengen. Ech schwätze vum Zwangsconfinement, vum Confinement forcé, deen am initialen Text vum éischte Gesetzesprojet als „hospitalisation forcée" bezeechent gi war, dëst an Uleenung un d'Zwangshospitaliséierung, déi am 1980er-Gesetz iwwert d'Santésdirektioun enthalen ass.

Op Recommandatioun vum Staatsrot war d'Hospitalisation forcée a „confinement forcé" ëmbenannt ginn, ëmfonctionéiert gi souzesoen, fir der Situatioun vun de Covidpatiente besser Rechnung ze droen. Iwwert dee Wee gouf dann och d'Recht op Recours géint dës Zwangsmoossnam an d'Covidgesetz ageschriwwen, wat ganz wichteg war, fir wierklech e bësselche méi human mat där Dispositioun ëmzegoen.

Och, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer den Zwangsconfinement haut aus dem Covidgesetz sträichen, esou ännert dat trotz allem näischt un der Tatsaach, datt d'Hospitalisation forcée nach ëmmer am Artikel 11 vum Gesetz iwwert d'Santésdirektioun bestoe bleift. Dës Dispositioun gesteet dem President vum Bezierksgeriicht d'Recht zou, eng Persoun géint hire Wëllen an engem Spidol ënnerzebréngen, fir net ze soen anzespären, am Fall wou se mat enger ustiechender Krankheet konfrontéiert ass, dorënner leit an duerch hir Krankheet dann och riskéiert, anerer unzestiechen, an dat an engem héije Mooss. Dëst op Basis vun enger Requête vum Santésdirekter, deen de Staatsanwalt mat engem entspriechenden Dossier saiséiere kann, deen dann déi néideg Schrëtt an d'Wee leet, fir d'Persoun an e Spidol ënnerzebréngen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, egal wéi mer et nennen, esouwuel beim Confinement forcé, deen haut aus dem Covidgesetz gestrach gëtt, wéi och bei der Hospitalisation forcée, déi, wéi gesot, am Gesetz iwwert d'Santésdirektioun bestoe bleift, handelt et sech ëm e forcéierte Fräiheetsentzuch.

Schonn am Juni 2020, ech mengen, Dir kënnt Iech all dorun erënneren, ware mer eis parteiiwwergräifend eens, datt eng Moossnam wéi d'Hospitalisation forcée net an eng modern an human Legislatioun gehéiert. Esou eng Moossnam ass weeder konform zu eiser Verfassung nach zum Artikel 5 vun der internationaler Konventioun vun de Mënscherechter. An déi Mënscherechtskonventioun, déi jo nach iwwer eiser Verfassung steet, schreift explizitt vir, datt all Fräiheetsentzuch gewësse Garantië muss enthalen, déi am Fall vun der Hospitalisation forcée awer net existéieren. Dës Garantië si geduecht, fir Abusen ze verhënneren an en humanen Ëmgang mat all de Mënschen ze garantéieren, wuel wëssend, datt d'Fräiheet d'Reegel muss sinn an d'Restriktioun d'Exceptioun.

Politesch relevant ass an deem Kontext, datt déi ganz ëmstridden Zwangsmoossnam vun der Hospitalisation forcée op engem verstëbsten Text vun 1952 berout, dee vu senger Ausriichtung hier nach ëmmer Bestand huet, esou wéi ech et erklaert hunn, an nach ëmmer applikabel ass. En ass awer bis op eng eenzeg Ausnam zanter 1980 net applizéiert ginn an dat ass berouegend.

Allerdéngs däerf et net heeschen, dass mer eis an Zukunft iwwert déi fundamental Fro ronderëm d'Zwangsaweisung an e Spidol däerfen ewechsetzen. A genee aus deem Grond hu mer den 22. Juni 2020 beim Vott vum éischte Covidgesetz eng Motioun an der Chamber gestëmmt, an där d'Regierung opgefuerdert ginn ass, d'Gesetz iwwert d'Santésdirektioun kuerzfristeg ze reforméieren, notamment wat den Artikel 11 iwwert d'Hospitalisation forcée ugeet.

Ech zitéieren d'Regierungsspriecherin: „Mir mussen dës onkonventionell Dispositioun aus eiser Legislatioun erauskréien!", war deemools de Wording. An dowéinst wéilt ech Iech froen, Madamm Minister, wou d'Reform vum 1980er-Gesetz konkreet drun ass a wéini mir mam Depot vun engem entspriechende Projet de loi kënne rechnen. Mir zéien do all um selwechte Fuedem an dofir, mengen ech, ass et am Interesse vun eis all, op deem Wee weiderzekommen.

Eréischt wann human Moossname wéi Therapien, Informatioun, Responsabiliséierung an Opbaue vu Vertraue géintiiwwer den Autoritéiten net gräifen, kënne koerzitiv oder invasiv Moossnamen an d'A gefaasst ginn, natierlech ënnert der Konditioun, datt se noutwendeg, proportionell a justifizéiert sinn. Quitte datt de Confinement forcé haut, wéi gesot, berechtegterweis aus dem Covidgesetz gestrach gëtt, esou muss och am Gesetz iwwert d'Santésdirektioun derfir gesuergt ginn, ...

*(Interruption par la présidence)*

... datt d'Mënscherechter an en humanen Ëmgang mat de Patiente garantéiert ginn.

Aus deem Grond ënnerstëtze mer natierlech net nëmmen dëse Projet de loi vun haut. Mir ënnerstëtzen och all weidere Schrëtt, deen Dir ënnerhuelt, fir de Prinzippie vun der Mënscherechtskommissioun an eiser Gesetzgeebung Rechnung ze droen.

An dofir wäre mer frou, wann déi Reform dann och nach gläich géif ugekënnegt ginn. Un engem Rapporteur, engem äifrege Rapporteur wäert et ganz sécher net scheiteren. An dofir wéilt ech him net nëmme fir dëse Projet de loi fir säi Rapport Merci soen, mee an Zukunft wäert ech Iech och nach fir vill aner Rapporte Merci soen, déi Der hei presentéiert, a vläicht och bei der Reform vun der Santésdirektioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Josée Lorsché. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, heimat wéilt ech da fir dës Sessioun dem Här Mars Di Bartolomeo fir säin ausgezeechente Rapport iwwert de Covid offiziell Merci soen. An ech mengen, en hätt en och domadder offiziell opgemaach fir dës Sessioun. Ech hoffen, datt et säi leschte Covidrapport war fir dës Sessioun, also fir dës Period. Mir hoffen a wënschen eis dat all. Jiddefalls soe mir him Merci fir seng fläisseg a gutt Aarbecht. Och dëse Rapport ass e Schratt an déi richteg Richtung, well nees weider Restriktiounen opgehuewe ginn.

Ganz zefridden ass d'ADR awer nach net, well mir bekanntlech wëllen, datt all déi Restriktiounen opgehuewe ginn. Eist Zil war an ass et, datt d'Bierger nees alleguerten hir verfaassungsméisseg garantéiert Fräiheeten zréckkréien.

Dowéinst begréisse mer, datt de sougenannte „confinement forcé" elo ganz aus dem Covidgesetz erausgeholl soll ginn, genausou wéi datt d'Isolatiounsdauer am Fall vun engem positiven Test vu siwen op just véier Deeg erofgesat gëtt. Well dës Moossnamen an eis Richtung ginn, stëmmt d'ADR dësem Gesetz och zou.

Doriwwer eraus denkt d'ADR awer, datt mer aus der Vergaangenheet musse Léieren zéien an dat opschaffen, wat an der Covidkris richteg a falsch gelaf ass oder schifgelaf ass.

Mir denken, datt d'Regierung misst e festen Engagement huelen, datt et ni méi däerf sinn, datt d'Leit net däerfe schaffe goen oder net däerfen um sozialen a kulturelle Liewen deelhuelen, well se net géint de Covid geimpft sinn.Et däerf ni méi sinn, datt d'Leit musse ganz deier Tester bezuelen, fir hirer Aarbecht kënnen nozegoen.

Fir eis ass et och net akzeptabel, datt eng Impfflicht nach net ganz vum Dësch ass. Dëst huet d'Madamm Justizminister nach dee leschte Méindeg hei an der Chamber an hirer Interventioun an der Petitiounskommissioun méi wéi däitlech gemaach. Déi grouss Fro ass, firwat d'Regierung un enger Impfflicht festhält, déi sech a ganz Europa néierens huet kënnen duerchsetzen. Och de Staatsrot ass skeptesch a gëtt der Analys vun der ADR domadder Recht.

*(Brouhaha)*

Sollt d'Regierung esou e Projet de loi deposéieren, muss si mam Widderstand vun der ADR rechnen.

*(Brouhaha)*

Mir sinn a ware Géigner vun der Impfflicht.

Här President, d'ADR war ni géint fräiwëlleg Impfungen, mee mer verlaangen, datt dës Regierung sech seriö mat de Schied, déi duerch Covidimpfungen entstane sinn an nach ëmmer entstinn, auserneesetzt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Mir verlaange komplett Transparenz, Éierlechkeet an Opklärung. Mir wëllen net ofwaarden. Mir hätte gär fiabel Statistiken an och d'Unerkennung vu Krankheeten duerch Impfschied. Nëmmen esou kënnen d'Leit d'Vertrauen zréckkréien, dat si wéinst dem Covid verluer hunn.

Sollt et zu enger neier Well kommen, verlaange mer, datt de Schutz vun deenen eelere Leit déi Kéier konsequent a professionell organiséiert gëtt.

Här President, dann hätt ech nach eng wichteg Fro. Mir gouf zougedroen, datt et op verschiddene Plazen nees soll Covidrestriktiounen op Palliativstatioune ginn. Fir eis ass et net akzeptabel, datt Leit, déi am Stierwe leien, kee Besuch dierfen empfänken. Weess d'Madamm Ministesch, wéi d'Situatioun an de Klinicken ass? A wat sinn an deem Fall oder an deem Beräich d'Instruktioune vun der Madamm Minister?

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Engelen. An da wier et un där honorabeler Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Fir d'éischt merci dem Rapporter fir säin x-te Rapport zu dësem Covidgesetz an och all den

Deputéierten an der Ministesch natierlech fir dee laangen Otem an dësem Dossier.

Mir begréissen natierlech d'Lackerungen, esou wéi mer all d'Lackerunge vum Covidgesetz bis elo begréisst hunn. A mir begréissen, wéi den Här Di Bartolomeo et gesot huet, awer och dat, wat en place bleift, an zwar spezifesch d'Masken an de Spideeler an do, wou vulnerabel Leit sinn. Dat ass, mengen ech, definitiv richteg an och allgemeng en Zeeche vun der Zäit, vum Hierscht, wou effektiv vill Grippevirusse ronderëmginn. Dofir, mengen ech, ass dat scho richteg, fir dat Zeeche bäizebehalen.

Et ass effektiv esou, dass mer erëm an enger klenger Well sinn. Mee esou wéi et ausgesäit, ass schonn erëm bal de Pic vun der Well ukomm. Dofir mengen ech, dat heite Gesetz reflektéiert effektiv ganz gutt déi Situatioun, an där mer sinn, also eng relativ Stabiliséierung vun den Zuelen.

Mir bleiwen nawell op enger gewëssener Skepsis an op enger Rei Froe sëtzen an et hannerléisst awer och bei eis e batteren Nogeschmaach, dat ganzt Covidgesetz, wou jo awer vill Hin an Hier war, mat deem mir och net averstane waren, wou eiser Meenung no och villes dra war, wat zum Deel gottseidank elo schonn net méi dran ass, wéi zum Beispill en 2G. Also, mir mengen nach ëmmer, dass villes do net néideg gewiescht wier. An och wann haut nach Labberunge gestëmmt ginn, mengen ech, ass et wichteg, drun ze erënneren, dass do villes geschitt ass, wat warscheinlech net néideg gewiescht wier.

Well wie seet dann, dass mer bei enger nächster Pandemie net erëm an esou Derivë fueren? Ech géif et mat der CCDH soen, mat der Mënscherechtskommissioun: All Moossnam muss wëssenschaftlech ënnermauert sinn! An dat war net ëmmer de Fall bei dëse Mesuren. An och bei dëser Lackerung vu siwen op véier Deeg bei der Isolatioun ass, wéi d'CCDH schreift, net ganz kloer wëssenschaftlech beluecht, wéi dës Lockerung beluecht ass.

Mir gesinn also, dass eise Gesondheetssystem? elo no der Pandemie net gestäerkt ass an och net méi resilient aus dëser Pandemie erauskënnt. Déi grouss Fro, déi mir eis trotzdeem haut stellen, ass: Wéi steet eise Gesondheetssystem do no dëser Pandemie? Si ass net wierklech eriwwer, dat däerf een natierlech och net esou verméttelen. An awer gesi mir, dass eise Gesondheetssystem net onbedéngt méi resilient an net méi nohalteg an net méi gestäerkt aus dëser Pandemie erausgeet.

De Moien nach huet d'Presidentin vun der ANIL, vun der Infirmièresassociatioun, dat an engem Interview gesot an un den Zäitdrock erënnert, déi emotional Belaaschtung an de Frust, dee beim Gesondheetspersonal besteet, deen och zum groussen Deel natierlech mat der Belaaschtung vun der Covidpandemie koum, mee deen awer och zum Deel koum duerch dee ganzen Drock, dee mat der Impfflichtdiskussioun koum.

Erënnere mer drun, dass awer och dat ganzt Gesondheetspersonal e bëssen ënner Beschoss stoung, wéi dervunner rieds goung, eng Impfflicht bei dem Gesondheetspersonal eeben obligatoresch ze maachen. An dat huet bei hinnen, mengen ech, och zum Deel fir schlecht Stëmmung gesuergt a fir Frust an eng emotional Belaaschtung. Och dat muss ee gesinn. A mir mengen och, dass déi ganz Impfflichtdiskussioun do net gehollef huet, mee am Géigendeel éischter och vill futti gemaach huet.

Duerfir géif ech och d'Fuerderung vun der Madamm Hanff, der Presidentin vun der ANIL, hei gäre widderhuelen, an zwar, eng Strategie bei der Formatioun vun de Gesondheetsberuffer an d'Weeër ze leede mat kloren Delaien. Dat riicht sech zwar elo net onbedéngt un d'Gesondheetsministesch, mee si ass jo awer Member vun der Regierung an héiert sécherlech dës Fuerderung och en vue vun engem méi resilienten onofhängege Gesondheetssystem, fir eng kloer Strategie ze hunn, wéi mer eis Gesondheetsberuffler forméieren a mat wéi engen Delaie mer wéi vill Leit wëlle forméiert hunn.

Dat muss eiser Meenung no eng ganz kloer Prioritéit sinn. Nieft dem Logement, soe mir ganz kloer, muss dat doten eng absolutt Prioritéit vun dëser Regierung – a vun deene kommende Regierungen natierlech – sinn.

Da géif ech och gären eis Fuerderung no engem Pandemiegesetz widderhuelen. Dat hu mir hei ëfters gesot. Mir mengen, och dat géif eis méi resilient opstelle fir d'Zukunft, wann nach eng Kéier géif eng Pandemie op eis duerkommen. Dat kënne mer jo och, mengen ech, net ausschléissen. Mir mengen, dass dat eis géif besser opstellen, fir net erëm ëmmer nëmme kuerzfristeg Mesuren ze huelen, mee fir méi kloer, kohärent an nohalteg ze fueren.

Mir mengen, dass esou e Pandemiegesetz definitiv méi ubruecht wär wéi en Impfflichtgesetz, well d'Impfflichtgesetz ganz kloer méi d'Responsabilitéit op den Eenzelne leet, woubäi e Pandemiegesetz éischter d'Planung vun engem Staat viraussetzt.

Da géif ech der Ministesch just nach eng Fro mat op de Wee ginn, an zwar déi vun de Medikamenter, déi jo säit dësem Joer do si fir déi Coviderkrankten, ob si eis do schonn iergendeppes ka mat op de Wee gi vun Donnéeën, déi si huet, wéi dës Medikamenter wierken, wat den Impakt dovunner ass op d'Spideeler, op d'Statiounen an de Spideeler. Ech mengen, dovunner hate mer e puermol geschwat, dass een dat misst evaluéieren. Dat wär net oninteressant, dozou méi Informatiounen ze kréien.

An domadder géif ech Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Mars Di Bartolomeo fir dee gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Mir Piraten begréissen déi Lackerungen, déi elo kommen. An eise Message ass awer och ganz kloer: Mir kënnen nëmmen an där Fräiheet weiderliewen, wann een impfe geet, wann ee sech de Booster siche geet fir de Wanter. A mir sinn och dofir frou, dass de Booster elo opgemaach ginn ass fir jiddereen. A mir kënne just soen: Impfe wierkt! Gitt Iech impfen, da kënne mer weiderhin an der Fräiheet liewen! An zum Projet gi mer och eis Zoustëmmung.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Merci, Här President. Virop och e repetéierte grousse Merci un de Mars Di Bartolomeo fir deen ausféierleche Rapport iwwert d'Gesetz an och iwwer generell Situatioune ronderëm Covid hei zu Lëtzebuerg.

Et ass richteg gesot ginn: Mir sinn an enger Observatiounsphas zu dësem Zäitpunkt mat enger staarker Presenz nach ëmmer vun engem Variant Omikron, deen eis net allze vill Suergen däerft maachen. Ech wëll net soe „keng Suergen", mee soulaang mer deen als Dominant hunn, si mer an enger Situatioun, wou mer als Gesellschaft e gudden Immunitéitsniveau erreecht hunn an eis och laut de Projektioune vun den Experten kënnen drop astellen, dass mer a priori keen ze vill beonrouegenden Ustig an eise Spideeler wäerten hunn.

Et muss een awer an de Raum setzen, dass zanter Juli en neie Variant observéiert ass, de BA.2.75.2, vun deem nach net vill gewosst ass. Bon, e schéngt sech net ze verbreeden, da loosse mer optimistesch bleiwen, dass dat eis vum Hals bleift. Mee ceci dit ass et net, fir onvirsiichteg ze ginn. Et muss ee weider observéieren, sur ses gardes bleiwen, well mir sinn nach net eraus.

Wat mer elo gemaach hunn, ass wierklech nach, déi lescht Mesuren, déi mer hunn, liicht ze allegéieren. D'Isolatioun ass generell erofgesat gi vu siwen op véier Deeg. Dat bedeit awer net, dass Leit, déi sech zu deem Zäitpunkt nach ëmmer krank spieren, erëm misste schaffe goen. Wa se krank sinn, solle se selbstverständlech Kontakt mat hirem Dokter ophuelen an da switcht dat eriwwer an ...

*(Interruption)*

... an e ganz normale Krankeschäin. Dat ass och dat, wat mer recommandéieren. Ech kommen nach eng Kéier dorobber zréck. Mee d'Normalitéit, soe mer elo mol esou, vum Isolement ass liicht erofgesat ginn.

Dann och déi spezifesch Mesure fir de Placement, de Confinement forcé huele mer eraus. Do gesi mer zu dësem Zäitpunkt keng Ursaach méi derfir. Mir hunn net méi déi Situatioun wéi am Ufank vun der Pandemie, wou en Héichustiechenden eeben e grousse Risiko géif duerstelle fir eng Populatioun, déi absolutt net geschützt war zu deem Zäitpunkt, deen an deem Mooss net méi ginn ass.

Ech huele mat op de Wee, dass e Wonsch do ass, déi generell Modifikatioun vun eisem Direktiounsgesetz unzegoen. Ech wäert derfir suergen, dass mer en Aarbechtsgrupp, selbstverständlech zesumme mam Justizministère, op d'Bee wäerte setzen. Dat gëtt, denken ech, méi ausgibeg Diskussiounen.

Ech géif awer och gären dorun erënneren, dass mer kee rechtsfräie Raum hunn. Contrairement zu villen anere Länner ass deen Text, deen de base an eisem Direktiounsgesetz steet, dach scho relativ fortschrëttlech gewiescht an deem Sënn, dass en d'Justizautoritéite mat abënnt. Dat ass nach laang net an all europäeschem Land de Fall, obwuel se alleguerte Signataire vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun sinn.

An et ass och e Recours virgesinn, dat ass Droit commun hei zu Lëtzebuerg. An ech kann Iech aus eegener Erfarung soen, dass et an esou engem Fall, där mer effektiv keen haten déi ganzen Zäit, zu engem ganz schnelle Referé kënnt. Eis Geriichter si ganz sensibel dofir. An och wa keen Delai vun engem Dag oder zwee Deeg am Gesetz steet, ass dat awer d'Praxis, dass, wa Leit hirer Fräiheet beraubt sinn, d'Riichteren och hiert Bescht maachen, fir da ganz schnell ze agéieren. Dat heescht, dat ass u sech eisen Droit commun, mee mir kënne gären dorobber schaffen.

Mir hunn, wéi Der wësst, ganz vill Projeten hei am Haus, wou eng gewëssen Urgence ass, déi déi honorabel Deputéierten och wëlle gesi weidergoen. Asoufern ass dat doten ee vu ville bei eis op der Lëscht.

Ech wëll drun erënneren: An der Kommissioun hate mer eng Kéier den Dokter Schmit present, dee gesot huet, dass hie just vun engem eenzege Fall an deene leschten 20, 30 Joer Kenntnis huet. Dat war ee ganz héich ustiechende Mënsch mat Tuberkulos, deen

äusserst aggressiv war. Do huet missen op esou eng Mesure zréckgegraff ginn. Mee dat ass absolutt net d'Normalitéit hei am Land. Dat ass absolutt net de Fall. Hei geet et dréms, sech eebe preventiv da juristesch esou opzestellen, wéi dat als zäitgeméiss empfonnt gëtt.

De Contacttracing géif ech och betounen, dass mer deen zréckfueren. Dat ass e ganz opwennege Service, deen natierlech och vill vun eise Ressourcen am Ministère an an der Direktioun mobiliséiert, déi mer op aneren Dossiere brauchen, fir do weiderzekommen. Mir maachen awer net kee Contacttracing, mee mir maachen deen nach spezifesch. Zum Beispill wa Clustere wären an Altersheemer oder esou, da gëtt dat aktivéiert. Dat ass ganz wichteg.

Ech géif och op dëser Plaz gären e grousse Merci ausschwätze fir all déi Leit, déi elo iwwer mëttlerweil Joren do matgeschafft hunn. Dat si vill Efforten. Mir hunn ni ee gezwongen, dat ze maachen. Dat berout op vill Fräiwëllegkeet. Och wann et remuneréiert war, ass dat en Asaz, deen awer e grousse Merci a Respekt verdéngt.

Weiderhi bleiwe mer virsiichteg. Et ass scho gesot ginn: D'Geste-barrièrë bleiwen nach just, just do en place, wou eebe geschafft gëtt ronderëm Leit, déi dans un sens méi vulnerabel sinn an och esou, egal, wéi d'Situatioun generell ass, ëmmer méi ufälleg wäerte bleiwe fir esou e Virus. Dat ass an de Spideeler, an den Alters- a Fleegeheemer an och an de Reseauen. Mir denken, dass dat elo am Hierscht nach eng gutt Virsiichtsmoossnam ass, fir dës Leit awer maximal ze schützen an esou de Risiko vu schwéieren Erkrankungen nach maximal kënnen ze drosselen.

Weiderhi bleiwe selbstverständlech sämtlech Recommandatioune vun der Gesondheetsdirektioun en place. Ech géif nach eng Kéier un déi erënneren, wann Der erlaabt. Dat ass: Wann ee Symptomer huet um Niveau vun den Otemweeinfektiounen, recommandéiere mer de Leit doheemzebleiwen, e Schnelltest ze maache fir ofzechecken, ob dat Covid ass oder net, an dann eeben och, wa méiglech, wann déi Symptomer unhalen, op Teleconsultatioun zréckzegräifen. Do sinn déi Tariffer bäibehale ginn. Dat ass alles verlängert ginn. Dat ass ëmmer nach dat Sécherst.

Bei engem positive Schnelltest bleift dann och weiderhin eis Plattform aktivéiert, déi, wann dat een interesséiert, aktivéiert bleift, ...

*(Interruption)*

... jo, ech weess, mee et ass egal, ...

*(Interruption)*

... déi aktivéiert bleift, wou een dann och kann automatesch seng Ordonnance kréien. Ech weess net, wat esou witzeg drun ass, mee et sief. Voilà.

Weiderhin gëtt dann och, wéi et schonn ugeschwat ginn ass, vun eiser Säit natierlech d'Droe vu Maske recommandéiert, wa grousse Mënschenundrang ass. Et steet natierlech jiddwerengem fräi, fir sech ze decidéieren, wéi staark e sech wëll schützen, mee dat ass eppes, wat een an Hierschtzäiten, wou de Virus dach awer staark zirkuléiert, nëmme ka recommandéieren.

Dann och nach ëmmer d'Recommandatioun, wann ee vulnerabel Persoune besicht, déi méi ufälleg sinn, fir dann am Viraus vläicht e Schnelltest ze maachen. Och dat ass eng Recommandatioun vun eiser Säit. Generell d'Handhygiène, och nach ëmmer wichteg. A gutt lëften. Generell ass dat gutt, mee natierlech grad, wann een esou Vire vun deem doten Typ huet, déi zirkuléieren, ëmsou méi wichteg. Voilà. Dat ass et en gros.

Och déi spezifesch Recommandatioune fir d'Spideeler, Alters- a Fleegeheemer bleiwe bestoen an eis Impfcampagne fuere mer selbstverständlech weider. Et ass wichteg, dass mer dodrop schaffen, dass d'Boostere gemaach ginn, dass dat aktualiséiert gëtt an dass mer nach ëmmer och nach wie vor probéieren, déi Leit, déi sech net impfe gelooss hunn, ze iwwerzeegen, obwuel dat ëmmer méi schwéier wäert ginn.

Sinn ech iwwert d'Zäit, oder ...?

**Une voix** | Nee, nee, ech wollt just ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Nee, nee.

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Ech géif nach kuerz agoen op déi Fro, déi opgeworf ginn ass vun der Salariatskummer, mat dem Certificat fir Leit, déi eeben aus engem medezinnesche Grond net kënne geimpft ginn. Vu datt mir dat hei am Land net méi fuerderen an dass een et net méi brauch, brauche mer dat och an eisem Gesetz net méi verankert ze gesinn. Déi aner Länner sinn och net gebonne un déi Virschrëften, déi mir hei hunn. Wann elo en anert Land esou eppes verlaangt, dann ass et un deem Land ze definéieren, wéi een Typ vu Certificat et gären hätt. An et steet natierlech all Dokter hei fräi, sengem Patient esou eng Bescheinegung ze ginn, wann en déi bräicht fir am Ausland. Mee dat huet u sech zu dësem Zäitpunkt keng Plaz méi an eisem Gesetz, vu datt et eist Gesetz reegelt, wéi et hei a Lëtzebuerg ofleeft a wat mer do unerkennen als Certificat. Voilà.

Da géif ech just nach eng lescht Remark gäre maachen. Et ass gesot ginn, et wär net alles ëmmer wëssenschaftlech hannerluecht. Dat ass absolutt richteg. Ech hätt mer gewënscht, dat wär de Fall gewiescht. Ech kann Iech just garantéieren, wa mer dorobber gewaart hätten, bis alles, wat mer gemaach hunn, wëssenschaftlech hannerluecht gewiescht wär, da wäre mer mat Vollgas an d'Mauer gaangen. Dat war keng einfach Situatioun fir keen, Decisiounen ze huelen, ouni déi dote Virlagen ze hunn. Ech mengen, et war dat Eenzegt, wat mer konnte maachen, an dat ass dat, wat eis duerch de Bësch geféiert huet.

Mir hu gesinn op ville Plazen, wat et bedeit huet, wann een ze spéit reagéiert huet. Leider hate mer dee Luxus net. Et ass esou, wéi ee sech ideal virstellt ze schaffen, mee dat war net de Fall. Voilà.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Gesondheetsministesch. Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, ech wollt eigentlech der Madamm Minister eng Fro stellen, Här President, wa se déi frëndlecherweis wéilt unhuelen.

Mir hate viru Kuerzem eng Auditioun am Europaparlament, déi ass och ganz vill dorëmmer zirkuléiert iwwer sozial Medien an esou weider a si ass och an aneren Zeitunge kommentéiert ginn. An do ass et u sech drëm gaangen, datt eng Vertriederin vu Pfizer gesot huet, si hätte virun der Mise an de Maart vun deem Impfstoff vu Pfizer net getest, ob e géif derzou bäidroen, fir kënnen eng weider Verbreedung vun der Infektioun ze verhënneren.

Bon, dat ass natierlech eng relativ remarkabel Ausso, well et si jo ganz vill Restriktiounen hei an och anere Länner op der Basis geholl ginn, datt ee sech soll impfe loossen, fir anerer ze schützen. Or, et gouf dozou keng Informatiounen. Dat ass emol net getest ginn, well eeben d'Mise sur le marché méi séier oder méi eng wichteg Consideratioun fir Pfizer war wéi elo zum Beispill déi aner.

Ech wollt dofir d'Madamm Minister froen: Wousst d'Regierung dat, datt eeben esou Saachen net getest gi sinn? Wousst si et vum Produkt vu Pfizer, vu Moderna, vun Johnson & Johnson, ech weess et net, vun all deene Produiten, déi op de Maart komm sinn? Hat d'Regierung Informatiounen doriwwer, datt wéinstens déi vu Pfizer, warscheinlech dann déi aner och, net getest gi sinn, ob eng Krankheet oder eng Infektioun ka virugi ginn oder net? A wa se et wousst, firwat huet d'Regierung da Restriktioune geholl, déi eigentlech perséinlech Kontakter sollen aschränken, wëssend, datt dat absolutt net getest ass a warscheinlech och net effikass ass?

Dofir wollt ech der Madamm Minister Merci soen, fir op d'Fro ze äntweren. Merci.

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Jo, ma wéi Der Iech alleguerten erënnert, ass d'Mise sur le marché vun deenen Impfstoffer an engem Schnellverfare gaangen, wat net erfonnt ginn ass fir déi hei Situatioun, mee wat gereegelt ass op europäeschem Plang. Do si verschidden Testphasen natierlech eréischt méi spéit derouléiert ginn, well een eebe justement och net kann ... Mir hätten net kënnen ëmmer déi ganz Prozedur esou derouléieren – ben „mir", dat ass eng europäesch Prozedur, mir hu jo net déi Zouloossung gemaach. Da wäre mer och vun där Pandemie iwwerrullt ginn, ier mer do derduerch gewiescht wären.

Alles, wat do virlouch un Etüden, ass absolutt transparent. An ech ginn och dervun aus, dass eis Representanten an deene Gruppen déi Dossiere kannt hunn. Mee, wéi gesot, dat sinn Zouloossungsprozeduren, déi europäesch Prozedure sinn, mat Minimalufuerderungen. Natierlech, wann een esou schnell virgeet, Dir schwätzt et un: Den Effet op d'Transmissioun, dee gesäit ee justement eréischt, wann een an engem Déploiement à plus grande échelle ass. A mir gesinn haut réckbléckend, dass dat ee ganz gudden Effet hat bei éischte Varianten, déi mer haten, mee dass deen Impfstoff haut op Omikron zum Beispill d'Transmissioun manner impaktéiert, wéi dat de Fall war bei deenen, ben, quasi guer net, jo, et ass quasi guer net effektiv. Dat, wat een haut eebe gesäit statistesch: dass et e schwéiere Verlaf statistesch gesinn awer nach extreem drosselt an de Risiko do staark vermindert ass par rapport eeben zu enger netgeimpftener Persoun.

Mee an enger éischter Phas vun der Pandemie huet een och statistesch ganz gutt gesinn, dass iwwert de Contacttracing, dee mir jo relativ gutt dokumentéiert haten, eeben zu deem Zäitpunkt och d'Transmissioun gedrosselt war. Mee esou Erfarungswäerter huet een im Nachhinein natierlech méi wéi am Virfeld.

Mee Dir hutt ganz Recht, hei sinn ... Et ass e Schnellverfare gewiescht. Do sinn net déi nämmlecht Delaie respektéiert ginn, wéi dat soss de Fall ass. An et hätt och net kënnen anescht sinn. Soss hätte mer ni kënne vum Benefiss vun deenen Impfstoffer zum richtegen Zäitpunkt profitéieren.

Et war och nach eng Fro gestallt ginn, ech mengen, vun Ärer Säit mat de Spideeler.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, entschëllegt. Jo, wann Der erlaabt, Madamm Minister, den Här Engelen hat Iech nach gefrot mat der Palliativmedezinn ...

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Jo, et ass mer elo just agefall, wou ech e gesinn.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... a mat der Haltung vun der Regierung zu den Impfschied, fir do méi Transparenz ze kréien.

Merci.

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Jo, mir hu keng spezifesch Recommandatioune fir d'Visitten erausginn. Ech hunn och keng Kenntnis dovunner. Ech kann dat gären – mir hunn nach ëmmer eis wëchentlech Rendez-vousen – eng Kéier nofroen. Mee et muss een och ëmmer erëm drun erënneren, dass all Spidol natierlech eegestänneg ass a seng eege Verantwortung huet fir d'Gestioun vu sengem Haus. Dat ass eppes, wat net onbedéngt mat eis elo muss concertéiert sinn.

An déi Fro ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Transparenz bei den Impfschied a wéi déi ...

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | D'Transparenz bei den Impfschied, wéi gesot, do gëtt et déi Plattform, dovunner hate mer d'leschte Kéier an der Plenière rieds, wou alles gemellt gëtt vun den Dokteren, wat zäitlech an engem Zesummenhang steet mat enger Impfung. Da gëtt dat an Europa geschéckt, fir analyséiert ze ginn.

Mir hunn nach keng Plaintë virleien zu dësem Zäitpunkt, op alle Fall net virun zwee Deeg, wou ech hei stoung. Dat hunn ech elo haut net extra nach eng Kéier nogefrot, mee bis elo ass nach kee Fall, dee bei eis erukomm ass a Relatioun mat engem Covidimpfstoff.

Mir hate wuel zu Lëtzebuerg schonn Impfschiedfäll, wou och indemniséiert ginn ass. Déi sinn ofgewéckelt ginn, dat ware laang Prozeduren. Ech hu Kenntnis vun zwou, déi eréischt op en Enn komm sinn elo méi rezent, mee dat war nach net am Zesummenhang mat enger Covidimpfung.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert. Nach eng Fro vun der Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Entschëllegt, ech hu just ... Vläicht hunn ech et iwwerhéiert, meng Fro zu de Medikamenter ...?

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Fir Medikamenter hu mer selbstverständlech e Monitoring, deen an de Spideeler gemaach gëtt. Déi kommen an den Asaz. Mir hunn och eng Vue dorop, wat wou erausgeet. Mee Dir musst verstoen, ech hunn dat net, ech droen dat net mat mer an d'Chamber. Mee dat sinn awer Donnéeën, déi mer hunn. Déi kënne mer Iech gäre ginn, wann dat Iech interesséiert, mee dat passt éischter vläicht da fir eng schrëftlech Ufro. Mir hu scho genau eng Vue drop, wat vu Medikamenter erausgeet a wou mer mat de Stocken dru sinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Lenert. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8077. Den Text steet am Document parlementaire 8077[7].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8077 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Stéphanie Empain), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 4. 8035 – Projet de loi relative au recrutement des professionnels de la santé pour la prise en charge médicale des personnes bénéficiaires de la protection temporaire dans le contexte du conflit entre la Russie et l'Ukraine

Als nächste Punkt vum Ordre du jour steet de Projet de loi 8035 iwwert d'Astellung vum Gesondheetspersonal am Kader vun der Betreiung vun den ukrainesche Flüchtlingen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Santé et des Sports***

**Mme Francine Closener** (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, et ass schonn néng Méint hier, datt Russland d'Ukrain ugegraff huet an et ass keen Enn en vue vun deem Krich an deem ganze Leed, deen e mat sech bréngt.

Ech si frou, datt Lëtzebuerg sech vun Ufank u solidaresch gewisen huet mat der Ukrain a mat den ukrainesche Flüchtlingen. Tëscht Mäerz a September si laut den Zuele vum Ausseministère 4.957 Demandë fir de Statut vun der Protection temporaire hei am Land agereecht ginn. Dovunner sinn déi allermeescht, 4.688 Demanden, och accordéiert ginn. De Statut temporaire, dat ass jo dee Statut, deen eeben déi Leit ufroe kënnen, déi virum Krich an der Ukrain flüchten.

Wéi Der wësst, sinn hei am Land eng Rei Strukturen opgemaach ginn, fir dës Refugiéen alleguerten ënnerkréien ze kënnen. Déi Prise en charge huet eng ganz Rei vun Aspekter, dorënner natierlech och déi medezinnesch Prise en charge. An do kënnt elo dëse Projet de loi an d'Spill.

Fir eng adaptéiert medezinnesch Offer fir all dës Leit kënnen unzebidden, muss an engem relativ kuerzen Zäitraum méi Gesondheetspersonal kënnen agestallt ginn. Fir datt dat elo séier ka goen, proposéiert dësen Text, op d'Réserve sanitaire zréckzegräifen. Esou eng Réserve sanitaire ass jo am Kader vun der Bekämpfung vun der Covidkris an d'Liewe geruff ginn. Op déi Manéier konnte Leit agestallt ginn, déi zum Beispill an den Impfzentere geschafft hunn an och nach ëmmer schaffen.

Technesch gesinn ass dës Réserve sanitaire mam Covidgesetz jo schonn agefouert ginn, mee well d'Covidgesetz sech awer nëmmen op d'Pandemiebekämpfung bezitt, muss fir d'Behandlung vun de Flüchtlingen aus der Ukrain eeben en neit Gesetz gestëmmt ginn, an dat ass deen Text, deen Iech haut virläit.

Konkreet geet et drëm, eng Derogatioun anzeféiere fir d'Gesetz vum 25. Mäerz 2015 iwwert de Regimm an d'Indemnitéite beim Staat, dëst fir Leit, déi als Gesondheetsberuffler täteg sinn, fir eng bestëmmten Zäitdauer onkompliziéiert astellen ze kënnen. Dat heescht, et geet dowéinst duer, datt déi Leit hir Autorisation d'exercer virweise kënnen.

Wéi gesot, et gouf sech bei deem ganzen Dispositif ganz staark um Artikel 6 vum Covidgesetz inspiréiert, well dat jo ganz gutt fonctionéiert.

Dat Personal kann dann op verschiddene Plazen agesat ginn, wou et hëlleft, d'Refugiéen ze behandelen an ze guidéieren. Konkreet si véier Plaze virgesinn: de medezinnesche Posten an der SHUK um Kierchbierg, d'Maison médicale an der Stad, bei der Ligue de prévention et d'action médico-sociale a beim Guichet Unique, och an der Stad. Esou vill zum Text.

Elo zu den Aarbechten an der Kommissioun: De Projet de loi ass de Membere vun der Kommissioun den 11. Oktober virgestallt ginn.

Dee selwechten Dag ass och den Avis vum Staatsrot scho gekuckt ginn. De Conseil d'État huet eis invitéiert, den Intitulé vum Gesetz ze änneren, an deem ass d'Kommissioun och nokomm.

Den 18. Oktober ass de Projet unanime vun der Kommissioun ugeholl ginn.

D'Chambre des Salariés huet an hirem Avis eng Rei Froen opgeworf. Generell war et d'Kritik, datt et keng systematesch Léisung kéint sinn, just op CDDen ze setzen, fir Gesondheetspersonal anzestellen. Dat ass natierlech och guer net den Objektiv vun dësem Projet de loi. Wéi schonn am Covidgesetz ass dat hei och eng Reaktioun op eng Krisesituatioun, vun där mer jo haut net wëssen, wéi laang se dauert, well jo kee weess, wéini de Krich eriwwer ass, wéi vill Refugiéen nach kommen a wéini dass déi, déi hei sinn, vläicht nees kënnen heemgoen, wa se dat da wëllen.

De Conseil supérieur de certaines professions de santé sengersäits huet op e Mëssel an der Fiche financière vum Gesetzesprojet higewisen. Laut dem Montant, deen do ugi war, hätten d'Leit, déi an dëser Réserve sanitaire agestallt gi wieren, manner kritt wéi déi, déi an der Réserve sanitaire Covid agestallt gi sinn. An der Santéskommissioun ass eis awer versëchert ginn, datt dat just e materiellen Iertum ass an datt absolutt keng Differenz gemaach gëtt tëscht deenen zwou Réserve-sanitairen, wat d'Remuneratioun vum Personal ugeet.

Erlaabt mer nach drop hinzeweisen, datt et e grousse Besoin gëtt, fir am Beräich vun der Santé mentale vun de Flüchtlingen ze hëllefen. Kee vun eis ka sech richteg virstellen, wat et heescht, seng Heemecht mussen ze verloossen aus Angscht viru feindleche Bommen, ouni ze vergiessen, datt vill Familljen jo auserneegerappt gi sinn, well zum grousse Deel d'Kanner mat Fraen, mat de Mamme geflücht sinn an d'Familljepappen hu missen dohanne bleiwen.

Deemno ass et kee Wonner, datt vill Leit ënnert engem Trauma leiden an op psychologesch Hëllef

ugewise sinn. An der Kommissioun krute mer och erkläert, datt et eng Rei Benevolle gëtt, déi sech als Iwwersetzer proposéiert hunn an dorënner iwwregens och Refugiéë selwer, déi eng vun eise Sprooche kënnen, wat et méiglech mécht, d'Sproochebarriär ze iwwerwannen, fir datt d'Prise en charge och effikass ass.

Dat néidegt Personal ass aktuell jo och disponibel, wat eng gutt Saach ass. Et geet hei drëm, elo séier an onkompliziéiert kënnen ze rekrutéieren. Duerfir dëse Projet de loi, zu deem ech no dësem mëndleche Rapport natierlech och den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Francine Closener.

An éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV) | Merci, Här President. Ech wollt der Madamm Rapportrice Merci soe fir dee gudden, kuerzen, op de Punkt landende mëndleche Rapport an och schrëftleche Rapport.

Et ass kloer, dass mir dat esou gesinn, wéi Dir et gesitt. Erlaabt mer awer, dass ech soen, dass dëst Zréckgräifen op déi Leit vun der Réserve sanitaire, dass dat effektiv en exceptionelle Charakter behale muss. An et mécht Sënn, et elo ze maachen, well et eng exceptionell Situatioun ass, wéi et elo eng mam Covid ass.

An ech wëll dat nach widderhuelen, wat virdrun an der Diskussioun vum Här Di Bartolomeo an där ganzer Diskussioun gesot ginn ass: dass de Covid nees kann erëmkommen. An da kréie mer Enkpäss. Duerfir ass et och wichteg, parallell ..., an dat wëll ech nach eng Kéier och an dësem Kontext soen, dass et wichteg ass, dass mer am Beräich vun dem Fleegepersonal an och vun den Dokteren do Rou kréien, dass mer deen Challenge, dee mer do hu mat de Leit, mat dem Rekrutement, an och déi Challengë mat der Formatioun an esou weider, dass mer dat léisen, wa méiglech zäitno, soss riskéiert dat heiten, net méi en exceptionelle Charakter ze behalen, mee éischter en normale Charakter. An dat wier net gutt.

Nichtsdestotrotz gi mir natierlech den Accord zu dësem Projet de loi. A voilà, dat wier et, wat ech wollt soen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Halsdorf. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här Buergermeeschter. Ech mengen, et hat awer ...

*(Hilarité générale)*

Esou fält ee wéinstens op, wann een eppes seet! Well ech wollt net vill soen. Här President, entschëllegt; „Här President", selbstverständlech!

De Krich, deen ass jo elo schonn zënter dem 24. Februar amgaangen, wou warscheinlech kee geduecht hätt, datt en déi do Dimensioun kréich, datt en esou laang géif daueren.

A leider: Wann een d'Ëmstänn kuckt, da muss ee feststellen, datt dee Krich och nach muer net eriwwer ass, datt d'Gefor grouss ass, datt dat eis nach déi nächst Wochen a Méint wäert beschäftegen. Ech ginn elo net an den Detail an, wat d'Ursaachen dovunner sinn. Ech mengen, duerfir kréie mer elo a 14 Deeg nach eng Kéier d'Geleeënheet, fir méi am Detail driwwer ze diskutéieren. Mee et ass awer wichteg, datt mer och als Lëtzebuerg hei e Signal setzen. Ech mengen, mir hu Signaler gesat vis-à-vis vun der Ukrain um europäeschen Niveau, wou mer all Initiativ mat ënnerstëtzt hu bis elo. Mir hunn och eis Ënnerstëtzung ginn, wat zum Beispill dat militäerescht Material ubelaangt. Mir hu bis elo 72 Milliounen do investéiert. An hei hu mer och elo eng Méiglechkeet, fir de Flüchtlingen aus der Ukrain entgéintzekommen. Et ass e ganz wichtegt Gesetz, et ass e ganz weesentlecht Gesetz.

Ech wëll elo kuerz dat opgräifen, wat de Kolleeg Jean-Marie Halsdorf hei gesot huet. Natierlech musse mer och do awer e gudden Equiliber fannen an der Hoffnung natierlech, datt d'Covidkris eis net méi wäert an deem Mooss beschäftegen, wéi dat an deene leschte Joren de Fall war.

Wat och wichteg ass: datt ee vläicht no baussen och nach en Appel mécht un all déi Leit, déi d'Méiglechkeet hunn, an déi Reserv hei eranzekommen, datt déi sech och ugesprach fillen, fir eng Hand hei mat unzepaken.

Et ass also e wichtegt Gesetz, et ass e weesentlecht Gesetz, deem ech natierlech och selbstverständlech am Numm vun der DP eis Zoustëmmung ginn. An ech soen och der Madamm Rapportrice nach villmools Merci fir hire Rapport.

An entschëllegt nach eng Kéier, Här President!

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Graas. Mir sinn hei an der Chamber an net op der Beetebuerger Gemeng. Merci villmools.

*(Hilarité)*

An domadder ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Marc Hansen.

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Jo, merci, Här President.

*(Hilarité)*

Ech géif dann och der Rapportrice wierklech Merci soe fir déi zwee Rapporten, dee schrëftlechen an dee mëndlechen. Et ass effektiv, fannen ech, wichteg, dass mer hei schnell agéieren. Et ass och u sech eng Krisesituatioun. Mir musse kucken, dass mer en effikasse medezinneschen Encadrement vun deenen ukrainesche Flüchtlingen organiséiert kréien. Duerfir fannen ech et ganz sënnvoll a logesch, dass mer eng Struktur, déi existéiert an am Kader vun der Covidkris an d'Liewe geruff ginn ass, hei an dësem Fall eeben och notzen, fir deen Encadrement médical schnell kënnen ze organiséieren.

Et ass kloer, dass dat ëmmer soll eng Struktur sinn, déi eeben a Krisesituatioune genotzt gëtt. Ech hoffen, dass déi zwou Krisen, déi mer momentan hunn, sech net nach wäerten ze laang iwwerlappen. Voilà.

Dës Kéier hu mer ... Also, déi gréng sinn op jidde Fall mat där Approche d'accord a wäerten dann och d'Zoustëmmung gi fir dëse Projet de loi.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Marc Hansen. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Fir unzefänken en häerzleche Merci der Madamm Francine Closener fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech ginn dann d'Zoustëmmung vun der ADR zu dësem Gesetz. Et ass eng sënnvoll Moossnam, fir d'Réserve sanitaire ze garantéieren. Ech mengen, a Krisenzäite muss ee flexibel sinn. An heimadder hu mer dat gewisen. An ech géif domadder den Accord gi vun eiser Fraktioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Engelen. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Francine Closener fir dee gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Jo, de Krich an der Ukrain ass eng mënschlech Katastroph. An et ass nëmme richteg, dass mer d'Krichsflüchtlingen ophuelen an hinnen all d'Méiglechkeete ginn, déi een hei am Land soll hunn. Dat ass mënschlech, dat ass gutt. An dofir wäerte mir haut och dëse Gesetzesprojet matstëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Vizepremier- a Gesondheetsminister, d'Madamm Paulette Lenert.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | Merci fir d'Zoustëmmung fir dëse Projet.

Wéi gesot, et sinn exceptionell Ëmstänn, déi och exceptionell a schnell Mesurë verlaangen. Mir hu säit dem 24. Februar dëst Joer 4.755 Demandë kritt vu Leit aus der Ukrain, déi gestallt gi si fir eng Protection temporaire. An déi Leit hunn, wéi all aner Leit och, natierlech e Besoin fir eng Prise en charge um Niveau vun der Gesondheet. Mir wëlle se gären anstänneg betreien, hinnen Accès ginn zu eisem Gesondheetssystem. An da musse mer kënnen op dat néidegt medezinnescht, awer och paramedezinnescht Personal zréckgräifen.

Mir hu proposéiert, dat ganz pragmatesch ze maachen, wéi mer et mat gudden Erfarunge wärend der Kris hikritt hunn. Och do, ech hat et virdru gesot, e grousse Merci un all déi Leit, déi sech an eis Réserve sanitaire ageschriwwen hunn. Mir hunn der vill an et geet och net anescht, wéi iwwert deen heite Wee ze fueren.

Wa mer géifen den normale Wee goen, hu mer Formalitéiten, déi awer eng gewëssen Zäit huelen. Dat, wat mer hei elo verlaangen, ass wierklech just eng Kopie vun der Zouloossung zum Beruff, deen déi Persoun huet, fir awer e Minimum u Garantien ze hunn.

Zu dësem Zäitpunkt hu mer 15.600 Leit, déi an der Réserve sanitaire ageschriwwe sinn. Dat ass remarkabel. Déi sinn natierlech net alleguerten am gläiche Mooss disponibel a ginn och net an deem Mooss am Moment, Gott sei Dank, an der Kris gebraucht. Dofir denke mer, dass et eng gutt Saach ass, heirop zréckzegräifen.

Et ass scho mentionéiert ginn, dee klenge Quiproquo mat der Remuneratioun. Dat ass näischt anescht wéi eng Erreur matérielle. Et ass selbstverständlech net ugeduecht gewiescht, dass déi Leit an deem heite Kontext eng méi niddreg Remuneratioun géife kréien, wéi wa se an der Covidkris géifen aktivéiert ginn. Mir hunn och an deem Sënn eng Rektifikatioun um Niveau vun der Fiche financière scho gemaach.

Voilà, ech géif Merci soe fir den Zousproch, deen dëse Projet krut, an och e Merci un d'Rapportrice fir déi ausféierlech Beschreiwung dovunner.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Gesondheetsministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8035. Den Text steet am Document parlementaire 8035[4].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8035 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par Mme Diane Adehm), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Max Hengel), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 5. Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de la canicule de l'été 2022

D'Chamber féiert haut de Mëtteg eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Hëtztwell vum Summer 2022, déi d'LSAP-Fraktioun ugefrot huet.

D'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Cécile Hemmen am Numm vun der LSAP-Fraktioun. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

***Exposé***

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Här Minister, Dir Damme Minister, hu mer eis an de Kannerjoren nach driwwer gefreet, wann et am Wanter richteg kal war a mir konnte vu Chrëschtdag u mat Sécherheet Schlitt fuere goen oder awer am Summer beim gudde Wieder, spéitstens an der grousser Vakanz, all Dag an d'oppe Schwämm goen, esou sinn d'Wiederlag an och d'Meteo zanter enger Zäitchen op der Kopp. De Schnéi gëtt rar an d'Temperaturen am Summer si bal net auszehalen. Mat Genoss huet dat allerdéngs guer näischt méi ze dinn.

De Bilan climatologique vu MeteoLux kann net méi däitlech sinn. De Summer 2022 zu Lëtzebuerg war vill ze waarm, vill ze sonneg an extreem dréchen an dat als Suite vum Bilan vum Fréijoer, wou et och ze waarm war, ze sonneg an ze dréchen. Ouni elo an den Detail vun dësen antizykloneschen Anomalien anzegoen, muss een awer schlussfollgeren, dass et en historesche Summer war um Niveau vun der Sonnenastralung an awer och dem Defizit un Nidderschléi.

Et kéint ee sech nach an d'Statistiken eranäiferen, mee dat mécht d'Situatioun nodréiglech och net besser. A sollt een de Wëssenschaftler gleewen, da wäerte mer eis vu Joer zu Joer an de Rekorder vun de Meteoextreemer eropschaukelen. Déi eng an déi aner Experte versichen, Prognosen op laang Siicht ze maachen, mee och dat ännert näischt.

Alles an allem bleiwen d'Konsequenze vun enger Canicule net aus an déi Konsequenzen, déi reechen an all Domän eran. De Waassermangel wierkt sech op de Grondwaasserspigel aus, mam Risiko vu Waasserknappheet. E Buedem, deen ausdréchent, kritt Rëss, wat ënnert anerem mat sech bréngt, dass carrement Haiser beschiedegt ginn. D'Consommatioun vun Elektrizitéit hëlt onmoosseg zou duerch d'Benotze vu Ventilatoren a soss Klimaanlagen. D'Ozonwäerter ginn erop an domadder déi gesondheetlech Schied fir d'Otemweeër. An och dat ass nëmmen eng vu ganz villen Auswierkunge vun der Hëtzt op d'Gesondheet. An ech kéint déi Lëscht nach ganz laang viruféieren.

Mir mussen eis also a ville Beräicher d'Fro stellen, wéi mir eis astellen op eng Zukunft, an där d'Canicullen an och aner Wiederextreemer méi heefeg ginn. Dat ass e Constat, deen ee ganz einfach maache muss. Et ass ze spéit, fir de Klimawandel ze verhënneren, mir sinn nämlech scho matzen dran. A mir mussen eis elo adaptéieren, fir net all Joer op en Neits béis erwëscht ze ginn!

Duerch de Wuesstum ass Lëtzebuerg e Land, dat sech ganz séier entwéckelt huet a wou vill gebaut gëtt. Bauland ass knapp an esou gëtt versicht, all Parzell fir Neibauten ze notzen. D'Ëmwelt rutscht natierlech dobäi an den Hannergrond.

Déi schwéier Hëtzt hunn d'Leit dowéinst virun allem am urbane Raum ze spiere kritt. D'Sonn dréckt vun uewen erof an de waarme Makadamm straalt vun ënnen erop. Op zougebaute Plaze kënnen esou Temperature vun iwwer 50 Grad entstoen, déi iwwer Nuecht erëm am Stee gespäichert ginn.

Et fillt ee sech wéi an engem Bakuewen an et sicht een heiansdo ganz laang no Schiet. An och do ass et net wierklech kill. Well de Buedem an de Stied ëmmer méi versigelt ginn ass, feelt et u Vegetatioun, déi Waasser an och Fiichtegkeet späichert. Déi natierlech Klimaanlaag, déi den urbane Raum awer ëm gutt 7 Grad kille kéint, geet doduerch verluer. E Mangel u Planzen a Beem an de Stied heescht jo och, dass et u wichtegem Schiet feelt.

De Fazit: D'Stied erhëtze sech a kënne manner gutt ofkillen. Dat féiert derzou, dass d'Hëtzt och méi séier an d'Haiser kënnt an an d'Wunnengen. An ëmmer méi Leit benotzen dofir, wéi ech et scho gesot hunn, eng kënschtlech Klimaanlag, déi allerdéngs nees no baussen Hëtzt fräigëtt an och vill Energie verbraucht, och dacks Energie, déi net nohalteg ass. An da fänkt den Däiwelskrees erëm un.

Duerfir ass et wichteg, d'Natur nees méi an eis Stied eranzeloossen. Dat ass keng Fro vun der Plaz, mee dat ass eng Fro vun der Prioritéit. Et feelt och net un Iddien, mee u konkreete Mesuren, déi séier gräifen.

Ee Beispill: Fir dass d'Virgäert nees Virgäert ginn amplaz vu Steelandschaften, kéint een de Leit zum Beispill Primme ginn, wa se hire Virgäertchen natierlech loossen. Och de sougenannte „Verticalgardening" ass eng ganz flott Approche, déi zu engem gudde Stadklima bäidréit an och eng Plus-value fir den Tourismus zum Beispill kéint sinn.

An deem Kader wier meng Fro, wéi eng Mesuren dann iwwerhaapt ënnerholl ginn, fir d'Stied besser op esou zukünfteg Hëtztwelle virzebereeden. Wéi kann iwwerhaapt séchergestallt ginn, dass iwwerall, wou nei gebaut gëtt, den Aspekt vun der Summerhëtzt géif mat berücksichtegt ginn?

D'Auswierkunge vun der Canicule op d'Natur selwer, sinn natierlech ausserhalb vum urbane Raum am allerdäitlechsten ze gesinn. Esou geet aus enger Äntwert vun der Madamm Minister op meng Question parlementaire iwwert den Zoustand vun de Bëscher ervir, dass wéinst der extreemer Dréchent de phytosanitären Zoustand vun eise Beem a Bëscher ganz schlecht ass.

Dëst Joer gouf festgestallt, dass 61,7 % dovunner Schied an der héchster Klass 2, 3, 4 opweisen. Dat ass erschreckend. All Bam, dee verschwënnt, huet en Impakt op d'Mikroklima ronderëm. Och d'Qualitéit vum Buedem geet erof. En dréchent méi séier aus a ka manner Waasser späicheren.

Engersäits erhéicht dat de Risiko fir Iwwerschwemmungen. Anerersäits féiert vill dréchene Buedem, deen net vu Beem geschützt gëtt, zur Wüstebildung.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Et ass scho méi laang bekannt, dass d'Monokulture vun de Fichte méi schlecht wéi gutt maachen. Duerfir gëtt jo och mëttlerweil mat Nodrock versicht, vun de Monokulturen ewechzekommen a staark Mëschbëscher anzesetzen. An awer stellt sech an deem Sënn d'Fro, ob eis eenheemesch Bamzorten dem Klimawandel eigentlech kënne standhalen. Wéi eng Mesurë kéinten eventuell nach geholl ginn, fir eis Bëscher oder awer och eenzel Beem virun der nächster Dréchent ze schützen?

„Un été 2022 exceptionnel, marqué par la chaleur et la sécheresse", dat ass d'Iwwerschrëft vum Meteobulletin 2022 vun der ASTA iwwert d'Méint Juni, Juli an August. Jo, och an der Landwirtschaft ass deemno all Innovatioun wëllkomm, déi hëlleft, fir extreem Drécheperiode besser ze iwwerstoen.

Net méi spéit wéi haut de Moien hunn de Landwirtschaftsminister, den Energieminister an d'Ministesch fir Environnement en Appel d'offre lancéiert fir Pilotprojete fir d'Agri-Fotovoltaik. Baueren, déi sech Suerge maachen, dass ëmmer méi landwirtschaftlech Fläche fir aner Zwecker benotzt ginn, hu geleegentlech derfir plädéiert, keng Fotovoltaikanlagen op dësen Terrainen ze installéieren. Allerdéngs gëtt et entre-temps awer Modeller, wou Fotovoltaikanlagen esou ausgeriicht sinn, dass een op deem selwechten Terrain och Notzdéiere kann halen an dass d'Anlagen och gläichzäiteg Schiet spenden. Interessant sinn esou Projeten och am Geméisbau, wou dës Anlagen engersäits Energie produzéieren an och anerersäits Schiet spenden.

Grad am Geméisbau, wa mer schonn dobäi sinn, ass d'Waasserversuergung ëmmer e ganz grousse Theema. Et muss also och iwwer nei Méiglechkeeten nogeduecht ginn, fir Waasser ze stockéieren oder awer méi effizient ze notzen. Souwäit ech weess, gëtt et do eng Zesummenaarbecht tëschent dem Landwirtschaftsministère, dem Ekonomieministère an dem Ëmweltministère, fir no bei viabiliséierten Terrainen, wéi zum Beispill Aktivitéitszonen, Zäre kënnen optimal ze notzen, souwuel wat d'Benotze vum Reewaasser wéi och vun Energie ugeet.

Här President, et si vill Beräicher, déi betraff sinn, wann et zu Wiederextreemer kënnt, a bannent Deeg a Woche fält eng Gesellschaft reegelrecht an de Ralenti. Den Zenario 2022 huet eis et virgemaach an et ass net ausgeschloss, dass et esou weidergeet. Et

sinn och um Regierungsniveau vill Ministèren, déi zesummeschaffe mussen, fir no Léisungen ze sichen.

D'Fro ass elo: Wéi kann d'Politik déi beschtméiglechst Mesuren am Virfeld ausschaffen, fir preventiv all Eventualitéit an d'A ze faassen, dass mer gutt duerch esou Periode kommen, an dat am Sënn vum Schutz vum Mënsch, dem Erhale vun der Natur an dem Wuel vum Déier?

Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och der Madamm Hemmen.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Paul Galles. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President. An och merci dem Cécile Hemmen fir d'Ufroe vun déser Aktualtitéitsstonn iwwert d'Hëtztwell an dësem Summer, eng Hëtztwell, déi esou staark war, dass se héchstwarscheinlech paradoxalerweis derzou gefouert huet, dass mer an der breeder Bevëlkerung eis alleguerte bewosst gi sinn, wéi staark de Klimawandel elo hei zu Lëtzebuerg ukomm ass. Héchstwarscheinlech méi staark wéi all Rieden, déi ee soss kann driwwer halen, ass d'Erliewe vun deem, wat Klimawandel bedeit, de Wee, fir dass een am stäerkste mierkt, dass et elo tatsächlech esou wäit ass.

Dee Summer, dee mer erlieft hunn, wann een d'Statistiken esou zesummefaasst, mengen ech, erlaabt leider ze soen, dass dëse leschte Summer dee wäermsten an Europa war säit mindestens 500 Joer. Et gëtt eng Graduéierung: 2010, 2018, 2021, 2022. An et ass esou wäit gaangen, dass souguer vun der Onbewunnbarkeet vu ganze Regioune muss geschwat ginn, an Europa, awer och wäit doriwwer eraus. Zum Beispill an Indien an am Pakistan war dat eng ganz, ganz wichteg Fro. Mir gesinn, dass déi Fro vun der Hëtztwell eeben net nëmmen eng ass, déi mir hei zu Lëtzebuerg an an Europa erlieft hunn, mee op der ganzer Welt.

Déi Follgen, déi sech doraus erginn, gesinn ech op zwee Niveauen. Dat eent ass de sozial-humane Beräich an dat anert ass de Beräich vun der Dréchent, déi sech doraus erginn huet.

De sozial-humane Beräich, dee stellt eis eng Rei Froen. Et ass esou, dass de Service épidémiologie et statistiques vun der Direktioun vun der Gesondheet, vum Gesondheetsministère, Statistike mécht fir ze kucken, wéi d'Stierflechkeet wärend dem Summer ass, an et gëtt zumindest de Verdacht, dass een, wann ee covidberengegt d'Stierflechkeetsrat am Summer kuckt, zum Resultat kënnt, dass et eng Iwwerstierflechkeet gëtt opgrond vun der Hëtzt.

Et wier awer natierlech interessant ze wëssen – ech weess, dass dat elo eng Fro ass, déi ech héchstwarscheinlech net un déi zwee Ministere ka stellen, déi elo hei sinn –, wéini dass dee Rapport publizéiert gëtt a wéini dass een doraus da kann déi ganz Saachen deduzéieren, ob et och hei zu Lëtzebuerg eng Iwwerstierflechkeet gouf duerch déi Hëtzt am Summer.

An dann eng aner Fro: Ech mengen, d'Kolleege vun deene Gréngen hate kuerz virum Summer eng Question parlementaire gestallt iwwert de Plan canicule, wéi deen a leschter Zäit ëmgesat ginn ass a wéi e sollicitéiert ginn ass, wéi vill Leit och ugefrot hunn, dass se begleet gi wärend deene groussen Hëtztdeeg, fir dass se genuch ze drénken hunn an dass se genuch drénke wärend där Zäit. Déi Fro, déi sech elo natierlech stellt no dësem Summer, ass, ob dee Plan canicule am Summer ofgeruff ginn ass, vu wivill Leit dass deen an Usproch geholl ginn ass a wéi gutt en och fonctionéiert huet, a wat een elo och mat deem Plan canicule nach ka léieren opgrond vun deem, wat mer am Summer duerch déi grouss Hëtzt erlieft hunn.

An déi aner Fro, déi sech stellt, ass déi vun der Dréchent an och vun de Konsequenze vun der Dréchent. A bei de Konsequenze vun der Dréchent gesinn ech dräi Beräicher, déi d'Madamm Hemmen och schonn zum groussen Deel ofgedeckt huet a genannt huet, oder zwee Beräicher, déi ech hei am Kontext vun der Dréchent gesinn, nämlech déi dréche Flëss an déi dréche Felder.

Déi dréche Flëss hunn derzou gefouert, dass natierlech eng Gefor vun Iwwerschwemmungen, oder eng méi grouss Gefor vun Iwwerschwemmung, sech doraus ergëtt. Flëss, déi ausgedréchent sinn, wären dee Moment, wou et géif zu Staarkree kommen, net kapabel, dat Waasser opzefänken, dat heescht, d'Gefor vun der Iwwerschwemmung gëtt vill méi grouss.

Dann awer och déi Fro, déi sech mat ausgedréchente Flëss stellt, ass déi vun dem Drénkwaasser an den Drénkwaasserenkpäss. Mir waren am Summer, am Ufank vum Summer, hei zu Lëtzebuerg ee Moment an enger Phase de vigilance. An heiraus ergëtt sech déi Fro: Wéi gi mer domat ëm, wann nach eng Kéier eng Situatioun kënnt, wou mer an eng Phase de vigilance vum Drénkwaasser kommen? Wat hu mer fir eng Strategie zu Lëtzebuerg, fir d'Drénkwaasser ofzesécheren, fir dass mer net an eng Penurie komme vum Drénkwaasser? Muss et eng aner Anlag ginn, eng zousätzlech Anlag, fir Drénkwaasser opzebereeden?

Deen anere Beräich, dee sech aus dréchene Flëss ergëtt, ass dee vun der Biodiversitéit. Well do waren, an d'Madamm Hemmen huet et gesot, eng ganz Rei vu Beem, déi gestuerwe sinn. 61,7 % vun eise Beem sinn an engem desolaten Zoustand. An doraus ergëtt sech déi Fro, déi och scho formuléiert ginn ass: Wat fir eng Bamaarte brauche mer hei zu Lëtzebuerg, déi klimaresilient sinn, wann et zu där Hëtzt kënnt?

Do gëtt et am Kader vun der Akerbauschoul de Projet vum Klimabaumpfad, ech hunn en och entdeckt wärend der Klimaexpo an der Luxexpo an hu mech extra op deem Stand nach eng Kéier opgehalen, fir do e bëssen nozefroen. An dat ass elo eng Fro, déi ech och da wëll weiderginn, nämlech: Kann een aus deem Projet elo schonn eppes léieren? Wou si mer do drun, fir aus deene Projeten ze léieren, wat fir eng Beem mer hei zu Lëtzebuerg an nächster Zäit kënnen uplanzen?

Am Beräich vun den dréchene Felder ass d'Landwirtschaft an dësem Fall och erëm eng Kéier dee Beräich, deen am meeschten drënner leit. An och hei muss een e puer Froe kënne stellen. Mir wëssen zum Beispill alleguerten, dass duerch déi grouss Hëtzt net vill gewuess ass. Et war awer och de Fall, an dat, mengen ech, hu mer aus e puer Petitiounen, déi mer hei an der Chamber erakruten, och erausgelies, et war och de Fall, dass vill Béischten dobausse stounge wärend der grousser Hëtzt, déi natierlech dann der Hëtzt ausgesat waren. Ech kenne mech an der Landwirtschaft net gutt genuch aus fir ze wëssen, wat fir eng Méiglechkeeten do als Schutz gi sinn. Mee wann een do misst e Schapp opriichten, fir déi Béischte wärend der grousser Hëtzt um Feld ze schützen, ass natierlech déi Fro, déi sech stellt, déi vun de Geneemegungen, ob et do eng acceleréiert Prozedur ka ginn, fir genau déi Schäpp da séier ze assuréieren, fir dass déi Béischte geschützt sinn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass, mengen ech, alles scho gesot. A mir sinn eis héchstwarscheinlech och an der Beschreiwung vun de Geforen eens.

Elo bei der Adaptatioun, d'Madamm Hemmen huet et och scho kuerz ugedeit, ass et kloer: Mir mussen eis Emissiounen erofkréien, mee do si mer eis och alleguerten eens.

Bei der Adaptatioun stellt sech natierlech d'Fro: Wéi maache mer et mat der Begréngung? An der Stad Lëtzebuerg hu mer eis déi Fro gestallt. Also, wann ee moosse geet, wéi d'Temperatur ass um Asphalt par rapport zur Temperatur an der Luucht, dann huet een all Interessi, dat am Dag ze maache fir den Ënnerscheed. Awer et huet een nach méi Interessi, dat an der Nuecht ze maachen, well da mierkt een nämlech, wéi vill Hëtzt dass de Buedem spächert an dass eng Stad tatsächlech net méi ofkillt wärend der Nuecht, wat eigentlech eng dramatesch Saach ass.

*(Interruption par la présidence)*

An dat ass meng allerlescht Propositioun, déi ech och der Madamm Ministesch wëll matginn: Zu Paräis gëtt et e Plang, dee weist déi Plazen aus, wou et kill ass wärend de groussen Hëtztdeeg. Ass dat net eng Iddi, dat och hei zu Lëtzebuerg ze maachen?

An domat soen ech Iech villmools Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och dem Här Galles. An nächsten ageschriwwenen ...

*(Interruption)*

D'Madamm Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Merci, Här President. Wann Der erlaabt, géif ech just wëllen dem Här Galles eng kleng Informatioun mat op de Wee ginn, well en d'éinescht vun der Mortalitéit geschwat huet. Ech wollt dem Här Galles soen, dass eng QP de Moment bei eiser Ministesch vun der Santé ass, wou ech genee déi do Thematik ugeschwat hunn: d'Surmortalitéit, d'Mortalitéit, d'Malaisen, d'Urgencen; alles, wat sech op de gesondheetlechen Aspekt bezitt, eebe just am Kader vun dëser Canicule. Dofir sinn ech a mengem Exposé hei och net ze vill an deen Domän eragaangen.

Merci, Här President.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci fir d'Prezisioun. Dann huet elo direkt den Här Max Hahn d'Wuert. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Vun de leschte fënnef Joer hate mer der véier mat engem aussergewéinlech waarmen an dréchene Summer. Dat eenzegt Joer, wou dat net de Fall war, dat war 2021, also d'lescht Joer. 2021 hate mer allerdéngs e Joerhonnerthéichwaasser, dat vill Plazen am Land ganz haart getraff huet.

De Klimawandel ass zu Lëtzebuerg ukomm. Et gëtt keen, deen dat nach bestreide kann. Am Rescht vun Europa an an der ganzer Welt hu mer dat selwecht Bild op ville Plazen, déi souguer nach deelweis vill, vill méi schlëmm getraff sinn.

Mir mussen eis Efforten, fir de Klimawandel ze stoppen, also nach däitlech verstäerken. Dat steet ausser Fro. De Premier huet eng Rei Annoncen a senger Ried zur Lag vun der Natioun gemaach. An déi nächst Woch wäerte mer och iwwert d'Propositioune vum Klima-Biergerrot hei an der Chamber diskutéieren.

Donieft steet awer geneesou ausser Fro, dass mer och musse léieren, mat de Konsequenze vum Klimawandel ze liewen. Mir wëssen, dass esou Hëtztwellen an Dréchente méi reegelméisseg wäerten optrieden. Domat musse mer an Zukunft léieren ze liewen.

Dowéinst brauche mer eng Adaptatiounsstrategie mat konkreete Mesuren, fir eist Land, eis Dierfer an eis Stied méi resilient ze maachen. Wa mer gären hätten, dass et sech an deenen nächste Joren och weiderhi gutt an eisen Uertschafte liewe léisst, dann ass d'Saach u sech relativ einfach: Steewüüsten evitéieren a méi Gréngs planzen!

Et ass kee Geheimnis, dass Planzen hëllefen, am Summer d'Temperaturen erofzekréien a méi en agreabele Klima ze schafen. A Länner, déi nach vill méi staark mat der Hëtzt ze kämpfen hunn, déi hunn dat scho laang verstan. Zu Madrid planze se zum Beispill eng gréng Mauer ronderëm d'Stad, eng hallef Millioun nei Beem op enger Längt vu 75 Kilometer, fir d'Stad am Summer ofzekillen. Dat Einfachst ass also, Beem ze planzen iwwerall do, wou et méiglech ass, op oppene Plazen, laanscht d'Stroossen an a Wunngebidder.

Mee d'Begréngung limitéiert sech net eleng op d'Beemplanzen. Ech denken hei un d'Diecher a souguer un d'Fassaden, wou et flott Méiglechkeete gëtt, fir Gréngs ze planzen. Stéchwuert „vertikal Gäert" oder, an engem méi breede Sënn, „Urbangardening".

Här President, d'Regierung huet mam Naturpakt en Instrument an d'Liewe geruff, fir d'Gemengen derzou ze beweegen, hir Uertschafte méi nohalteg an ëmweltfrëndlech ze gestalten, fir d'Biodiversitéit ze fërderen an och Moossnamen ze ënnerstëtzen, déi hëllefen, eis Liewensraim den Auswierkunge vum Klimawandel unzepassen.

D'Fro, déi sech stellt, ass natierlech, wéi effikass dëst Instrument ass, ob et duergeet oder ob mer awer nach méi séier mussen handelen.

D'Regierung huet och en Aktiounsplang zur Upassung un de Klimawandel ausgeschafft fir d'Period vun 2018 bis 2023. Vläicht eng kleng Fro: Wéi e Progrès ass bis dato hei gemaach ginn? Ginn déi proposéiert Mesuren duer? Oder misst een deen Aktiounsplang eventuell och iwwerschaffen? D'Madamm Ministesch kann eis sécher heirobber Äntwerte ginn.

Ech wëll nach op ee Punkt agoen, wou ech der Meenung sinn, dass op alle Fall nach vill Loft no uewen ass: Wa mer engersäits mat laangen Drécheperiode konfrontéiert sinn, déi eise Grondwaasserpeegel belaaschten a wou mer geschwënn all Summer mussen eng Phase de vigilance beim Drénkwaasser ausruffen, a wa mer anerersäits awer Phasen hunn, wou et net méi ophält mat reenen, wa mer Iwwerschwemmungen a Rekordhéichwaasseren hunn, da misste mer dach kucken, wéi mer dat Waasser, dat deen ee Moment ze vill do ass, deen anere Moment, wou Waasser feelt, da kënnen notzen!

Et gëtt haut schonn e Subsid, wann een e Reewaassertank bei sech doheem installéiert an d'Reewaasser notzt, fir zum Beispill och d'Toilette dermat ze spullen oder de Gaart ze nätzen oder och nach d'Wäschmaschinn dermat ze bedreiwen. Et kann ee sech allerdéngs froen, ob de Subsid, deen et aktuell hei gëtt, vläicht kéint iwwerschafft ginn. An et sollt een awer och driwwer nodenken, firwat net nach méi heivunner profitéiert gëtt.

Ech hat eng Question parlementaire gestallt – et ass schonn eng Zäitchen hier, dofir sinn dat net déi allerleschten Zuelen –, mee am Zäitraum vun 2015 bis 2020, also wärend fënnef Joer, si just 300 där Subsiden ausbezuelt ginn, wat ech als relativ wéineg empfannen, wa mer wëssen, dass mer awer no bäi 4.000 Konstruktiounen d'Joer hunn. Da musse mer eis vläicht eng Kéier froen, wéi mer dat nach kënne méi un d'Leit bréngen an eebe méi interessant maachen, dass méi Leit dat hei notzen.

Wat am Klenge richteg ass fir d'Privatstéit, ass et natierlech och am Groussen. Och um Gemengenniveau kéint een higoen a grouss Reservoiren uleeën, fir d'Reewaasser opzefänken an dann ze spächeren. Och hei gëtt vill Waasser gebraucht fir ze nätzen. Dat ass sécherlech och eppes, wat mer nach all musse léiere besser ze maachen a méi op dee Wee ze goen. Op deem Wee spuere mer nämlech net nëmme kostbaart Drénkwaasser, et ass och eng Méiglechkeet, Reserven unzeleeë fir déi Summeren, wou et eeben net genuch reent. Kloer kritt een doduerch eng Dréchent net komplett kompenséiert, mee et ass op alle Fall eng Pist, déi et an eisen Aen derwäert ass ze verdéiwen.

De Klimawandel, jo, deen ass zu Lëtzebuerg ukomm. Mir mussen eis Weeër iwwerleeën, wéi mer domadder ëmginn an d'Auswierkungen esou gutt wéi et geet opgefaange kréien.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a virun allem der Kolleegin Cécile Hemmen e ganz grousse Merci, fir dës Aktualitéitsstonn ugefrot ze hunn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och Iech. An nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Jessie Thill. Madamm Thill, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Merci, Här President. Madamm Ministesch, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wollt ech profitéieren, fir der Madamm Cécile Hemmen villmools Merci ze soe fir d'Ufroe vun dëser Heure d'actualité.

Mir hunn elo vill héieren iwwer Klimaadaptatiounsmoossnamen. An déi si wichteg an onëmgänglech, well mir spieren och haut schonn d'Konsequenze vun der Klimakris. Mee wat mir virun allem musse maachen a virundreiwen, ass proaktiv Klimapolitik. Well wa mer dat verpassen, kréie mir och mat de beschten Adaptatiounsmoossnamen d'Effekter net méi opgefaangen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | A jo, dëse Summer war mat 19,3 Grad Celsius den zweetwäermste Summer säit dem Ufank vun der Opzeechnung an den dréchenste Summer säit 1921. Mee en ass keen Eenzelphenomeen, keng Exceptioun, mee e Symptom vun der Klimakris, en Trend.

Vun 1961 bis 1990 hate mir zwee Méint, déi reegelméisseg vun Dréchente betraff waren. An de leschten 30 Joer hate mir just nach zwee Méint pro Joer, déi net vun Dréchente betraff waren. Mir sinn also vun zwee Méint mat reegelméissegen Dréchenten op 10 Méint Dréchent gaangen.

Mat der Klimakris wäerten extreem Wiederphenomeener ëmmer méi heefeg an extreem ginn. Duerfir musse mer och ons Dierfer a Stied méi resilient maachen, well si kënnen oft an hirem Zentrum mat héich versigelte Fläche sougenannten „Hëtztinsele" bilden, wou et zu Iwwerwiermunge kënnt, déi net genuch an der Nuecht kënnen ofkillen.

An den Här Galles huet och dervu geschwat, an ech wollt en drop opmierksam maachen, dass et och eng Etüd gouf vun der Ëmweltverwaltung aus dem Februar 2021, wou dës Hëtztinsele ganz genau identifizéiert goufen hei am Land a wou och eng Rei Moossnamen opgezielt goufen, wéi ons Dierfer a Stied méi resilient gemaach kënne gi par rapport zu extreemer Hëtzt a wou och Ofkillungsréckzuchsgebidder fir Mënsch an Natur kënne geschaaft ginn.

E wichtege Volet ass d'Planung vun neie Quartiere bei neie PAPen. Et brauch een eng klimaoptiméiert Begréngung, eng hell Gestaltung vum urbane Raum mat wéineg Versigelung an zum Beispill enger oppener Reewaasserféierung. Anerersäits kann een awer och bei de bestoende Gebaier a Quartieren noréschten: entsigelen, méi hell, méi Beem, déi Schiet spenden, generell méi gréng gestalten.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Wichteg Outilen, fir dës Moossname praktesch ëmzesetzen an d'Gemengen ze incitéieren, op dëse Wee matzegoen, sinn de Klima- an Naturpakt. Am Klimapakt 2.0 ass ee vun de Schwéierpunkter d'Klimaupassung an onse Gemengen. Eng Moossnam ass zum Beispill d'Ausschaffe vun engem Klimaupassungskonzept vun der Gemeng, wou et notamment drëms geet, fir d'Effekter vun dësen Hëtztinselen ze reduzéieren. Dat Ganzt gëtt da komplettéiert duerch den Naturpakt, wou d'Gemengen och Ënnerstëtzung kréie fir Moossname wéi d'Opsetzung vun engem Gréngflächegestaltungs- a Managementplang.

Wéi esou oft gëtt et och hei net déi eng gëlle Léisung, mee et ass d'Zomm vun de Moossnamen, déi et mécht. An d'Gemenge ginn also begleet a finanziell ënnerstëtzt, fir den Impakt vun Hëtztwellen op d'Bierger/innen ofzefiederen. Mee et läit natierlech an hiren Hänn, fir politesch Verantwortung ze iwwerhuelen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Allerdéngs sinn et net just Siidlungsräim, déi impaktéiert si vun dëse Wiederphenomeener. Klimaupassung ass eng transversal Aufgab.

2018 schonn huet d'Carole Dieschbourg dofir eng Klimaupassungsstrategie ausgeschafft, déi och haut am Klimagesetz verankert ass, mat ganzen 43 Moossnamen an 13 verschiddene politesche Beräicher, zum Beispill an der Landwirtschaft, wou Dréchenten d'Recolten affektéieren an de Secteur Ënnerstëtzung brauch.

Mee och bei der mënschlecher Gesondheet. Tropesch Nuechte gi méi heefeg an den thermesche Stress, dee si ausléise kënne fir ganz jonk Kanner, eeler Leit a Persoune mat chronesche Krankheeten, ka geféierlech ginn. Dowéinst, genau dowéinst huet eise Marc Hansen, an de Paul Galles huet et schonn erwäänt, nach rezent eng QP gestallt zum Plan canicule vum Gesondheetsministère.

An natierlech am Ëmweltberäich, wou d'Klimaupassung proaktiv ugaange gëtt. Am neie Bëschgesetz wäerte mir eis Bëscher méi klimaresilient maachen an den Ëmweltministère schafft aktiv un der Ofsécherung vun onsem Drénkwaasser.

Zum Schluss wollt ech just nach eng Kéier widderhuelen, wat ech schonn a menger Untrëttsried sot: Et geet net méi just drëms, den Äisbier op engem schmëlzende Stéck Äis ze retten, mee ëm eis eege Liewensgrondlagen, eis Liewensqualitéit.

Haut scho spiere mir d'Effekter vun der Klimakris. D'Canicule dëse Summer an d'Iwwerschwemmunge vum leschte Joer hunn dat däitlech gemaach. Elo geet et drëms, all zousätzlechen Zéngtel Grad ze evitéieren an esou dat Schlëmmst ze verhënneren.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. An nächste Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Dir Dammen an Häre Ministeren, ech wollt och mol fir d'éischt Merci soen

der Madamm Hemmen fir d'Initiativ zu dëser Aktualitéitsstonn. An ech wollt hir och Merci soe fir déi ganz vill gutt Iddien, déi si hei formuléiert huet a wou ech mengen, dass ee ka soen, dass se vun eis alleguerten hei gréisstendeels gedeelt ginn. Et ass eebe just eng Fro vun der Ëmsetzung.

Dann, jo, de Summer 2022, ech géif deen emol esou resüméieren: „Des einen Freud ist des anderen Leid", wou also ganz vill Leit, op jidde Fall esou, wéi ech et verstanen hunn, immens frou waren, dass mer e schéinen, waarmen, dréchene Summer haten. Et ass natierlech och net ze verleegnen, dass ganz vill Problemer doduerch komm sinn, ënner anerem fir d'Natur, d'Flora, d'Fauna, eis Fléss an natierlech och eis Baueren. Woubäi et do nach Nuancë gëtt. Ech kommen dorobber zréck.

Et ass wichteg, eng historesch Anuerdnung ze maachen. Mir hunn engersäits ee Phenomeen, dat ass d'Hëtzt, an anerersäits d'Dréchent. Dat sinn och zwou verschidde Saachen. Dëse Summer sinn déi zwou zesummekomm. Wann een e bëssen d'Statistike kuckt, an dat hunn der hei schonn e puer och virgedroen: Elo fir Lëtzebuerg war dat hei deen zweetwäermste Summer no 2003 an et war dat siwentdréchenst Joer zënter 1854. D'Joer 1921 war méi dréchen.

An Däitschland ass et änlech. Do war et dat sechstdréchenst Joer zënter der Opzeechnung an deen dréchenste Summer an Däitschland virun deem leschte war 1911, dee war nach méi dréchen; do huet et also nach manner gereent.

Et ass dann och esou: Bon, ech hat eng Kéier d'Chance oder de Pech, a mengem Liewe musse Klimatologie ze studéieren, a wann een iwwert d'Klima schwätzt, da muss ee sech bewosst sinn, dass een d'Klima net ka festmaachen un eenzelnen Evenementer an och net un eenzelne Joren. Dat ass d'Wieder. Dat ass den Ënnerscheed zwëschent der Meteo an dem Klima. Wa mir iwwert d'Klima schwätzen, dann ass dat eng Entwécklung, déi ee muss kucken. Normalerweis ginn do 30 Joer geholl.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

An da kann een zum Beispill feststellen, dass et déi lescht 30 Joer méi waarm ginn ass. Dat ass ganz kloer. Dat heescht, d'Klima gëtt also tatsächlech méi waarm.

Wann een awer elo en eenzelt Joer hëlt, dann ass et ganz schwiereg, fir dat elo direkt konkreet an e Kontext ze setze vun enger Klimaännerung oder engem Klimawandel, well een ëmmer erëm esou Picen hat, och scho viru laanger Zäit, wou emol eng Kéier e ganz waarme Summer war, wou et mol eng Kéier konnt Iwwerschwemmunge ginn, wou et mol eng Kéier konnt extreem Dréchente ginn. Dat ass also net onbedéngt elo d'Klima. Ech wollt dat eng Kéier hei erwänen, fir dat e bëssen awer méi richteg auszedrécken.

Wa mer elo déi konkreet Auswierkungen hei zu Lëtzebuerg kucken: D'Landwirtschaft, do war am Ufank ganz vill gefaart ginn, am Endeffekt war et awer, mengen ech, net esou schlëmm, natierlech mat regionalen Nuancen. De Weess war relativ gutt, d'Ernte bei de Gromperen a beim Mais waren deelweis schlecht. Bon, beim Hee, eventuell huet een do nach e weideren Heeschnatt, dee kënnt, dat heescht, dat ass, bon, eenegermoosse gaangen.

Wou et problematesch war, dat ass en anere Punkt, dat waren eis Baachen, déi deelweis natierlech extreem wéineg Waasser gefouert hunn. Och dat ass awer eppes, wat all puer Joerzéngte schonn eng Kéier erëmkomm ass. Do hate mer eng Kéier d'Fro gestallt, wat dat da fir eng Auswierkungen op de Fëschbestand hätt. An do krute mer als Äntwert, dass der Waasserverwaltung an der Saison 2022 kee gréissert Fëschstierwe bekannt war, wat jo och dann emol eppes Positives ass, trotz där héijer Dréchent.

Dann ass et ganz wichteg gewiescht, hei déi Geforen och unzeschwätzen, déi natierlech besti fir déi ganz Jonk an och fir déi eeler Leit an eiser Gesellschaft, déi een natierlech méi muss schützen, wou een natierlech ëmmer muss drop opmierksam maachen, dass se sollen am Schiet bleiwen, wou et kill ass, an dass se vill drénken. Do ass jo och eng Fro gestallt ginn, dofir soe mer Merci, fir elo eventuell Statistiken dozou ze kréien.

Et ass och vill geschwat gi vun der Erhëtzung am urbane Raum. An dat ass eppes, wat mir 100%eg deelen. Mir brauche méi Gréngs innerhalb vun eisen Uertschaften, iwwerall do, wou et méiglech ass. Dat si jo meeschtens d'Gemengen, déi dat maachen, déi sollte kucken, fir méi Gréngs dohinnerzebréngen, ob dat Beem sinn oder Wisen oder Hecken, wat och ëmmer.

An ech wëll och nach eng Kéier do eppes aneschters als Iwwerleeung mat eraginn, dat sinn déi sougenannte „Baulücken", déi mer ëmmer esou nennen, woubäi „Baulücke" schonn eppes ausseet iwwert d'Zil, wat een huet mat enger Fläch. Et kéint een et och einfach ausdrécken als „wäertvoll Gréngfläch innerhalb vun engem urbane Raum". An esou „Baulücken" hëllefen natierlech och immens, wann et ganz waarm ass, fir e bësse méi agreabel Temperaturen ze schafen.

Da kommen ech nach op dee, mengen ech, ganz wichtege Problem, dee mer hei hunn, an dat ass dee vun der Waasserversuergung. An do wëll ech einfach mol hei all deene felicitéieren, déi fir d'Waasserversuergung hei am Land responsabel sinn. Dat sinn, mengen ech, gréisstendeels d'Gemengen. Si hunn et fäerdegbruecht, eng Waasserversuergung hei am Land opzebauen, déi, och wann et esou e waarmen, dréchene Summer gëtt wéi elo 2022, esou gutt ass, dass et zu kengem Moment eigentlech am Land Restriktioune gi sinn, vläicht vereenzelt. Et si Recommandatioune ginn. Mee jiddwereen konnt awer am Endeffekt, oder duerft, soe mer esou, ouni Restriktioune seng Wiss nätzen an en duerft de Fussballsterrain nätzen. Dat war souguer méiglech. Ech mengen also, dass eis Waasserversuergung zimmlech gutt fonctionéiert huet, wat natierlech och drop zréckzeféieren ass, dass mer déi lescht een, zwee Joer, haaptsächlech d'lescht Joer, relativ vill Reen haten an dass mer doduerch natierlech eng gewësse Reserv hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Mir mussen allerdéngs oppassen, an ech mengen, dat huet dann éischter eppes mam Wuesstum ze dinn: Wa mer eng Kéier zwee, dräi dréche Summeren esou hannereneen hunn, da wäerte mer net méi esou gutt dervukommen!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Keup. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, Hëtztwellen an Dréchente sinn zu Lëtzebuerg en éischter rezente Phenomeen, zumindest an der Reegelméissegkeet an an der Intensitéit, an där se optrieden.

Dat, wat mir dëst Joer als Summer kannt hunn, hu mir an de leschte Jore scho ganz änlech erlieft, wann och vläicht a manner staarkem Ausmooss. D'Klimafuerschung ass ganz däitlech, wat dës Wiederphenomeener ugeet: D'Frequenz an d'Intensitéit, mat där dës an de leschte Joren optrieden, si ganz kloer eng Konsequenz vun der Klimaverännerung. Dat selwecht gëllt fir d'Stierm, d'Iwwerschwemmungen an och d'Katastrophen. Mir mussen eis also drop astellen, dass mer an de kommende Jore reegelméisseg mat der Konsequenz vun Hëtztwellen an Dréchenten ze kämpfe wäerten hunn.

Zu Lëtzebuerg wéi och an anere Länner war de ganz waarme Summer vun 2003 den Ausléiser vun enger verstäerkter Prise en compte vun Hëtztwellen, besonnesch wat d'gesondheetlech Aspekter ugeet. Wéi och schonn a Frankräich virdrun, gouf e Plan canicule opgesat, dee jo no Risikostuf bestëmmte Schrëtt virgesäit. Besonnesch eeler Leit, déi keng Prise en charge vun der Assurance dépendance hunn an aleng sinn, kënne sech an deem Kader umellen, fir reegelméisseg Visitten ze kréie fir ze kucken, ob alles an der Rei ass.

Här President, Hëtztwellen, Dréchenten an aner extreem Wiederphenomeener stellen awer iwwert de gesondheetleechen Aspekt eraus an éischter Linn och e wirtschaftlechen a soziale Risiko duer. Dëse Risiko ass ganz ongläich an eiser Gesellschaft verdeelt. Net jidder Mënsch ka sech individuell géint dës Risike versécheren, well dat jo och einfach ganz vill Geld kascht.

Mir hunn awer Systemer, déi den individuellen, wirtschaftlechen a soziale Risiko op eng kollektiv a solidaresch Aart a Weis versécheren. Invaliditéit, Krankheet, Accidenter, Chômage an den Alter sinn esou Risiken, déi iwwer eis sozial Versécherungssystemer finanzéiert ginn. Et sinn déi Risiken, déi eng Persoun temporär oder definitiv ausser Stand setzen, hire Liewensënnerhalt mat enger bezuelter Aarbecht ze bestreiden. Dee Risiko, dee vun extreeme Wiederphenomeener ausgeet, ass dogéint net solidaresch ofgeséchert.

Fir et mat Zuelen ze weisen: An der EU sinn am Schnëtt just 25 % vun de Klimaschied, wourënner Hëtzt an Dréchent och falen, privat verséchert. An dës Versécherunge betreffen an éischter Linn d'Stéit mat héije Revenuen, déi sech zousätzlech an oft net bëlleg Versécherungen och leeschte kënnen. Dës Ongläichheet bei der Expositioun géigeniwwer Klimakatastrophe wäert och weider klammen, wat d'Schied ëmmer méi grouss an deier ginn an d'Assurancen deementspriechend och ëmmer méi wäerte kaschten.

An et ass an eisen Aen also zentral wichteg, datt sech mat dëser Erausfuerderung ausernanergesat gëtt, wéi mir an Zukunft als Gesellschaft de Risiko, deen duerch dës Klimaverännerungen ausgeléist gëtt, awer solidaresch opfänke kënnen.

Dobäi kommen natierlech d'Preventiouns- an d'Adaptatiounsmoossnamen, fir den Impakt vun Hëtzt an Dréchent ofzeschwächen an domat och de Risiko ze reduzéieren, dee vun esou Phenomeener ausgoe kann.

Dozou gehéieren evidenterweis manner Versigelung vu Biedem a méi Gréngs an de Stied an an den Dierfer, aner Bauweisen, d'Verbannung vum Auto aus de Sidlungsraim, d'Uleeë vu Fräschloftschneisen, den Erhalt an d'Stäerkung vun de Bëscher mat all hiren Aflëss op d'Mikroklima, entre autres duerch d'Usidele vu méi resiliente Beem, an ouni dës Bëscher weider ofzeholzen, fir zum Beispill Contournementen ze bauen. Et gehéieren awer och déifgräifend Reforme vun der Landwirtschaft dozou, déi eng Verbesserung vun der Buedemqualitéit an notamment der Absorbtiounsqualitéit vu landwirtschaftlech genotzte Biedem bewierken.

Fir all dës Moossname brauche mir awer eng Strategie, déi, ausgoend vun engem Diagnostic, och Prioritéite festleet. De Plan canicule vun haut ass do vläicht eng gutt Ausgangspositioun, mee misst eigentlech ausgebaut ginn, fir all d'Ufällegkeeten um Territoire bei Hëtztwelle wierklech ze erkennen an dann och drop reagéieren ze kënnen.

Prioritär gëllt et natierlech, déi vulnerabel Leit am Alter oder mat Krankheeten ze schützen. Mee Vulnerabilitéit ass net just e Facteur vu Krankheet an Alter. Ech erënneren un d'Confinementer, déi bei deelweis scho méi héijen Temperature gewisen hunn: D'Gréisst, d'Qualitéit an d'Lag vum Logement an den Accès zu de Gréngfläche bedéngen de Grad vun Ufällegkeet vun enger Persoun oder engem Stot.

Wann een dat weess, da musse prioritär Efforte gemaach ginn, fir energeetesch Renovatioune vun dëse Logementer ze maachen an déi Quartieren och ekologesch ëmzegestalten. Ee méi ëmfangräiche Plan canicule am Kader vun enger ambitiéiser Adaptatiounsstrategie fir d'Klimaverännerung kann hei sécherlech hëllefräich sinn.

Donieft, Här President, hunn ech och d'Verséchерungswiesen ugeschwat. Bei de groussen Iwwerschwemmunge vum leschte Joer a beim Tornado am Kordall huet d'Regierung eng Budgetsenveloppe deblockéiert, fir de Leit mam net privat versécherte Schued ze hëllefen.

Mir mengen, dass een eng Form vu kollektiver Prise en charge vun esou Naturkatastrophen a Phenomeener muss aféieren, fir esou de Risiko kënnen ze mutualiséieren. Dat soll net vu Canicule zu Canicule a vun Iwwerschwemmung zu Iwwerschwemmung ëmmer erëm nei mussen opgesat ginn. Mir mengen, dass e stännege Mechanismus muss geschafe ginn, eventuell ënnert der Form vun engem ëffentleche Fong, deen ënner bestëmmte Bedingunge ka mobiliséiert ginn.

Mir hätte jo och heizou eng Motioun eragereecht, mee dat huet alles jo kee Wäert, well déi gëtt ofgeleent.

*(Brouhaha)*

Villmools merci fir Äert Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Cécile Hemmen an der LSAP, dass Der dës Heure d'actualité iwwert d'Hëtztwell an d'Dréchent vum leschte Summer ugefrot hutt. Et ass en Theema, wat elo am Klimawandel, an domadder ass et spierbar ginn, leider zur Normalitéit wäert ginn. Mir mussen dermat rechnen, dass och déi nächst Summere wäerten esou waarm an dréche ginn.

Lëtzebuerg ass am internationale Vergläich immens schlecht, wat seng Klimabilanz ubelaangt. Pro Kapp si mer mat déi schlechtst mat den USA. Huele mer kuerz eng Kéier den Overshootday. Do si mer de 14. Februar just hannert dem Katar. Bon, Katar ass jo bestëmmt net d'Referenz, déi ee wëllt huelen. An da kënnt d'USA den 13. Mäerz. Déi meescht europäesch Länner sinn awer eréischt am Mee op hirem Overshootday. Dat heescht, Lëtzebuerg muss och eng Kéier sech an d'Politik vun deene leschten néng Joer mat der eegener Nues huelen, well eisen Overshootday ass ëmmer no vir geréckelt anstatt no hannen. Vum 16. Februar si mer elo um 14. Februar. Also musse mer och selwer eng Hand mat upaken, dass eeben dee Klimawiessel net stattfënnt, dass e gebremst gëtt. An dat mécht ee sécherlech net mat 7,5 Cent Remise op der Tankstell wärend dem Summer.

Dofir geet et dréms, elo d'Klima ze schützen, fir eeben déi Dréchenten ze verhënneren. An do wënsche mer eis vill méi Courage vun der nach aktueller Regierung.

Ech kéint jo elo nach eng Kéier alleguerten déi Mesuren, déi d'Virriedner souwisou schonn opgezielt hunn, vum Baue bis Ëmwelt an alles, opzielen. Ech hu mech awer haut op en anert Theema konzentréiert, wat mech och am Summer wärend der Dréchent scho beschäftegt huet, an dat sinn déi Leit op der Strooss, déi immens ënnert dëser Dréchent gelidden hunn.

Ech hat och direkt eng Question parlementaire gestallt, fir eeben drop opmierksam ze maachen, dass déi Leit net d'Méiglechkeet hunn, fir iergendzwousch Schiet ze fannen, fir sech ofzekillen, an dat scho guer net an enger Haaptstad, wou quasi iwwerall Bëton ze fannen ass an ëmmer manner Beem, soudass déi Leit, déi keen Doheem hunn a keen Daach iwwert dem Kapp, keng Méiglechkeet op Schiet hunn.

Deemools gouf leider, trotzdeem dass d'Graden immens héich waren, déi Question parlementaire natierlech net als urgent unerkannt. Ech krut dofir no engem Mount eng net zefriddestellend Äntwert, dass souwisou vusäite vun der Regierung deene Leit net géif geholleff ginn a keng Summeraktioun géif stattfannen.

Dofir hunn ech haut déi Motioun nach eng Kéier matbruecht. Et stoung jo an der Demande vun der LSAP: „als Virbereedung fir déi nächst Hëtztwell". Kéinte mer dann do op de Wee goen a fir déi Leit op der Strooss zumindest virgesinn, dass eng Summeraktioun opgemaach gëtt, fir dass se Schiet hunn, dass se sech kënne schütze virun där Hëtzt?

An déi zweet Motioun, déi ech matbruecht hunn, dat ass, dass jidderee wärend där Hëtztwell och soll Zougang kréien zum Waasser. Et ass esou gewiescht, dass Leit, déi op der Strooss wunnen, leider zum Deel den Zougang verwiert kruten, fir op Toiletten ze goen an hir Bidonen opzefëlle wärend der Hëtztwell. Dofir hunn ech eng Motioun matbruecht, fir eng Kéier festzehalen, dass all déi ëffentlech Gebaier d'Toiletten och fir Leit opmaachen, déi eebe vläicht net esou propper dee Moment ausgesinn, déi eng schwéier Situatioun hunn, dass och déi dierfen op enger Gemeng op eng Toilette goen, zumindest fir de Bidon ze fëllen, fir dass se Waasser hunn.

***Motion 1***

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

*– datt d'Stad Lëtzebuerg an aner Gemengen de Leit mat gratis Trinkbrunnen een onbeschränkten Accès op Drénkwaasser ginn an dat virun allem an deene waarme Méint vum Joer;*

*– datt et a verschiddene Gemengen ëffentlech Toilettë ginn, déi fir jidderee fräi zougänglech sinn;*

*– datt et op ville Plazen am Land nach un engem gratis Accès zu Drénkwaasser an ëffentlechen Toilettë feelt.*

*Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:*

*– all Persoun, déi op der Strooss lieft, et ze erméiglechen, an ëffentlech zougänglechen, staatleche Gebaier op d'Toilette kënnen ze goen oder do e Glas Waasser ze kréien.*

*(s.) Marc Goergen.*

***Motion 2***

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

*– De Klimawandel huet och Lëtzebuerg längst erreecht.*

*– MeteoLux huet dëse Summer vun enger „Rekordsonnenscheindauer" souwéi vun enger vun den héchsten Duerchschnëttstemperature geschwat.*

*– De Summer 2022 war de sonnegsten zënter 1947 an och den zweetwäermsten.*

*– Dës Wiederextremer treffe virun allem déi Schwächst an eiser Gesellschaft. A grad déi gëllt et an dësen Zäite virun den Auswierkunge vum Klimawandel ze schützen.*

*– Virun allem d'Mënschen, déi op der Strooss liewen, si wärend den héijen Dagestemperaturen enger grousser Gefor ausgesat. Si hunn dobaussen net vill Méiglechkeeten, sech virun der Hëtzt ze schützen a sech genuch ofzekillen an ze hydratéieren.*

*– Et gi laut dem Familljeministère zwar schonn eng ganz Rei Mesuren, déi a solche Fäll geholl ginn, mee dës si punktuell a mat groussen zousätzleche Belaaschtunge fir d'Leit um Terrain verbonnen.*

*Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:*

*– d'Wanteraktioun duerch eng „Summeraktioun" ze ergänzen. Et soll am Summer eng Struktur fir Sans-abrisen opgemaach ginn, wou si Schiet fannen, fir sech virun der Sonn an der Hëtzt ze schützen.*

*(s.) Marc Goergen.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Mat deenen zwou Motioune bereede mer eis ganz kloer dorop vir, dass den nächste Summer, wann eng Hëtztwell kënnt, déi Schwächsten am Land och e Schutz kënnen hu virun der Sonn an dass déi Leit an enger Summeraktioun sinn oder mat genuch Waasser ausgestatt ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen. D'Regierung huet ...

*(Interruption)*

D'Madamm Simone Beissel freet d'Wuert.

**Mme Simone Beissel** (DP) | Ganz kuerz, wann Der erlaabt. Här Goergen, ech wollt Iech awer froen, Dir sidd jo oft an der Stad, ob Dir net wësst, dass d'Stad Lëtzebuerg 39 Waasserspender, dobäi der 7 op de Spillplazen a soss ronderëm d'ganz Stad, fir Mënschen a fir Déieren installéiert huet. Déi sinn iwwerall op der Place public an all Mënsch, och déi Leit, vun deenen Dir schwätzt, kënnen do hir Bidone fëllen an alles huelen, wat se brauchen. Ech wollt Iech dat awer soen. Dir mengt awer hei op eemol, d'Stad Lëtzebuerg wär eng hallef Wüüst an d'Leit dierften net op d'Toilettë goen, well just do Lavaboe sinn. Nee, 39 Waasserspender hu mer ronderëm d'Stad installéiert.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Beissel. Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci fir d'Erklärung, Madamm Beissel. Mee ech hat mech eigentlech landeswäit un all d'Gemenge geriicht, wou net all Gemeng e Waasserspender zur Verfügung stellt.

*(Interruption)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Gudde Mëtteg, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci fir d'Geleeënheet, op d'Konsequenzen an d'Suitte vun der Dréchent an der Canicule hei dierfen anzegoen.

Et ass scho vill iwwert d'Statistiken an d'Meteo geschwat ginn, mee et ass tatsächlech esou, dass dee

leschte Summer deen dréchenste säit dem Ufank vun de Miessungen um Findel ass, säit 1947, an och deen zweetwäermste säit den Opzeechnungen.

Allebéid Saache si Konsequenze vum Klimawandel. Dat ass elo wierklech eppes, wat ganz kloer a confirméiert ass an de wëssenschaftleche Gremien duerch d'ganz Welt. Dat heescht, dat musse mer net méi a Fro stellen.

An dat huet natierlech och Auswierkungen op d'Natur, net nëmmen op d'Leit, mee och op d'Natur, op d'Baachen an op eis Flëss. Zum Beispill hate mer Mëtt Juli landeswäit eng niddreg Waassersituatioun a méi kleng Baachbetter am Éislek an am Süde vum Land ware wierklech komplett dréchen. Gréisser Gewässer wéi d'Our an d'Sauer haten och nach just ganz wéineg Offloss an zousätzlech huet dat natierlech derzou gefouert, dass d'Waassertemperaturen an d'Luucht gaange sinn, wat e ganz negativen Impakt huet op déi aquatesch Ekosystemer.

Et ass och wierklech all Grond, fir sech Suergen ze maachen, well mer 2020 eng änlech Stresssituatioun haten, an dat weist natierlech, dass dat doten eppes ass, wat keng Ausnam ass, mee eng Tendenz.

Als aner Auswierkunge kann een och natierlech de Bësch nennen. Dat ass och schonn ugeschwat ginn. D'Biller vun ofgestuerwene Fichtebestänn sinn eis alleguerte present. Den Inventaire phytosanitaire vun dësem Joer, deen d'Bëschbeem recenséiert an op 1.200 Beem kuckt, wéi sech d'Konsequenzen auswierken a wéi et hinne geet, an dat iwwer vill Joerzéngten, weist ganz kloer, dass no dräi relativ voire ganz dréchenen, waarme Summeren tëschent 2018 an 2020 – de Verlaf 2021 war e bësse méi favorabel – och d'Joer 2022 schonn am Fréijoer mat héijen Temperature gläich nom Lafausdriff derfir gesuergt huet, dass wierklech vill Beem staark geschiedegt sinn. Dat heescht, mir hu wierklech effektiv, an et ass schonn ugeklongen, 61 % vun de recenséierte Beem, déi an de Klasse „beschiedegt" bis „ofgestuerwe" sinn. An et ass net sécher, ob déi, déi beschiedegt sinn, sech nach eng Kéier erhuelen. Dat heescht, dat ass wierklech en eeschte Constat.

Wéi huet d'Regierung kuerzfristeg op déi do Saach reagéiert, haaptsächlech op d'Situatioun mam Waasser? Den 13. Juli war schonn e Verbuet ausgeschwat ginn – souguer fir déi, déi Geneemegungen hunn! –, fir Waasser aus de Baachen an de Flëss ze huelen, dëst mam Zil, fir d'Fauna an d'Flora ze schützen an e minimalen Oflaf vun eise scho relativ klenge Waasserleef awer ze garantéieren. Dëst Verbuet konnt de 5. Oktober iwwregens erëm opgehuewe ginn.

Donieft huet d'Waasserverwaltung ab Mee de Verbrauch an den ëffentlechen Drénkwaasserreseauen, zesumme mat de Gemengen an den Drénkwaassersyndikater, ganz genau beobacht. Well et ka sinn, dass et bei steigendem Verbrauch, wat bei héijen Temperaturen de Fall ass, zu Problemer kënnt a vereenzelten ëffentleche Reseauen, well méi Waasser verbraucht gëtt, wéi et aus de Leitungen an de Behälter kann nofléissen.

Zousätzlech wësst Der, dass d'Hallschent vun eisem Drénkwaasser, eisem Krunnewaasser, aus Grondwaasserquelle kënnt. An d'Quellewaasser ass awer och grad an de Summerméint ganz bedeitend fir d'Ekosystemer an de Baachen. Dat heescht, all Waasser, wat net verbraucht gëtt, kënnt de Baachen am Summer zegutt.

Dofir ass och de Verbrauch vum Drénkwaasser eppes, wat mer ganz genau beobachten. An den 13. Juli gouf bei dësem Drénkwaasserverbrauch och de Seuil iwwerschratt an d'Waasserverwaltung huet gefuerdert, eng Phase de vigilance auszeruffen an dozou landeswäit d'Leit opzeruffen, fir virsiichteg mam Verbrauch vum Krunnewaasser ëmzegoen. Dat heescht, dass een et méiglechst net soll notze fir d'Nätze vu privaten an ëffentleche Flächen an och net, fir Autoen domadder ze botzen. Dat si Besoinen, déi net ganz essenziell sinn an déi ee soll, wa méiglech, net maachen an deenen dote Situatiounen.

Mat Ausnam vun dräi Gemenge koum et net zu enger kriddeleger Situatioun, datt et huet missen zu obligatoresche Restriktioune kommen.

Um Ufank vum Congé collectif huet sech d'Situatioun erëm e bësse berouegt an de Verbrauch ass significant erofgegaangen an d'Phase de vigilance ass dofir de 4. August erëm opgehuewe ginn, wat awer net heescht, dass een dann a Situatioune wéi och elo, wann et meteorologesch net esou dramatesch ass, net soll spuersam mam Waasser ëmgoen. Dat soll een ëmmer maachen an et prioritär fir Drénken, Iessen a kierperhygieenesch Zwecker notzen. Voilà.

Et ass awer net, dass d'Regierung op dës Canicule gewaart huet, fir och laangfristeg Strategien ze definéieren an ëmzesetzen. Dat ass och virdru schonn ugeklongen. Mir wëssen, d'Dréchent an déi ganz Extreemer sinn eppes, wat sech ëmmer erëm wäert bemierkbar maachen an den nächste Joren. Dofir gouf och 2018 schonn, an dat gouf och scho kloer gesot, vu menger Virgängerin eng laangfristeg iwwergeuerdent Klimaupassungsstrategie definéiert fir iwwer 13 verschidde Secteuren, déi besonnesch speziell viséiert waren, mat iwwer 40 prioritäre Moossnamen, déi definéiert goufen, och fir de Schutz vum Mënsch. An och hei waren Elementer vun Assurancë scho virgesinn.

Dëst muss ugepasst ginn, dat ass ganz kloer. Mir sinn och elo schonn amgaang, dorunner ze schaffen. D'nächst Joer soll dës Strategie ugepasst ginn an do wäerte ganz kloer Léieren, déi mer och elo gezunn hunn aus deene rezenten Erfarungen, hei mat afléissen.

Elementer vun der Ëmsetzung kann ech just beispillhaft hei opféieren. Dat ass ganz kloer, dass mer do villes scho gemaach hunn.

De Klimapakt 2.0 ass och hei schonn ugeklongen. Dat ass en Outil, dee sech bewäert huet. Deen ass virun zéng Joer agefouert ginn an en huet wierklech iwwert d'Joren ëmmer méi Succès gehat. Sämtlech Gemengen – bis op eng, déi amgaang ass ze fusionéieren – si mëttlerweil dem Klimapakt 2.0 bäigetrueden.

Och den Naturpakt ass e ganz wichtegen Outil, fir och Klimaupassungsstrategien an de Gemengen ëmzesetzen, wéi urban Gäert unzeleeën, wéi och Begréngungspläng. Och fir déi Elementer kritt een elo als Gemeng scho Punkten an déi sinn och ganz, ganz wichteg an dësen Zäiten, mir wëssen et.

Och de Klimabonusbësch ass eppes, wat d'lescht Joer agefouert ginn ass. Dat ass e järleche Subsid fir Privatbëschbesëtzer, déi hir Bëscher méi naturno a resilient geréieren. Dat ass och e wichtegen Outil. Mir wëssen, dass mer de Bësch an dësen Zäite ganz néideg brauchen, och als Partner géint de Klimawandel, well en nieft dem Schiet an dem Refuge, deen en ass fir Biodiversitéit, natierlech och $CO_2$ spächert. Voilà.

Zousätzlech zu dëser Strategie ginn et awer och eng Rei thematesch Pläng a Strategië wéi am Waasserberäich. Dovun hunn ech zum Deel d'lescht Woch schonn hei geschwat. De Waasserbewirtschaftungsplang ass ee Beispill, den Héichwaasserrisikoplang en anert, an och d'Strategie fir d'Ofsécherung vum Drénkwaasser, wat jo och elo schonn hei erwäänt ginn ass, d'Sécherheet vun der Drénkwaasserversuergung, berout op esou gudde Strategien.

A puncto Biodiversitéit gëtt et natierlech och eng Rei vun Elementer wéi zum Beispill den Nationalen Naturschutzplang, deen och am Moment an der Enquête publique ass an dee muer och nach eng Kéier mat deene verschiddenen Acteuren am Detail wäert ugeschwat ginn. Deen drëtten dovun wäert hoffentlech dëst Joer nach finaliséiert kënne ginn, mir schaffen do op alle Fall mat Héichdrock drun, deen zum Zil huet, d'Aartevillfalt ze schützen, wat och en Element ass vun der Klimaupassung.

An och hei am Kader vun der Biodiversitéit si mer amgaangen, en Appel à projet un d'Gemenge virzebereeden, fir justement d'Begréngung an de Stied eeben och do nach e Schrëtt weiderzebréngen.

Wéi gesot, d'Begréngung vun de Stadzenteren, och d'Restauratioun vu Biotope sinn Elementer vun deem Biodiversitéitsplang, wou mer am Moment dru schaffen, wat och ganz wichteg ass am Kader vum Klimawandel.

Konkreet am Bëschberäich: Wéi Der wësst, ass e Bëschgesetz och um Instanzewee, dat nach zousätzlech déi naturno Gestioun vum Bësch soll stäerken, och hei, an dat ass och virdrun ugefrot ginn, ganz kloer och d'Notzung vun einheimeschen Aarten, och standuertgerechten Aarten, bei der Verjéngung vum Bësch soll zousätzlech nach verstäerken. Hei gëtt et och elo schonn en Tableau, de Fichier écologique des essences, deen och elo scho relativ gutt benotzt gouf a sech och scho bewäert huet. Dat wäert an Zukunft e Reglement ginn, en ausféierend Reglement vun dësem Gesetz, wat ech hoffentlech an den nächste Wochen eng Kéier ka mat Iech hei an dësem Raum diskutéieren.Jo, dëst Bëschgesetz wäert och nach zousätzlech Rechter a Sécherheeten och fir d'Privatbëschbesëtzer mat sech bréngen.

Et ass an de leschte Joren och ganz vill an engem Aarbechtsgrupp „Resilience vun eise Bëscher" geschafft ginn, wou och ganz kloer zum Droe koum, dass en Ewechbrieche vun de Monokulturen an de Bëscher e ganz wichtegt Element ass vun eisen nohaltege Bëscher an eng Diversitéit. Dat ass eppes, wat och wäert zousätzlech d'Bëscher stäerken an am Bëschgesetz och nach zousätzlech eng Kéier eng Verstäerkung kritt.

De Programme forestier national ass eppes, wat mer de Mueren eigentlech quasi mat enger Aarbechtsgrupp a mat breet ugeluechten Acteuren diskutéiert hunn. Dat ass e Programm, deen och elo aktualiséiert gëtt, deen zousätzlech zum Bëschgesetz en Element gëtt, eng Basis, fir zousätzlech zukünfteg politesch Decisiounen. An dofir ass et ganz wichteg, soubal mer de Bësch fir esou vill verschidde Funktioune brauchen an en och vu ville verschiddenen Acteure benotzt gëtt, dass mer all déi Acteuren hei an enger Table ronde mat abanne fir dëse Programm. An do schaffe mer och drun. Voilà.

Vläicht elo nach e puer Beispiller. Virdru gouf – dat wollt ech dann och nach soen – ugeschwat, wéi dat mat der Planung ass vun neie Quartieren, an et gouf zum Deel och scho beäntwert. Et gëtt en Outil, e Guide iwwert d'klimaökologesch Analys vun de Stadzenteren, déi bei der Planung vun neie Quartiere kann a soll genotzt ginn. Dat ass en Outil, dee vun der Ëmweltverwaltung erstallt gouf an deen ech nëmme ka recommandéiere bei der Planung vun neie Quartieren, fir och do eeben esou Hëtztinsele vun Ufank un ze evitéieren. Voilà.

Wat ass nach vu kuerz- a laangfristege Moossname grad am Waasserberäich scho geholl ginn? Am Waasserschutz zum Beispill, Dir wësst, dass feelende Reen net kann an de Baachen ersat ginn. An dat Waasser, dat verbleift, muss esou gutt wéi méiglech

geschützt ginn. Mir sinn eeben op enger Plaz, wou mer eis zwëschent zwee Anzuchsgebidder eis situéieren. Dat heescht, eis Waasserleef si ganz kleng. An dofir muss dat Waasser, dat dran ass, onbedéngt geschützt ginn, qualitativ an och, wat d'Temperaturen ugeet.

Héich Temperature féieren zu zousätzleche Problemer. Wat d'Temperatur méi niddreg ass, wat méi Sauerstoff am Waasser bleift, wat den aquatesche Liewewiesen d'Liewe méi einfach mécht. Dat heescht, et ass ganz wichteg, dass mer einfach Moossnamen ..., wéi zum Beispill Uferrandstreifen a Korridoren uleeën op deenen zwee Borde vun de Gewässer. Dat sinn da relativ einfach Moossname mat Gehëlzer, déi derzou féieren, dass Schiet op de Gewässer bleift. An dat ass zousätzlech zu dem Renaturéieren eng Moossnam, déi mer och an eisem Waasserbewirtschaftungsplang staark wäerten ënnerstëtzen. Dat ass elo ee Beispill.

D'Waasserqualitéit ass natierlech och grad wichteg, wann de Waasserstand ganz niddreg ass. An dofir ass och d'Opréschtung vun de Kläranlagen e wichtegt Element vun eisem Waasserbewirtschaftungsplang.

Ech wollt hei nach eng Kéier bemierken, dass mir fir sämtlech Moossnamen, wat Waasserschutz an Héichwaasserschutz ugeet, 483 Milliounen Euro am Waasserfong reservéiert hu bis 2027. An och do, ech ënnerschreiwen do quasi all Dag Projeten, déi ëmgesat ginn, fir déi Saachen ze ënnerstëtzen, déi ech elo grad erwäänt hunn. Voilà.

Drénkwaasser, och dat ass ganz wichteg, dass mer domadder suergsam ëmginn. Et ass schonn eng Kéier ugeklongen: Mir hunn och hei eng Strategie, déi op dräi Piliere berout: de Schutz vu bestoende Sourcen, Waasserspuermoossnamen an zousätzlech Ressourcen erschléissen. Et gouf och schonn an anere Kontexter hei am Detail eng Kéier ugeschwat, dofir wëll ech elo net méi heirop agoen.

Mir hunn awer an de leschte Joren, zesumme mat eiser Waasserverwaltung an och mat verschiddene Gemengen, verschidde Méiglechkeeten ausgelot am Kader vu Pilotprojeten. Och dat gëtt nach weider ausgebaut, souwuel bei den Haushalter wéi och bei de klenge Betriber.

An der Industrie an och am landwirtschaftleche Secteur goufe Méiglechkeeten erfuerscht, fir ze kucken, wéi nach Waasser ka gespuert ginn.

Bei den Haushalter besteet e ganz grousst Potenzial, engersäits duerch d'Verhalensännerung. Och domadder kréie mer iwwert d'Drénkwaassergesetz nei Méiglechkeeten, well mer doranner eng Méiglechkeet aféieren, fir an de Rechnungen ..., oder eng Obligatioun fir d'Rechnungen, déi an d'Stéit kommen, fir do iwwert de Waasserverbrauch ze renseignéieren, wat och e ganz wichtege Moyen ass, fir de Leit Bewosstsäin doriwwer ze verschafen, wéi vill Waasser consomméiert gëtt. Do wäerten och nach zousätzlech Campagnen, Drénkwaasserspuercampagnen, organiséiert ginn.

An dann ass och kloer, dass duerch d'Drénkwaassergesetz, wat jo och hoffentlech geschwënn hei eng Kéier wäert kënnen thematiséiert ginn, och zousätzlech Méiglechkeeten, Obligatioune wäerten entstoen, fir op ëffentleche Plazen Zougang zu Drénkwaasser ze kréien, zu Krunnewaasser.

Jo, zousätzlech Waasser spueren: Déi Installatiounen, wéi zum Beispill Armaturen oder Duschkäpp, déi waasserspuerend sinn, sinn am Moment och Elementer, wou mer amgaang sinn, Pilotprojeten ze maache mat eenzele Gemengen. An Erfarungen, déi mer do wäerte gewannen, wäerte mer ganz gären a Form vu Recommandatioune méi breet herno ugewannt gesinn.

Och d'Subsitutioun vun Drénkwaasser: Net fir all Gebrauch brauch een Drénkwaasser. Et kann een och Reewaaser asetzen oder Growaasser. Do lafen och am Moment Pilotprojete an der Planung vun neie Quartiere mat zum Beispill der Gemeng Schëffleng oder och zu Clierf am Lycée, wou mer Projete lafen hunn, fir déi do Saachen ze préiwen an och d'Ëmsetzung dovun herno nach kënne besser ze ënnerstëtzen.

Am landwirtschaftleche Beräich hu mer och Projeten um Lafen, fir zum Deel Klärwaasser ze notzen, awer och, fir och do Waasserspuermoossnamen ..., grad am Uebst- a Geméisbau, aner Zorte vu Gewässer, och vu Growaasser, ze benotzen. Hei lafe Pilotprojeten, déi mer och wëllen an Zukunft nach ausbauen.

Am Industriesecteur, do gëtt och nach zum Deel ganz vill Drénkwaasser zu Killzwecker benotzt. Och dat muss net sinn. Hei hu mer mat Fuerschungspartner och Projete gemaach, wou mer am Moment amgaang sinn, d'Konklusiounen dovun ze zéien an doranner och Recommandatiounen auszeschaffe fir d'Zukunft.

Déi Dréchent, déi mer leschte Summer haten, huet eis all nach eng Kéier gewisen, wéi limitéiert eis Ressourcë sinn an dass mer suergsam musse mat deene Ressourcen ëmgoen. Dëst ass dofir och ganz wichteg, nach eng Kéier ze ënnersträichen, dass eis Regierung net gewaart huet, fir verschidde Moossnamen an och Strategien en place ze setzen. Dës ginn an Zukunft nach weider verdéift, aktualiséiert an nach weider verstäerkt ëmgesat mam Zil, eis Gewässer ze schützen, eis Biodiversitéit ze erhalen, an dëst am Aklang mat den Interesse vun de Mënschen, an domat d'Auswierkunge vun der Dréchent an och Iwwerschwemmungen ze reduzéieren.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring.

***Motions***

Ier mer dëse Punkt kënnen ofschléissen, musse mer nach erëm iwwert déi zwou Motioune befannen.

***Motion 1***

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1. Den Här François Benoy freet direkt d'Wuert. Här Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, villmools merci, Här President. D'Madamm Beissel huet jo grad schonn e ganz gutt Beispill genannt, dass och haut schonn eng ganz Rei Gemengen an Acteure sech wierklech Suergen drëm maachen, dass d'Waasser am ëffentleche Raum disponibel ass, dass Drénkwaasser disponibel ass. Dat heescht, mir hunn haut schonn eng Realitéit, dass a ganz ville Gemengen op ganz ville Plazen net nëmme fir d'Drénkwaasser sensibiliséiert gëtt, mee dass et och accessibel gemaach gëtt.

Ech wëll an deem Kontext och drop hiweisen, dass mer immens frou sinn als Fraktioun, dass mam Gesetzesprojet 7995, wéi d'Ministesch et och grad scho gesot huet, dat awer nach weidergemaach gëtt, dass den Accès zum Drénkwaasser wierklech favoriséiert gëtt an dass mer domadder grad un engem Gesetz an der Ëmweltkommissioun schaffen, wou wierklech den Accès zum Drénkwaasser fir jiddwereen – am Text steet „à tout le monde", „à tous" –, dass dat nach weider soll verbessert ginn. Am Artikel 16 steet dat an dat soll notamment gemaach ginn iwwert den Espace public. An deem Sënn brauche mer déi heite Motioun net.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Benoy. Dann huet den Här Paul Galles d'Wuert gefrot.

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President. An och merci dem Marc Goergen fir den Depot vun dëser Motioun. Ech kann den Impuls ganz gutt verstoen. Elo ass natierlech d'Bemierkung, déi d'Madamm Beissel gemaach huet, scho ganz richteg. An ech mengen, déi gëtt schonn eng grouss Erklärung, firwat dass mir eis hei wäerten enthalen.

An et ass awer trotzdeem ... Och an der Motioun selwer gëtt geschriwwe vu staatleche Gebaier. Dat ass e relativ generellen Term. Do fale ganz vill Gebaier drënner. An dat geet héchstwarscheinlech e bëssen ze wäit, fir dann derfir ze suergen, dass an all deene staatleche Gebaier da genau dat zur Verfügung steet, wat hei gefrot ass.

Et wär vläicht méi interessant, et ëmgekéiert ze maachen an de Gemengen ze recommandéieren, dass all Gemeng gratis ëffentlech Toiletten huet, also déi Gemeng, déi dat eeben huet oder kéint hunn, fir dann an deenen Toiletten dann eeben och do e Glas Waasser kënnen ze kréien.

Dofir, mir wäerten eis enthalen. Mir verstinn den Impuls, awer d'Erklärung war jo schonn do, woufir mer mengen, dass dës Motioun net de richtege Wee ass.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Galles. Dann huet den Här Gilles Baum d'Wuert gefrot.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci, Här President. Ech wollt drop hiweisen, dass et eng Aktioun gëtt, déi landeswäit, mengen ech, deem engen oder anerem bekannt ass, deen an de Gemengen aktiv ass, dat ass den „Drëpsi". „Drëpsi" heescht dat an do gëtt et och eng App an do sinn effektiv alleguerten déi Gebaier, déi zougänglech sinn, fir gratis Waasser ze kréien, repertoriéiert. Dat heescht, wann een, ech soen elo emol, zu Esch ass, kann ee kucken, wou een do da kann eppes drénke goen.

Wéi de Kolleeg Paul Galles et gesot huet: Hei ass et awer effektiv e bëssen allgemeng gehale mat den ëffentlech zougängleche Gebaier. Ech muss Iech elo éierlech soen, wann ech elo hei bei eis kucken, ech wär vläicht net ganz frou, wann elo de Finanzministère oder e Landwirtschaftsministère géifen opgemaach ginn an dass all Mënsch do kéint eran op d'Toilette goen an do kéint drénke goen. Ech mengen, dat wär vläicht e bëssen iwwerdriwwen.

*(Brouhaha)*

Bei de Gemengen: Ech mengen, d'Gemenge kënne mer nach mat an d'Boot huelen. Déi Gemengen, déi beim „Drëpsi"-Projet nach net dra sinn, do kann ee vläicht en Effort maachen, nach eng Kéier motivéieren. Mir hunn zu Jonglënster fënnef Plazen an der Gemeng, wou d'Leit kënnen drénke goen.

Wéi gesot, dat soll een, mengen ech, promouvéieren, den „Drëpsi"-Projet. Mee ech géif och menger Fraktioun proposéieren, déi heite Motioun net ze stëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Baum. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Also, dat, wat den Här François Benoy gesot huet, also dat fannen ech ..., grad dofir misst een déi heite Motioun matstëmmen! Also mir wäerte se matstëmmen, well firwat soll net op enger ëffentlecher

Plaz d'Toilette op sinn, fir kënnen op d'Toilette ze goen?

Ech mengen, déi Fraen, zumindest emol déi Fraen, déi heibanne sinn, déi wäerte jo awer emol wëssen, wa se eng Toilette sichen, datt ee ganz wéineg ëffentlech Toilettë fënnt. A wann ee se fënnt, si se och nach net grad där proppersten!

*(Brouhaha)*

An ech weess net, wéi eng Stad et ass, mee et si Stied am Ausland, déi maachen zum Beispill en Deal mat hire Cafetieren, datt déi d'Leit op d'Toilette goe loossen, an da bezuelen d'Gemengen hinnen e klengen Obolus zréck, well da jo awer Waasser verbraucht gëtt a méi Toilettë musse gebotzt ginn. Dat ass vläicht eng Pist, op déi ee ka goen.

Datt déi heiten esou ganz oppe gehalen ass, fannen ech ganz gutt. An ech soe just eent hei: Vis-à-vis vu mir sëtzen dräi Parteien, déi hunn emol gesot virun enger Zäit, si hätte gären oppen Dieren, oppe Fënsteren, frësche Wand, de Mif eraus!

*(Brouhaha et interruptions)*

Maja, dann ass dat hei dach ganz sympathesch, wa Leit och a Gebaier era kënne goen an do op d'Toilette kënne goen. Dat ass jo awer guer kee Problem. Also mir stëmmen déi op alle Fall mat, Här Goergen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. An da ginn ech d'Wuert zréck un den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Mir hunn eis elo e bëssen hei verrannt mat de Waasserspender ...

*(Brouhaha)*

... vun eenzelne Gemengen oder soss iergendeppes. Also, meng Iddi dohannert war, fir generell eeben déi Gebaier – wann déi Hëtzt ass, wuelverstan! – opzemaachen, dass ee kann op d'Toilette goen.

Bon. Ech muss awer do op dem Här Baum seng Interventioun elo reagéieren, well déi huet mech awer elo e bësse schockéiert.

*(Interruptions)*

Also, ech hoffen net, ech hoffen net, an ech appeléieren awer do un de President vun dëser Chamber, wann do ënnen ee géif stoen, deen duuschtereg wär an e Besoin hätt, dass déi Dier zou wär, mee dass de President esou mënschlech wär an d'Verwaltung esou mënschlech wär, fir där Persoun, déi Duuscht huet oder e Besoin huet, do ënnen ze hëllefen.

*(Brouhaha)*

Mir si keng besser Leit. Eis Toilettë kënnen och aner Leit benotzen, wann dee Besoin dréngend do ass. Ech verstinn net, wéi een do ka soen, nee, mir géife kee Waasser ginn!

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen.

Ech mengen, mir kënnen elo zum Vott vun der Motioun Nummer 1 kommen.

***Vote sur la motion 1***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen a 25 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen ) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. François Benoy), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Félix Eischen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

***Motion 2***

Da komme mer elo zur Motioun Nummer 2, wou et drëm geet, fir d'Wanteraktioun duerch eng Summeraktioun ze ergänzen.

Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Jo, merci, Här President. Merci dem Auteur vun dëser Motioun. Mir wäerten dës Motioun net matstëmmen, well mer d'Necessitéit net agesinn. Mee mir kënnen eis awer gären dovun iwwerzeege loosse vun de Fachleit.

Mir sinn eis jo eens, dass et sécher zu kenger Hëtztwell méi wäert komme bis virum éischten Dezember. Den éischten Dezember ass den Datum, wou d'Wanteraktioun wäert opgoen. An Dir wësst et oder Dir wësst et net, dass d'Familljekommissioun wäert bei Inter-Actions goen, fir mat de Responsabelen ze diskutéieren an ze kucken, wéi d'Wanteraktioun fonctionéiert. Dat hu mer virgesinn, dat ze maachen, ier se opgeet. A priori, ausser d'Wiederkonditioune géife sech ganz séier änneren, geet se jo den éischten Dezember op. Da gesi mer déi Responsabel.

Da kann ech Iech ubidden, dass mer dann do an deem Austausch, dee mer hunn, dass Der hinnen dann natierlech och déi heite Froe kënnt opwerfen. A wann Der dann do géift gesinn, dass een hei déi Necessitéit gesäit, oder mir alleguerten, da kënnt Der déi heite jo selbstverständlech nach eng Kéier eraushuelen. Bis dohinner wäert sech jo an deem heiten Dossier sécherlech meteorologesch gesinn op d'mannst näischt doen, soudass dat eppes wier, wéi gesot, wat ech Iech kéint ubidden.

Mee wéi gesot, wann Der se géift zum Vott stellen, géife mer se net matstëmmen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Hahn. An da ginn ech d'Wuert weider un den Här Paul Galles.

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci nach eng Kéier, Här President. Och nach eng Kéier merci dem Marc Goergen fir déi heite Motioun. Ech fannen déi Propos vum Max Hahn eigentlech ganz interessant, dass ee sech eng Kéier mat den Acteuren och consultéiert.

Meng instinktiv Reaktioun war elo ze soen: Summeraktioun ass net gläich Wanteraktioun. Also, am Wanter si mer an anere Konditiounen. Do sinn d'Mënsche souwisou dobannen. Do mécht et och iergendwou Sënn, se op enger Plaz dann zesummenzehuelen, wa se eebe geschützt solle gi virun den déiwen Temperaturen. Am Summer, wou eigentlech de Zock ass, dobaussen ze sinn, mécht et am Sënn vun enger sozial politescher Approche net onbedéngt dee selwechte Sënn, fir se op enger Plaz zesummenzehuele wéinst den héijen Temperaturen.

An da muss een och nach kucken: Ech denken, dass d'Streetworker awer scho ganz vill och do maachen, och ganz vill ubidden. Dat ass elo zumindest emol meng Approche oder mäi Gefill bei där Saach.

Dofir, mir géifen eis hei enthalen, well mer den Impuls verstinn, wa se elo zum Vott géif gestallt ginn. Awer déi Approche vum Max Hahn ass natierlech interessant, fir dann iwwert d'Kommissioun dann iwwerhaapt déi doten Donnéeën och eranzehuelen.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Galles. Ech mengen, da kënne mer och zum Vott ... Nee, d'Wuert geet nach eng Kéier zréck un den Auteur, den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also, a sech sinn ech elo der Iwwerzeegung, dass mer weeder eng Summeraktioun nach Wanteraktioun sollte maachen, mee eng Ganzjoresaktioun, fir de Leit ze hëllefen.

Ech fannen den Datum vum éischten Dezember och ongléckelech. Mir sollten de Leit och elo schonn hëllefen, dat ganzt Joer iwwer, an net soen als Regierung: „Mir maachen eréischt den éischten Dezember op!"

Ech ka mat der Schlussfollgerung liewen, dass mer se am Suspens halen – ech mengen, dat wier déi Versioun, déi Der elo virgeschloen hätt – a se nom 1. Dezember nach eng Kéier an der Plenière diskutéieren oder an enger Kommissioun.

Mir geet et einfach drëm, dass déi Leit op der Strooss nächste Summer, wann erëm esou eng Hëtztwell kënnt, Schiet hunn. Dat ass dat, wat ech wëll erreechen. A wa mer doduerjer, duerch de Suspens, dat kënnen erreechen a mat deene Leit schwätzen ... Well ech hu mat de Leit um Terrain geschwat an déi hu mer alleguerte gesot, dass dat gefeelt huet am Summer, fir ënnerdaach ze kommen.

Ob dat eng Wanteraktioun ass oder ob d'Gemengen herno hir Centre-culturellen opmaachen, déi souwisou iwwert de Summer eidel sinn, fir Schiet, dat sief dohinnergestallt. Et soll einfach eppes sinn, wou d'Leit Schiet fannen a sech e bësse kënnen ofkillen.

Also setze mer se an de Suspens. Ech sinn averstanen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Goergen, verstinn ech dat richteg, datt Der d'Motioun zréckzitt?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Nee.

**M. Fernand Etgen,** Président | Dir sot „en suspens". Well mir hu schonn esou vill Motiounen am Suspens a mir wëllen am Fong geholl dee Stock, dee mer do hunn, esou niddreg wéi méiglech halen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Also, Här President, ech wëll, dass déi Summer- a Wanteraktioun fir d'Leit kënnt. An dofir war dat elo de Kompromëss, dass mer mat de Leit um Terrain schwätzen. Wann dat elo formell e Problem ass, dann huelen ech se haut zréck an ech bréngе se nom éischten Dezember, wann Der dat léiwer hutt.

**M. Fernand Etgen,** Président | Richteg. Da kënnt Der se nach eng Kéier nei deposéieren.

Ok. Ech mengen, domadder ass déi Motioun zréckgezunn.

*(La motion 2 de M. Marc Goergen est retirée.)*

## 6. 8083 – Projet de loi portant mise en œuvre de la baisse temporaire du taux de TVA et modifiant la loi du 12 mai 2022 instaurant une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers

Da kënne mer zum nächste Punkt kommen, dem leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut. Dat ass de Projet de loi 8083 iwwert d'Ëmsetzung vun dräi Mesuren, déi wärend der Tripartite vum 28. September festgehale gi sinn.

A wéi eng Mesuren datt dat sinn, dat wäert eis elo de Rapporter vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum, soen. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »***

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, deen ech Iech haut virstellen, ass deen éischte vun enger Serie vu Projeten, déi am Kader vum Solidaritéitspak 2.0 hei an der Chamber wäerten diskutéiert a gestëmmt ginn.

Den zweeten Tripartite-Accord, deen d'Regierung mat alle Sozialpartner den 28. September ënnerschriwwen huet, huet jo als iewescht Zil, éischtens emol d'Inflatioun ze bekämpfen, zweetens d'Kafkraaft vun de Leit ofzesécheren an drëttens d'Käschte vun de Betriber, esou wäit et geet, niddreg ze halen.

An ech brauch Iech heibannen net – ech mengen, kengem heibannen – ze erklären, wat grad am Moment d'Inflatioun massiv undreift: Dat sinn d'Energiepräisser, dat ass de Präis vum Pëtrol, vum Gas a vum Masutt.

An dëse Projet, dee besteet am Fong aus zwee Voleten: Deen éischte Volet, do geet et ëm alles, wat d'Energiepräisser sinn, an deen zweete Volet, do geet et ëm d'TVA.

Follgend dräi Mesuren, wat d'Energiepräisser ugeet:

Déi éischt Mesure: D'Subventioun um Masutt fir Privatstéit, déi gëtt ab dem 31. Oktober, an dat bis zum 31. Dezember 2023, op 15 Cent pro Liter gehéicht. Momentan gouf de Masutt mat 7,5 Cent um Liter subventionéiert. Dat ass e Käschtepunkt, deen de Staat ze droen huet, vun 33 Milliounen Euro.

Déi zweet Mesure, do geet et ëm de GPL, de Gaz de pétrole liquéfié en citerne. Dat heescht, et geet net ëm d'Leit, déi un de Gasreseau ugeschloss sinn, mee et geet ëm d'Leit, déi wierklech en Tank bei sech doheem hunn an déi dann de Propangas heemgeliwwert kréien. Tëschent dem 31. Oktober vun dësem Joer bis den 31. Dezember d'nächst Joer kréien d'Leit hei och gehollef, an zwar gëtt et 20 Cent um Kilo, déi de Staat hei wäert iwwerhuelen. Dat ass eng Ausgab, déi sech op zwou Milliounen Euro chiffréiert.

An déi drëtt Mesure, dat ass eng, déi Der kennt, well iwwert déi hu mer de Mëtteg scho geschwat. Do geet et ëm de rouden Diesel an der Landwirtschaft, awer och an der Forstwirtschaft a bei de Wënzer. Do hate mer den 12. Mee e Gesetz geholl, wat ausgelaf ass den 31. Juli. Wéi dunn op den Tankstellen e Mount verlängert ginn ass, ass och dat doten automatesch verlängert ginn, ouni dass mer awer heibannen d'Gesetz ugepasst haten. Dat heescht, mir ginn elo retroaktiv déi Upassung maachen op den 31. August vun dësem Joer, dat heescht fir wat een nennt de „rouden Diesel". An dat ass fir de Staat en zousätzleche Käschtepunkt nach eng Kéier vun 200.000 Euro.

Kolleeginnen a Kolleegen, en zweete Volet, dee betrëfft d'TVA. Do wäert et am Joer 2023 zu enger Baisse vun 1 % kommen op alleguerten den TVA-Sätz. Den normalen Taux geet erof vu 17 % op 16 %, den Taux intermédiaire vu 14 % op 13 % an den Taux réduit geet erof vun 8 % op 7 %.

Fir nach eng Kéier ganz kloerzestellen: Dës Reduktioun op der TVA bezitt sech net nëmmen op d'Energiepräisser, mee op alleguerten d'Produiten an och d'Servicer, déi dobaussen ugebuede ginn. Op all deene gëtt ab dem 1. Januar e méi déiwen Taux applizéiert. Dat heescht, déi TVA-Reduktioun wäert déi ganz Panoplie vu Produiten a vu Servicer natierlech betreffen. Dëst ass eng Mesure, déi natierlech och dozou soll bäidroen, fir d'Inflatioun 2023 ze bremsen. An de Finanzministère huet eis ausgerechent, dass do mat engem Déchet fiscal vun 317 Milliounen Euro ze rechnen ass.

Zum Schluss kann ech Iech da soen, dass dës Mesuren zesummegeholl e Käschtepunkt wäerten hu vun 352,5 Miliounen Euro.

Wat déi verschidden Avise betrëfft, do kann ech op mäi schrëftleche Rapport verweisen.

Ech soen Iech alleguerte Merci, dass Der nogelauschtert hutt, an ech ginn elo schonn den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | An ech soen dem Här Rapporter Gilles Baum villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV wäert dëse Gesetzesprojet matstëmmen, well d'Erofsetze vun der TVA, besonnesch op den Energieprodukter, dat war och eng vun de Propose vun eis, déi mer schonns am Juni gemaach haten am Kontext vun der Energiekris. A mir stinn och haut zu eisem Engagement.

Dës Moossnam mag fir deen een oder aneren net sozial cibléiert sinn oder mat der Géisskan, wéi et ëmmer esou schéin heescht, iwwert d'Land gefuer. Mir respektéieren als CSV déi Meenung, mee mir deele se net, well mer der Meenung sinn, dass et elo an dëser Kris heescht, direkt ze handelen.

Dat, wat fir eis awer wichteg ass, dat ass: Wa mer elo als Gesetzgeeber zréckbehalen, fir d'TVA erofzesetzen, jo, da muss se och hanne beim Bierger ukommen! Well soss ass nämlech dat Zil, wat ee sech setzt a wat awer de Steierzueler – mir mussen dat jo eng Kéier soen – 317 Millioune kascht, soss ass dat net erreecht!

An den Tripartite-Accord gesäit dat jo ausdrécklech vir, well do steet: „Le Gouvernement et l'UEL" – also d'Unioun vun den Entreprisen – „appellent les entreprises à ce que cette baisse de la TVA soit répercutée sur les prix des produits et services de façon à déployer pleinement son effet de freinage de l'inflation."

Dat heescht am Kloertext: D'Entreprisë kréien hei déi TVA-Reduktioun, déi se kënnen applizéieren, wouduerch natierlech hir Produkter – ech denken zum Beispill un Autoen, ech denken och am Bau, well do spillt se am meeschten –, wou déi méi interessant sinn. Allerdéngs heescht et och, dass se matspillen, fir dass déi Inflatiounskurv no ënne ka gefuer ginn. Well soss ass der Saach näischt gedéngt!

An Dir hutt alleguerte matkritt, dass de Statec d'Inflatioun bei eis fir de leschte September op ronn 7 %, 6,9 %, chiffréiert huet. Mir hunn och gesinn: Eurostat, dat ass de Moie komm, déi hunn eng Inflatioun fir Lëtzebuerg op September gerechent vun 9 %. Also, dat ass scho substanziell!

A mir wieren och do als CSV frou, wann déi TVA-Reduktioun net nëmme bei Produiten ugewannt géif ginn, wou et einfach ze berechnen ass – en Auto, deen huet en Nettopräis, an dat gesitt Der, wann Der e kafe gitt, da steet herno d'TVA als Plus derbäi –, mee och an deem, wat d'Leit alldeeglech ze kafen hunn an de Supermarchéen, um Niveau vun de Servicer, well do spillt et och, Kleeder oder aneres, dass et do applizéiert gëtt, well soss bréngt dat hei net ganz vill an d'Bierger bezuelen déi ëm déi 300 Milliounen Euro erëm zréck. Well déi 300 Milliounen Euro, fir et eng Kéier ze soen, dat ass d'Equivalenz, wat de Staat kasséiert bei enger Indextranche. Also, mir schwätzen hei net vun näischt!

Den zweete Punkt ass och deen – de Gilles Baum ass drop agaangen – faméisen Heizungsmasutt. Mir hunn och deemools gesot, dass soll de Präisdeckel, dat war eis Propos, op dem Heizungsmasutt geschéien. Mir stinn och zu där Moossnam, fir hei déi Subventioun um Heizungsmasutt, wat elo ass 7,5 Cent, fir déi op 15 Cent als Rabatt eropzesetzen.

Ech soen Iech och ganz einfach, firwat: Et kann een net all Mënsch op eng Wärmepompel drainéieren. An iwwregens, dat héiert een ëmmer méi: Och eng Wärmepompel brauch Elektresch; also déi gëtt et net zum Nulltariff! An eng Wärmepompel, et si jo eng Rei vu Buergermeeschteren heibannen, Dir wësst, déi Wärmepompelen, wat der ëmmer méi kommen, also deen ee setzt se hanne bei sech op den Eck vum Gaart an deen aneren ass awer direkt drop, fir ze reklaméieren, wat ech och duerchaus kann novollzéien.

An ech mengen, et wier wichteg – den Energieminister ass hei –, et wier och gutt, wann d'Regierung géif dee Message mat un d'Inneministesch huelen, fir dass ee vläicht landeswäit eng Reegel géif fannen, dass een eng Wärmepompel en dehors vun dem Gabarit vun engem Haus, an dat si jo meeschtens flaach Diecher, op den Daach ka setzen. Well nämlech do geet de Schall an d'Luucht an dee Moment ass deen een an deen anere manner dervu genéiert. An iwwregens héiere mer aus dem Secteur, dass si och gewëllt sinn, fir déi Wärmepompelen uewen dranzesetzen. Dat heescht, et muss een erlaben, grad wéi bei Geschäftsinfrastrukturen, dass eng Wärmepompel hors gabarit kann erlaabt ginn.

Et si 55.000 Stéit hei am Land, déi hëtzen nach mat Heizungsmasutt – 55.000! Also, dat ass zolidd! An et kann een deene Leit och net e Virworf maachen, well vill am ländleche Raum, do leien iwwerhaapt keng Gasreseauen, déi dat géifen erlaben.

An ech muss Iech ganz éierlech soen, d'Leit, déi en Haus hunn, wat 40, 50 Joer an alt nach méi laang do steet, an d'Leit mat hire Pensiounen an deem, wat alles op se duerkënnt, déi hunn och net ëmmer d'Méiglechkeeten, fir alles ëmzerüsten. Ech mengen, hei kann een net mat der Fuchtel ronderëmergoen.

An dann ass eppes, wat den ... Jo, ech kommen nach kuerz op den Heizungsmasutt, fir Iech nëmmen ze verdäitlechen, dass och déi heite Moossnam awer sënnvoll ass. 2017 huet dee 54 Cent de Liter kascht mat der TVA. Virun engem Joer, den 19.10.21, wat huet en do kascht? 79 Cent. An den Heizungsmasutt

kascht op haut 1,40 Euro. Also gesitt Der, wat fir eng Augmentatiounen dass dat scho kannt huet!

Dann hunn ech nach eng lescht Saach, an de Marc Spautz kënnt ëmmer domadder, dass dat net vergiess gëtt: Mir maachen elo eppes fir déi Leit, déi mam Gas hëtzen. Mir maachen eppes fir déi Leit, déi mam Masutt hëtzen. De Marc Spautz als fréiere Creos-Mataarbechter ënnersträicht ëmmer, dass et ronn 12.000 Stéit am Land nach ginn, déi mat Nuetsspäicherheizungen, dat heescht op Elektresch fueren.

Dat heescht, wann ech de Marc Spautz richteg verstinn: Nuets ginn zu engem verbëllegten Tariff déi Elektroheizungen opgespäichert an déi ginn dann am Dag dat Hëtzes of. Mee och déi Leit, och déi Leit, mengen ech, sollen déi néideg Ënnerstëtzung fannen, well och déi brauchen eng gewëssen Energie, fir sech hiert Haus ze hëtzen.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet. Et war manner streng wéi d'lescht Woch.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Roth. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ma merci, Här President. Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, haut setze mer jo da mat dësem Projet de loi en Deel vun deene Mesuren ëm, déi mer am Tripartite-Accord festgehalen haten, mat deem mer probéieren, géint d'Explosioun vun den Energiepräisser virzegoen.

Déi finanziell Kompensatioune vu 15 Cent de Liter beim Masutt respektiv 20 Cent de Kilogramm beim Flësseggas ziele wuel net zu deene Mesurë vum Accord, déi am meeschte Visibilitéit kritt hunn an der Lescht, mee si bedeiten awer fir deen eenzelne Stot, deen do a Fro kënnt, eng ganz wichteg finanziell Entlaaschtung.

Ech si virun allem frou, dass mir dës Mesure bis Enn d'nächst Joer verlängeren. Dat gëtt nämlech de Stéit hei am Land eng gewësse Previsibilitéit an ënnert dem Stréch sinn et ëmmerhi 35 Milliounen Euro u Kafkraaft, déi mer op dësem Wee zréck bei d'Stéit kënne ginn.

Et ass elo schonn e puermol gesot ginn: D'Reduktioun vun den dräi TVA-Sätz ëm allkéiers ee Prozentpunkt ass eng Mesure, déi sech d'Regierung eng 317 Milliounen Euro kaschte léisst, fir géint d'Präisdeierecht virzegoen.

Den Här Roth hat elo grad nach erkläert, dass allkéiers, wann eng Indextranche erfält, et beim Staat natierlech och an der Keess rabbelt. Mir haten d'Fro gestallt an der Finanzkommissioun an Dir hat, mengen ech, de Chiffer elo genannt. D'Äntwert war deemools, dass dat variéiert tëschent 240 an 280 Milliounen.

Dobäi muss een awer wëssen, dass dat net netto ass. Well op där anerer Säit huet de Staat, allkéiers, wann eng Indextranche erfält, och erëm eng ganz Partie méi Depensen, sief dat, dass d'Primmen an d'Luucht ginn oder allgemeng d'Paien, déi de Staat muss bezuelen, soudass déi Suen also net als netto ze gesi sinn. Mee hei sinn awer 317 Milliounen Euro netto, déi mer erëm zréck un d'Leit ginn an un d'Ekonomie.

Mir gesinn am Fong alle béid Mesuren als Puzzlestécker vun engem ganzen Accord, deen eigentlech de grousse Meritt huet, dass hei am Land d'Salariéen net mussen op d'Strooss goen. Ech mengen, mir gesinn d'Biller an eisen Nopeschlänner an da wësse mer, wat eis dat dote wäert ass. Hei brauche se sech dofir net Gehéier ze verschafen oder gehollef ze kréien. Dat ass mat dësem ganze Mesurëpak assuréiert an dëst kann een eigentlech net dacks genuch ervirhiewen.

Aus dësem Grond ginn ech also ganz gären am Numm vun der LSAP den Accord zu dësem Projet de loi.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Cruchten. An da wier et un där honorabeler Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, nieft der Deckelung vun de Gas- a Stroumpräisser ass d'Reduktioun vun der TVA ëm 1 % an deenen dräi Tauxen e wichtege Bestanddeel vum Solidaritéitspak, dee séier an effikass ka gräifen. Et ass also net direkt eng sozial Mesure, mee eng Mesure, déi séier bei de Leit ukënnt an direkt wierksam gëtt.

D'Zil besteet bekanntlech doran, d'Inflatioun bis Enn 2023 ze bremsen, den Indexmechanismus op déi Manéier oprechtzeerhalen, wat zum soziale Fridde bäidréit, an d'Kafkraaft ze schütze vun all de Stéit an Entreprisen an och dobäi nach eng duebel Kraaft ze ginn, dëst mat 35 Milliounen Euro eleng fir d'Kafkraaft.

An der Tripartite hunn d'Reduktioun vun der TVA grad wéi déi aner Moossnamen zu engem breede Konsens gefouert. An awer koum duerno d'Suerg op, op déi de Gilles Roth och virdrun agaangen ass, d'Suerg, datt d'Reduktioun vun der TVA op enger Rei Produiten net bei de Konsumente géif ukommen, an zwar doduerch, datt d'Betriber, d'Commercer an d'Déngschtleeschter d'Reduktioun net konsequent un hir Clientë géife weiderginn.

D'Fro, ob dës Suerg dann elo berechtegt ass oder net, ass natierlech wichteg. A fir eng Äntwert dorop ze fannen, kann ee beispillsweis e Bléck an Däitschland geheien, wou d'TVA op enger Rei Produite schonn am Ufank vun der Pandemie erofgesat ginn ass, fir d'Konjunktur ze stäerken, an dat vu Juli bis Dezember 2020. Zanterhier gouf analyséiert, awéifern dës Senkung sech effektiv op de Portmonni vun de Stéit géif auswierken.

Quitte datt et nach aner Afléss ginn, déi de Präis eebeaflossen, aner Effeten, esou konnten d'Finanzexperten an Däitschland awer feststellen, datt d'Präisser vun de Liewensmëttel direkt no der TVA-Senkung däitlech erofgaange sinn. Bei den Energiepräisser ass d'TVA-Reduktioun ëm 80 % bei de Konsumenten ukomm. An an de Supermarchéë koum d'Reduktioun praktesch integral bei de Clienten un.

An anere Wierder: Laut den Erfarunge vun Däitschland huet d'Reduktioun vun der TVA ganz kloer en inflatiounsdämpfenden Effet an dréit derzou bäi, datt d'Kafkraaft vun de Konsumenten a Konsumentinnen an der Kris gestäerkt gëtt.

Domat wëll ech natierlech awer net soen, datt een d'Entwécklung, oder besser gesot d'Reduktioun vun de Präisser, net soll am A behalen. Och dat ass wichteg.

Wat d'Moossnamen ugeet, déi sech méi speziell op den Diesel a Flësseggas bezéien, esou sinn dës jo just temporärer Natur. Si ginn zum Deel verlängert oder verstäerkt. An duerfir soen ech dem Gilles Baum och villmools Merci fir säi Rapport, wou en déi Moossnamen am Detail erkläert huet. Si si virun allem geduecht, fir d'Secteure vun der Agrikultur, dem Commerce, der Industrie an anerer ze stäerken, mee och d'Stéit natierlech, dëst an Zäite vun enger rasanter Inflatioun.

Allerdéngs, an dat kann een net oft genuch ënnersträichen, däerfe mer eis net just op dës kuerzfristeg a krisebedéngt Besoinen oder Moossname konzentréieren, well weiderhin ass et onëmgänglech, alles drunzesetzen, fir d'Transitioun a Richtung Erneierbarer ze beschleunegen, an dat souwuel bei de Privatstéit wéi och bei den Entreprisen. An et ass do, wou an der Lescht esou vill Efforte gemaach gi wéi ni virdrun an der Vergaangenheet.

Och wann all dës Moossnamen, déi ech elo net all opzielen, soss géif et ze laang daueren, wann déi net Bestanddeel vun dësem Projet de loi sinn, esou ass et mir awer wichteg, am Numm vun der gréng Fraktioun ze ënnersträichen, datt een dëse Projet de loi am Gesamtkontext vun der Energiekris muss gesinn. Et ass eng Kris, aus där mer eis Léiere mussen zéien, an déi Léieren heeschen erneierbar Energie an Energieeffizienz.

Domat ginn ech den Accord vun der gréng Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Vläicht och e puer Wuert vun eiser Säit. Ech wéilt emol fir d'éischt dem Här Gilles Baum Merci soe fir déi ganz detailléiert Presentatioun, déi en eis gemaach huet.

Ech mengen, et ass einfach wichteg, datt mer wëssen, wouriwwer mer hei schwätzen, ëm wat et geet, well mir schwätzen awer e bësselche ronderëm de Bräi. Hei steet och am Gesetzestext oder an deem Rapport, dee mer kruten: „La hausse des prix de l'énergie, notamment suite à la guerre menée par la Russie contre l'Ukraine ...“ Gutt! Mee ech mengen, mir schwätzen hei iwwer Sanktiounspolitik. Mir schwätzen iwwert d'Resultat vun der europäescher Sanktiounspolitik. Et ass dat, wouriwwer mer hei schwätzen. An d'Resultater dovunner, do sinn der eng ganz Partie.

Do ass emol éischtens dat, wat d'Virriedner gesot hunn, datt mer ronn 8 % Inflatioun hunn. Dat bedéngt natierlech d'Zënserhéijungen, dat bedéngt enorm Belaaschtunge fir d'Stéit, och fir d'Entreprisen. Et bedéngt extreem héich Energiepräisser. Dat heescht, wat hei esou ëmschriwwe gëtt als Energiekris oder aner Kris, et ass u sech e Resultat vun eiser Politik. Mir hunn als ADR ëmmer gesot, datt mer déi Politik kritiséieren, well et e Bumerang ass.

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Kartheiser, erlaabt Der, datt den Här Cruchten Iech eng Fro stellt?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, ech wollt mäi Räsonement fäerdeg maachen an dann natierlech ganz gär. War et dës Kéier eng Fro, Här Cruchten? Well d'lescht Kéier war et net ganz kloer, wéi Der de Fanger ausgestreckt hat.

*(Interruption par M. Yves Cruchten)*

Mee dann, ech kommen op Iech zréck. Ech kommen op Iech zréck. Ech maache just de Räsonement fäerdeg an da ganz gär.

Also, mir musse wëssen, wouriwwer mer hei schwätzen. Et ass d'Resultat vun enger Sanktiounspolitik, déi mir féieren, an déi u sech dat Zil, wat fixéiert ginn ass, nämlech datt et soll zu engem Enn vun engem Krich kommen, net erreecht huet, net bis elo, an ob dat jee dann ass, do si mer am Beräich vun der Spekulatioun. Do ginn d'Meenunge wäit auserneen.

Wat gesi mer? Mir zerstéieren de Räichtum an eise Gesellschaften, mir belaaschten d'Stéit, mir belaaschten d'Entreprisen.

D'ADR dréit all déi Moossnamen, déi haut ugekännegt gi sinn, mat, well mir wëlle jo d'Konsequenze fir d'Stéit a fir d'Entreprisen esou niddreg wéi méiglech halen. Mee mir mussen eis einfach och froen: Wéi laang geet dat do virun? Well mir pléischtere jo just hei! Mir pléischteren, mir probéieren, d'Konsequenze vun där Politik, déi mer féieren, e bëssen ofzefiederen. Mee et ass u sech dat, wat mer maachen. An d'Fro ass: Wéi laang geet dat?

An ech mengen, et ass elo net hei an deene puer Minutten, déi mer hunn, an ech muss jo och nach dem Här Cruchten äntweren, fir do laang iwwert d'Sanktiounen ze schwätzen. Mir hunn eng Interpellatioun zu deem Theema ugefrot.

Mee et muss een awer och wëssen, datt sech vläicht eng Ännerung ergëtt elo Ufank November. Et komme Walen an den USA. An dat ass eng ganz grouss Entwécklung. De 6., 7. November hu mer hei eng Diskussioun iwwert d'Baussepolitik, wou den Här Asselborn da seng Positioun duerstellt, a mir wäerten eis duerstellen. An den Dag drop, mengen ech, oder zwee Deeg drop, hu mer Walen an den USA an déi kënne ganz vill änneren.

Well wann Der déi zwou Parteie kuckt an Amerika: Bei de Republikaner ass weesentlech méi Kritik géintiwwer där Politik, déi am Abléck vun der Administratioun Biden geféiert gëtt am Kontext Sanktiounen, Ukrain an esou weider, wéi wann elo d'Demokrate géifen d'Wale gewannen.

Mir wäerten also an enger Situatioun sinn an e puer Wochen, wou mer vläicht eng Reevaluatioun wäerte maache vun där Politik a villes wäert nei beliicht ginn am Fall, wou sech géif den amerikanesche Kongress substanziell anescht zesummesetzen, wéi dat am Abléck de Fall ass. Ech wollt dat just soen.

Wéi gesot, eis Grondpositioun ass, datt ee muss anescht mat deem Krich ëmgoe wéi duerch déi Sanktiounspolitik, déi eis op jidde Fall an engem ganz héije Mooss schuet, all de Leit hei am Land schuet, de Leit an Europa schuet, an datt mer, wéi gesot, musse kucken, fir laangfristeg Léisungen ze fannen a besser Léisunge wéi déi do.

Här Cruchten, Dir wollt mir eng Fro stellen, wannechgelift.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, Här Kartheiser. Dir hat mech och duerchkuckt, ech hunn nämlech keng richteg Fro.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | A!

*(Hilarité)*

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ech hunn eng Äntwert dorobber.

*(Brouhaha)*

Ech wëll nämlech net ..., Dir sot dat ëmmer erëm an dofir muss ech Iech elo eng Kéier äntweren: Dir behaapt ëmmer erëm, dass déi héich Präisser an déi héich Inflatioun, dass dat alles eleng d'Schold vun de Sanktiounen ass, déi d'Europäesch Unioun getraff huet géint Russland. Abee, dat dote sinn Direktsuitte vun deem Krich, dee Russland géint d'Ukrain féiert!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | An net ëmgedréit.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | A mir kënnen de Spiss net dauernd esou ëmdréien, wéi et eis gefält. Hätte mer Fridden an Europa, dann hätte mer déi ganz Entwécklung do net. An dat muss emol eng Kéier gesot ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien! Très bien, Här Cruchten! Mat Ärem leschte Saz sinn ech ..., „hätte mer Fridden an Europa". Mee ech wëll Iech vläicht e klenge chronologesche Rappel maachen.

*(Interruptions et brouhaha)*

Ech hunn d'Recht, op eng Fro ze äntwerten, ob dat Iech elo interesséiert oder net. Mee dat Recht hunn ech.

*(Brouhaha)*

De 24. Februar, de 24. Februar 2022, huet Russland am Broch vum internationale Recht d'Ukrain militäresch ugegraff. Mir hunn dat verurteelt. Kuerz drop hunn europäesch Ministeren – kuerz drop! –; den Här Le Maire an anerer, déi hunn dunn direkt ... An de Bruno Le Maire huet gesot, si géifen, ech mengen, d'Situatioun war: „deen totale wirtschaftlechen a finanzielle Krich géint Russland ufänken". Dat war d'Zitat vum franséischen ... En huet zwar kee Lëtzebuergesch geschwat, mee soss war et awer richteg: de Wirtschaftskrich, de Finanz-, den totale Wirtschafts- a Finanzkrich, géint Russland!

An dunn huet déi Sanktiounspolitik ugefaangen. Dat heescht, wou mer eis eens ... An déi huet natierlech all déi Konsequenzen op eis Ekonomie, op d'Inflatioun, op d'Stéit an esou weider, déi mer elo probéieren hei ze pléischteren.

Mee wou ech mat Iech komplett d'accord sinn, Här Cruchten, dat ass, datt mer musse Fridden an Europa hunn! A wéi kënnt een dozou?

An dofir hu mir als ADR vun Ufank un, vum éischten Dag u gesot: Mir musse kucken, datt mer déi Situatioun hei berouegt kréien, amplaz an e Krich ..., wou mer ëmmer méi eskaléieren an esou weider. Dir erënnert Iech, Dir kënnt alles noliesen: Vun Ufank un hu mir als ADR derfir plädéiert, fir eng diplomatesch Léisung ze huelen, fir ze kucken, datt mer d'Parteien un en Dësch kréien, fir ze kucken, datt mer Mënscheliewe schounen, den Territoire vun der Ukrain esou wäit wéi méiglech preservéieren an eng Eskalatioun vum Konflikt verhënneren. Vun Ufank un, Här Cruchten, hu mir fir eng diplomatesch Léisung plädéiert!

An Dir wäert gesinn, datt an e puer Méint spéitstens d'LSAP heihikënnt an d'Membere vun dëser Regierung heihikommen an déi Positioun, déi mir vun Ufank u vertratt hunn, da wäerten adoptéieren a soen, dat wär elo déi gutt Iddi. Eppes, wat no Dausende vun Doudegen da leider eréischt der Regierung afält. An och Parteie wéi Iech, déi Waffe liwweren a Krich favoriséieren amplaz de Fridden.

**Une voix** | O, Här ...!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech soen Iech Merci.

*(Interruption)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. Den Här Cruchten freet nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, do muss ech Iech natierlech elo awer nach eng Kéier drop äntwerten. Also, Dir wäert dat net gesinn, dass mir Är Positiounen deelen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dat kann ech Iech elo scho garantéieren. Mee et ass kloer, dass mer alleguerte gäre Fridden hätten, am léifsten haut, an dass mer och am allerléifsten eng diplomatesch Léisung hätten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Mee eng diplomatesch Léisung, dat heescht, dass mer op där anerer Säit vum Dësch ee mussen hunn, mat deem mer kënne schwätzen. Wéi soll dat da sinn? Soll dat dee Staat sinn, deen amgaangen ass, en anere Staat brutal ze iwwerfalen, do Leit ëmzebréngen, Zivilisten ze beschéissen, Infrastruktur futti ze maachen, Fraen ze vergewaltegen a Krichsverbriechen ze maachen? Also ganz éierlech gesot, mir deelen alleguerten dee Wonsch vum Fridden. A mir deelen alleguerten de Wonsch vun enger diplomatescher Léisung. Mee awer net mat deenen, déi elo hei Krichsverbrieche maachen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Cruchten. Da geet d'Wuert nach eng Kéier zréck un den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här Cruchten, ech hunn all Sympathie, all Sympathie fir Leit wéi Dir, fir en Här, dee, wéi Dir, sech opreegt iwwert déi Grausamkeet vum Krich, all Sympathie!

Et muss een allerdéngs och soen, datt Krichsverbriechen an esou weider op deenen zwou Säite gemaach ginn. Et ass net, datt do eleng russesch Truppe sinn. Dir erënnert Iech un e Rapport vun Amnesty International iwwert d'Behuele vun der ukrainescher Arméi an esou weider, vun zwou Säiten.

Mee dat Gefill, wat Dir hei weist, dee Refus vun der Grausamkeet an deenen Exaktiounen, déi an engem Krich sinn, dat deele mir och.

Allerdéngs muss ech Iech soen: Wann Der wëllt Fridden hunn, da musst Der mat deene verhandelen, déi do sinn! Dir kënnt Iech net eng russesch Féierung oder eng ukrainesch Féierung, fir relativ neutral hei opzetrieden, wënschen, déi et net ass! Dir hutt déi Leit, déi do sinn. A wann Der wëllt e Friddensofkommes erreechen, musst Der mat deene verhandelen, déi de Pouvoir hunn. A Russland ass dat den Här Putin, an der Ukrain den Här Selenskyj.

Mir sinn einfach an där Situatioun, wou mer musse kucken, datt mer déi Parteien un en Dësch kréien. An ech soen Iech – ech soen Iech! –: Dat huet bis elo och heiansdo fonctionéiert!

Mir hunn en Ofkommes gehat tëschent Russland an der Ukrain iwwert den Austausch vu Krichsgefaangenen. Mir hunn en Ofkommes gehat tëschent der Ukrain a Russland iwwert den Accès vun der internationaler Atomenergieagentur op d'Atomkraaftwierk vu Saporischschja. Mir hunn en Accord gehat tëschent der Ukrain a Russland iwwert d'Liwwerung vu Weess, deen aus der Ukrain exportéiert gouf.

A mir haten déi meescht vun deenen Accorde Gott sei Dank duerch den Här Erdoğan, deen op eng ganz gescheit Manéier probéiert huet, do d'Leit un en Dësch ze kréien a Kompromësser ze arrangéieren. Dat ass eng intelligent Politik, soudatt dat wéinstens op dräi Punkten – Atomrisiken, Krichsgefaangener an Exportatioun vu Weess – zu gudden Erfolleger geféiert huet.

An dofir, mengen ech, muss een och optimistesch sinn. A wann ee wierklech wëllt verhandelen, da kann een och mat dem Här Selenskyj a mam Här Putin en Accord erreechen. Et muss een doru gleewen an et muss een dat Bescht maachen, fir Bons offices unzebidden an zu engem Fridden ze kommen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Als Alleréischt emol merci dem Rapporteur fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ëmmer méi Menagë sti mam Réck widdert der Mauer. Vill hate scho virdrun net genuch fir ze liewen, an elo wéinst der Deierecht rutschen ëmmer méi Stéit an d'Nout.

Dës Baisse vun der TVA ëm ee Prozentpunkt ka vläicht derzou bäidroen, dass de Caddie am Supermarché ganz e bësselche méi bëlleg gëtt. A mir hoffen och, dass dëse Projet wäert dobäi hëllefen, d'Inflatioun ze stabiliséieren. An dofir wäerte mir och dëse Gesetzesprojet matstëmmen. Mee dat verhënnert awer net, e puer kritesch Wierder dozou ze soen.

Éischtens ass déi Hoffnung deier bezuelt, dass dës Baisse vun der TVA en Impakt op d'Inflatioun wäert hunn. 317 Millioune sinn net näischt! Mat deem Montant hätt een och vläicht aner Mesurë kënne finanzéieren.

Zweetens ass et och kloer, dass dës Mesure net immens sozial selektiv ass. Déi aarm Menagë wäerten zwar proportional zu hirem Revenu méi spueren, mee an absolutten Zuele profitéieren natierlech déi, déi am meeschte kënne kafen, dat heescht deen, deen am meeschte Suen huet.

Drëttens ass jo vu virera kloer, dass dës 317 Milliounen nëmmen deelweis wäerte beim Konsument ukommen. De Rescht wäert eventuell an d'Margë vun de Betriber fléissen. Wéi héich den Undeel wäert sinn, kann am Viraus kee soen. Sécher ass just, dass dat weeder de Staat nach d'Konsumenten decidéieren, méi eng begrenzten Unzuel vu privaten Acteuren. D'Regierung wär dofir gutt beroden, deene wichtegsten Acteure ganz kloer ze maachen, wat de Staat vun hinnen erwaart, a ganz speziell de Supermarchéen.

Et wär och gutt, wann den Impakt vun dëser TVA-Senkung genee beobachtet an och dokumentéiert géif ginn, schonn eleng, fir am Nachhinein kënne festzestellen, wat se dann awer och wierklech reell bruecht huet.

Dofir mengen ech, dass een de Bierger/innen och kloer muss soen, dass den Impakt op d'Inflatioun wäert relativ geréng bleiwen, net dass dobausse falsch Hoffnungen opkommen. Egal wéi d'Betriber sech entscheeden, dës Mesure kann net d'Präisdeierecht ënner Kontroll bréngen. Si kann héchstens derzou bäidroen, se e bëssen ofzebremsen, wat natierlech immens wichteg ass.

Zu deenen aneren zwou Mesuren ass ze soen, dass dat natierlech nees eng staatlech Subventionéierung vu fossillen Energien ass, an dat ass jo matten an enger Klimaurgence net grad ganz immens. Mee well mer an deene leschten 30 Joer d'Energietransitioun verschlof hunn, hu mer elo keng wierklech Alternativ dozou. An dofir stëmme mir dat och mat.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Haut entscheede mer iwwer Direkthëllefen, déi och direkt beim Bierger wäerten ukommen, wa mer d'TVA erofsetzen.

Ech hat e puermol hei op der Plaz dat schonn am Summer gesot, virum Summer an herno am Summer nach an Interviewen, dass mer eigentlech gär 2 % gehat hätten, also en alen Taux. Bon, ech war elo scho frou, dass mer iwwerhaapt Diskussiounen haten, fir op 1 % erofzegoen. Deementspriechend kënne mer do ganz zefridde sinn. Et kritt ee jo ëmmer ..., e klenge Kompromëss muss jo awer erauskommen.

Ech hat mer awer ..., wann ech ganz éierlech sinn, wéi ech deemools hei gesot hunn, hat ech d'Erwaardung net, dass d'Regierung op de Wee géif goen, fir d'TVA erofzesetzen. Ech sinn awer dofir haut ëmsou méi frou, dass dee Wee agehale gëtt!

Déi eenzeg Fro hunn ech dozou, an dat ass: D'Madamm Lorsché hat et och elo nach eng Kéier ugekënnegt, an Däitschland, si hat Statistiken erausgesicht mat 20 % op de Liewensmëttel. Hei zu Lëtzebuerg ass et awer elo esou, dass den Taux vun de Liewensmëttel net an dëser Moossnam mat dran ass. Dat ass den Dräi-Prozent-Taux. An do ass d'Fro un d'Finanzministesch, firwat dass Der grad bei de Liewensmëttel deen Taux net erofgesat hutt op déi 2 %. Et ass eigentlech dat, wat de Besoin am Alldag ass vun de Leit. Dir hutt elo bei 17 % op 16 %, dat sinn d'Autoen, dat ass zum Deel Alkohol, Zigaretten, Allméigleches. Mee de Besoin vum Alldag hutt Der net mat erofgesat. Firwat dass net doru geduecht ginn ass.

Da musse mer allgemeng och oppassen, ech hat Iech do och e sëllege Question-parlementairen derzou scho geschriwwen, wa mer esou Ukënnegunge maache mat der TVA, déi mer begréissen, déi sinn deemools ëm de Solar gaangen, wou elo d'TVA op 3 % wäert erofgoen, vu 17 % op 3 %, wat eng super Iddi ass a wat ech direkt mat ënnerschreiwen! De Problem ass just, dass d'Handwierker, wéi mer elo gesot hunn, esou vill Storno kritt hunn, well d'Leit gesot hunn: „Nee, waart, ech loosse meng Anlag eréischt am Januar maachen" – well esou eng Solaranlag läit ëm déi 30.000 Euro; da kënnt Der jo schnell rechnen, wat Der spuert, wann Der vu 17 % op 3 % erofgitt –, dass d'Handwierker elo am Leerlauf ee Moment sinn an d'Leit dann alleguerte gären am Januar déi hätten.

Elo sidd Der mat der Propos komm mat der Rechnung, dass den Datum vun der Rechnung herno géif spillen. Mee do si mer um Problem, dass den Handwierker déi ganz Marchandise dann elo muss virfinanzéiere bis de Januar, bis déi Rechnung da ka geschriwwe ginn.

Deementspriechend ass et ëmmer schwiereg, wa mer esou TVA-Reduktioune maachen a se awer net direkt maachen. Dat ass déi Kritik, déi mer e bëssen awer nach musse mat haut heihinnerbréngen, dass Der hätt kënne méi schnell déi TVA-Reduktioun maachen.

Ech verstinn am grousse Ganzen, dass Der déi elo maacht fir den 1. Januar. Et ass méi einfach fir d'Kontabilitéit vun de Betriber; dat ass d'Konterargument, an dat verstinn ech och. Mee zum Beispill um Solar hätt een awer kënne vill méi schnell reagéieren an d'Leit och doduerch motivéieren fir ëmzeklammen. Well dat ass deen anere Punkt.

Ech hunn e bësse Bauchwéi, fir de Masutt matzestëmmen, mee ech weess awer och, wéi d'Lag am Moment bei den Handwierker ass, dass se einfach d'Alternativen, vu Wärmepompel bis Solar, Allméigleches, net erbäikréien. D'Leit musse jo awer iergendwéi am Moment mat hirem Masutt doheem hëtzen, well eeben d'Alternativ net do ass.

A wann den Handwierker och nach genuch Leit huet, fir den Optrag unzehuelen, dann huet en och nach Problemer, fir iergendzwousch seng Paneelen oder säi Material hierzekréien, well dann do erëm ... Dat sinn awer da Coronaauswierkunge vu fréier.

Also, et däerf een och net alles mateneen ëmmer vermëschen. Et si sécherlech Punkten, déi duerch Sanktioune komm sinn, déi ganz richteg sinn a wou mir Piraten dozou stinn, well et däerf een net d'Sanktiounen huelen als Excuse, dass dat komm ass, mee et ass déi Invasioun an d'Ukrain, déi iwwerhaapt zu deene Sanktioune gefouert huet.

Mee et sinn awer och e puer Saache wéi d'Materialien, wéi aner Produiten, déi doduerjer kommen, dass mer eng ze labber Geldpolitik haten ee Moment an doduerjer elo d'Inflatioun esou héich ass.

Merci och dem Gilles Baum fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport. A mir wäerten haut eisen Accord ginn.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances | Voilà. Merci, Här President, honorabel Deputéiert. Fir d'éischt natierlech e grousse Merci un de Gilles Baum fir säin exzellente Rapport. An ech soen och der Chamberskommissioun an hire Memberen natierlech Merci, dass dëse Projet huet kënnen esou séier analyséiert ginn an elo schonn haut esou kuerz nom Depot dann och zum Vott steet.

Dëse Projet de loi steet natierlech ganz am Zeeche vun der Bekämpfung vun de weiderhin immens héijen Energiepräisser an der Inflatioun am Allgemengen. Schonn am éischten Tripartite-Accord ware Mesuren, fir séier eppes och géint déi héich Energiepräisser ze maachen, virgesinn. D'Situatioun mam Ukrain-Krich a sengem Impakt op d'Disponibilitéit an natierlech op d'Präisser vun Energieproduiten huet sech leider iwwert déi lescht Méint net verbessert. Ech mengen, dat gesi mer alleguerten. An den Tripartite-Verhandlunge vum September stoung d'Inflatiounsbekämpfung dowéinst wierklech am Mëttelpunkt. Dat hei ass also elo den éischte Projet de loi mat Mesurë vun der Tripartite, déi dann elo och gestëmmt ginn.

Wéi de Rapporteur Gilles Baum dann och erkläert huet: Wann dëse Projet de loi a Kraaft trëtt, gëtt d'Mesure um Masutt dann ab dem 31. Oktober vun dësem Joer bis Enn d'nächst Joer 2023 verduebelt vu 7,5 Cent pro Liter op 15 Cent pro Liter. Esou wéi och vun der Chambre des Salariés ënnerstrach ginn ass, ass dëst eng Mesure, déi awer besonnesch och Leit mat niddrege Revenuen zeguttkënnt.

Des Weidere gëtt dann och, fir kee Konsument eeben ze benodeelegen, de sougenannten LPG, deen och nach zu Lëtzebuerg vu Menagë benotzt gëtt fir ze heizen, op den 31. Oktober an och bis Enn d'nächst Joer mat 20 Cent pro Kilogramm subventionéiert. Dëse Montant vun 20 Cent pro Kilogramm entsprécht der Subventioun vum Masutt vu 15 Cent pro Liter. Deemno ginn d'Bäihëllefe fir ze heize beim Masutt konsequent eeben an d'Luucht gesat a verlängert bis Enn 2023 an den LPG gëtt mat an de Champ d'application geholl.

Net zulescht gesäit dann dëse Projet de loi och d'Ëmsetzung vun der Baisse vun der TVA aus dem Tripartite-Accord vir, wou den TVA-Taux vu 17 % op 16 %, vu 14 % op 13 % a vun 8 % op 7 % temporaire erofgesat gëtt wärend dem Joer 2023. Dëst ass eng ganz konkreet Mesure, fir d'Hausse da vun der Inflatioun ze begrenzen an de Leit hir Kafkraaft ze renforcéieren.

Fir dës Mesure huet d'UEL am Accord vun der Tripartite mat opgeruff, dass d'Betriber dës Baisse vun der TVA un d'Ennkonsumente weiderginn. An ech mengen, dat ass natierlech e ganz, ganz wichtege Volet, och wa mer alleguerte wëssen, mer hunn et jo och erkläert: D'Verwaltunge vum Staat hu keng Méiglechkeeten, fir d'Entreprisen heizou ze zwéngen. Dat ass esou. Mee d'Regierung ass awer zouversiichtlech, dass d'Betriber sech op dësem Punkt un hiren

Engagement wäerten halen, well, ech mengen, et ass trotzdeem an hirem Interessi.

Schlussendlech gesäit dëse Projet de loi dann och nach d'Regularisèierung vun der Verlängerung vun der Remise vun de 7,5 Cent pro Liter fir de sougenanntene rouden Diesel vir, an dat da par analogie och zum Tankrabatt.

Insgesamt, ech mengen, de Rapporteur huet et och mentionéiert, wäerten dann dës Mesuren de Staat ronn 352 Milliounen Euro kaschten, wouvun d'TVA-Mesure natierlech déi Haaptmesure oder déi deierst Mesure ass vun 317 Milliounen Euro, eeben déi mat deem meeschte Gewiicht hei. Voilà.

Vläicht nach, fir op eng Fro anzegoe vum honorabelen Deputéierte vun de Piraten, wat déi 3 % ugeet: Dat war effektiv e Kompromëss dann och an de Verhandlungen. Fir de Käschtepunkt hu mer jo awer och trotzdeem missen e bëssen, e bësse kucken.

Voilà, ech mengen, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. An ech soen Iech och Merci fir wierklech deen immens breede Support, wéi ech dat hei gehéiert hunn, deen d'Chamber gëtt fir dëse Projet de loi.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8083. Den Text steet am Document parlementaire 8083[4A].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8083 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8083 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen (par M. Marc Lies), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Léon Gloden) et Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir de 25. a 26. Oktober virgesinn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 17.01 heures.)*

# 8e séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** p. 71
   M. Fernand Etgen, Président
2. **Communications** p. 71
   M. Fernand Etgen, Président
3. **Ordre du jour** p. 72
   M. Fernand Etgen, Président | Mme Martine Hansen
4. **Débat de consultation au sujet des propositions formulées par le « Klima-Biergerrot »** p. 72
   Exposés : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Paul Galles et M. Sven Clement) | Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable (intervention de M. le Premier Ministre Xavier Bettel)

   Débat : M. Paul Galles | M. Max Hahn (dépôt de la motion 1) | Mme Cécile Hemmen (intervention de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État) | M. François Benoy | M. Fred Keup (interventions de M. le Premier Ministre Xavier Bettel, M. Roy Reding, M. Dan Kersch, M. Gilles Baum, M. Fernand Kartheiser et Mme Martine Hansen) | M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) (interventions de M. Roy Reding, M. le Premier Ministre Xavier Bettel, M. Gilles Baum et Mme Simone Beissel) | Mme Myriam Cecchetti (dépôt de la motion 2) |M. Marc Goergen (interventions de M. François Benoy, M. Sven Clement et M. le Premier Ministre Xavier Bettel) | Mme Martine Hansen | M. Gusty Graas | M. Sven Clement

   Prises de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie (intervention de Mme Martine Hansen) | Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur | M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

   Motion 1 : M. Max Hahn | M. Paul Galles | M. Marc Goergen (intervention de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie) | M. Fred Keup | M. le Ministre Claude Turmes

   Vote sur la motion 1 (adoptée)

   Motion 2 : M. Paul Galles

   Vote sur la motion 2 (rejetée)


Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, M. Claude Turmes, Mme Taina Bofferding, M. Claude Haagen et Mme Joëlle Welfring, Ministres.

*(La séance publique est ouverte à 13.31 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Herno.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen,** Président | D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten a vun de Propositions de loi, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

***Communications du Président – séance publique du 25 octobre 2022***

*1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.*

*Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.*

*2) Les projets de loi suivants ont été déposés auprès de l'Administration parlementaire :*

*8086 – Projet de loi relative aux registres national et communaux des bâtiments et des logements*

*Dépôt : M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 19/10/2022*

*8087 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du surcoût des produits énergétiques et d'électricité supporté par les centres intégrés pour personnes âgées, maisons de soins, logements encadrés et centres de jour psycho-gériatriques agréés en vertu de la loi modifiée du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique*

*Dépôt : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 24/10/2022*

*3) La proposition de loi suivante a été déposée auprès de l'Administration parlementaire :*

*8085 – Proposition de loi du jj/mm/aaaa luttant contre les pratiques appelées « culture de l'effacement » ou « culture de l'annulation » dans le domaine de la littérature*

*Dépôt : M. Fernand Kartheiser, Député, le 18/10/2022*

*4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :*

*2500 – Demande de pétition ordinaire : Demande d'amélioration du projet de loi 8082 déposé le 10/10/2022 concernant l'impôt sur la non-occupation de logements*

*Dépôt : M. Patrick Schneider, le 17/10/2022*

*2501 – Demande de pétition publique : Solidarité pour tous/La Chambre des Députés renonce au solde jusqu'aux élections 2023/Solidarität für alle/Die Kammer der Abgeordneten freiwillig ohne Lohn bis zu den Wahlen 2023*

*Dépôt : M. Ben Schronen, le 18/10/2022*

*2502 – Demande de pétition publique : Compensation financière pour travailleurs essentiels, non éligibles au télétravail*

*Dépôt : M. Geoffrey Aubert, le 19/10/2022*

*2503 – Demande de pétition publique : Développement de véhicules aériens sans pilote (UAV) et de nouveaux systèmes antiaériens par le Ministère de la Défense*

*Dépôt : M. Antonio Rodriguez, le 19/10/2022*

*2504 – Demande de pétition publique : Garantir et améliorer l'accès utile, rapide et équitable aux moyens de diagnostique d'imageries médicales (la mammographie, la coloscopie, l'IRM, la densitométrie, le scanner, etc.)*

*Dépôt : Mme Isabelle Faber, le 19/10/2022*

*2505 – Demande de pétition ordinaire : Zweet Stuf vun der Demande fir d'Erhuelung vun Nationalitéit nom Artikel 89 vum Gesetz vum 8. März 2017 iwwert d'lëtzebuergesch Nationalitéit*

*Dépôt : Mme Carina Maria de Souza Goulart, le 19/10/2022*

*2506 – Demande de pétition publique : Baisser les prix des loyers*

*Dépôt : Mme Catarina Coimbra Rodrigues, le 21/10/2022*

*2507 – Demande de pétition publique : Augmenter les chèques-services – les mêmes droits pour tous*

*Dépôt : Mme Andrea Chaves, le 21/10/2022*

*2508 – Demande de pétition publique : Fairer Prozess für Frank Schneider in Luxemburg und keine Auslieferung in die USA*

*Dépôt : Mme Carole Weis, le 23/10/2022*

*2509 – Demande de pétition ordinaire : Le Casino sur GTA 5*

*Dépôt : M. Adriano Antinori, le 18/10/2022*

*N.B. Les intitulés des pétitions sont susceptibles d'être modifiés tant que la Conférence des Présidents n'a pas statué sur leur recevabilité.*

*(Tous les documents peuvent être consultés auprès de l'Administration parlementaire.)*

## 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

**Plusieurs voix** | Jo!

**M. Fernand Etgen,** Président | D'Madamm Hansen freet d'Wuert.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo. Merci, Här President. Mir hunn nach eng ganz Partie Froen, Question-parlementairen, déi iwwerfälleg sinn. Zwou un den Här Bausch. Déi eng, déi war schonn d'lescht Woch iwwerfälleg – ech hat geduecht, ech géif em nach eng Woch Zäit loossen, mee déi ass awer nach ëmmer net beäntwert ginn –, wou et ëm den Adapto geet. Eng, wou et ëm d'Parkplaze geet bei der Akerbauschoul. An dann hu mer och nach eng un d'Madamm Welfring, wou et ëm d'Bauschuttdeponië geet. Do wär ech frou, wann ech déi Froe kéint stellen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Jo. Merci, Madamm Hansen. Mir wäerten dat weiderginn. Mee et sinn der eng ganz Rei vun deenen Destinatairen, déi hunn europäesch Verflichtungen an déi sinn de Moment net am Land. Un déi wäerte mer jiddefalls net kommen, wéi zum Beispill den Här Bausch.

**Une voix** | En hat jo genuch Zäit!

**Une autre voix** | D'Madamm Welfring ass hei.

**M. Fernand Etgen,** Président | D'Madamm Welfring ass hei. Da kënne mer déi herno eraushuelen. Mee mir géifen awer déi zum Schluss vum Consultatiounsdebat huelen, well mer jo gesot hunn, datt dat heiten e Chamberdag ass, dee mer extra hunn, fir déi hei Debatt ze maachen, fir dat fir deen Dag ze reservéieren. Da géife mer se zum Schluss vun der Sitzung huelen oder eréischt muer.

## 4. Débat de consultation au sujet des propositions formulées par le « Klima-Biergerrot »

Op eisem Ordre du jour vun de Mätteg ass nämlech d'Consultatiounsdebatt iwwert d'Propositioune vum Klima-Biergerrot. Fir dësen Debat optimal virzebereeden, hate mer de 4. a 5. Oktober e ganz interessanten Austausch mam Klima-Biergerrot, stellvertriedend fir eis Gesellschaft.

Als Deputéiert gesi mir et als eis Missioun un, de parlamentareschen Dialog mam Bierger oprechtzeerhalen an ze stäerken. Mir sinn eis all bewosst, datt mir de Klimawandel méi staark mussen ugoen an datt mir et zesumme musse maachen.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht mat zéng Minutte fir d'politesch Sensibilitéiten. D'Wuert huet elo de Premier- a Staatsminister, den Här Xavier Bettel.

***Exposés***

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si ganz frou, dass mer haut och déi Plage a mat deem Echange hei kënnen ufänken. Well jo, virun der virleschter Ried zur Lag vun der Natioun hat ech d'Aféiere vun engem Klima-Biergerrot jo och ugekënnegt. An haut, ee Joer méi spéit, ass net nëmmen d'Iddi ëmgesat ginn, mee ech muss Iech soen, dass d'Resultat sech och weise léisst. An et ass am Fong fir d'éischte Kéier, wann een och an der Geschicht vum Land kuckt, dass d'Gesellschaft mat um Verhandlungsdësch iwwert d'Klimapolitik souz. An ech gesinn och eng Presenz vun enger Rëtsch vu Leit, déi do matgemaach hunn, hei am Sall. An dofir mengen ech, et wier kee gutt Bild, wa mer elo net awer deen dote Stellewäert, deen déi Leit an déi Aarbecht, déi se och gemaach hunn, haten, géifen och hei respektéieren.

Mir hunn an deem Klima-Biergerrot, Här President, Memberen, déi am Fong onst Land representéieren, d'Land representéieren a senger Demografie, a Leit vun iwwerall. Mir hunn e Katalog vu Propositiounen ausgeschafft, fir d'Klimapolitik zu Lëtzebuerg am Fong virunzedreiwen.

Ech soen de Memberen, an net nëmmen a mengem perséinlechen Numm, mee och am Numm vun de Kolleegen an der Regierung, e grousse Merci op dëser Plaz fir déi vill Zäit, jo, fir déi vill Zäit, fir déi vill Aarbecht, déi si och an deene leschte Méint an dëse Projet investéiert hunn. Ech soen hinnen awer och Merci fir de Courage, dee se haten, fir Propositiounen auszeschaffen a Propositiounen ze weisen.

Jo, heiansdo si mir als Politik manner wäit wéi d'Bierger. Dat ass eng Realitéit. Heiansdo hunn d'Bierger souguer manner Angscht wéi mir. An ech hunn Iech et jo just gesot, Här President, si hu Courage bewisen. An ech muss Iech soen, dass et fir mech och wichteg wier, dass mer eis och vun deem Courage inspiréiere loossen.

Dat onofhängegt Schaffe vun de Bierger ouni politesch Aflossnam war am Fong eng wichteg Konditioun och fir den Erfolleg vum Klima-Biergerrot. A genau dofir ass et och geneesou wichteg, dass mer haut déi Resultater vun dësen Aarbechten och eescht huelen. An dofir sinn ech och houfreg, dass mer haut an der Chamber en Debat iwwert dem Klima-Biergerrot seng Aarbecht kënnen hunn.

Ech hoffen op eng breet Ënnerstëtzung hei an der Chamber, déi dem Eescht am Fong vun der Situatioun an och dem Respekt virun der Aarbecht vun deem participative Projet – awer och vun deem neie Projet – gerecht gëtt.

Ech wëll elo net widderhuelen, wat ech Iech schonn op eng laang Aart a Weis virun e puer Wochen hei iwwert d'Klimasituatioun gesot hunn. Ech wëll et net widderhuelen, mee Dir hutt awer gesinn, wéi e wichtegen Deel d'Klimafro och an dem État de la Nation war. An ech si frou, dass ech awer vill Zoustëmmung vun all de Bänke kritt hunn iwwert déi Situatioun, déi mer awer alleguerten och erkennen.

A mir stelle fest, dass d'Klimafro net nëmme méi eng politesch Fro ass, mee et ass och eng Gesellschaftsfro. Jiddweree fillt sech awer och concernéiert. An et ass scho bal all Sphär vun onser Gesellschaft, déi och concernéiert ass. A sief dat den Impakt eeben op eis Gesellschaft. Op dat, wéi et ass mat den Iesswueren: Kréie mer der? Kréie mer der net? D'Phenomeen vu Klimaflüchtlingen. D'Phenomeene vu Catastrophe-naturellen et cetera, et cetera. Ech kéint nach ganz vill Saachen opzielen, déi am Fong mam Klima Lienen hunn, vun deem Impakt erzielen, deen en op eis bréngt.

A wa mer eis och net op allem ëmmer alleguerten hei an dësem Haus eens sinn, ass et fir mech wichteg, dass mer, wann et ëm d'Ëmwelt, wann et ëm d'Natur, wann et ëm d'Leit geet, awer och net duerch Ënnerscheeder einfach soen: „Da gëtt et näischt, wann Ënnerscheeder do sinn."

Et gëtt verschidde Meenungen, wéi séier an och wéi ambitiéis mer handele sollen a mussen. Déi eng fannen d'Iddi vu klore Reegelen am Kampf géint de Klimawandel eebe méi wichteg. Déi aner soen: „Et muss alles fräiwëlleg sinn an da musse mer kucken, e Bilan ze zéien no enger gewëssener Zäit, wou mer higinn."

Mir wëllen awer och all, dass déi nächst Generatiounen … Well dat schreiwe mir am Moment. Mir schreiwen am Fong am Moment, wat mer deenen nächste Generatiounen och hannerloossen, wéi eng Liewensqualitéit mer hinnen och wëlle loossen. A mir wëllen awer och net, dass eis Kanner an eis Petits-enfants mussen ënnert de Follge vum Klimawandel leiden. An ech wëll och net eng Kéier …, an ech sinn net am Fall, mee Ären Enkelkanner musst Der erklären, firwat Der net gehandelt hutt. Dee Risk besteet. An 20, 30 Joer, wa gesot gëtt: „Hei, mee Bopi, Bomi, deemools, du waars dach an der Politik. Firwat hutt Der deemools dann näischt gemaach?“ Ne?

*(Interruption)*

Also ech wëll just soen, dass dës Regierung Verantwortung wëll iwwerhuelen an dës Regierung och scho Verantwortung iwwerholl huet. Ech mengen, ech brauch net nach eng Kéier op alles anzegoen, wat scho gemaach ginn ass.

Wat fir mech awer wichteg ass, ass, dass et hei net geet, dass eng Majoritéit Verantwortung iwwerhëlt oder eng Regierung Verantwortung iwwerhëlt oder eng Partei Verantwortung iwwerhëlt. Hei ass dat, wat ech wierklech och an dëser Ried zur Lag vun der Natioun scho gesot hunn: Hei kënne mer just zesumme Verantwortung iwwerhuelen. Mir mussen all Verantwortung iwwerhuelen. Et kann net eppes sinn, wat e Monopol vun enger Partei wier, an et kann och net eppes sinn, an ech warnen do virdrun, wou eng Partei seet: „Et ass alles falsch!“ Well do, wou ee virun 10, 15 Joer nach konnt Doutten hunn, hu mer haut schwaarz op wäiss bewisen – bewisen! –, an dat soen net nëmme Spezialisten um anere Wupp vun der Welt, dat soen och eis Leit hei: Den Impakt ass do! A Verantwortung, net nëmme fir d'Mënschen elo, mee och fir eis an hir Zukunft.

An, Dir Dammen an Dir Hären, mir sëtzen all an deem selwechte Boot. Mir sëtzen all an deem selwechte Boot a mir kënnen eis et net leeschten, näischt ze maachen. D'Iddi vum Klima-Biergerrot ass entstanen, well et fir dës Regierung kloer war, dass mir et schwiereg géife kréien, eng ambitiéis Klimapolitik ze maachen ouni d'Bierger. Dat kléngt elo vläicht einfach esou plomp. Mee eng Klimapolitik, déi mer ambitiéis wëlle maachen, éischtens souguer vläicht méi wäit wéi déi, déi mer geplangt haten, ze maachen – well ech mengen, d'Madamm Welfring wäert duerno erklären och mam PNEC, wéi eeben d'Aarbechten elo matafléissen –, musse mer mat de Bierger maachen.

Eng Klimapolitik dierf net géint de Bierger sinn. Eng Klimapolitik heescht och net eng Politik géint de Wuesstum oder eng Politik géint d'Wirtschaft oder géint de Bierger oder déi verbitt. Nee. Eng Klimapolitik ass an onsen Ae ganz, ganz wichteg, wa mer zesumme mat de Leit och déi Ziler zesummen erreechen.

An ee vun deene wichtegen Acteuren, Här President, wa mer wëllen och Ambitiounen hunn, ass d'Chamber. Dir sidd am Zentrum vum demokratesche System. Dat ass esou. Dir vertriet d'Interête vun de Leit. An ech hu jo schonn héieren, deen een oder aneren op der Tëlee soen, wat e vun engem Klima-Biergerrot oder net hält an dass d'Chamber ëmmer muss decidéieren. Jo, Dir maacht d'Gesetzer! Dat ass eng Tatsaach. An dat ass och esou. Dir maacht d'Gesetzer. Mee nolauschteren, wat d'Bierger dobausse sech och vun der Politik erwaarden, ass gradesou wichteg an engem Mandat. Et kann net sinn, dass ee just all fënnef Joer e Rendez-vous mam Bierger huet an da kuerz virun enger Echeance emol freet, wat d'Leit brauchen, wann een d'Méiglechkeet huet, och vun de Bierger den Input ze kréien, wat si sech am Fong och als Attente vun der Politik, als Réponse commune – an ech erwaarde mer net hei eng Reponse vum Gouvernement oder eng Reponse vun enger Majoritéit als Réponse commune – vun der Politik erwaarden.

An dofir ass den Austausch fir eis och esou wichteg, Här President. Dir sidd déi direkt Vertrieder vun deene Biergerinnen a vun deene Bierger, déi ech elo just och beschriwwen hunn. Är Ënnerstëtzung elo wéi och an Zukunft fir eng méi ambitiéis Klimapolitik ass keng Optioun. Si ass noutwendeg, fir dass mer dat Schlëmmst och verhënnere kënnen. An do geet et ëm Verantwortung och fir déi nächst Generatiounen.

Här President, de Biergerrot huet en impressionnante Katalog vu 56 Propositiounen geliwwert. Et sinn och wäit iwwer 200 Eenzelmesuren, déi ausgeschafft gi sinn, fir d'Klimapolitik zu Lëtzebuerg virunzedreiwen. D'Regierung steet zu deem Verspriechen, dass mer gären och hätten, dass dës Aarbechte mat an eng Diskussioun ronderëm den neien Energie- a Klimaplang integréiert ginn, genannt de PNEC.

Mir dierfen och keng Zäit verléieren. Dee Rendez-vous vun haut ass fir eis deen, wou mer och wëllen direkt no der Presentatioun, déi mer och gemaach kritt hunn als Regierung … Et ass jo och eng Presentatioun hei an deem Haus gemaach ginn. Mir hunn och um Niveau vun de Ministèren eng Taskforce agesat, fir am Fong a gesetzlech verankerte Gremien déi eenzel Propositiounen ze analyséieren. Dass eng Taskforce soll déi néideg Aarbechte koordinéieren, wéi d'Aarbechten, wéi gesot, vum Klima- Biergerrot kënnen an de PNEC och afléissen.

De But vun haut, Här President, ass, dass mir als Regierung de Bols bei Iech fille kommen. Et geet drëms ze wëssen … An ech si mer et bewosst, ech froen haut net, dass jiddweree fir all déi Propositiounen eis seet: „Jo, Nee. Gutt, net gutt.“ Et sinn nach ganz vill Hausaufgaben, déi nach musse vun onser Säit gemaach ginn, fir zesummen eeben déi néideg Informatioune kënnen ze hunn. Déi eng Saache sinn um europäeschen Niveau ze klären. Fanne mer do eng Majoritéit? Bei verschiddene Saache gëtt gefrot: Wat ass de genauen Impakt? Da muss een dat och analyséiere kënnen.

Mee fir mech ass et awer wichteg, dass mer haut als Regierung vun Iech gesot kréien: „Wéi wäit gi mer? Si mer bereet, dës Propositiounen, déi vun de Bierger komm sinn, seriö ze huelen?“ Si mer bereet, eis déi néideg Zäit ze ginn, fir déi Analysen ze féieren, fir dass mer an deem PNEC … Well dëst ass vläicht den éischte Rendez-vous haut tëschent Regierung an Iech, fir iwwert de Klima-Biergerrot a seng Konklusiounen ze diskutéieren, mee net dee leschten. Net dee leschten! Loin de là. A fir d'Adoptioun vum PNEC wëlle mer och, och wann et kee Gesetz ass, iwwert de PNEC wëlle mer eis och mat der Chamber selbstverständlech echangéieren an der respektiver Kommissioun.

Mee fir eis ass et wichteg, haut ze wëssen: Wat ass d'Akzeptanz vun engem Parlament? Wat ass mat esou enger Prozedur? Sidd Dir bereet? Well eng large Majoritéit … Et wier traureg, Här President, wa mer hei duerno Piste géifen ausschaffen, wou een d'Gefill hätt, dass 31/29 géif kommen. De But, an dat ass eeben de Wonsch och vun dëser Regierung, ass, dass mer et fäerdegbréngen, bei där Klimafro déi Barriären, déi mer awer heiansdo an der Politik hunn, kënnen ze iwwerschreiden. A gleeft mer et, Här President, eng ambitiéis Klimapolitik packe mer och just, wa mer et fäerdegbréngen, keng Politique politicienne ze hunn. Dat Schlëmmst ass ze probéieren, een ze stigmatiséieren, een deen aneren an enger Klimapolitik wëllen an den Eck ze drécke fir ze soen: Deen doten ass dee Gudden, deen doten ass dee Béisen.

Mir bréngen et just fäerdeg, Här President, wa mer et fäerdeg…

*(Interruption par Mme Myriam Checchetti)*

Ech weess net, wat d'Madamm Cecchetti scho géint de Prinzipp huet, mee si schéngt scho prinzipiell e Problem ze hunn.

*(Exclamations)*

Mee …

*(Interruptions et coups de cloche de la présidence)*

Prinzipiell schonn en …

*(Interruptions)*

… prinzipiell Problemer ze hunn.

Ech kann Iech just soen, Här President, ech sinn houfreg op dat, wat gemaach ginn ass. Ech sinn houfreg, dass mer eis … An ech géif et traureg fannen, wa mer soen, mir hätten eis net getraut d'Leit ze froen. Et ass eng verdammte Flicht an der Politik, och de Leit nozelauschteren a wa se Input ginn, a wa se en Input ginn, deen och seriö ze huelen. An ech géif et hei inopportun fannen, direkt schonn ze soen: „Déi doten Iddi ass näischt“, well ee politesch mengt, et kéint een doraus Kapital schloen.

Ech soen Iech just: Déi nächst Generatioune lauschteren och no, iwwer wat mer hei diskutéieren. An et geet drëms, zesummen de Leit dobaussen ze weisen, dass mir vläicht bis elo frileux op deem engen oder deem anere Punkt waren, awer de Message verstanen hunn. Mir hunn eng Responsabilitéit vis-à-vis vun den nächste Generatiounen. D'Politik geet net nëmmen ëm déi nächst zwielef Méint, Här President, et geet och ëm déi nächst Generatiounen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech ginn dem Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel Akt vu senger Deklaratioun.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Paul Galles agedroen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President, léif …

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Här President? Här President, ech hu just eng kleng … Ech hat Iech gesot, d'Madamm Welfring géif duerno nach d'Wuert ergräife fir d'Regierung, wann Der erlaabt.

**M. Fernand Etgen,** Président | Jo. Absolutt, ech hunn dat dann net matkritt.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | A pardon Här Galles.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här Galles, setzen, 6!

**M. Fernand Etgen,** Président | Da musst Dir entschëllegen, Här Galles, da loosse mer fir d'éischt …

**M. Paul Galles** (CSV) | A jo.

**M. Fernand Etgen,** Président | … nach d'Madamm Welfring schwätzen.

**M. Paul Galles** (CSV) | Ganz gären, Madamm Welfring.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Nee, mee si sollt erklären nämlech, wéi och de Mechanismus wier mam ganze PNEC. Voilà! Pardon.

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen,** Président | D'Madamm Welfring huet d'Wuert.

**Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Gudde Mëtteg, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a merci, dass ech dann awer nach d'Chance kréien, hei vläicht nach eng Kéier duerzeleeën, wéi mer eis organiséiere wëllen, fir deen Energie- a Klimaplang ze preparéieren.

Fir d'éischt emol e grousse Merci och vu menger Säit un d'Vertrieder vum Klima-Biergerrot fir hir gutt a vill a ganz wäertvoll Aarbecht.

An dësem Raum hate mer d'lescht Woch en Echange iwwert d'Canicule an och déi Woch virdrun iwwert d'Iwwerschwemmung, soudass ech der Iwwerzeegung sinn, dass de Message och hei ganz kloer ass, dass de Klimawandel en Deel vun eiser Realitéit ginn ass an dass mer all zesumme mussen Efforte maachen, fir en ofzeschwächen an eis sou gutt wéi méiglech drun unzepassen.

Et ass also méi wéi kloer, dass de Klimawandel eis alleguerte betrëfft an dass mir d'Erausfuerderunge vun der Klima- an Energietransitioun nëmme gemeinsam, all zesummen, kënne léisen. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mir eng breet gesellschaftlech Akzeptanz kréie fir déi Verännerungen, déi onausweichlech musse kommen.

Als Complement zu de Gremien, wéi dem wëssenschaftlechen Observatoire an der Klimaplattform, déi iwwert d'Klimagesetzer an d'Liewe geruff goufen an déi eebe grad dëse breeden Input an dës breet gesellschaftlech Diskussiounen erméiglechen a méi systematesch etabléieren, ass de Biergerrot e weideren extreem wichtegen a wäertvolle Bausteen, well en erlaabt, déi ganz Thematik aus dem Bléckfeld vun de Bierger ze beliichten.

Mir si ganz frou iwwert déi vill Usätz an Iddien a konkreet Pisten, déi sech aus deene 56 Propositiounen, déi elo um Dësch leien, erginn. An ech weess, dass dës mat vill Aarbecht, Diskussiounen, Recherchen, deels iwwert de Summer, verbonne waren. Mir wëssen dat ze schätzen.

Och den Timing passt optimal. Déi 56 Propositioune leien elo vir, zu engem Moment, wou am Energie- a Klimaministère d'Preparative fir den integréierte Klima- an Energieplang op Volltoure lafen.

Zum weidere Verlaf vun dësen Aarbechte wollt ech e bëssen an den Detail agoen.

Mir sinn also elo an der glécklecher Situatioun dës Kéier, éischtens, e vum Gesetz hier ganz strukturéierte Prozess ze hunn, wéi dee sougenannte PNEC soll aktualiséiert ginn, an zweetens, Dank dem Klima-Biergerrot, awer och Dank deenen neien, am Klimagesetz verankerte Gremien, e ganz villschichtegen Input ze kréie vun de Bierger, de gewielte Volleksvertrieder – haut –, de Wëssenschaftler an och den diversen Institutiounen, Organisatiounen, déi an der Plattform, also der organiséierter Zivillgesellschaft, vertruede sinn.

D'Iwwerschaffe vum PNEC wäert an e puer Etappen oflafen. De Prozess ergëtt sech deels aus eiser nationaler Gesetzgeebung an awer och aus den europäeschen Texter. Déi éischt Etapp ass: Spéitstens Enn Februar leeën den Här Turmes an ech selwer, no Ofstëmmung mat deene fir déi jeeweileg Beräicher zoustännege Ministèren, dem Regierungsrot en Avant-projet vun der Mise à jour vum PNEC zur Approbatioun vir.

Ausgangspunkt fir d'Erstelle vun dësem Avant-projet ass den aktuellen État des lieux vun der Klima- an Energiepolitik, deen de Claude Turmes an ech de 7. Oktober der Press an den Dag selwer an der Ëmweltkommissioun hei am Haus virgestallt hunn.

Als Informatiounsquellen an Impulser fir dësen Avant-projet leien eis dann zënter Mëtt September d'Recommandatioune vum Klima-Biergerrot vir an zanter dem 7. Oktober deen alleréischte Rapport vum Observatoire de la politique climatique.

Derbäi kënnt nach den Input vun der Klimaplattform, déi och schonn an der éischter Phas vun den Aarbechten associéiert gëtt. Eng éischt Reunioun huet en marge vun der Klimaexpo stattfonnt tëschent dëser Klimaplattform, de Bedeelegten dovunner, a mir haten eis awer och d'Fräiheet ginn, fir de Klima-Biergerrot hei mat ze invitéiere wéi och d'Membere vum Observatoire, wat eis och erlaabt huet, dass déi verschidde Gremie sech konnten austauschen a sech och konnte kenneléieren, wat eng wichteg Etapp ass an dëser Kollaboratioun.

Am Uschloss, also no der Approbatioun vum Avant-projet vun der Mise à jour vum PNEC duerch de Regierungsrot Enn Februar fannen zwee weider Prozesser statt. Éischtens, eng Consultation publique. Mir wëllen dës esou participativ, wéi et geet, gestalten. Ouni dass ech elo scho wéilt iwwer e geneeë Format prejugéieren, wäerte mer op jidde Fall déi interesséiert Vertrieder aus dem Klima-Biergerrot hei invitéieren, sech an dëser Phas vum Prozess ze bedeelegen.

Zweetens, an dëst ass eebefalls am Klimagesetz virgesinn, wäert d'Klimaplattform invitéiert ginn, innerhalb vun dräi Méint hir Stellungnam ze ginn.

Anschließend, also zum Schluss vum éischte Semester 2023, wäerten den Energieministère an den Ëmweltministère zesumme mat deenen anere Ministèren den Input aus dëser Consultatioun verschaffen an dem Regierungsrot e Projet vun der Mise à jour vum PNEC ënnerbreeden.

Spéitstens den 30. Juni 2023 muss dëst Dokument der Europäescher Kommissioun virgeluecht ginn. Duerno wäert d'Europäesch Kommissioun dëst bewäerten an och d'Resultater vun der Ëmweltimpaktstudie wäerte mussen nach eng Kéier afléissen an eng weider Ronn, soudass dann den 30. Juni 2024 dee ganze Prozess ofgeschloss gëtt.

Wichteg ass, eng ambitiéis, previsibel a gutt duerchduechten Energie- a Klimapolitik ze hunn, dat hunn eis déi lescht Méint virun Ae gefouert: d'Klimakatastrophen iwwerall uechtert d'Welt, och an Europa, op där enger Säit an eis ëmmer nach vill ze grouss Ofhängegkeet vun den importéierte fossillen Energien op där anerer Säit.

Déi allgemeng Erausfuerderung ass kloer: Mir musse méi séier virukommen, an dëst an alle Beräicher. Et féiert kee Wee laanscht e méi bewossten, spuersamen Ëmgang mat der Energie duerch Energie- a Ressourceneffizienz, mee et féiert och kee Wee laanscht e konsequent an e séiert Ëmklammen op erneierbar Energien.

Et ass och kloer, et ass iwwert déi lescht Joren ëmmer méi kloer ginn, dass d'Transitioun nëmme ka reusséieren, wa se fair fir all Bedeelegt ofleeft. Dëst gëllt souwuel fir d'Bierger wéi och fir d'Entreprisen. Mir mussen onbedéngt sécherstellen, dass dës Transitioun esou encadréiert an ënnerstëtzt gëtt, dass se sozial gerecht ass. Wou mir mussen histeieren, ass kloer: Et geet drëms, d'Emissiounen ëm 55 % par rapport zum Referenzjoer 2005 ze reduzéieren an allerspéitstens 2050 Klimaneutralitéit ze erreechen.

Mir hunn Enn Juli en éischte provisoresche Bilan iwwert d'Joer 2021 gezunn. An dee weist, wou mir insgesamt stinn an och wou mer an den eenzele Secteuren, wéi se am Klimagesetz definéiert sinn, dru sinn.

Aus dësem Bilan kann ee mat Sécherheet eng Rei vu positiven Erkenntnisser zéien. D'Zäregasemissioune sinn no dem staarken a sécher och zum Deel pandemiebedéngte Réckgang 2020 d'lescht Joer nees liicht geklommen, ëm knapp 5 %. Se sinn awer, an dat ass déi gutt Noriicht, mat bal 13 % däitlech ënnert dem Niveau vun 2019, dat en héicht Joer war.

Dëst huet dann och erméiglecht, dass den Emissiounsbudget, dee fir Lëtzebuerg fir 2021 zur Verfügung stoung, konnt respektéiert ginn. Allerdéngs just mat enger knapper Marge vun ongeféier 90.000 Tonnen-$CO_2$-Equivalenten. Mir sinn also net an enger komfortabeler Situatioun.

Weider Efforte sinn also onbedéngt noutwendeg, a besonnesch wann ee weess, dass eisen Emissiounsbudget ab elo Joer fir Joer ëm 400.000 Tonnen-$CO_2$-Equivalenten, dat heescht an der Moyenne ëm 6,3 %, wäert erofgoen.

Wat elo déi eenzel Secteuren ubelaangt, ass den Transportsecteur mat ronn 60 % vun den Emissiounen ëmmer nach kloer predominant, virun de Secteure vun de Gebaier, der Landwirtschaft an der Industrie, woubäi ee muss wëssen, dass d'Emissioune vun de ronn 20 gréissten industrielle Betriber, déi vum europäeschen Emissiounshandelssystem couvréiert sinn, net an dësem Secteur Industrie comptabiliséiert sinn.

Wann ee sech esou d'Situatioun vum Joer 2021 um Niveau vun den eenzele Secteuren ukuckt, ass d'Bild e bësse méi nuancéiert. An dräi Secteuren – Landwirtschaft, Transport, Offall- respektiv Ofwaassergestioun – konnten déi jeeweileg Emissiounsbudgeten erreecht ginn. Au contraire zu de Secteure vun de Gebaier an der Industrie.

Ech ginn elo hei net an d'Detailer vun den eenzelen Zuelen an. Dat gouf, wéi gesot, an der Chamberskommissioun virgestallt.

Genee wéi den Observatoire huet och de Klima-Biergerrot prezis Virschléi fir déi jeeweileg Secteure gemaach an och transversaler. Et ass also net haut un ons fir ze prejugéieren, wat genee vun deene 56 Propositiounen ënner wéi enger Form kann zréckbehale ginn. An ech wëll drop hiweisen, dass mer net nëmmen de PNEC hunn als Plang, mir hunn och de Biodiversitéitsplang an de Klimaupassungsplang, just déi genannt, an och verschidde Gesetzer, wou dës wäerten afléissen.

Et ass eng substanziell Aarbecht. Mir hu selbstverständlech schonn ugefaangen, sämtlech Propositiounen ze analyséieren zesumme mat anere Ministèren, a consideréieren dës Virschléi dann zesumme mat de Recommandatioune vum wëssenschaftlechen Observatoire, den Iwwerleeunge vun der Plattform an natierlech och de Reaktiounen aus dem Débat de consultation, deen haut hei stattfënnt an op deen ech mech besonnesch freeën.

Ech soen Iech alleguerte Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring.

An da wier et elo um éischten ageschriwwene Riedner, dem honorabelen Här Paul Galles. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | An nach eng Kéier meng Entschëllegung, Här Galles!

***Débat***

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Premierminister, Dir Dammen an Dir Häre Ministeren an och léif Membere vum Klima-Biergerrot, et ass e ganz

spannenden Exercice, an deen Der eis an deene leschte Woche mat erageholl hutt.

An Dir waart selwer hei an der Chamber, wéi mer mat Iech hei stonnelaang d'Dokument duerchgaange sinn. Ech muss zouginn: Et war en Exercice, dee mech perséinlech ganz staark interesséiert an och beréiert huet. E war ganz spannend, well Der immens vill Iddien hutt, well Der immens vill geschafft hutt a well herno do wierklech e Pabeier louch, mat deem ee ganz vill konnt schaffen.

An dofir wëll ech och an eisem Numm Iech Merci soe fir Äert Engagement, fir déi Zäit, fir déi Energie, héchstwarscheinlech och déi Diskussiounen, och heiansdo dat, wat Der hutt missen aushalen un Nerven, fir iwwerhaapt zu deem Dokument ze kommen, zu deem Der komm sidd. A merci och deenen an eisem Numm, déi Iech begleet hunn an déi derfir gesuergt hunn, dass de Kader esou war, dass Der schaffe konnt.

Et war deemools intensiv. Sechs Stonnen insgesamt héchstwarscheinlech, fir iwwer all déi Proposen ze schwätzen. Mir waren zu ganz vill Kolleeginnen a Kolleegen Deputéiert hei, fir mat Iech iwwert déi eenzel Theemen ze schwätzen. Ech selwer hat probéiert, mer d'Méi ze maachen, déi ganz Zäit hei ze sinn. An ech ka mech erënneren, wéi vill ënnerschiddlech Iddie mer do ëmmer erëm duerch de Kapp gaange sinn a wivill Froe mer eis gestallt hu bei deem, wat Der eis proposéiert hutt.

Iwwerhaapt ass et spannend ze gesinn, dass Biergerbedeelegung stattfënnt. A leider hate mer deemools, wéi mer hei an der Chamber matenee geschwat hunn, net d'Geleeënheet, fir an de Fong vun där Fro ze goen, wéi Biergerbedeelegung selwer eigentlech passéiert, wat dat fir Krittäre brauch, fir Konditiounen an och wéi Dir et selwer erlieft hutt als Klima-Biergerrot de Moment, d'Form vun der Participatioun.

Hei ass haut den Nomëtteg och de Moment, doriwwer kuerz nozedenken, a meng Kolleegin Martine Hansen wäert dat herno maachen.

Et ass natierlech eng enorm intensiv Zäit fir d'Klimapolitik insgesamt. Net eleng, well elo d'COP27 an d'Haus steet, d'Madamm Ëmweltministesch huet et grad scho gesot, a mir wäerte jo dann an zwou, dräi Wochen do och ganz villes erliewen an och ganz vill Meenungen, déi weltwäit d'Gefüge vun der Klimapolitik solle prägen, do anhuelen an och diskutéieren.

Zugläich hu mer eebe ganz villes, dat hei zu Lëtzebuerg leeft: Eebe grad Är Aarbecht vum Klima-Biergerrot. Den Observatoire huet d'lescht Woch, mengen ech, säi Bilan virgestallt, d'lescht Woch oder d'virlescht Woch säi Bilan virgestallt. D'Evaluatioun vum PNEC ass geschitt. An och op lokalem Niveau leeft am Moment ganz villes. A ville Gemenge gëtt iwwerluecht, wéi een an de Gemenge selwer sollt d'Gemeng esou organiséieren, dass een elo zum Beispill och mam Klimawandel sech richteg adaptéiert. A mir hate selwer och d'lescht Woch hei an der Chamber Diskussiounen iwwert d'Liichtverschmotzung an iwwert d'Canicullen.

Dir kommt also mat Äre Proposen an eng ganz intensiv Zäit eran. An héchstwarscheinlech hat Der och kee liichte Stand, well et ass vill iwwer Iech geschwat ginn. Et ass scho vill kommentéiert ginn an et ass vill och hin- an hiergerappt ginn a gefrot ginn: „Jo, gutt, ass et elo ...? Wéi ass et dann? Wou stitt Der? Wat maacht Der? Wie sidd Der?“ An esou weider an esou virun. Et ass vill vun Iech erwaart ginn. A mir kënnen haut tatsächlech iwwer e Pabeier schwätzen, an deem villes drasteet a wou vill, ganz, ganz vill Gedanken zesummegelaf sinn.

Et ass sécherlech och keen einfache Stand, well ee weess, dass Är Missioun eriwwer ass. An déi Fro, déi ech eigentlech och hei eng Kéier wëll stellen oder och eigentlech un Iech hätt misse stellen an deem Moment, wou mer an der Chamber zesumme waren, mee et war eeben net d'Geleeënheet, fir all d'Froen ze stellen, ass: Ass Är Missioun wierklech eriwwer? A wat bedeit dat fir Iech? Wat bedeit dat fir Mënschen, déi sech elo iwwert déi ganz Zäit do engagéiert hunn a vun deenen ech elo ausginn, an et géif mech wonneren, wann Der net iergendwou och soss nach engagéiert wäert?

A wann Der iergendwou nach Saache sicht, mir brauchen an de Gemengen an op ganz villen anere Plaze Leit, déi sech engagéiere mat deem ganzen Elan a mat där Dynamik, déi Der matbréngt. Do gëtt et ganz vill Iddien a Participatioun leeft op ville Plazen, an dat ass sécherlech och hei nach eng Kéier d'Plaz fir ze valoriséieren, op wéi villen anere Plazen d'Participatioun geschitt. Wourun Dir eis elo erënnert, ass, dass dëst Land opgebaut ass op eng Demokratie, wou mer de Bierger esou vill wéi méiglech Plaz wëlle ginn.

An da war et héchstwarscheinlech och e schwéiere Stand, well Der Iech ënnereneen net ëmmer eens waart. An dat ass och eng Fro, déi mir elo zum Beispill bleift, no all deem, wéi mer eis zesummen ausgetosch hunn: Wat ass dann elo mat deene Meenunge geschitt, déi net deem entspriechen, wat herno deene 56 Propositiounen do zugronn läit? Wat ass mat deene Meenunge geschitt? A wou sinn och déi Meenungen herno dann hikomm? Oder sinn déi iwwerhaapt diskutéiert ginn? Dat ass eng Fro, déi mir oppe bliwwen ass an deem Moment, wou mir eis an der Chamber hei begéint hunn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Klimapolitik huet jo zwou Facetten. Engersäits sinn et ganz vill Iddien, Mesuren a Felder, déi mer musse beschaffen. An et gëtt an dëse Propositiounen eng Rei Saachen, wou mir als CSV ganz mat Iech d'accord sinn. An et gëtt och eng Rei Saachen, wou mer net mat Iech d'accord sinn. An dat wëlle mer Iech och elo gläich da ganz transparent soen an och der Regierung mat op de Wee ginn, well mer mengen, dass dat Beräicher sinn, an deene mer sollten diskutéieren, déi doten Iddie seriö huelen, awer dann trotzdeem kucken, wéi mir eis Politik hei am Land kënne gestalten, well mer mengen, dass et en anere Wee misst ginn, well mer am grousse ganze Kader mengen, dass een aner Akzenter misst leeën.

D'Klimapolitik ass also engersäits ganz kloer a konkreet Iddien. An anerersäits ass et awer eebe grad déi Fro, déi mir eis hei an der Chamber ëmmer erëm stellen: Wat denken d'Leit dobaussen? Dat, wat mer probéieren, iwwerall do, wou mer bei d'Leit ginn, erauszefannen: Wat denken d'Leit? Wivill si se bereet matzemaachen? Op wat fir ee Wee wëlle se matgoen? Wat si se bereet, selwer ze investéieren? A wéi kënne mir hinnen dann hëllefen, dee Wee esou ze goen, dass si selwer dee Wee och kënne gutt matgoen? Wéi tickt d'Gesellschaft? An dat ass eng Fro, déi Dir eis och mat an d'Chamber bruecht hutt: Wéi tickt déi Gesellschaft, fir déi mir heibanne probéieren, Politik ze maachen?

De Klima-Biergerrot, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, geet a senge Propositiounen eigentlech, wann een et logesch kuckt, déi fënnef Secteuren duerch, déi mer am PNEC definéiert hunn a mécht zu deene fënnef Secteuren eng ganz Rei vu Propositiounen. Doriwwer eraus hutt Der Iech awer elo e puer interessant an transversal Theemen erausgesicht, déi am PNEC esou tel quel net virkommen oder souguer, vun der Logik hier, driwwer erausginn an do sinn och ganz interessant Saachen derbäi. Zu de Secteure wäert och meng Kolleegin Martine Hansen gläich op d'Landwirtschaft agoen an ech wäert zu e puer aneren Iddien aus Propositiounen aus Ärem Pabeier dann och Stellung bezéien am Numm vun der CSV.

Mee bei deenen Iddien, wou Der iwwert dat erausgitt, wat eigentlech am PNEC ka beschriwwe stoen, sinn awer zwou, déi ech wëll kuerz opgräifen. Dat eent ass eng Iddi, wou Der och d'Jugendparlament op Ärer Säit hutt, nämlech d'Iddi vum Nohaltegkeetscours. Dat ass eng Iddi, déi eis ëmmer erëm iwwerall begéint, bei Jonke besonnesch, déi op eis duerkommen a soen: „Mir géife gär dat Theema vun der Nohaltegkeet an der Schoul institutionaliséieren an et soll an eisem Curriculum esou virkommen, dass et eis iwwert déi ganz Zäit begleet.“

Dat ass eng Iddi, mengen ech, déi mer nach eng Kéier sollten och op anere Plaze weider diskutéieren, well déi Jonk selwer dat ëmmer erëm fuerderen. An ech hunn et och an deene leschten Deeg ëmmer erëm begéint, dass Jonker genau mat där Iddi komm sinn. Wa mer wëllen, dass déi nei Generatioun, dass déi jonk Generatioun a mir selwer och nohalteg denken, da muss iergendwann eng Kéier dofir d'Basis geluecht ginn, andeem ee léiert, Nohaltegkeet ze denken an déi och duerchzedeklinéieren an déi eenzel Beräicher vum Liewen.

An dann déi aner transversal Fro, déi ëmmer erëm interessant ass an déi de PNEC natierlech net ka behandelen – a mir haten och eng Kéier an der Chamber schonn doriwwer geschwat –, ass d'Wuesstumsfro. Wat fir e Modell vu Lëtzebuerg stelle mer eis da vir? A wat fir e Modell vu Lëtzebuerg wënsche mer eis dann? Wéi soll Lëtzebuerg ausgesinn am Joer 2040, 2050? Mir schwätzen hei an der Chamber normalerweis driwwer, op wat fir en Niveau vun Emissioune mer wëlle komme bei deene Joren. Mee mir schwätze wéineg an deem Moment dann driwwer, wa mer op deen Niveau wëlle kommen: Wéi gesäit dann d'Gesellschaft hannendrun aus? A wéi ass d'Wuesstumsfro an deem Moment da gereegelt? Dir gitt eis dee Ball och op eist Spillfeld. An dat ass sécherlech e Ball, dee mer mussen opgräifen, an eng Fro, déi eis wäert an nächster Zäit vill beschäftegen.

Erlaabt mer, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, elo einfach séier op sechs Proposen anzegoen, déi de Klima-Biergerrot gemaach huet. Dat si Proposen, ech hu se erausgegraff, well se mer iergendwéi wéi esou Proposes phares geschéngt hunn. Dat heescht net, dass déi aner 50 net interessant gewiescht wären, mee ech huelen einfach déi heite sechs Proposen eraus, well ech mengen, dass ee mat deene sechs Propose kann exemplaresch awer noweisen an och e bëssen ëmschreiwen, wéi d'Positioune kéinte sinn.

Dat Éischt ass d'$CO_2$-Bepräisung. Dat ass en Theema, iwwert dat mer deemools hei an der Chamber mat Iech zesumme vum Klima-Biergerrot ganz vill diskutéiert hunn: d'$CO_2$-Bepräisung, natierlech pour cause, well Dir gitt hin an Dir sot, eng $CO_2$-Bepräisung, déi vill méi héich ass, wéi dat, wat mer am Moment hei zu Lëtzebuerg hunn. Ech maachen et ganz kuerz, ech resüméieren et, mee déi, déi interesséiert sinn, hunn de Pabeier héchstwarscheinlech souwisou gelies. Dir sot, 200 Euro d'Tonn $CO_2$, well dat déi Käschten, déi externaliséiert sinn, internaliséiert, also dat, wat den $CO_2$ eigentlech provozéiert a produzéiert, dann an de Präis zréckgeholl gëtt.

Mir sinn als CSV mat där Propos net d'accord. A mir sinn der Meenung, dass et ganz interessant ass, also dass ... Dat, wat Dir sot, ass wierklech interessant, well Dir gitt net einfach nëmmen dohinner an Dir verlaangt eppes, mee Dir gitt dohinner an Dir probéiert, dat an e System eranzestellen, wou Der sot: „Mir

mussen déi Réckkopplung, also dee Remboursement, deen doduerch passéiert, dass natierlech déi Saachen, déi op $CO_2$ baséiert sinn, vill méi deier ginn, dee Remboursement, deen doduerch néideg gëtt, gutt organiséieren." Dat war wierklech interessant, mat Iech heiriwwer ze diskutéieren. An et wär héchstwarscheinlech och interessant, dat eng Kéier mat Zuelen duerchzedeklinéieren, wat dat da bedeit, wann een dee Remboursement esou organiséiert, wéi Dir et hei proposéiert. An och, wann een den $CO_2$-Präis esou héich géif usetzen, wéi Dir e proposéiert.

Et ass héichinteressant. Mee ech wëll Iech soen, firwat mir als CSV dee Wee net wëlle matgoen. Mir sinn d'accord mat deem, wat am Moment passéiert: eng graduell, lues, gutt begleetbar Upassung a Steigerung vun der $CO_2$-Bepräisung. Also, $CO_2$-Präis: jo. Awer net an deem Mooss, wéi en hei elo proposéiert ginn ass.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Paul Galles** (CSV) | De Grond ass ganz einfach. Mir soen eis, grad an der momentaner Situatioun, mee de Krich soll eigentlech keng Excuse derfir sinn, et wär nämlech och eng Propositioun ouni de Krich gewiescht, mee mir soen eis: An der momentaner Situatioun ass et héchstwarscheinlech vun de Leit ze vill verlaangt, déi Ëmstellung esou staark ze maachen, dass op där enger Säit d'Präisser esou vill an d'Luucht gi bei Saachen, déi elo nach fir vill Leit weesentlech sinn, an dann op där anerer Säit e ganz neie System opzestellen, fir dat ze rembourséieren.

Wéi gesot, et ass héichinteressant. A mir sinn och gäre bereet, nach eng Kéier do ze kucken, wann eeben déi Zuelen och eng Kéier kéinten duerchdeklinéiert ginn, wat dat géif bedeiten. Mee ech wollt Iech just éierlecherweis an transparenterweis soen, wéi mir et am Moment, am Bléck op dat Ganzt, upaken a wéi mir wëllen als CSV mat der $CO_2$-Bepräisung ëmgoen.

$CO_2$-Bepräisung, jo, awer esou, plus ou moins esou, och an Zukunft, wéi et sech am Moment ergëtt, soudass et och sozial ausgeglach ass, sozial ofgefiedert ass an et net zu engem grousse Clash am System fir de Moment kënnt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Paul Galles** (CSV) | Den zweete Punkt, deen ech wëll erausgräifen, dat ass e ganz interessanten, mat den Incentives fir Entreprisen, fir d'$CO_2$-Emissiounen ze reduzéieren. An do gëtt et eeben dat interessant Instrument vun de Carbon Contracts for Difference. An och doriwwer, mengen ech, hate mer deemools hei an der Chamber geschwat, wéi Der hei op Besuch waart. An dat ass iwwregens en Instrument, dat vill gefuerdert gëtt vun Entreprisen, mat deene mir am Gespréich waren, dat vill gefuerdert gëtt vun Entreprisen, déi am Moment mussen ëmstellen, an dat vill gefuerdert gëtt vun deenen Entreprisen, déi am Moment hir Energie mussen anescht bezéien, wéi se se bis elo bezunn hunn, déi also den Energieswitch wëlle maachen an déi sech awer net kënnen dorop verloossen, dass se genuch op der Säit hunn, fir dee Switch elo esou staark ze maachen, dass se selwer net drënner leiden.

Dat heescht, déi brauchen eng Hëllef vum Staat, fir de Switch kënnen hinzekréien. De Carbon Contract for Difference heescht jo: Déi Differenz, déi ech als Entreprise net ka bezuelen, streckt de Staat mer vir. An et gëtt e Modell, fir dass ech em et herno erëm zréckginn. Dat heescht, ech kréien eigentlech eng Startschosshëllef als Entreprise, fir den Energieswitch ze maachen. Dat fanne mer eng ganz interessant Iddi. An dofir wëlle mer och déi doten Iddi ganz, ganz staark ënnersträichen. Dat ass, mengen ech, eng Iddi, déi fir d'Zukunft ganz interessant ass.

Eise Retour, dee mer kréien aus der Gesellschaft an aus den Entreprisen, ass deen, dass dat och fir vill Entreprisen eng grouss Hëllef wär.

Den drëtte Punkt, op deen ech wëll agoen, ass dee vum immens staarken Ausbau vun erneierbaren Energien, deen Der proposéiert. Dat ass natierlech eng ganz interessant an eng ganz attraktiv Iddi. Déi Iddi, déi hannendru steet, ass jo, dass Lëtzebuerg iergendwann eng Kéier esou vill wéi méiglech energieautark gëtt opgrond vun erneierbaren Energien an iergendwann eng Kéier ganz autark kéint ginn. Mee wat misst dann dofir alles geschéien? An dat ass och dat, wat ech elo der Regierung an eisem Numm wëll mat op de Wee ginn. Well wa mer déi doten Iddi nämlech wëllen opgräifen an eisen Ausbau vun erneierbaren Energië méi wäit wëllen dreiwe wéi déi 25 %, déi am Moment am PNEC stinn, wa mer do wierklech méi wäit wëlle goen, dann, mengen ech, misste mer e puer Konditioune schafen, fir dat ze erméiglechen.

Eng éischt Konditioun ass sécher déi vun de vereinfachte Prozeduren, fir dass eebe genau déi doten Installatiounen, déi gebraucht ginn – an dat si virun allem Wandinstallatiounen a Solarinstallatiounen –, méi séier kënne gebaut ginn, sou séier, wéi mer se brauchen, fir dass mer zu Lëtzebuerg op déi erneierbar Energië kënnen zréckgräifen.

Dat Zweet, wat ee brauch oder wat ee bräicht, si verännert Oplagen. Ech hu lo viru Kuerzem an dësen Deeg nach vun engem Kolleeg matgedeelt kritt, dass et an Däitschland elo eng Reegelung gëtt, déi seet: „Mir wëllen an dësem Land an de Bëscher Wandanlagen opbauen, an zwar bis zu engem gewëssene Prozentsaz, fir dass mer domat mat enger Sécherheet och e grousse Prozentsaz vun erneierbaren Energien iwwerhaapt ofdecke kënnen." Déi Oplage sinn an Däitschland anescht wéi hei zu Lëtzebuerg. Hei zu Lëtzebuerg ass dat do net méiglech. An déi Fro, déi sech stellt, ass: Kënne mer hei zu Lëtzebuerg eng Kéier op dee Punkt goen, natierlech op eng intelligent Aart a Weis, mat Reegelen, net mat Raubbau, mee mat Reegelen, fir Wandanlagen an e Bësch ze stellen?

Well dat géif engersäits bedeiten, dass mer dee Bëtonsklotz an deene Felder, wou se elo zum Deel stinn, net do stoen hätten. Et géif zum anere bedeiten, dass dee ganze Schiet, Schattenwurf an och déi Lärmbelästegung, déi duerch eng Wandanlag kéint entstoen, net méi an d'Agglomeratioune géif zéien, mee dass déi am Bësch géif opgefaange ginn, well de Bësch selwer jo e gewëssene Geräuschpeegel huet. An dee Wee, deen ee brauch, fir dohinner ze goen, nämlech am Bësch zum Beispill e Wee ze maachen, fir esou eng Wandanlag bis an d'Mëtt vum Bësch ze bréngen, dee kann herno och erëm ouni gréissere Problem zréckgebaut ginn.

Eng Iddi, vun där mir mengen, dass déi ganz gutt géif hei kënnen ëmgesat ginn an déi eis et géif erlaben, eng ganz Rei méi Wandanlagen ze bauen, wéi déi, déi mer am Moment kënne bauen. A mir hunn alleguerte scho materlieft, an eise Gemengen oder iwwerhaapt elo an Diskussiounen an der Chamber, dass eigentlech vill méi geplangt ass a gewollt ass, an dass vill méi Terrainen identifizéiert gi sinn, wou ee Wandanlagen hätt kënne bauen, wat herno awer un den Oplage scheitert.

An dann nach eppes Drëttes, wat och heizou gehéiert, bei dem staarken Ausbau vun erneierbaren Energien, an och dat wëlle mer nach eng Kéier der Regierung mat op de Wee ginn, wann et tatsächlech an déi Richtung geet, wéi de Klima-Biergerrot dat zu Recht a legitimmerweis verlaangt, nämlech, dass mer esouvill wéi méiglech autark ginn zu Lëtzebuerg mat erneierbaren Energien, da brauche mer fir dat Netz, an dat déi erneierbar Energien eragespeist ginn, Puffer a Späicher. A mir mengen als CSV weiderhin, dass d'Theema vum Waasserstoff hei ënnerthematiséiert bleift an dass dat Theema elo onbedéngt muss och mat deenen dote Rolle vu Puffer a Späicher méi seriö geholl ginn. An dann hätte mer hei zu Lëtzebuerg och déi dote Méiglechkeet.

An da kéint ee souguer esou wäit goen a soen, dass déi eng Tankstell, déi elo grad zu Beetebuerg geschafe gëtt, hannen um Enn och iergendwann eng Kéier kéint agebonne ginn an e ganzt Netz vu Waasserstofftankstellen, soudass een néierens am Land méi immens wäit muss fueren, bis ee bei enger Waasserstofftankstell ukënnt.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Paul Galles** (CSV) | Erlaabt mer, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, op e véierte Punkt anzegoen, nämlech am Beräich vum Logement. An da wëlle mer Iech och nach eng Kéier Recht ginn: Dir hutt eng ganz Rei vu Propose gemaach – ech ginn net dorop an, ech sinn och selwer net den Expert dofir, do hu mer aner Leit bei eis, mee ech ginn eng Kéier kuerz op déi Saachen an –, iwwert déi ech mer awer do Gedanke gemaach hunn an deem Moment, wou Der doriwwer geschwat hutt an déi ech och mat de Kolleeginnen a Kolleegen diskutéiert hunn, nämlech déi eng Saach vun der gesetzlecher Reegelung vu Colocatiounen a Souslocatiounen.

An anerersäits déi Fro vun den Tinyhouses. Natierlech eng ganz interessant Fro, wou mir awer der Meenung sinn, dass dat net an den normale PAG drapasst, well d'Tinyhouses jo oft op Baulücke gebaut ginn. An op Baulücke kéint méi an och méi intensiv a méi dicht gebaut ginn, wéi nëmmen an deem Moment, wou een en Tinyhouse géif bauen. Dee Moment misst een eigentlech e PAP „Nouveau quartier" entwerfe fir esou Tinyhousen. An et gëtt jo och schonn Iddien, op Campinger an hei zu Lëtzebuerg gëtt et jo och schonn, ech mengen, zu Schëffleng, zu Stroossen – elo rezenterweis ass driwwer geschwat ginn, vläicht och op anere Plazen, ech weess dat net – esou Tinyhouses, déi opgebaut gi sinn. Et gëtt also schonn éischt Erfarungen, déi do ëmgesat gi sinn.

E fënnefte Punkt, deen ech wollt erwänen, an dat ass schonn dee virleschten, ass de Reparaturbonus. Eng Iddi, déi mer och ëmmer erëm gefuerdert hunn, déi mer ganz gutt fannen an déi mer ganz spannend fannen, eebe fir d'Leit ze incitéieren ze reparéieren, amplaz erëm nei ze kafen.

E „Reparaturbonus", ech soen et just tëschent Klammeren, hu mer och an der Stad Lëtzebuerg elo bei den Energiemoossnamen, déi mer hei geholl hunn, matagefouert, fir d'Leit ze incitéieren, eebe genau dat doten ze maachen.

An déi sechst, an déi leschten Iddi, déi ech nach wollt mat op de Wee ginn, ass am Kader vun der Mobilitéit. An do ass natierlech Är Iwwerleeung interessant, nämlech den Opbau vun engem ganzen Netz. Vun engem Netz, dat gutt funktionéiert, fir duuss Mobilitéit. An do si mer der Meenung, dass een da sech muss wierklech gutt Gedanke maachen iwwert staark Park&Ride-Parkingen u gewëssene Knuetpunkten un de Grenzen an op anere Knuetpunkten, fir dann op d'duuss Mobilitéit kënnen ëmzestellen.

Mir si mat enger Saach net d'accord an dat wëll ech Iech och ganz transparenterweis soen. Et ass nämlech déi Fro gestallt gi mam Auto, wann een en Auto huet, dass een dann nach misst méi bezuelen iwwer gewëssen Instrumentarien, a wann een dann en zweeten huet ... Et gëtt einfach Leit zu Lëtzebuerg, et ass einfach esou, déi brauchen den Auto an déi mussen

op den Auto kënnen zréckgräifen. A mir hunn déi Mesure éischter empfonnt als eng Bestrofung vun deenen, déi keng aner Alternativen hunn. Soulaang den ëffentleche Verkéier souwisou net esou ausgebaut ass, wéi mer en eeben eigentlech kéinte brauchen a wéi et vläicht nimools méiglech wäert sinn, en auszebauen, ass dat doten eng Mesure, mat där mer net d'accord sinn a wou mir et e bëssen anescht gesinn, fir och déi ze schützen, déi op den Auto ugewise sinn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Paul Galles** (CSV) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat war elo mäi bescheidene Versuch, eng Kéier kuerz duerch déi Mesuren duerchzegoen, nodeems ech se probéiert hunn, och mat de Kolleeginnen a Kolleegen alleguerten eng Kéier duerchzekucken, an och dat einfach, fir Iech gerecht ze ginn, mat där viller Aarbecht, déi Der geleescht hutt.

An erlaabt mer nach eng Kéier an eisem aller Numm, Iech fir déi Aarbecht villmools Merci ze soen. An Iech alleguerte villmools merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Galles. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President, de Klimawandel ass a bleift eng existenziell Gefor fir d'Mënschheet. Et hänkt un eis of, wéi et mat eiser Welt an Zukunft weidergeet. Déi lescht Méint a Joren hunn eis méi wéi däitlech d'Konsequenze virun Ae gefouert, wat op eis duerkënnt, wa mer net esou séier wéi méiglech eis Emissioune reduzéieren.

Dat kënnen a wëlle mir net akzeptéieren. Och wa Lëtzebuerg nëmmen eng kleng Roll op der Welt spillt an eis Emissiounen nëmmen e Brochdeel vun de globalen Zäregasen duerstellen, sou hu mir dach eng Verantwortung, eise Bäitrag ze leeschten, e Virreider ze sinn an e Beispill fir aner Länner. Wann dat net dat räicht Lëtzebuerg kann hikréien, wéi sollen dann aner Länner, mat manner Wuelstand wéi mir en hei kennen, dat packen?

Lëtzebuerg huet sech ganz ambitiéis Klimaschutzziler gesat. An eist Land huet seng Efforte géint de Klimawandel an de leschte Jore verstäerkt. Fir 2021 hu mer souguer eis Klimaziler erreecht. Dat ass awer elo bestëmmt kee Grond, fir eis op d'Schëller wëllen ze klappen. Mir mussen nämlech méi maachen an dat och méi séier.

Fir eis als DP ass et wichteg, d'Bierger an d'Wirtschaft mat op dee Wee ze huelen. Mir mussen als Gesellschaft zesummen déi Erausfuerderunge meeschteren an déi energeetesch Transitioun hikréien.

De Premier Xavier Bettel huet mam Klima-Biergerrot en historesch eemolege Projet an d'Liewe geruff, deen et an där Form zu Lëtzebuerg nach net gouf. Fir d'éischt Kéier sëtzt d'Gesellschaft mat um Verhandlungsdësch, fir iwwert esou en immens wichtege Sujet wéi de Kampf géint de Klimawandel ze diskutéieren. Dëse Sujet geet eis alleguerten eppes un. Dofir ass et wichteg, eng breet Majoritéit ze hunn, fir déi Mesuren, déi néideg sinn, och ëmzesetzen.

Ech sinn dowéinst immens frou, dass sech esou vill Leit gemellt haten, fir bei dësem innovativen a participativen Exercice matzemaachen. 56 Propositiounen an iwwer 200 Eenzelmesurë sinn e Resultat, dat sech definitiv weise léisst. An dofir un all d'Membere vum Klima-Biergerrot e ganz, ganz grousse Merci, och fir déi flott a spannend Diskussiounen, déi mer hei mat Iech haten an dat iwwer zwee Mëtteger.

Ech an och meng Partei hunn de gréisste Respekt virun all där Aarbecht an och virun där Zäit, déi déi vill Memberen investéiert hunn, fir nei a couragéis Propositioune fir eist Land auszeschaffen. A mir sinn och frou, dass d'Regierung versprach huet, dës Aarbechten an d'Diskussioune ronderëm den neien Energie- a Klimaplang matzeintegréieren.

Här President, et sinn d'Sonn an de Wand, déi eis wäerten hëllefen, propper a klimaneutral an nohalteg Energie ze produzéieren, an dofir muss d'Energietransitioun och konsequent an nach méi séier wéi bis elo weidergoen.

Och d'Propositioun 13 vum Rapport schwätzt sech derfir aus, dass déi nohalteg Energieproduktioun hei am Land muss virugedriwwe ginn. Wou bis elo virgesinn ass, dass 23 % bis 25 % vun eiser Energie bis 2030 vun Erneierbare soll kommen, traut sech de Rapport, e Schratt méi wäit ze denken, a fuerdert, dass bis 2030 80 % vun eiser Energie hei am Land iwwer erneierbar Energië solle produzéiert ginn. Dozou soll dann och e massiven Ausbau vun der Wand- a Solarenergie gehéieren an eng Weiderentwécklung vun de Reseauen an de Späicheren, fir dës Energie och ze stockéieren.

De Premier huet et am État de la Nation gesot: Lëtzebuerg huet d'lescht Joer 15-mol méi Solaranlage wéi nach 2016 ze verzeechnen. Mat der Fotovoltaik-Initiativ wëll d'Regierung dëse Progrès och viruféieren. Och bei der Wandenergie hu mer an deene leschte sechs Joer d'Produktioun verdräifacht. Aus dem Secteur héiere mir, dass mir gutt virukommen, an dass mer eis Ziler fir 2030 och schonn 2025 kéinten erreechen. Mir sinn also um richtege Wee.

Trotzdeem sollt een am Hannerkapp behalen, dass Lëtzebuerg zwar e klengt Land ass, mee och e Land mat engem grousse Energieverbrauch. Lëtzebuerg wäert ni kënne komplett autark ginn an dofir bleift et och an Zukunft wichteg, am Ausland an d'energeetesch Transitioun ze investéieren, wéi zum Beispill an d'Offshore-Wandparken. Do ass jo och viru Kuerzem en Ofkommes mat Dänemark ënnerschriwwe ginn.

Grad beim Wand ass dann och ze ernimmen, dass ee Wandrad vun der neitster Generatioun genausou vill Stroum wéi zéng Hektar Solarpanele produzéiert. Et gëllt also, prezis ze kucken, wou a wat fir Moyene Sënn maachen, d'Leit mat op de Wee ze huelen an intelligent Investissementer an déi energeetesch Transitioun vun eisem Land ze maachen.

Här President, och d'Mobilitéit spillt e grousse Rôle an der Klimaproblematik an ass, nieft villen anere Punkten am Rapport, deen Aspekt, deen déi meescht vun eis, wann net souguer eis alleguerten, betrëfft. Domat ass et awer och deen Aspekt, un deem mir all zesummen eppes kënne beweegen.

De Cycle fënnef vum Rapport geet allgemeng drop an, den Individualverkéier ze reduzéieren an d'Mobilitéit generell méi effizient a méi nohalteg ze maachen. Alternativen zum Auto fërderen ass en Usaz, deen ech och gären ënnerstëtzen. An enger zukunftsorientéierter Mobilitéitsstrategie dierf den Individualverkéier net weider als den Nec plus ultra ugesi ginn, mee den ëffentlechen Transport soll als fiabel an eebebürteg, wann net souguer als besser Alternativ parallell dozou d'Méiglechkeet bidden, méi effizient a méi nohalteg vun A op B ze kommen.

Fir dat ze erreechen, muss den ëffentlechen Transport méi attraktiv ginn. Och dat ass e Punkt, deen am Rapport ugeschwat gëtt. De Bus, Zuch an Tram mussen eng reell an adequat Alternativ zum Status quo bidden. Dofir muss den ëffentlechen Transport net nëmme gefërdert ginn, mee e muss virun allem konsequent ausgebaut ginn, fir en Ëmklammen op Bus, Zuch an Tram ze inspiréieren.

Lëtzebuerg huet an deene leschte Jore scho vill Efforte gemaach mat ganz ambitiéisen Investissementer an eis Schinnennetzer, an eisen Tram oder mat der Reformatioun vum regionale Busreseau uechtert d'Land. An d'Aarbechte lafen nach op Héichtouren, fir den ëffentlechen Transport iwwert déi nächst Joren nach ze verbesseren.

Manner Trafick an eng Limitatioun am Stroosseverkéier kann awer och iwwert eng Dezentraliséierung vun den Aarbechtsplazen erreecht ginn. Wa mir de Leit d'Méiglechkeet ginn, méi Teletravail ze maachen, méi am Homeoffice ze bleiwen oder op Bürosplazen ze schaffen, déi méi no bei hirem Wunnuert leien, sinn automatesch d'Stroosse manner belaascht, et gëtt manner Stauen an och manner Ofgase gi produzéiert. Gläichzäiteg huet et dee positiven Nieweneffekt, dass d'Leit sech vill Zäit an Ierger erspueren an eng besser Work-Life-Balance erreechen, déi sech hirersäits erëm positiv op hir mental Gesondheet an hiert Liewe kann auswierken.

Fir déi Fäll, wou et da wierklech net ouni Auto geet, muss d'Elektromobilitéit an Zukunft déi grouss Prioritéit sinn. Mat eisem Chargy-Reseau ass do schonn e gudden Ufank gemaach. Dobäi kommen d'Hëllefe vum Staat, wann ee sech en Elektroauto keeft respektiv wann een eng Born bei sech doheem installéiert.

Wichteg ass et awer och hei, dass, wann een en Ëmschwong wëll erreechen, et dréngend noutwendeg ass, dass d'Elektromobilitéit fir d'Leit an och fir d'Betriber esou einfach wéi nëmme méiglech gemaach gëtt. Effektiv ass dat een net onwichtege Punkt. Et ass besonnesch am Ufank enorm wichteg, de Prozess esou einfach an accessibel wéi nëmme méiglech ze halen, fir negativ Erfarungen ze evitéieren, mat deenen ee soss potenziell en Ëmdenke beim Konsument behënnert.

Här President, nom Transport ass de Logement den zweetgréisste Secteur hei am Land, wat d'Emissioune betrëfft. Ronn 20 % vun eisen Zäregase sinn op Gebaier an op d'Behëtze vun de Gebaier zréckzeféieren. Nom virleefegen Inventaire vun de sektorielle Klimaziler waren et 2021 eng 1,6 Milliounen Tonnen $CO_2$. Domat huet dee Secteur seng Emissiounsallokatiounen ëm 156.000 Tonnen iwwerschratt. Do ass also nach Sputt no uewen; och wa mer wëllen déi Emissiounen à terme komplett op null kréien. Klimafrëndlecht Bauen an Hëtzen, gradewéi d'energeetesch Sanéierung vu Wunnengen, mussen dowéinst weider eng absolutt Prioritéit bleiwen, och wann et, wéi gesot, e ganz grousse Chantier ass.

Am Verglach mam Ausland si mir schonn zënter enger gewëssener Zäit Virreider, wat d'Energiestandarde bei den neie Konstruktioune betrëfft. Zënter 2017 dierfe just nach Gebaier vun der Energieklass AAA gebaut ginn, also sougenannte Passivhaiser. Ab dem 1. Januar 2023 gi mer e Schrëtt méi wäit a maachen d'Energieklass A+ zum Standard. D'Wärmepompel gëtt d'Referenztechnologie bei Neibauten.

Et ass virun allem den Albau, bei deem mer nach ganz grouss Efforte musse maachen. Als DP begréisse mer dofir ausdrécklech dem Premier seng Annonce an deem Kader, dass jiddereen an den nächste Jore soll vun enger energeetescher Sanéierung profitéiere kënnen. D'Regierung wëll zu deem Zweck déijéineg zousätzlech ënnerstëtzen, déi et sech et net leeschte kënnen, esou e Projet virzefinanzéieren.

Haut scho gëtt et eng ganz Rei Hëllefen am Kader vum Klimabonusprogramm, fir säin Haus ze isoléieren a fir seng al Masutts- a Gasheizung duerch eng klimafrëndlech Alternativ ze ersetzen. Mam leschten Tripartite-Accord ginn d'Montante vun dësen Aidë mat bis zu 50 % plus nach emol däitlech gehéicht.

Als DP hu mer ëmmer gesot: Klimaschutz geet just mat de Leit! Et geet drëms, jidderee matzehuelen, jidderengem d'Méiglechkeet ze ginn, sech fir klimafrëndlech Alternativen ze entscheeden. D'Klimafro an déi sozial Fro ginn Hand an Hand.

Den nohaltege Gedanken applizéiert sech awer net just op déi eenzel Gebaier, och op den Niveauen driwwer, um Niveau vum Quartier a vun de Gemengen a Stied musse mer ëmwelt- a klimafrëndlech Prinzippien nach vill méi staark ëmsetzen.

Mir haten déi lescht Woch eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Konsequenze vum Klimawandel, iwwert d'Hëtzt, d'Dréchent a wéi mir eis deem mussen upassen. Mir waren eis alleguerten eens, dass mer d'Natur nees vill méi staark an eis Uertschafte bréngen mussen, dass mer den ëffentleche Raum méi staark musse begréngen, fir och d'Temperaturen am Summer erofzekréien.

Mir begréissen dann och besonnesch d'Fuerderung, eist Reewaasser vill méi effizient ze notzen. Amplaz et versickeren ze loossen, musse mer op de Wee goen, et opzefänken an ze notzen. Deen ee Moment ass es ze vill do, deen anere Moment feelt es. Et geet hei ëm näischt aneres wéi ëm de sënnvollen Ëmgang mat eise Ressourcen.

D'Waasser ass ee Beispill. Dat gëllt awer natierlech fir alleguerten eis Ressourcen. E lineare Ressourcëverbrauch, sou wéi en haut Standard a villen Hinsichten ass, kann op Dauer net fonctionéieren. Dowéinst musse mer d'Kreeslafwirtschaft nach vill méi staark ausbauen. E wichtege Punkt, dee mam Budgetsgesetz wäert ëmgesat ginn, ass d'Reduktioun vun der TVA fir Reparatioune vun Haushaltsgeräter.

Et ass haut net just vill méi einfach, mee och dacks méi bëlleg, eppes ewechzegeheien an eppes Neits ze kafen, wéi et ze flécken. Esou eppes muss einfach an Zukunft der Vergaangenheet ugehéieren. Mir brauchen hei en Ëmdenken an d'Politik muss do d'Richtung virginn.

Am beschte wier et, bei der Konzeptioun vun engem Produit de Reuse an de Recycling direkt matzedenken. D'EU muss hei den néidege Kader duerfir setzen a Lëtzebuerg muss sech staark derfir asetzen.

Op nationalem Niveau musse mer iwwer steierlech Ureizer de responsabelen Ëmgang mat eise Ressourcë fërderen. D'TVA erofzesetzen ass do e ganz gutt Beispill.

Här President, d'Konklusioune vum Klima-Biergerrot si kloer. Jo, mir mussen als Lëtzebuerg e Krack bäileeën. Jo, mir mussen nach méi ambitiéis sinn. A jo, mir mussen dofir Mesuren huelen, déi net jidderengem gefale wäerten. Als DP kënne mer eis deem nëmmen uschléissen.

Ech hat et am Ufank gesot: 56 Mesuren, dat ass net näischt! Et ass virun allem eng enorm divers Approche a bitt vill Schrauwen, un deene mer kënnen dréien. Dofir fanne mir als DP der vill gutt, e puer vläicht manner sënnvoll, mee dat Wichtegst ass, dass mer virukommen. Et brauch virun allem politesche Courage, déi Mesuren ze huelen, déi néideg sinn, fir de Klimawandel wierksam ze bekämpfen. Als Lëtzebuerg solle mer hei Virreider sinn a keng Méi scheien, fir esou séier wéi méiglech klimaneutral ze ginn.

Als DP si mer iwwerzeegt, dass d'Regierung hir Verantwortung wäert iwwerhuelen, fir bei der Iwwerschaffung vum PNEC de Propositioune vum Klima-Biergerrot Rechnung ze droen. Well dass mer zousätzlech Efforte musse maachen, doriwwer si mer eis alleguerten heibannen eens. Mir hunn hei keng Zäit ze verléieren!

Här President, Iech ass et ganz bestëmmt opgefall, dass ech d'Landwirtschaft an d'Waasser net thematiséiert hunn, dat wäert de Kolleeg Gusty Graas no mir nach maachen.

Da géif ech ganz gären eng Motioun am Numm vun de Regierungsparteie proposéieren, déi awer op ass, fir nach mat kënnen ënnerschriwwen ze ginn – Dir kritt déi jo elo ausgedeelt –, déi haaptsächlech dräi Saache fuerdert: Éischtens, dass d'Regierung hir Efforten zur Bekämpfung vun der Klimakris weiderféiert an ausbaut, souwuel d'Promotioun vun den erneierbaren Energië wéi och d'Steigerung vun der Energieeffizienz, zweetens, d'Propositioune vum Klima-Biergerrot op hir Machbarkeet ze préiwen an an d'Diskussioune ronderëm d'Upassunge vum PNEC ze integréieren, an drëttens, déi participativ Approche weiderzeféieren an d'Zivilgesellschaft mat an de Prozess anzebauen.

Ech soen Iech Merci.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*– soulignant que nous faisons face à une urgence climatique et environnementale qui menace les écosystèmes, la biodiversité, la sécurité alimentaire, la stabilité politique et l'humanité ;*

*– soulignant l'urgence sans pareil de prendre des mesures supplémentaires pour lutter contre la crise climatique, atténuer ses répercussions, réduire lés émissions de gaz à effet de serre et pour atteindre la neutralité carbone le plus rapidement possible et au plus tard en 2050 ;*

*– rappelant les conclusions du sixième rapport d'évaluation du Groupe d'experts intergouvernemental sur l'évolution du climat (GIEC), présenté en avril 2022, selon lequel les mesures actuelles de la communauté mondiale sont insuffisantes pour respecter l'engagement des parties de l'Accord de Paris à limiter le réchauffement climatique à 1,5°C ;*

*– relevant les objectifs climatiques ambitieux que le Luxembourg s'est fixé par la loi modifiée du 15 décembre 2020 relative au climat, reprises dans le Plan national intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC), dont notamment la réduction des émissions de gaz à effet de serre de 55 % jusqu'en 2030 ainsi que la neutralité carbone jusqu'en 2050 ;*

*– considérant que le Luxembourg a plus que doublé sa production d'énergies renouvelables depuis 2016 ;*

*– constatant que le Luxembourg a atteint ses objectifs climatiques pour l'année 2021 en ayant réduit ses émissions d'environ 20 % par rapport à 2005 ;*

*– considérant l'annonce du Gouvernement de vouloir accélérer les procédures d'autorisation pour la construction de projets de production d'énergies renouvelables d'envergure ;*

*– considérant les mesures en faveur de la transition énergétique dans le cadre de l'accord tripartite du 28 septembre 2022, dont, entre autres, les aides financières « Klimabonus » qui ont été revues à la hausse, ainsi que l'application du taux de TVA réduit de 3 % pour les installations photovoltaïques à partir du 1er janvier 2023 ;*

*– approuvant la volonté politique du Gouvernement de renforcer les efforts du Luxembourg en matière de lutte contre le réchauffement climatique au-delà des engagements et mesures actuels prévus par le PNEC ;*

*– soulignant l'importance d'impliquer la société civile dans l'élaboration de nouvelles politiques et mesures climatiques plus ambitieuses ;*

*– considérant, dans ce contexte, la mise en place, sur initiative du Premier ministre, du « Klima-Biergerrot » ;*

*– félicitant les membres du « Klima-Biergerrot » pour huit mois de délibérations intenses, de nombreux débats avec des experts, plusieurs weekends de travail et de dizaines de visites sur le terrain ;*

*– considérant que les membres du « Klima-Biergerrot » ont retenu 56 propositions destinées à intensifier la politique climatique du Luxembourg,*

*invite le Gouvernement*

*– à poursuivre et à accélérer ses efforts dans la lutte contre la crise climatique, la promotion des énergies renouvelables et de l'efficience énergétique, ainsi que l'adaptation au réchauffement climatique ;*

*– à analyser la faisabilité des propositions formulées par le « Klima-Biergerrot » et à les intégrer dans les discussions entourant la mise à jour du plan national intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC) ;*

*– à poursuivre l'approche participative et à associer la société civile étroitement au suivi, à l'évaluation et, le cas échéant, à l'adaptation de la politique climatique du Luxembourg comme prévue par la loi climat.*

*(s.) Max Hahn, Gilles Baum, François Benoy, Yves Cruchten, Cécile Hemmen, Josée Lorsché.*

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Hahn. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Här Chamberpresident, Här Minister, Dir Damme Ministeren, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, virun aacht Joer sot den amerikanesche President Barack Obama um UN-Klimasommet: „We are the first generation to feel the impact of climate change and the last generation that can do something about it."

Jo, mir spieren de Klimawandel och an eisem klenge Land däitlech! Stierm, Iwwerschwemmungen an dann déi enorm Dréchent an dësem Joer si keng Eenzelfäll méi, mee se geschéien am Kader vun enger globaler Erwiermung.

No der Aféierung vun der $CO_2$-Tax a Frankräich hunn d'Protester vun de Gilets jaunes gewisen, dass eng gutt Klimapolitik net vun uewen erof, mee vun ënnen erop fonctionéiere muss. Eis Kanner sinn et, déi 2019 duerch déi weltwäit Beweegung Fridays for Future derfir gesuergt hunn, dass d'Klimapolitik nees eng vun de gréissten, wann net souguer déi gréisst Prioritéit ginn ass. An nach am selwechte Joer huet de franséische President Emmanuel Macron d'Convention citoyenne pour le climat an d'Liewe geruff. 150 Biergerinnen a Bierger hunn iwwer néng Méint 149 Propositiounen ausgeschafft, vun deenen déi franséisch Regierung der 15 zréckbehalen huet.

Am selwechte Kader – an och vläicht e bëssen op dee selwechte Modell hin – huet eise Premierminister de Klima-Biergerrot zu Lëtzebuerg an d'Liewe geruff, an dat mat der Ugangsfro, ob a wéi eist Land géint de Klimawandel kann a wëll virgoen.

Dësen Exercice ass eng Chance fir eis Gesellschaft. Initiative wéi de Biergerrot stäerken eis Demokratie, se honoréieren a se fleegen eist Mateneen. Grad a Krisenzäiten ass et wichteg, de Ball reegelméisseg un d'Biergerinnen a Bierger ze ginn. Wann ee bedenkt, dass ganz vill vun eise Matbierger net wielen dierfen, obwuel se hei schaffen, an och hei hir Steiere bezuelen, dann ass esou e participativen Austausch wéi de Klima-Biergerrot ëmsou méi wichteg, jo, ech géif souguer soen, eng Mussesaach.

Duerfir wëll ech Iech, grad op dëser Plaz, och e bëssen d'Iddien an d'Propositioune vum Biergerrot, déi bei eis hei agaange sinn, och aus der Siicht vun der LSAP beliichten. Awer net, ouni direkt am Virfeld

schonn emol e grousse Merci ze soen an déi Aarbecht ze luewen, déi vun deene Leit gemaach gouf. E grousse Merci un all déi, déi sech heifir Zäit geholl hunn an déi mat dëser Aarbecht aktiv derzou bäigedroen hunn, dass mir gëeent fir eng besser Klimapolitik kämpfen. Dat ass eng Form vu Participatioun, déi mir an Zukunft och fir aner grouss gesellschaftlech Froe sollten notzen.

Iwwert déi konkreet Propose fir de Klimaschutz eraus muss dës Geleeënheet och an d'A gefaasst ginn, fir Léieren aus dësem Exercice ze zéien.

En éischte Punkt betrëfft d'Aart a Weis, wéi d'Biergerinnen an d'Bierger un dësem Programm deelhuele konnten. Do stellt sech d'Fro vun der Representativitéit. Wärend déi eng aus enger Datebank kontaktéiert goufen, hu sech déi aner missen iwwer en Online-Formulaire umellen. A wéi gutt déi Leit kënnen erreecht ginn, déi manner gutt digital ënnerwee sinn, ass net esou kloer.

Och hunn d'Participantë ganz vill Zäit missen investéieren, wat nach laang net jiddwerengem ëmmer méiglech war. Do besteet dann de Risiko, dass grad déi Leit, déi sech elo vläicht manner Gedanken ëm de Klimawandel maachen, ënnerrepresentéiert waren.

Et gouf sécher e groussen Effort gemaach, fir e méiglechst representative Gremium zesummenzestellen, mee och mam beschte Wëllen ass dat vläicht net ëmmer esou méiglech, wéi mir eis dat hätte kënne wënschen. Dat muss een e bëssen als Contrainte och bei esou engem Prozess vläicht gesinn an och akzeptéieren. Et ass duerfir gutt, dass de Rapport heiriwwer ganz transparent war.

Zweetens ass och aus deem Rapport ervirgaangen, dass de Klima-Biergerrot wichteg Sujeten net esou richteg konnt uschwätzen. Ënner anerem goufen de Wuesstumsmodell a säin Impakt op de Klima, Ëmweltklauselen an déi bestoend Hëllefen net esou richteg thematiséiert. Dës sinn awer ganz, ganz wichteg Theemen, déi een och zäitno ugoe misst.

Aus dem Rapport geet iwwregens och ervir, dass ee gäre méi Zäit gehat an och gebraucht hätt, fir d'Komplexitéit vun der Matière besser ze verstoen a fir nach méi fundéiert a substanziell Fuerderungen op den Dësch ze leeën. Donieft muss ee feststellen, dass virun allem Administratiounen a Ministèrë sollicitéiert goufen, d'ONGe goufen awer leider net richteg an de Prozess matagebonnen, wat eigentlech schued ass. An och dat sinn erëm Contrainten, mat deenen zukünfteg Biergerréit wäerte mussen eens ginn.

Ëmsou méi wichteg ass et, dass awer d'Bierger hir Aarbecht gemaach hunn an eis hir 56 Mesurë proposéiert hunn. Am Kader vun dëser Debatt ass et elo d'Flicht vun eis Deputéierten, eng éischt Äntwert op déi eenzel Virschléi ze ginn. Opgrond vun eiser Riedezäit wäert et mer natierlech net méiglech sinn, op all eenzel Mesure anzegoen, mee ech wéilt verschidden Theemeberäicher uschwätzen, wéi ech et ugangs scho gesot hunn.

Ee vun den éischten Theemen: Bësch a Landwirtschaft.

Mir sinn eis all eens, dass béid Secteure mussen nohalteg schaffen. Dat bedeit awer och, dass d'Mesuren esou mussen ausgeschafft ginn, dass se fir déi Betraffen ekonomesch viabel sinn. D'Baueren hu gréisstendeels zwee Typpe vu Revenuen: de Präis, dee se fir hir Produkter kréien, an déi ëffentlech Subsiden. An am éischte Fall sti si a Konkurrenz zu Produkter aus der ganzer Welt. Wat d'Subside betrëfft, sou sinn déi grouss Linnen och iwwer EU-Reegele festgeluecht, an dës Reegelen hënneren d'Memberlänner drun, hir national Produkter um Marché ze bevirdeelegen. Mir däerfen eis Baueren awer och net mat zousätzlechen Oplagen esou benodeelegen, dass se ophalen, well hir Produktioun sech net méi rentéiert. An an deem Fall géife mir just nach aus dem Ausland importéieren, wou dann eebe manner Oplage sinn. An domat ass kengem gedéngt, am allermannsten dem Klimaschutz!

Wéi schwiereg dat ka sinn, weisen déi éischt an och zum Deel déi zweet Propos vum Klima-Biergerrot, e ganz einfachen ekologeschen Indicateur auszeschaffen an all d'Produzenten souzesoen ze zwéngen, hir Produkter esou ze etikettéieren. Éischtens ass den Etiquetage vu Liewensmëttel um EU-Niveau gereegelt. Mir kënnen also net Produzenten aus anere Länner doriwwer eraus Virschrëfte maachen. Méi Sënn mécht dofir u sech just e Label, dee besonnesch Leeschtunge vun eise Bauere positiv eraushieft. Einfach ass dat natierlech net, wa vill verschidde Produkter a vill verschidde Qualitéitskrittäre mat engem eenzele System esou solle bewäert ginn.

An esou e Qualitéitssystem, un deem landwirtschaftlech Gruppementer fräiwëlleg kënnen deelhuelen, hu mir rezent agefouert. Positiv dorunner ass, dass et an Zukunft e Label gëtt fir all regional Produkter, dee liicht fir de Konsument ze erkennen ass. A wat fir eng zousätzlech Qualitéitskrittären deen eenzele Produit erfëllt, gesäit een net op den éischte Bléck, mee et war awer ugeduecht, dem Konsument dës Informatiounen iwwert e QR-Code zougänglech ze maachen.

Ganz d'accord ass d'LSAP mat der Propositioun 3, fir d'Verschwende vun de Liewensmëttel ze reduzéieren. Wann ech hei d'Antigaspi-Campagnë vum Ministère, eenzel Aspekter aus dem zukünftegen Agrargesetz an déi nei Offallgesetzer, déi etappeweis a Kraaft trieden, ukucken, da mengen ech, dass mer do zesummen um richtege Wee sinn.

Positiv fannen ech och, dass de Klima-Biergerrot sech net nëmmen op eis Reduktiounsziler bei Emissioune konzentréiert huet, mee och Propose mécht, wéi mir an Zukunft mat de Klimaverännerunge besser liewe kënnen. Dozou zielen ech d'Mesuren aus der véierter Propos, déi den Ëmgang mam Waasser betreffen. Besonnesch fir de Geméisbau ass de Volet Stockage vu Reewaasser, dat ka genotzt gi fir ze netzen, extreem wichteg. Hei sollte mir kucken, wéi dës Méiglechkeeten nach kënnen ausgebaut ginn.

Eng Fuerderung vum Klima-Biergerrot, déi d'Reduktioun vum Véibestand betrëfft, gëtt am Moment souwuel am Kontext vum neien Agrargesetz wéi awer och vun de Baueren intensiv diskutéiert. Dat neit Agrargesetz huet effektiv zum Zil, d'Véihaltung méi extensiv ze maachen. Dat geet laang net sou wäit, wéi de Klima-Biergerrot dat proposéiert, an trotzdeem suergt dat bei deene betraffene Baueren, a besonnesch bei deene Jonken, fir ganz vill Onmutt.

De Klima-Biergerrot schwätzt haaptsächlech vu Fleeschvéi a manner vun de Mëllechkéi. Fakt ass awer, dass zu Lëtzebuerg däitlech méi Fleesch konsuméiert gëtt, wéi eis Bauere kënne liwweren. Woumat mir erëm beim Import wieren. D'LSAP ass d'accord, dass et gutt Grënn gëtt, de Véibestand ze reduzéieren a méi eng extensiv Déierenhaltung ze fërderen. Et wier awer onfair, d'Baueren zu Lëtzebuerg mam Argument vum Klimaschutz un hir Existenzgrenzen ze bréngen, wann d'Konsumente gläichzäiteg de Büfdeck aus Argentinie komme loossen.

En anere wichtege Beräich, deem de Klima-Biergerrot sech unhëlt, ass dee vun den erneierbaren Energien. An ech mengen, do wäert haut de Mëtteg nach deen een oder aneren drop ze schwätze kommen. Grondsätzlech gëtt hei an der Propos 11 gefuerdert, d'$CO_2$-Tax op fossille Combustibele vu 25 op minimum 200 Euro pro Tonn ze erhéijen. Andeems déi iwwerduerchschnëttlech Emissioune méi besteiert ginn, sollen doduerch virun allem déi méi räich Stéit cibléiert ginn, well si fir méi Emissioune responsabel sinn. D'Recettë vun esou enger Steier sollen duerno allgemeng u jidderee gläichméisseg verdeelt ginn.

No den Auteurë géif dat derzou féieren, dass déi, déi wéineg fossill Energië verbrauchen, duerch de Remboursement méi Suen erakréien, wéi se bezuelt hunn. Déi aner, par contre, bezuele méi, wéi se zréckkréien, a ginn doduerch incitéiert, méi nohalteg ze liewen.

Duerch esou ee System soll déi ganz Gesellschaft gläichermoossen dozou incitéiert ginn, d'Emissiounen op e Minimum ze reduzéieren.

Wat an der Theorie ganz gutt kléngt, huet awer leider och e klengen Hoken: Et si virun allem déi méi aarm Stéit, déi en Appartement loune mussen, dat elo mat Gas oder Masutt befeiert gëtt. Si hunn an der Reegel keen Afloss drop, fir eng méi nohalteg Heizung ze installéieren. Och sinn hir Wunnengen net esou gutt isoléiert, also muss iwwerduerchschnëttlech vill gehëtzt ginn. An an deem Modell, deen hei presentéiert gëtt, géifen déi méi Aarm also massiv besteiert ginn, wärend déi Aiséiert sech eng modern Heizung leeschten a gläichzäiteg vum Remboursement profitéiere kënnen. Dëse Modell géif déi Leit, déi ze wéineg Suen hunn, fir nohalteg ze liewen, zousätzlech bestrofen a se domadder an eng Däiwelsspiral bréngen.

D'LSAP steet awer voll a ganz hannert de Fuerderunge vum Klima-Biergerrot, méi an erneierbar Energien ze investéieren. Virun allem Wand- a Solaranlage misste vervillfacht ginn. De Premier huet a senger Ried zur Lag vun der Natioun betount, „dass op all Daach eng Fotovoltaikanlag soll kommen".

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Et ass awer wichteg, dass mir net nëmmen d'Fotovoltaik u sech fërderen, mee och d'Main-d'oeuvre an d'Aarbecht, déi domadder zesummenhänken. An et geet net duer, just méi erneierbar Energien ze produzéieren, zousätzlech muss awer och nach gespuert ginn, wou et méiglech an néideg ass. An duerfir ënnerstëtze mir och voll a ganz déi eenzel Propositiounen a puncto Spueren, déi de Klima-Biergerrot eis proposéiert huet.

Wat elo d'nohaltegt Bauen ugeet, esou ass dat och an den Ae vun der LSAP eng Prioritéit. Zu Lëtzebuerg gëtt ganz vill a kuerzer Zäit gebaut. Do läit et op der Hand, dass nei geschafene Wunnraum esou energieeffizient muss si wéi méiglech, well dat iwwer Joerzéngten en Impakt op eisen Energieverbrauch huet. Lëtzebuerg huet ganz séier héich Standarden an deem Beräich agefouert a war am Verglach zu aneren EU-Länner absolutte Virreider.

De Klima-Biergerrot wëllt hei nach méi wäit goen. An am Prinzipp ënnerstëtzt d'LSAP dat och. Allerdéngs si mir der Meenung, dass een an der Realitéit och iwwerpréiwe muss, wéi energieeffizient eigentlech déi Gebaier tatsächlech sinn, déi och an deene leschten zéng Joer no den neieste Standarde gebaut gi sinn. An och d'Handwierk muss kënne Schrëtt hale mat zousätzlechen Ufuerderungen, déi mir da wäerten an d'Gesetz schreiwen.

De Klima-Biergerrot fuerdert, dass bei Neibauprojete méi en héijen Undeel fir Sozialwunnengen a Logement abordable soll reservéiert ginn. Domat rennt e bei der LSAP oppen Dieren an, well mir scho laang kritiséieren, dass an der Vergaangenheet verpasst ginn ass, konsequent e Park un ëffentleche Wunnengen opzebauen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Dat kascht d'ëffentlech Hand haut ganz vill Geld. Mee mir sinn awer iwwerzeegt, dass dat eng absolutt Noutwendegkeet ass.

E ganz wichtege Schrëtt an deem Sënn huet eis Inneministesch gemaach mat deem neien Artikel 29bis, deen am Kader vum Pacte Logement an d'Gesetz iwwert den Aménagement communal ageschriwwe gouf.

National Virgabe si ganz ok, allerdéngs muss een oppassen, dass mer den Aménagement communal net zu enger staatlecher Kompetenz maachen. All Gemeng ass nämlech aneschters! An nëmmen déi Leit, déi och wierklech an der Gemeng um Terrain sinn, verstinn am allerbeschten, wat fir en Entwécklungspotenzial besteet. Hei muss de Staat seng Roll als État partenaire iwwerhuelen, wat e jo och iwwert déi verschidde Konventiounen an de Beräicher Logement, Klimaschutz an Naturschutz mécht.

Eng weider Suerg vum Klima-Biergerrot betrëfft déi vill onbebauten Terrainen am Bauperimeter an och de Leerstand vu Wunnengen. Fir d'LSAP ass d'Bekämpfung vun där Zort vu Spekulatioun eng Prioritéit. A mir sinn der Meenung, dass d'Mobiliséierungssteier an d'Leerstandssteier, déi rezent vun der Inneministesch an dem Logementsminister virgeschloe goufen, de richtege Wee sinn, fir dergéint virzegoen.

Mir hoffen duerfir, dass et e breede Konsens iwwert dee Projet gëtt, an dass déi entspriechend Gesetzer nach an dëser Legislaturperiod kënne gestëmmt ginn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | E weidere wichtegen Theemebräich, mat deem sech de Klima-Biergerrot beschäftegt huet, ass dee vum Offall. A well eisen aktuelle Wirtschaftsmodell um Wuesstumsprinzipp berout, entsteet kontinuéierlech méi Dreck, dee bleiwend Schied an eiser Ëmwelt hannerléisst.

D'Textilindustrie ass zu engem groussen Deel fir d'Ëmweltschied verantwortlech, well grad hei gëtt onnéideg vill produzéiert, consomméiert a ganz séier erëm ewechgehäit.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Och den europäeschen Elektroschrott gëtt an Drëttlänner exportéiert, lant do op engem risegen Dreckstipp a gëtt dann ouni Schutz ënner fräiem Himmel verbrannt.

Mir mussen eise Konsum a Fro stellen. An duerfir ënnerstëtzt d'LSAP d'Propositioune vum Klima-Biergerrot voll a ganz, fir méi qualitativ a bewosst ze produzéieren. Et muss nees méi Wäert drop geluecht ginn, futtis Saachen ze flécken an – firwat net? – ze recycléieren. Eise Wirtschaftsminister Franz Fayot huet an deem Sënn d'Luxembourg Strategy lancéiert mat Zenarien, wéi mir eis Wirtschaft méi nohalteg ausriichte kënnen. Deemno sollen d'Akzenter op eng Kreeslafwirtschaft ausgeriicht ginn, wou et drëms geet, manner Ressourcen ze verbrauchen a méi ze recycléieren.

Komme mer lues awer sécher zum Schluss an zum Beräich vun der Mobilitéit. An der Propos 33 soll den individuelle Verkéier reduzéiert ginn, andeems méi op kollektiven Transport gesat gëtt. Hei gëtt et am Moment schonn eng sëlleg Projeten, déi awer alleguerten ausbaufäeg sinn. An esou ass et wichteg, dass endlech an engem europäesche Geescht déi ganz Achs Bréissel–Lëtzebuerg–Stroossbuerg moderniséiert gëtt. Mee och am lokale Beräich stëmme mer der Propositioun zou, méi a Sammelservicer, wéi zum Beispill och de Bummelbus, ze investéieren.

De Carsharing gëtt definitiv nach net genuch ugebueden an dowéinst och net genuch benotzt. An duerfir ënnerstëtze mir als LSAP all Mesure, déi de Carsharing méi zukunftsfäeg a rentabel mécht, an och de Covoiturage misst an deem Sënn promouvéiert ginn.

An der Propositioun 34 plädéiert de Klima-Biergerrot fir eng Digitaliséierung, déi den Transport méi accessibel soll maachen. Dat ass grondsätzlech eng ganz interessant Approche. Et muss een awer bedenken, dass déi staatlech Applikatiounen deenen aneren um Weltmarché hannendrustinn. Iwwerdeems muss och gewosst sinn, dass esou eng Digitaliséierung och vu perséinlechen Donnéeën ofhängeg ass. An et stellt sech d'Fro, wéi wichteg eis an deem Moment den Dateschutz och ass.

Duerno schléit de Klima-Biergerrot vir, d'Immatrikulatiounstax an d'Vignette vum Auto dem $CO_2$-Verbrauch no ze erhéijen. Heizou léisst sech soen, dass säit dem 1. Januar 2021 d'Valeur double WLTP (ndlr: Worldwide harmonized Light vehicles Test Procedure) applizéiert gëtt. An dës Valeur ass eng nei Norm, fir d'Emissioune vum Auto ze moossen. D'Tax riicht sech no dëser Norm. An domat gëtt dem Prinzipp „pollueur-payeur" Rechnung gedroen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | De Klima-Biergerrot mécht och um Enn vu sengem Rapport nach e puer grondsätzlech Propositiounen, déi allgemeng ganz de Wäerter vun der LSAP och entspriechen. Hei fanne mir et wichteg, dass dës Virschléi net am Tirang dierfe verschwannen, mee dass um Terrain mat de Leit gekuckt gëtt, wéi a wat mir kënnen ëmsetzen.

E Kärpunkt ass, dass et eis esou séier wéi méiglech gelénge muss, eis Gesellschaft fir d'Wichtegkeet an och d'Prioritéit vum Klima- an Ëmweltschutz ze mobiliséieren.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Här Chamberspresident, Dir Damme Ministeren, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Aarbecht läit um Dësch. Eis Biergerinnen a Bierger hunn e formidabele Platto mat Iddien zerwéiert. Elo mussen déi concernéiert Verwaltungen, Institutiounen, Betriber a Ministèrë ganz einfach zougräifen. Mat ville Propositioune kann een direkt eppes ufänken.

A wéi ech virdru scho gesot hunn, kann eng gutt, zilgerecht an effikass Klimapolitik net vun uewen erof gemaach ginn, mee se muss an der Gesellschaft, mat de Leit gefouert ginn. An nëmmen esou kréie mir et hin, de Klimaschutz vun alle Säite gläichzäiteg unzepaken. An nëmmen esou kréie mir eis zesumme geschützt fir d'Zukunft.

Mee et muss beileiwen net bei der Ëmwelt- a Klimathematik bleiwen. Ech erënneren drun, dass d'Initiatives citoyennes an der neier Verfassung verankert goufen, déi et eise Bierger erméiglechen, sech politesch anzebréngen an dat souguer mat der Méiglechkeet, fir eng Proposition de loi auszeschaffen. An och d'Petitiounen hunn als nationale participativen Outil absolutt hir Preuvë gemaach.

An erlaabt mer awer och nach ganz zum Schluss, ... Ech hunn eis Inneministesch elo dacks zitéiert: Ech wéilt och gären de Klima-Biergerrot e bëssen op de lokalen Niveau deklinéieren an ech wéilt d'Biergerbedeelegung an eise Gemengen hannerfroen. Ech wier frou, wa mer vläicht e puer Wuert dozou kéinte gesot kréien, well ech fannen, dass et e ganz wichtege Sujet ass, grad elo am Virfeld vun de Gemengewalen.

A ganz, ganz zum Ofschloss nach emol e ganz grousse Merci u sämtlech Participantë vum Klima-Biergerrot. Merci fir Är Aarbecht. Merci awer och fir Är Disponibilitéit, déi Der gewisen hutt, wou Der hei an der Chamber eis e ganz beräicherenden Austausch ginn hutt, zesumme mat eis Deputéierten.

E grousse Merci fir Är Opmierksamkeet!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Hemmen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, léif Klimabierger, déi aktuell Energiekris an och Klimakris weisen ons mat enger ongeheierer Däitlechkeet, wéi dréngend mir ons onofhängeg musse maache vun de fossillen Energieimporter. Mir brauchen eng rapid Energietransitioun an den Ausbau vun erneierbaren Energien a méi Energieeffizienz gradewéi och eng déifgräifend Verännerung vun onser Gesellschaft an der Ekonomie.

An an där Transitioun si mer awer scho matzendran an déi musse mir och als Chance notzen, fir méi Liewensqualitéit justement an onsen Dierfer an an onse Stied ze schafen. An do si mer alleguerte gefuerdert. D'Politik awer muss de Kader do setzen. Mir mussen awer alleguerten d'Acteure mathuelen. An do ass d'Initiativ vum Premier, fir de Klima-Biergerrot anzeberuffen, e wichtege Bäitrag derzou.

De Klimabilan, dee mir virun e puer Woche presentéiert kruten, huet gewisen, dass mer ons Klimaziler fir 2021 erreecht hunn. Mir hunn also mat den Instrumenter wéi dem Klimagesetz, de sektoriellen Ziler an dem PNEC wierklech déi richteg Instrumenter. Gläichzäiteg awer bleift et e risegen Challenge, fir elo Joer fir Joer weider ons Reduktiounsziler ze erreechen.

A well dat eebe justement esou e grousse Challenge ass, si Biergerbedeelegungsprozesser esou wichteg, fir ons mat de Bierger auszetauschen iwwer ons Politicken an esou och déi néideg Legitimatioun ze kréien. An de Klima-Biergerrot huet mat senge 56 ambitiéise Propositiounen der Politik e kloren an däitleche Message ginn. D'Leit si prett fir méi Klimaschutz. Ons Efforte musse mer acceleréieren, fir der Urgence climatique gerecht ze ginn.

Et ass natierlech elo un der Politik, d'Leit eescht ze huelen an ambitiéis ze agéieren. Sou wéi mir et och am Hearing héieren hunn, kruten d'Bierger vum Premier gesot, dass elo géif nogebessert ginn. A fir ons Gréng ass et op alle Fall kloer, dass d'Propose musse ganz seriö gekuckt ginn, fir dass d'Aarbechten an d'Regierungspolitik respektiv an de PNEC kënnen afléissen, deen elo an den nächste Méint iwwerschafft gëtt.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech wëll a menger Ried kuerz iwwert de Prozess vum Klima-Biergerrot schwätzen, dann awer och kucken, wou mer haut a puncto Klimaschutz zu Lëtzebuerg stinn, gradewéi Positioun bezéien zu e puer vun den inhaltleche Propositioune vum Klima-Biergerrot an duerno awer och eng Konklusioun zéien, wat dat fir d'Biergerbedeelegung allgemeng heescht zu Lëtzebuerg, an och en Ausbléck maachen.

D'Biergerbedeelegung ass wichteg, fir dem demokrateschen Defizit entgéintzewierken, dee mer am Moment op verschiddenen Niveauen zu Lëtzebuerg kennen, sief et, well verschidde Bierger kee Walrecht hunn oder aus anere Grënn vun der Politik ausgeschloss sinn. An esou ass et och wichteg, dass d'Politik grad an deene grousse Froe begleet gëtt vu Biergerbedeelegung. An dat ass eng wierklech Beräicherung an eng Plus-value fir d'representativ

Demokratie. An dofir begréisse mir och de Prozess vun dem Klima-Biergerrot, dee professionell organiséiert war an no enger klorer Methodologie fonctionéiert huet an och vun Experte begleet gouf. An dat ass eebe wichteg fir den Erfolleg vu Biergerbedeelegung.

De Klima-Biergerrot gouf aus engem representativen Echantillon vun 100 Leit zesummegestallt, déi zu Lëtzebuerg wunnen a schaffen. An ech wëll hinnen hei wierklech felicitéiere fir hir Aarbecht, déi se dëst Joer gemaach hunn, an am Ganze 56 Propositiounen, déi se ausgeschafft hunn. Dat war vill Aarbecht! An ech wëll alleguerten de Bedeelegten am Numm vun der ganzer grénger Fraktioun dofir nach eng Kéier villmools Merci soen.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Dat selwecht gëllt natierlech och fir den Austausch, dee mer hei an der Chamber haten iwwer zwee Nomëtteger, wou mer den Debat vun haut preparéiert hunn. Mir souzen do schonn emol eng Kéier ganzer sechs Stonnen zesummen.

An de Klima-Biergerrot selwer ass zefridde mat dem Prozess an och mat de Resultater. A si hoffen elo, dass e Maximum dovunner ëmgesat gëtt. An do si mir als Politiker elo an der Verantwortung, dat och eescht ze huelen.

An och, wann ee vläicht iwwert déi eng oder aner Mesure kann diskutéieren, oder net jiddwereen honnertprozenteg mat alle bis an de leschten Detail d'accord ass, esou ass eng Ausso awer kloer: Si fuerdere méi Ambitioun. An do kann ech och ganz däitlech soen, dass déi gréng Fraktioun weiderhin alles wäert drusetzen, dass mer eng wierklech ambitiéis Klimaschutzpolitik och an Zukunft maachen. An ech appelléieren un déi ganz Chamber, dass se mat op dee Wee geet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Wou sti mer haut an onser Klimapolitik? 2021 si mer knapp ënnert onsem Budget vun 8,18 Megatonnen $CO_2$-Equivalent gelant an domadder hu mer onst Zil erreecht. Mir louchen domadder souguer 20 % ënnert dem Niveau vun 2005. Ons Efforten droen also Friichten dank dem Klimagesetz, de sektoriellen Ziler, dem nationalen Energie- a Klimaplang, Rekordinvestitiounen a Klimaschutz an de leschte Joren. An och mam neie Budget sinn nach eng Kéier 2,3 Milliarden Euro virgesi fir d'Dekarboniséieren.

Am Transport, dee gréisste Pak, wat den $CO_2$-Ausstouss ugeet, louche mer ënnert der Trajectoire, och wa mer bei der Industrie oder bei de Gebaier driwwer louchen.

Mee 2030 hu mer just nach en $CO_2$-Equivalent vu 4,55 Megatonnen zegutt. Also musse mer par rapport zu 2021 do eng Reduktioun vun 43,7 % virhuelen. An dat seet eis och alleguerte ganz däitlech, dass mer nach eng Kéier musse weider Efforte maachen a Joer fir Joer eis Politik mussen upassen, fir an d'Richtung vun der Klimaneutralitéit ze goen.

Ech wëll dann op e puer vun den inhaltleche Propositioune vum Klima-Biergerrot zréckkommen. Dozou gehéiert natierlech de massiven Ausbau vun den erneierbaren Energien hei am Land. E Wee also, dee mir an de leschte Jore schonn ugefaangen hunn an deen elo konsequent muss weidergoen.

Mir hunn 2021 15-mol méi Leeschtung beim Solar installéiert wéi an der Moyenne vun der leschter Legislaturperiod. An och bei der Wandenergie hu mir an de leschte Joren den Turbo ageluecht a mir wäerten onst Zil scho fënnef Joer méi fréi erreechen, wéi mer dat geplangt hunn. A mir mussen do natierlech heiheem e Maximum maachen, awer gläichzäiteg och an internationale Partnerschafte fonctionéieren.

Och de Prinzipp vun enger $CO_2$-Steier gëtt vun de Bierger als en absolutt zentraalt Element gesinn. A wa mer bedenken, wéi polemiséiert ginn ass, wéi mir deen agefouert hunn, dann ass dat eng immens Ënnerstëtzung vun de Bierger fir dee wichtege Prinzipp.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Duerch déi héich Energiepräisser si mer elo zwar an engem aneren Zenario wéi dee Moment, wéi mer se agefouert hunn, an awer ass de Prinzipp wichteg, fir e Präis op déi klimaschiedlech Zäregasemissiounen ze setzen, fir klimaneutral Investissementer ze favoriséieren. A gradewéi de Klima-Biergerrot ass an onsen Aen eng sozial an ekologesch Ëmverdeelung immens wichteg an et heescht, dat Instrument déi nächst Joren an deem Sënn konsequent weiderzeentwéckelen.

An et gëtt och ënnerstrach, dass alleguerten d'Acteuren, notamment d'Entreprisen, hiren Deel zur Reduktioun vun den Emissioune musse bäidroen an déi néideg Ënnerstëtzung dofir bräichten.

Mat de sektoriellen Ziler gi mer jo iwwert déi nächst Jore genau dee Kader, deen och d'Entreprisë brauchen, fir Emissiounsreduktioune pro Secteur ze maachen. Dofir musse mer den Entreprisen awer och déi néideg Instrumenter ginn an déi weiderentwéckelen. Steierofschreiwungsregimmer fir Klimaschutzmesuren an de Klimapakt fir Betriber si jo an der Entwécklung.

Dat selwecht gëllt och fir d'Gebaier. Och wa mer schonn haut héich Standarden hunn a ganz attraktiv Primmen, esou ass den Challenge enorm. An dofir brauche mir och weider Initiativen, fir d'Renovatioun vum Bestand nach méi accessibel ze maachen.

Fir eis ass et och evident, dass mer d'Kreeslafwirtschaft am Bausecteur weider musse stäerken. Eist Offallgesetz huet jo schonn e Schrëtt an déi Richtung gemaach. Mee fir dass „zero waste" um Bau wierklech Realitéit gëtt, mussen déi Instrumenter nach weiderentwéckelt ginn.

An eng vun den zentralen transversalen Thematiken, déi de Klima-Biergerrot och uschneit, déi awer vill mam Beräich vun der Konstruktioun ze dinn huet, ass d'Stäerkung vun dem Handwierk. Mir si ganz d'accord, dass e staarkt Artisanat primordial ass, wa mir d'Transitioun wëlle meeschteren. Mir mussen engersäits d'Attraktivitéit also vum Handwierk stäerken an anerersäits och d'Formatioun valoriséieren.

Mat ville konkreete Mesuren am Beräich vun der Offallgestioun plädéiert de Klima-Biergerrot derfir, d'Transitioun an d'Kreeslafwirtschaft ze acceleréieren. Et ass och genau déi Richtung, déi mer mat der Null-Offall-Strategie scho viséiert hunn. Mir hunn Ufank des Joers immens vill Mesuren en place gesat mat de fënnef Offallgesetzer. Zum Beispill Single-Use-Materialien op de Fester oder an der Restauratioun, déi schrëttweis aus dem Verkéier gezu ginn, iwwerflësseg Verpackungen, déi reduzéiert ginn. An dës Gesetzer mussen elo natierlech um Terrain ëmgesat ginn. An da musse mer déi Mesuren och weiderentwéckelen, fir der Visioun vum Null-Offall gerecht ze ginn.

De Klima-Biergerrot fuerdert notamment och, d'Reparatioun an d'Reutilisatioun weider ze stäerken an d'Lafzäit vun de Produiten ze verlängeren. Och e Reparaturbonus gëtt proposéiert. Alles Propositiounen am Sënn vum Null-Offall an der Zirkularitéit.

E weidere Punkt, deen awer och immens wichteg ass an dee mer sollte weiderentwéckelen, ass d'Aféierung vun engem Pfandsystem zu Lëtzebuerg. Do hu mer ons mam neie Gesetz jo och schonn eng legal Basis derfir ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Zwee Drëttel vun den Emissioune ginn dann awer op d'Mobilitéit zréck. An dofir ass dat natierlech och en zentral wichtege Levier. Déi massiv Investiounspolitik vun de leschte Joren dréit hir Friichten, wéi mir an der Klimabilanz och gesinn hunn.

De Vëlo, Zuch, awer och de Foussgänger ginn am Rapport vum Klima-Biergerrot awer wéineg ernimmt, obwuel dat onser Meenung no awer wierklech zentral Punkte sinn, wa mer iwwert d'Dekarboniséierung vun der Mobilitéit schwätzen. Mir däerfen net vergiessen, dass d'Hallschent vun den Deplacementer zu Lëtzebuerg ënner fënnef Kilometer sinn an awer an zwee Drëttel vun de Fäll den Auto dofir geholl gëtt. D'Potenzial vum Foussgänger a vum Vëlo als klimaneutral Deplacementer sinn also nach gewalteg – an dat och am ländleche Raum.

Aus dem Hearing vum Klima-Biergerrot goung jo och eraus, dass d'Efforte vun der Politik do eeben och unerkannt ginn, gradewéi och d'Visioun an d'Propositiounen aus dem Mobilitéitsplang 2035, an dass dat awer de Grond ass, firwat dass déi Elementer vläicht manner elaboréiert an de Propositiounen dra sinn.

Beim ëffentlechen Transport sinn an de leschte Jore jo och extreem vill Retarden opgeholl ginn. Mee et bleift och do nach vill ze maachen. Eis Prioritéit muss an Zukunft also och do leien, de Leit wierklech eng performant Offer ze bidden – an dat och iwwert d'Grenzen eraus.

Zur Landwirtschaft dann, déi wierklech e Rôle huet, grad och wat de Biodiversitéitsverloscht ugeet, oder och an der Klimakris, an déi muss anescht, fundamental anescht ausgeriicht ginn – esou seet de Klima-Biergerrot et och an aller Däitlechkeet a plädéiert derfir, dass mer hei e besseren ekologeschen Niveau fannen.

Si schwätze vun enger Reduktioun vum Véibestand an och vun enger Diversifikatioun vun der Landwirtschaft a fuerderen, dass d'Subsidepolitik an d'Berodung an déi Richtung orientéiert ginn an dass d'Bauere bei där Transitioun ënnerstëtzt ginn – och an notamment a Richtung Biolandwirtschaft, déi do wierklech e wichtegen Deel derzou bäidréit.

Vum Klima-Biergerrot hu mir de kloren Optrag, net just un technesche Léisungen ze schaffen, mee virun allem a Richtung vun enger buedemgebonnener Landwirtschaft ze goen, déi mat deem Terrain schafft, deen hir zur Verfügung steet. Et ginn do och am nationale Strategieplang an an dem Agrargesetz éischt Usätz. Mee dës Usätz ginn dem Usproch awer net gerecht vun enger Agrarpolitik, déi fundamental am Aklang mat de Ressourcë Buedem a Waasser steet an de Baueren eng reell Zukunftsperspektiv an deem Sënn gëtt. A leider trëppele mer och am Bioaktiounsplang op der Plaz.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | De Klima-Biergerrot fuerdert hei wierklech en Ëmstellen op eng aner Agrar- an och Ernärungspolitik.

A grad an den Zäiten, wou mer elo dra sinn, wëll ech dann och nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'Liewensmëttelsécherheet an och eng aner nohalteg Landwirtschaftspolitik zesumme ginn, an dass mer dat net däerfe géinteneen ausspillen an ons do net däerfen ausspille loossen.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Weltwäit ginn nämlech zwee Drëttel vun de Liewensmëttel verschwent. D'Hallschent vun de Kären, déi an der Europäescher Unioun produzéiert ginn, ginn un Déiere verfiddert. An ech wëll dofir nach eng Kéier mat där Zuel kommen, déi heiansdo a Vergiessenheet geréit: Fir 1 Kilo Fleesch ze maachen, musse 15 Kilo Planze produzéiert ginn. Effizienz heescht also: planzlech Ernärung promouvéieren a resolutt géint d'Liewensmëttelverschwendung virgoen.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | De Klima-Biergerrot fuerdert eeben och grad d'Promotioun vun der vegetarescher Ernärung an de Kantinnen, awer och generell.

E Beispill dofir ass och, dass d'Populatioun an och déi Jonk do vläicht vill méi wäit si wéi esou munchereen hei am Haus. Dat weisen och ganz nei Zuelen, déi ech elo aus enger Question parlementaire erausliesen, wou nämlech gesot gëtt, dass an de Schoulkantinnen zu Lëtzebuerg d'lescht Joer 49,7 % vun de verkaafte Plate vegetaresch oder vegan waren. Also all zweete Plat, deen an de Kantinnen zu Lëtzebuerg an der Schoul iwwert d'Théik geet, ass vegetaresch. Virun zwee Joer louche mer do nach bei 13,3 %.

D'Realitéit vum Terrain an och d'Fuerderunge vum Klima-Biergerrot ginn also wierklech a Richtung fir ze soen: Mir mussen d'planzlech an och d'Biooffer wierklech verstäerken. Dofir menge mir och, dass ee béides, also d'planzlech an och d'Biooffer an de Restopolis-Gesetzer (veuillez lire: am Restopolis), an deem Gesetz sollt verankeren.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Nach eng Kéier kuerz zréck bei d'Liewensmëttelverschwendung. 118 Kilo Liewensmëttel lande pro Kapp pro Joer zu Lëtzebuerg an der Poubelle. Also knapp d'Hallschent dovun, nämlech 48 % (veuillez lire: 48 Kilogramm), wären ze evitéieren.

Déi Zuele sinn en plus nach net op der ganzer Kette baséiert. Laut enger franséischer Etüd geet een Drëttel vum gesamte Gaspillage alimentaire op de Beräich vun der Produktioun zréck.

Mam neien Offallgesetz hu mer schonn e puer Mechanismë ginn, fir géint dee Gaspillage alimentaire virzegoen. Mee grad tëscht dem Feld an der Produktioun an dem Supermarché gëtt et ëmmer nach vill Verloschter. An hei brauche mer Instrumenter, fir deem nach besser entgéintzewierken, wéi de Klima-Biergerrot dat och fuerdert.

Si soen ons och ganz däitlech, dass d'Bierger musse reell erkennen, wat nohalteg ass a wat net nohalteg ass. Also brauche mer eng wierklech adequat Indicatioun vun, wéi ekologesch e Produit ass a wéi ekologesch en eeben och net ass. An deem Sënn si mir och der Meenung, dass mer méi streng Krittäre brauche wéi déi, déi mer aktuell am Labelsgesetz virgesinn hunn.

An och wa mir alles musse maachen, fir ons net nach méi an d'Klimakatastroph eranzegeheien, esou spiere mer se haut schonn. E Rekordreen de leschte Summer, eng Rekordhëtzt dëse Summer, an och grad Temperaturen, déi iwwert der Moyenne si vun der Reegel fir dës Joreszäit weisen eis – an dat schreift de Klima-Biergerrot och a sengem Rapport –, dass eebe Klimaadaptatioun och elo muss wierklech seriö geholl ginn. Si appelléieren dofir un d'Regierung an un d'Gemengen, der Klimaadaptatioun och nach méi Wichtegkeet ze ginn. D'Natur ass onse beschten Alliéierten am Kampf géint d'Klimakris. An e Stäerke vun der Natur geet Hand an Hand mat méi Resilienz, och par rapport zur Klimakris.

Lëtzebuerg huet sech do e Klimaadaptatiounsplang ginn an deen och am Gesetz verankert. Dee musse mer elo ëmsetzen, zesummen och mam Klimapakt an dem Naturpakt, deen de Gemenge vill Incitatiffe gëtt, fir an déi Richtung ze schaffen. D'Gemenge mussen do och alleguerten hir Verantwortung huelen.

De Klima-Biergerrot pocht och op d'Wichtegkeet vun engem gesonden an intakte Bësch a proposéiert do eng Rei Mesuren. Mam neie Bëschgesetz, un deem mer och grad schaffen, geet et jo grad drëm, fir eeben eng nohalteg Gestioun an de Bëscher ze garantéieren, fir dass de Bësch senge verschiddenste Funktioune ka gerecht ginn, se erfëlle kann an och méi resilient ka ginn.

Här President, Dir Dammen an Hären, wat zéie mer elo aus där heiter Biergerbedeelegung a wéi geet et weider?

Wéi ech et ugangs scho gesot hunn, ass d'Biergerbedeelegung aus verschiddene Grënn immens wichteg: notamment, fir dem demokrateschen Defizit oder der Enttäuschung iwwert d'Politik, déi vill Leit hunn, entgéintzewierken an awer och fir ons Politicken ze verbesseren; wat also grad och wichteg ass bei deene ganz grousse Froen, wéi och dem Klimaschutz.

De Klima-Biergerrot ass awer net déi eenzeg oder déi éischt Biergerbedeelegung, déi mer zu Lëtzebuerg gemaach hunn. Ech denken do zum Beispill u Luxembourg in Transition mat dem Biergerkomittee „Lëtzebuerg 2050", dee 44 Recommandatioune gemaach huet, fir d'Transitioun vun onsem Territoire a Richtung vu Klimaneutralitéit ze maachen, oder d'Workshoppen, déi gemaach gi sinn am Virfeld vun der Elaboratioun vum PNEC, oder och d'Zero-Waste-Strategie, fir just zwee weider national Beispiller ze nennen. An och a ville Gemenge gëtt et flott Beispiller, wéi een d'Bierger kann abannen.

D'Klimabierger schreiwen an hirem Rapport och, dass de Prozess gutt fonctionéiert huet a ginn ons awer e puer Recommandatioune mat op de Wee. D'Zäit war dann awer vläicht e bësse knapp a si hätte gären e bësse méi Zäit gehat, wat derzou gefouert huet, dass net alleguerten d'Sujete konnten am Detail traitéiert ginn, wéi si et am léifste gemaach hätten.

D'Bierger/inne selwer waren och net beim Ausschaffe vun der Methodologie matagebonne respektiv bei de Froe vun der Gouvernance, wat awer bei esou engem Prozess am Ufank eigentlech wichteg ass, dass een dat mécht. Dat sinn duerchaus pertinent Froen. An dofir ass et wichteg, dass ee sech bei nächste Prozesser bei der Preparatiounsphas vläicht e bësse méi Zäit gëtt.

Mam Klima-Biergerrot hu mer e weidere wichtege Biergerbedeelegungsprozess gemaach. Et ass elo d'Responsabilitéit vun der Regierung, d'Recommandatiounen eescht ze huelen a se an d'Elaboratioun vum PNEC anzebannen – gradewéi och aner Acteuren agebonne ginn. Ech schwätzen do vun der Klimaplattform, wou d'Zivillgesellschaft, d'Jugend, d'Salariat, d'Patronat, d'Gemengevertrieder, Investisseuren a sou weider, dra sinn, den Observatoire, also d'Wëssenschaft. Alles Plattformen, déi mer geschafen hunn am Kader vun dem Klimagesetz.

A mengen Aen ass et natierlech och wichteg, dass mer de Biergerkommittee Lëtzebuerg 2050 froen, well si hunn och e ganz pertinente Bäitrag gemaach.

Mir mussen ons awer och méi generell domadder auserneesetzen, wat mir aus deene verschiddene Biergerbedeelegungsprozesser zu Lëtzebuerg zréckbehalen a wéi mer d'Biergerbedeelegung zu Lëtzebuerg weiderentwéckelen oder institutionaliséiere wëllen, wéi de Lëtzebuerger Modell vun der Biergerbedeelegung ausgesäit.

Fir dass mir dat haut hei am Haus kënne maachen, hunn ech och schonn den 1. Juni eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Biergerbedeelegung ugefrot, wou et justement ëm déi dote Froe geet. An do hu mer dann och Zäit, fir driwwer ze diskutéieren. Ech hunn do eng Partie Iddien, Dir bestëmmt och. An ech freeë mech dofir, an den nächste Wochen a Méint déi Debatt hei weiderzeféieren.

Här President, Dir Dammen an Hären, ons Klimaschutzpolitik, mat hiren Instrumenter vun dem Klimaschutzgesetz an de sektoriellen Ziler, dem PNEC mat sengen 200 Mesuren, déi gräifen: Mir hunn onst Zil 2021 erreecht. Mee ons Reduktiounsziler sinn ambitiéis a Joer fir Joer mussen d'Secteuren dofir mathalen. An dofir ass dee Biergerbedeelegungsprozess, dee mer hei gemaach hunn, och esou wichteg. Dee vum Klima-Biergerrot mat senge 56 Mesuren, awer och dee vum Biergerkomitee Lëtzebuerg 2050. Si ginn der Politik e klore Message, dass mir ons Efforte mussen acceleréieren, fir der Urgence climatique gerecht ze ginn. Si si prett a weisen op d'Drénglechkeet hin.

D'Politik muss d'Bierger eescht huelen an elo déi néideg Konsequenzen aus deene Prozesser zéien an och liwweren, fir dass mer a Richtung Klimaneutralitéit ginn, fir dass mer energieonofhängeg ginn, an awer och, fir d'Biergerbedeelegung zu Lëtzebuerg weider auszebauen an ze stäerken.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Benoy. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President, léif Kolleegen, Dir Dammen an Häre Ministeren, ech wëll fir d'éischt, wann Der erlaabt, deene Leit Merci soen, déi do an deem Klima-Biergerrot derbäi waren. Si hu vill Engagement gewisen, si hu vill Zäit opgewannt. An ech mengen, jiddwereen, dee sech engagéiert, fir eppes op de Pabeier ze bréngen, dee musse mer respektéieren an deem solle mer da Merci soen.

Si hunn och bestëmmt gemierkt, well ech denken, si lauschteren hei no, dass hei ganz villes och gelueft gëtt aus hirem Rapport, dass vill gesot gëtt, dass dat och soll ëmgesat ginn, an interessanterweis eeben och vun de Majoritéitsparteien. A si freeë sech bestëmmt, dass dat da gläich wäert geschéien, vu dass se sech alleguerten a ganz ville Saachen eens sinn, fir da schrecklech schnell ze handelen. Mir sinn da gespaant. Ech op jiddwer Fall, wann ech Member wier am Gremium, ech wier do e bësse skeptesch.

Wann een e bëssen iwwert de Klima-Biergerrot schwätzt, wéi en opgesat ass, wéi e fonctionéiert huet, da stelle sech eng Partie Froen, op déi ech hei wëll agoen. Ech wëll awer direkt soen: Dat ass net d'Schold vun deene Leit, déi dra sinn, mee éischter déi vun deenen, déi dat Ganzt organiséiert hunn!

Déi éischt Fro ass déi, ob dat Ganzt wierklech, esou representativ ass, wéi gesot gëtt. Ob dat wierklech elo e Biergerrot ass an ob een hei wierklech dervu schwätze kann, dass d'Bierger hei am Land dat dote virgeschloen hunn. An eiser Meenung no ass dat net onbedéngt esou an ech géif dat duerfir och net Biergerrot nennen. Ech géif éischter soen, et ass e Forum oder e Panel, dee vun der TNS ILReS eeben zesummegesat gouf, deelweis aus Leit, déi si kontaktéiert

hunn an deelweis aus Leit, déi si erausgezunn hunn, bei deenen, déi sech gemellt haten.

Interessant wier, do hunn ech leider keng Informatioune fonnt, wéi déi Leit zesummegesat goufen. Et ass gesot ginn, dat wier representativ, en Echantillon vun der Bevëlkerung. Zielt dat och fir de sozioekonomesche Status vun deene Leit? Zielt dat fir de Beruff, dee se hunn? Zielt dat och fir de Schoulniveau? Hu mer do wierklech eng Representativitéit vun der Situatioun vun den Awunner hei am Land, jee no Schoulniveau? No Nationalitéit? Ech sinn do skeptesch. Ech mengen net, dass dat de Fall ass.

Wéi eng Leit sinn do dran? An do geet et och dorëms, wéi eng Meenung se hu par rapport zu där ganzer Problematik.

An ech wëll hei einfach emol op eppes agoen, wat och bis elo net gesot ginn ass. Mir mussen trotzdeem awer soen, dass Der an der westlecher Welt, hei an Europa, jee no Land, jee no Ëmfro, awer ëm déi 30 % vun de Leit hutt, déi entweeder soen, „Et gëtt kee Klimawandel", …

**Plusieurs voix** | O!

**M. Fred Keup** (ADR) | … oder soen: „Et gëtt e Klimawandel, mee en ass net mënschegemaach", oder soen: „Et gëtt e Klimawandel, mee mir Mënsche kënnen näischt maachen, fir et ze verhënneren." Dat sinn, jee no Ëmfroen, an de westleche Länner ëm déi 30 %, mol méi, mol manner.

*(Interruptions)*

Wou sinn déi 30 % dann, wann ee seet, dass déi Bierger hei representativ si fir d'ganz Bevëlkerung? Déi si warscheinlech net derbäi. Ech kann dat och verstoen, well da wier dat Ganzt warscheinlech näischt ginn. An et ass jo och vun den Organisateure gesot ginn: „Et melle sech eebe just déi Leit, déi sech fir Klimaschutz asetzen." An dann hutt Der logescherweis natierlech och just därer derbäi. An et ass dann en Deel vun der Gesellschaft, mee et representéiert net déi ganz Gesellschaft. Ech mengen, dat musse mer klipp a kloer hei soen.

Bei Reporter.lu hu se geschriwwen – do hu se gekuckt an ech zitéieren dat hei –, dass déi 14 Spriecher, déi geschwat hu fir de Gremium, sougenannte „professionell Bierger", wéi se dat nennen, wieren, zwar ënnerschiddlech am Geschlecht an am Alter, awer all héich gebilt, eloquent an deels mat Fachwëssen an Ëmwelt- an Energiefroen. Dat heescht, och do hu mer net wierklech eng Representativitéit. Dat stoung op Reporter.lu!

Dat heescht, ech wëll klipp a kloer als éischte Constat hei soen: Dat hei ass … De Klima-Biergerrot, all Respekt fir déi, déi matgemaach hunn, mee et ass net representativ. Et ass net representativ fir d'Bevëlkerung vu Lëtzebuerg!

*(Interruption)*

Da stellt sech d'Fro vun der Onofhängegkeet vun der Aarbecht. An dat ass vill diskutéiert ginn, och a verschiddenen Artikelen a leschter Zäit. War dee Gremium wierklech onofhängeg? Wann ech de Rapport kucken, a wéi ech e gelies hunn, war ech dach e bëssen iwwerrascht.

**Une voix** | En huet e scho gelies!

**M. Fred Keup** (ADR) | Elo wëll dat net onbedéngt eppes soen, mee wa mer da kucken, direkt op der drëtter Säit, hu mer eng Preface vum Premierminister. Dat kann ee maachen, mee ech fannen et net grad opportun an ech verstinn och net, wisou d'Membere vum Biergerrot an hirem Rapport op der drëtter Säit eng Preface vum Premierminister gemaach hunn. Wann ech am Biergerrot gewiescht wär, hätt ech et net gemaach. A wann ech Premierminister gewiescht wär, hätt ech gesot: „Nee, maacht et net, well …

*(Interruption par M. Xavier Bettel)*

… da gesäit et méi neutral aus!"

**M. Roy Reding** (ADR) | Très bien!

*(Interruption par M. Xavier Bettel)*

**M. Fred Keup** (ADR) | De Premierminister schreift dann och natierlech hei: „Je suis très fier", …

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Très bien!

*(Hilarité)*

**M. Fred Keup** (ADR) | … an e seet: „[ils] s'expriment ainsi au nom de toute la population." Nee, nee, nee, nee, nee! En Deel vun der Populatioun, net „toute la population"! „Toute la population", wann Der déi wëllt hunn, Här Bettel, da musst Der e Referendum maachen!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Roy Reding** (ADR) | Exakt!

**M. Fred Keup** (ADR) | E schreift „est un instrument démocratique" …

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Ma dann ënnerschreift dat …,

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, …

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | … wat Äre Kolleeg dann deposéiert!

**M. Fred Keup** (ADR) | … jo, Här Bettel, ech hunn Iech net ënnerbrach, wéi Dir geschwat hutt.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Fred Keup** (ADR) | Da géif ech Iech bieden, mech och net ze ënnerbriechen!

**Une voix** | Voilà!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

*(Interruptions)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Da steet hei: „Le travail indépendant des citoyens sans prise d'influence de la politique est une condition importante pour le succès de la participation citoyenne." Dat kléngt dann och gutt. Mee dann, et ass awer da schwiereg, wann een dann d'Säit ëmdréit an da steet grad do, dass et keng Influence de la politique géif ginn. An dann ass op der Säit duerno dat heiten, wou da steet: „Les ministères impliqués", mat den dräi Fotoe vun dräi Ministeren. Also dat ass einfach … Do kritt ee kee gutt Gefill bei deem Ganzen. An Dir hätt dat sollen ewechloossen.

**M. Roy Reding** (ADR) | Et ass jo manner Fake.

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Hei, wannechgelift, e bësse méi roueg! Den Här Keup huet d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Inhaltlech, wann ech de Rapport liesen, do schreiwe se dann och, d'Leit, d'Memberen aus dem Rot: „Cela n'aurait été possible sans le courage politique du Ministre d'État qui a lancé cette initiative", a si begléckwënschen de Minister fir säi grousse Courage. Ech géif soen, e grousse Courage wier, a politesch interessante Froen e Referendum ze maachen.

Mee dat ass eng aner Saach.

Da steet weider do: „les groupes en sont venus à des propositions revues, peaufinées, avisées par des experts", dat heescht, iwwerschafft, verfeinert … an en entscheedenden Afloss op de Klimarot haten déi vill Experten, déi gefrot gi sinn, fir do matzemaachen.

Bei Reporter.lu steet: „Teilnehmer berichten von engen Zeitplänen, vorgegebenen Experten", déi se sech net selwer konnten eraussichen „und dem Druck, schnell zu einem Ergebnis zu kommen". Dat ass och scho gesot ginn. Dat ass net ideal.

Da krute mer aus engem Bréif, deen intern do zirkuléiert ass …, dee krute mer weidergeschéckt. An ech wëll Iech elo einfach emol soen, wat och do drasteet a wat och an déi Richtung geet. Ech zitéieren dat elo. Do ass dann en Artikel, en Abschnitt, deen ass: „Deuxièmement, à la suite de ça, nous proposons de vérifier de manière transparente toutes les esquisses de textes avec Madame"– déi nennen ech net – „de l'équipe ‚Climat' du Ministère de l'Environnement."

**Une voix** | A!

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

**M. Fred Keup** (ADR) | „Non pas pour réécrire ou juger, mais dans le seul but d'éviter les erreurs de raisonnement." „Dans le but d'éviter les erreurs de raisonnement" musse mer also eng Persoun vum Ministère froen. A, dat kléngt net ganz onofhängeg!

Weider: „Troisièmement, nous disposerons d'une série de propositions sous la forme d'esquisses de textes provisoires que vous pouvez faire circuler auprès de nos experts afin qu'ils réalisent un retour et une finalisation." Ech verstinn dat och net richteg. Dat ass och net grad onofhängeg. Firwat kann de Biergerrot net dat alles selwer maachen? Firwat musse se iwwert aner Leit fueren, déi hire Rapport finaliséieren? Dat kann ech net verstoen.

Awer et ass ee Mann, deen et op de Punkt bréngt, an dee war och laang heibannen, an dat ass de Robert Goebbels an dee sot et ganz einfach an ech mengen, esou ass et: Et ass „die manipulierte Demokratie" …

**Plusieurs voix** | O!

**M. Fred Keup** (ADR) | … „der ‚Experten'!" Dir héiert et net gären …

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Här Keup, erlaabt Der, dass, a Stellvertriedung vum Här Goebbels, den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

*(Hilarité)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Den Här Kersch? Jo, ganz gären. Jo.

*(Interruption)*

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech wollt zwar net als Stellvertrieder vum Här Goebbels schwätzen, ech wollt just Iech drop opmierksam maachen an an engems eng Fro stellen, Iech drop opmierksam maachen, dass Der elo schonn d'Hallschent vun Ärer Riedezäit do verbraucht hutt, fir d'Integritéit an d'Representativitéit vum Klimarot a Fro ze stellen, an ech wollt Iech froen, ob Der dann och endlech inhaltlech Äntwerten zu deene 56 Propositiounen eis hei virbrénge wäert. Mir si gespaant drop, eppes Inhaltleches vun Iech ze héieren.

**M. Fred Keup** (ADR) | Mee Dir hutt ganz Recht, Här Kersch. An natierlech komme ech nach op dee Punkt, mee et ass wichteg, dat hei unzeschwätzen, well ech hunn och leider gemierkt, dass bis elo nach keen dat ugeschwat huet. An dat ass awer eppes, dat brennt an der Bevëlkerung, déi onbedéngt doriwwer wëll Bescheed wëssen.

*(Hilarité et interruptions)*

**Une voix** | Très bien! Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Mee Dir misst awer elo Gas ginn, wann ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Sou, wann ... Jo, mee den Här Kersch, deen hat mech ënnerbrach. Also dat ass ...

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Jo, déi 30 Sekonne kritt Der.

*(Interruption)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Also nach eng Kéier: Ech mengen, wann een et wierklech wëll ganz demokratesch mengen, da muss een higoen an da muss een e Referendum maache fir wichteg Punkten.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fred Keup** (ADR) | An da kënnt Der och heihinner kommen a soen, dir hätt d'Bierger gefrot.

Ech kommen dann och zum Inhalt.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fred Keup** (ADR) | Den Inhalt vun deem Ganzen ... Ech hunn, wéi gesot, ganz grousse Respekt fir déi Leit, déi dat geschriwwen hunn. Et ass eng grouss Aarbecht. Ech muss awer soen, dass et am ...

*(Interruptions)*

... grousse Ganzen ...

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Wannechgelift!

**M. Fred Keup** (ADR) | Am grousse Ganzen ...

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Wannechgelift!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... fanne mer an deem Rapport am Fong Saachen erëm, déi mir awer och schonn heibannen e puermol héieren hunn. Dat si Geschwindegkeetsbegrenzungen, dat hu mer schonn héieren. Mir sinn iwwregens net dermat averstanen. Dat ass d'Iddi – oder besser den Zwang, well dat ass et am Fong –, fir vegan z'iessen: „minimum de deux Veggie-days" an der Kantin. Bei de Kanner kann een et jo maachen. Do si mer och dergéint. Dat hate mer och hei schonn. Aschränkunge fir d'Baueren, doriwwer hate mer och schonn hei vill Diskussiounen. Steiererhéijungen, vill Steiererhéijungen. Doriwwwer hate mer och hei schonn Diskussiounen. D'$CO_2$-Steier. An esou weider. Stroum spueren. Absolutt, domat si mer d'accord. Mir musse kucken, fir Stroum ze spueren. Alternativ Energien. Doriwwer schwätze mer hei reegelméisseg, och dat ass näischt Neits.

Am Rapport steet, bis 2040 soll d'Ëmstellung op WWS, „wind-water-sun", da quasi vollzu sinn. Am Moment hu mer awer, bei eisem ganzen Energieverbrauch, e minimalen Undeel u Wand, Waasser a Sonn, deen am 1–2%ege Beräich läit. Also, wann Der wëllt op 100 % kommen an Zäit vun 10, 20, 30 Joer, da Bonne chance! Dat ass ganz schéin, mee et wäert net fonctionéieren. An ech erënneren och erëm drun, dass wann am Wanter eng Woch keng Sonn ass a kee Wand ass, da musst Der iergendee Backup hunn, soss hutt Der dee Moment keng Energie.

*(Interruption)*

Müll vermeiden. Absolutt dermat d'accord. Ressourcë schounen. Do si mer eis alleguerten eens: Mir musse kucken, fir Ressourcen ze schounen, sou vill wéi méiglech. Ëffentlechen Transport ausbauen. Sécher, och ganz wichteg. Awer net vergiessen: Och den Auto an och de Verbrennermotor hunn eng Daseinsberechtegung!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Bon, ech kéint do nach eppes Klenges umierken: Ech hunn och gelies, ... Dat ass einfach eng Fro, mee Der musst se net beäntweren. Et steet do: „30 % des logements construits doivent être des logements sociaux." Ech fannen déi Iddi jo net onbedéngt elo schlecht, ech wëll déi net bewäerten, mee ech weess net, wat dat mam Klima elo direkt ze dinn huet.

**M. Roy Reding** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Dat Ganzt liest sech trotzdeem e bësse wéi de Walprogramm vun der grénger Partei. Da wësse mer, wat do dra kënnt.

*(Interruptions)*

Eppes ass iwwregens net dran – an dat ass och ganz interessant –, an dat ass dem Greta seng Meenung. Dem Greta seng Meenung ass net representéiert am Klimarot, d'Greta ass nämlech fir Atomstroum. E Wuert, dat guer net dra virkënnt.

*(Interruptions)*

Eigentlech, wa mer ganz realistesch sinn, muss een och soen, hei als klengt Lëtzebuerg hu mer e klengen Afloss. Mir kënnen natierlech soen: Mir wëlle Virreider sinn. Mir wëlle mam gudde Beispill virgoen. Mee vergiesse mer net: Dat kascht eis Milliarden, et si vill Aschränkunge vun de Rechter vun de Leit an et wäert fir d'Klima op der Welt net wierklech relevant sinn.

Wa mer wierklech eppes wëllen hei zu Lëtzebuerg maache fir d'Ëmwelt a fir d'Klima, ma da musse mer de rasanten ongebremste Wuesstum bremsen.

A wann ech dann héieren, dass verschidde gréng Politiker dervu schwätzen, dass mir Plaz hei am Land hu fir weider 300.000 Awunner, dass mer op 1 Millioun Awunner kommen, da soen ech mer: Wéi kann dat da goen? Dir kënnt net een Dag hei an d'Chamber kommen a soen: „Mir wëllen eng Millioun Awunner. Mir bauen Dausenden an Dausende vun Haiser bäi, wou Dausenden an Dausende Leit bäikommen", an op där anerer Säit da soen: „Mir wëllen $CO_2$ reduzéieren." Dat geet net. Dat ass net éierlech.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Ee ganz interessante Punkt an deem Zesummenhang vum Bauen, dat muss ech awer hei zitéieren, well deen ass elo net zitéiert ginn, dat ass dee vum nohaltege Bauen an dat ass d'Konzept vun der groer Energie. Dat ass bis elo hei nach net wierklech eng Kéier thematiséiert ginn. Dat ass déi Energie, déi Der braucht, fir e Gebai, fir en Haus ze bauen. Dir braucht Material. Dir musst dat dohinner bréngen. Dir musst d'Aarbechter dohinner bréngen. Dir musst dat mat vill Energie zesummebauen. An déi ganz Energie, déi Der braucht, fir en Haus ze bauen, ass am Fong méi héich wéi dat, wat déi Haiser normalerweis wärend 40, 50 Joer un Energie duerno verbrauchen.

Dat heescht am Fong – an dat ass dat, wat hei drasteet –, mir musse kucken, wa mer dat wëlle respektéieren, al Haiser net méi ofzerappen, mee ze renovéieren an am beschten esou wéineg wéi méiglech ze bauen. Well alles, wat gebaut gëtt, ass natierlech klimaschiedlech. Ausser mir bauen et mat Holz. Mee do wësst Der, däers hu mer och net ganz vill.

An d'Schoule solle mer och goen. An de Schoule gëtt ganz vill Nohaltegkeet gemaach an deene verschiddenste Fächer. Dat gëtt scho gemaach. Mir mussen net Éveil aux sciences ëmbenennen, mir mussen och net d'Geografie am Lycée ëmbenennen. An deene Fächer gëtt Nohaltegkeet, gëtt Ëmwelt gemaach. Dat ass alles do scho present.

Ech kommen dann zum Schluss. Wa mer an der Logik sinn, dass e Biergerrot eppes Guddes ass, da solle mer de Biergerrot dach och fir aner Sujete benotzen. An ech géif zum Beispill zwou Saache proposéieren: Firwat net e Biergerrot fir d'Kriminalitéitsbekämpfung hei am Land?

*(Interruptions)*

Oder e Biergerrot fir d'Erhale vun der Lëtzebuerger Sproch? Dat wier och interessant. Esou e Biergerrot fuerdere mir.

A wann Der wierklech gären, wéi gesot, Demokratie hätt, zesumme mat de Bierger, da musst Der d'Bierger froen. An zwar all. An dat ass de Referendum. Dat wier demokratesch. Do wou d'Demokratie versprach gi war, do hutt Der Iech net dru gehalen.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Ënnerschreift dach séier ...

**M. Roy Reding** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Méi Biergerbedeelegung wéi bei engem Referendum geet net. An dat fannen d'Leit scho bedenklech. An do gi mer all d'Leit Recht.

Wann Der de Courage, ...

*(Brouhaha)*

... wann Der de Courage wëllt weisen, da maacht méi Referenden. Frot d'Bierger!

**M. Gilles Baum** (DP) | 700 Ënnerschrëften!

**M. Fred Keup** (ADR) | Mee dee Courage hutt Der net!

Ech soen Iech Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Den Här Premierminister huet d'Wuert gefrot.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Ech hu just eng kleng Fro un den Här Keup, Här President. Et war jo och eng Initiativ vum Här Kartheiser lancéiert. Firwat hu seng eege Parteimemberen oder Fraktiounsmemberen dann net ënnerschriwwen, wa se gäre wëllen e Referendum lancéieren? Do gëtt et Prozeduren. Ech sinn awer e bëssen iwwerrascht iwwert dat, wat hei gesot gëtt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

*(Interruptions)*

**M. Fernand Kartheiser** | Zwee Méint Vakanz!

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo. Dat war natierlech kuerz virun der Vakanz erakomm.

*(Exclamations et hilarité)*

An ech hat d'Kolleegen alleguer gefrot a si soten, si wéilten net matënnerschreiwen, leider.

*(Interruptions)*

Do hunn ech geduecht: Dat mécht net méi vill Sënn. Ne?

Dat ass jo och dat ...

*(Interruptions et hilarité)*

Iergendwann ... Dat ass jo och dat, firwat dass iergendwann och manner Leit op d'Gemeng ënnerschreiwe ginn, well se iergendwann mierken, dass dee Seuil, deen onrealistesch ass, net kann erreecht ginn. Wann dat méi realistesch wier, da géifen d'Bierger et och méi seriö huelen. An da géife se och ënnerschreiwe goen.

**Plusieurs voix** | A!

*(Interruption et brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Entschëllegt, ech géif Iech nach eng Kéier 30 Sekonne ginn, fir op déi Fro vum Här Premier ze äntweren, well den Här Premier ...

*(Interruptions)*

… hat gefrot, firwat dass Är eege Kolleegen d'Demande vum Här Kartheiser net ënnerschriwwen haten.

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech hunn dat jo beäntwert. Iergendwann, wann s de et 200-mol gemaach hues, an du mierks, dass et näischt bréngt, da fält dat vläicht an d'Vakanz an da méchs de et net méi. Dat huet näischt dermat ze dinn. Natierlech ënnerstëtze mer dat.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Ok.

**Une voix** | Lamentabel, Här President!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Si wäerten dat och bei aneren Deputéierte maachen. Ech fannen …

*(Interruptions)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo. Et ass net schlëmm. Si hunn net gären, wann een dat Wuert „Referendum" seet. Duerfir soen ech et nach eng Kéier: Mir si fir de Referendum. Maacht e Referendum! An da sidd Der éierlech.

Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President?

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Jo, selbstverständlech.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, den Här Premierminister hat mech genannt. Ech wollt dofir e puer Wuert soen, wann Der erlaabt.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Jo, selbstverständlech.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech wollt éischtens emol soen, Här President, datt ech den Toun vun dëser Debatt awer regrettéieren. Ech mengen, et ass … Dat hei ass eng seriö Diskussioun iwwert de Klima-Biergerrot an déi Konsequenzen. An datt den Här Premierminister dat elo benotzt, fir op déi do Manéier op déi Thematik vun deem Referendum anzegoen, bedaueren ech perséinlech.

*(Interruptions)*

Dat Zweet ass, ech muss … Elo hunn ech d'Wuert an ech géif dat gär och benotzen, fir e puer Saachen ze soen! An notamment iwwert den Niveau vun der Debatt, déi hei geféiert gëtt.

Dat Zweet ass, Här President, ech muss Iech och bieden, wann hei esou Diskussioune sinn, dat an enger absolutter Neutralitéit ze maachen. Dir hutt hei, …

**Une voix** | Absolutt! Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | … Dir hutt hei eng héich Dignitéit als President vun der Sessioun. An ech géif Iech och bieden, wann e Kolleeg vu menger Partei um Riednerpult ass, hien net anescht ze behandele wéi iergendeen anere Spriecher, och vun de Majoritéitsparteien, an dat an enger perfekter Dignitéit ze maachen.

Vu datt ech hei och ugeschwat gouf, well ech hei déi Initiativ gemaach hunn, muss ech soen: Déi Symbolik war dat Wichtegst. Ech gesinn dat esou. Mir hu véiermol als ADR déi Prozedur lancéiert, fir e symboleschen Akt ze maachen. Mir wousste jo vun Ufank un, datt hei net eng Majoritéit zustane kënnt.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An de Problem ass jo net d'ADR, well mir hunn eis zum Walverspprieche konsequent bekannt.

*(Interruptions)*

**M. Roy Reding** (ADR) | Als Eenzeg!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | De Problem läit bei deene Parteien, déi de Referendum versprach hunn an hiert Wuert net gehalen hunn. Loosse mer also d'Saachen net ëmdréien hei! Wann e Problem besteet, firwat d'Leit hire Referendum net kruten, dann huet dat domadder ze dinn, datt heibanne wéinstens véier Parteie sinn – leider och d'CSV, muss ech soen –, déi e Walverspriechen net agehalen hunn.

*(Interruption)*

Dat ass en demokratesche Problem hei am Land.

Dir maacht hei e Klima-Biergerrot. Très bien. Dat kann een alles maachen. Den Här Keup huet dat extensiv elo diskutéiert. D'Virdeeler, d'Nodeeler, d'Bedenken huet e genannt. Awer dat, wat wierklech Biergerbedeelegung ass, ass de Referendum.

Ech wëll Iech just nach – an dat ass meng lescht Iwwerleeung – erënneren, Här Staatsminister, un e Referendum 2015, wou d'Regierung an Är Parteien dräimol mat 80 % verluer hunn. Ech erënneren Iech un e Charles de Gaulle: e Staatsmann mat enger impeccabeler Reputatioun. Deen huet e Referendum verluer mat knapp iwwer 50 % an en ass zréckgetrueden. Dir hutt dräimol 80 % verluer an Dir sëtzt haut nach do!

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Ech sinn zréckgewielt ginn!

*(Hilarité)*

Ech sinn zréckgewielt ginn!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An dat ass dat, wat ech nennen: e Manktum …

*(Brouhaha général et hilarité)*

Dat ass de Manktum u politeschem …

**M. Gilles Baum** (DP) | An d'Koalitioun ass bestätegt ginn.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dat ass e Manktum u politeschem Stil, Här Staatsminister.

**M. Gilles Baum** (DP) | Dat ass den Ënnerscheed!

*(Brouhaha général)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dat ass de Manktum u politeschem Stil! Wann Der Stil gehat hätt a wann Der géift op d'Leit lauschteren, da wäert Der bei dräimol 80 % zréckgetrueden!

Ech soen Iech Merci.

**Mme Simone Beissel** (DP) | Et ass jo guer net dorëm gaang!

**M. Gilles Baum** (DP) | Wat ass d'Theema de Mëtten?

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Sou.

**Mme Simone Beissel** (DP) | Dat ass Demokratie, Här Kartheiser! Dat ass Demokratie.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Domat wär dat doten erleedegt.

Ech géif mer erlaben, mech bei Iech ze entschëllegen, well ech Ärem Kolleeg wollt d'Geleeënheet ginn, fir op eng kloer Fro eng kloer Äntwert ze ginn. Ech entschëllege mech also ganz kloer bei Iech.

Jo, et ass un Iech, Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci. Als Alleréischt emol am Virfeld dem Klima-Biergerrot e grousse Merci. Ech war och all déi Stonnen hei an der Chamber, wou mer mat hinnen diskutéiert hunn. Et waren immens interessant Diskussiounen an et ass eigentlech schued, datt mer net nach weider konnten diskutéieren, well et wier nach vill Matière do gewiescht. Mir hätten nach vill Zäit matenee kënne verbréngen. A Biergerbedeelegung steet bei eis vun der Lénker scho ganz laang um Fändel. Fir eis ass et ganz wichteg, datt een d'Bierger participativ bedeelegt.

Här President, wéi de Premierminister de Klima-Biergerrot viru ronn engem Joer hei op der Chambertribün ugekënnegt huet, hu mir eis d'Fro vum Méiwäert vun dëser Initiativ gestallt. Engersäits, well et änlech Initiative jo scho gi sinn, déi zu dem Zäitpunkt vun der Annonce nach net ganz ofgeschloss waren, wéi Luxembourg in Transition vum Ëmwelt- a Landesplanungsministère. Och hei gouf et e participative Volet, an deem e Panel vu Bierger/inne Proposen ausgeschafft huet, déi sech zum Deel staark mat deem iwwerschneiden, wat de Klima-Biergerrot schliisslech sollt als Rapport presentéieren. Donieft gëtt et weider Réit, Plattformen, Bündnisser iwwert d'Klimathematik. Also d'Fro: Brauche mer nach e weidert Gremium?

Anerersäits awer och, well mir den Androck haten, dass koalitiounsintern Geplänkels ronderëm d'Klimafro a wie sech elo am glafwierdegsten dobäi politesch profiléiere géif, eng weider Initiativ ervirbruecht huet, déi wéineg bis guer net an der Koalitioun ofgeschwat war an am Endeffekt e weidert Joer an d'Land goe loosse géif, bis beim Klimaschutz ee Gang eropgeschalt géif ginn.

Donieft war déi Fro vun der eigentlecher Zilsetzung vum Klima-Biergerrot fir eis awer nach vill méi wichteg. De Premierminister sot, dass et drëms géif goen, erauszefannen, ob et eng Bereetschaft géif ginn, fir iwwert d'Objektiver vum PNEC erauszegoen. A wa jo, wéi dat kéint ausgesinn. Fir eis war dës Zilsetzung awer den Haaptproblem vum Klima-Biergerrot.

Éischtens ass et vum wëssenschaftleche Standpunkt hier evident, dass mer iwwert de PNEC erausgoe mussen. Net fir näischt gouf et am europäesche Parlament Virstéiss bis op minus 65 % $CO_2$-Ausstouss ze komme bis 2030. Wat dann och méi no un dat erukomme géif, wat d'Wëssenschaftler als noutwendeg eruechten, fir de Paräisser Accord iwwerhaapt nach respektéiert ze kréien.

Dofir ass, zweetens, de Kader PNEC awer vill ze exklusiv. Wann een iwwert dëse PNEC wëllt erausgoen, gläichzäiteg awer dee selwechte PNEC als eng Aart thematesche Korsett ronderëm d'Diskussioune vum Klimabiergerrot spaant, da riskéiert een, am Krees ze dréien a fundamental Froen auszeblenden.

Drëttens ass de PNEC en 200-säitegt Dokument, bei deem ee vill Fantasie muss matbréngen, fir der Meenung ze sinn, dass den Instrumentarium an déi wéineg konkreet politesch Mesuren do dran duerginn, fir d'Ziler och ze erreechen.

Déi zoustänneg Ministeren hu viru Kuerzem en Tëschebilan am Tramsschapp gezunn a gesot, dass den $CO_2$-Ausstouss ëm 20 % reduzéiert gi wier säit 2005 oder éischter säit 1990; also dem Basisjoer vum Paräisser Accord. Tëschent minus 20 % a minus 55 % ass awer e ganz grousst Lach. Déi nächst Regierung wäert bal zweemol méi staark d'Emissioune mussen erofdrécke wéi déi siwe Regierunge virun hir. A siwe bis aacht Joer brauche mer eng Reduktioun vun Zäregasausstéiss, déi quasi deem Duebele vun deem entsprécht, wat 32 Joer virdru realiséiert ginn ass.

Mir brauchen also ronn minus 5 % d'Joer. Dat ass enorm a bedeit eng radikal Ëmkéierung vum Trend. Well déi lescht Zuele vum Eurostat weise keng Baisse, mee e Rebond vun den Emissioune säitdeem duerch de pandemiebedéngten Abroch ëm d'Joer 2020 an dann awer elo schonn erëm eng Stabiliséierung no uewe säit 2021.

Här President, dës Agangsbemierkunge solle weisen, wéi mir un de Rapport vum Klima-Biergerrot

erugaange sinn. Et gëllt, fir den $CO_2$-Ausstouss iwwert d'Zil vu minus 55 % eraus ze denken. Et gëllt, iwwert de PNEC eraus ze denken. An, ech mengen, d'Madamm Ministesch huet jo och gesot, datt do elo ganz, ganz massiv muss dru geschafft ginn. An dat ass och ganz, ganz wichteg. Dat hu mer wierklech gutt verstanen an et ass och wichteg. Et gëllt awer och mindestens emol, déi minus 55 % bis 2030 ëmzesetzen. D'Aufgabe beim Klimaschutz sinn also gewalteg.

Mir fannen, datt d'Leit vum Klimabiergerrot eng ganz Partie gutt Iddien a Proposen zesummegedroen hunn – an dat a ganzer kuerzer Zäit –, déi dëser Erausfuerderung och mat gerecht kënne ginn. Ech ginn elo net d'Mesuren am Detail duerch, mee ech beschränke mech op méi fundamental Froen: déi vun den Investitiounen an déi vun der sozialer Gerechtegkeet.

International Organisatiounen an déi meeschten Etüde weisen ëmmer erëm, datt et e risegt Lach gëtt tëscht den aktuellen Investitiounen an deem, wat néideg wier, fir d'Ekonomie an d'Infrastruktur ze dekarboniséieren. D'international Energieagentur seet zum Beispill, datt bis 2030 eng Verdueblung pro Joer vun de weltwäiten Investitiounen néideg ass, fir 2050 op Netto null Emissiounen ze kommen. D'Problematik gëtt haut verschäerft duerch falend Investitioune weltwäit an d'erneierbar Energien.

2020 si weltwäit 82 % fossill Energië gebraucht ginn. 30 Joer virdru waren et 84 %. Dat dann zum fräiwëllegen Erofsetze vu fossillen Energien. Dat geet net! Déi aktuell Energiekris an déi méiglech Gasknappheet an den nächste puer Joer riskéiert dëse Problem souguer nach ze verschäerfen, well elo gewalteg Investitiounen a Flësseggas-Terminals an an nei Pipelines gemaach ginn, also erëm Investitiounen a fossill Energië fléissen. Lëtzebuerg entzitt sech dëser Problematik och net.

D'Fro, wéi d'Energietransformatioun bewierkstellegt soll ginn a wéi se finanzéiert soll ginn, ass natierlech och immens komplizéiert. De Rapport vum Klima-Biergerrot geet op dës Froen net an, och well se scheinbar net Géigestand vun den Diskussioune waren oder hunn dierfe sinn.

Besonnesch bezeechnend heifir ass de Rentefong, deen am Bericht net thematiséiert ass, mee deen awer mat senger finanzieller Schlagkraaft eng ganz zentral Sail am Finanzement kéint sinn – sief et beim Ausbau vun erneierbaren Energien, bei der Dekarboniséierung am Logement oder och bei der Entwécklung vun nohaltege wirtschaftlechen Aktivitéiten.

Et sinn déi richteg Investitiounen an d'Infrastruktur an an d'Servicer, déi d'Grondlag leeë kënne fir d'Akzeptanz fir méi déifgräifend Klimaschutzmesuren, fir d'Verännerung vun de Liewensweisen, sou wéi se am Rapport vum Klima-Biergerrot och mat de verschiddene Proposen erofdeklinéiert ginn.

Fir et un engem Beispill festzemaachen: De Bau vun abordabele Wunnengen an der Stad Lëtzebuerg, wou Leit wunne kënnen, déi an der Stad schaffen, ouni dobäi ganz héich Paie mussen ze hunn, ass esou eng Investitioun, déi eng Grondlag fir en ambitionéierte Klimaschutz leet. Si befreit d'Leit aus der Energie- a Mobilitéitsfal an erméiglecht e besseren Accès zu Servicer a Commercen; an dat ouni zousätzlech $CO_2$-Emissiounen auszestoussen.

Am Rapport vum Klima-Biergerrot ginn an deem Sënn bestëmmt Pisten opgezeechent, besonnesch beim Deel iwwert d'Alimentatioun (lokal a bio), d'Offäll, (Durabilitéit, keng Verpackungen) an och d'Mobilitéit (duuss Mobilitéit, méi staark Besteierung vum individuellen Auto), déi eis alleguer ganz pertinent erschéngen. Mee wa parallell respektiv virgelagert keng Wäiche gestallt ginn, déi dës Proposen och fir jiddwereе finanziell méiglech an am alldeegleche Liewen och realistesch ëmsetzbar maachen, da feelt eis do e ganz wichtegt Element.

Enk heimadder verbonnen ass och d'sozial Gerechtegkeet, déi just mat sozialen Transferte kann ofgeséchert ginn. Vill Leit mat déiwe Revenue wëllen eng anstänneg Pai fir hir Aarbecht, an net just Allocatiounen a Steierkreditter. Dat ass fréier oder spéider finanziell eng Sakgaass an et stäerkt d'Leit och net fir d'Zukunft.

Ee Kärstéck am Rapport vum Klima-Biergerrot ass an deem Zesummenhang déi renforcéiert $CO_2$-Steier, bei där d'Recetten erëm un d'Leit verdeelt ginn. Dëse Steiermodell ass esou zweedeiteg, datt e vu lénken Intellektuelle scho begréisst a vun neoliberalen Hardliner vun der Republikanescher Partei an den USA scho gefuerdert gëtt. Mir hunn awer éischter d'Tendenz ze mengen, datt net déi éischtgenannte se am beschten duerchkuckt hunn.

Ech knäppen un un dat éischt Beispill, dat ech genannt hunn, mat deenen abordabele Wunnengen. An enger Welt, an där d'Leit no bei hirer Aarbechtsplaz ekologesch héichwäerteg wunnen an hirem normale Liewen nogoe kënnen, ouni grouss Deplacementer mussen ze maachen, hunn och Klengverdénger d'Méiglechkeet, null $CO_2$ auszestoussen an also vun esou enger Steier kënnen ze profitéieren.

Mee d'Welt, mee déi Welt gëtt et haut awer leider nach net. Haut fiert de Klengverdénger iergendwou aus engem Duerf, oft aus engem Nopeschland, mam Auto all Dag an d'Stad, wunnt an engem schlecht isoléierte Logement a muss, fir e Kapp Zalot ze kafen, an de Supermarché an eng Aktivitéitszon oder op d'gréng Wiss fueren. Esou ee Stot profitéiert net vun dëser Tax, éischter am Géigendeel. De besser situéierte Stot, deen an der Stad schafft a wunnt a sech mam Tram a mam Bus kann deplacéieren dogéint, profitéiert éischter dovunner. Dobäi huet dëse Stot schonn haut d'Méiglechkeet, ganz wéineg $CO_2$ auszestoussen an trotzdeem an héijem Confort ze liewen. An da sti mer am Fong grosso modo do, wou mer haut scho stinn. Wou vill Leit d'materiell Grondlag guer net hunn, fir hir Liewensweis ze änneren.

Den Ausgangspunkt fir ze soen, datt Räicher méi ausstousse wéi Aarmer ass allgemeng natierlech richteg. Mee wann ee Räichtum mat héijem $CO_2$-Ausstouss gläichsetzt, da muss an éischter Linn dëse Räichtum, also de Patrimoine an héich Revenuen, méi besteiert ginn.

Här President, mir si ganz kritesch bei dëser Steier, och well se guer keng Äntwert gëtt op d'Fro vum Finanzement vum Klimaschutz. Wa mir dovunner ausginn, datt esou eng Steier gerecht wier an enger gläicher Gesellschaft, also an där jiddereen déi selwecht Capacitéiten hätt, fir ökologesch sënnvoll Decisiounen ze treffen, da muss ee sech jo och virdrun awer d'Fro stellen, wéi fir jiddereen zougänglech d'Infrastrukturen a Servicer kënnen opgebaut ginn, fir dass esou eng Steier och déi gewënschte Lenkungswierkung entfale kann an dass dës Steier net just déi aktuell Inegalitéite sanktionéiert.

Villméi gesi mir de Klimaschutz zesumme mam Kampf géint d'Aarmut an d'Ongläichheeten. Ganz gutt kéint dat mat enger Staffelung vu verschiddene Präisser goen: de Präis fir de Grondbedarf beim Waasser, Gas a Stroum op ganz déiwem Niveau deckelen a parallell ganz héije Verbrauch vill méi deier maachen. D'Staffelung hätt och eng Lenkwierkung, well dee méi deiere Präis ganz änlech wierkt wéi eng Steier, just vill méi geziilt op dat, wourop de Mënsch net ugewisen ass. Mir bedaueren, dass esou e Modell vum Klima-Biergerrot net zréckbehale ginn ass.

An engem aneren Deel iwwert d'Konstruktioun an d'Wunne sinn och ganz vill gutt Virschléi dran. Och hei, wat d'Steierpolitik an d'Mobiliséierung vun disponibele Bauflächen ugeet. Mee d'Renovatioun u sech ass eis e bëssen ze kuerz komm an deene Proposen. Besonnesch och, well dat jo och e wichtege Schwaachpunkt an der Regierungspolitik bis haut ass. Déi energeetesch Renovatioun vu schlecht isoléierte Wunnengen, oft vu Locatairen oder manner gutt gestallte Proprietäre bewunnt, kënnt nëmme schwéier an d'Gäng, obwuel se vu villen Experten als e Schlëssel vun enger sozial gerechter Klimaschutzstrategie ugesi gëtt.

Mir hu selwer eis Virschléi dozou jo scho widderhuelt virgestallt. Ech maachen dat elo hei net nach eng Kéier.

Här President, ech hu vum Salarié geschwat, dee mam Auto aus der Groussregioun gefuer kënnt. Dat bréngt mech op eng weider fir eis zentral Fro: Wou tauchen dës Leit am Rapport op? Frontaliere waren zwar deelweis am Klima-Biergerrot present, wat mir och ausdrécklech begréissen, mee déi sozioekonomesch a geografesch Realitéit vun der Groussregioun taucht am Rapport net op, souwéi och d'Wirtschafts- an d'Aarbechtswelt vum Land an hiren Impakt op d'Regioune ronderëm eis guer keng Roll spillen.

D'Exklusivitéit vum PNEC kann dat esou net klären. Villméi ass et wuel e politesche Choix vun den Organisateuren, fir d'Ausriichtung vun eiser Wirtschaft an der Zukunft net an engem participative Kader mat de Bierger/innen ze thematiséieren, geneesou wéi och d'Finanzen, d'Investitiounspolitik, de Klimaimpakt vun der Finanzplaz a vum Rentefong net Theema hunn dierfe sinn. Dat ass äusserst bedauerlech a schmälert de Rapport och a senger politescher Portée.

Här President, mir hätte sécher en nach méi interessant Dokument hei leien, fir dës Debatt ze féieren, wann de Prozess méi oppe gewiescht wier. Vill gouf an der Press doriwwer bericht, dass de Klima-Biergerrot net fräi schaffe konnt, eesäiteg Informatioune kritt huet, vu Regierungs- a Ministersäit, aner Meenungen a Proposen, fir Theemefelder ze erweidere vun den Organisateuren, deelweis sec an d'Schranke gewise goufen an et Drock gouf, fir séier virunzekommen, well déi politesch Agenda vum Här Bettel dat esou verlaangt hätt.

Mir konnte selwer och mat Leit schwätzen, déi de Klima-Biergerrot verlooss hunn, well se d'Aarbechtsweis net akzeptéiere konnten. Mir wësse bis haut net, wéi d'Ofstëmmungen iwwert d'Mesuren tatsächlech ofgelaf sinn, wivill Membere vum Klimabiergerrot sech dorunner iwwerhaapt nach bedeelegt hunn.

Dat, wat mir héieren a gelies hunn, hannerléisst e batteren Nogeschmaach. Besonnesch natierlech bei de betraffene Membere vum Klimabiergerrot. Mee fir eis ass et awer déi domat verbonne Fro, wéi mer dat, wat mer virun eis leien hunn, bewäerte sollen. Wann een d'Zustanekommen an d'Substanz vun engem Text net gutt duerchblécke kann, ass et net evident, fir sech ze positionéieren. Vill méi wichteg ass et an eisen Aen awer elo, dass zumindest d'Suitte vun dëser wäertvoller Aarbecht transparent oflafen. D'Regierung huet sech jo bis elo awer an deene leschte Minutten derzou engagéiert, dat ze maachen.

Dëse Rapport gëtt elo hei zur Debatt gestallt. A bis elo huet d'Regierung net ganz kloer gesot, wéi déi méiglech Suitte kéinte sinn. Awer et ass scho méi kloer wéi mer et am Virfeld woussten.

Verschidde Regierungsmemberen hunn Deklaratioune gemaach, dorënner och de Premier selwer, dee mat Annoncen am État de la nation virgeprescht

ass, ouni an iergendenger Weis konkreet ze ginn an ouni datt de Finanzministère iergendeppes budgetiséiert huet fir 2023.

Den Transportminister huet als Reaktioun gehat, datt d'Propositiounen net wäit genuch géife goen, wärend d'Ëmweltministesch kuerz dono awer verlaude gelooss huet, et géif scho gekuckt ginn – an, ech mengen, Dir hutt dat virdrun och nach eng Kéier gesot –, wéi dës Mesuren an de PNEC kéinten a sollen agebaut ginn, wat fir eis ganz, ganz wichteg ass.

Mir erwaarden eis dofir, dass rengen Dësch gemaach gëtt, wéi mat dësem Rapport weidergeschafft gëtt. Ech mengen, en Deel hu mer schonn héiere virdrun. Mir hunn dowéinst awer eng Motioun virbereet, an där mir fuerderen, dass dës Proposen am Rapport sollen analyséiert ginn. Fir all Mesure sollt zumindest eng Aschätzung iwwert d'Ëmsetzung, d'finanziell Enverguren an de Klimaimpakt gemaach ginn. A well jo schonn am PNEC geschafft gëtt, wëlle mir och wëssen, wéi eng Mesuren am Endeffekt do zréckbehale ginn a wéi eng net. An dann och eng Begrënnung, firwat eng Mesure refuséiert ginn ass.

D'Regierung steet eeben elo an der Verantwortung. Si huet dëse Prozess lancéiert, ma da muss se och elo derfir suergen, dass een um Zil ukënnt. Dat ass nëmme fair géigeniwwer dem Klima-Biergerrot an awer och der ganzer Bevëlkerung, déi novollzéie wëllt kënnen, wéi elo politesch Decisiounen zustane kommen, nodeem ee Joer op dëse Bericht vum Klima-Biergerrot gewaart ginn ass.

De Klimabiergerrot soll weider un dësem Prozess däerfen deelhuele kënnen an e soll och reegelméisseg informéiert ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Ech hu just nach eppes ganz Kuerzes ze soen: Datt et am Joer 2022 nach ëmmer Leit gëtt, déi de Klimawandel verleugnen, kann ech wierklech net verstoen, ausser déi liewen iergendwou um Mound.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*– vu les 56 propositions et les plus de 200 mesures visant à renforcer la lutte contre le réchauffement climatique élaborées par le Klima-Biergerrot ;*

*– saluant l'engagement pris par le Gouvernement et notamment le Premier Ministre lors de la déclaration sur l'état de la nation de rendre justice au travail accompli par le Klima-Biergerrot par une approche politique climatique ambitieuse ;*

*– vu que les travaux d'évaluation et de mise à jour du Plan intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC) pour la période 2021 à 2030 sont déjà en cours ;*

*– considérant l'annonce du Gouvernement d'intégrer les travaux réalisés par le Klima-Biergerrot dans les réflexions à propos dudit Plan intégré en matière d'énergie et de climat ;*

*– considérant la mise en place d'un groupe de travail chargé de l'analyse des propositions et mesures en vue de leur intégration dans le PNEC,*

*invite le Gouvernement*

*– à préciser pour chacune des propositions retenues du rapport du Klima-Biergerrot la manière de son intégration dans le PNEC ;*

*– à préciser pour chacune des propositions non retenues les raisons pour leur non-prise en compte ;*

*– à associer les membres du Klima-Biergerrot au suivi du processus d'intégration des propositions dans le PNEC.*

*(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.*

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Très bien!

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci. Merci, fir d'Motioun.

An nächste Riedner ass den Här Marc Goergen, deen och scho prett ass. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Fir d'éischt schwätzen ech e bëssen zur Form vum Klima-Biergerrot, duerno dann zum Inhalt, deen dobäi erauskoum. En Inhalt, deen eis Piraten wierklech gutt gefält.

Zur Form. Mir begréissen all Form vu Biergerbedeelegung hei am Land, well et vill ze vill selte virkënnt, dass de Bierger seng Iddien op der politescher Tribün ka presentéieren. Dofir hate mir och schonn 2019 eng Proposition de loi eraginn – an ech hunn dat extra nach eng Kéier erausgesicht: den 9. Oktober 2019 –, wou d'Regierung eis awer zimmlech negativ geäntwert huet den 10. August 2020, an dat bis haut an der Chamberskommissioun läit an nach net virugaangen ass, wou et ëm d'Biergerbedeelegung an ëm genau dee selwechte Modell vum Rot gaangen ass.

Deemno ass de Klimabiergerrot elo hoffentlech e Virbild, fir weider Forme vu Basisdemokratie hei am Land ze erschafen. E grousse Merci un all d'Bierger, déi sech engagéiert hunn, déi hir Iddien abruecht hunn, déi am Hearing de Politiker hei am Parlament hir Positiounen, an dat iwwer Stonnen ewech, erkläert hunn an déi och haut Zäit hunn, fir d'Reaktiounen unzekucken, unzelauschteren. Merci fir Är Aarbecht an déi gutt Virbereedung!

Fir eis Piraten mussen d'Bierger gehéiert ginn. A wa si hir Stëmm an esou Formater erhuewen hunn, muss hir Meenung och an der Politik op en oppent Ouer falen. Ech ginn elo net grouss op déi Bemierkungen direkt nom Resultat an, déi e gréngе Minister um 100,7 gemaach huet, déi ee quasi als respektlos ka bezeechne géigeniwwer jidderengem, dee sech am Klima-Biergerrot d'Méi gemaach huet, fir matzeschaffen.

*(Interruption)*

Antëscht hunn ech och verstanen, wisou déi Reaktioun koum, well dat ganzt Dokument mat senge 56 gudde Proposen eng riicht op de Bak ass fir déi gréng Partei, awer och fir déi ganz Regierung. Ech hoffen, dës Leit sinn net ze vill vun deenen ale Parteien enttäuscht, wa se haut nogelauschtert hunn.

2013 goufen déi gréng gewielt fir méi Ëmweltschutz an eisem klenge Land. Mee et ass eeben net genuch gemaach ginn, an dat ass elo fein ausgedréckt. Dofir sinn et elo d'Bierger am Klima-Biergerrot, déi de Spigel virgehalen hunn, mat enger Datz fir d'Ëmweltpolitik vun der aktueller Regierung.

Ze laang gouf net staark genuch fir de Klimaschutz geschafft. Ze laang huet déi Regierung geschlof an net un eis Ëmwelt geduecht. Et huet een d'Gefill kritt, eis Ëmwelt wär e lästegt Theema, dat awer ëmmer vu méi wichtegen Theemen, déi sech ofgewiesselt hunn, verdrängt gouf an der Koalitioun. Et huet een d'Gefill kritt, et wär ëmmer eppes méi wichteg, ëmmer eng Excuse do, fir net genuch Projeten op de Wee ze bréngen, fir eise Kanner eng propper Ëmwelt ze hannerloossen.

Eng mof Ëmweltpolitik bedeit och vill méi Ëmweltschutz, méi e staarkt Engagement fir eis Ëmwelt. Dat hu mir Piraten an de leschte Joren hei och oft kritiséiert a méi staark Moossname fir den Ëmweltschutz gefrot. Awer oft huet d'Regierung dëst ofgeleent. E puer vun deenen Iddien tauchen awer interessanterweis elo erëm beim Klima-Biergerrot op, Iddien, déi a Motioune wärend Joren hei ofgeleent gi sinn.

Et war och e kloert Signal vun den dräi Regierungsparteien, dass se net, wéi am Hearing gefrot vun engem Member aus dem Klima-Biergerrot, eng symbolesch Ofstëmmung akzeptéiert hunn oder zougelooss hunn, fir iwwert déi Punkten oder eenzel Theemen ofzestëmmen. Ech hunn och verstanen, wisou déi dräi Parteien dat net zougelooss hunn: Et hätt ee sech jo schliisslech blaméiert, wann een alt nees géint d'Propose gestëmmt hätt!

De Klima-Biergerrot huet net just Problemer opgeworf, mee och direkt Léisunge proposéiert. A menger kuerzer Riedezäit ginn ech op déi ausgewielte Propositiounen aus deene 56 an.

Et huet mech schonn ëmmer rose gemaach, wann ech gesinn, wat de Commerce oder och Privatleit u Liewensmëttel an d'Poubelle geheien, wärend aner Leit um Planéit net genuch z'iessen hunn. Duerfir sollte mir manner ewechgeheien. Vun Ufank u froe mir Piraten besser Kontrollen am Beräich vun der Liewensmëttelverschwendung. D'Supermarchéë mussen hei nach vill Verantwortung iwwerhuelen, fir dass eebe keng Liewensmëttel méi ewechgeheit ginn, mee alles gespent gëtt, wat nach iessbar ass.

Mir brauchen och méi Transparenz bei de Produkter, och dat stoung an enger vun eise Proposen. De Client soll zu all Moment, am einfachste via QR-Code, kënne kucken, wat am Produkt dran ass an, wéi och de Klima-Biergerrot freet, den $CO_2$-Ofdrock gesinn.

Den Déierentransport gehéiert fir eis Piraten op de strengste Minimum reduzéiert. Dat wéinst dem Déiereschutz, mee och aus Ëmweltgrënn. Eng méi kontrovers Diskussioun hat ech hei beim Hearing lassgestouss, wéi ech gefrot hunn, wéi de Passage am Dokument gemengt wär, fir d'Juegd ze vereinfachen. Wéi sech erausgestallt huet, ass do keng wierklech eenheetlech Meenung bei den 100 Bierger zustane komm. Fir eis Piraten dierf d'Juegd net méi opgemaach ginn, wéi dat aktuell de Fall ass. Am Géigendeel, d'Klappjuegd gehéiert direkt verbueden. Eenzel Memberen am Klima-Biergerrot hunn eis jo op deem Punkt och Recht ginn am Hearing.

Zum Cycle 2, den erneierbaren Energien. Och eng Datz! Déi nach aktuell Regierung behaapt zwar, vill ze maachen am Solar, mee kuckt een d'Fakten, sinn emol net hir eege Gebaier ausgerüst. Kloer, wann ee wéineg huet, kann een och oft soen, et hätt ee sech verduebelt. Dat ass eeben e Rechentrick. Wichteg ass hei ze kucken, wéi vill Prozent vum Stroumbedarf ee selwer ka produzéieren. Do ënnerstëtze mir ganz kloer d'Fuerderung vum Klima-Biergerrot vun 80 % bis 2030 an 100 % bis 2040.

Besonnesch gefreet huet mech d'Propos, fir Solar iwwert eisen Autobunnen anzeriichten. Genau dat hate mir Piraten nämlech och hei gefrot an de Minister hat et refuséiert.

Bei der Wandenergie schreift de Klima-Biergerrot, iwwer siwe Joer géif et daueren, bis een ewell Autorisatioune kréich. Am Süde vum Land kënne mir jo e Liddche sangen, wéi laang et dauert, bis eng Wandmille ka gebaut ginn, wa se da kënnt! Et goufen der jo genuch refuséiert. Hei freet de Klima-Biergerrot eng kloer Reduktioun vun der Zäit, mindestens op d'Hallschent.

Fir Energie ze späicheren, huet de Klima-Biergerrot och de Problem opgeworf, dass net genuch Méiglechkeete bestinn. Jidderee weess, dass eenzel erneierbar Energien net zu all Dageszäit méiglech sinn. Dofir brauch een nei Späicheren, fir déi Energie ze hunn, wann ee se brauch.

An engem Land, wou d'Regierungsparteien hirer Meenung no net schnell genuch investéiere kënnen,

fir an de Weltraum ze fléien, hu si et awer nach ëmmer net fäerdegbruecht, fir hei um Buedem emol hir Netzer mat LED-Luuchten auszestatten, fir esou massiv Energie ze spueren. Nummer 13 am Dokument, wou genau dat kritiséiert ginn ass.

Am Cycle 3 ass de Klima-Biergerrot drop agaangen, wat am Logement alles schifgelaf ass, dës Kéier net aus der Vue vum Präis, mee vun dem Ëmweltimpakt vum Logement op eis Ëmwelt.

Bauen ass och schéin a gutt, mee et gëtt net genuch nom Ëmweltimpakt gekuckt, net genuch no de Materialien. De Biergerrot huet och en Tabu gebrach an zwar deen, fir d'Autonomie communale ze hannerfroen, ob wierklech an all Gemeng d'PAGen/PAPe mussen esou ënnerschiddlech sinn, ob een net, am Sënn vun der Ëmwelt, sollt national eng kloer besser Virgab ginn. Eng Fuerderung, déi ech just kann ënnerstëtzen. Kommunal Feeler dierfen net den Ëmweltschutz blockéieren!

D'Propositioun 18 geet genee an déi Richtung, déi mer mat eisem Projet vun zéng Euro de Meterkaree ëmmer proposéieren. Do huet de Klima-Biergerrot genau erkläert, wéisou et wichteg wär, dass de Staat oder d'Gemenge géifen déi Terraine kafen a selwer bebauen.

Mir Piraten soen awer och kloer, dass een als Éischt muss de bestoende Perimeter bauen, ier mer eng Erweiderung vum Perimeter a Betruecht zéien.

De Cycle 5, d'Mobilitéit. Jo, fir eis ass kloer: Net just e Confortfaktor, mee e Faktor och fir d'Ëmwelt. Den ticketlosen ëffentlechen Transport ass genau dat, wat mir Piraten iwwert d'Jore gefrot hunn an endlech ëmgesat gouf, mee de Klima-Biergerrot mécht richtegerweis drop opmierksam, dass e sollt grenziwwerschreidend sinn. Elo kommen zum Beispill d'Frontaliere mam Auto bis bei eis op Rodange a klammen do eréischt an den Zuch. Do ass net wierklech geschafft gi fir eis Ëmwelt. Mir sollten eis an der Groussregioun beméien, en Accord ze fannen, fir direkt vun doheem aus kënne gratis mam Transport ze fueren.

Fir déi Leit, déi mam Auto fueren: D'Propositioun 35 gräift genau do eis Propos op, fir eng Autossteier ze reforméieren. Zënter Jore froe mir Piraten eng Autosvignette fir all Auto. Dat baséiert op der Ëmweltbelaaschtung. Iwwregens och eng Motioun, déi hei ofgeleent gouf. Et kann dach net sinn, dass hei am Land nach ëmmer Autoen iwwer eis Stroosse fueren, ouni dass ee se kontrolléiert, iwwerhaapt weess, wat hir $CO_2$-Belaaschtung fir eis Natur ass.

Fir eis Piraten ass kloer: Wann ee sech fir méi e klengen a proppere Auto entscheet huet, soll een och finanziell Virdeeler hunn, bei der Steier oder TVA. A wie sech en Auto kafe wëll, dee méi propper ass, d'Propositioun 35 nach ëmmer, soll vum Staat eng Garantie kréien, fir e Kreditt ze kréien, an, wéi de Klima-Biergerrot do richteg schreift, muss een do oppassen, dass déi Garantië just fir méi kleng Revenue sinn.

Komme mer zur Propositioun 36, zu der Loftfaart. En Theema, dat déi gréng net gären héieren, ass dach déi massiv ausgebaut ginn ënner hirem Transportminister. D'Mesure 1 geet direkt ëm den $CO_2$. Do wëll ech drun erënneren, dass Dir eng Motioun vun eis Pirate gestëmmt hat – soll och emol virkommen! –, fir eebe genau op den Ticketen den $CO_2$-Ausstouss unzeweisen, fir en eeben ze kompenséieren. Eng Motioun, déi de Minister nach ëmmer net ëmgesat huet. An dat ass am Dokument ze fannen op Säit 61.

D'Mesure 2, de Kerosinn. Ech weess schonn net méi, wéi oft ech hei schonn um Pult kritiséiert hunn, dass nach ëmmer keng Taxen um Kerosinn sinn. Och dat huet de Klima-Biergerrot opgegraff.

Dann zu engem aneren Theema, de Schëffer ënnert dem Lëtzebuerger Fändel, déi duerch d'ganz Welt fueren, Tax-Dumping an Ëmweltschied maachen. Dat ass der Regierung och no néng Joer nach ëmmer egal, well och do ass näischt geschitt. D'Propositioun 37 kritiséiert genau dat.

Komme mer nach op de Fuerpark vum Staat. Eng sëlleg parlamentaresch Froen hat ech zu deem Theema, well mech eeben ëmmer gestéiert huet, dass grad eng Regierung bei hire Limousinnen oder de Staat bei sengem Fuerpark alles anescht wéi virbildlech sinn. Och dee Punkt ass am Dokument opgegraff, well eeben d'Regierung all déi Joren net virbildhaft gehandelt huet.

An ech kéint nach esou weiderfueren, well et gëtt nach genuch Punkten an deem Dokument, déi Defiziter vun der Klimapolitik opweisen. Mee, och wéi beim Klima, leeft bei mir elo d'Riedezäit of.

A sech ass dat ganzt Resultat vum Klima-Biergerrot méi wéi en Audit, deen der Regierung eng schlecht Zensur ausstellt beim Theema Ëmweltschutz.

100 Bierger hunn de Parteien e Spigel virgehalen, dee kloer gewisen huet, dass se net aktiv genuch sinn am Klimaschutz. Dofir ass fir mech de Premier och ee vun deene Bopen, déi herno dann do wäerte bildlech sëtzen a sech gewësse Froen herno vun den nächste Generatioune musse gefale loossen. 100 Leit hu méi Iddien a Proposen ausgeschafft wéi e ganze Staatsapparat no néng Joer!

Mee et ass nach net ze spéit. Dir hutt virdrun hei vum Courage geschwat. Vill vun de Moossnamen aus dem Dokument kéinten och bannent engem Joer nach gestëmmt ginn an da vun enger Regierung realiséiert ginn, hätt een de Courage a wéilt een eis Ëmwelt schützen. Wann dat natierlech just vun enger Majoritéit heibannen och gewollt wär.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence)*

Mir Piraten kéinte mat engem ganz gudden Deel aus dem Dokument, quasi mat alle Proposen, liewen a se ënnerstëtzen.

Merci un de Klima-Biergerrot fir déi gutt an déi éierlech Aarbecht, déi Der geleescht hutt. Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Goergen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass ...

*(Interruptions et brouhaha)*

O, jo, Här Goergen, erlaabt Der, datt den Här François Benoy Iech eng Fro stellt?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Natierlech.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Et ass eigentlech net, Här President, fir eng Fro ze stellen, mee et ass, fir op eng Ausso ze reagéieren, déi den Här Goergen gemaach huet, déi ech esou net ka stoe loossen, well et nämlech eng Falschausso ass.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Wéi eng Prozedur, Här President?

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ech ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Looss en, ech äntweren direkt.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ech fannen et wichteg, dass mer hei mat reellen Aussoe schaffen an net mat Falschaussoe schaffen. Den Här Goergen huet dem Vizepremier hei an de Mond geluecht, hien hätt de Prozess vum Klima-Biergerrot schlechtgeschwat. Dat ass ganz kloer eng Falschausso, déi ech net akzeptéiere kann, an dat ass eng Onéierlechkeet! An dofir géif ech dat och gär richtegstellen.

De Radio 100,7 hat effektiv eng Ausso vum François Bausch hei publizéiert, wou sech awer duerno de Chefredakter derfir entschëllegt an och confirméiert huet, dass dem Mobilitéitsminister seng Ausso an de falsche Kontext gesat ginn ass a si hu sech och dofir entschëllegt an dat duerno verbessert, well d'Informatioun nämlech net deem entsprach huet, wat de François Bausch gesot huet.

Wat huet e gesot? Hien huet sech par rapport zu dräi Mesurë vum Klima-Biergerrot ausgeschwat. En huet gesot: „Se si sympathesch, mee si gi mir awer net wäit genuch." Doropshin huet ... En huet awer och zousätzlech nach gesot, dass en awer frou wär, dass d'Leit och prett sinn, op dee Wee matzegoen.

An ech fannen et, Här Goergen, wierklech inakzeptabel, dass Der hei esou eng bëlleg Poleemik maacht an dass Der mat falschen Aussoen operéiert. Dat ass net, wéi et geet. An ech wëll Iech och hei eigentlech d'Fro stellen: Hutt Dir dat doten iwwerhaapt net matkritt oder ass et Iech einfach just drëm gaang, mat falschen Aussoen ze spillen?

**Une voix** | Net fir d'éischt!

**Une autre voix** | Et ass jo net fir d'éischt!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci fir déi Kloerstellung. An ech ginn d'Wuert zréck un den Här Goergen, wann e wëllt drop reagéieren.

**Une voix** | Et ass jo net fir d'éischt!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech ka gär dorop reagéieren. Also ech hu matkritt, dass de Minister dat gesot huet. Duerno huet e sech vun der Press falsch verstane gefillt.

*(Interruption par M. Xavier Bettel)*

Do ass e bei der Press intervenéiert, do huet en am RTL-Background nach eng Kéier gesot, d'Press hätt de Mann falsch bruecht. Bon. Dir kënnt Är Pressekritik ubréngen ...

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här Goergen, nach eng Kéier: De Chefredakter vun 100,7 huet sech dofir entschëllegt an en huet gesot, dass si d'Saach falsch erëmbruecht hunn. An Dir hutt den Ustand, hei nach eng Kéier op d'Pult ze goen, mat enger Ausso ze kommen, wou de Chefredakter vun engem wichteger Noriichteradio hei seet, si hätten et falsch erëmginn. Dat ass zudéifst onéierlech an inakzeptabel!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech deelen Är Pressekritik net!

**M. Fernand Etgen,** Président | An da wär et elo un der Madamm Martine Hansen. Merci.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Do musst Der Iech dru winnen!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Merci, Här President.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Den Här Benoy schwätzt eebe gär!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Ech wäert mech de Mëtteg elo op d'Landwirtschaft konzentréieren, well d'Landwirtschaft een Deel vun der Léisung ass, och am Klimaschutz, wat dacks net gesot gëtt. D'Landwirtschaft, a virun allem d'Gréngland, bënnt extreem vill Zäregaser. Et ass natierleche Carbon Capture. An dofir ass d'Landwirtschaft e ganz wichtegen Acteur.

An der Presentatioun hei am Plenum hunn d'Membere vum Klima-Biergerrot ënner anerem och gesot: „Mir brauchen d'Landwirtschaft." A mir kënnen déi Ausso hei mat 42 Hänn direkt ënnerschreiwen. A mir géife se just nach erweideren a mir géife soen: „Mir

brauchen d'Landwirtschaft fir d'Produktioun vu gesonde Liewensmëttel." A fir et nach emol kloerzemaachen: Eis Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg wäert och weiderhin op den Haaptproduktiounszweiger Mëllechproduktioun a Rëndvéihaltung baséieren.

Ech wëll och nach eng Kéier erklären, firwat. Et ass relativ einfach. Mir hunn 120.000 Hektar – ronn – landwirtschaftlech Notzfläch. Dovunner si 50 %, dat heescht ronn 60.000 Hektar, Gréngland. Mir kënnen d'Gras net iessen. Mir kënnen eis also net ernäre vum Gréngland. Wa mer déi Fläch gäre wëlle nach fir eng produktiv Landwirtschaft notzen, da muss dat Gras vereedelt ginn iwwert d'Déieren. A mir wëllen als CSV och déi Fläch nach landwirtschaftlech notzen. Dofir si mer der Meenung, datt d'Rëndvéihaltung hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer wäert e wichtegt Standbee sinn.

An ech wëll hei och nach eng Kéier kloer soen, obschonns dat vun der EU net erlaabt gëtt, mee et gëtt awer ganz dacks vu Leit gefuerdert: Als CSV wäre mer, och wann d'EU dat géif erlaben, strikt dergéint, fir Gréngland ëmzewandelen a fir et anescht ze notzen, well dat wär definitiv eng Katastroph fir eise Klimaschutz, well da géifen extreem vill Zäregaser fräigesat ginn.

Als CSV si mer awer och dovunner iwwerzeegt – an dat ass och vum Klima-Biergerrot gesot ginn –, datt d'Landwirtschaft sech weiderhi muss diversifizéieren. Ech hunn eng Interpellatioun ugefrot, an déi kënnt normalerweis am Januar op den Ordre du jour. Do wäerte mer also nach genuch Zäit hunn, fir doriwwer ze debattéieren. Ech wëll hei just zwee Punkte soen: Bei der Diversifikatioun geet et net just duer, dat a Sonndesrieden ze fuerderen, mee, éischtens, si muss dann och ënnerstëtzt ginn. Als CSV hate mer scho méi wéi eemol eng Motioun, fir zum Beispill en Innovatiounsberoder anzestellen, wou ee Bauer, deen eng innovativ Iddi huet, kann op eng Plaz goen an Ënnerstëtzung kritt an net direkt gesot gëtt: „Dat do geet net." An zweetens muss een et och geneemegen. An och do hu mer ganz dacks Problemer.

En drëtte Punkt, deen ech gäre wëll uschwätzen, dat ass d'Iddi vum nohaltegen ekologeschen Indikator fir d'Liewensmëttelprodukter. Dat ass eng ganz sympathesch Iddi. Ech wëll just hei nach eng Kéier drop hiweisen, datt mer d'lescht Joer hei en neit Gesetz gestëmmt hunn, dat d'Zertifizéierung vun eise lokale Produkter u sech nach eng Kéier neireegelt. Als CSV hu mer et e bësse mat Bauchwéi gestëmmt. Mir hunn et awer matgestëmmt, well soss hätte keng Labele méi kënne subventionéiert ginn. Mir hunn awer Bauchwéi gehat, well dat, wat do als regional verkaaft gëtt, net regional ass. Et ass eng regional Produktioun. Mee déi regional Produktioun kann och a Spuenie geschéien an da kommen d'Produkter heihinner an da kréie se awer hei de regionale Label.

Dofir hu mer och do eng Evaluatioun no dräi Joer gefrot. A mir halen och un där Fuerderung fest. Wann nämlech mat dësem Zertifizéierungslabel, wéi mer en elo hunn, net zousätzlech garantéiert gëtt, datt eis regional Produkter hei besser vermaart ginn, da mussen do Upassunge gemaach ginn.

E véierte Punkt an eng Iddi vum Klima-Biergerrot, dat sinn déi kuerz Weeër, dat heescht, tëschent dem Produzent an dem Konsument. Dat ass och schonns ganz laang eng Fuerderung vun der Landwirtschaft, déi mir als CSV voll ënnerstëtzen. An deem Sënn bedaueren ech awer hei – an dat war och eng Form vu Biergerbedeelegung –, datt 2016 eng Petitioun, déi u sech direkt 8.000 Ënnerschrëften hat, also vill Bierger, déi drun interesséiert waren, mat der Fuerderung, méi lokal Produkter an der nationaler, regionaler, ëffentlecher Restauratioun anzesetzen ... Do war ënner anerem festgehale ginn, datt e Matchmaker géif agestallt ginn, een, deen de Lien mécht tëschent dem Produzent, dem Handel, der Veraarbechtung an der Restauratioun, deen am Prinzipp kuckt: Wou sinn d'Problemer? An deen da mat den Acteuren zesumme kuckt, d'Problemer ze léisen. Dee Matchmaker gëtt et nach ëmmer net. Et war och gesot ginn, et kéim e GIE. Och dat kënnt nach ëmmer net. Wéi gesot, Biergerbedeelegung ass wichteg. A wa mer dann och nach esou eppes verspriechen, da fannen ech, wär et och wichteg, datt mer et géifen halen.

E fënnefte Punkt: d'Mesurë fir d'Liewensmëttelverschwendung. Mir si mat all deene Mesuren averstanen. Ech wëll hei just nach eng Kéier drun erënneren: 2019 sinn 53.000 Tonne vu privaten Haushalter u sech fortgehäit ginn. An do musse mer alleguer un selwechte Strang zéien an och do d'Iddie vum Klima-Biergerrot natierlech begréissen an do mussen ënner anerem och verschidde Reglementatiounen iwwerschafft ginn, fir datt mer dës Meng u Liewensmëttel, déi fortgehäit gëtt, reduzéieren.

De Klima-Biergerrot huet also ganz vill positiv Iwwerleeunge gemaach. An dofir soen ech hinnen och villmools Merci. Mat enger Partie vun Aussoe kënne mer allerdéngs net averstane sinn. An ech denke wierklech, datt, wann och nëmmen ee praktesche Bauer mat am Klima-Biergerrot gewiescht wier, déi Aussoen dann net gemaach gi wären. Ech weess, datt der sech eng Partie gemellt hunn. Ech weess net, no wéi enge Krittären TNS ILReS d'Leit erausgesicht huet, mee mengen Informatiounen no war keen als representativ erausgesicht ginn.

Eng Ausso ass zum Beispill: „Aujourd'hui, l'élevage est devenu super-intensif." Dat stëmmt esou net hei zu Lëtzebuerg. Eng aner Ausso ass: „D'Massendéierenhaltung ass klimaschiedlech." Ech soen: Jo, si ass klimaschiedlech. Mee mir hunn hei zu Lëtzebuerg keng esou eng Massendéierenhaltung.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Ech hunn en Artikel gelies – ech weess net méi, ob et an der „Baueren-Allianz" oder „De Letzeburger Bauer" war, dofir soen ech elo, eng vun deenen zwou Zeitunge war et –, do ass e Biobetrib virgestallt gi vun 300.000 oder 360.000 Hinger. Ass dat Massendéierenhaltung? Déi gëtt et net hei zu Lëtzebuerg. Hei zu Lëtzebuerg gëtt et emol kee Konventionelle mat esou villen Déieren! Ass dat Massendéierenhaltung? Wat ass d'Definitioun vu Massendéierenhaltung?

Wéi gesot, ech behaapten hei: Hei zu Lëtzebuerg hu mer déi Massendéierenhaltung net. Et gëtt awer villes importéiert. Et gëtt dann och kaaft. An et gëtt dann och giess. Mee et gëtt dann net eisem Klimaplang zougerechent.

Dann den organeschen Dünger, dee gëtt ganz vill kritiséiert. Den organeschen Dünger ass awer de facto net schlecht. Et muss ee just alles drusetzen, fir en optimal ze verwäerten. An et misst een u sech alles drusetzen, fir de mineraleschen Dünger, wou d'Produktioun immens $CO_2$-intensiv ass, esou wäit wéi méiglech ze reduzéieren. Mee och dee gëtt eiser Klimabilanz net zougerechent, well d'Produktioun jo net hei geschitt.

Als CSV hu mer schonns e puermol gefuerdert – leider ass dat ëmmer vun der Majoritéit refuséiert ginn –, datt d'Betriber sollen ënnerstëtzt ginn, fir eng betriblech Närstoff- oder Klimabilanz ze maachen. Wann ech nämlech net méi Närstoffer, net vill méi Närstoffer an de Betrib eranhuelen, wéi ech der eraushuele mat de Produkter, dann hunn ech net vill Problemer. Firwat ass dat net gemaach ginn? Ech weess et net. Hei bräichten d'Betriber Hëllef. An hei bräichte se och eng Berodung. Fachlech novollzéibar Krittäre sollen d'Diskussioun leeden. A mir wäerte beim Agrargesetz sécherlech nach méi wéi eemol dës Diskussioun féieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei war just eng kuerz Reaktioun zu de Virschléi. Wéi gesot, ech kann net op all déi Virschléi agoen.

Fir eis als CSV ass et awer wichteg, datt an deene ganzen Diskussiounen – an do hat ech bei der Ried zur Lag vun der Natioun u sech drop gepocht – den Nohaltegkeetsdräieck muss am Mëttelpunkt sinn, mat deenen dräi Säiten: dem Ekologeschen, dem Klima, dem Ekonomeschen, der Wirtschaft an eeben och dem Sozialen. An d'Politik huet eng Verantwortung, fir déi dräi Säiten am Gläichgewiicht ze behalen.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Fir eis als CSV ass et och wichteg, an da kommen ech erëm eng Kéier op den Deel Landwirtschaft, an dat wëll ech wierklech hei betounen: Wann iwwer ee Secteur – well hei ass jo ee spezifesche Secteur, iwwert deen decidéiert gëtt –, wann iwwer ee Secteur decidéiert gëtt, datt dann och mat deem Secteur geschwat gëtt an och op dee Secteur gelauschtert gëtt!

An deem Sënn froen ech mech – an da kommen ech bei d'Form –, firwat datt de Landwirtschaftsministère zum Beispill net matagebonne war. Ech hu gesinn, den Ëmweltministère war derbäi, d'Naturverwaltung war derbäi. De Landwirtschaftsministère hunn ech bei deem Deel Landwirtschaft net gesinn!

Ech froe mech och, wien d'Experten an dësem Deel erausgesicht huet. Ech hu gelies „ont participé", do stoung och d'Bauerenzentral derbäi, do stoungen och d'Jongbaueren derbäi. Déi waren a Visiokonferenzen derbäi, déi droen awer net dat, wat hei elo steet. Mee wien huet déi Experten erausgesicht?

Hei an der Diskussioun hu mer ëmmer vun enger Beroderin vum IBLA héieren, dem Institut fir biologesch Landwirtschaft. Wann een nëmme vun enger Organisatioun eng Berodung huet, dann ass dat natierlech an déi Richtung guidéiert. Firwat waren net nach aner Experten do? Fir eis wär hei e Gläichgewiicht extreem wichteg gewiescht.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Ech froe mech och, wien d'Visitten definéiert huet. Et ass just ee landwirtschaftleche Betrib besichtegt ginn. Just een! Dee Betrib, dee besichtegt ginn ass, ech kennen en, dat ass e ganz gudde Betrib! Et ass e Betrib, dee biologeschdynamesch schafft, et ass e Betrib, deen e Buttek um Haff huet. Et ass e Betrib, deen ënner anerem mat der Waldorfschoul schafft. Ech weess net, mat wéi enger Schoul datt en nach schafft. Mee de Betrib ass awer net representativ fir eis Landwirtschaft! Firwat sinn also hei net nach aner Visitten organiséiert ginn? Dat wär am Sënn vun engem Gläichgewiicht an am Sënn vun enger méi breeder Informatioun immens wichteg gewiescht.

Ech weess, wéi gesot, net, wien d'Experten erausgesicht huet. Ech weess och net, wien d'Visitten definéiert huet. Mee ech denken, datt een op jidde Fall muss oppassen, datt eng Biergerbedeelegung net däerf gesteiert ginn duerch esou eng Auswiel vu Visitten an Experten. Well d'Form, d'Representativitéit, d'Organisatioun, an domadder, mengen ech, och d'Zäit, déi de Klima-Biergerrot zur Verfügung hat – well och dat war gesot ginn: „Si waren ënner Zäitdrock, si haten net esou vill Zäit" –, déi sinn ausschlaggeebend fir d'Resultat vun dëser Aart vu

Biergerbedeelegung, vun enger participativer Politik. An op d'Leit lauschteren, dat soll jiddwer Politiker! Op d'Leit lauschteren ass extreem wichteg!

Här President, am Kader vum Klima huet d'Regierung elo eng Partie Gremie geschaaft. An ech weess wierklech net, ech hunn d'Iwwersiicht net, an ech sinn awer berouegt, well am „Kloertext" hu mer d'Fro gestallt kritt, an et konnt och kee vun der Majoritéit direkt äntweren dodrop, wéi déi Aarbecht zesummeleeft a wie se koordinéiert.

Dës Gremien hunn zum Deel déi selwecht Aufgaben: De Klima-Biergerrot soll zousätzlech Mesurë virschloen; den Observatoire de la politique climatique, de Comité interministériel pour l'action climat, d'Plateforme pour l'action climat et la transition énergétique (ndlr: Nouvelle plateforme action climat et transition énergétique). Dann hu mer awer och nach de Klimapakt bei de Gemengen um lokale Plang, déi eng formidabel Aarbecht leeschten. An elo hu mer nach net zulescht eng Taskforce, déi u sech dem Klima-Biergerrot seng Iddien analyséiert. Also eng Hellewull vu Gremien!

D'Madamm Minister huet virausser de Prozess beschriwwen, wéi d'Regierung wëllt zum iwwerschaffte PNEC Klima- an Energieplang kommen. Si huet och do an deene verschiddenen Etappen d'Klimaplattform, den Observatoire genannt an de Klima-Biergerrot genannt. Si huet och nach gesot, datt, ier en u sech finaliséiert gëtt, nach eng Kéier eng Consultation publique kënnt.

D'Gemengen, de Klimapakt, si leider net ernimmt ginn. Ech denken awer, datt de Klima extreem wichteg ass an ech fannen, datt dës Form vu Biergerbedeelegung, déi awer um lokalen Niveau geschitt, wou och vill Bierger bedeelegt sinn, wou eis Gemengen extreem vill Aarbecht maachen – mir hu siwe Gemengen, déi Goldmedailen hunn, sechs sinn der vun der CSV, a mir si richteg houfreg dorobber, ech mengen, den Aly hat eng vun deenen éischte Goldmedailen, mir si richteg houfreg dorobber –, datt dës Leit net däerfen am Prozess ignoréiert ginn!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Dann huet d'Madamm Minister d'Chamber, déi 60 gewielte Vertrieder, déi hei sëtzen, an deem ganze Prozess eemol erwäänt, an dat ass haut bei der Debatt. Si hat awer selwer gesot an der Kommissioun, de Ministère, d'Regierung, déi hätten net genuch Zäit, fir déi 56 Mesurë bis haut am Detail duerchzekucken. Ben, mir hunn et misse maachen! An ech fannen awer, datt dës Virschléi och extreem wichteg sinn. An als CSV si mer der Meenung, datt d'Chamber, déi 60 gewielten Deputéiert, beim weideren Ausschaffe vum PNEC net däerfen ignoréiert ginn.

Ofschléissend wëll ech awer op dëser Plaz am Numm vun der CSV nach emol alle Leit, déi sech wierklech an hirer Fräizäit Gedanke gemaach hunn, fir eise Klima ze schützen, villmools Merci soen. Dat ass nämlech keng Evidenz. Dat ass keng Selbstverständlechkeet. Nämlech au contraire! Dat ass Affere vu wäertvoller Fräizäit – woubäi mer wëssen: Déi ass fir jiddweree vun eis meeschtens relativ enk bemooss – , wäertvoller Fräizäit fir eist Allgemengwuel.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

*(Interruption)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Hansen. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Mäi Kolleeg Max Hahn, deen huet jo de Mëtteg schonn hei am Numm vu menger Partei ausféierlech Stellung zu dem Klima-Biergerrot sengem Rapport geholl. Ech wollt awer nach op zwee Theemen zréckkommen, déi fir eis als Demokratesch Partei awer ganz wichteg sinn. Dat ass engersäits d'Landwirtschaft hei enchaînéieren an dat, wat meng Virriednerin gesot huet. Ech wëll awer direkt hannendru soen, datt ech awer mat Sécherheet net onbedéngt dat selwecht wäert soen. An dann awer och de Gewässerschutz, deen och ouni Zweifel eng ganz wichteg Roll ze spillen huet.

Ech mengen, et ass ganz kloer, datt d'Landwirtschaft am Fokus steet vun där ganzer Diskussioun hei. An dat ass och richteg esou an dat ass och gutt esou. An duerfir ass och – ech kierzen dat elo of – de KBR ze begléckwënschen, datt e sech och ganz intensiv mat där Thematik auserneegesat huet.

Et däerf een natierlech net vergiessen, datt d'Landwirtschaft haut leider, muss ee soen, net méi dee Stellewäert huet, wéi se vläicht fréier hat. Ech wëll drop hiweisen: 1952 huet d'Landwirtschaft nach 9,3 % vum PIB ausgemaach an haut sinn et nach 0,3 %, Här Budgetsrapporter, wann déi Zuel richteg ass. An e seet Jo.

Dat soll eis awer net dervun ofhalen, fir eis intensiv Gedanken iwwert d'Landwirtschaft ze maachen! Si huet awer doriwwer eraus nieft deem reng ekonomeschen Aspekt och nach eng aner Roll ze spillen. Ech denke virun allem och un d'Kultur, u Landschaften, an ouni eng Landwirtschaft géif déi mat Sécherheet och net esou ausgesinn.

Mir haten 1990 nach 3.803 Betriber. Elo hu mer der nach 1.869. Dat ass natierlech eng Entwécklung, déi net ganz glécklech ass, déi awer och eis muss ouni Zweifel als Politiker interpelléieren.

Wa mer de Rapport vum KBR méi am Detail liesen, wat d'Landwirtschaft ubelaangt, spiert een natierlech och eng gewësse Skepsis vis-à-vis och vum Véibestand eraus, wou am Fong geholl e bëssen d'Meenung vertruede gëtt, datt de Véibestand soll hei zu Lëtzebuerg iergendwéi ofgebaut ginn. Haaptsächlech op d'Problematik Ammoniak gëtt do higewisen.

Ech wëll allerdéngs hei och ënnersträichen, datt mer och do musse virsiichteg sinn. Ech mengen, et si ganz vill Betriber, déi an deene leschte Joren enorm investéiert hunn; besonnesch, fir sief et Mëllechkéi, sief et Rëndvéi eebe kënnen an der Zukunft nach méi opzebauen. Dowéinst musse mer do ganz gefillvoll virgoen an net déi Investissementer vläicht iwwert d'Joren eraus dann awer dee Moment méi kleng maachen, wat sech natierlech géif och negativ op d'Produktioun auswierken.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt de Rannerbestand hei zu Lëtzebuerg souwisou ofgeholl huet. Mir haten 2000 205.072 Ranner an Enn 2021 nach 189.543. Dat sinn Zuelen, déi ech vum Statec hunn, also stëmme se jo och.

Par konter ass op där anerer Säit awer den Héngerbestand an d'Luucht gaangen. Dee war 2000 bei 71.785 an elo läit e bei 170.591.

Et gëtt jo och am Rapport virgeschloen, fir de Schofbestand eropzesetzen. Och deem ass an deene leschte Jore scho Rechnung gedroe ginn. Do ass zum Beispill 2000 nach eng Zuel festgehale gi vu 7.971. An Enn d'leschtJoer waren et der schonn 9.956.

Et gëtt dann, ënner anerem, och virgeschloen, fir zum Beispill eng Woch ouni Fleesch anzeféieren. Ech fannen et richteg, datt u sech d'Leit solle sensibiliséiert ginn, effektiv vläicht manner Fleesch ze iessen. Obwuel een awer nach soll hei och deem Eenzelnen eng Fräiheet iwwerloossen. Awer d'Sensibiliséierung soll schonn an déi Richtung goen.

Obwuel, och de Fleeschkonsum ass immens zréckgaangen! Um europäeschen Niveau zum Beispill rechne se, datt dëst Joer 1,34 Milliounen Tonne manner Fleesch giess ginn ass, an dat si ronn 3 % dann och manner.

Zu Recht gëtt dann hei och op de Pestizidenasaz um Niveau vun der Landwirtschaft higewisen. Jo, och do, mengen ech, musse mer natierlech oppasse mat der Scholdzouweisung – „Schold" zwësche Guillemets. D'Landwirtschaft steet natierlech ënner engem gewëssene Produktiounsdrock, deen an all deene Joren och duerch d'Politik opgebaut ginn ass. Dat huet natierlech mat sech bruecht, datt eng konventionell Landwirtschaft huet missen och deementspriechend fonctionéieren, fir datt se och rentabel ass.

An där ganzer Diskussioun komme mer dann natierlech och ganz séier bei d'biologesch Landwirtschaft. An dat ass och zu Recht an deem Rapport ganz detailléiert duergestallt ginn. Ech mengen, mir wëssen, datt natierlech d'biologesch Landwirtschaft eng Rei vun Avantagë mat sech bréngt, déi een net hei muss am Detail nach eng Kéier oplëschten.

Ech wëll just op dat neit Agrargesetz hiweisen, wat mer jo de Moment amgaange sinn, an der Kommissioun ze diskutéieren. An och do spiert ee jo awer eraus, datt de Wëlle vun der Politik do ass, fir d'biologesch Landwirtschaft an Zukunft nach méi staark ze ënnerstëtzen.

Interessant Aussoe ginn dann awer och gemaach zum Beispill, wat de Retraçage vun der Liewensmëttelproduktioun ubelaangt. Do ass ee ganz op der Säit och vun dem KBR, datt hei ganz kloer de Konsument ëmmer méi muss déi Informatioun kréien: Wou kommen déi Liewensmëttel hier, déi ech konsuméieren? Ech mengen, och an eiser Legislatioun sinn do an deene leschte Joren Efforte gemaach ginn. Zum Beispill hu mer hei e Gesetz gestëmmt den 3. Mee iwwert den Etiquetage, wou jo eng Rei Labele festgehale goufen.

Mee dat wëllt awer net verhënneren, datt nach zousätzlech Efforte gemaach ginn. Ech weisen zum Beispill op de fräie Verkaf an enger Metzlerei hin oder op anere Plazen, wou een u sech oft net kann novollzéien, wou dat Fleesch dann elo hierkënnt. An ech mengen, do bestinn och nach potenziell Méiglechkeeten, fir dat ouni Zweifel auszebauen.

An där ganzer Diskussioun däerf een awer net vergiessen, datt de Konsument awer och eng Responsabilitéit huet! Et ass vläicht ëmmer e bëssen ze vill einfach, fir alles nëmmen op de Produzent ze drécken. Och de Konsument kann de Marché matbeaflossen! An e Produkt, dat vill gefrot gëtt, gëtt automatesch och vill produzéiert. Duerfir brauch ee kee groussen Ekonomist ze sinn, fir dat ze verstoen.

An dowéinst soll permanent ëmmer den Appell un de Konsument gemaach ginn, datt e méi geziilt a méi selektiv virgeet bei dem Akaf an och sech méi konzentréiert op biologesch Produkter. An do gëtt et jo awer haut scho vill Méiglechkeeten.

Et gëtt jo ee spezifesche Buttek, deen ech awer elo natierlech net hei nennen, mee dee warscheinlech vill Leit kennen. Op där anerer Säit muss een och soen, datt och d'Supermarchéë ganz grouss Efforten déi lescht Jore gemaach hunn, wou ewell spezifesch Rayone sinn, wou een nëmme biologesch Produkter kritt. An ech sinn iwwerzeegt, wann d'Demande fir esou Produkter géif an d'Luucht goen, da géife mat Sécherheet och déi Rayonen nach méi ausgebaut ginn.

An deem ganze Kontext si mer natierlech dann och séier bei dem Gaspillage alimentaire; e ganz wichtegen, ganz weesentleche Punkt an der Diskussioun. An ech mengen, och do muss ee ganz éierlech sinn: Jo, mir mussen eis jo bal heiansdo schummen, wa mer gesinn, wéi vill gutt Liewensmëttel einfach nach ewechgehäit ginn! Ech mengen, et brauch een nëmmen duerch de Restaurant ze goen, da gesäit een oft, wéi vill voll Telleren nach zréckgedroe ginn. An ech mengen, et soll keng Schan méi sinn, wierklech keng Schan méi sinn, datt een, wann ee säin Teller net ganz packt, sech dat soll apake loossen. Dat war vläicht emol an der Zäit net ëmmer gär gesinn, mee déi Zäite sollen eriwwer sinn. An et ass einfach inakzeptabel, wann, wéi gesot, elo einfach esou Liewensmëttel ewechgehäit ginn!

Dat selwecht gëllt och fir gréisser Geschäfter, wou sech da mordicus op den Verfallsdatum baséiert gëtt, fixéiert gëtt. A mir wëssen hoergenee, datt dat awer net onbedéngt och muss an der Praxis esou sinn.

Ech wëll dann och op d'Propositioun 3 nach eng Kéier hiweisen, wou da gesot gëtt: „Majo, da sollen och déi Liewensmëttel, déi no bei der Date d'expiration sinn, weiderverwäert ginn." Dat ass ganz richteg! Op där anerer Säit muss een awer och hei ënnersträichen: Et gëtt där Initiativen. An ech wëll virun allem eng hei ënnersträichen, dat ass de Cent Buttek. Dat ass eng Initiativ, déi och ganz gutt bekannt ass. An ech mengen, dat ass grad dee richtege Wee, datt do versicht gëtt, esou vill wéi méiglech Liewensmëttel, déi zwar um Punkt sinn, vläicht net méi vu jiddwerengem gär konsuméiert ze ginn, mee déi awer mat Sécherheet keng Gefor duerstellen, datt déi och sollen dann an e Circuit erakommen, fir do eebe kënnen dann nach konsuméiert ze ginn.

Hei gëtt dann och proposéiert, datt de Konsument méi en vrac kann an engem Geschäft kafen. Jo, dat ass eng ganz gutt Iddi, déi an Zukunft och mat muss ënnerstëtzt ginn.

Da geet an der Propositioun 6 vill iwwert d'Bongerte rieds. An och do muss ee leider feststellen, datt dat grad immens ofgeholl huet an deene leschte Joerzéngten. Ech mengen d'Bongerten, déi am Fong geholl eis Kulturlandschaft gepräägt hunn, an all Duerf sinn et Bongerte ginn, an de Stied sinn et Bongerte ginn. Elo spiert een, datt lues a lues erëm de Wäert dovun erkannt gëtt.

*(Coup de cloche de la présidence)*

An och do muss méi drop gesat ginn.

Här President, war dat elo fir mech, oder?

**M. Fernand Etgen,** Président | Jo, genau.

**M. Gusty Graas** (DP) | Jo.

*(Interruptions)*

Mee ech wëll just drop hiweisen, ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Nee, Dir musst zum Schluss kommen, Här Graas.

**M. Gusty Graas** (DP) | Mir hunn anscheinend nach fënnef Minutten, fir iwwert d'Motioun ze schwätzen.

**Une voix** | Dat zielt net.

**M. Gusty Graas** (DP) | Oder zielt dat net?

*(Interruptions)*

O, ech hätt awer nach esou vill ze soen!

*(Hilarité)*

Okay. Hei, da ganz séier, ganz séier trotzdeem nach ee Punkt, well dee mer awer och nach uewe läit. Do geet et ëm de Waasserschutz. Ech mengen de Waasserschutz, deen och an deem Rapport natierlech intensiv diskutéiert gëtt. Wann et ee Punkt gëtt, wou mer nach trotzdeem, jo, gréisser Retarden hunn, dann ass et awer um Niveau vun dem Waasserschutz. Sief dat um Niveau Renaturéierung, sief dat Kläranlagebau. An do gëtt och ënner anerem drop higewisen, datt de Risiko géif bestoen, datt de Waasserpräis géif an deenen nächste Joren an d'Luucht goen.

Jo, ech mengen, et muss een esou éierlech sinn, och als Politiker. An dat kann een net evitéieren, well enorm Investissementer hu misse gemaach ginn, zum Beispill déi véiert Stuf bei de Kläranlagen, déi massiv Geld wäert kaschten. An da wäert dat och eng Retombée hunn op de Waasserpräis.

An dann, dat soll mäi lescht Wuert sinn, Dausend Liter Waasser, wat héichwäerteg Qualitéit ass, kaschten hei zu Lëtzebuerg am Duerchschnëtt 2,8 Euro! Ech mengen net, datt Der nach e Liter Spruddelwaasser oder platt Waasser am Supermarché fir 2,8 Euro kritt. Och do soll een also e bësse relativéieren, wann ee mengt, d'Waasser hei zu Lëtzebuerg wier vill ze vill deier.

Ech wëll ofschléissend awer och nach eng Kéier all deene Membere vum Klima-Biergerrot e ganz grousse Merci ausspriechen. Ech mengen, dat do war eng wichteg Aufgab, eng Aufgab, déi eis als Politiker och soll dozou animéieren, net nëmmen de Leit nozelauschteren, mee och ze kucken: Wat kënne mer vun deene Punkten do ëmsetzen?

Selbstverständlech muss ee realistesch sinn. Selbstverständlech kann een net all Punkt eent zu eent ëmsetzen, mee mäi grousse Merci – de Max Hahn huet dat jo och scho gemaach – fir déi Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass! Dat ass ouni Zweifel och wäertvoll fir d'Politik.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Graas. An dann huet nach den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci, Här President. Mir hunn nach e bëssen Zäit. A wann ech meng Gusty-Graas-Minutten derbäihuelen, hu mer nach gutt Zäit.

Ech kommen nach eng Kéier op eppes zréck, wat virdrun hei diskutéiert gouf. An dat war mäi Kolleeg, de Marc Goergen, deen ugeschwat huet, datt en irritéiert war iwwert d'Wierder vum Vizepremier François Bausch an der Press géintiwwer vun de Resultater vum Klima-Biergerrot. An do huet den Här Benoy dach relativ sec hei gemengt, datt dat jo verbessert gouf.

Ma, mir hunn eis déi verbessert Versioun natierlech och nach eng Kéier ugekuckt an eis Kritik bleift déi nämmlecht. Well de François Bausch huet ... An Dir hutt selwer den Artikel gepost, dat heescht, ech huelen un, datt dat dann de Fakten entsprécht, déi de François Bausch da ginn huet. E start mat dem Titel, Zitat: „Symbolik. François Bausch iwwert d'Mobilitéitsiddie vum Klima-Biergerrot".

An da geet et weider, wou de François Bausch seet, datt him d'Iddien zwar sympathesch wieren, datt déi gutt gemengt wieren, mee eeben ze bescheide wieren. Datt also de Klima-Biergerrot u sech net wäit genuch gaange wär, well de Mobilitéitsplang 2035 vill, vill méi wäit géif goe wéi dat. Dat ass paraphraséiert, wat hei steet.

Positiv wier, an dat huet de François Benoy richteg erëmginn, datt de Wëlle bei de Bierger/innen do wier, fir méi mat an déi Richtung ze goen. Ech fannen et awer da ganz speziell, datt ënnert deem nämmlechte korrigéierten Artikel Membere vum Biergerrot sech opreegen, datt se de Mobilitéitsplang 2035 guer net virgestallt kruten, respektiv net an der Déift, deen et erlaabt hätt, dat ze appreciéieren! Dat heescht, de Minister huet, a mir bleiwen derbäi, u sech hei dem Klima-Biergerrot e bëssen esou gesot: „Jo, et ass jo schéin, datt Der dat gemaach hutt, mee hätt Der män Dokument gelies, da wäre mer scho vill méi wäit."

A ganz éierlech: Dat huet e gesot! Dat hutt Der selwer gepost, Här Benoy. Sot also näischt anescht! A wann e Minister muss intervenéieren, fir Saachen an der Press änneren ze loossen, fannen ech dat nach méi wéi bedenklech.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert. Fir d'éischt den Här Energieminister Claude Turmes.

*(Brouhaha)*

Här Turmes, Dir hutt d'Wuert. A soss keen!

***Prises de position du Gouvernement***

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Villmools merci, Här President. Léif Deputéiert, léif Kolleegen aus der Regierung, a virun allem haut léif Membere vum Klima-Biergerrot, fir d'éischt wëll ech mech entschëllegen: Ech sinn e bësse méi spéit komm, well mer haut Energieconseil haten hei zu Lëtzebuerg. Déi gutt Noriicht ass, dass mer weiderkommen. A wierklech, et war e gudde Rot, fir weiderzekomme bei der Gas- an der Stroumversuergung.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Léif Leit vum Klima-Biergerrot, Dir maacht eis als Politiker Courage. Dir hutt an Ärem detailléierte Bericht d'Drénglechkeet vun der Klimakris erkannt an Dir hutt eis ganz vill gutt Virschléi gemaach, wéi mer eis Klimapolitik an Zukunft nach kënne verbesseren. Dem Premierminister nach eng Kéier e grousse Merci och fir déi Initiativ.

An ech mengen, d'Madamm Welfring huet jo och erkläert, wéi mer dat elo ... Punkt fir Punkt wäerte mir eis all déi Virschléi vum Klima-Biergerrot eenzel ukucken. Mir hu schonn en Template gemaach dofir, wéi mer dat maachen, no wéi enge Krittären. An da wäerten och nach Reunioune stattfannen zu deenen eenzele Bräicher, wéi: erneierbar Energien ausbauen, eis Haiser besser renovéieren, manner Offall, méi Reparatur, Économie circulaire, Mobilitéitsberäich.

An, fir den Här Clement ze berouegen: Den Här Bausch wäert och d'Leit vum Klima-Biergerrot gesinn. An natierlech wäert dann do och nach eng Kéier e flotten Echange sinn iwwer eeben alles dat, wat am nationale Mobilitéitsplang ass, an dann déi Iddien, déi am Klimarot do sinn. Ech mengen, méi eng ëmweltfrëndlech Agrarpolitik.

An dann ee Punkt, dee mir och ganz gutt gefall huet, dat ass, dass de Klima-Biergerrot och nach eng Kéier drop higewisen huet: Mir mussen nach méi maachen am Beräich vu Formatiounen. Mir brauchen eigentlech och nach méi Leit um Terrain fir all déi Saachen, déi mer mussen ëmsetzen, ob dat Solarpanele sinn, Haiser isoléieren, elektresch Bornen opriichten. Ech mengen, dat gëtt a Wierklechkeet e grousse Defi.

Ech wollt nach zu zwou, dräi Remarken, déi hei gefall sinn, Stellung huelen.

Dat Éischt, dem Här Keup seng Fantasien, dat hei wier net representativ. Wéi ass dee Panel hei zesummegestallt ginn? Fir d'éischt ass ëffentlech annoncéiert ginn. Doropshin hu sech 200 Leit gemellt. Duerno huet d'ILReS 500 Leit ugeruff, random, also nom Zoufall. Duerno huet d'ILReS 500 Leit iwwer Internet

ugeschriwwen, och random, also iwwer Zoufall. Duerno hate se 1.200 Kontakter.

A si hunn dunn, esou wéi de Statec d'Lëtzebuerger Bevëlkerung zesummesetzt, de Panel erausgesicht. Dat heescht: d'Proportioune vu Männer a Fraen, d'Proportioune vun Alteren, d'Proportioune vu Lëtzebuerger a vun Netlëtzebuerger, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, awer och Frontalieren.

An dann, och ganz wichteg, si hunn explizitt zum Beispill och d'Leit gefrot: Sidd Dir éischter een, dee gär mam Auto fiert, oder hutt Der den Auto net esou gär? Dat heescht, et ass och souguer eng Meenungsvillfalt vun der ILReS agebaut ginn, contrairement zu deem, wat Dir behaapt. Dat heescht, mir hunn hei wierklech probéiert, déi representatiivst Assemblée, déi ee kann organiséieren, ze kréien.

An et gëtt ëmmer ee Punkt, deen immens schwéier ass, dat ass d'Representativitéit zwëschent de méi akadeemesch Ausgebilten an aneren. A souguer och dorobber ass extra opgepasst ginn, well et sinn iwwerduerchschnëttlech Leit och erageholl ginn, déi eeben net eng Première oder méi Diplomer hunn. Dat heescht, et ass wierklech eng representativ (veuillez lire: representativ Assemblée). An duerfir wëll ech dat hei guer net am Raum stoe loossen. Wat Dir behaapt, ass falsch. An dat ass ganz anescht vun eis ugepaakt ginn.

*(Interruptions)*

Dat anert ass och, et waren Experten ... Zum Beispill ass elo gesot ginn, et wiere keng Representante vun de Baueren derbäi gewiescht. Dat stëmmt net. De Christian Wester vun der Bauerenzentral war am ...

*(Interruption par Mme Martine Hansen)*

Also et waren net nëmme Representante vu verschiddene Ministèren, déi Input ginn hunn, mee et waren och Vertrieder vun der Société civile, zum Beispill och vu Baueren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Turmes, d'Madamm Hansen wëllt Iech eng Fro stellen.

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Gären.

**M. Fernand Etgen,** Président | Oder eppes kloerstellen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo, ech wëll eppes kloerstellen. Ech hunn nämlech net gären, wa Saache gesot ginn, déi ech net gesot hunn! Ech hu gesot: Et war d'Bauerenzentral, ont participé Christian Wester, d'Jongbaueren a Jongwënzer ont participé, stinn do derbäi. Déi waren awer just bei de Visioen derbäi, sot ech. Bei dräi Stéck, mengen ech, zwou oder dräi Stéck. An déi sinn net onbedéngt Vertrieder vun de Konklusioune vun dësem Rapport.

Ech hu gefrot, firwat datt de Landwirtschaftsministère als Ministère net derbäi war. Just den Ëmweltministère an d'Naturverwaltung, mengen ech, waren derbäi. An dann hunn ech gesot, et wär kee praktesche Bauer Member vum Klima-Biergerrot.

Merci!

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Ok, gutt. Also ech denken, dass ... Also den Agrarministère war iwwer Experten och vertrueden. Ech mengen, dat hei war eng Initiativ vun der ganzer Regierung, wou mer ganz breet och eis Expertis zu gewëssene Momenter abruecht hunn, an duerno huet natierlech de Biergerrot onofhängeg geschafft.

A fir déi Leit, déi un der Integritéit vun deene Leit, déi am Biergerrot sinn, zweifelen, géif ech awer gär soen: Liest nach eng Kéier och de Lieserbréif vu Reinig, Trauffler, Lorentz an Huberty, deen e Samschdeg an der Zeitung war. Ech mengen, déi Leit, déi hunn éierlech geschafft. An et ass wierklech net flott, wa se dann denigréiert gi fir hir Aarbecht. Déi hu sech an hirer Fräizäit vill Méi ginn. An ech soen hinne Merci, a mir als Regierung soen hinnen op alle Fall e grousse Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Vläicht dann nach e Wuert zur Madamm Cecchetti. Dir hutt virdru behaapt, d'Klimainvestitioune géifen zréckgoen. Dat mag op verschiddene Plazen an der Welt de Fall sinn. Hei zu Lëtzebuerg ass dat net de Fall. Eis Klimainvestitioune ginn an d'Luucht: am ëffentlechen Transport, am Stroumnetz, bei den erneierbaren Energien, an der Renovéierung. Dat heescht, mir sinn e Land, dat Klimaschutz seriö hëlt, an eis Investitioune ginn och an d'Luucht.

An, Här Goergen, Dir behaapt, hei wier eng Zensur ausgestallt ginn. Also, Dir kënnt jo och selwer eng Kéier mat de Bierger schwätzen. Ech kann Iech just nëmme soen: An där Reunioun, déi mir hate mam Biergerrot, do hu si gesot: „Dir maacht scho vill als Regierung an hei sinn nach eng Rei zousätzlech Iddien." Also ech mengen, op alle Fall, eis ass et net zougedroe ginn, dass mir hei elo eng schlecht Zensur hunn. Ech fannen dat och net flott, wann een hei dann esou eppes instrumentaliséiert, fir seng eege politesch Meenung duerzeleeën.

Ech soen Iech Merci.

*(Interruption par M. Sven Clement)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Energieminister Claude Turmes. A fir d'Regierung iwwerhëlt elo de Relais d'Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

**Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Intérieur | Jo, merci, Här President. Ech kann dat vun hei maachen, well ech wéilt just ganz kuerz op véier Stéchwierder reagéieren.

Zum Volet Logement, do muss ech soen, dass villes vun deem, wat gefrot gëtt, eis eigentlech bestätegt mat eise Reformen, wéi de Pacte Logement 2.0 mam Artikel 29bis, de Remembrement ministériel, d'Mobiliséierungssteier, och de Baulandvertrag, soudass mer do jo net esou falschleien a sécherlech och deene Revendicatiounen do kënne Rechnung droen.

Et war eng konkreet Fro och gestallt gi respektiv eng Revendicatioun, dass d'PAGe sollte méi kohärent sinn. Ben, ech verstinn, vu wou déi Fuerderung och hierkënnt. Wann een effektiv eng Rëtsch Wunnquartiere kuckt, da stellt ee fest, dass dat net esou ass, wéi mer eis dat virstellen. Villes ass zoubetonéiert, a gro Këschte sinn do uneneegereit. Ech muss awer soen, dass an deene leschte Jore ganz vill gemaach ginn ass, dass mir eis souwuel am Aménagement communal wéi och an de Gemenge mat hiren neie PAGe ganz aneschters opgestallt hunn. Déi nei PAGe si weesentlech méi kohärent.

Et ass allerdéngs schwiereg, an ech warnen och virdrun, elo alles national iwwer ee Kamp ze schueren: D'Nationalpolitik kann duerchaus d'Zil an de Kader setzen, soll se och maachen! Mee d'Nationalpolitik kennt net ëmmer d'Besoine vum Terrain a kann net ëmmer alles am Detail plangen. Domadder wëll ech soen, dass et gutt ass, dass d'Stadentwécklung a Gemengekompetenz ass, well d'Gemengen do besser opgestallt sinn, fir eebe genau déi lokal Spezifissitéiten ze kennen. An dofir ass et och gutt, dass d'Stadentwécklung weiderhin an der Gemengekompetenz bleift.

Dann ass e puermol d'Stéchwuert vun de Baulücke gefall. Do ass jo och de Projet vum Tinyhouse hannendrun. Hei wollt ech just d'Chamber informéieren, dass mer amgaange sinn, am Interieur esou e Règlement type auszeschaffen. Well duerchaus kënnen de PAG an de PAP et hierginn, dass eeben op enger Baulück temporär fir alternativ Wunnformen ..., dass déi Baulück ka verlount ginn. A wéi gesot, well eng Rëtsch Gemenge sech och froen, wéi se dat sollen handhaben. An do sinn ech jo och komplett am Rôle mat mengem Ministère, fir eeben och hei kënnen déi Guidance un d'Gemengen ze ginn. Da wësse se, dass se dat kréien.

E lescht Wuert nach zur Participatioun, well och e puermol gesot ginn ass, dass et wichteg ass, dass mer och déi lokal Participatioun, also um lokalen Niveau, stäerken. Ech gesinn dat absolutt esou.

A fir mech ass et och wichteg, niewent deene ville gudden Initiativen, déi et an de Gemenge gëtt, dass mer dat och nach gesetzlech aneschters encadréieren. An am Kader vun der Refonte vum Gemengegesetz ass dat do e Volet, wou ech nach gäre géif an den nächste Méint e Projet de loi deposéieren, justement fir eeben d'Biergerbedeelegung um lokalen Niveau nach kënnen ze stäerken. An eng Iddi dovunner wäert sécherlech dann esou e lokale Biergerinnen-/Biergerrot sinn, wa mer eeben de Gemengen aner Instrumenter ginn, wéi se d'Leit nach kënne matabannen. Well ech mengen, dat heite weist, dass et e gudden Exercice ass a wéi wichteg et och ass fir eis Politikerinnen a Politiker, nach weider Iddien, jo, vun de Leit ze kréien a se esou och kënne matanzebannen.

Voilà! Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Inneministesch Taina Bofferding. An da geet d'Wuert un den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Merci, Här President. Ech mengen, et war wichteg, dass mer deen Echange haut konnten hunn. Ech wëll just op e puer Punkten agoen.

Dat Éischt ass: Et si jo iwwert d'Form Diskussioune gewiescht. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass d'ILReS mat der Uni zesummegeschafft huet, dass hei keng Politik sech agemëscht huet. Ech ka mech erënneren, d'Madamm Dieschbourg, den Här Turmes an ech ware just beim Kick-off derbäi, bei där éischter Reunioun, wou mer iwwer Video bäigeschalt waren, fir deene Leit Merci ze soe fir hiert Engagement. Duerno huet kee Politiker sech agemëscht. An dat ass och wichteg bei der Biergerbedeelegung, wann ee wëllt, dass dat och leeft. Dat gëtt eeben zesummen organiséiert mat Proffen, déi an der Biergerbedeelegung Spezialist sinn, mat der Uni Lëtzebuerg.

An hei si Kriticken zitéiert ginn. Ech wëll just haut den 100,7 nennen, well dee jo vill zitéiert ginn ass, et huet awer nach kee vun deem Artikel geschwat vun deem Politolog, deen au contraire seet, wéi gutt deen Exercice awer och war. Et ass vum Här Goebbels geschwat ginn, mee et ass awer net vun der Reaktioun vun de Membere vum Klima-Biergerrot geschwat ginn, déi awer soen, wéi wichteg si et fonnt hunn a wéi richteg si et fonnt hunn.

Heiansdo hunn ech d'Gefill, datt e Best of gemaach gëtt vu just de Kriticken, déi ee vläicht lénks a riets konnt fannen, wann ee wierklech och nach wäit siche gaangen ass, mee all déi positiv Aspekter, déi déi lescht Wochen awer an der Press waren, „sont un peu passés inaperçu" oder soe mer alt, et war eng Lecture un peu ... eng eesäiteg Lektür vun deem engen a vun deem anere bei deem heiten.

Dowéinst, fir mech ass et wichteg, et ass jo och fir d'éischt, wou mer dat dote maachen! Ech sinn deen Éischten, deen duerno gär e Bilan driwwer zitt, fir

dass mer, wa mer d'Méiglechkeet hunn, dat erëm ze maachen, aus de Feeler och vläicht léieren. Mee ech muss Iech awer soen: Fir eng éischte Kéier, wann ech den Echo gesinn, wann ech d'Resultat gesinn, wann ech mat deene Leit schwätzen, déi dra waren, mengen ech, dass et eng positiv Erfarung ass an dass mer au contraire sollen houfreg sinn op déi Participatioun vun de Leit!

A wa mir et net seriö huelen, da kann ech Iech just soen, dass et eng zweete Kéier oder eng drëtte Kéier vill méi schwéier gëtt, wann d'Leit op eng Kéier d'Gefill hunn: „Mir huelen eis esou vill Zäit, fir dat doen ze maachen, an et gëtt net seriö geholl." Hei gëtt eng Politique politicienne gemaach. Et gëtt just gekuckt, wat schlecht war. Et gëtt probéiert, déi, déi dra waren, ze dekredibiliséieren, dass déi bal op engem anere Planéit géife liewen, andeems se mengen, dass eppes géif geschéien um Planéit.

An ech sinn och frou, dass awer de Gros vun de Memberen heibannen der Meenung ass, dass et seriö ass an dass wierklech e Minimum vu Leit heibannen awer nach de Réchauffement climatique a Fro stellt. Dofir, mir sinn eis jo net oft eens, Madamm Cecchetti, mee hei si mer eis ganz eens: D'Zäit tickt!

*(Interruption)*

D'Zäit, de Wecker tickt, an et ass wierklech, wierklech wichteg, dass mer do agéieren!

Just, Här President, ech si virdrun hei vernannt gi vun engem Deputéierten, dass ech hei vum Referendum geschwat hätt. Ech hunn net vum Referendum geschwat, et ass en Deputéierten, deen hei de Sujet vun der Referendumssprozedur abordéiert huet. Doweinst, ech wollt just als Premierminister de Constat maachen, dass hei den 13. Juli den honorabelen Här Kartheiser den Député initiateur war. Dat steet bei Iech am Text. A just fir genau ze zitéieren, am Artikel 189 steet: „Chaque député a le droit de faire une demande d'organisation d'un référendum tel que prévu à l'article 114, alinéa 3 de la Constitution." Dat ass an Ärem Reglement! Ech brauch jo just d'Lektür, Här President, vun Ärem Reglement ze maachen. An et war d'Initiativ vum Här Kartheiser, deen den 13. Juli Initiateur war.

An da steet am Artikel 190 fir e Referendum: „doit la signer et la déposer sur le bureau de la Chambre". Dat war den 13. Juli. An dann: „Cette demande d'organiser un référendum est irrecevable si elle n'est pas signée par plus d'un quart des membres de la Chambre dans les deux mois." Dat heescht, bis den 13. September. Ech hu just de Constat elo matkritt, dass déi vun der ADR zwee Méint iwwerhaapt net disponibel sinn, fir op d'mannst hirem Kolleeg, deen Initiateur ass, déi néideg Ënnerstëtzung ze bréngen. Dat ass e Constat, méi ass et net! An doweinst wollt ech ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | ... just soen: Et ass gutt, wann een hei vu Referendume schwätzt, mee da misst een och seng Leit vläicht selwer mobiliséieren!

**Une voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Op jidde Fall merci, Här President, fir deen Echange, dee mer konnten hunn. Merci och deene Leit, déi an deem KBR geschafft hunn. An ech hu jo en Engagement geholl. Et ass net fir d'lescht, wou mer hei driwwer diskutéieren, well ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer dat doten Dokument hunn an dass et d'Basis eeben och ass, fir dass mer duerno am PNEC och déi ambitiéis Klimapolitik maachen. Net nëmme fir ons, mee virun allem fir déi, déi no eis kommen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Premierminister Xavier Bettel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

***Motions***

Fir dëse Punkt ofzeschléissen, musse mer awer nach iwwert déi zwou Motioune befannen.

***Motion 1***

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här Max Hahn deposéiert ginn ass. Den Här Hahn freet direkt d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Jo. Merci, Här President. Ech kann dat ganz kuerz halen, well ech virdru schonn am Kader vu menger éischter Interventioun drop agaange sinn. Dat ass och d'Erklärung, firwat de Kolleeg Gusty Graas da profitéiert huet, fir e bësse méi laang ze schwätzen.

Wéi gesot, fir et ganz kuerz ze maachen: Mir fuerdere mat där heiter Motioun – an, wéi gesot, Dir sidd all invitéiert, déi heite matzestëmmen, eng Motioun, déi ech am Numm vun de Regierungsparteien hei ofginn hunn –, mir fuerderen d'Regierung op, hir Ustrengungen zur Bekämpfung vun der Klimakris net nëmme weiderzeféieren, mee och nach auszebauen, haaptsächlech och wat den Ausbau vun erneierbaren Energien ugeet an d'Steigerung vun der Energieeffizienz.

An da kënnt et, da géif ech vläicht schonn Zäit spueren, fir zu der zweeter Motioun ze erklären, firwat mer déi net wäerte matstëmmen herno. Et geet hei am zweete Punkt drëms, d'Maachbarkeet ze préiwe vun deenen eenzele Mesuren, déi de Klima-Biergerrot dann hei opgeworf huet an déi da selbstverständlech och mat an d'Diskussioun ze huelen, wa mer un engem neie PNEC schaffen. Ech mengen, dat ass ganz wichteg. Ech mengen, dat huet de Klima-Biergerrot och verdéngt. A wann ech soen „ech", da schwätzen ech, mengen ech, fir déi ganz Säit hei, déi, wéi gesot, déi Motioun deposéiert huet, a vläicht, hoffentlech, schléisse sech jo nach Kolleegen un.

An da kënnt de leschte Punkt, eppes, wat Iech jo och an Ärer Motioun wichteg ass, wat an där heiter awer ofgedeckt ass a wat hei eebe méi wäit geet: Dat ass, fir eng ganz participativ Approche ze halen. An ech mengen, d'Madamm Ëmweltministesch huet dat dote jo och schonn annoncéiert gehat an enger vun de leschte Kommissiounssitzungen, fir eebe justement ze kucken, dass mer dat hei och an der Kommissioun wäerten diskutéieren, dass mer op déi eenzel Piste wäerten agoen. Den Energieminister ass virdrun drop agaangen, wéi e gesot huet, dass se Tabloen opstellen. Ech mengen, dat sinn alles Saache ganz am Sënn, wéi mir eis dat virstellen, am Sënn vun enger participativer Approche, wou et eeben drëms geet, och d'Zivillgesellschaft matanzebannen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Hahn. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Paul Galles.

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President. An och merci nach dem Här Hahn fir den Depot vun dëser Motioun. Mir wäerten eis enthalen aus engem ganz einfache Grond.

Also, et ass natierlech vill Selbstverständleches dran, mee et gëtt einfach eng Formuléierung, déi eis net gutt gefält. Dat ass den zweeten Invite, wou drasteet vun der Analys vun der Faisabilitéit vun de „propositions formulées par le Klima-Biergerrot et à les intégrer dans les discussions". An dat kléngt eis e bëssen ze vill no engem Fräifaartschäin. Mir hunn eis haut d'Méi gemaach a wierklech probéiert, kritesch a konstruktiv all déi Virschléi ze kucken an och ze verstoen, wou mer dermat d'accord sinn, wou mer net dermat d'accord sinn. Dat hei kléngt eis ze vill no Fräifaartschäin. Dir verstitt, dass mer déi dote Formuléierung e bësse skeptesch kucken. Mir wëllen op kee Fall dergéint stëmmen, mir wäerten eis einfach hei enthalen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Galles. An da ginn ech d'Wuert weider un den Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Mir wäerte se och net matstëmmen. Wann een alleguerten d'Constate virdru liest, mengt ee jo, et wär eng gutt Klimabilanz opgestallt ginn. Dat ass awer leider net esou. Dir referéiert Iech jo och op 2021, wéi schonn an Ärer Pressekonferenz an och an de Social-Media-Postings vun déi gréng, op d'Coronajoer 2021, wou d'Emissiounen erofgaange sinn. Hätt Der éierlecherweis d'Relatioun gepost am internationale Vergläich, wär Är Klimabilanz eng ganz schlecht gewiescht.

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Dir sidd am falsche Joer!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Mir hunn Är Bilanz dach gekuckt!

*(Coups de cloche de la présidence)*

Dat selwecht: Dir hätt eng „volonté politique contre le réchauffement climatique". Jo, Dir maacht 7,5 Cent Tankrabatt. An ech weess net, wéi een dat heite ka matstëmmen, wann Der wierklech wëllt soen, Dir géift eppes maache fir de Klimaschutz! Äre Bilan ass net, wéi Dir et hei beschriwwen hutt. Deementspriechend kënne mir dat guer net matstëmmen, well et geet souwisou net wäit genuch. Et ass nämlech hanne geschriwwen, et kéint ee jo mol kucken, „à analyser".

Mir wäerten awer déi vun déi Lénk matstëmmen, well déi ganz kloer soen: „Et muss een déi Punkten analyséieren an, wann déi Punkten net géifen ëmgesat ginn, soe firwat." Dat ass dee groussen Ënnerscheed.

Dir schreift ganz soft einfach„ à analyser", iergendeng Kéier. Mee déi Lénk si ganz prezis a si si vill méi wäit gaangen. Souguer déi, déi non retenu sinn, och déi missten ernimmt ginn. Dat wär e gudden Exercice, dee mer als Chamber kéinte maachen: Firwat eppes net kann ëmgesat gi vun deene 56 Proposen. Dat wär dee richtege Wee vun enger Motioun gewiescht.

Also, déi vun déi Lénk stëmme mer mat, déi vun der Regierung net.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Goergen. Da kënne mer elo zum ... Den Här Keup freet nach d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo. Merci, Här President. Ganz schnell. Mir kënne se och net matstëmmen, well eng Partie Punkten eis net esou gefalen. Ech géif der dräi hei zitéieren. Éischtens emol gëtt hei erëm eng Kéier gesot, dass mer 55 % Reduktioun sollen hu bis 2030. Dat ass net méiglech! Dat wäert Der gesinn, enfin, wann Der esou weidermaacht mat där Vitess, wéi Der et elo maacht, da wäert dat absolutt net méiglech sinn!

Zweetens ass et esou, dass hei 2021 als Joer de référence geholl gëtt, dass mer d'Objectifs climatiques sollen erreecht hunn. Et muss een awer wëssen: 2021 war e Covidjoer, wou automatesch immens vill manner $CO_2$ verbraucht ginn ass. Dat heescht, dat solle mer also net gebrauchen.

An dann den drëtte Punkt, dat ass deen, dass hei steet, dass een elo soll d'Prozeduren acceleréieren, fir Projeten ze baue wéi zum Beispill dann déi industriell Wandanlagen. Mir wëllen awer soen: Wa mer wierklech de Bierger wëllen nolauschteren, da musse mer och op d'Dierfer goen, wou esou Wandanlage gebaut

ginn. An da mierkt Der, dass ganz oft d'Bierger dat am Fong net wëllen, op d'mannst emol een Deel, an oft souguer e groussen Deel vun der Bevëlkerung. An dat muss een och a Consideratioun zéien, wann ee vu sech seet, dass een de Bierger gären nolauschtert.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Keup. An da geet d'Wuert un den Här Energieminister Claude Turmes.

**M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | Hei gëtt eppes behaapt, wat net richteg ass, an zwar d'Joer 2021. Am Joer 2021 ware keng Lockdownen. Am Joer 2020 ware Lockdownen. An d'Joer 2021 ass souguer e Joer vun engem Rattrapage vu Produktiounen, déi 2020 net konnte sinn. Dat heescht, dass mir et 2021, an deem Joer, wou et keng Lockdowne gi sinn a wou e Rattrapage économique war, fäerdegbruecht hunn, d'Klimaziler ze erreechen. Dat ass eng Leeschtung. An ech wëll déi hei net schlechtriede loossen, souwuel vum Här Goergen wéi vum Här Keup net, well Dir eppes Falsches behaapt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Energieminister. Da kënne mer elo zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 1 kommen.

***Vote sur la motion 1***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 33 Jo-Stëmme géint 6 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf).*

***Motion 2***

Da kéime mer elo bei d'Motioun Nummer 2. Da kéime mer och do direkt zum Vott elo. D'Ofstëmme fänkt un. Nee, den Här Paul Galles wëllt nach d'Wuert ergräifen.

**M. Paul Galles** (CSV) | Jo. Merci, Här President. Ech maachen et kuerz. Ech wollt just soen, dass mer hei mat gemëschte Gefiller dru ginn an eis och do wäerten enthalen. Also, wat interessant ass an dëser Motioun, ass einfach d'Tatsaach, dass par rapport zu den eenzele Propositiounen tatsächlech och soll am Detail erkläert an argumentéiert ginn, woufir dass se opgeholl ginn an de PNEC oder woufir se net opgeholl ginn. Dat ass wierklech eng interessant Propositioun.

Gutt. Dee leschten Tiret, dee géif eigentlech dem Klima-Biergerrot elo eng Missioun ginn, déi e bis elo net hat. An dat kann een elo ginn. Do kann een de Klima-Biergerrot och tatsächlech abannen. Eis feelt e bëssen awer trotzdeem dat Element vun der Chamber, well soss hu mer de Klima-Biergerrot natierlech mat senger Expertis do dran an deem Prozess, an d'Chamber wär erëm eng Kéier méi ausse vir. Dofir si mir do virsiichteg. Mir géifen eis aus deem Grond do einfach enthalen.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Galles.

***Vote sur la motion 2***

Da komme mer elo zum Ofstëmmen. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen a 25 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler (par M. Laurent Mosar) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 16.55 heures.)*

## Sommaire


| Objet | Nº | Auteur | Page |
|---|---|---|---|
| **Session ordinaire 2021-2022** | | | |
| Délais de traitement des dossiers par l'ADEM | 6439 | Jeff Engelen, Fred Keup | 95 |
| Financement de la recherche | 6449 | Léon Gloden | 95 |
| Manifestations des agriculteurs néerlandais | 6464 | Jeff Engelen | 96 |
| Catégorie B6 de l'impôt foncier (IFON B) dans le cadre du plan d'aménagement général des communes | 6466 | André Bauler | 96 |
| Alimentation des animaux dans le cadre de la sécheresse | 6505 | Marc Spautz, Martine Hansen | 97 |
| Voitures électriques munies de caméras | 6507 | Sven Clement | 97 |
| Consommation d'énergies fossiles du parc immobilier de l'État | 6546 | Marc Goergen | 97 |
| Problèmes environnementaux au Congo | 6715 | Fred Keup | 98 |
| **Session ordinaire 2022-2023** | | | |
| Listes des candidats pour les élections communales | 7806 urgente | Sven Clement, Marc Goergen | 98 |
| Listes des candidats pour les élections communales | 7815 urgente | Marc Goergen | 99 |
| Listes des candidats pour les élections communales | 7835 urgente | André Bauler | 99 |


**Délais de traitement des dossiers par l'ADEM** | Question **6439** (04/07/2022) de **M. Jeff Engelen** | **M. Fred Keup** (ADR)

Qualifizéiert Salariéen ze fannen, entwéckelt sech fir vill Patronen zu enger Erausfuerderung. A verschiddene Secteuren ass et ëmmer manner méiglech, op direktem Wee an ouni Delaie gëeegent Kandidaten ze fannen. Dat huet dozou gefouert, datt d'ADEM rezent sou vill fräi Aarbechtsplazen um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart gemellt huet wéi bal nach ni virdrun. A verschiddene Branchë kënnt et duerch de Manktem u qualifizéiertem Personal schonns zu Optragsverzögerungen. An dëser Situatioun sinn d'Patrone méi wéi virdrun op d'ADEM ugewisen. Eisen Informatiounen no ginn et bei der ADEM awer grouss Réckstänn (Retarde vu bis zu 3 Méint) beim Behandele vun neien Dossieren.

An deem Kontext hu mir follgend Froen un den Här Aarbechtsminister:

1. Wéi laang dauert aktuell d'Behandele vun engem neien Dossier, dee vun engem Patron eragereecht gëtt, fir eng Persoun anzestellen?

2. Ginn et an deem Zesummenhank Ënnerscheeder jee no Beräich/Secteur?

3. Wéi vill Placeure sinn am Ablack bei der ADEM agestallt? Wéi vill Dossieren huet ee Placeur am Schnëtt ze behandelen?

**Réponse** (20/07/2022) de **M. Georges Engel,** Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1. Eng oppe Plaz, déi e Patron der ADEM mellt, ass normalerweis bannent den éischte 24 Stonnen an eisem System encodéiert an de Patron kritt och dann eng E-Mail, an där hien dat matgedeelt kritt, mat der Nummer vun senger Offer an de Coordonnéeë vu sengem direkte Beroder aus dem Service Employeurs. Opgrond vun der massiver Hausse vun de Posten op 13.253 oppe Plazen am Mee 2022, wat eng Hausse vu 50 % op 1 Joer bedeit, kann et virkommen, dass mir den Zäitraum vun de 24 Stonne liicht iwwerschreiden.

Den nächste Schrëtt fir de Patron ass, dass d'ADEM Kandidaten ënnert den disponibelen Aarbechtssichenden op d'Offer „assignéiert", also un de Patron schéckt. Dëst ass nëmme méiglech wann och Kandidaten do sinn, déi beschtméiglechst op d'Critèrë vun der Offer passen. Wéinst der aktueller Inadequatioun tëschent Offer an Demande um Aarbechtsmarché, ginn et 29 % vun de rezenten Offeren (1.2021–4.2022), fir déi d'ADEM kee Kandidat konnt assignéieren. Fir déi aner Offere gouf fir 25 % schonn um Dag vun der Entrée selwer (Dag 0) den 1. Kandidat assignéiert. Fir weider 26 % vun den Offere gouf déi 1. Assignatioun um Dag 1 gemaach. Insgesamt kréien 80 % vun den Offeren (fir déi eng Assignatioun ka gemaach ginn) innerhalb vun der 1. Woch hir Assignatioun, an insgesamt 87 % innerhalb vun den éischten 2 Wochen. Fir eng Rei Offeren dauert et méi laang fir déi 1. Assignatioun, well net ëmmer e passende Kandidat do ass. Den Délai moyen (tëschent der Entrée vun der Offer an der 1. Assignatioun) ass 8 Wochendeeg. D'Mediane ass allerdéngs nëmmen 1 Wochendag.

Doriwwer eraus besteet d'Méiglechkeet fir en Employeur, d'Offer, déi hien der ADEM mellt, als „public" ze mellen. Dës bedeit, dass Aarbechtssichender direkt kënnen op d'Offer postuléieren, ouni dass si vun engem Conseiller vun der ADEM mussen assignéiert ginn. Ausserdeem sinn dës Offeren no 7 Deeg automatesch visibel fir jiddereen iwwert den EURES Portail, och fir Leit, déi net als aarbechtssichend bei der ADEM ageschriwwe sinn. Esou kann en Employeur nach méi Kandidaturen (an dat och méi séier) op seng Poste kréien.

ad 2. Den Encodage vun den oppene Plazen an eisem System ass onofhängeg vum Beräich. Et ass awer richteg, dass bei Posten aus dem Finanz-, Informatik- oder och Industrieberäich, déi méi spezifesch Profillbeschreiwungen hunn, den eenzelen Encodage e bësse méi laang brauch, mee och dës Offere sinn an der Reegel bannent de 24 Stonnen encodéiert.

Beim Delai vun den Assignatioune ginn et natierlech sektoriell Ënnerscheeder, well et a verschiddene Beräicher méi komplizéiert ass, e passende Kandidat ze fannen ewéi an aneren. Méi kuerz Delaie ginn et am Horesca, am Transport an am Commerce, wou d'Moyenne bei 3 bis 5 Deeg läit. Bei Santés- an Informatiksberuffer läit d'Moyenne bei 14 bis 16 Deeg.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

ad 3. Et sinn aktuell 154 „Placeuren" (Conseillers demandeurs) agestallt. An Équivalents temps plein (ETP) sinn et der 140. Dës Conseilleren hunn insgesamt 20.684 oppen Dossiere vun Aarbechtssichenden, déi aktiv suivéiert ginn*. Dat mécht am Duerchschnëtt 148 Dossiere pro Conseiller ETP.

* Dorënner si +/- 13.600 Residenten, déi disponibel sinn (dat heescht net an enger Aarbechtsmesure/ Formatioun an net am Krankeschäin/Congé de maternité), +/- 2.600 Netresidenten, déi disponibel sinn, a +/- 4.400 Aarbechtssichender, déi an enger Mesure/ Formatioun sinn, mee awer nach weider vun hirem Conseiller suivéiert an assignéiert ginn.

**Financement de la recherche** | Question **6449** (05/07/2022) de **M. Léon Gloden** (CSV)

Le 13 janvier dernier, le Gouvernement diffusait un communiqué concernant la signature des conventions pluriannuelles 2022-2025 entre l'État et l'Université du Luxembourg, les centres de recherche publics et le Fonds national de la recherche. Dans le cadre de ces conventions pluriannuelles, les dotations de l'État en faveur des institutions s'élèvent à 1,7 milliard d'euros sur quatre ans (2022 à 2025). Ce montant est en augmentation de 17,6 % par rapport aux précédentes conventions (2018 à 2021).

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche :

– En contrepartie de ces financements étatiques, les institutions se sont engagées par leurs missions à « renforcer le développement économique et social du pays ». Quels résultats les institutions doivent-elles atteindre d'ici 2025 ? Est-ce que des objectifs quantifiables ont été définis, par exemple en termes de quantité de brevets ?

– Quel est l'impact espéré sur le développement économique et social du pays ?

– Les missions poursuivies par les institutions sont à comprendre d'après le communiqué du Gouvernement comme « des collaborations renforcées entre la recherche publique, l'enseignement supérieur et le monde économique et la société en général ». Est-ce que des acteurs du « monde économique » ont déjà été identifiés ? Dans l'affirmative, lesquels ?

**Réponse** (19/07/2022) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

À l'instar des conventions précédentes, les conventions pluriannuelles 2022-2025 comportent une description des missions et des objectifs stratégiques que les institutions de recherche se proposent de réaliser et les indicateurs permettant de mesurer la réalisation de ces objectifs.

Les indicateurs peuvent être classifiés suivant trois catégories :

– Indicateurs d'ordre financier : en contrepartie de la dotation de base de la part de l'État, l'institution s'engage à générer des recettes (financement tiers) dans les catégories suivantes :

• recherche compétitive : il s'agit de fonds provenant de programmes de recherche scientifique, mettant en compétition des institutions pour financement sur base de projets de recherche, suite à un appel à

proposition, comme cela est par exemple pratiqué par le Fonds national de la recherche (FNR) ou dans le cadre du programme de recherche Horizon Europe de l'UE ;
• recherche collaborative : il s'agit du cofinancement de projets avec une entité privée ou publique dans le cadre d'un projet de recherche.

Indicateurs portant sur les résultats : Les objectifs de résultats notamment scientifiques et de valorisation socio-économique constituent le deuxième pilier des conventions.

• Publications scientifiques : la production scientifique se mesure avant tout par la quantité et la qualité des publications scientifiques. La quantité se trouve décrite par l'intensité de publication, c.-à-d. le nombre de publications scientifiques dans des journaux scientifiques à comité de lecture. La qualité de la production scientifique des institutions se mesure par le nombre de publications dans des journaux scientifiques qui sont classés dans les meilleurs 10 % du domaine.
• Thèses de doctorat : la contribution des centres de recherche publics au développement de la relève scientifique de la prochaine génération de chercheurs ainsi qu'au développement d'une force de travail hautement qualifiée se trouve mesurée par le nombre de thèses de doctorat défendues pendant la période considérée.
• Le potentiel de valorisation socio-économique des activités de recherche est mesuré par le nombre de doctorants et de post-doctorants en partenariats public-privés entre les institutions et des entreprises ainsi que par le nombre de brevets, licences et spin-offs créés.
• La coopération au niveau national entre les institutions se voit renforcée par l'objectif de publications scientifiques communes.
• Pour l'université, un certain nombre d'indicateurs supplémentaires permettent de mesurer les objectifs en matière d'enseignement supérieur, comme p. ex. le pourcentage de la totalité des étudiants inscrits au niveau bachelor ou master qui participent à au moins une évaluation de cours, le nombre de programmes de bachelor et de master évalués avec succès par une agence externe ou dans le cadre du système interne d'assurance qualité de l'Université du Luxembourg.

– Indicateurs d'ordre structurel : Au niveau des objectifs d'ordre structurel se retrouvent entre autres l'intégrité scientifique, le libre accès (« open access ») des publications scientifiques, le développement des méthodologies et la réalisation d'études d'impact, etc.

Pour ce qui est du détail des objectifs quantifiables, je me permets de renvoyer aux conventions pluriannuelles mêmes qui sont publiques et disponibles et sur le site Internet du Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et sur les sites Internet des différents établissements publics. Le niveau des différents objectifs et indicateurs varie selon les missions et visions des différentes institutions.

À côté de la mission principale de la recherche qui consiste à développer des connaissances nouvelles, la recherche contribue également au développement économique et sociétal du pays. En guise d'exemple d'impact de la recherche publique, rappelons le rôle qu'ont joué les acteurs de la recherche publique dans le cadre de la crise Covid. En effet, la task force regroupant, sous la coordination du Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, l'Université du Luxembourg, le Luxembourg Institute of Health (LIH), le Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER), le Luxembourg Institute of Science and Technology (LIST), Luxinnovation et le FNR, mettait tout l'éventail des compétences disponibles au sein de la recherche publique au service du secteur de la santé.

Parmi les projets mis en œuvre par la task force, citons le Large Scale Testing (LST) et l'analyse des eaux usées (projet Coronastep). La task force a développé une stratégie de dépistage à grande échelle (Large Scale Testing) dont l'objectif principal était d'amortir les effets de nouvelles vagues d'infections et d'éviter un autre confinement, et ce faisant de réduire les problèmes psychologiques, économiques et sociaux en résultant.

Le projet Coronastep quant à lui mesure la présence et la concentration du Sars-CoV-2 dans les eaux usées. Ce monitorage de l'évolution de la présence virale dans la population est basé sur des techniques développées dans le cadre d'activités de recherche du LIST et permet un suivi en temps réel de la situation.

Parmi les impacts escomptés pour les années à venir, citons le renforcement du tissu industriel du pays ainsi que la création de nouvelles entreprises contribuant à la diversification économique, le développement de politiques modernes basées sur des connaissances scientifiquement établies, des contributions à la cohérence sociale par une meilleure compréhension de la société, des contributions à la modernisation du système éducatif.

L'université et les centres de recherche publics se sont mis d'accord pour développer dans le cadre de la convention pluriannuelle quatre missions dans les domaines suivants :

– médecine personnalisée ;
– sciences des données dans le cadre de la transformation industrielle et des services ;
– fintech ;
– éducation du 21e siècle.

Ces quatre missions seront cofinancées par des instruments du FNR.

Les missions visent à fournir une approche intégrée de la recherche et de l'innovation au Luxembourg. La recherche axée sur ces missions se caractérise par une approche systémique pour atteindre un objectif spécifique défini par la mission, en utilisant une approche basée sur les solutions et axée sur les résultats. Afin de mettre en œuvre cette approche intégrée, le recours à des partenariats stratégiques avec des acteurs du monde économique, des acteurs du secteur de la santé et d'autres acteurs publics est incontournable pour soutenir les efforts de recherche collaborative déployés dans le cadre des missions.

En ce qui concerne des acteurs du monde économique, il est renvoyé aux rapports annuels des institutions de recherche.

**Manifestations des agriculteurs néerlandais** | Question **6464** (08/07/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

An Holland eskaléieren den Ament d'Bauereprotester. D'Roserei vun de betraffene landwirtschaftlechen Acteuren ass awer op eng gewëss Manéier och nozevollzéien. D'Regierung huet nämlech méi streng Oplage beim Ausstouss vu Schuedstoffer, notamment Stéckstoff an Ammoniak, decidéiert. Dës solle bis 2030 ëm 50 Prozent reduzéiert ginn. Dës Mesurë viséiere virun allem d'Baueren, déi Notzvéi halen. An deem Kontext sinn d'Previsiounen dramatesch: Et rechent een domat, datt duerch dës Mesurë bis zu 30 Prozent vun de Bauerebetriber, déi Notzvéi halen, net méi weider schaffe kënnen. Dës Leit riskéieren also ganz konkreet, hir Existenz ze verléieren.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister:

1. Wéi schätzt den Här Minister d'Situatioun an Holland an? Kann hien d'Existenzangscht vun de villen holländesche Baueren novollzéien?

2. Ugeholl, d'Lëtzebuerger Regierung géif déi nämmlecht Mesuren huelen, wéi dat an Holland de Fall ass: Wéi vill Lëtzebuerger Bauerebetriber missten an deem Fall ëm hir Existenz fäerten?

3. Kann den Här Minister confirméieren, datt an Zukunft net och zu Lëtzebuerg sollen änlech Mesurë wéi an Holland getraff ginn, déi d'Existenz vu ganz ville Lëtzebuerger Baueren op d'Spill setzen?

**Réponse** (20/09/2022) de **M. Claude Haagen,** Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. bis 3. Et ass net um lëtzebuergesche Landwirtschaftsminister, fir d'Situatioun an engem anere Memberstaat ze evaluéieren. Et muss een awer soen, datt Holland viru groussen Erausfuerderunge steet, fir d'Stéckstoffemissiounen ze reduzéieren, genausou wéi all aneren EU-Memberstaat dat maache muss.

D'Lëtzebuerger Regierung envisagéiert net, fir déi selwecht Mesuren ze huele wéi Holland.

Am Kader vum strateegesche Plang fir d'Ëmsetzung vun der PAC 2023–27 ginn notamment eng ganz Panoplie vu Moossname proposéiert, déi d'Baueren ënnerstëtze wäerten, fir den Ausstouss vu Schuedstoffer an der Landwirtschaft ze reduzéieren, dëst souwuel um Niveau vun den Agrarëmweltmoossnamen, den Ecoschemes an och den Investitiounsbäihëllefen.

Zil ass, fir d'Zukunft vun der Landwirtschaft och hei am Land ofzesécheren, andeem se nach méi nohalteg gëtt.

**Catégorie B6 de l'impôt foncier (IFON B) dans le cadre du plan d'aménagement général des communes** | Question **6466** (11/07/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Il me revient que vingt-trois communes du pays n'ont encore pas classé des terrains à bâtir à des fins d'habitation situés à l'intérieur de leur plan d'aménagement général (PAG) dans la catégorie B6 de l'impôt foncier (IFON B).

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur :

1) Quelles sont les vingt-trois communes ayant renoncé jusqu'à ce jour à classer des terrains à bâtir à des fins d'habitation situés à l'intérieur du PAG dans la catégorie B6 de l'impôt foncier (IFON B) – quatorze ans après l'introduction de cette disposition dans la législation fiscale ?

2) Quelles sont les dix communes qui se distinguent par le taux communal B6 le moins élevé ? Et quelles sont celles qui se distinguent par le taux le plus élevé ?

**Réponse** (20/07/2022) de **Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Intérieur

ad 1) Les communes qui ont jusqu'à ce jour renoncé à classer des terrains à bâtir à des fins d'habitation situés à l'intérieur du PAG dans la catégorie B6 de l'impôt foncier, au nombre de vingt-trois, sont les suivantes :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

ad 2) *(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

**Alimentation des animaux dans le cadre de la sécheresse** | Question **6505** (19/07/2022) de **M. Marc Spautz** | **Mme Martine Hansen** (CSV)

Duerch dat waarmt Wieder an de feelende Reen steet an de Wisen am Moment bal kee Fudder méi fir d'Béischten. Op extensiv genotztem Gréngland ginn et awer bestëmmte Restriktiounen, wat d'Bäifidderen ugeet. An deem Kontext wollte mir follgend Drénglechkeetsfro un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

– Ass d'Regierung, wéinst der aktueller Dréchent, gewëllt, eng Ausnamereegelung ze erloossen, wat d'Bäifidderen op extensiv genotzem Gréngland ugeet?
• Wa jo, wéini trëtt dës Ausnamereegelung a Kraaft?

**Réponse** (20/07/2022) de **M. Claude Haagen,** Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

D'Regierung ass sech der aktueller Dréchent bewosst, an dowéinst ass e Freiden, de 15. Juli 2022 eng Décisioun ministérielle ënnerschriwwe ginn, déi d'Bäifidderen op extensiv genotztem Dauergréngland fir d'Kulturjoer 2021/2022 erlaabt. Déi entspriechend Kommunikatioun ass och schonns gemaach.

**Voitures électriques munies de caméras** | Question **6507** (20/07/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Ëmmer méi elektresch Autoen hu verschidde Kameraen, déi net nëmme wärend dem Fueren d'Ëmgéigend filmen, mee och wann den Auto geparkt an net a Gebrauch ass. Soubal den Auto eng Aktivitéit erkennt, fänkt en u mat filmen. Esou sollen a Fäll vu Schied an Accidenter Beweiser gesammelt ginn an de Besëtzer gëtt och vum Auto selwer iwwer Schied alarméiert, wärend den Auto geparkt ass. Dës Kameraen, wéi se zum Beispill an den Autoe vun Tesla ze fanne sinn, an déi 24h/24 kënnen ufänken ze filmen, werfen eng Rei Froen op, wat d'Recht op informationell Selbstbestëmmung vun deene Leit ugeet, déi bei eventueller Beweegung ronderëm den Auto onfräiwëlleg mat gefilmt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. U wéi eng gesetzlech Basis mussen sech Besëtzer vun Autoen halen, wann hiren Auto ëffentlech Plaze filmt?

2. Muss eng Autorisatioun ugefrot gi fir den Asaz vun den Autokameraen?

3. Wéi eng Konditioune ginn et fir d'Police, fir op dës Donnéeën zougräifen ze kënnen?

Wéi oft ass dëst an de leschten 12 Méint gemaach ginn?

**Réponse** (05/09/2022) de **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure | **M. Xavier Bettel,** Ministre des Communications et des Médias

Den honorabelen Deputéierte freet Präzisiounen iwwert d'Iwwerwaachung vun der Ëmgéigend duerch an Autoen agebaute Kameraen.

ad 1. Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4912 vum 27. August 2021 präziséiert, equipéieren ëmmer méi Autoshiersteller, bedéngt och duerch europäesch Virgaben am Kader vun der Homologatioun vun de Gefierer, d'Autoe mat enger Rei Kameraen, fir zum Beispill d'Fuerbunnmarkéierungen, d'Stroosseschëlder oder d'Verkéiersluuchten ze erkennen. Generell ass dat primäert Zil vun dësen Assistenzsystemer, fir de Fuerer ze ënnerstëtzen an domadder d'Stroossesécherheet ze verbesseren, fir esou der Vision „ZERO" méi no ze kommen – also kee Verkéiersdoudege méi op onse Stroossen ze hunn. An dësem Kader ass besonnesch op d'europäesch Reegelung 2019/2144 vum europäesche Parlament an dem europäesche Conseil ze verweisen, déi zum Deel och Systemer virgesäit, déi eng Kamera brauchen, fir ze funktionéieren, wéi dat zum Beispill de Fall fir Schëldererkennung ass bei engem intelligente Vitessassistent. D'Bildmaterial heivunner ass eigentlech geduecht, fir direkt am Auto veraarbecht ze ginn a verléisst domadder net den Auto. Mam Accord vum Benotzer kënnen dës Donnéeën awer och fir d'Verbesserung vun den Algorithmen un den Hiersteller pseudonymiséiert weidergereecht ginn. Et sief awer hei och betount, datt d'Verbaue vu Kameraen an Autoen sech net just op Elektrogefierer bezitt, mee generell fir sämtlech Gefierer gëllt.

Wat elo d'Filme vun der Ëmgéigend vun engem Gefier wat geparkt ass ubelaangt, esou ass hei dat primäert Zil net méi d'Verkéierssécherheet, mä d'Iwwerwaache vun der Ëmgéigend. Dee vum Här Deputéierten ernimmten Hiersteller bitt bei senge Modeller dem Notzer d'Méiglechkeet, ee sougenannte „Sentry Mode" ze aktivéieren, wou den Notzer iwwert d'Applikatioun Videoe geschéckt kritt, falls eng Persoun oder soss ee Géigestand an d'Ëmgéigend vum Gefier kënnt. Am Fall wou perséinlech Donnéeë vun esou engem Iwwerwaachungssystem erfaasst ginn, esou ginn dës an der Reegel och net onkenntlech gemaach.

Wat déi gesetzlech Basis ugeet, sief notéiert, datt am Fall wou Bordkameraen, déi ëffentlech Parkplaze filmen, et méiglech maachen, Biller vun identifizéierbare Persounen, déi op d'Gefier duerkommen, oder d'Plackennummere vun anere Gefierer, déi liesbar am Siichtfeld vun de Kameraen erschéngen, opzehuelen, d'Benotzung vun dëse Kameraen ënnert de Règlement général sur la protection des données („RGPD") fält.

A sengem themateschen Dossier zu „Dashcams"[1] erkläert d'CNPD, datt beim Benotze vu mobille Videoiwwerwaachungskameraen, déi a Privatautoen installéiert sinn, fir ëffentlech Stroossen ze filme wann den Auto a Beweegung ass, et schwéier ze justifizéiere wier, datt eng vun de Konditiounen aus dem Artikel 6 vum RGPD betreffend déi gesetzlech Basis erfëllt wier. D'CNPD huet an deem Kontext och hannerfrot, wéi de Benotzer vun enger „Dashcam" an esou engem Fall seng Verpflichtung kéint anhalen, déi concernéiert Persoune vu senger Aktivitéit ze informéieren, am Aklang mat den Artikelen 12 an 13 vum RGPD.

D'CNPD stellt fest, datt déi selwecht Froe sech am Kader vu Bordkamerae stellen, déi eng ëffentlech Parkplaz filmen. Et sief bemierkt, datt d'Benotzung vun esou Bordkameraen op privatem Terrain awer kee besonnesche Problem aus der Siicht vum Dateschutz duerstellt, soulaang se net en Deel vun der ëffentlecher Strooss filmen, vu datt den RGPD sech an dësem Fall net applizéiert. Laut der CNPD huet si bis haut keng konkreet Reklamatioun zu dësem Theema kritt, a kann sech dowéinst net méi präzis zu dësem Theema äusseren. Änlech wéi bei de sougenannten „Dashcams" a wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 0469 vum 18. August 2014 erkläert, schéngt et also schwéier bis onméiglech, datt esou ee permanenten Iwwerwaachungsmodus vun engem ofgestallten Auto déi geltend Dispositioune betreffend den Dateschutz respektéiert.

Wéi och an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4912 vum 27. August 2021 präziséiert, ass dowéinst bei de Gefierer vun Tesla aus dem Fuerpark vum Staat an der Police grand-ducale dësen Iwwerwaachungsmodus net aktivéiert.

Doriwwer eraus warnt den Hiersteller op senger Websäit, datt et eleng d'Verantwortung vum Benotzer ass fir ze kucken, ob et rechtlech erlaabt ass, an de jeeweilege Länner dëse „Sentry Mode" ze aktivéieren.

Note: It is your sole responsibility to consult and comply with all local regulations and property restrictions regarding the use of cameras.[2]

ad 2. D'CNPD huet confirméiert, datt keng Autorisatioun ugefrot muss ginn.

Den RGPD, dee säit dem 25. Mee 2018 applicabel ass, souwéi d'Gesetz vum 1. August 2018 portant organisation de la Commission nationale pour la protection des données et du régime général sur la protection des données, dat dat viregt Dateschutzgesetz vum 2. August 2002 ersetzt, gesi keen Autorisatiounsregimm méi vir. Deemno mussen och Bordkameraen an Autoen net der CNPD gemellt ginn.

D'CNPD ënnersträicht an dësem Kontext awer, datt eng Rei Prinzippien a Verflichtungen trotzdeem respektéiert musse ginn, am Fall wou esou Kamerae Biller vun identifizéierbare Persounen oder Plackennummeren ophuele kënnen. Dës Reegele sinn am RGPD souwéi am uewe genannte Gesetz vum 1. August 2018 virgesinn.

ad 3. Am Kader vun enger penaler Affär kann d'Police d'Biller an der Flagrance (Artikel 31 vum Code de procédure pénale) oder fir eng Enquête préliminaire (Artikel 66 vum Code de procédure pénale) saiséieren. De Besëtzer vum Auto kann d'Biller och fräiwëlleg un d'Police weiderginn, andeems e säi Recht un de Biller oftrëtt.

D'Police verfüügt iwwer keng statistesch Informatiounen zu der Fro, an hir Servicer si bis dato och nach net requeréiert ginn, fir esou Daten ze saiséieren.

**Consommation d'énergies fossiles du parc immobilier de l'État** | Question **6546** (25/07/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6214 huet de Minister geäntwert, dass d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten an och Wunngebaier vun der ëffentlecher Hand nach zu groussen Deeler mat Gasheizungen equipéiert goufen. Dem Minister fir ëffentlech Aarbechten no, wäert een ab 2023 domadder ophalen. Fakt ass deemno, dass de Staat a seng sëllege Verwaltunge selwer nach ee groussen Deel vun de Gebaier mat fossile Brennstoffer hëtzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Energie dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gebaier sinn aktuell am Besëtz vum Staat? Wéi vill Gebaier ginn aktuell vum Staat oder vun ëffentlechen Etablissementer gelount?

2. Wéi vill vun de Gebaier, déi vum Staat genotzt ginn oder dem Staat gehéieren, sinn aktuell mat enger Gasheizung equipéiert?

3. Wéi vill vun de Gebaier, déi vum Staat genotzt ginn oder dem Staat gehéieren, sinn aktuell mat enger Masuttsheizung equipéiert?

4. Wéi vill vun de Gebaier, déi vum Staat genotzt ginn oder dem Staat gehéieren, hëtze schonns mat nohaltegen Heizsystemer?

5. Wéi vill Euro goufen an de vergaangenen 3 Joer (opgelëscht pro Joer) fir Gas beim Staat ausginn? Wéi vill Kubikmeter Gas waren dëst pro Joer?

[1] https://cnpd.public.lu/fr/dossiers-thematiques/dashcams.html

[2] https://www.tesla.com/support/car-safety-security-features#sentry

6. Wéi vill Euro goufen an de vergaangenen 3 Joer fir Masutt beim Staat ausginn? Wéi vill Liter Masutt waren dat pro Joer?

**Réponse** (20/09/2022) de **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances | **M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | **M. Henri Kox,** Ministre du Logement

ad 1. D'Verwaltung fir ëffentlech Bauten ënnerhält aktuell ronn 1.600 Gebaier, déi dem Staat gehéieren. Bei déi Gebaier kommen der nach 210 dobäi, déi gelount ginn. Déi Zuele betreffen net nëmme Schoulen a Bürosgebaier, mee och Atelieren, Hangaren an Depoten oder klenger Wunnengen.

Dat ëffentlecht Etablissement „Fonds du logement" lount aktuell verschidde Gebaier. Dozou gehéieren nieft dem Siège mat der Nummer 52 um Boulevard Marcel Cahen an der Stad, een Appartementsgebai mat 23 Wunnengen zu Gréiwemaacher, 6 Eefamilljenhaiser zu Suessem, souwéi 2 Eefamilljenhaiser zu Uewerkuer/Déifferdeng, déi alleguer sozial verlount ginn.

D'Äntwerten op d'Froen 2 bis 4 bezéie sech op déi 1.810 Gebaier, fir déi d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten zoustänneg ass.

ad 2. Zurzäit ginn ca. 1.270 Gebaier mat Gas gehëtzt. Dat entsprécht 70 % vun de Gebaier, woubäi ee präziséiere muss, dass et sech hei oft ëm kleng Unitéiten handelt. Flächeméisseg entsprécht dësen Undeel 49 % vun der Gesamtfläch.

ad 3. Am Moment ginn ca. 290 Gebaier mat Masutt gehëtzt. Dat entsprécht 16 % vun de Gebaier, déi zesummen 8,5 % vun der Gesamtfläch vun de Gebaier ausmaachen.

ad 4. Wou et méiglech war goufen d'Staatsgebaier u Fernwärmenetzer ugeschloss. An de meeschte Fäll notzen esou Fernwärmenetzer Gas als Brennstoff, well bis an d'2000er Jore Gas-Cogeneratiounsanlage wéinst hirer gläichzäiteger an effizienter Produktioun vu Stroum a Wäermt ëffentlech geférdert goufen. Mëttlerweil gi sou Netzer moderniséiert an oft op Biomass ëmgerëscht.

Zurzäit gi 7,7 % vun alle Gebaier duerch Fernwärme, déi mat Gas-Cogeneratiounsanlage fonctionéieren, gehëtzt. Déi Gebaier maachen 21,3% vun der Gesamtfläch vun alle Gebaier aus. Duerch Fernwärme op Basis vun erneierbaren Energien (Holzhackschnitzel, Biogas, Pellets) ginn 3,2 % vun alle Gebaier gehëtzt, hei ass de Flächenundeel 16,5 % vun der Gesamtfläch.

3 % vun de Gebaier gi mat Heizsystemer, déi mat Holzhackschnitzel a Pellets fonctionéieren, gehëtzt. Déi Gebaier stelle 4,5 % vun der Gesamtfläch duer. Bei engem Drëttel vun der Gesamtfläch vun de Gebaier, déi mat dëse Brennstoffer gehëtzt ginn, gëtt nach e Gas-Spëtzekessel agesat, deen ongeféier 20 % vum Gesamtwärmebedarf vun engem Gebai ofdeckt. D'Unzuel vun dëse Gaskesselen ass an der genannter Zuel vu Gaskesselen an der Äntwert op d'Fro 2 net mat abegraff.

Den Undeel vu Wärmepompele läit am aktuelle Patrimoine bei 0,3 % vun de Gebaier. Déi Gebaier maachen 0,2 % vun der Gesamtfläch aus. Dësen Undeel wäert awer an den nächste Jore staark klammen, well an de meeschten neie Projeten, déi aktuell a Planung sinn, dës Technik virgesi gëtt. An dësem Zesummenhang erënnere mir drun, dass op Basis vum Reglement vum 9. Juni 2021 zur Energieeffizienz vun de Gebaier (Règlement grand-ducal modifié du 9 juin 2021 concernant la performance énergétique des bâtiments) ab dem 1.1.2023 eng Wärmepompel als Referenz gëllt fir all neit Gebai (Wunngebai oder Funktionalgebai), fir dat eng Baugeneemegung ugefrot gëtt. D'Virgaben un d'energeetesch Performance vun neie Gebaier kënnen da praktesch just nach mat enger Wärmepompel erreecht ginn a fossill Heizunge sinn net méi méiglech.

Zesummefaassend kann ee soen, datt aktuell ongeféier 14 % vun de Gebaier, déi vum Staat genotzt ginn oder dem Staat gehéieren a fir déi d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten zoustänneg ass, duerch erneierbar Energien oder Fernwärme gehëtzt ginn. Déi 14 % vun de Gebaier maachen awer 42,5 % vun der Gesamtfläch vun de Gebaier aus.

ad 5. D'Verwaltung fir ëffentlech Bauten huet heizou keng Donnéeën, well d'Energiekäschte vun de jeeweilegen Notzer bezuelt ginn.

ad 6. D'Verwaltung fir ëffentlech Bauten huet heizou keng Donnéeën, well d'Energiekäschte vun de jeeweilegen Notzer bezuelt ginn.

**Problèmes environnementaux au Congo** | Question **6715** (26/08/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Sou wéi déi däitsch Zeitung „Handelsblatt" schreift, gëtt déi Demokratesch Republik Kongo aktuell ëmmer méi staark mat Ëmweltproblemer, zum Beispill Schneisen am Urbësch, konfrontéiert, dëst besonnesch wéinst dem ekologeschen Impakt vum Biergbau vu Sielenen Äerden, déi hei am Land besonnesch fir digital Elektronik an Elektroautoe gebraucht ginn.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

– Sinn der Regierung déi beschriwwen Ëmweltproblemer bekannt? Falls jo, wéi ginn se an där aktueller Promotiounspolitik fir den Elektroauto berécksiichtegt?

**Réponse** (10/10/2022) de **Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Franz Fayot,** Ministre de l'Économie

D'Thematik, déi vum éierewäerten Deputéierten ugeschwat gëtt, ass ewell an e puer parlamentaresche Froe behandelt ginn, sou notamment an den Äntwerten op d'Froen Nr. 0243 an Nr. 1533 vun der lafender Legislaturperiod.

D'Lëtzebuerger Regierung setzt sech international an notamment um Niveau vun der Europäescher Unioun weiderhi fir eng kontrolléiert Wäerteketten an. Aktuell lafen och d´Verhandlungen iwwert d'„proposition de directive sur la gouvernance durable des entreprises et devoir de vigilance", fir op europäeschem Niveau gemeinsam déi selwecht Standarden ze erreechen.

**Listes des candidats pour les élections communales** | Question urgente **7806** (21/03/2022) de **M. Sven Clement** | **M. Marc Goergen** (Piraten)

D'Madamm Inneministesch huet eis an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 7679 opgekläert, dass d'Kandidaten net ënnert deene 50 Persounen dierfe sinn, déi fir eng Lëscht fir d'Gemengewalen ënnerschreiwen.

Et ass eng Interpretatioun vum éischten Alinea vum Artikel 228 vum Walgesetz, dee schreift:

« Les listes sont constituées pour chaque commune par les groupements de candidats qui, par une déclaration signée par eux, acceptent la candidature dans cette commune, et sont présentées conjointement soit par cinquante électeurs inscrits dans la commune, soit par un conseiller communal, sortant ou en fonction. »

Och wann d'Madamm Ministesch dat net explizitt schreift, schéngt et esou wéi wann dëst a Verbindung mat dem Artikel 230 géing stoen, deen am éischte Saz seet:

« Nul ne peut figurer, ni comme candidat ni comme présentant dans plus d'une liste d'une même commune. »

D'Madamm Ministesch an hirer Äntwert:

„[...] dass déi 50 WielerInnen, déi d'Lëscht presentéieren, net gläichzäiteg KandidatIn op där Lëscht dierfe sinn."

Vu datt am Artikel 223 steet „soit par cinquante électeurs [...], soit par un conseiller communal", misst een der Madamm Ministesch hire Saz da jo och mutatis mutandis verstoen als:

„[...] dass déi Gemengeconseilleren, déi d'Lëscht presentéieren, net gläichzäiteg KandidatIn op där Lëscht dierfe sinn."

Schonns 2003 hat de Conseil d'État eng ënnerschiddlech Behandlung vu WielerInne mat Gemengeréit op Basis vum Ordre général kritiséiert, wéi een am Rapport vum Projet de loi 4885 noliese kann, wou am Commentaire des articles steet:

« En vertu de la remarque d'ordre général qu'il a formulée à l'ingrès de son avis, le Conseil d'État propose de lire le premier alinéa de cet article "... vingt-cinq électeurs inscrits dans la commune" au lieu de "... cinquante électeurs inscrits dans la commune", soit par un conseiller communal, sortant ou en fonction". »

De Staatsrot huet des Weideren a sengem Avis geschriwwen:

« Dans ce contexte, le Conseil d'État ne partage pas l'intention des auteurs du projet de loi visant à accorder aux députés et aux conseillers communaux en exercice des poids relatifs plus élevés qu'à d'autres citoyens. Il doit être possible – et il a toujours été possible par le passé – de réunir aisément les 100 signatures requises par circonscription ou les 250 signatures requises pour tout le pays, sans faire renaître la notion de notables que leurs prétendues sagesse ou perspicacité feraient sortir de la masse des citoyens ordinaires. »

Weeder aus de Chamberdebatte vum 12. Februar 2003 nach aus de Procès-verballen vun der Kommissioun geet ervir, datt KandidatInnen net och WielerInne wieren an domadder hir eege Lëscht net ënnerschreiwe kéinten.

Alles wat sech aus de PVe vun der Chamber zum Artikel 228 (am Projet de loi 234) erausliese léisst, ass:

« Concernant l'article 234, alinéa premier, M. Gira estime que le nombre de cinquante électeurs pour présenter les listes est trop élevé et favorise les partis politiques établis dans la commune. M. Halsdorf propose de remplacer le nombre par un pourcentage. M. Jaerling se rallie à M. Gira et estime que le fait que la liste peut aussi être présentée par un conseiller communal favorise également les partis établis. »

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat dierfen da Gemengeconseillere fir d'Lëschten ënnerschreiwen, wou si selwer Kandidat sinn?

2. Ass dëst net eng Ongläichbehandlung ënnert dem Verfassungsprinzipp vun « Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi » (Art. 10bis (1)), wann e Gemengeconseiller dierf Kandidat a Presentant sinn, eng Biergerin awer net dierf Kandidatin a Presentante sinn?

**PRIORITAIRE**
**BY AIR MAIL**

IBRS/CCRI n°1001256

No stamp required
Ne pas affranchir

RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID
LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
ENVOI-RÉPONSE 1001256
L - 3208 BETTEMBOURG

**Réponse** (22/03/2023) de **Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Intérieur | **M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État

Op Nofro hin hunn d'Presidente vun den Haaptwalbüroe vun de „Chefs-lieux de circonscription" bei de Chamberwalen hir Positioun revidéiert a festgehalen, dass déi 50 WielerInnen, déi d'Lëscht presentéieren, och gläichzäiteg Kandidat op där Lëscht dierfe sinn. Dat gëllt also och fir d'Gemengeconseilleren, déi d'Lëschten ënnerschreiwe kënnen, op deenen si selwer Kandidat sinn.

D'Circulaire N° 2023-038 wäert deemno kuerzfristeg redresséiert ginn, fir eng eenheetlech Applikatioun vum Walgesetz ze garantéieren.

**Listes des candidats pour les élections communales** | Question urgente **7815** (22/03/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Den Depot vun de Kandidatelëschte fir d'Gemengewale steet virun der Dier. Dofir sinn elo vill Kandidaten an déi, déi et wëlle ginn, déi sech op hir Gemeng beginn, fir do Informatiounen zu de Lëschten an de Walen am Allgemengen ze froen. Net all Gemeng schéngt awer prett, fir dës Informatiounen ze ginn. Eis Piraten ass vun enger Gemeng gesot ginn, dass d'Persoun, déi sech ëm d'Gemengewale këmmert dës Woch am Congé wier a géing net ersat ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

– Fënnt d'Ministesch net, dass elo wou d'Parteien hir Lëschte virbereeden, déi Poste musse besat sinn?

– Falls et net esou ass, wäert d'Madamm Ministesch mat enger Circulaire reagéieren, fir dass hei net wäertvoll Zäit verluer geet?

**Réponse** (23/03/2023) de **Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Intérieur

Den Deputéierten informéiert sech iwwert en Eenzelfall, wou op enger Gemeng de Service vun de Gemengewalen net soll disponibel gewiescht sinn. Mir ass keen esou ee Fall bekannt. Et ass awer ganz kloer, dass en ëffentleche Service bestänneg muss ugebuede ginn a wann een Agent oder Agentin ausfält, soll dësen, de Méiglechkeeten no, vun engem aneren Agent oder Agentin ersat ginn. Well et sech hei ëm een Eenzelfall handelt, gesinn ech aktuell keng Noutwennegkeet, fir eng Circulaire ze verschécken.

**Listes des candidats pour les élections communales** | Question urgente **7835** (29/03/2023) de **M. André Bauler** (DP)

Il me revient que, contrairement à l'usage des dernières années électorales, il existe une divergence d'interprétation des textes légaux en ce qui concerne l'inscription des prénoms sur les listes prévues à cet effet.

La législation en vigueur prévoit en effet que les noms et les prénoms doivent être inscrits sur les listes à déposer. Or, à l'heure qu'il est, il nous est rapporté que le président d'un bureau de vote exige l'inscription de l'ensemble des prénoms tel qu'ils sont inscrits dans le Registre national des personnes physiques et dans ce même ordre. Cette exigence peut mener à des situations inhabituelles, dans la mesure où le prénom sous lequel la personne est connue usuellement n'est pas identique à celui figurant sur la liste électorale.

Il va sans dire qu'une telle situation prête manifestement à confusion, au moment de l'élection au plus tard. Autrement dit, les électeurs doivent pouvoir reconnaître aisément les candidats qu'ils sont disposés à élire, notamment dans l'intérêt d'un bon fonctionnement de la démocratie locale.

Vu que la date limite pour ce dépôt se rapproche, il va de soi qu'une clarification s'impose dans les plus brefs délais afin de garantir un traitement équitable des candidats concernés.

**Réponse** (31/03/2023) de **Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Intérieur

L'honorable Député s'enquiert des prénoms à inscrire sur les listes de candidats dans les communes qui votent d'après le système de la représentation proportionnelle alors que le président d'un bureau de vote principal exigerait l'inscription de l'ensemble des prénoms sur la liste.

Selon les dispositions de l'article 228, alinéa 4 de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 : « La liste indique les nom, prénoms, profession, domicile et nationalité des candidats [...]. »

Le prénom qui ressort du Registre national des personnes physiques (RNPP) diverge souvent de celui sous lequel un candidat aux élections communales est connu du public. Dans de tels cas, il était d'usage que les présidents des bureaux de vote ne se livrent pas à une interprétation stricte de l'article précité. Ils ont accepté l'inscription de prénoms sous les formes de noms abrégés, de diminutifs, de surnoms ou autres variantes aussi longtemps que ces prénoms présentaient un lien suffisant avec le prénom officiel du candidat et que l'électeur ne pouvait pas se tromper sur l'identité de celui-ci. Dans le même esprit, l'ensemble des prénoms n'était pas systématiquement porté sur la liste et le choix en était laissé au candidat.

Il me revient que dans le cas auquel il est fait allusion à la question parlementaire, le président a accepté des prénoms dans un esprit d'ouverture tout en veillant à concilier les exigences de la loi et les intérêts des candidats.

# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

**Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis**

- per E-Mail un abocro@chd.lu, andeems Dir Numm, Virnumm, Adress, Code postal an Uertschaft ugitt
- iwwer eisen Internetsite www.chd.lu
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

**Ech abonéiere mech:**

◯ fir déi gedréckte Versioun*   ◯ fir déi elektronesch Versioun op follgend E-Mails-Adress: ____________

**Ech desabonéiere mech:**

◯ vun der gedréckter Versioun*   ◯ vun der elektronescher Versioun op follgend E-Mails-Adress: ____________

*Déi follgend Casen ausfëlle beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: ____________ Virnumm: ____________

Societéit/Administratioun: ____________

Adress: ____________ Boîte postale: ____________

Code postal: ____________ Uertschaft: ____________ Land: ____________

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.
Fir méi Informatioune kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.

# Samschdes, den 22. Abrëll 2023

**vun 10:00 bis 18:00 Auer**

Am Kader vun der

JOURNÉE PORTES OUVERTES DES INSTITUTIONS 22 AVRIL

Méi Informatiounen




Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg
Tél. 466 966 - 1 | info@chd.lu | chd.lu |

PERIODIQUE

POST LUXEMBOURG

Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ
PS/799